**Compte rendu des séances publiques**
**N° 13 – Session ordinaire 2003-2004**

46e séance, mercredi 31 mars 2004
47e séance, jeudi 1er avril 2004
48e séance, mardi 20 avril 2004

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

# Le Parlement Benelux s'intéresse à la coopération policière transfrontalière

La Commission de la Justice et de l'Ordre public du Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux a effectué en date du 26 avril 2004 une visite d'étude auprès du Bureau commun de coopération policière transfrontalière en présence des coordinateurs des quatre pays concernés (France, Allemagne, Belgique et Luxembourg). Reçus au siège du Bureau commun, rue Adolphe Fischer à Luxembourg par M. Romain Nettgen, Directeur Général adjoint de la Police Grand-Ducale luxembourgeoise, responsable des relations internationales, les parlementaires des trois pays du Benelux, dont MM. Jeannot Belling, Nico Loes et John Schummer pour le Luxembourg, ont écouté un exposé du coordinateur luxembourgeois M. Jean-Marie Alzin, Commissaire en chef.



C'est sur base de la Convention d'application de l'accord de Schengen, qui dans son Titre III, Chapitre 1 traite de la coopération policière, que le Bureau commun de coopération policière a été mis en place en 2003. Alors que la coopération avec la France inclut le domaine des douanes, tel n'est pas le cas pour la coopération avec l'Allemagne et la Belgique. Si la coopération inclut tout le territoire du Grand-Duché, elle s'étend en Allemagne sur le district policier de Trêves et de la Sarre, en France sur les départements de Moselle et de Meurthe-et-Moselle et en Belgique sur les arrondissements judiciaires d'Arlon, de Neufchâteau, de Marche-en-Famenne et d'Eupen.
Parmi les échanges d'informations figurent l'identification des véhicules, la vérification des permis de conduire, la vérification d'identité, la recherche d'adresses et d'antécédents judiciaires, les mesures de recherche, de demande et de transmission de renseignements, l'identification de titulaires d'une ligne téléphonique, les mesures concernant les étrangers etc.. Le nombre des demandes adressées au Centre, enregistrées informatiquement et donc transférables, a fort augmenté au cours des douze derniers mois. Après consultation des fichiers centraux nationaux, les renseignements et données demandés, uniquement du domaine de la police judiciaire, sont transmis par voie informatique aux unités sur le terrain. Des tiers ne peuvent en profiter que sur base d'autorisations spécifiques.

Les membres de la Commission ont eu l'occasion de poser des questions notamment sur l'évolution future de la coopération policière dans une Europe élargie, la création d'éventuels nouveaux centres de coopération policière, incluant les Pays-Bas dans la région de Tongres/Heerlen, la liaison entre les centres de coopération policière existant à l'heure actuelle en Europe ainsi que sur l'extension des compétences en matière de coopération policière à l'analyse stratégique de la lutte contre la criminalité.

En conclusion de leurs travaux, les membres de la Commission ont visité, sous la conduite des responsables de la Police, l'espace opérationnel du Bureau commun de Coopération policière.

# A l'aube de l'élargissement (V) - Malte



*Depuis le 1er mai, le Grand-Duché de Luxembourg n'est plus le plus petit État membre de l'Union européenne. Cette place revient désormais à la République de Malte. Dans notre série d'interviews avec les ambassadeurs des dix nouveaux pays de l'UE, nous publions aujourd'hui la contribution de M. Tarcisio Zammit, ambassadeur maltais au Grand-Duché de Luxembourg.*

The "Chambre des Députés" (Luxembourg Parliament) adopted the EU-enlargement-bill unanimously: Did the public opinion take note of this vote? How did it react to it?

Public opinion in Malta is very much aware of developments in the European Union and its member states that relate to Malta's accession to the Union. Though the Maltese people and government never had any doubt that the Act of Accession would be ratified by all 15 member states, they were delighted to learn that the Luxembourg Parliament had ratified it unanimously. It made the Maltese people feel reassured of a warm welcome on 1st May 2004.

What are the predominant feelings of your compatriots now that they are joining the European Union? Anxiety, satisfaction - or both?

Malta has applied for membership of the Union way back in July 1990. It was hard to wait for so long, nearly fourteen years. Still these years were well spent. They provided time for Malta to upgrade its infrastructure, to align its legislation with that of the European Union, to move closer to the Union.

As in all the other acceding countries, there was an extensive debate among politicians, public and private institutions and among the general public on the advantages and disadvantages of membership. This intensive debate served a very useful purpose. It made the Maltese public opinion very knowledgeable about the nature of the Union and about its "acquis", even in its fine details. Therefore, the Maltese people know what membership entails and they made a well-informed and clear choice in favor of this membership. They are well aware that membership of the Union involves both risks and opportunities. They are determined to avoid the risks and benefit as much as possible from the opportunities to be created by membership. Therefore, I can say that the predominant feeling among the people of Malta is one of joy and optimism for the future.

What do they expect from joining the EU?

The Maltese people regard membership of the European Union as the natural development in their history. Throughout the ages Malta's history has been closely intertwined with that of Europe. Membership of the Union is the culmination of the aspiration of the Maltese people to be integrated in a Union that for five decades has brought peace and prosperity to its people.

Malta's relations with the European Union date back to 1970 when we signed an Association Agreement with the former European Economic Community. This Association provided a framework within which trade and economic co-operation, as well as other forms of co-operation in the fields of culture, education and research, developed to such an extent that, even before membership, Malta became well integrated in the European Union. Thus, for example, the Union is by far Malta's main trading partner; main source of foreign investment, main source of tourism and main source of inspiration, as far as education, training and public welfare are concerned.

The Maltese people expect these ties with the Union to be strengthened through membership. We expect that trade and investment opportunities will increase through our participation in the Single Market. In this connection it is important to note that Malta has a highly skilled and English speaking work force that can help established enterprises in Malta compete well on the European market.

(see next page)




We expect that the tourism sector will be strengthened, as Malta will become better known to the public of the other member states. We expect that our European heritage will be enriched through the exchange of cultural experiences with other member states.

**And what are they afraid of? Are they worried about loss of independence or sovereignty?**

The issue of loss of sovereignty was very much debated both by politicians and the public in general in the run up to the referendum on membership of the Union. We are well aware that in those areas that fall under the Union's "acquis" Malta, just like all the other member states, will be "surrendering" its sovereignty. However, we are also aware that as members, we shall have a say in the formulation of the Union's legislation and policies. We are also aware that in many instances the adoption of the Union's "acquis" will lead to better products on our markets, a cleaner environment, more competitiveness for our industries, and in general a better life for our people. Moreover, we are convinced that membership of the Union will not make us lose our national identity.

**Could Luxembourg, as a small country, be considered as a model for Malta?**

Malta has a population slightly less than that of Luxembourg, though its surface area is much smaller. We have a population density of about 1100 persons per square kilometer. We are also an island standing on the frontiers of the enlarged Union with a Mediterranean climate. However, in spite of these geographical and climatic differences, we have a lot in common with Luxembourg.

Luxembourg has been one of the founding members of the Union and, throughout the five decades of the Union's existence, has played a useful role in the construction of the Union. Malta, like Luxembourg, intends to identify how it can best contribute to the formulation and implementation of the Union's policies. For instance, we feel that we can play a useful role in the implementation of the Union's Mediterranean policy. We also feel encouraged by the example of Luxembourg. After five decades of membership in the European Union, Luxembourg has managed to maintain its national identity and at the same time has always been one of the member states most integrated in the Union. Yes, Malta intends to follow this example.

### Malte en bref

| | |
|---|---|
| Population: | 400.420 habitants |
| Surface: | 316 km² |
| Capitale: | Valetta |
| Système politique: | République |
| Parlement: | unicaméral (65 députés) |


**Chamber TV**

*weist all öffentlech Sëtzung*

***live** an **integral***

*mat enger Rediffusioun*

*all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*


# NOUVELLES LOIS

## 5023 - Projet de loi modifiant

1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

b) la promotion de la création artistique

2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Par le présent projet de loi, le législateur apporte un certain nombre de modifications à la loi du 30 juillet 1999 concernant a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle b) la promotion de la création artistique. Il apporte également certaines modifications au niveau de la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail. Le projet de loi répond ainsi à certaines craintes exprimées à l'époque du vote du projet de loi du 30 juillet 1999 et constitue le résultat d'une évaluation intermédiaire, telle qu'elle a été revendiquée dans une motion adoptée lors de la séance plénière du 20 mai 1999.

Dépôt par Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche, le 12.09.2002

Rapportrice: Mme Nelly Stein

Travaux de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture (Présidente: Mme Nelly Stein):

| | |
|---|---|
| 21.05.2003 | Présentation du projet de loi |
| 01.10.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi |
| 18.03.2004 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 01.04.2004 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 21.04.2004

## 5145 - Projet de loi

sur l'administration du patrimoine du régime général de pension

Le projet de loi découle du constat d'une insuffisance du taux de rendement de la réserve croissante du régime général de pension, ceci compte tenu des progrès réalisés en matière de l'analyse financière et des théories du portefeuille.

Cette constatation avait déjà amené le Conseil économique et social (CES) à consacrer un chapitre de son avis du 22 avril 1999 sur l'évolution économique, sociale et financière du pays à la politique de gestion des réserves du régime général d'assurance pension et à formuler plusieurs recommandations à ce sujet.

Dans la lignée de cet avis du CES, le Gouvernement issu des élections de juin 1999 avait retenu dans sa déclaration gouvernementale du 12 août 1999 de faire réaliser une étude devant, entre autres, porter sur la politique de placement en disposant que „si une partie des réserves pourra être placée pour obtenir un meilleur rendement, il est tout à fait évident qu'il devra s'agir de valeurs sûres et non pas spéculatives".

Ce souci majeur se trouve à présent consacré au projet de loi qui, dans la nouvelle teneur qu'il confère à l'article 248 du Code des Assurances sociales (CAS) relatif à la politique de placement, prévoit que „la réserve de compensation est placée dans le but de garantir la pérennité du régime général de pension".

C'est le consultant PriceWaterhouseCoopers (PWC) qui a été chargé de réaliser l'étude précitée. En janvier 2001, le consultant a remis un rapport de mission „Étude sur la politique de placement du régime général de pension" qui formule une stratégie nouvelle, globale et durable des investissements financiers basée sur une diversification des placements.

Cette étude du consultant PWC a été présentée en détail à la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale dans une réunion du 21 février 2001.

Conformément aux conclusions et aux recommandations de l'étude PWC - constatant l'insuffisance de la stratégie de placement actuelle en raison d'un rendement largement trop faible -, le présent projet de loi propose de redéfinir le cadre légal concernant les règles d'affectation et de gestion des réserves.

La solution proposée consiste dans une gestion diversifiée d'un portefeuille d'actions et d'obligations, avec une proportion réservée aux prêts hypothécaires et aux investissements immobiliers. En plus, il est proposé d'abandonner le strict contingentement des investissements réservés respectivement au secteur privé et au secteur public. Cependant la nouvelle gestion des réserves reste guidée par la prudence et s'inspire de la recherche de l'équilibre entre le rendement optimal et le risque minimisé.

Si le projet de loi redéfinit ces règles d'affectation et de gestion des réserves, un règlement grand-ducal est prévu pour déterminer les paramètres et les modalités de l'administration du patrimoine du régime général de pension.

Sur proposition du Conseil d'État, la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale a donc abandonné la structure figurant au projet gouvernemental prévoyant un établissement public investi de la mission double d'opérer à la fois comme Fonds de compensation et comme OPC, au profit d'une séparation de ces deux missions, l'une étant assumée par l'établissement public „Fonds de compensation" et l'autre par un ou plusieurs organismes de placement collectif (OPC) à créer par le Fonds de compensation. Les deux organismes seront soumis aux contrôles légaux, le Fonds de compensation étant soumis au contrôle du ministre ayant la Sécurité sociale dans ses attributions et s'exerçant par l'intermédiaire de l'Inspection générale de la sécurité sociale, l'OPC étant soumis à celui de la Commission de surveillance du secteur financier.

Dépôt par M. Carlo Wagner, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 20.05.2003

Rapporteur: M. Niki Bettendorf

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale (Président: M. Niki Bettendorf):

| | |
|---|---|
| 26.09.2003 | Explications sur les orientations stratégiques en matière de gestion du portefeuille |
| 06.10.2003 | Désignation d'un rapporteur |
| 15.03.2004 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| 01.04.2004 | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 20.04.2004

## 5278 - Projet de loi

portant modification de la loi modifiée du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété

L'objectif de la loi du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété était de déterminer la façon d'identification d'un lot dans un immeuble collectif appartenant à plusieurs propriétaires, tout en ne figurant au cadastre que sous un seul numéro. Ainsi, le législateur voulait garantir la sécurité des transactions. A cette fin, la désignation cadastrale du lot conformément au schéma prescrit fut rendue obligatoire lors d'une transcription à la suite d'une mutation. Parallèlement, le législateur avait prévu une période transitoire de dix ans pour l'identification des différents lots des immeubles placés sous le régime de copropriété antérieurement à l'entrée en vigueur de la loi.

En 1999, le délai de dix ans initialement prévu fut pour la première fois prorogé, alors jusqu'au 31 mars 2004.

Alors que le service du cadastre des immeubles en copropriété (dit „cadastre vertical") continue à traiter annuellement les dossiers se rapportant à des résidences à construire endéans des délais acceptables, il s'avère que d'importants retards se sont accumulés au niveau de la régularisation de la situation antérieure à la mise en vigueur de la loi de 1988.

Le défaut de prolonger davantage la période transitoire initialement prévue risquerait d'engendrer de graves conséquences en défaveur des parties venderesses dans le domaine des mutations des immeubles divisés en lots, placés sous le régime de la copropriété avant le 1er avril 1989. En effet, les notaires instrumentaires se verraient refuser la transcription des actes de mutation à la Conservation des hypothèques. Par conséquent, le projet gouvernemental propose une prorogation de la période transitoire jusqu'au 31 mars 2014.

Dépôt par M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 19.01.2004

Rapporteur: M. Lucien Clement

Travaux de la Commission des Finances et du Budget (Président: M. Lucien Weiler):

| | |
|---|---|
| 19.03.2004 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |

Adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 24.03.2004

## 5290 - Projet de loi

portant approbation

- d'une Déclaration solennelle, exprimant la volonté du Grand-Duché de Luxembourg et du Royaume de Belgique de renforcer leur coopération sur la base des liens de confiance qui se sont développés dans le passé,
- du Protocole portant modification de la Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002 et de la nouvelle Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise en résultant,
- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation de la Convention établissant entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique une communauté spéciale de recettes en ce qui concerne les droits d'accises perçus sur les alcools, du 23 mai 1935,
- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole spécial entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique relatif à l'agriculture, du 29 janvier 1963,
- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique relatif à l'association monétaire et de son Protocole d'exécution, du 9 mars 1981,
- de l'Acte final, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002

Le présent projet de loi a pour objet d'approuver la Déclaration solennelle du Luxembourg et de la Belgique de renforcer leur coopération sur la base des liens de confiance qui se sont développés dans le passé, quatre protocoles, dont celui qui porte modification de la Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise (UEBL), ainsi que l'Acte final, signé le 18 décembre 2002.

La Déclaration solennelle exprime la volonté du Luxembourg et de la Belgique d'intensifier leur coopération dans des domaines économiques. Les parties soulignent par ailleurs la volonté d'étendre la coopération dans les domaines de l'aide humanitaire, du développement, de la défense et du maintien de la paix. A noter que la Déclaration solennelle officialise une pratique de coopération étroite entre les deux pays, tout en lui permettant de se développer.

Le protocole portant modification de la Convention UEBL vise à adapter l'accord à l'évolution économique, politique et institutionnelle des deux pays et aux changements intervenus dans le cadre de la construction européenne.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 27.01.2004

Rapporteur: M. Emile Calmes

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

| | |
|---|---|
| 30.01.2004 | Désignation d'un rapporteur |
| 09.04.2004 | Examen du texte du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 20.04.2004

## 5314 - Projet de loi

portant modification de la loi modifiée du 28 mars 1972 concernant

1. l'entrée et le séjour des étrangers;
2. le contrôle médical des étrangers;
3. l'emploi de la main d'oeuvre étrangère

Par la loi du 8 mars 2004, le Grand-Duché de Luxembourg a ratifié le traité aux termes duquel dix États deviendront nouveaux membres de l'Union européenne.

Étant donné que le traité d'adhésion autorise les États membres actuels de l'Union européenne à ne pas appliquer immédiatement les dispositions de la libre circulation des travailleurs prévue par le règlement (CEE) N°1612/68 aux travailleurs ressortissants des pays adhérant à l'Union européenne à partir du 1er mai 2004, à l'exception des ressortissants de Chypre et de Malte, les annexes V à XIV du traité d'adhésion signé à Athènes le 16 avril 2003 prévoient que les mesures restrictives de la libre circulation des travailleurs ne peuvent aboutir à la création de conditions d'accès plus restrictives au marché du travail des États membres actuels que celles existant à la date de la signature du traité d'adhésion.

Comme à la date de la signature du traité d'adhésion, les ressortissants des nouveaux États membres ne pouvaient pas prétendre au traitement dont bénéficient les ressortissants communautaires, la qualité de ressortissants communautaires ne leur a été acquise qu'à la date d'entrée en vigueur dudit traité. Il a donc encore été possible d'adapter avant le 1er mai 2004 la législation et la réglementation internes à l'effet de réglementer l'accès au marché de travail luxembourgeois des futurs ressortissants communautaires, alors que les conditions de leur accès au marché luxembourgeois de l'emploi ne subissent pas de changement.

Voilà pourquoi, le projet de loi a pour objet de créer la base légale permettant de réglementer l'accès au marché de l'emploi luxembourgeois des travailleurs salariés ressortissants des nouveaux États membres.

Les mesures à appliquer pendant la période transitoire sont prises par voie de règlement grand-ducal.

Comme le traité d'adhésion est entré en vigueur au 1er mai 2004, les mesures transitoires ont dû être prises avant cette date.

Dépôt par M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, le 18.03.2004

Rapporteur: M. Paul-Henri Meyers

Travaux de la Commission du Travail et de l'Emploi (Président: M. Marcel Glesener):

| | |
|---|---|
| 05.04.2004 | Désignation d'un rapporteur |
| 07.04.2004 | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 20.04.2004

## 5323 - Projet de loi

portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République Tchèque, la République d'Estonie, la République de Chypre, la République de Lettonie, la République de Lituanie, la République de Hongrie, la République de Malte, la République de Pologne, la République de Slovénie et la République Slovaque à l'Espace Économique Européen et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 14 octobre 2003

Le présent projet de loi a pour objet d'approuver l'Accord relatif à la participation des nouveaux États membres de l'Union européenne (Chypre, Estonie, Hongrie, Lettonie, Lituanie, Malte, Pologne, Slovénie, République slovaque, République tchèque) à l'Espace Économique Européen (EEE) respectivement l'Accord final, les deux signés à Luxembourg, le 14 octobre 2003. Il s'avère en effet que tout État adhérent à l'Union européenne doit demander à devenir partie de l'accord sur l'EEE.

A noter que le but de l'accord sur l'Espace Économique Européen est d'étendre le marché intérieur aux pays de l'AELE (Association européenne de libre-échange), à savoir l'Islande, le Liechtenstein et la Norvège. L'accord sur l'EEE met également en place un système de coopération dans d'autres secteurs, tels que l'environnement, le développement durable ou encore la santé.

Dépôt par Mme Lydie Polfer, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 06.04.2004

Rapporteur: M. Emile Calmes

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense (Président: M. Paul Helminger):

| | |
|---|---|
| 26.04.2004 | Désignation d'un rapporteur |
| | Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État |
| | Présentation et adoption d'un projet de rapport |

Vote en séance publique: 27.04.2004

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber live
**Chamber TV**
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
**www.chd.lu**
mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

## Ordre du jour

1. Dépôt de deux projets de loi
2. Ordre du jour
3. 4864 - Proposition de loi visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion de l'épargne mobilière

   *(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)*
4. 4996 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire

   *(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)*
5. 5185 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002
   1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;
   2. portant création d'un forfait d'éducation;
   3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

   *(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)*
6. 5013 - Proposition de loi relative à la protection des actionnaires minoritaires et à l'obligation de lancer une offre publique d'acquisition

   *(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)*
7. 4979 - Proposition de loi relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail

   *(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)*
8. 5075 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 24 décembre 1990 sur la préretraite

   *(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.33 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

***(Assentiment)***

Jo, d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

### 1. Dépôt de deux projets de loi

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Här President, duerch Arrêté grand-ducal vum 22. Mäerz erlaabt de Grand-Duc mir zwee Projets de loi ze déposéieren, eng Kéier de

*- Projet de loi 5320 autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville*

an de

*- Projet de loi 5321 autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de revalidation gérontologique et de soins pour personnes âgées en fin de vie à Clervaux.*

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun zwee Projete de loi duerch d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs. Déi Projete gi weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioune respektiv un de Statsrot.

### 2. Ordre du jour

Ech wollt aganks vun der Sitzung op d'Reiefolleg vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ze sprieche kommen. Esou wéi Iech gëschter schrëftlech matgedeelt gouf, presentéiert sech op Wonsch vun der Regierung den Ordre du jour vun haut folgendermoossen: Fir d'éischt hu mer d'Proposition de loi 4864 vum Här François Bausch, duerno d'Propositioun de loi 4996 vum Här Mars Di Bartolomeo, dann d'Proposition de loi 5185 vum Här Aly Jaerling, dann d'Proposition de loi 5013 vum Här Ben Fayot, dann d'Proposition de loi 4979 vum Här Lucien Lux, a schliesslech d'Proposition de loi 5075 vum Här Aly Jaerling.

Mir kommen dann elo zur Proposition de loi 4864 vum Här François Bausch iwwert de Schutz vun de Minderheetsaktionären. D'Wuert huet den Här François Bausch. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Santer, Krecké, Meisch an Henckes.

***(Interruption)***

Une voix.- Dat ass net schlëmm.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

### 3. 4864 - Proposition de loi visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion de l'épargne mobilière

***Présentation***

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG), auteur.*- Här President, do si wahrscheinlech an den Notize bei Iech e puer Saachen duerchernee gaangen. Et ass d'Proposition de loi visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion de l'épargne mobilière, déi ech gemaach hunn.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass esou, dass no deene wëllen 90er Joren, wou mer souzesoen op de Finanzmäert eng Mentalitéit haten, déi sech just nach no der Shareholdervalue orientéiert huet, déi eis natierlech op dem riichte Wee an eng Sakgaass gefouert huet vun enger virtueller Ekonomie mam Resultat, wat mir jo entre-temps alleguerte kennen, wou am Joer 2000 nawell mir all zolidd duerchernee geréselt gi sinn an eng grouss Kris sech op de Finanzmäert bemierkbar gemaach huet. Wéi all Kris hat natierlech och dës Kris eppes Positives, nämlech dass entre-temps vill nogeduecht gëtt iwwert de Funktionement vun de Finanzmäert, iwwert de Rôle vun de Finanzmäert insgesamt. Vill fréier bekannte Börsespekulanten, déi och an den 90er Joren nach d'Mentalitéit vun der Shareholdervalue als déi eenzeg richteg vertratt hunn, stelle sech haut Froen, wéi et zu där Kris konnt kommen.

Doduerjer ginn natierlech och nei Dieren op, nei Chancen op fir nei Iddien. An déi Iddi, déi ech haut wëll presentéieren, ass eng nei, zwar keng ganz nei, a wann ech den Historique dovu kucken, datéiert se vun der Urgrondiddi hier scho vun zimlech laang hier, mä ech mengen den Elan, deen d'Iddi kritt huet, dee kenne mir haaptsächlech an den 90er Joren. Ech erhoffe mir, dass elo am Kontext vun deem Iwwerdenke vum Rôle vun de Finanzmäert, vun de Finanzprodukter insgesamt an eiser Gesellschaft, déi dote Produiten eng gréisser Chance an Zukunft kënne kréien.

De bekannte Schwäizer Financier a Manager Schmidheiny huet schonn Ufank den 90er Joren e Buch geschriwwen, dat huet geheescht: „Die Finanzmärkte für den Kurswechsel nutzen“, an deem e sech relativ vill ausenaner gesat huet mat der Fro, inwiefern dass ee gewëssen - loosse mer soen - gesamt gesinn ethesch, sozial oder och ekologesch Kritäre kéint uwenden insgesamt bei de Finanzmäert, bei de Bankprodukter. En huet iwwert déi Iwwerleeungen eraus, déi en a ville Bicher niddergeschriwwen huet, och eng ganz Rei international unerkannt Associatioune gegrënnt, déi sech an den 90er Jore virun allem fir déi doten Iddië staark gemaach hunn.

Ënnert dem Begrëff etheschen, sozialen oder ekologesche Banking verstoppt sech entre-temps natierlech ganz vill, an et ass entretemps och vill duercherneen op deem Marché. Dat huet iwwregens och dozou gefouert - ech war virun dräi Méint op engem interessante Colloque an der Belsch -, dass d'Kommissioun an deene leschten zwee Joer zu Bréissel sech och domadder ausenaner gesat huet, an dass d'Kommissioun amgaangen ass en neit Wäissbuch ze erstellen, wou och wahrscheinlech proposéiert gëtt um Schluss, fir op europäeschem Niveau e gewëssent Regelwierk, wat d'Kritären ubelaangt, fir d'Europäesch Unioun ze schafen.

Ech hu virdru gesot, den Ursprong vun der Iddi kënnt scho vu ganz laang hier, e kënnt eigentlech aus dem kathoulesche Milieu aus de Vereenegte Staaten. Ganz am Ufank natierlech stoung bei deenen Iwwerleeungen vun deenen „Fongen“, déi déi Zäit an Amerika vu gréisstendeels kathouleschen Associatioune gegrënnt gi sinn, natierlech de soziale Gedanken. Déi Fonge sinn an den USA déi Zäit gréisstendeels benotzt ginn a gespeist ginn, fir deene sozial Benodeelegten ze hëllefen.

Et ass awer haaptsächlech an den 90er Joren, wou déi Produkter eng ganz aner Nues kritt hunn, wou éischtens emol vill méi eng grouss Banquiersprofessionaliséierung international drakomm ass, wou natierlech och duerch d'ekologesch Dimensioun déi ganz ekologesch Produktpalett eng immens wichteg Roll kritt huet a virun allem déi och dozou bäigedroen huet, dass eng enorm Dynamik entstanen ass an deem dote Beräich.

Haut gëtt et Bankprodukter vun der verschiddenster Zort. Et gëtt der, déi sinn nëmme souzesoen ethesch, dat heescht, déi sinn einfach vun engem Kritär besat, zum Beispill ee Fong gëtt geschafen an dee Fong gëtt sech als Kritär, dass keng vun deene Gelder, déi an deem Fong do dra sinn, dierfen an d'Rüstungsindustrie fléissen. Et gëtt souguer nach méi kleng oder agëenkte Kritären, déi een am ethesche Beräich ka wielen. Ech hunn deen doten elo nëmmen erausgeholl. Et gëtt awer och entre-temps Sozialberäicher, wou et natierlech dorëms geet, wou ganz minimalistesch ugesat gëtt bis zu ganz wäitgehende soziale Kritären, an et gëtt wéi gesot ekologescher.

Et gëtt zwar de Moment oft kritiséiert, dass dat grad dat Schwieregst wär, wat ze maache wär als Aufgab, wann een an där heite Richtung eppes wëllt maachen, nämlech déi Kritären do ze erstellen. Ech mengen, dass dat awer net esou schwiereg ass an dass dat virun allem haaptsächlech vum Législateur ofhänkt, éischtens dass e sech doriwwer eens ass, wat an deem Land, wou e seng Kritäre schaaft, respektiv wou e seng Fördermëttel schaaft, gesellschaftlech nëtzlech respektiv politesch vertrietbar ass. Ech mengen, wa mir hei zu Lëtzebuerg iwwert déi dote Saachen diskutéieren, da musse mer natierlech, wa mir d'Kritären opstellen, och déi dote Froe stellen.

Et ass esou, dass menger Meenung no, oder eiser Meenung no als Gréng, déi doten Iddie kéinte fir Lëtzebuerg op dräi Niveauen interessant sinn. Déi éischt ass natierlech, mir hunn en nationale Marché, wou e gewësse Besoin besteet, fir u Kapital ze kommen, haaptsächlech zum Beispill am ekologeschen a soziale Beräich.

Ech wëll nëmmen ee Beispill erausgräifen, dat awer menger Meenung no ka stellvertriedend stoe fir vill anerer, déi sech kéinten entwéckelen an deenen nächste Joren. Dat ass d'Beispill vum Energiepark Réiden. Deen Energiepark Réiden ass gegrënnt ginn an huet sech säi Kapital geschaaft zu engem Moment, wéi d'Loi Rau nach voll gespillt huet, an et war nëmmen dank der Loi Rau eigentlech, dass den Energiepark Réiden och haaptsächlech am Ufank sech dat Kapital konnt beschafen, wat e gebraucht huet, fir kënnen ze starten.

Ech mengen, vu dass éischtens d'Loi Rau ofgeschaaft ass, an zweetens hei jo och nach déi ganz ekologesch oder sozial Dimensioun dobäikënnt, dass et fir den nationale Marché duerchwegs kann interessant ginn, wann ee sech e Mechanismus gëtt, wéi een dat dote ka förderen, wéi ee ka förderen, dass hei zu Lëtzebuerg kënnen effektiv esou Projete sech iwwert deen dote Wee méi liicht Gelder beschafen, oder iwwerhaapt Gelder beschafen, well et oft fir esou Projete ganz schwéier ass, um normale Wee un dat néidegt Geld ze kommen.

En zweeten Aspekt, dee fir Lëtzebuerg kann interessant sinn: D'Lëtzebuerger Bankeplaz ass eng vun de gréisste Fongsbankplazen op der Welt, dat wësse mir alleguerten, an et ass esou, dass wann een d'Statistike kuckt, dann ass et esou, dass den Undeel vun deene sozialen an ekologesche Fongen op de Finanzmäert rasant Enn der 90er Joren zougeholl huet an och nach amgaang ass ëmmer zouzehuelen.

Et ass esou, datt natierlech virun allem déi ekologesch Fongen enorm zouhuelen. Ech mengen, datt et dofir och fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg kënnt interessant ginn ze versiche ganz geziilt do, och wann et am Moment nach nëmmen eng kleng Nisch ass, mä et ass awer ëmmerhin eng, déi Nisch vu Fongen op Lëtzebuerg ze kréien, dat heescht d'Domiciliatioun vun deene Fongen op Lëtzebuerg ze kréien a deene Moment och eng kleng nei Nisch ze schafen, virun allem fir d'Finanzplaz, wat jo och géing zur Diversifizéierung vun der Finanzplaz bäidroen, haaptsächlech wat d'Produktpalett ubelaangt, wou mer jo alleguerte wëssen, datt mer se brauchen.

En drëtte Punkt ass deen, et ass natierlech, datt wann de Lëtzebuerger Stat oder Lëtzebuerg sech engagéiert fir haaptsächlech déi dote Secteuren ze ënnerstëtzen an ze förderen, dann ass dat sécherlech och en Imagegewënn. Ech mengen et ass zimlech kloer, datt hei, wann ech am Ufank gesot hunn, datt et hei och dorëms geet fir d'Finanzmäert ze benotze fir e Kurswiessel ze förderen insgesamt an der Gesellschaft, op e Kurswiessel hin zu méi Sozialem, zu méi Ekologie, a wann dat vu Lëtzebuerg aus, vum Législateur ënnerstëtzt gëtt, ass dat sécher en Imagegewënn fir Lëtzebuerg um internationalen Niveau.

Dee Wee, deen ech gewielt hu fir dat heiten ze proposéieren, dat ass dee fir eng Proposition de loi ze maachen. Déi hunn ech natierlech gemaach am Kader vun den Diskussiounen deemools wéi mer décidéiert hu fir d'Loi Rau ofzeschafen, fir einfach hinzegoen an d'Loi Rau zum Deel ëmzewandelen, éischtens ekologesch a sozial Kritären dra festzeschreiwen, fir vun deene Steiervirdeeler, déi an der Loi Rau virgesi waren, ze profitéieren, an zweetens se natierlech och kompatibel ze maache mat den Erfuerdernisser vun der Europäescher Unioun.

Mir wësse jo allegeurten, datt d'Loi Rau net nëmmen aus ekonomesche Grënn zu Lëtzebuerg an där Form ofgeschaaft ginn ass, mä och well se an där Form net méi kompatibel war mat de Bestëmmunge vun der Europäescher Unioun, an dofir hunn ech einfach versicht de Wee ze goe fir déi Fördermoossnamen an deem Sënn, also d'Kritären ze loossen eigentlech wéi se sinn, mä se just op d'Europäesch Unioun auszedehnen.

Ech soen awer direkt, datt dat heite sécherlech net deen eenzege Wee ass, an et war och net den Zweck vun där Proposition de loi hei fir elo ze soen: Dat do ass et oder näischt! Et ass mir einfach dorëms gaangen deemools fir am Kader vun deenen Diskussiounen, déi sech opgemaach hu bei der Ofschafung vun der Loi Rau, fir eigentlech deen Zuch ze benotzen, fir do dropzeklammen, fir ze soen: Ma hei gëtt et nach eppes! Kommt mir sichen emol zesummen no Weeër wéi mer déi doten Nisch kënne besetzen.

Ech mengen, datt et just wichteg ass, datt mer relativ séier zu Lëtzebuerg sollen handelen an deem dote Beräich. Mir solle séier handele virun allem, géing ech emol soen, an enger éischter Phas um nationale Plang fir deen éischte Punkt ze erfëllen, deen ech gesot hunn, fir um nationale Plang eppes ze maachen. Do kënnt e Modell wéi deen, deen an Holland scho längstens fonctionnéiert, dee vun de gréngе Fongen, sécherlech e Virbild sinn och fir Lëtzebuerg.

An da mengen ech, wa mer den nationale Marché, wa mer do d'Nisch bis besat hunn, da spillen d'Banke souwisou mat, well dat

huet een och an Holland kënne feststellen. Wéi an Holland Mëtt der 90er Joren déi dote Fonge gegrënnt gi sinn, dunn hunn all déi grouss Banke sech relativ séier spezialiséiert an deene Beräicher. Si hu ganz Ofdeelungen ugeschaaft an deenen dote Beräicher. Da kënnt en neie Know-how och op d'Finanzplaz, an ech mengen da kënnt den zweete Volet, deen ech gesot hunn, vum selwe wahrscheinlech, dat heescht, datt och versicht gëtt, dee Créneau auszedehnen op d'Fongen insgesamt an international.

Mä ech mengen, datt eigentlech dat nämlecht hei kënnt spille wat och gespillt huet e bësselche wéi mer déi steierlech Erliichterunge geschafen hu fir déi Leit, déi sech hei zu Lëtzebuerg eng Zousazpensioun wëllen uleeën, wou de Stats- a Finanzminister zu Recht gesot huet d'lescht Joer am Kader vum „état de la nation", datt eigentlech dat e Beispill ass dat beweist, datt den nationale Marché duerchwegs ka wegweisend si fir seng Produkter, déi awer eigentlech och op der Finanzplaz sinn, déi internationale Charakter hunn, dat heescht, datt een eigentlech, loosst mer soen, den nationale Marché souzesoen als Laboratoire benotzt fir duerno op engem méi grousse Niveau unzekommen.

Déi Nisch do wiisst, wéi gesot, international a mir sollen dofir relativ séier handele fir dee Kurswiessel do mat anzeleeden. Ech mengen, datt et duerchwegs kënnt interessant sinn. Ech wëll nëmme just drop hiweisen op een Aspekt, dee verdäitlecht wéi séier, datt dee Marché an nächster Zäit wäert wuessen. No de bluddegen Nuesen, déi vill Pensiounsfonge sech geholl hunn an den 90er Joren, wéi mer an der virtueller Ekonomie gelieft hunn a wéi den Astuerz komm ass 2000, hunn eng ganz Rei Pensiounsfongen, zum Beispill an England, hir Kritären iwwerduecht, op Drock hin natierlech vun de Pensionnairen, déi Intérêten hunn an deene Pensiounsfongen, dat heescht deene Leit, déi versécher do sinn, déi gesot hunn: Mir hätte gär, datt eng Rei ethesch oder sozial Kritäre festgeschriwwe gi wou investéiert gëtt oder wou déi Fonge sech an Zukunft implantéieren.

Dat si Beispiller, déi drop hindeiten, ech wëll dat elo net idealiséieren, ech sinn och net esou naiv fir net ze wëssen, datt awer et nach eng Zäit wäert dauere bis mer op deem ukomm sinn, wat eigentlech an deem Buch, wat ech virdrun zitéiert hunn, beschriwwe ginn ass, dat wäert nach laang daueren, mä et gëtt ganz kloer Tendenzen ëmmer méi an déi Richtung ze goen, déi och ze dinn hunn effektiv mat deem wat op de Finanzmäert geschitt ass an den 90er Joren, an där Kris, déi mer am Joer 2000 haten. Ech mengen, datt Lëtzebuerg gutt berode wär fir dofir relativ séier an deenen nächste Méint hei och ze légiféréieren an dee Créneau ze besetzen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

***Discussion***

**M. Patrick Santer** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ethesch Fongen, fir emol de Sammelbegrëff ze benotzen, ginn et elo schonn op der Finanzplaz. „Socially responsible investment" ass och zu Lëtzebuerg näischt Neies. Ethesch Kritären, heiansdo mat engem méi oder manner ausgeprägte reliéisen Hannergrond wéi bei islamesche Fongen, kënnen elo schonn d'Politik vun engem Fong bestëmmen.

Dem Här Bausch seng Proposition de loi fir ethesch Fonge steierlech ze begënschtegen a bei hinnen de Modell vun der Loi Rau ze applizéieren, ass bestëmmt eng sympathesch Iddi a sécher net nëmme gutt geduecht, mä och an déi richteg Richtung gemengt. Eng ethesch Dimensioun am öffentlechen a privaten Investissement wäert och an Zukunft ouni Zweifel eng verstäerkt Roll spillen.

Ech wéilt awer zu der Proposition de loi vum Här Bausch folgend Commentairë maachen. Fir d'allereischt soll een emol ganz vun engem spierbaren Neiapport fir d'Lëtzebuerger Fongindustrie ofgesinn. Wa sech dësen oder dee Fong an deem Beräich géif zu Lëtzebuerg usiedelen an déi nëmme fir eise Marché geduecht wären, géif dës Spart oder nei Spart d'Aktiven, déi vun den OPCen hei op der Finanzplaz geréiert ginn an déi sech op iwwer 950.000 Milliarden Euro belafen, net spierbar influenzéieren. Zemools datt déi allermeeschte Fonge fir eng international Clientèle geduecht sinn, woubäi mer hei awer den nationale Marché viséieren. Do wäert eng steierlech Incitatioun fir de Lëtzebuerger Steierzueler keng grouss Répercussiounen op eis Finanzplaz hunn.

Da stellt sech awer d'Fro, an dat ass am Fong déi wichtegst Fro, vun der Aschätzung, dem Rating vun deene Fongen, déi de Kritäre vun der Proposition de loi entspriechen. Wéi eng Detailkritäre ginn hei ugewannt? Wien appliéiert se? Wéi eng Prozedur gëtt dofir appliéiert? Well och an anere Länner, an der Europäescher Unioun ugesiedelt Fonge betraff sinn, an dat ass juristesch richteg, mussen et uniform Kritäre ginn, oder op d'mannst eng Reconnaissance mutuelle vun deene Fongen, déi an hirem Land vun der Nidderloossung als ethesch agestuft ginn, mussen hei zu Lëtzebuerg unerkannt ginn an existéieren.

A wat geschitt wann zum Beispill Länner aner Kritären uwenden? Zum Beispill wa se d'Solidaritéit Nord-Süd oder d'Nohaltegkeet net uwenden, oder wann eng aner Norm, aner Limiten appliziéiert ginn? Zu deene Froe kann nëmmen eng europäesch Initiativ eng Äntwert ginn. All dëst si Froen, déi zwar vläicht net onméiglech ze beäntwerte sinn, mä déi mussen awer beäntwert ginn ier een esou e Gesetz ka stëmmen, well soss wäert dat Gesetz während enger längerer Zäit eng eidel Hüls, eng reng Absichtserklärung bleiwen. Grondsätzlech bleift festzehalen, datt ethesch an nohalteg geprägte Fongen esou oder esou net nëmme schonn elo existéieren, mä amgaange si sech weiderzeentwéckelen, an datt mer wuel och an der europäescher an an der Lëtzebuerger Fongenindustrie wäerten domadder befaasst ginn.

Zu dësem Zäitpunkt an op Grond vun deene praktesche Problemer, déi esou eng Proposition de loi opwerft, kënne mer der Initiativ net zoustëmmen. Esou en Text géif héich Erwaardunge schafen, déi net an engem verstännegen Zäitraum ze erfëlle wieren. E géif den Androck entstoe loossen, mir wieren op der Lëtzebuerger Finanzplaz prett fir den Ëmgang mat enger neier Kategorie vu Fongen, wat mer tatsächlech awer net sinn. A mir géifen d'Impressioun vermëttelen, d'Fongenindustrie hei am Land géif hefteg vun esou enger neier Komponent profitéieren, wat awer net de Fall ass.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, bei der Proposition de loi, déi mir hei virun eis hunn…

Ech muss soen, dat mat dem Temps de parole schéngt net ze goen. Ech si bei dräi Minutte 50, Här President.

D'Fro, déi de Patrick Santer hei opgeworf huet, ass déi, déi den Här Bausch och am Fong geholl ugedeit huet, nämlech déi vun dem Développement vun enger Nisch, vun engem Instrument hei op der Finanzplaz. Do kann ech bis elo net jugéieren, wéi dat sech kéint entwéckelen.

Ech zweiwelen net, Här Santer, un de Kritären. Ech mengen, där gëtt et och am Ausland. Ech wëll also emol net op déi Diskussioun agoen. Mä et stellt sech jo éischter d'Fro - esou hat ech et gesinn op alle Fall an der Propositioun vum Här Bausch -, ob een eng gewëssen Hëllef an Ënnerstëtzung fir geziilte Beräicher gëtt. Dat ass, mengen ech, haut scho méiglech. Mir hunn eng Rei Saachen, déi mir ënnerstëtzen iwwer verschidde Weeër. Déi zweet Komponent, déi dobäikënnt, ass déi, dass een d'Épargne, eng geziilten Épargne an eng gewësse Richtung och elo géing steierlech begënschtegen. Et ass also net d'Hëllef vun engem gewësse Wirtschaftsberäich, wann een esou wëllt - där Mëttelen huet een haut schonn, déi kann een ausbauen -, mä et ass d'Épargne a Richtung vum Kapital fir déi Beräicher, déi mir hei an deem Moment géinge viséieren.

Mir hunn am Moment steierlech eng Rei Saachen, déi mir begënschtegen, fir de Patrimoine vum Eenzelnen, esou wéi e sech zesummesetzt, sief et aus Liewensversécherungen, sief et aus Bauspueren, sief et aus Loi-Rau-Aktien, déi mir zwar ofgeschaaft hunn elo, déi auslafen. Mir hunn der och, déi sinn allerdéngs de Privatleit net an deem Mooss zougänglech, Certificats audiovisuels a Certificats capital-risque, an och déi nei Sicave sinn awer relativ ageschränkt, a sinn net gemaach, fir d'Épargne am Fong geholl vum normale Privatmann.

Dofir stellt sech d'Fro: Wëlle mir - esou gesinn ech et och e bëssen - deem Secteur hei zu Lëtzebuerg vläicht en Accès op Kapital garantéieren? Dann hätt ech éischter e Gesetz elo gesinn, nämlech dat, wat mir amgaange si virzebereeden an der Kommissioun iwwert d'Gestioun vun eise Pensiounsavoiren. Do si mir jo amgaangen ze kucken, e bessere Rendement erauszekréien, a mir sinn amgaangen do ze compartimentéieren, an ze soen, sou vill Aktien, esou vill Obligatiounen. Mir definéieren och de Risiko dobäi, an dat drécke mir aus a Prozenter.

Et kënnt ee sech liicht virstellen, wann et e Problem ass vun Accès op Kapital, dass dat en Instrument wär, woubäi ee muss wëssen, dass mer jo am Moment da mat Geld schaffe vu Cotisatiounen, déi Leit eis zur Verfügung gestallt hunn. Mä ech mengen, och wann de Gestionnaire herno investéiert an enger Firma X hir Aktien, hu mer him déi Fräiheet jo gelooss, quitte dass mer a Prozenter a Compartimenter agedeelt hunn. Dat wär also eng Méiglechkeet fir Zougang zum Kapital als solches fir e gewësse Secteur, deen een dann eben ethesch, solidaire en ekologesch kënnt definéieren.

Dat Zweet wär, wann een also géing higoen an et wéilt ee geziilt d'Épargne an déi Richtung ënnerstëtzen, da froen ech mech, Här Minister, ob een net kéint opmaachen den 111bis, wou Fongen do sinn - vill Risiko, manner Risiko. Firwat gi mir net hin dann eventuell do eng Ouverture maachen? Well do ass jo deen Eenzelnen, dee seng Épargne uleet, an deen definéiert ënner welcher Form seng Épargne ugeluecht gëtt, mä awer och kéint definéieren a welcher Form gegebenenfalls seng Épargne verwent gëtt vun der Bank oder der Assurance, un déi e sech gewannt huet.

Mir hunn am Moment meeschtendeels de Choix tëschent wéineg a vill Risiko. Et kéint ee sech duerchaus virstellen, dass ee géing en drëtte Choix loossen a soen, dat doten ass geziilt fir e gewësse Beräich, an deen, dee seng Zousazpensioun dann an esou ee Beräich géif investéiere wëllen, dee kéint dat da maachen.

Den drëtte Punkt ass, Här Minister, mir hunn déi Loi Rau am Fong geholl jo per Gesetz ofgeschaaft - déi leeft aus. Mir hunn an deem Gesetz, wat awer d'Loi Rau, ech wëll net soe geschaaft huet, mä reforméiert huet 1993, en Instrument geschaaft , wat Certificat SNCI geheescht huet, en Instrument, wat mir am Gesetz ageschriwwen hunn, wat déi ähnlech Avantagen hat, steierlech begënschtegt wéi eng Rei Sicaven, déi elo ënnert dem Fändel Loi Rau lafen. Dat Instrument vun der SNCI ass an deem Mooss ni gebraucht ginn. Mä et kéint ee sech awer virstellen, dass déi Iddi, déi jo net abwegeg war, soss huelen ech un, dass mer se net an e Gesetz eng Kéier geschriwwen hätten, dass een déi Certificate géing weiderliewe loossen, dat wär jo nach ëmmer méiglech, an et géing ee Certificate beispillsweis erausginn, déi dédiéiert wären, fir ebe just Kapital zur Verfügung ze stelle fir déi Form vun ekonomeschen Aktivitéiten, déi den Här Bausch a senger Propositioun de loi beschriwwen huet.

Se ass gemaach ginn zu engem Zäitpunkt, wou d'Loi Rau bestanen huet, mir hunn de Prinzip vun der Loi Rau am Fong geholl elo stierwe gelooss, wann een esou wëllt, mä hei hunn ech zwee Instrumenter genannt, déi et nach mengen ech derwäert wären, fir driwwer ze iwwerleeën. Et muss een awer wëssen, dass een an deenen zwee Fäll och muss legislativ virgoen. Et muss een entweder am 111bis déi Méiglechkeet schafen, oder de Certificat, dee mir 1993 geschaaft hunn, an erëm ofgeschaaft hunn, ouni dass en eng Kéier opgelieft ass, am Fong geholl, erëm eng Kéier afféieren, mat enger klorer Richtung, fir déi Beräicher do ze ënnerstëtzen.

An deem Moment ënnerstëtze mir de Beräich, stellen d'Kapital zur Verfügung, an op där anerer Säit ënnerstëtze mir d'Zesummekomme vun deem Patrimoine, also vun der Verméigensgestaltung a Verméigensbildung vun deene Persounen, déi an déi Richtung ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Claude Meisch agedroen. Den Här Meisch huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer haut iwwert déi ethesch Investitiounsméiglechkeete schwätzen, dann ass dat fir d'alleréischt emol ze begréissen, well et weist, dass et esouer gëtt, an dass Leit bereet sinn, wa se Geld investéieren, ze kucken, wat mat deem Geld geschitt. Dat gëllt fir ganz vill Privatleit, dat gëllt awer och fir institutionell Uleeër. Et ass ze begréissen, dass do Gelder a Richtungen drainéiert ginn, wou se eben net nëmmen déi finanzielle Rendement bréngen, mä eben och nach fir eng gutt Cause kënne gebraucht ginn.

Meng Virriedner hunn explizéiert, wat d'Méiglechkeeten do sinn, wéi déi Investitiounsfonge sech am Laf vun deene leschte Joren a Jorzéngten développéiert hunn. Mir hu sécherlech hei am Land nach e gewësse Retard do virun allem zu deene Marchéen an den USA, well et vläicht hei net déi néideg Traditioun do gëtt, mä trotzdeem mierke mir, dass déi Investitiounsméiglechkeeten do sech lues a lues hei och etabléieren an et sécherlech interessant ass fir eis Finanzplaz, eben och do e Rôle dra kënnen ze spillen.

Déi Fro, déi mir allerdéngs hei diskutéieren an déi an der Proposition de loi vum François Bausch opgeworf ginn ass, ass eben déi, awéiwäit de Stat elo soll e Rôle dran iwwerhuelen, fir déi Investitiounsméiglechkeeten do nach weider ze favoriséiere respektiv awer och se ze reglementéieren. Mir hu gesinn, dass hei zu Lëtzebuerg an Europa, awer och doriwwer eraus, sech e gewësse Marché gebilt huet, deen amgaangen ass sech eben och anzependelen, dat heescht de Marché kuckt momentan do seng eege Kritären ze definéieren, wéi dat och op ganz villen anere Finanzmäert geschitt ass. An et muss een ebe kucken, wéi wäit do dee Marché ka sech selwer apendelen a sech selwer ka Kritäre ginn. Wann dat de Fall ass, mengen ech, soll een net onbedéngt elo vum Législateur verlaangen, dass deen e réglementairen oder legislative Kader do soll schafen.

Mä déi aner Fro, déi gestallt gëtt, dat ass déi wéi gesot vun den öffentleche Finanzen: Awéiwäit soll de Stat hei eben och Ofschreiwungsméiglechkeete bidden? Awéiwäit soll e selwer kucken, wat en iwwer zum Beispill d'Pensiounsreserve mat an esou Investitiounsméiglechkeeten investéiert? Dat schéngt mir awer eng Fro ze sinn, iwwert déi mir sollen e bësse méi laang nodenken.

Wann et zum Beispill op der enger Säit esou ass, wéi och den Här Bausch a sengem Exposé des motifs a senger Proposition de loi geschriwwen huet an Experten zitéiert huet, dass déi ethesch Investitiounsméiglechkeete vum Rendement hier deenen aneren Investitiounsméiglechkeeten an näischt nostinn, da muss ee sech froen: Wou ass dann nach den Intérêt drun, dass de Stat do agräift an dass en et nach méi favorabel mécht, fir an déi dote Richtung ze investéieren?

Sou dass awer vläicht nach déi Fro bleift, déi den Här Krecké hei opgeworf huet, nämlech: Wéi brénge mir et fäerdeg, vläicht hei an eisem klenge Land d'Méiglechkeet ze schafen, dass eng Rei vun Entreprisen, déi et vläicht soss schwéier hunn u Kapital ze kommen, virun allem, well se an Domäner täteg sinn, wou eben net déi grouss Gewënner kënne gemaach ginn, fir deenen et ze erméiglechen u Kapital ze kommen? Mä dat schéngt mir eng aner Diskussioun ze sinn.

Wat ech och nach wëll ze bedenke ginn, dat ass, dass bei all deenen doten Domäner et wichteg ass, dass fir dat, wat do hiergestallt gëtt, siefen dat Produiten, siefen dat Déngschtleeschtungen, eng Nofro muss do sinn, an dass de Stat och eng wichteg Roll doranner kann iwwerhuelen, fir déi Nofro ze favoriséieren. Dat huet dës Regierung gemaach. Ech denken do zum Beispill un déi Subsidéierungsméiglechkeeten an den erneierbaren Energien. Dat huet och seng direkt Répercussiounen op erëm eng Kéier déi Leit, déi do an déi Domänen hiert Geld investéiert hunn.

Mir hu gemierkt, dass do déi Reglementatioun hei zu Lëtzebuerg net duergaangen ass, mä do hu jo aner Länner, notamment och Däitschland, eng Virreiderroll gespillt gehat. Mir hu gemierkt, dass dat direkt Répercussiounen op den Aktiekurs hat vun all deenen Entreprisen, déi an den erneierbaren Energien täteg sinn, esou datt dat och do kann e Wee si fir déi dote Secteuren ze ënnerstëtzen, an dat huet dës Regierung gemaach, gradsou wéi och eben iwwer ganz konkret Projeten, déi an der Kooperatioun realiséiert gi sinn, an ech kënnt nach aner Beispiller nennen. Dofir ass et gutt, datt mer déi doten Diskussioun hei féieren, mä et schéngt mer awer nach e groussen Diskussiounsbedarf ze gi bis mer eis eens ginn, och hei am Haus, wat mer musse konkret maache fir nach deen dote Secteur méi ze stäerken.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begréisse prinzipiell déi Proposition de loi vum François Bausch well et weist, datt et an onser Bevölkerung an och an der ganzer europäescher Bevölkerung eng Demande fir esou Fonge gëtt. An et muss ee soen, datt et op der Finanzplaz Lëtzebuerg schonn eng etlech Fonge gëtt, déi an déi Richtung gaange sinn an déi och e ganz grousse Succès hunn.

Notamment wa se Richtung Däitschland verkaaft ginn, wou d'Réglementatioun esou ass, datt sech där ethescher, solidarescher an ökologescher Fongen iwwerhaapt net kënnen etabléieren, well d'Réglementatioun esou ass, datt se déi praktesch décourageiert. Et ass dofir gutt, datt et eng Finanzplaz gëtt wéi Lëtzebuerg, déi esou Fongen ubitt.

Et gesäit een, datt et awer och eng etlech Schwieregkeete gëtt wann een e ethesch Fongen zum Beispill soll definéieren. Mir gesinn, datt ënnert ethesche Fongen och Fonge lafen, déi no de reliéise Prinzipie vun der Scharia investéiert ginn, wou also keng Zënsen däerfen ufalen. Mir gesinn, datt ënnert ethesche Fongen och déi Fonge lafen, déi nëmmen a verschidde reliéis Gemeinschaften oder an hir Filialen oder Associatiounen investéieren.

Do ass et relativ schwéier fir op deem Gebitt eng Definitioun ze fannen, wat déi méi solidaire oder ökologesch Donnéeën ugeet. Och do gesäit een, datt et eng etlech Mechanisme ginn, wou ee sech op jidde Fall muss hidden als Législateur fir hei prezis Definitiounen ze ginn, well dat wou ee mengt, datt et prezis wär herno sech vläicht kënnt als trompeur fir den Investisseur ausweisen.

Dofir schéngt ons dat wichteg ze sinn, datt d'Prospekter déi néideg Informatioune ginn, a wat investéiert gëtt, an datt alljährlech oder monatlech den Investisseur ka gesinn ob dat deenen Iddien entsprécht, déi hie sech gesat huet wéi en an de Fong investéiert huet. Déi Gesetzgebung hu mer an déi besteet och. Do wou mer d'accord sinn, dat ass awer fir op de Wee ze goe fir esou Fongen, national gesinn, awer ze favoriséieren. Mä iwwert d'Modalitéite misst manifestement nach diskutéiert ginn.

Mir menge perséinlech, datt een och misst op jiddfer Fall d'Investitiounen an Investmentfongen d'épargne e bësselche méi demokratiséieren. Deen abléckleche System vu Steierabattement favoriséiert en fait nëmmen den Investissement vu Leit, déi eng etlech Revenuen hunn, a wat se méi besteiert ginn, wat den Taux d'impositioun méi héich ass, wat se méi vun den Abattementer profitéieren. Wann Der en Abattement hutt vun 1.000 Euro, da kritt deen, deen 30% Steiere bezilt, 300 Euro en fait effektive Steierboni zougeschriwwen, an deen, deen nëmmen 10% Steiere bezilt, dee kritt en fait nëmmen 100 Euro guttgeschriwwen.

Dofir menge mir, datt mer missten ëmdenken an op de Wee vu Steierkreditter goen, wou deeselwechte Montant fir jiddferee géing zur Verfügung stoen. Deen Abléck hätt een natierlech och méi Leit d'Méiglechkeet gi fir iwwert dee Wee an déi Fongen ze investéieren, déi si fir richteg fannen an deen Abléck och fräie Choix ze loossen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Serge Urbany ageschriwwen.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Merci, Här President. Den Objet vun deem Projet de loi hei si jo steierlech Begënschtigunge vun Aktiekeef, entweder direkt oder iwwert de Wee vun Investitiounsfongen am Domän vun der Ekologie oder vum Bien-être social, wat ëmmer dat och elo heescht, oder vun den Nord-Süd-Relatiounen zum Beispill. De Projet de loi geet vun där Rechnung aus, déi senger Meenung no sech en Investisseur mécht, an zwar dass déi méi niddereg Renditen, déi wahrscheinlech vun esou engem Fong ze erwaarde sinn, opgewië ginn duerch Steierreduktiounen, esou dass sech den Investissement dann awer schlussendlech rentéiert.

Den Auteur erwaart sech doduerch en neie Créneau fir d'Finanzplaz an och d'Entstoe vun enger spezieller Zort vu Fongen, wéi zum Beispill d'"green fonds" an Holland. Obschonn ech fir eng gesamtekonomesch Steierung sinn no Nohaltegkeetskritären, wëll ech awer trotzdeem e puer Bedenken hei äusseren zu där Proposition de loi. Éischtens emol, esou e Mechanismus, deen hei soll geschafe ginn, soll jo Investissementer an der ganzer Welt steierlech begënschtegen am Géigesaz zur Loi Rau, déi sech just op Lëtzebuerg bezunn huet, wann ech dat richteg verstanen hunn. Déi Investissementer wären ugesiedelt sinn an der Europäescher Unioun, mä awer eventuell och an der Drëtter Welt. Et geet jo och ëm d'Nord-Süd-Gefälle an esou weider.

Ech mengen, dass esou e Mechanismus awer eng seriö Kontroll géif viraussetzen duerch onofhängeg Kontrollinstanzen, an ech hu meng Zweifel awer drun, ob et déi Garantië gi sinn, souguer bei spezialiséierte Ratingsagencen, well et gëtt keng international Labelen oder Kritären un deene sech esou Kontrolle kënnte moossen, an d'Fro stellt sech, wien do d'Kontrolleure kontrolléiert. Ënnert deenen Ëmstänn besteet souguer, mengen ech, d'Gefor, dass sou genannt ethesch Fongen en neit Marketingsinstrument ginn, mat deene sech Finanzinstituter, no deene Skandaler vun de leschte Joren, kënnen hire Ruff oppoléieren. Déi Ausso staamt iwwregens net vu mir, mä vun enger Vertriederin vun der Associatioun Etika an enger Wochenzeitung virun kuerzem, wou se dat um Beispill USA beliicht.

Zweetens, mengen ech, dass och kontrolléiert ethesch Fonge kaum eng Chance hätten, an engem Mier vun normale Fonge wierklech ze bestoen an ëmsou méi eng Tendenz do ëmzedréinen, an ech mengen, ech si mer awer do eens mam Här Bausch, dass Investitiounsfongen e wesentlecht Element si vun där ausfernder Entwécklung a Richtung Finanzkapitalismus, déi zu all deenen negative Begleiterscheinunge vun deene leschte Jore gefouert huet, vun deenen och esou Ekonomiste wéi de Stiglitz schwätzen, wéi zum Beispill iwwerdréinte Profiterwaardungen un d'real Ekonomie.

Wéi een dat och zum Beispill gesäit de Moment bei der aktueller Restruktuéierung vun der Arcelor, déi jo och en Deel domadder ze dinn huet mat der Bewäertung vum Grupp Arcelor op der Bourse. An et ka gutt sinn, dass en Aarbechter vun der Arcelor oder e Beamte vun der Arcelor, deen e puer Aktie keeft vu senger Gesellschaft a sech freet um steigende Wäert vun deenen Aktien, awer gläichzäiteg domadder seng Aarbechtsplaz futtimécht.

Anscheinend sinn awer déi eenzeg grouss Gefor, déi bei deene Fongen hei besteet, wéi ech elo virdru vun zwee Riedner héieren hunn, déi islamistesch Fongen. Ech mengen déi reell Gefore ginn och nach vu ganz anere Saachen aus. Den Auteur vun der Proposition de loi gesäit ausdrécklech seng Propositioun de loi als Bäitrag zur Diversifizéierung vun der Bankeplaz. Ech si selbstverständlech iwwerzeegt, dass et net seng Absicht ass déi Zort vu Fongen ze favoriséieren an déi Zort vun Investissementer, déi ech elo virdru genannt hunn, mä et muss een awer wëssen, dass d'Auteure vun deene Fongen, déi déi Fongen herno ubidden, och wann et herno sech ëm gréng Fongen handelt, déiselwecht si wéi déi, déi och déi aner Fongen ubidde wäerten.

An da muss een awer wëssen, dass Lëtzebuerg, wat d'Fongen ugeet, eng vun deene gréisste Plazen ass, déi drëttgréisst op der Welt, déi zweetgréisst an Europa, an ech ka mer net virstelle wéi e Kurswiessel da soll zustane kommen iwwert eng nei Loi Rau, déi jo nëmmen déi Leit betrëfft a Wierklechkeet, déi hei zu Lëtzebuerg Steiere bezuelen. Dat heescht, dass de groussen Deel vun den Investisseuren op der Bankeplaz jo absolut net dovunner tangéiert ass.

Also ech zweiwelen drun, dass domat soll eng Kursännerung erbäigefouert ginn an der Investissementspolitik, wéi se iwwert déi Fongen do getätegt gëtt. An ech fannen och allgemeng et sollt een net Illusiounen iwwerhaapt iwwer Investmentfonge favoriséiere mat esou Gesetzespropositiounen. Ech muss iwwregens soen, eng ähnlech Remarque géif ech och maachen zu där Proposition de loi vum Här Fayot, déi mer herno diskutéieren.

Ech mengen et sollt een au contraire sech awer Gedanke maachen doriwwer, Dir Dammen an Dir Hären, wéi eng alternativ Wirtschaftsförderung sollt ausgesinn, déi net iwwer esou Fonge leeft. An ech mengen esou eng alternativ Wirtschaftspolitik misst virun allem Proximitéitsprojete förderen. Ech fannen do gëtt et e grousse Besoin fir Proximitéitsförderungen hei zu Lëtzebuerg oder och zum Beispill am noen Ausland. Et feelt u sozialen an nohaltegen Infrastrukturen an eisen Uertschaften a Quartieren, u Geschäfter, Handwierksleit an Déngschtleeschtunge fir d'Liewen ze vereinfachen. Déi kéinten zum Beispill a verschiddene Forme bedriwwe ginn, op enger liberaler oder enger kommerzieller Basis, oder och op enger kooperativer Basis, op enger Net-Gewënn-Basis, op enger hallef öffentlecher oder op enger öffentlecher Basis.

Et gëtt zum Beispill e wuessende Secteur an eiser Ekonomie, dat ass dee vun der Économie solidaire, an et gëtt e Financement solidaire et éthique, deen zum Beispill vun der Associatioun Etika gemaach gëtt, wou ganz terre à terre Projeten hei zu Lëtzebuerg finanzéiert ginn. Et gëtt awer kee Lien zwëschent der Économie solidaire an zum Beispill deem Financement solidaire, deen duerch déi Associatioun Etika bedriwwe gëtt.

Wann ee vun alternativer Ekonomie schwätzt, gëtt et och nach d'Reserv vun der Sécurité sociale, déi mat 200 Milliarden ale Frangen oder 22,5% vum PIB en enormen Enjeu duerstellt, an amplaz - dat ass meng Meenung - déi Suen op der Bankeplaz an Aktien unzeleeën, kéint een zum Beispill iwwert d'SNCI Cofinanzéierung bedreiwe vu soziale Projete, vun Ëmweltprojeten oder zum Beispill d'ekonomesch Diversifikatioun am Intérêt vun enger ganzer Regioun domadder finanzéieren, wat erëm eng Kéier op där anerer Plaz Aarbechtsplazen a Steieren a Cotisatioune géif abréngen.

Ech fannen, dat wären éischter Pisten, déi ee misst aschloen, wann een driwwer géif diskutéieren, wéi een d'Wirtschaftspolitik anescht kéint gestalten. Dat géif awer och eng Rei vu Mesurë verlaangen op europäeschem Plang. D'Zäit feelt mir selbstverständlech hei fir nach dorobber weider anzegoen. Et géif selbstverständlech och erfuerderen, ganz anescht un d'Politik erunzegoen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Stats- a Finanzminister Jean-Claude Juncker.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre des Finances.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hat schonn e puermol d'Geleeënheet hei an öffentlecher Sitzung an och op anere Plazen, an och a Gespréicher ënner quasi véier Aen - strikt véier Aen - mam Här Bausch, däitlech ze maachen, dass déi Stoussrichtung vun der Gesetzespropositioun, déi e mécht, mir extrem sympathesch ass - haaptsächlech vun der Finalitéit vun deem, wat e proposéiert, hier betruecht.

Mir hunn déi zoustänneg Kommissioun, d'Kommissioun iwwert den Développement vun der Finanzplaz, mat senger Gesetzespropositioun befaasst, well ee jo, wann ee se esou oder ähnlech ëmsetzt, den aktive Support brauch vun den Acteure vun der Finanzplaz, an déi reagéieren negativ op déi Propositiounen, déi den Här Bausch mécht, well se aus der Kenntnis vun der Plaz eraus, déi se hunn, zur Opfaassung komm sinn, dass dat doten am gudde Sënn vum Wuert keen Nischeprodukt wär, wat d'Finanzplaz géif virubréngen et géif weder Aktivitéiten a grousser Zuel generéieren, nach du point de vue vun der Beschäftegung op der Finanzplaz Schrëttmaacherfunktioun iwwerhuelen.

Ausserdeem, sou gëtt gesot vun de Fachleit vun der Plaz - och deenen aus mengem Haus -, wär et extrem schwiereg, esou e Kriterium opzebauen an et och ze verfollegen a senger Applicatioun, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och weltwäit gestreet, wann et zu enger Extensioun vun der Surface vun de Fonge géif kommen, well ech verstinn, dass dat net nëmme fir Fongen ass, déi heiheem geréiert ginn, mä och fir Fonge muss sinn, déi weltwäit Aktivitéiten hunn, notamment am Beräich vun der Entwécklungshëllef, vun der nohalteger Entwécklung weltwäit, Klimaschutz, Förderung vun Ëmwelttechnologien - net nëmmen heiheem, mä och op anere Plazen.

Wéi rattrapéiert ee steierlech begënschtegt Mëttelen, déi a Fonge ginn, wann déi Fongen och op eemol eng Evolutioun vun hirer Grondausriichtung unhuelen, déi net méi den ursprénglechen Zwecker entsprécht? Dausend Froen!

Ech hunn och hei notéiert an der Debatt vu jiddferengem bis hin zum Kolleeg Urbany, wéi vill Phantasien, Imaginatiounen an Interrogatiounen esou eng Propositioun wéi déi dote lassléisst. Ech hu festgestallt a menge Gespréicher mat Kolleegen aus deenen aneren europäesche Länner, notamment mat den Holländer iwwert d'"groen Fonds", dass do villes och un d'Erapagë sech ageschlach huet - wat bedauerlech ass, wann et öffentlech cofinanzéiert gëtt.

An ëmmer erëm d'Fro, firwat dass eigentlech e steierlechen Incentive muss kommen, fir eppes Guddes ze maachen. Et stellt ee sech an der ganzer Breet hei am Land da jo d'Fro - wat jo nëmmen aus gudde Mënsche sech zesummesetzt -, firwat dass iwwerall muss subsidéiert, subventionéiert an défiscaliséiert ginn, fir dat ze maachen, wat jiddferee souwisou vun der Politik verlaangt. Esou si mir, esou bleiwe mir, an anescht wäert et och net ginn hei am Land.

Ceci dit deelen ech déi pessimistesch Grondstëmmung an dat Accentuéiere vun den Zweiwelen, déi hei artikuléiert gi sinn, eigentlech net, well ech der Meenung sinn, dass een och vun der Politik hier muss kënne Schrëttmacherfunktioun an de Secteur eran déclenchéieren, wann een déi richteg Instrumenter an der Hand huet. Dofir sinn ech fir mäin Deel décidéiert a bereet, an déi Richtung virun nozedenken, fir dann awer och zum Handelen ze kommen.

Den Här Bausch ka mir soen, ech géif jo jorelaang nodenken. Ech ginn och gären zou, dat dauert bei mir heiansdo méi laang, well ee vill Bedenken ënnerwee begéint, déi een erëm muss aus de Féiss kréien. An ech hunn effektiv, Här Bettendorf, eng laang Leitung, obschonn ech ni an enger Gemeng täteg war.

***(Hilarité)***

Dat ass esou. Jo, jo! Wësst Dir, wann Dir wéi ech an enger Koalitioun sidd, déi gutt funktionéiert, géift Dir Iech wuel wonneren, wann ee grouss Oueren huet, wat do alles trotzdeem drakënnt, vun deem d'Leit mengen, et géif een et ni gewuer ginn.

Ech wëll soen, dass ech virun nodenken, fir e weideren, breeden, perspektivesche Prozess hei ze annoncéieren. An dat ass fir mech näischt, wat een hei wéinst dem wäertvolle Gehalt vun der Iddi an trotz der Schwieregkeet vun den Instrumenter einfach soll an den Tirang leeën.

Ech gi gären zou, dass dat dem Här Bausch keng Satisfaktioun gëtt, deen Hiweis op weidere perspektiveschen Attentismus, mä d'Fro ass net einfach. Ech soen zu där Proposition de loi an zu der Iddi grondsätzlech jo, a bieden ëm weider Zäit fir driwwer nozedenken, zesummen och mat deenen, déi net dofir sinn op der Plaz, wéi een hei vun der Plaz kënnt, fir dass d'Plaz net op der Plaz stoe bleift.

Merci.

**M. le Président.-** Mir kommen elo zur Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire. Déi Proposition de loi ass agereecht gi vum Här Mars Di Bartolomeo. Et sinn agedroe fir Stellung ze huelen: den Här Halsdorf, d'Madame Durdu an den Här Colombera. Elo huet d'Wuert den Auteur vun der Proposition de loi, den Här Mars Di Bartolomeo.

## 4. 4996 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire

***Présentation***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dës Proposition de loi de 17. Juli 2002 agereecht, dat heescht, et ass also schonn eng Zäitchen hier, mä si bleift trotzdeem aktuell. Dir kënnt Iech erënneren, dass mer 1986 d'Schoulufankszoulag agefouert hunn, fir deene Famillje mat méi Kanner engtéintzekommen, déi Kanner am Schoulalter hunn, well d'Rentrée scolaire stellt sonner Zweiwel eng Belaaschtung fir d'Familljen duer - besonnesch fir Familljen, déi net am Geld schwammen. Dat ass bis elo gëllteg fir Kanner am Primaire an am Secondaire. Mir hunn e puer Joer duerno déi Schoulufankszoulag, déi am Ufank nëmme fir Famillje mat méi Kanner geduecht war, och op Famillje mat engem Kand ausgedehnt.

Ähnlech wéi dat beim Kannergeld de Fall ass, ass d'Schoulufankszoulag gestaffelt no der Zuel vun de Kanner. Si ass och gestaffelt nom Alter vun de Kanner. Deemools, wéi d'Schoulufankszoulag agefouert ginn ass, waren d'Spillschoulskanner ausgeschloss, an d'Spillschoulskanner sinn och haut nach ausgeschloss. Wann ee sech dann awer mol méi konkret d'Fro stellt, firwat dass just d'Primärschoulkanner an d'Kanner aus dem Secondaire vun där Schoulufankszoulag profitéieren, da fënnt een eigentlech net vill Argumenter, well d'Belaaschtung fir d'Kanner aus dem Primaire, oder fir d'Familljen, déi Kanner am Primaire hunn, sinn net sensibel méi héich, wéi fir

déi Familljen, déi Kanner am Préscolaire hunn.

Firwat? Mä ganz einfach, well am Primaire d'Kanner d'Bicher gestallt kréie vun de Gemengen an deenen allermeeschte Fäll. Et ass quasi d'Gratuitéit vun de Livres scolaires an an eenzelne Gemenge geet een esouguer méi wäit, dass och Schoulmaterial, wéi Hefter, gratis zur Verfügung gestallt gëtt. Wann een dann eriwwergeet an de Préscolaire, da stellt ee fest, dass d'Gemengen do kee Material stellen. Si stelle kee Material, si stellen net d'Accessoiren, mä gradsou véineg wéi am Primaire interveneiert d'Gemeng an d'Kleeder. Dat heescht do sinn déi Kanner „logés à la même enseigne".

Beim Postprimaire ass d'Situatioun e bëssen aneschters. Do mussen d'Famillje fir d'Bicher opkommen. Do kréie se d'Bicher net gestallt. Mä den Hick ass an der jëtzeger Situatioun net tëschent de Kanner aus dem Préscolaire an deenen aus dem Postprimaire, mä den Hick besteet bei de Kanner, déi an d'Gemengeschoule ginn, eng Kéier an de Préscolaire, déi aner Kéier an de Primaire. Vu dass mer also keng Ursaache fonnt hunn, firwat dass d'Kanner aus dem Préscolaire sollten ausgeschloss sinn, well d'Belaaschtung fir d'Familljen ähnlech grouss ass wéi d'Belaaschtung ass bei de Primärschoulkanner, hu mer geduecht, dass et e Sënn géif erginn, dass vergläichbar Situatioune vum Stat vergläichbar behandelt ginn.

An ech hunn och e puermol nogefrot wat dann eigentlech d'Ursaach wär, firwat dass d'Spillschoulskanner nach ëmmer aussen vorn sinn. Et kann e Käschtefaktor sinn. Well wann een d'Spillschoulskanner mat eranhëlt, da gëtt dat selbstverständlech méi deier. Mä sécher kënnen et awer net déi Ursaache sinn, déi am Avis vun der Regierung zu där Proposition de loi opgefouert gi sinn.

Déi Äntwert oder déi Stellungnahm vun der Regierung zu der Proposition de loi huet mech och e bëssen iwwerrascht. Bon, d'Fro gëtt gestallt zu der Proposition de loi wat vergläichbar Situatioune wären a wat et géif heeschen, dass d'Kanner op eng équitabel Aart a Weis, oder dass d'Familljen op eng équitabel Aart a Weis géifen traitéiert ginn. Do ass d'Äntwert ganz einfach: Op Lëtzebuergesch géif ech soen, dass wann d'Situatioun d'selwecht ass, dass een d'selwecht soll behandelt ginn, an an deem Fall heescht équitabel gerecht. Do kann een nach eng zousätzlech Äntwert drop ginn.

Bei deem zweete Punkt ass mer awer iwwerhaapt näischt méi agefall, well am Avis vun der Regierung zu der Proposition de loi d'Fro opgeworf ginn ass, ob d'Préscolaritéit, de Spillschoulsunterrecht dann iwwerhaapt vergläichbar wär mam Primaire an ob de Spillschoulsunterrecht dann iwwerhaapt kënnt mam Primaire assimiléiert ginn. Abee, ech mengen, et gëtt eng Obligatioun fir zwee Joer Spillschoul an et gëtt eng Obligatioun fir de Primaire. A wou een dann net ka soen, dass déi Kanner, déi an de Préscolaire eraginn, an enger vergläichbarer Situatioun si wéi déi, déi an de Primaire ginn! Si mussen alleguer dohi goen. Dat heescht d'Familljе kënne sech déi Käschten do guer net spuere wa se wëllen. Et ass also eng absolut vergläichbar Situatioun.

An da kënnt en anert Argument nach, dat vun der Regierung géint d'Proposition de loi ervirbruecht gëtt, dat ech iwwerhaapt net méi verstinn. Well do gëtt gesot, dat kéint jo net sinn, dass een déi Allocatioun kéint op d'Spillschoulskanner ausdehnen, well déi Allocatioun kéint kumuléiert gi mat der Allocation d'éducation a si kéint kumuléiert gi mat der Indemnité du congé parental. Wéi een dat am Spillschoulsalter soll maachen, dat ass mer e Rätsel! An do froen ech mech, wéi déi dote Stellungnahm zustan komm ass.

Dann dat lescht Argument, dat géint d'Proposition de loi ervirbruecht gëtt, dat ass, dass duerch d'Ausdehnung vun der Proposition de loi op d'Spillschoulskanner d'Résidentë kéinten diskriminéiert gi vis-à-vis vun de Frontalieren. Wéi dat awer ërem méiglech ass, dat ass mer ërem eng Kéier e Rätsel. Et muss ee sech nämlech erënneren ënnert wat fir enge Virzeechen d'Schoulufankszoulag agefouert ginn ass.

Een Argument, wat zwar ni esou un déi ganz grouss Klack gehaange ginn ass, firwat dass mer op de Wee vun der Schoulufankszoulag gaange sinn, dat ass, dass déi Schoulufankszoulag net an deemselwechte Mooss exportabel ass wéi aner Allocatiounen. Wann dann awer ee mir seet, dass wann een d'Allocation de rentrée scolaire op d'Spillschoulskanner géif ausdehnen, dass dat eng Diskriminatioun wär vun de Résidentë vis-à-vis vun de Frontalieren, da verstinn ech iwwerhaapt näischt méi.

Ech verstinn, dass ee mat enger Proposition de loi wéi där heiten seng Probleemer huet, well et zousätzlech Käschte géif schafen. Ech kann och verstoen, dass ee wéi de Conseil d'État eng Rei vu fundamentale Froen opwerft, ob ee richteg läit, dass een Allocatioune mat der Strenz verdeelt, oder ob ee méi richteg läit, wann een dat méi cibléiert mécht. Mä wann een déi dote Fro stellt, da muss ee se awer wann ech gelift fir de Prinzip vun der Schoulufankszoulag insgesamt stellen an net nëmme fir dee Volet vun der Allocation de rentrée scolaire fir Spillschoulskanner. Well dat gëllt scho gradesou, déi Selektivitéit…

***(Interruption)***

Wat gelift?

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Wëllt Der se ganz ofschafen?

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.*- Neen, ech wëll se net ofschafen. Dir wësst jo wat ech proposéiert hunn. De deux choses l'une: Entweder mir sinn eis ganz konsequent…

**Mme Marie-Josée Jacobs**, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse.*- Da schafe mer se of.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.*- …an da gi mer an déi eng Richtung…

***(Interruption)***

…oder mir sinn eis ganz konsequent, Madame Minister, an dann deele mer se vollstänneg aus. Mä mir kënnen awer net e bësse konsequent op där enger Säit an e bësse konsequent op där anerer Säit an ënnert dem Stréch iwwerhaapt net konsequent sinn! An ech mengen de Conseil d'État werft, aneschters wéi den Avis vun der Regierung, eng Rei vu pertinentë Froen op, wou ech awer trotzdeem der Meenung bleiwen, dass e ganz logesch a senger Approche ass, wann en deeselwechte Gradmiesser bei den Allocatiounen insgesamt hëlt.

De Conseil d'État kënnt nämlech a senger Konklusioun zu der Fro, ob et net besser wär fir déi Suen ze huelen, déi en an Allocatioune wéi d'Schoulufankszoulag erastécht, an se an d'Structures d'accueil eranzestiechen. Et ass eng Fro, déi ee sécher ka stellen, mä déi sech awer sécher net ausschliesslech op d'Allocation de rentrée scolaire limitéiert.

Dofir, mir hunn nëmmen eng Alternativ: Entweder mir bleiwe bei der Approche, déi d'Regierung zënter 1986 hat, wéi se d'Schoulufankszoulag agefouert huet, an da musse mer vergläichbar Situatioune vergläichbar behandelen, dat heescht och se ausdehnen op d'Spillschoulskanner, oder mir ginn an eng aner Richtung wou mer soen: Mir maachen dat méi cibléiert. Oder nach mir ginn an eng aner Richtung wou mer soen: Mir kucke wou mer Sue kënne fräimaache fir e regelrechten Équipementsprogramm a Saache Structures d'accueil ze maachen.

Mä da soll een déi Question de fonds stellen an et soll ee wann ech gelift net an déi Richtung goe wou een Argumenter sicht, déi wierklech mat den Hoer erbäigezu si fir esou eng Proposition de loi ofzewimmelen. Et wäert Iech net wonneren, dass eiser Fraktioun Iwwerleeunge wéi e Plan quinquennal oder e Plan pluriannuel fir d'Équipements en structures d'accueil ganz sympathesch sinn. Déi Iddi fënnt een nämlech och an deene Programmer ërëm, déi de Leit am Moment virgeluecht ginn.

Ech géif nach eng Kéier also fir Équitéit a Gläichbehandlung vun deeneselwechte Situatiounen duerch de Stat plädéieren an Iech merci soen.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf agedroen. Den Här Halsdorf huet d'Wuert.

***Discussion***

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerte betreffend dës Proposition de loi - a wann ech soe mir, da mengen ech domat d'CSV-Fraktioun - ganz konsequent sinn, an déi Aart a Weis, déi mer hu fir ze argumentéieren, ass ganz kohärent, a wann een effektiv déi Propositioun esou kuckt, da gesäit se ganz sympathesch aus. Déi Démarche ass flott. Et gëtt een do nees enger gewësser Kategorie vu Leit Geld. Et gëtt een hinnen also eng Geldleeschtung fir de Schoulufank, d'Allocation de rentrée scolaire. Et gëtt eng Allocation de rentrée préscolaire, natierlech mat dem Prinzip vun der Gläichbehandlung vun de Familljen. Da muss ech schonn direkt déi éischt Fro stellen, well dat gëtt de Corollaire dozou: An da schwätze mer iwwert de Précoce?

***(Interruption)***

De Précoce ass zwar nach net obligatoresch, mä et kann och emol en Dag komme wou deen obligatoresch gëtt, an da géiere mer déiselwecht Diskussioun. Dat ass ee Volet vun där ganzer Démarche an deene ganzen Iwwerleeungen. Mä ech war trotzdeem iwwerrascht, wéi Der déi Propositioun gemaach hutt, well et si méi Sensibilitéiten heibannen, an alleguer déi Sensibilitéiten soen ëmmer, dee Géisskaneprinzip wier esou schlecht. An da kënnt awer eng Proposition de loi, déi dëse Géisskaneprinzip trotzdeem nees eng Kéier an de Vierdergrond stellt, an dat huet mech wierklech iwwerrascht.

***(Interruption)***

Mir mengen, et sollt ee bäiléieren, an et sollt ee kucken, dass een iwwer alles dat wat ee bäiléiert iwwer all déi Joren - dat si scho bal 15, 20 Joer hier - an do hu mer zum Beispill elo kierzlech déi CEPS-Studië gemaach, an déi huet eis verschidden Elementer bruecht, déi eis hellwakreg gemaach hunn.

Mir hu festgestallt, dass wa mer sozial Transferten hunn, dass do méi Elementer matenee spillen. Et ass am Fong geholl net een Element oder dat anert, an dass ee séier en Déséquiliber kritt, an deen Déséquiliber kann een deementspriechend gutt an de Gréff kréien, wann een eng global Approche huet an dëser Problematik, a mir mengen, et wär wichteg, wann een am soziale Beräich handelt, dass een dat soll global ugoen. Mir hunn do vill Elementer. Dir hat se virdrun évoquéiert: d'Erzéiungszuel, de Congé parental, all déi Saache ginn eng an déi aner eran, an et soll ee kucken, dass ee kohärent a global virgeet. Dat ass eng éischt Konklusioun, déi ech hei wollt zéien.

Déi zweet ass, an do kënnt Dir soe wat Der wëllt, dass mir trotzdeem der Meenung sinn, dass hei wierklech en diskriminatoresch Element ass par rapport zu de Grenzgänger. Dat soziaalt Europa ass net datselwecht, an déi Leit, déi eriwwer schaffe ginn an déi, déi net do schaffen, do gëtt et verschidde Vitessen, an do sollt een och versichen de Prinzip vun der Gläichbehandlung bäizehalen.

***(Interruption)***

Dat hunn ech net gesot. Ech hu just gesot, dass doduerch, wa mer dat heite maachen, maache mer weider eng diskriminatoresch Initiativ par rapport zu deene Leit, déi hei schaffen, par rapport zu deenen, déi am Ausland schaffen. Do kréie mer en Element an der Groussregioun, dat net fördernd ass, an dofir ass dat e weidert Element, dat eis dozou féiert, dass mer dës Proposition de loi net besonnesch sympathesch fannen.

Wou mer 100%eg iwwerzeegt sinn dovunner, dat ass, dass d'Zukunft eis wäert weisen, dass mer zu Lëtzebuerg mussen an den nächste Jore vill Suen an d'Infrastrukture stiechen. D'Madame Minister Jacobs ass jo hei. Si wäert eis dat dann och soen.

Et si scho vill Suen dragestach ginn, mä mir mussen der nach vill méi drastiechen, well Dir wësst genau, dass d'Crèchen an d'Kantinnen am grousse Ganzen am Land, iwwerhaapt déi périscolaire Infrastrukturen, nach praktesch an de Kannerschong sinn, wann ech mer deen Ausdrock kann erlaben, an do wäerte mer en héije Käschtepunkt kréien. Wa mer dovun ausginn, dass wann déi Budgetsgelder, déi mer hunn, e Package oder e Pak ass, a mir wëllen deen dann iergendwéi ventiléieren, mécht et Sënn, esou ze maache wéi an der Propositioun steet vum Statsrot, fir déi Suen ze huelen an déi an Infrastrukturen ze stiechen, well déi Enveloppë sinn net onendlech, eng Kéier hält et op, an et weess een och net wéi eis Konjunktur weidergeet, esou dass et Sënn mécht, déi Suen dann anescht ze investéieren.

Am Numm vun der CSV-Fraktioun géif ech proposéieren den Artikel 60.2 vum Reglement ze invoquéieren, dee bei de Propositions de loi seet, fir dës net a Considératioun ze huelen, a se eben net un d'Familljekommissioun weiderzeginn, well se net dat bréngt wat den Initiateur vun dëser Proposition de loi sech erwaart huet. Dofir géif ech Iech also bieden, dës net a Considératioun ze huelen, an ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

**Mme Agny Durdu** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir ass et ähnlech gaange wéi dem Här Halsdorf. Wéi ech déi Proposition de loi gelies hunn, hunn ech a priori gemengt, si ass net onsympathesch, mä wann een dann awer un de Lack vun där Propositioun kraze geet, besonnesch wann een d'Positioun vun der Regierung an den Avis vum Statsrot liest, dunn hunn ech mech awer éischter vun deene Positiounen iwwerzeege gelooss, wéi elo vum Exposé vum Här Di Bartolomeo. An ech mengen effektiv, dass mer Problemer kréien, wa mer déi Zoulag ausdehnen op de Préscolaire, wat a priori net esou onverständlech ass, dann hu mer awer Problemer mat aneren Allocatioune wéi déi vum Congé parental an déi vun der Allocation d'éducation.

Um internationale Plang hu mer jo elo ewell d'Problematik, dass eis Caisse nationale en Deel Suen, déi op déi Aart a Weis an d'Ausland ginn, iwwerhaapt net méi erëmkritt, an ech sinn éischter der Meenung, esou europäesch wéi ech agestallt sinn, dass mer déi Sue besser an eisem eegene Land solle verwende fir eis Kanner.

An dann ass eben och d'Problematik, déi de Statsrot opgeworf huet. Mir fuere mat dëser Mesure weider mat der Géisskan iwwert d'Land, an ech mengen, et wier besser, wa mer wëllen de Familljen entgéintkommen a wa mir hinne wëllen hëllefen, mir géinge méi geziilt op se agoen an déi Structures d'accueil als Gemengen elo alleguer bauen, well mir gesi jo ëmmer méi, dass d'Populatioun se freet an d'Populatioun se brauch. Ech mengen, do kënne mer vill besser op d'Besoine vun eise Kanner agoen, an et ass besser mir ginn op dee Wee, wéi dass mer viru mat där Géisskanepolitik fueren.

Voilà, dat waren d'Iwwerleeungen, déi ech sollt am Numm vu menger Fraktioun duerleeën, an ech wollt Iech och soen, dass eis Fraktioun dës Proposition de loi net wäert ënnerstëtzen.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jean Colombera agedroen, den Här Colombera huet d'Wuert.

**M. Jean Colombera** *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Proposition de loi, déi den honorablen Här Di Bartolomeo ausgeschafft huet, gesi mir mat gemëschte Gefiller un. Sécherlech huet eng Partie vun de Leit eng gewësse Sympathie fir dës Gesetzespropos. Ëmmer wann de Stat dem Bierger Sue gëtt, ass dat gutt. Dat gëtt och vum Bierger dankend a mat vill Luef opgeholl.

An dëser Gesetzespropos sollen d'Kanner am Préscolaire déiselwecht Allocation de rentrée scolaire wéi d'Kanner am Primaire kréien, wat u sech esou argumentéiert gëtt, dass d'Familljen, déi eng vum Primaire an déi aner vum Préscolaire, nom Prinzip vun der Gerechtegkeet géife behandelt ginn. Mä een dat als Haaptargument an d'Vitrine stellt, da muss een awer nach méi wäit goen an déi ganz Kette vervollstännegen.

An den Här Halsdorf huet jo gesot, Familljen, déi hir Kanner am Précoce hunn, missten dann och esou eng Allocatioun kréien, an d'Familljen, déi hir Kanner an enger Crèche hunn, missten dann och vun därselwechter Moossnam profitéieren, soss dierft een net vu Gerechtegkeet a vu Gläichheet schwätzen. Machbar wär dat an och ze vertrieden. Nom Prinzip vun der Gläichwäertegkeet däerf keen aneschters behandelt ginn.

Mir hu gesi wat an der Problematik vun der Mammerent geschitt ass. Frae mat zwee Kanner kréie 6.000 Frang Mammerent. Aner Fraen, déi och zwee Kanner hunn, kréien se net. Dat mécht natierlech ganz schlecht Blutt.

Also, wa mer dat heite wëllen duerchsetzen, da wann ech gelift fir jiddereen, an net nëmme stéckercherweis fir hei an do déi eng oder déi aner Symptomer ze behandelen. Et muss een einfach dat Ganzt als en Eenzelstéck ugesinn.

Déi Gesetzespropos kascht am Fall wou Kanner vun dräi bis sechs Joer an de Genoss vun dëser Allocatioun kommen 213 Milliounen aler Frang pro Joer. Si gëtt eng Kéier ausbezuelt, am Ufank vum Schouljoer, a si ass gestaffelt nom Prinzip, wat méi Kanner am Stot sinn, wat d'Allocatioun méi héich ass. Dat schéngt mer och net allze vill gerecht ze sinn. Eng Famill mat engem Kand kritt dann 10 Euro. Bei enger Famill mat zwee Kanner ass d'Kand da schonn 20 Euro wäert, a bei enger Famill mat dräi Kanner ass all Kand 30 Euro wäert. Ech menge wann, da misst all Kand deeselwechte Betrag guttgeschriwwe kréien. Alles anesch-

ters ass geregelt no de Prinzipien, déi extrem wässereg sinn, déi der Willkür vun iergendengem politesche Mandataire ënnerleien, déi awer trotzdeem an der Bevölkerung dobausse schlecht ukommen.

Firwat kréien ech mat engem Kand nëmmen 10 Euro, een anere mat dräi Kanner kritt dann 30 Euro fir säi Kand, dat heescht 90 Euro am Ganzen?

***(Interruption)***

Dir hutt dat geschriwwen an Ärer Propos. Liest se emol. Dat erënnert mech un den Index wann deen 1% an d'Luucht geet, da kréien déi Akommesschwaach 500 Frang bäigesat, déi Akommesstaark 1.000 bis 2.000 Frang bäigesat. Dës Mesurë ginn dobausse ganz staark kontestéiert, an ech mengen dat mat Recht.

213 Millioune muss een awer och finanzéieren. D'Statskeesen sinn eidel, dat ass jo bekannt, an d'Ursaache kenne mer och. Dës Regierung huet d'Land finanziell an d'Sakgaass gedriwwen. Wa mer op de Wee vun der Gesetzespropositioun ginn, wéi den Här Di Bartolomeo elo seet, da muss d'Privatwirtschaft awer dat heite finanzéieren, mat nach méi grouss Afferen.

Fir finanziell besser ze stoen, misste ganz nei politesch Moossnamen an Akzenter getraff ginn, an da kënnt een d'Familljen aneschters ënnerstëtzen. Zum Beispill déi aktuell Erzéiungszoulag vun augenblécklech 16.460 op 32.920 Frang bis zum 12. Liewensjoer vum Kand. D'Kannergeld kënnt ee verduebelen, fir de Famillje besser entgéintzekommen. Mä dat heiten ass jo net mat dëser Regierung ze erreechen, dës Regierung huet aner Prioritéiten.

Dës 113 Millioune kënnen eiser Meenung no besser investéiert ginn, zum Beispill fir neit Schoulmaterial ze kafen, fir Ganzdagsschoulen ze erméiglechen, fir Crèchen auszebauen oder ähnlech Ariichtungen ze förderen. De Stat ka substantiell méi erreechen, wann dës Sue global fir dës Zwecker gebraucht ginn. Wann d'Familljen awer dës Suen als Allocatioun eemoleg pro Joer ausbezuelt kréien, dat ass vläicht fir de Moment eng ganz schéi Saach; deen ee kritt 5.000 Frang, deen aneren 10.000, den Drëtte 15.000, de Véierten 20.000, de Leschten 30.000 Frang, jee no der Gréisst vun der Famill, mä déi Suen hei si ganz schnell verpolvert an opgebraucht.

Mir géifen dem Här Di Bartolomeo merci soe fir seng Proposition de loi. De Gedanke war nobel a schéin, mä am Fong hëlleft dës Mesure guer kengem. Au contraire, si verschlëmmert déi bestoend Situatioun.

Merci.

**M. le Président.**- Als nächst Riednerin ass d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg agedroen. D'Wuert huet d'Madame Reuter.

**Mme Dagmar Reuter-Angelsberg** *(DÉI GRÉNG)*.- Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo elo scho vill hei gesot ginn an och schonn all meng Virriedner hunn déi éischt Proposition de loi vum Här Mars Di Bartolomeo duerchgeholl. Ech géif mech am Fong just nach op den Avis vum Conseil d'État beschränken, well dee mer awer ganz sympathesch ass an ech och fannen, datt e Spillschoulskand net extra deier gëtt - also a mengen Aen. Also, e Primärschoulskand gëtt awer schonn e bësse méi deier am Vergläich zu…

***(Interruption)***

Majo, well s de engem Primärschoulskand jo awer nach muss méi Saache ronderëm kafen.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- Et ass genee datselwecht. Mir hunn d'Rechnung gemaach.

**Mme Dagmar Reuter-Angelsberg** *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, et ass net datselwecht.

***(Interruptions)***

**M. le Président.**- Fuert weider, Madame Reuter.

**Mme Dagmar Reuter-Angelsberg** *(DÉI GRÉNG)*.- Well, et erreecht een net onbedéngt säin Zil, wann een d'Allocatioune multiplizéiert oder de Krees vun den Empfänger einfach ausdehnt. Fir déi sozial schwaach Familjen ass et souwisou nëmmen eng Dréps op e waarme Steen. An déi Bessergestallte mierke mol keen Ënnerscheed, well fir déi ass et en Täschegeld.

Mir Gréng fannen och, dass een déi Sue sollt an d'Schafung vun de Structures d'accueil stiechen, déi erwisenermoossen de sozial schwaache Famille besser entgéintkommen, déi haaptsächlech de Fraen et méi liicht maache Famill a Beruff ze vereenegen, an déi och e wichtege sozialen Integratiounsfaktor duerstellen. Dofir hu mir eis décidéiert dës Proposition de loi och net ze ënnerstëtzen, och wa se am éischte Moment sympathesch kléngt.

Merci.

**M. le Président.**- Den nächste Riedner ass den Här Serge Urbany. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Merci. Ech fannen dat hei ass eng Fro, wou sech de Clivage zwësche riets a lénks zimlech gutt weist. Ech si prinzipiell d'accord mat där Proposition de loi, wéi se hei virläit, fir d'Schoulufanksgeld op de Préscolaire, op d'Spillschoul auszedehnen. Ech fannen, dat léisst sech gradesou rechtfäertege wéi déi Schoulufankszoulag fir de Primaire sech rechtfäertege léisst mat deene Käschten, déi Ufank vum Joer ufale fir déi Kanner, déi do mussen aus dem Haus eraus an d'Schoul goen. An domadder wär och den Egalitéitsprinzip respektéiert, an all Kand, wat an därselwechter Situatioun ass vis-à-vis vun der Schoul, kritt eng Allocatioun, déi reng zweckbestëmmt ass a keen anert Zil verfollegt.

Dofir fannen ech och déi Argumenter, déi dergéint virbruecht ginn an der Positioun vun der Regierung, mat den Hoer erbäigezunn, wa geschwat gëtt vu Kumul, deen do géif entstoe mat der Allocation d'éducation oder mat der Indemnité de congé parental. Déi Allocatioune verfollege ganz aner Zwecker. Ech stelle mer och nach d'Fro, wéi vill Fäll dann do betraff sinn, wou dat sech iwwerschneit. Do mussen awer scho Famille mat ganz ville Kanner sinn oder mat multiple Gebuerten oder esou, dass dat iwwerhaapt mat där Period sech do iwwerschneit, vun där mer hei schwätzen.

Da ka vläicht d'Madame Ministesch eis soen, wat fir Fäll dann dovu betraff wieren. Esouguer wann dat esou ass, fannen ech et nach net wichteg, well et gi jo mat deenen Allocatiounen aner Zwecker verfollegt wéi mat där heiter. Hei geet et ëm d'Käschten, déi d'Schoul mat sech bréngt.

Ech fannen och aus deenselwechten Ursaachen den Hiweis op de Kumul mat verschiddene Prestatiounen, déi am Ausland zerwéiert ginn, net relevant an éischtens mol och indéterminéiert an den Aussoe vun der Regierung. Mir ginn net richteg gewuer, ëm wat et do geet. Ech fannen och, dass dat net relevant ass an deem heiten Zesummenhang.

Méi seriö schéngt mer ze sinn den Hiweis op d'Noutwendegkeet vun der Rezentréierung vun de Famillenzoulagen. Et schéngt mer och dat, déi eigentlech Ursaach ze sinn, firwat d'Regierung hei dergéint ass. De Käschtepunkt ass och net iwwerwältegend, wann ech deen Tableau kucken, deen eis gewise gëtt. Hei schéngt also de Wëllen an Zukunft ze bestoe fir Aspuerungen ze maachen eventuell op deem Gebitt, respektiv de Wëlle vu méi selektiv sozialen Zouwendungen.

Dozou wëll ech soen, ech si prinzipiell fir gläich Allocatiounen, nom Prinzip: E Kand ass e Kand. Et ass virdrun hei e bësse polemesch gesot ginn, awer net ganz polemesch. Ech fannen, et ass och richteg fir dat ze soen. Dee Prinzip, wou gesot gëtt, et däerf een net mat der Géisskan iwwert d'Land fueren, dee gëllt jo och net wann een 100 Euro all Neigebuerenem op e Spuerbuch setzt. Dee gëtt jo dann och net invoquéiert, dee Prinzip.

***(Interruption)***

Ech fannen, wa mer ofkomme vum Prinzip vu gläichen Allocatiounen, wou d'Kanner all am Land matenee gläichgestallt sinn en matière familiale, dann ass dat e gravë Réckschrëtt an eng Politik vun Assistance publique. Ma da kréie just nach déi, déi de Kritäre vum Aarmebüro entspriechen oder de Kritäre vum RMG entspriechen, dann nach e Kannergeld, well da kënne mer awer sécher sinn, dass d'Grenz da relativ niddreg ugesat gëtt. Ech fannen och, dass vill Leit mat mëttlere Revenuen dat Kannergeld do brauchen an op dat Kannergeld ugewise sinn.

Grad d'Etüd iwwert d'Transferts sociaux huet bewisen, dass d'Kannergeld déi sozial Inegalitéiten erofsetzt. Besonnesch wann een et am Zesummenhang gesäit mat engem gläichzäitegen Zréckhuele vun de Steiervergënschtegungen, déi jo besonnesch déi räich Familljе favoriséieren.

Eng kleng Kritik wëll ech just ubréngen un der Proposition de loi, dee sech awer afügt an déi Logik, wéi de Moment déi Allocatioun opgebaut ass. Dat ass déi Kritik, dass och do d'Allocatioun klëmmt mat der Zuel vun de Kanner, obschonn d'Käschten net onbedéngt wuesse mat der Zuel vun der Kanner. Et ass éischter de Contraire. Ech mengen, dat ass och zimlech kloer aus där Etüd iwwert d'Transferts sociaux erausgaangen. Dat entsprécht éischter enger natalistescher Logik, dee Prinzip do, deen och hei iwwerholl gëtt fir déi nei Alterskategorie vu véier Joer un.

Ech fannen awer grad do, fir déi zahlreich Familljen, déi Famillje mat ville Kanner, do géif ech awer éischter soen, dass d'Crèchë vun enger grousser Hëllef, vill méi wéi eng gesteigert Zoulag. Ech fanne béides ass e Besoin. A wann e Besoin besteet an der Gesellschaft, da sollen och d'Suen dofir geholl gi fir dee Besoin kënnen ze finanzéieren.

Well, et freet jo och keen no de Revenue vun den Aktionären zum Beispill, oder vun de grousse Manager, oder vun deene Leit, déi um Mëttelmier mat Yachte vun 100 Meter laang dorëmmer fueren. Mä duerno freet jo och keen. Dat ass jo och kee gesellschaftlechen Thema. Et gëtt hei geschwat, dass do Sue mat der Géisskan géifen iwwert d'Land gedroe ginn. Dat ass en Thema. Dat gëtt politiséiert. Mä dat anert vun den ongläiche Verdeelunge vun de Revenuen am Land, dat ass en Thema, dee gëtt net thematiséiert.

Ech fannen d'Allocations familiales, sou wéi mir se hei an eisem System hunn, sinn eng wichteg Institutioun vun der Sozialpolitik zu Lëtzebuerg a si sollen éischter ausgebaut an ausgedehnt gi wéi zréckgeholl a méi selektiv gemaach ginn.

Ech soen Iech merci!

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Familljeministesch, d'Madame Marie-Josée Jacobs.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Merci, Här President, mir kënnten natierlech elo hei eng laang Abhandlung maachen iwwert d'Gerechtegkeet vum Kannergeld.

Ech sinn allerdéngs iwwerrascht hei zwee Riedner ze héieren, déi eigentlech net dermat d'accord sinn iwwert de System, dee mer zënter éiweg an all Zäit an dem Kannergeld hunn, fir ze soen, datt d'Famillje mat méi Kanner - an dat ass dann eng Kéier op der rietser Säit an eng Kéier op der lénkser Säit, wou déi Rieden do hierkommen - nëmmen nach sollen nom selwechten Niveau, deen ee wéi deen aneren, behandelt ginn. Also, dat ass awer elo eng nei Theorie, wou et derwäert wier fir sech méi laang driwwer opzehalen, wat awer net méi an de Kader vun dëser Diskussioun erapasst.

De Prinzip vun dem Kannergeld war ëmmer dee fir ze soen, et ass een Ausgläich fir déi Familljen, déi Kanner kréien, déi op engem Niveau sinn, fir datt jidderee ka Kanner kréien, net nëmmen déi Räich oder ech weess net wien, mä dass dat op enger horizontaler Verdeelung ass, an eng Kéier awer och ze kompenséiere bei Leit, déi méi Kanner hunn. Dat hu mer bis haut gehalen. Dat ass och dat, wat an där Proposition de loi vum Här Di Bartolomeo virgesi war.

Et ass wierklech nun awer net dat, wat ech doranner kritiséieren, mä ech denke wierklech, dass et schwiereg gëtt, wann ee besonnesch och erëm op en zweete Prinzip vun der Gläichheet kënnt, no deem d'Leit solle behandelt ginn, da gesinn ech och net, firwat datt déi Kanner, déi an de Précoce ginn, se sollen et kréien, déi Kanner, déi an d'Crèche ginn, se net solle kréien. Da seet ee sech awer op där anerer Säit: Wou bleift dann awer d'Gerechtegkeet vis-à-vis vun deene Mammen, déi doheem bleiwen oder deene Pappen, déi doheem bleiwen, fir sech ëm hir Kanner ze këmmeren? Firwat gi mer deenen dann näischt? Also déi Geschichte mat der Gerechtegkeet, dat ass jo ëmmer just esou wéi ee se brauch, wéi ee sech se kann zurechtbéien.

Dofir mengen ech, datt et de Moment net esou einfach ass fir…

***(Interruptions diverses)***

…an esou enger Proposition de loi…

***(Interruption)***

Neen, déi kréie se net!

**Une voix.**- Majo selbstverständlech!

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur*.- D'Allocation de rentrée scolaire kritt jiddfereen, ob e schafft oder net.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Ech schwätzen dovunner, wann Der Kanner hutt, déi an d'Crèche ginn. Wann dann d'Kanner net an d'Crèche ginn? Da gi mer elo de Kanner einfach soen: Ma wann et Hierscht gëtt, gi mer jiddferengem 15.000 Frang, well dat schéin ass. Et ass kee Grond derbäi, mä dat ass egal, dat passt eis eben an de Krom.

***(Hilarité)***

Also vun dohier mengen ech, datt et wierklech awer e bësselche méi iwwerluecht misst si wéi esou.

Derbäi kënnt, datt dat heiten effektiv net eng gewalteg finanziell Mehrbelastung wier fir de Budget wéi dat wat et bis elo kascht huet. Mä ech denken awer besonnesch, och well mer ëmmer erëm gefrot gi sinn an ëmmer gesot kréien, fir emol eng Etüd iwwert déi Transfertsociauxen ze maachen, an elo hu mir esou eng Etüd gemaach, mä da kann een awer se net considéréieren an et kann een och nach kucke wéi wann et se net géif ginn. Mir hunn awer als Regierung gemengt, wa mer dat ewell géife kucken, dann hätte mer och besser, mir géifen deem dann awer och éischter Rechnung droen. An da kënnt Fro, wou mer festgestallt hunn, datt besonnesch déi bei Kanner am klengen Alter besser ausgeglach si wéi deene Kanner, déi méi grouss sinn, an da stellt sech d'Fro vun deenen iwwer 14 Joer, ob een do net misst e Palier dertëschent aféiere fir d'Kannergeld ze erhéijen, amplaz datt mer et maache bei deene Klengen, wéi gesot, wou souwisou eigentlech d'Situatioun de Moment sech net erweist.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Zweete Punkt, mat deem ech absolut hei mat enger ganzer Partie vun de Virriedner d'accord sinn, ass fir ze soen, mir musse wierklech geziilt - an ech hat elo grad en anert Gespréich mat dem Deputéierte Fayot - kucke wou eng ganz Partie vu Kanner spezifesch Problemer hunn. Ech mengen, et wär méi sënnvoll, datt een och misst kucke Geld do ze investéieren, wéi wierklech awer ze soen: Dat wier schéi wa mer et kënnte maachen, mä wa mer et net kënne maachen, wier et vläicht awer méi sënnvoll, déi Suen op enger anerer Plaz wierklech vill méi geziilt anzesetzen.

D'Förderung vun enger Partie vu Kanner, Kanner, déi besonnesch Problemer hunn, déi verhalensgestéiert sinn oder aneres sinn, dat géing mer dann awer méi sënnvoll erschénge wéi dat heiten. Dofir deet et mer Leed fir mussen ze soen, datt d'Regierung mengt, datt déi Proposition de loi awer net kënnt akzeptéiert ginn.

Merci, Här President.

**M. le Président.**- Mir kommen elo zur Proposition de loi 5185 ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002, 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension; 2. portant création d'un forfait d'éducation; 3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti. Et sinn agedroen: déi Häre Meyers, Lux a Bettendorf. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Aly Jaerling.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här President, den Här Colombera wëllt nach Parole après ministre froen.

**M. le Président.**- Wëllt den Här Colombera eng Fro stellen?

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Neen, neen, e wëllt Parole après ministre.

**M. le Président.**- Ah sou!

**M. Jean Colombera** *(ADR)*.- Jo, entschëllegt, Här President, ech mengen d'Madame Minister huet mech vläicht hei ugesprach mam Kannergeld. Si huet gesot mir wäre géint d'Staffelung vum Kannergeld. Ech menge si huet mech do falsch verstanen.

**Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Dir hat dat jo gesot.

**M. Jean Colombera** *(ADR)*.- Ech hat mech hei op d'Proposition de loi vum Här Di Bartolomeo baséiert, wou hie virschléit, dass fir ee Kand 10 Euro virgesi sinn, fir zwee Kanner 20 Euro pro Kand a fir dräi Kanner 30 Euro pro Kand, an dunn hunn ech gesot, dat wär net gerecht. Ech mengen all Kand, wann et eng Allocation de rentrée scolaire misst kréien, misst déiselwecht Allocation de rentrée scolaire kréien, an ech géif net verstoen, firwat dass ech mat engem Kand dann 10 Euro géif kréien, an een, deen dräi Kanner hätt, géif

dann 3 mol 30, dat heescht 90 Euro kréien. Dat wollt ech nëmme soen. Also mir hunn näischt géint de Prinzip vum Kannergeld ze soen, mä wat den Här Di Bartolomeo hei gesot huet, dat hu mer einfach net richteg fonnt.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- D'Wuert huet elo den Här Aly Jaerling.

## 5. 5185 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002

## 1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;

## 2. portant création d'un forfait d'éducation;

## 3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti

***Présentation***

**M. Aly Jaerling** *(ADR), auteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi ech virbruecht hunn, soll dozou déngen eng Rei vun Ongerechtegkeeten aus der Welt ze schafen, déi am Zesummenhang mat dem Ëmsetzen an d'Gesetz als Forfait d'éducation vun der Mammerent, déi um Rentendësch proposéiert gouf, entstane sinn. Doduerch datt d'Mammerent als Forfait d'éducation gesetzlech festgeschriwwe ginn ass an och an der Kompetenz vum Familljeministère läit, ass et eng familljepolitesch Moossnam. Deemzufolleg muss dëse Forfait d'éducation mat anere sozialpolitesche Mesurë kumuléierbar sinn.

D'Mammerent gëtt aus dem Statsbudget bezuelt, och wann d'CSV scho versicht huet se aus de Rentekeese bezuelen ze loossen, wat awer dank dem ADR senger konsequenter Oppositioun konnt verhënnert ginn. De Statsminister huet och elo kierzlech nach um CSV-Kongress erëm uklénge gelooss, datt d'CSV wëlles hätt, d'Mammerent an d'Pensiounskeesen eranzeschmuggelen.

D'CSV, soen ech Iech, soll awer do gutt oppasse wat se mécht, well si huet d'Pensiounskeese scho genuch geplëmmt fir de Statsbudget ze sanéieren: beim Krankekeesendefizit oder beim Revenu d'attente, bei der Réinsertion professionnelle an net ze vergiesse bei der Préretraite, déi scho säit 1993 aus de Pensiounskeese bezuelt gëtt, obwuel et eng reng Beschäftegungsmesure ass. Den ADR wäert dofir suergen, datt dat definitiv ophéiert, datt d'Rentekeese vun enger failliter Regierung als Self-service benotzt ginn!

Här President, am Gesetz vum 28. am Broochmount 2002 sinn zwee Artikelen, déi Ausnahmebestëmmunge festleeë wat d'Bezuele vum Forfait d'éducation betrëfft, den Artikel 5 an den Artikel 6. Den Artikel 5 schreift fest, datt déi Mammen, déi e staatleche Pensiounszouschoss hunn, d'Mammerent ëm dee Montant vum Zouschoss gekierzt kréien. Déi Mammen, déi duerch wat fir eng Ëmstänn och ëmmer kleng Renten hunn, kréien déi duerch e Complément opgebessert. Deene gëtt d'Mammerent also ëm d'Héicht vun dem Complément gekierzt, esou datt et och do kann dozou féieren, datt guer näischt méi erauskënnt.

Den Artikel 6 seet, déi Mammen, déi den RMG kréien oder e Complément iwwert den RMG, kréien entweder guer keng Mammerent respektiv kréien d'Mammerent ëm d'Héicht vum Montant vum Complément gekierzt. A menger Meenung no ass awer all Kand e ganzt Kand. Mat deene Mesuren do gëtt et awer iergendwéi an Tranchë geschnidden, wéi wann nëmmen en Deel vum Kand erzu gi wier an de Rescht net.

Här President, wat hunn den RMG respektiv de Pensiounszouschoss mat engem Forfait d'éducation, mat der Mammerent ze dinn? D'Kannergeld ass och e Forfait d'éducation, gëtt och vum Familljeministère ausbezuelt, gëtt awer weder vum RMG ofgezunn nach vum Pensiounszouschoss, a gëtt och net als Revenu betruecht, also och net besteiert. Den RMG ass e Gesetz wat agefouert ginn ass fir deene Bierger, déi kee Revenu hunn, eng kleng Existenzméiglechkeet ze verschafen. D'Modalitéiten, wat a wéini de Montant vum RMG gekierzt ka ginn, leie kloer fest. Am RMG-Gesetz steet awer näischt, datt iergendee Forfait wéi d'Kannergeld oder aner Forfaits d'éducation kënnen ofgezu ginn. Just all Revenu gëtt a Betruecht geholl, an et ass dofir wou d'Regierung, doduerch datt se d'Mammerent deene steierlechen Ofzich ënnerworf huet, se automatesch als Revenu zielt.

Méi hannerlësteg geet et eigentlech net! Mat där enger Hand ginn a mat där anerer Hand huelen! An dann nach just och bei deenen Äermsten! D'Mamme gleewen ze loossen, si kréichen 82 Euro de Mount pro Kand an dann hanneno mat falschen Argumenter dës Zoulag ze kierzen oder ganz ze sträichen! Sidd Der Iech iwwerhaapt bewosst, datt eng Rei Mammen dës Gelder schonn an hir Haushaltsplanung agebaut haten an eventuell scho Pläng gemaach hate wéi se domadder hir Liewensqualitéit kënnte verbesseren a vläicht emol eng Kéier an d'Vakanz fuere kéinten?

Här President, datselwecht gëllt och beim Pensiounszouschoss. Och an deem Gesetz steet näischt, datt een e Forfait d'éducation kann ofzéie vum Complément, an et ass och do falsch ze behaapten, doduerch datt se e Pensiounszouschoss kréichen, hätte se schonn d'Mammerent. An ech wëllt dofir nach eng Kéier widderhuelen, fir datt och jiddfereen et versteet: D'Mammerent ass vun dësem Parlament als Forfait d'éducation agefouert ginn an dofir däerf se net als Revenu agestuft ginn an domadder och net vun anere sozialen Zoulagen ofgezu ginn.

Et sinn iwwer 5.000 Mammen, déi duerch déi onsozial Handhabung beim Ausbezuele vun der Mammerent diskriminéiert ginn. Déi géife gäre behandelt gi wéi all aner Mamm och an hätte gären hir Kannererzéiung effektiv, dat heescht ganz, unerkannt. A mir wäerten als ADR och dofir suergen, datt se déi och unerkannt kréien. Jiddfereen heibanne muss haut Fuerf bekennen, ob e bereet ass jiddfer Mamm hir Mammerent zouzegestoen oder ob e genau wéi d'Regierung mat falsche respektiv fadenscheinegen Argumenter versicht, sech virun der sozialer Verantwortung ze drécken. Jiddfereen, deen der Regierung hir Politik an dësem Beräich ënnerstëtzt, muss sech dann awer bewosst sinn, datt en dann eng Politik ënnerstëtzt, déi déi Äermst hei am Land diskriminéiert.

Här President, mir wëllen als ADR awer elo net d'Mammerent u sech a Fro stellen, well jo ëmmerhin awer 35.000 Mammen dovunner kënne profitéieren, a well et e klenge Schrëtt an déi Richtung ass wou mer als ADR wëlle goen, nämlech d'integral Unerkennung vun der Kannererzéiung.

Och wann dës Aart vu Mammerent nach net dem ADR sengen integrale Virstellungen entsprécht, et ass awer e Schrëtt an déi richteg Richtung, ausser der traureger Tatsaach, datt 5.000 Mammen diskriminéiert ginn a se net kréien. Fir dës Regierung ass also net ee Kand esou vill wäert wéi dat anert, well dës Regierung nach ëmmer net bekäppt huet, datt et en Ënnerscheed gëtt tëschent fiktiv an effektiv. 35.000 Mamme kréien d'Mammerent effektiv an iwwer 5.000 kréie se nëmme fiktiv. 3.000 Frang hunn an net hunn ass en Ënnerscheed vu 6.000, Madame Minister!

Här President, mä ech sinn awer iwwerzeegt, datt och déi 35.000 Mammen net mat der Regierung d'accord sinn, datt iwwer 5.000 Mammen nëmme wéineg oder iwwerhaapt näischt fir d'Erzéiung vun hire Kanner solle kréien, well d'Mammen eben en Häerz hunn. Et schéngt mer awer esou, datt et der Regierung wahlpolitesch duergeet, datt 35.000 Mammen dësen Zouschoss kréien. Déi 5.000, déi näischt oder nëmmen e bësse kréien, schéngen der Regierung eng wahlpolitesch ze kleng Minoritéit duerzestellen, där een net onbedéngt muss Rechnung droen.

D'Proposition de loi, déi haut hei virläit, soll endlech dofir suergen, datt d'Éducatioun vun de Kanner fir all Mamm gläich bewäert gëtt. Si soll awer och kloermaachen, datt dem ADR seng Initiative fir d'Éducatioun vun de Kanner opzewäerten nach net um Enn sinn, an esou laang net bis mer et fäerdeg bruecht hunn alle Mamme während hirer Kannererzéiung déi Moyenen zur Verfügung ze stellen, sief et finanziell oder infrastrukturell, fir datt se sech ouni irgendeng Contrainte ëm d'Erzéiung vun hire Kanner këmmere kënnen, an datt während där Zäit hinnen eng Pensiounscarrière kann opgebaut ginn.

Dofir géif ech jiddereen heibanne bieden haut mat der Zoustëmmung zu dësem Gesetz matzehëllefen de Grondsteen ze leeën, fir datt all Mamm hir Mammerent net nëmme fiktiv, mä effektiv kritt, dat besonnesch am Sënn vum Artikel 10bis vun eiser Verfassung, dee kloer seet, datt virum Gesetz all Bierger gläich sinn, an net nëmmen déi, déi eng staark Lobby hanneru sech hunn.

Den Artikel 3 vu menger Propositioun de loi geet dohinner, datt dëst Gesetz soll réckwierkend op den 28. am Broochmount 2004 a Kraaft trieden, nämlech da wou och all déi aner Mammen hir Mammerent, déi keng Ofstrécher gemaach kréien, effektiv zougestane kréien. Dofir géif ech all Deputéierten heibanne biede sech en Häerz ze faassen an dëser Proposition de loi zouzestëmmen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als éischte Riedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

***Discussion***

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kënnt am Fong geholl meng Interventioun ufänke mat deeneselwechte Wierder wéi den ADR-Vertrieder, deen zu der Allocation de rentrée scolaire geschwat huet an déi e mat Wierder ofgelehnt huet, déi ech hei bei sen-ger eegener Propositioun kënnt widderhuelen, wat ech awer net wëll maachen, wou e gesot hutt, et kënnt een ëmmer nach méi wait goen, an et kënnt een ëmmer nach Neies fannen an d'Leit ëmmer nach besser beglécken.

Den ADR huet eng Proposition de loi abruecht fir d'Gesetz vum 28. Juni 2002 op zwee oder dräi Punkten ze änneren. Wa mer zréckkucken, an dat musse mer emol maachen, da gesi mer och, firwat datt deemools dee Forfait d'éducation agefouert ginn ass, well et ass eigentlech e Produkt vum Rentendësch. An de Rentendësch huet décidéiert, datt d'Babyjore retroaktiv géifen ugewant gi fir all Fraen, déi d'Bedéngunge vum Gesetz géifen erfëllen an datt och déi, déi virun 1988 hir Kanner kritt hunn, d'Babyjore kënnte kréien, wa se d'Bedéngunge vum Gesetz géifen erfëllen. Déi Bedéngunge sinn déi, datt een an deenen dräi Jore virun der Gebuert wéinstens 12 Méint geschafft huet oder pensiounsversécher war.

D'Babyjore ginn duerch de Stat bezuelt. D'Erzéiungsjore sinn eigentlech schonn zënter Ufank vun den 90er Joren, dat heescht, dee Moment wéi d'Gesetz vun 1988 komm ass, ugewant ginn an dat huet dozou gefouert, datt déi Persounen, déi Kanner zu Laaschten haten, schonn deemools d'Erzéiungsjore konnten ugerechent kréien.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Gläichzäiteg mat der Retroaktivitéit vun de Babyjoren huet sech awer d'Fro gestallt: Wat kréien dann déi Fraen, déi weder vu Baby- nach vun Erzéiungsjore kënne profitéieren? An do ass de Virschlag gemaach ginn, fir deenen dee Moment dee sou genannte Forfait d'éducation ze bezuelen.

Wa mer déi zwee Produkter vum Rentendësch kucken, engersäits d'Retroaktivitéit vun de Babyjoren, d'Urechnung vun den Erzéiungsjoren, wat zwou verschidde Saache sinn, an d'Aféierung vum Forfait d'éducation, da muss ee soen, et war eng gerecht Léisung, an déi Léisung ass och haut nach gerecht, well jiddereen eng Leeschtung kritt fir d'Erzéiung vun de Kanner. Deen een an der Pensioun, duerch d'Urechne vu Baby- an Erzéiungsjoren, an deen aneren, deen dat net ka kréien, iwwert dee sou genannte Forfait d'éducation oder wéi se dobausse genannt gëtt, d'Mammerent.

Elo gëtt hei proposéiert zwee Artikele vun deem Gesetz ofzeschafen. Engersäits deen Artikel, dee virgesäit, datt d'Erzéiungsjoren net méi sollten ugerechent ginn, dat heescht, datt déi, déi Erzéiungsjoren an der Pensioun kréien, och nach zousätzlech kënnen de Forfait d'éducation kréien. Wa mer awer kucke wat fir eng Prestatioun, datt déi do Persounen iwwert d'Erzéiungsjore kréien, an do ass e Beispill an der Prise de position vun der Regierung, da stelle mer fest, datt déi Zouwendunge wesentlech méi héich sinn, wéi dat wat als sou genannte Forfait d'éducation ka bezuelt ginn.

An ech erënneren hei drun, datt eigentlech och bei de Mindestpensiounen d'Urechnung vu de Babyjoren an d'Urechnung vun Erzéiungsjoren quasiment deeselwechten Effet huet. Si féieren dozou, datt déi niddreg Pensioune kënnen eropgesat ginn, an datt, wann een op 40 Versécherungsrespektiv Stagejore kënnt, een d'Mindestpensioun vun 1.266 Euro ka kréien. An déi meescht Fraen, déi haut d'Mindestpensioun kréien, hu se nëmme well se Baby- an Erzéiungsjoren ugerechent kréien. Wa se déi nämlech net hätten, wier d'Pensioun wesentlech méi kleng.

Et hätt sech also och kënnen d'Fro stellen, ob ee bei deenen dote Pensiounen iwwerhaapt nach Erzéiungsjoren ugerechent hätt. Da wieren d'Pensioune méi kleng gewiescht. Dann hätten se de Forfait d'éducation kënne kréien, mä da wiere se wesentlech méi schlecht ewechkomm. Et wier also eng ongerecht Léisung gewiescht. Dofir ass och gesot ginn, mir ginn deenen, déi d'Bedéngungen erfëllen, d'Baby- an Erzéiungsjoren, an déi, déi se net kënne kréien, kréien de Forfait d'éducation.

Wa mer deen heiten Text elo uwende géifen a mir wieren domat d'accord, da wieren och déi Solutiounen, déi hei als ongerecht dohi gesat ginn, net aus der Welt geschaaft, well et sinn eng ganz Rei Persounen, déi kréien d'Mindestpensioun och duerch d'Babyjoren. Or, déi ginn awer hei net ewechgeholl. Et sinn nëmmen d'Erzéiungsjoren, déi erausgeholl ginn. Also schafe mer tëschent deene Fraen, déi Babyjore kréien an deenen déi Erzéiungsjore kréien, déi awer allen zwou d'Mindestpensioun hunn, erëm eng nei Kategorie vu Bénéficiairen. Dat ass fir mech eng zousätzlech wesentlech Ongerechtegkeet, déi duerch déi heite Proposition de loi geschaaft gëtt an déi, déi de Kapp rëselen, wësse ganz genee, datt dat richteg ass. Wann een eppes dovunner versteet, weess een, datt d'Baby- an d'Erzéiungsjore bei der Mindestpensioun deeselwechten Effet erbréngen.

Déi zweet Propositioun, dat ass déi fir de Forfait d'éducation net méi unzerechne bei dem RMG. Den RMG ass e Mindestakommes, wou all aner Revenuen ugerechent ginn. Et ginn och d'Pensiounen ugerechent, ofgesi vun engem Betrag, deen immuniséiert gëtt, deen iwwregens beim Rentendësch wesentlech erëm eropgesat ginn ass, fir och déi do Effeten ze contrecarréieren.

Wa mer elo hi géinge goen a mir huelen de Forfait d'éducation eraus a mir rechnen dee bei dem RMG net méi un, da misst een am gläichen Ootemzuch och higoen an d'Leeschtungen, déi d'Persoune kréien duerch Baby- an Erzéiungsjoren, gläichzäiteg eraushuelen, well eigentlech de Forfait d'éducation dat soll duerstellen als Leeschtung wat op en anere Wee an der Pensioun duerch Baby- an Erzéiungsjore bezuelt gëtt. Et schaaft een also och do nei Kategorien an nei Ongerechtegkeete vis-à-vis vu Leit, déi eigentlech fir d'Erzéiung déiselwecht Prestatiounen, déi eng iwwert d'Pensiounen, déi aner iwwert d'Mammerent, solle kréien.

D'Proposition de loi, déi hei zur Diskussioun steet, bréngt also keng méi grouss Gerechtegkeet, mä bréngt zousätzlech Ongerechtegkeeten a schaaft nei Rigueuren tëschent verschiddene Kategorië vu Leit. Wann een de Problem soll ugoen, an dat kann een och maachen, da muss een allerdéngs dat Ganzt gesinn an da muss ee kucke wat fir eng Effeten, datt dat do op all Bénéficiairë kann hunn. An da muss een och, compte tenu vun där Erfahrung, déi gesammelt ginn ass opgrond vun deem dote Gesetz, emol kucke wat da wierklech Rigueuren nach sinn. An ech mengen, wa wierklech Rigueuren do sinn, da kann een och doriwwer schwätzen, mä et kann een et net maachen op eng Aart a Weis, wou een erëm nei Ongerechtegkeeten an nei Häertefäll schaaft.

Eng lescht Propos ass déi, fir dat do retroaktiv ze maachen. Dat ass quasiment onméiglech, well da misste jo all d'Demanden nogekuckt ginn. Et si 40.000 Demanden do.

Bon, do sinn der eng Rei, déi hunn et ganz kritt. Et sinn der, déi hunn et deelweis kritt. Wann een dat do uwent, da misst een all déi do Dossieren erëm nokucke goen, oder e gudden Deel dovunner, well et weess ee jo net, ween datt dat kënnt kréien a ween net. An ech sinn der Meenung, dass déi Dossieren do manuell misste behandelt ginn, well et kann ee jo keen informatesche Programm maachen, dee sech retroaktiv op déi do Fäll géif bezéien. Et ass eng onméiglech Situatioun, déi hei geschafe géife ginn, sou dass ech der Meenung sinn, dass déi Proposition de loi an där Form vun der CSV net kann ugeholl ginn.

**M. le Président**.- Den Här Lucien Lux, wann ech glift.

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech géif am Géigesaz zu deem, wat den Här Paul-Henri Meyers gesot huet, net mengen, dass dee Virschlag, deen hei gemaach ginn ass, eng Fortsetzung ass vun deem Usaz, ob mer hei iwwer Begléckung vu Leit schwätzen oder net. Ech hunn, wéi vill heibannen an dobaussen, an deene leschte Wochen a Méint vill ze vill betraffe Mamme begéint a geschwat, fir ze wëssen, dass et net ëm Begléckung geet, mä dass et

do ganz vill Roserei bei deenen engen, Trauregkeet bei deenen anere gëtt, Désarroi bei ville gëtt vis-à-vis vun enger Situatioun, déi effektiv ganz schwiereg ass de Leit ze erklären.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dofir wëll ech am Numm vun eiser Fraktioun och soen, dass mer deemools schonn, wéi mer d'Gesetz hei gestëmmt hunn, an den Aarbechte vun eiser Kommissioun drop higewisen hunn, wou mer hei géinge landen. Et ass d'Tatsaach, dass mer eis hei net konnten entscheeden, ob mer an enger rentepolitescher oder an enger familljepolitescher Moossnam wieren. Et ass déi Inkohärenz, déi am System hei draläit, déi eis forcément zu deem Désarroi bei all deene Leit féiert, déi elo hei eidel ausginn.

An dass mer zwar dat d'Mammerent nennen, mä a Wierklechkeet et awer net definitiv als eng rentepolitesch Moossnam gesinn, weist jo, dass mer vu vireran zum Beispill gesot hunn, et gëtt bezuelt iwwert de Statsbudget, net iwwert d'Pensiounskeesen, dass mer et an d'Kompetenz ginn hu vun dem Familljeministère, net an de Ministère vun der Sécurité sociale, an dass wann et eng Mammerent wier, da wier et jo en éischten Usaz vun enger Diskussioun, déi iwwert d'Individualiséierung vun de Renterechter vun de Fraen insgesamt, ob se schaffen oder net schaffe ginn, géif féieren.

Dann hätt, Här Paul-Henri Meyers, jo och déi Mammerent do missten iergendee Rôle spillen an dem Groupe de travail, deen am Moment amgaangen ass ze schaffen iwwert d'Individualiséierung. Se spillt awer do kee grousse Rôle, well mer dann och mussen diskutéieren iwwert de Statut vu Mammen, iwwert d'Pai vu Mammen. Ech mengen, da musse mer wierklech konzeptuell diskutéieren: Wou setze mer dat do an dee ganzen Instrumentarium vu Moossnamen, déi mer hunn, wou setze mer dat hin?

An da soen ech Iech nach eppes: Ech sinn definitiv, och wann d'LSAP vu vireran en anere Modell mat enger Proposition de loi jo deemools schonn ënnerbreet huet, foncièrement a méi wéi jee der Iwwerzeegung, dass een de Forfait d'éducation net kann oprechne géint de Complément fir d'Mindestrent ze kréien an och net géint den RMG. Well dat Äppel a Bire sinn!

Souwuel beim Artikel 5 vum Complément fir d'Mindestrent wéi beim RMG geet et ëm Solidaritéit, net ëm d'Erzéiungsleeschtung vu Mammen, déi hir Kanner opgezunn hunn. Do geet et ëm Solidaritéit, fir d'Leit op e Minimum ze bréngen. Hei, hu mer gesot, schafe mer eng zousätzlech Leeschtung, fir déi Leit, déi Kanner opgezunn hunn. Ech mengen, si hunn et alleguer ënnert méi oder manner grousse Schwieregkeeten an ënner méi oder manner grousser Freed, solle mer net vergiessen, gemaach.

Dofir ass dat vu vireran e strukturelle Feeler, deen hei geschitt ass an deen elo dozou féiert, dass mer dobausse wéi gesot bei de Leit ganz grouss Problemer hunn.

Dann däerft ee jo vläicht drun erënneren, dass et deemools och an den Avisen eng ganz Rei vun Institutioune gouf, déi Iech, wann ech dat esou däerf soen, an der Majoritéit drop higewisen hunn, wat dann hei géif geschéien. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, en Zitat deemools, ier mer d'Gesetz gestëmmt hunn: „Il devra notamment être veillé à ne pas discriminer les mères qui ont continué à travailler, souvent à temps partiel, et pour revenu modeste pour réussir à joindre les deux bouts et qui tirent aujourd'hui de cette carrière une pension modeste." Déi wousste och, wat géing hei dobäi erauskommen.

An d'FGFC an hirem Leitartikel, ier mer d'Gesetz gestëmmt hunn, seet genau datselwecht: „Viele berufstätige Mütter waren während Jahren einer schweren Doppelbelastung ausgesetzt. Sie haben Steuern bezahlt und Beiträge geleistet für Kranken- und Rentenkassen. Sie bekommen als Witwe wesentlich weniger Überlebensrente von ihrem Ehepartner als nicht berufstätige Frauen. Sie sollen jetzt auch noch bei der Erziehungszulage leer ausgehen, während andere Frauen, die eventuell nie zu arbeiten brauchten, weil der Haushalt genug andere Einkünfte hatte, 3.000 Franken pro Kind erhalten, das sie vielleicht noch nicht mal selbst erzogen haben."

Allegeurten hu se gesinn, wat géing an der Diskussioun an an deem, wat mer géinge maachen, wat géing do op eis zoukommen. Fir och nach eng Kéier, wat schonn e puermol hei geschitt ass, ze zitéieren, dat ass, dass de Conseil national des femmes deemools unanime mat de Stëmme vun de chrëschtlech-soziale Frae, gesot huet: „…se situant dans le domaine de la politique familiale, il est accordé une prime aux femmes ayant eu des enfants (…) doit être matérialisé dans l'esprit de la politique d'égalité. Le Conseil se prononce donc pour l'octroi du bénéfice d'une telle prime à toute mère ou tout père indépendamment du fait d'avoir également travaillé à l'extérieur du ménage." All déi woussten deemools, wat géif geschéien.

Dann hu mer jo an der Kommissioun, an dat wëll ech awer de Mëtten hei nach eng Kéier rappeléiere, doriwwer laang diskutéiert. An dat, wat haut proposéiert gëtt vun dem ADR, ass jo deemools en Amendement gewiescht vun den CSV-Deputéierte Lucien Weiler a Jean-Marie Halsdorf. Ech wëll dat nëmmen erënneren, dass deemools an der Sëtzung, den 26. Abrëll 2002, déi zwee Deputéierten Amendementer proposéiert haten - de President vun der Kommissioun, den Här Bettendorf, ka sech un déi homeresch Diskussioun, déi mer haten, sécherlech nach erënneren - fir d'Artikele 5 a 6 ze abrogéieren. Genau dat, wat de Mëtten hei diskutéiert ginn ass.

Ech wëll och zitéieren aus dem Procès-verbal vun eiser Sëtzung deemools, wéi mer iwwert déi zwee Amendementer Halsdorf a Weiler diskutéiert hunn, déi herno an der Sëtzung drop zréckgezu gi sinn. Mä ech mengen, si haten awer eng Kéier déi intellektuell Éierlechkeet fir zouzeginn, dass hei Problemer wieren. Deemools, ech huelen nëmmen ee Saz eraus: „Maintenir l'article 5" - iwwert dee mer haut diskutéieren, d'Oprechne vum Forfait d'éducation géint de Complément fir op d'Mindestrent ze kommen - „constituerait une injustice flagrante vis-à-vis des personnes touchant une pension minima et qui sous prétexte de bénéficier d'un complément de pension, ne verraient pas leur travail éducatif apprécié et valorisé comme les autres parents bénéficiaires du forfait et notamment ceux dont la situation financière est moins précaire."

Genau dat den Amendement, an Dir wësst, Här Paul-Henri Meyers, dass an der Sëtzung duerno déi zwee Amendementer erëm zréckgezu si ginn, well deemools verstane ginn ass, an do huet den Här Paul-Henri Meyers Recht, well verstane ginn ass, dass wann een dat géing maachen, och dat, wat den Här Jaerling haut proposéiert, dass een dann erëm nei Ongerechtegkeet vis-à-vis vun anere Persoune schaaft, well einfach de System, de Modell an deem Mooss inkohärent ass an net zesummepasst, well mer dann an eng Situatioun kommen, Här Jaerling, an déi ass einfach esou wéi se ass, dass dann déi Leit, déi eng Mindestrent kréien, wou Babyjoren dra sinn, dass déi dann eidel ausginn, well déi jo och virdrun duerch aner Artikelen immuniséiert gi bei de Babyjoren, also dann hir Mindestrent kréie plus null an dass déi, wou an der Mindestrent keng Babyjoren dra sinn, dass déi d'Mindestrent kréien, de Complément, dann d'Mindestrent an dann nach de Forfait d'éducation an dass…

***(Interruption)***

Ma natierlech.

…mä dass mer dann erëm nei Inkohärenze schafen an dat ware jo d'Grënn, firwat deemools d'Regierung an och eng Rei vun Deputéierten, Kolleegen aus der Majoritéit gesot hunn, mir kënnen net an déi Richtung goen, well soss si vläicht déi do 5.000 zefridden, mä et sinn erëm aner Dausenden, déi dann erëm ufänke sech opzereegen, zu Recht, well dann nei Inkohärenzen am System entstinn.

An ech hat schonn eng Kéier d'Geleeënheet, Här Gibéryen, fir Iech ze soen, dass den ADR a mengen Aen e schlechte Verteideger war deemools vun deem, wat en haut seet, an dass en deemools och d'accord war mat der Majoritéit fir an d'Richtung ze goen, de Forfait d'éducation als eng rentepolitesch Moossnam ze gesinn.

Den ADR huet ëmmer gesot, fir eis ass dat den Ufank, den éischte Schrëtt an d'Richtung vun der Mammerent, déi mer gären hätten. An dass Dir selwer net iwwerzeegt waart, dass dat doten effektiv d'Problemer wären, Här Gibéryen, weist, dass beim Artikel 5, deen der haut proposéiert ze abrogéieren, wéi mer ofgestëmmt hunn iwwert d'Amendementer vun dem Här Weiler a vun dem Här Halsdorf, an dat liesen ech och am Procès-verbal, dass zwee Deputéierten dofir waren, fir dat ze abrogéieren - dat war den Här Bausch an ech selwer - an dass den Här Gibéryen sech deemools enthalen huet, well hien och gesinn huet, dass wann een am Geescht vun enger rentepolitescher Moossnam bleift, dass een dann effektiv och misst weider denken an am System bleiwen. A wann een am System bleift, da féiert et, an eisen Aen, zu deenen Ongerechtegkeeten, déi mer am Moment gesinn.

Dofir denke mir, dass dee Modell, dee mer deemools proposéiert haten, den eenzeg richtege war, fir als LSAP kloer ze soen: Mir sinn an enger familljepolitescher Moossnam a gesi se also gläich fir all Mammen, well all Mammen, ouni Ausnahm, ob Babyjoren oder ob Complémentë fir op d'Mindestrent ze kommen oder ob RMG, eiser Meenung no, e Recht sollen hunn, fir an de Genoss vum Forfait d'éducation ze kommen. Dofir streide mir och net mat Iech ëm den Artikel 5 an den Artikel 6, well mir soen: Dir sidd Prisonnéier vun deem System, deen Der gär gehat hätt, mat all deenen Ongerechtegkeeten, déi en no bausse forcéiert, well Äppel mat Biren hei géinteneen opgerechent ginn. Mir si fir en anere Modell an et ass an der Têschenzäit, fir domadder opzehalen.

Och anerer fänken u sech doriwwer Gedanken ze maachen - jiddefalls weist dat de Wahlprogramm vun der DP,…

***(Interruption)***

…deen ech natierlech ganz genau gelies hunn a wou op der Säit 48 e Saz steet, deen esou typesch DP ass, dat ass bal net auszehalen.

Net nëmme muss een drop hiweisen, dass et net „Erziehungszulage" ass, wéi hei steet, ech mengen dat ass e klengen Iertum, mä „Allocation d'éducation" misst op Dätsch iwwersat „Erziehungspauschale" heeschen, mä do steet dann dran: „Wir werden die Erziehungspauschale", soen ech, well et ass déi, déi gemengt ass „…, die durch das Gesetz vom 28. Juni 2002 eingeführt wurde, nach den bisher gewonnenen Erfahrungswerten überarbeiten und das Statut der Personen, die bisher nicht in den Genuss dieser Zulage gekommen sind, gegebenenfalls überprüfen."

***(Interruptions)***

Wie gär hätt, dass d'Léisunge vun de Problemer vum Forfait d'éducation op Mokussdag solle verluecht ginn, dee soll sech deem Saz hei uschléissen. Wien dat net wëllt maachen, dee fënnt besser Propositiounen. Merci.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Här President, den 28. Juni 2002 hu mer dat Gesetz gestëmmt, wou mer déi Accorden, déi mer um Rentendësch geholl hunn, a Musek ëmgesat hunn. Dozou vu mir e puer Bemierkungen - ech souz mam Jean-Paul Rippinger fir d'Demokratesch Partei um Rentendësch an ech ka mech nach gutt un d'Diskussioune vun deemools erënneren.

Fir d'éischt wëll ech betounen, datt all d'Parteien an d'Gewerkschaftsplattform hir Virstellungen haten, wat sollt verbessert ginn. Fir eis als Demokratesch Partei war den éischte Punkt déi sou genannten Hongerrenten aus dem Wee ze schafen - am Géigesaz zu anere Parteien, déi och do mat um Dësch souzen. Haut kann ee soen, dass bei enger voller Carrière de Mindestloun d'Mindestrent ass, a mir sinn houfreg dorobber, dass mer do Satisfaktioun kritt hunn, dass dat haut de Fall ass.

Zur Propositioun vum Här Jaerling fir d'éischt eng Feststellung: All Mamm kritt déi sou genannte Mammerent, sou wéi d'Madame Ministesch Marie-Josée Jacobs dat schonn hei öfters am Detail erkläert huet. Si huet Recht wa si seet: Et kann net sinn, datt déi eng de Forfait kréien an datt déi aneren en zweemol kréien, eng Kéier als Forfait d'éducation an eng zweete Kéier als Zousaz zur Pensioun, fir bis op d'Mindestpensioun eropzekommen. Do huet d'Madame Minister Recht, wa se dat seet, an do behält si och Recht an der Zukunft.

Viru mir hunn den Här Paul-Henri Meyers an den Här Lucien Lux, déi ech allen zwee ganz héich als Rentenexperte schätzen, erkläert, firwat dass dat esou ass - an ech wäert duerno net méi dorobber an den Detail agoen. Et ass op alle Fall net, fir hei elo der Madame Minister de Prozess an deem dote Punkt ze maachen.

Ech muss awer och soen, wat den Aly Jaerling a senger Propositioun ernimmt huet, wat mir an der Santé- a Sécurité-sociale-Kommissioun gesot hunn, dass de Forfait d'éducation net als Rentenelement unzegesinn ass. De Prinzip vun der Rent ass deen, dass ee muss abezuele fir eng Rent ze kréien. Mir wëssen: Den Arbeitgeber een Drëttel, den Arbeitnehmer een Drëttel an de Stat een Drëttel. Mir hunn um Rentendësch ferme mam Budgetsminister diskutéiert, wien da sollt de Forfait d'éducation bezuelen. Mir waren dergéint - a wann ech elo soe mir, dat war bal déi absolut Majoritéit ronderëm de Rentendësch -, dass déi Suen aus der Rentekeess sollte geholl ginn, well eben de Forfait d'éducation keng Rent ass. Et wär deemools schéinen Zirkus ginn, wann aus de Rentekeesen e Forfait bezuelt gi wier, zum Beispill u Leit, déi awer och näischt mat de Reservë vun de Keesen ze dinn hunn.

De Budgetsminister huet dat e bëssen aneschters gesinn a gesot, dass de Stat jo awer och een Drëttel zu de Reserven, déi an de Keesen dra sinn, bäigedroen huet; an och do huet hie Recht. Een Drëttel vun de Suen, déi an de Rentekeese sinn, si vum Stat doranner abezuelt ginn. De Rentendësch war awer der Meenung, de Forfait fir all Mamm sollt iwwert de Statsbudget bezuelt ginn. War dat falsch? Ech mengen net. Genausou wéi d'Kannergeld näischt mat de Renten ze dinn huet, sou huet och de Forfait d'éducation direkt näischt mat Renten ze dinn.

Näischt hënnert eis fir ganz sozial ze denken: Méi Solidaritéit a sozialen Engagement fir déi, déi et noutwendeg hunn a manner fir déi, deenen et méi wéi gutt geet. 44% vun eisem Budget sinn d'Sozialausgaben. A wa mer wéi haut Diskussioune féieren - nach hei eppes bäi an nach do eppes bäi - da musse mer jo awer wëssen, dass dee Prozentsaz vun eisem Statsbudget, deen elo bei 44% ass, nach ëmmer weider an d'Luucht goen a mir mussen eis dach dann d'Froe stellen, ob mer kënne weider an déi Richtung goen oder ob mer net awer sollen endlech versichen déi Ausgaben, déi mer do hunn, méi sozial gerecht ze verdeelen, méi do wou et noutwendeg ass, wéi do wou et net noutwendeg ass.

Ech weess, ech hat um Rentendësch eng Bemierkung gemaach fir déi ech de Fanger gewise krut. Ech hat als Beispill eng Mamm vu 94 Joer zitéiert, mat zwee zolitte Bouwe vun 72 a 70 Joer, déi finanziell excellent do steet oder do stoung - d'Fra ass haut leider dout an et entzitt sech och menger Kenntnis, ob déi Fra eng Demande gemaach huet, fir do fir hir zwee stolz Bouwen de Forfait d'éducation unzefroen - op alle Fall hätt si als Mamm, wéi all déi aner, Recht gehat, fir dee Forfait d'éducation ze kréien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, meng Konklusioun zum Här Jaerling senger Proposition de loi ass déi hei: Mir däerfen iwwert deen dote Wee, deen hei proposéiert ass, keng nei Ongerechtegkeete schafen. Hien huet Onrecht, wann hien hei d'Sträichung vun deenen Artikele freet. Et kann net sinn, dass déi eng eppes zweemol kréien an déi aner nëmmen eng Kéier. Wou ech awer mat him averstane sinn, dat ass - oder wou ech menge mat him averstanen ze sinn -, datt mer et vläicht hei verpasst hunn dem sozial wichtegen Aspekt méi Rechnung ze droen an ech géif mer wënschen, dass bei enger nächster Geleeënheet déi nächst Regierung dëse Punkt „Forfait d'éducation" nach eng Kéier géif op de Métier huelen.

De Lucien Lux huet de Wahlprogramm vun der Demokratescher Partei zitéiert. Effektiv ass de Forfait d'éducation domadder gemengt, an ech kann Iech soen, mir wäerten eis op alle Fall dofir asetzen, dass mer dëse Projet nach eng Kéier op de Métier wäerten huelen.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi gréng Fraktioun hat um Rentendësch an nom Rentendësch eng extrem kritesch Haltung par rapport zu där Propos vun enger Aféierung vum Forfait d'éducation esou wéi se vun der CSV deemools um Rentendësch proposéiert ginn ass an huet déi Haltung bis haut net brauchen ze revidéieren, well eigentlech dat, wat sech an der Praxis erausgestallt huet, eis vu moies bis owes ëmmer nëmme Recht ginn huet.

Zweetens hu mer misse feststellen, datt och vill Acteuren, déi am Ufank mat wehenden Fahnen - an dat waren der net nëmmen aus der Majoritéit, mä och aus der Oppositioun - fir déi doten Approche waren, entre-temps d'Schwächten an d'Lacunen dovu mierken an ufänke Kéieren ze huelen an op aner Weeër wëllen ze goen.

Firwat ware mir skeptesch par rapport zu där doten Aféierung? Sé-

cherlech net well mer deene Persounen, déi hei an de Genoss vun deene Sue kommen, déi Suen net kéinte vergonnen oder emol net wëllte ginn, mä aus ganz anere Grënn. Et waren dräi Grënn firwat mer skeptesch ware par rapport zu där doten Aféierung. Den éischte Grond war, datt mer der Meenung waren, datt et sozial ongerecht wär an och nach sozial onselektiv wär.

Sozial ongerecht, dat ass elo scho vu menge Virriedner hei en long et en large beschriwwe ginn, wou d'Schwieregkeeten do leien. Den Här Lux schwätzt hei souguer dovun, datt mer duerch dee System, an dee mer eis hei beginn hätten, an enger gewësser Gefaangenschaft wären an datt et ganz schwéier wär, dee System hei eng Kéier sozial gerecht ze gestalte fir jiddfer Mënsch an eiser Gesellschaft.

Ech géing awer dobäi soen, datt den Aspekt vun der Onselektivitéit fir eis awer mindestens esou wichteg ass an et eis och erstaunt, datt deen net méi oft an de Viergrond gestallt gëtt, well wat geschitt hei? Hei huele mer öffentlech Gelder, an net wéineg öffentlech Gelder aus dem Statsbudget pro Joer a mir stiechen se an eng sozial Mesure, onofhängeg vum Fait, datt mer virdrun eng Analys gemaach hunn, ob déi Persounen, déi se kréien, déi Suen eigentlech och brauchen. Hei kritt engem Banquier seng Fra genausou gutt dat Geld wéi engem Aarbechter seng oder eng Aarbechterfra.

***(Interruption)***

Jo, Madame Nicklaus, do si mir enger Meenung, datt een do misst an Zukunft differenzéieren dowéinst an an deem Aspekt wéi dat och scho vun engem anere virdrun hei ugeklongen ass, datt an Zukunft, wa mer de Sozialstat op engem héije qualitativen Niveau wëllen erhalen, dat wëlle mir als Gréng, a virun allem e wëllen erhale fir déi, déi e wierklech brauchen, da komme mer an Zukunft net derlaanscht eis déi do Froe bei all sozial Mesure, déi mer aféieren, ze stellen: Ob et Sënn mécht, datt mer mat der Géisskan duerch d'Land lafen an onofhängeg vum Fait, ob Leit dat brauchen, déi Gelder esou verdeelen.

Mir sinn der Meenung, datt wann d'Verméigenssituatioun déi ass wéi se nun eemol ass, zum Beispill an engem Banquiersmilieu, datt et eng absolut Sënnlosegkeet ass fir öffentlech Gelder ze huele fir dann eng sozial Mesure esou Leit zegutt kommen ze loossen. Komm mir huelen déi Gelder alleguer a mir loossen se deene Leit méi zegutt kommen, déi se wierklech brauchen. Dat ass awer hei net geschitt. Hei gëtt unilateral einfach verdeelt, onofhängeg vun der Verméigenssituatioun vun der Leit, well déi gëtt net gekuckt. An dat fanne mir sozial total ongerecht!

Dat ass wierklech total ongerecht, virun allem och par rapport zu deene Leit, deenen et wierklech schlecht an eiser Gesellschaft geet, a virun allem par rapport zu deene Leit, wou hei virgeschobe gëtt deene mer hätte wëllen hëllefe mat där dote Mesure. Nämlech den Ursprung vun der Diskussioun war jo deen, datt gesot ginn ass, och heimadder - an den Här Bettendorf huet et jo hei bestätegt -, datt behaapt ginn ass heimadder géinge mer d'Altersaarmut, a virun allem d'Altersaarmut bei de Frae bekämpfe wëllen.

Deen zweete Punkt, an da kommen ech zu deem vun der Altersaarmut bei de Fraen, dee gëtt mat deem heite Forfait d'éducation net am Geréngste geléist. An et ass esou, datt an der Zukunft et och nach ëmmer wäert si wéi et an der Vergaangenheet war, datt eng Fra, déi zimlech hiert ganzt Liewe mat engem Partner zesummegelieft huet an iergendwéi, loosse mer soe mat 50 oder 55 Joer, gescheet gëtt, an doduerjer zum Beispill ni geschafft huet, sech ni eng Cotisatioun konnt opbauen, sech ni eng Rent konnt opbauen, datt där herno am Alter och mat deene puer honnert Euro, déi se do kritt, net immens vill gehollef ass. D'Léisung fir deen dote Problem ass eiser Meenung no net ze sichen an engem Forfait d'éducation, mä an deem wou ech herno nach drop zréckkommen, wat mir proposéiert hunn um Rentendësch, an engem Iwwergank zu engem individualiséierte System vu Renterechter.

An dann deen drëtte Punkt, bon dee wëll ech net nach eng Kéier widderhuelen, deen ass vu verschiddene Virriedner hei schonn ugeschwat ginn, dat ass, datt ab engem gewësse Punkt, am Ufank um Rentendësch ass et kloer gekennzeechent gewiescht als rentepolitesch Mesure vun der CSV, an eréischt nodeem ënner anerem ech selwer eng Kéier op der Televisioun gesot hunn, ech géing dat eng cocasse Iddi fannen, an et ass iwwregens net esou, Här Bettendorf, datt d'Majoritéitsparteie vun Ufank un der Meenung waren, datt et net kéint esou sinn, datt dat doten iwwert d'Rentekeese vum Privatsecteur géing finanzéiert ginn.

Dir waart Iech an der Koalitioun am Ufank eens fir op deen dote Wee ze goen, an et ass eréischt wéi an der Öffentlechkeet d'Diskussioun entstanen ass wat fir eng Konsequenzen, datt dat hätt, dunn ass op eemol zréckgeruddert ginn!

***(Interruption)***

Ech hunn e gudde Verhalt, an ech kann Iech wann Der wëllt, well ech hunn nach d'Procès-verbauxe vum Rentendësch doheem leien, d'Diskussiounen nosiche goen.

**M. Niki Bettendorf** *(DP)*.- Also Dir sidd bis elo net oft op der richteger Säit gewiescht an deene fënnef Joer, mä an deem dote Punkt loucht Der direkt op der richteger Säit!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech hat am Ufank och aner Gedanken. Mä dat ass awer och elo egal.

***(Interruptions diverses)***

Ech mengen herno am Endeffekt ass jo och de Rentendësch zu där Konklusioun komm, déi op alle Fall mir vun Ufank u vertrueden hunn, wou mir gesot hunn, wann dat dote geschitt…

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Dir huelt hei d'Kéier! Elo huelt Der d'Kéier!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, ech huelen do guer keng Kéier, Här Di Bartolomeo!

***(Interruptions diverses)***

Neen, neen! Är Vertrieder hu sech am Ufank um Rentendësch och mat anere Saache beschäftegt wéi mat deenen hei, wou Der och an Ärem Wahlprogramm…

***(Interruptions diverses)***

…an Dir hätt vläicht och besser gehat Dir hätt Iech méi domadder beschäftegt, och schonn um Rentendësch, a méi gehollef, datt mer net dee Misère geschafen hätten, dee mer ons elo hei geschafen hunn, wou et, egal wien eng Kéier an der Regierung…

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Dir sidd jo e ganz Lustigen!

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Dir sidd jo net méi ze hale fir an déi nächst Regierung, Här Di Bartolomeo!

***(Brouhaha général)***

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP)*.- Oho! Ech muss Iech awer soen, Dir laaft awer vill méi mat Eemere Vaseline dorëmmer wéi mir, dat kann ech Iech awer soen! Awer mat ganzen Eemeren! Mat ganzen Eemeren!

***(Interruptions diverses)***

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här Di Bartolomeo, ech stelle fest, datt Dir net méi ze hale sidd fir an déi nächst Regierung, an ech ginn och dovunner aus, Här Di Bartolomeo, datt wann Der wahrscheinlech an der nächster Regierung da wäert sinn, da wäert Dir jo d'Éier hu fir deen dote Ressort ze iwwerhuele vun der Sécurité sociale, an da sinn ech gespaant dorobber wéi déi Fuerderungen, déi Der an Ärem Wahlprogramm, deen ech hei viru mer leien hunn, déi net nëmmen, fir et emol gelinde auszedrécken, och relativ vag geschafe sinn, wéi Der déi awer wëllt herno an d'Praxis ëmsetzen.

***(Brouhaha général)***

Sou, zum Sujet, Här President. Et ass esou, datt mer eis mat deem ganze System hei natierlech an eng Sakgaass eramanövréiert hu wou et elo net méi esou einfach ass erauszekommen, well mer wëssen alleguerte ganz genau, datt wa mer eng Mesure geschafen hunn, an och wann een hei kann erausheieren aus alle Beiträg, datt déi meescht der Meenung sinn aus alle Fraktiounen, inklusiv aus där Fraktioun, déi eigentlech d'Mesure hei proposéiert huet, datt ee muss verschidde Modifikatioune virhuelen, da wësse mer dach alleguerten, datt wa mer eng Kéier esou ee Mechanismus geschafen hunn, da kann een deen natierlech net méi einfach esou ofschafen.

Och mir géingen net vun haut op muer dee System do erëm ofschafen, well et ass méi einfach de Leit eppes ze gi wéi hinnen et erëm ewechzehuelen. Mä ech mengen awer et muss een de Courage hu fir ze soen, datt ee muss mëttelfristeg de System ganz iwwerdenken an e virun allem mëttelfristeg, eiser Meenung no, muss verschmëlze mat der Iwwergangsprozedur, Iwwergangsphas, déi ee muss schafen zu engem individualiséierte Rentenuspréchssystem. An ech mengen, datt ee muss de Courage hu fir ze soen, datt déi Mesure hei zumindest iergendwa muss auslafen, well se mat Sécherheet weder deem Objektiv entsprécht, deen eigentlech selwer vun den Auteuren dragesat ginn ass, a wéi gesot zweetens sozial ongerecht ass, an drëttens eis vill Probleemer bruecht huet.

Dofir menge mir op alle Fall, datt wann ee vun Ufank un déi dote Gelder benotzt hätt fir direkt op de Wee ze goe fir d'Transitiounsphas ze finanzéieren zum individualiséierte System, dann hätte mer méi geschafft fir d'Altersaarmut ze bekämpfe wéi iwwert dee Wee hei. Well mir wëssen alleguerten, datt den Iwwergank zu engem System wéi mer en haut kennen zu engem mat individualiséierte Rechter, keen einfachen ass, datt dat eng laang Iwwergangsprozedur bedéngt an datt déi och de Stat vill Geld wäert kaschten. Well deem musse mer och finanziell ënnert d'Äerm gräifen, virun allem natierlech deene Leit, déi sozial schwaach dostinn. Wéi gesot déi Sue wären eiser Meenung no besser do ugewisen.

Dofir hoffe mer zumindest, datt de Courage besteet, datt mer net deenen dat elo ewechhuelen, déi et elo kritt hunn, mä zumindest iergendwann eng Kéier e Stéchdatum setzen a soen: Ab deem leeft déi Mesure aus, an da gi mer iwwer an en anere System, dee méi gerecht ass an deen iwwerhaapt eis de Problem vun der Altersaarmut, virun allem vun der Fraenaltersaarmut, deen eis deen aus dem Wee schaaft.

Dofir, Här President, ass et och fir eis esou, datt dat heiten eigentlech e gutt Beispill dofir ass, déi Propositioun de loi an och déi ganz Diskussioun, déi mer de Mëtteg hei haten, wéi vill Probleemer mer eis geschafen hu mat där Mesure do an a wat fir eng Sakgaass mer eis eramanövréiert hunn. Dofir si mer natierlech genausou skeptesch bei all Modifikatioun, déi zum System gemaach gëtt, wéi mer och am Ufank skeptesch waren zum System, mä mir mengen, datt ee soll vill méi grondsätzlech Iwwerleeunge féieren an déi Richtung, déi ech elo ugedeit hu fir d'Zukunft.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président**.- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President, mäi Fraktiounskolleeg Aly Jaerling huet eis Propositioun de loi virgedroen, eng Propositioun de loi, déi am Fong an der Linn läit vun deem wat mer an där ganzer Diskussioun ëmmer ugefouert hunn, an et war och am Kader vun der Diskussioun wéi d'Gesetz 2002 hei an der Chamber gestëmmt ginn ass, wou mer schonn déi Amendementer zu deenen Artikelen abruecht haten, fir datt se sollen aus dem Gesetz erausgeholl ginn.

Et ass also eng Saach wou jiddereen, dee sech ëm d'Matière bekëmmert huet, souwuel um Rentendësch - de Kolleeg Lux huet och de Mëtteg eng Rei vun Zitater aus Avisen hei bruecht -, sech bewosst war, datt déi doten Diskussiounen am Kader, wéi d'Leit et soen, vun Ongerechtegkeeten noutgedronge géifen herno erauskommen, well mer d'Gesetz an där doter Form maachen. Och d'CSV war intern sech där Situatioun bewosst, well jo zwee vun hire Leit an der zouständeger Kommissioun deementspriechend Amendementer erabruecht haten, déi dunn awer net duerchgesat gi sinn.

Ech hu mech deemools bei deem engen Amendement an der Kommissioun enthalen, well ech zu deem Zäitpunkt, an dat ass, mengen ech keng Onéier, net ganz duerch den Dossier gesinn hunn, well et jo awer eng relativ komplex Matière ass. Mir hunn eis duerno befaasst domadder a mir hunn dunn awer déi Amendementer als ADR selwer hei an der Chamber erabruecht, a wann ech mech gutt erënneren, ware mir dunn déi Eenzeg, déi dofir gestëmmt hunn. D'Majoritéitsparteien hunn dergéint gestëmmt. Ech mengen, déi gréng Kolleegen an d'Sozialisten hu sech dunn an der Chamber enthalen, obschonn an der Kommissioun d'Sozialiste fir den Amendement gestëmmt haten.

***(Interruption)***

Neen, Här Lux, Dir hutt mäi Beispill geholl, wou ech mech an der Kommissioun enthalen hunn. Mir hunn awer an der Chamber dofir gestëmmt a bei Iech war et ebe just ëmgedréint. Dofir wëll ech soen, jiddereen evoluéiert a senge Gedanken an en huet och sécherlech seng Ursaachen.

**M. Lucien Lux** *(LSAP)*.- Däerf ech Iech just soen, dass mer hei, an ech schwätzen elo, wann ech dat däerf, eng Minutt fir déi Gréng mat, an der Chamber diskutéiert hunn iwwert de Projet de loi vun der Regierung an d'Proposition de loi vun der LSAP. Mir hunn natierlech gesot, mir sinn hei fir eis Proposition de loi an dofir enthale mer eis bei engem Gesetz, wou mer net d'accord si mat de Bestëmmungen. Dat muss awer gesot sinn, fir dass et kloer ass firwat mer hei Abstentioun gemaach hunn.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Et war net zum Gesetz. Et war zu deenen zwee prezisen Amendementer, wou Der Iech enthalen hutt. Mä et war jo awer zu deem Zäitpunkt kloer, datt Är Proposition de loi net géif duerchgoen an datt also nëmme méi de Projet de loi vun der Regierung zur Diskussioun stoung, deen dat deemools esou festgehalen hat.

Ech wollt just soen, datt jiddereen evoluéiert a senge Gedanken.

Här President, et ass de Mëtteg hei vill hin an hier geschwat ginn. Ech muss soen, datt dat awer och an engem gudden Toun gemaach ginn ass. Ech muss allerdéngs soen, datt den Här Paul-Henri Meyers als Vertrieder vun der CSV am Fong erausfonnt huet, wann een em nogelauschtert huet, datt en awer e schlecht Gefill bei dësem Gesetz huet an datt en an Zuchzwang e bësse steet mat den Erklärungen, well wann een déi Argumentatiounen hëlt, datt een dann hei opgeet mat der Entwécklung vu ganz komplizéierte Pensiounstechniken hei ze erklären, déi déi meescht Leit net esou gären oder net wëllen oder net kënne verstoen, well se einfach komplizéiert sinn, déi awer mat dem Fong vun der Saach net direkt eppes ze dinn hunn.

Et kann ee sech ëmmer hannert eng Technik verstoppen a soen, dat ass elo esou am Gesetz an dat ass eis Iwwerleeung, datt dat eben esou richteg ass. Bon, et ass eng politesch Diskussioun, wou mir soen, déi Argumentatioun do zielt fir ons net. Mir sinn einfach dovun iwwerzeegt, datt all Mamm misst fir all Kand datselwecht kréien an da kann ee sech natierlech net hannert Techniken verstoppe goen a Vergläicher zéien, well där gëtt et ëmmer. Mir soen, dat hei ass einfach ongerecht an et kann ee sech dofir net hannert d'Pensiounstechnike verstoppen.

Oder wa gesot gëtt, et ass onméiglech fir et réckwierkend ze rechnen. Also ech ka mech erënneren, Här Paul-Henri Meyers, mir hunn hei d'Accords salariaux vun der Fonction publique gestëmmt. Do hu mer et fäerdeg bruecht fir fir 15.000, 20.000 Leit réckwierkend alles nozerechnen. Do hat keen heibannen, kee vun eis alleguer e Problem, datt dat réckwierkend nogerechent ginn ass. Mä well et hei geet ëm kleng Pensiounen aus dem Privatsecteur, da gëtt hei vun der Onméiglechkeet geschwat fir dat réckwierkend kënnen ze rechnen.

Ech wollt einfach emol just festhalen, datt verschidde Leit bei grousse Masse keng Probleemer hunn, a wou d'Revenuen och net schlecht sinn, fir réckwierkend ze rechnen, mä wann et ëm kleng Pensioune geet an ëm 5.000 Leit, dann ass et onméiglech, huet den Här Meyers virdrun hei gesot. Ech wëll dat festhalen, well dat fanne mer systematesch erëm.

Da wa mer iwwert d'Pensioune vum Privatsecteur schwätzen, hu mer ëmmer Probleemer, a mir fannen ëmmer Argumenter, firwat datt mer deene klenge Leit näischt kënnen oder esouguer näischt däerfe ginn, mä wann et ëm déi déck Pensioune geet, déi déck Gehälter geet, dann ass kee Problem do a mir fannen ëmmer eng einfach Technik fir et ze realiséieren an och fir et, wann et muss sinn, zwee Joer réckwierkend a mat dräi Stellen hannert dem Komma ze maachen. Dat ass ni e Problem. Et ass just ëmmer bei deene klenge Leit wou mer Probleemer hu fir dat ze maachen. Wann dat der CSV hir Meenung ass, dann ass dat eben hir Meenung. Mir loossen se och bei hirer Meenung. Mir sinn anerer Meenung an deem Punkt do.

En zweete Punkt ass, mir wollten als ADR um Rentendësch eng rentepolitesch Moossnam aus der Mammerent maachen. Dat ass richteg. Mir hunn deemools gesot, kommt mir bezuelen eng Cotisatioun op der Fra hiren Numm an. Dat war eis Grondiddi. Mir bezuelen also am Fong Babyjoren och fir d'Hausfra an d'Pensiounskeess op hiren Numm an, wat dann eng verbriefte Cotisatioun fir si ass, déi och kee méi kann ewechhuelen a wou se da ka spéiderhin, wa se erëm wëllt schaffe goen, oder erëm fräiwëlleg weiderfinanzéiere wëllt, och kann eng individuell Pensioun op Grond vun deene Cotisatioune kréien. Dat war ons Grondiddi.

Dat heescht also, datt jiddereen, esouwuel déi, déi schaffen, wéi déi, déi net schaffen, vum Stat d'Babyjore bezuelt kritt hätt. Mä et war der Regierung hir Iddi fir eng familljepolitesch Moossnam ze maachen, dofir ass se bei de Familljeministère komm, a se wëllt se dann awer elo mat der Pensiounsberechnung op eemol vermëschen. Domadder kënne mir net averstane sinn, well mer einfach soen, et ass eng familljepolitesch Moossnam an esouwéi och all Fra fir d'Kand datselwecht Kannergeld kritt, misst se dann och als familljepolitesch Moossnam fir all Kand deeselwechte Forfait d'éducation kréien. Dat ass einfach eis Meenung.

Et sinn der heibannen, déi hunn eng aner Meenung. Dat ass nun ebe gutt an der Politik, datt mer verschidde Meenungen hunn. Mä ech wollt prinzipiell nach eng Kéier festhale wat eis Opfaassung zu deem Dossier war, well mer am Fong dofir och net mat de sozialistesche Kolleegen hirer Propositioun averstane waren, deen der Fra, déi schaffe gaangen ass, d'Babyjoren, wéi dat elo ass, géif bezuelen, mä déi complémentaire dozou da géif all Fra och nach de Forfait d'éducation ginn an do géifen eiser Meenung no…

*(Interruption)*

Här Lux, ech hunn eis Iddi erkläert, datt mir géifen der Fra, déi doheem wier, och d'Babyjore cotiséieren. Dat ass eis Iddi, well mer gesot hunn, dass d'Fra, déi beruffstäteg ass ausserhalb an déi beruffstäteg ass doheem, dann ass eng wéi déi aner gläichgestallt. De Stat bezilt jiddereenger d'Babyjoren an d'Pensiounskeess. Dat war am Fong fir eis d'Gläichstellung, wéi mir se wollte maachen.

*(Interruption)*

Een Abléck, ech erklären lech dat ganz gären, Här Meyers, well ech gesinn, ech sinn hei op néng Minutten, a vu datt bei mir mat de Minutten ëmmer genau gefuer gëtt heibannen, maachen ech mech awer fäerdeg.

Virgëschter hunn ech nach gesot kritt vum Här Bettendorf, ech hätt nach 16 Sekonnen. Elo hunn ech nach 1 Minutt a 15 Sekonnen. Mir konnte mat de sozialistesche Kolleegen...

M. le Président.- Dir kritt déi net ugerechent!

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Also ech kréie se net ugerechent. Selbstverständlech kënnt Dir dann Är Fro stellen, Här Meyers.

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Ech wollt dem Här Gibéryen d'Fro stellen, wann e seet, d'Regierung hätt all Frae solle Babyjoren abezuelen. Dir wësst ganz genau, datt een zéng effektiv veréchert Jore muss hu fir eng Pensioun ze kréien. Dann hätt een also no deene Babyjoren, déi abezuelt ginn, wéinstens véier Kanner missen hu fir eppes erauszekréien. Wéi hätt Der dann dee Problem geléist, ouni dass d'Leit op zéng Joer komm wieren, well et gi jo awer ganz vill Fraen, déi an der Vergaangenheet net geschafft hunn an net op déi zéng Joer kommen? Déi hätten also dee Moment zwee, véier, aacht Babyjoren do stoe gehat. Déi hätten also näischt bruecht. Wéi eng Léisung hätt Dir do proposéiert?

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Här President, ech si frou, datt den Här Paul-Henri Meyers dat hei seet, well och dorunner hate mir deemools geduecht. An an der Propositioun, déi mer um Rentendësch schrëftlech eragin haten, hate mer och dorobber eng Äntwert ginn. Mir haten doranner geschriwwen, datt déi Babyjoren, déi een op d'Pensiounskeess abezuelt kritt, datt dat eng Grondlag soll sinn, wou d'Fra, déi doheem ass, sech ka spéiderhin eng Pensioun drop opbauen, zum Beispill andeem datt se schaffe geet. A mir hunn dra geschriwwen, wann awer eng Fra net géif schaffe goen a si hätt nëmmen déi Babyjoren do stoen, datt déi an alle Fäll géifen ausbezuelt ginn, och wa se net op déi zéng Joer kënnt. Dat stoung an eiser…

*(Interruptions)*

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- D'Cotisatiounen hätt Dir zréckbezuelt.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Neen, mir hätten et ausbezuelt an et stoung och dran an eiser Propositioun. De Kolleeg Lux huet elo hei gefrot, a wat fir enger Héicht, datt se géifen ausbezuelt ginn. D'Héicht war genausou gerechent, datt pro Kand géifen déi 3.000 Frang herno supplementar an der Pensioun erausgoen. Also, et war genau datselwecht. Et war dat als Lounniveau agesat, datt genau déi 3.000 Frang, déi et deemools waren, an der Pensioun géifen erauskommen. A mir hu gesot, wann eng Persoun dann déi abezuelt huet a si kënnt net op zéng Joer, da gëtt se awer an alle Fäll ausbezuelt, sou datt d'Fra ëmmer an alle Fäll hir 3.000 Frang iwwert d'Pensiounskeess ausbezuelt kritt, och wa se keng zéng Joer hat.

Mir haten also schonn un déi dote Saachen alleguer geduecht an eiser Propositioun. Mir hunn eis et net einfach gemaach, an ech sinn iwwerzeegt, datt mer spéiderhin eng Kéier dorobber kommen. Mir hunn och geschriwwe gehat an där Propositioun, datt de Stat net bräicht réckwierkend de Fraen déi Cotisatioun alleguer ze bezuelen, well dat war och deemools chifféiert ginn, dat wier jo eng enorm Zomm, déi de Stat dann hätt missen eemoleg an d'Pensiounskeesen abezuelen, sou datt mer gesot hunn, si gi fiktiv ageschriwwen, an eréischt deen Abléck, wou d'Fra dervu profitéiert, bezilt de Stat dann där Fra hir Cotisatioun eran, fir datt de Statsbudget net misst supplementar kuerzfristeg belaascht ginn.

Also, all déi Propositiounen do hate mir scho ganz gutt mat iwwerluecht. Ech hu leider bedauert, datt mer net konnten op dee Wee goen. D'Regierung ass op en anere Wee gaangen an haut huet se nun emol eben déi Problemer, déi si sech selwer gesicht huet. Mir stinn eis kontradiktoresch do géigeniwwer, dat ass esou. Dir fannt, datt d'Gesetz, esou wéi et ass, richteg ass.

D'Madame Familljeminister huet, mengen ech, elo nach viru kuerzem hei op dëser Plaz gesot, si géif mengen, et wär dat gerechtst Gesetz, wat se géif kennen. Bon, mir sinn der Meenung, dass et dat ongerechtst Gesetz ass, wat mer kennen. An nach Kolleegen heibanne soen, et wär dat ongerechtst Gesetz, wat mer kennen. Dat ass nun ebe mol esou an der politescher Ausenanersetzung. Mir kämpfe viru fir dat Gesetz eben esou geännert ze kréien, wéi mir et fir richteg géife fannen. Dat heescht, datt all Mamm, ob se schafft oder net schafft, pro Kand 3.000 Frang voll als Mammerent kritt.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn elo vill Spezialisten hei héieren iwwer Renten an iwwer Aarmut. Ech weess net, wa mer all déi Iddien, déi elo de Mëtten hei op den Dësch géinge kommen oder komm sinn, géife beienee leeën, wat dobäi géing erauskommen. Dat ass déi éischt wichteg Fro an déi zweet ass, ob dann nach jiddereen och nach mat deem anere kënnt d'accord sinn, well ech muss soen, dat ass jo alles ganz interessant fir esou akademesch ze lauschteren, mä an der Praxis gesäit dat jo meeschtens e bëssel chen aneschters aus, wann ee bis d'Resultater gesäit.

Ech muss soen, hei geet et net drëm fir Recht ze hunn an et geet och net drëm fir dëst oder dat, well wann ech géing mengen all Gesetzer, déi mer géinge maachen, wäre richteg, da géinge mer net wéinstens eng Kéier am Joer an den RMG ännere goen. Dat hei ass keng Fro vu Rechthaberei a wou deen ee sech wëllt mat aller Gewalt duerchsetzen an deen anere sech mat aller Gewalt wëllt duerchsetzen.

Hei ass et initial drëm gaangen, fir mol eng Kéier deenen Elteren, déi bis haut näischt kritt hu fir d'Erzéiung vun hire Kanner, eng Unerkennung ze ginn. Well, fir ze soe mat 3.000 Frang géing een engem Mënsch eng Rent ginn, dat ass haut jo awer och indigne, wann een dat géing soen. Et geet ëm eng Unerkennung fir déi Aarbecht, déi gemaach gouf a vun där déi do Leit net profitéiert hunn. An ech wëll soen, et ass jo eigentlech erfreelech, wann ech gesinn, datt mat Ausnahm vun deene Gréngen, déi konsequent vun Ufank un do dergéint waren, si si jo haut nach dergéint…

*(Interruptions)*

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, neen! Entschëllegt, Madame Minister, wann Dir erlaabt…

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Jo?

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Mir sinn net géint d'Unerkennung vun där Hausaarbecht oder respektiv vun de Famillje mat Kanner. Déi Gréng si just der Meenung, datt déi Mesure, déi Dir hei - an dat hunn ech lech virdrun explizéiert – geholl hutt, iwwerhaapt net dat Zil erreecht, wat Dir selwer virgitt wat et erreecht, an datt et total sozial ongerecht ass.

Kommt, mir schwätze vun deene Saachen, ëm déi et wierklech geet, a lenkt net ëmmer of bei deem Sujet, well dat ass nämlech Är Spezialitéit.

*(Hilarité)*

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Iwwerhaapt net. Also, wann dat meng Spezialitéit wier, dann hätt ech mech net esou hei behaapt wéi Dir mam Här Bettendorf, dat Dir sécher wësst, wat alles do an deene Procès-verbalë géing drastoen, an da kritt Dir gesot…

*(Interruption)*

Ma sécher war ech do derbäi.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Net ëmmer derbäi.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Net ëmmer derbäi, dat ass méiglech. Mä den Här Lux huet lech séier gesot, dass dat net esou wier, an dat ass keen Thema.

*(Interruptions)*

Well Dir him selwer Recht ginn hutt. Also, Dir musst awer net mengen, wann Dir méi haart jäizt, datt Dir dofir méi Recht hätt. Et ass net deen, deen am haartste jäizt, deen ëmmer Recht huet.

*(Interruptions diverses)*

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dir behaapt hei, Dir hätt Recht mat Ärem Gebrëll.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Neen, iwwerhaapt net!

Ech gesinn, datt all Mënsch elo op eemol dat eng gutt Iddi fënnt, an ech kann dat nëmme begréissen. Ech fannen nëmmen, datt dat wierklech gutt ass, datt op eemol, nodeems datt jiddfereen dergéint war, op eemol bal jiddereen derfir ass.

Da muss ee kucken, wann elo gesot gëtt, deen ee seet déi Propositioun de loi, déi haut do wier, déi géing nei Ongerechtegkeete schafen – dat ass duergestallt gi vum Paul-Henri Meyers, ass duergestallt gi vum Här Lucien Lux, ech mengen och vum Här Bausch -, da muss ee mol dovun ausgoen, datt dat also net déi richteg ass.

Da gëtt gesot déi Proposition de loi, déi vun de Sozialisten déposéiert ginn ass, déi wär och net gerecht. An da komme mer op Berechnungen, wa mer Babyjoren abezuelt hätten a wann d'Leit dann awer keng Rent kritt hätten, dann hätte mer hinnen d'Suen erëmginn, datt se awer wéinstens 3.000 Frang kritt hätten. Also, dat alles héiert sech jo terribel schéin a gutt un, an ech si gespaant drop, vu datt an all Wahlprogramm, souwäit wéi ech se bis elo gesinn hunn, drasteet, datt de Forfait d'éducation, wann do eppes misst dra geännert ginn, datt een dat da soll maachen an datt een dat da soll kucken.

Et muss ee selbstverständlech wëssen, wann een et ännert, wéi een et ännert a wien et och bezuelt. Hei ass gesot ginn, dat däerf net iwwert d'Regimer goen, well dat wier falsch. Éischtens ass eng Fro bei de Regimer déi vun de Cotisatiounen, wéi zu Recht gesot ginn ass - do ass jo en Drëttel, dee vum Stat abezuelt gëtt.

Déi aner awer, mengen ech, wichteg Komponent ass och, wa mer keng Kanner hunn, déi d'Renten ofsécheren, da muss een och sech d'Fro stellen, ob dat net och der Méi wäert ass fir dat unzeerkennen. Dat kann engem och…

*(Interruption)*

A firwat dann net? Wann ee keng Kanner méi huet, déi Renten herno hëllefen...

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dat ass net de Problem, Madame Minister. Déi Mesure hei incitéiert jo awer net d'Leit dozou fir méi Kanner ze kréien.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Dat ass jo net de Punkt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Ma jo, wat ass dann de Punkt? Wann Dir awer Kanner braucht fir d'Rent…

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Entweder gesäit een och vläicht eng Kéier an, Här Bausch, datt wa keng Kanner méi do sinn, da bräichte mir herno och keng Rente méi ze bezuelen. Dat muss een net agesinn. Ech verstinn, datt Dir dat net agesitt.

*(Interruption)*

Mä well Dir dat esou hei behaapt.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, ech hu just gesot, déi Mesure hei dréit net dozou bäi, datt méi Kanner op d'Welt komme wéi…

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Mä dat ass jo net d'Zil. Also, ech denken awer, wann een engem Mënsch mat 60 Joer eppes gëtt, datt een do net nach domat d'Zil verfollegt Kanner ze kréien.

*(Hilarité)*

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Wéi dann? Mat 60 Joer kritt een tatsächlech keng Kanner méi. D'Kanner kommen éischter op d'Welt.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Ma justement. Justement!

*(Interruptions diverses)*

Jo, biologesch gesi kann ee jo villes maachen, mä ech mengen awer net, datt wa mer géingen dat doten aféieren, da géinge méi Kanner op d'Welt kommen. Also, fir esou naiv musst Dir eis awer net halen.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Dir hutt selwer argumentéiert, dat wär wichteg, well soss géinge keng Kanner méi komme fir d'Renten ofzesécheren.

*(Interruptions diverses)*

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Esou hunn ech iwwerhaapt net argumentéiert. Mä, et ass awer wierklech och net…

*(Interruption)*

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Schwätzt emol zum Thema, wann ech gelift.

*(Interruptions)*

Jo, dat ass net zum Thema geschwat. Et deet mer Leed.

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Also, ech ka mech wierklech nëmme wonnere, wat hei awer all Mënsch ongestrooft däerf dräi Méint virun de Wahle soen. Also, dat ass awer wierklech aussergewéinlech. Dat doten hunn ech awer nach net erlieft hei.

Ech wëll just soen, an dat ass och des Öfteren de Mëtteg ewell hei gesot ginn, datt, wa mer déi Propositioun de loi vun dem Här Jaerling géingen unhuelen, een da géing bei enger Frau, déi zwee Kanner kritt huet an déi de Forfait d'éducation géing kréien, elo 6.516 Frang erauskréien. Wann Der awer dat bei dem Complément pension minimum huelt, dann huet déi Fra de Moment 252 Euro, dat heescht och vun zwee Kanner, dat sinn 10.189 Frang. Da muss ee wëssen, ob ee bei déi 10.189 Frang der nach eng Kéier 6.515 derbäigëtt oder net.

Ech ka verstoen, datt all déi Leit, déi gären déi Sue gehat hätten, doriwwer traureg sinn, well si se net kritt hunn, well mer dat vläicht och net gutt genuch erkläert hunn. Dat ginn ech alles gären zou. Mä et muss een net soen, datt et ongerecht ass.

Ech géif virun allem op eppes aneschters wëllen hiweisen. Wann hei ëmmer gesot gëtt iwwert déi kleng Renten an iwwert déi Leit, déi schlecht dru sinn, vu datt ech bal ëmmer op deem Rentendësch derbäi war, weess ech, datt dat fir vill Leit ganz séier hanner verschlossenen Diere keng grouss Diskussioun méi war, déi kleng Renten, an datt déi an d'Luucht gaange sinn eng Kéier doriwwer, datt d'Pensions personnelles minimal eropgesat goufen an och déi dérivéiert Renten eropgesat gi sinn.

Deen zweeten oder drëtte Punkt wann Der wëllt, dat ass, datt de Revenu minimum, dat heescht den RMG, op 30% immuniséiert gouf. Wéi gesot, et ass eigentlech net meng Aart a Weis fir hei esou bëlleg ze polemiséieren, also dat ass normalerweis net dat, wat ech maachen an et ass och net dat, wat ech schrecklech gutt kann - dat kënnen anerer besser wéi ech -, mä ech wëll eigentlech jiddereengem soen, dass wann der Leit begéint, déi wierklech schlecht dru sinn, dann hätt Der besser Dir géingt se froen: Hutt der Ären zousätzleche Complément ugefrot, fir datt Der op de Minimum oder wierklech awer op déi 30% vun dem RMG kommt?

Dat géing ville Leit méi hëllefen, wéi wa se déi 3.000 Frang géingen

dobäikréien; wann dat esou ass wéi gesot gëtt. An dofir mengen ech, wier et wierklech wichteg, datt een d'Leit dorobber géing opmierksam maachen. Well et ass dat, wat deene Leit op deem Rentendësch méi gehollef huet, wéi déi 3.000 Frang géingen hëllefen, wéi déi och net an deem Sënn gemengt waren.

Nach eng Kéier géing ech zum Ofschloss soen, vu datt all d'Parteien e Saz - deen ee méi e grousse Saz, deen anere méi e komplizéierten, deen ee méi en ausféierlechen, deen een e manner ausféierlechen - an hirem Wahlprogramm dran hunn, sinn ech gespaant ze gesi wat no den nächste Wahle kënnt a wéi wäit dann där enger oder där anerer Propositioun hei Rechnung gedroe gëtt.

**M. le Président.-** Dee Punkt wier domadder ofgeschloss an da komme mer elo zur Proposition de loi relative à la protection des actionnaires minoritaires et à l'obligation de lancer une offre publique d'acquisition. Ageschriwwe sinn: déi Häre Santer, Graas an Henckes. D'Wuert huet den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Ben Fayot.

## 6. 5013 - Proposition de loi relative à la protection des actionnaires minoritaires et à l'obligation de lancer une offre publique d'acquisition

***Présentation***

**M. Ben Fayot** *(LSAP), auteur.*- Här President, souguer wann een eng ganz liberal Astellung zum Fonctionnement vun enger Finanzplaz huet, huet d'Politik ganz bestëmmt eng Verantwortung, net nëmme fir den Ausbau vun där Finanzplaz, mä och fir d'Gouvernance dovunner. Dozou gehéiere Regulatiounen, déi Transparenz a Sécherheet schafen, an zwar fir jiddereen, fir de Spuerer, wéi fir d'Gesellschaften, déi Sue sichen.

D'Politik huet och d'Verantwortung, dass déi Regulatiounen observéiert a respektéiert ginn a si huet d'Verantwortung, dass jiddereе gläich virum Gesetz ass an dës Gläichheet muss effektiv sinn Et däerf net sinn, dass ee jorelaang virun de Geriichter kloe muss, fir vun där Gläichheet kënnen ze profitéieren. An et kann och net sinn, dass déi, déi eng dominant wirtschaftlech a finanziell Positioun hunn, sech Saachen op der Finanzplaz erlabe kënnen, déi op Käschte vun anere manner Kapitalkräftege ginn.

De Schutz vum Spuerer an d'Gläichheet vun de Spuerer sinn an enger Zäit vu Globaliséierung am internationale Kapitalfloss méi wichteg wéi jee. Eng Finanzplaz, déi in- an auslännescht Kapital unzéie wëllt muss dat Kapital géint Praktike schützen, déi et entwäerte kënnen. An deene meeschte Länner ronderëm Lëtzebuerg gëtt et eng Gesetzgebung, déi doranner besteet d'Aktionäre bei Offres publiques d'acquisition ze beschützen, Regelen dobäi opzestellen an d'Gläichheet ofzesécheren. Zu Lëtzebuerg ass d'Fro: Gëtt et do e Schutz vun de klengen Aktionären oder net?

Dorobber huet d'Regierung schonn an den Äntwerten op verschidde parlamentaresch Froe geäntwert. Et gëtt wuel e Règlement d'ordre intérieur vun der Bourse - well ech hei rappeléieren -, deen op d'Direktiv vum 5. Mäerz 1979 opgebaut ass an deen entre autres bestëmmt, dass deen dee wëllt zur Cote officielle zougelooss ginn, eng Deklaratioun muss hannerleeën an doranner hëlt en den Engagement: „d'assurer un traitement égal des actionnaires qui se trouvent dans des conditions identiques." An da gëtt et och nach e Code de conduite vun 1977, deen op enger Recommandatioun vun der Kommissioun vum 25. Juli 1977 baséiert - dëse Code de conduite ass onmissverständlech, déi drëtt Empfehlung schwätzt vun der Gläichheet vun den Aktionären.

Et ass do an der Haltung vun der Regierung, muss ech soen, op Grond vun deene parlamentaresche Froen, déi vu mir an och vum Här Mosar gestallt gi sinn, eng gewëssen Evolutioun festzestellen. An enger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro mengersäits vum 24. Juli 2003 huet den Här Frieden geschriwwen: „Le Gouvernement tient à souligner en premier lieu, comme il a fait précédemment, que même en l'absence d'une législation spécifique sur les OPA, le droit luxembourgeois connaît des principes généraux de droit qui tout en préservant le caractère libéral du droit des sociétés luxembourgeoises n'en protège pas moins les actionnaires minoritaires."

An enger anerer Äntwert op eng ähnlech Fro vum 8. Februar 2002, also ee Joer virdrun, do haten den Här Juncker an den Här Frieden zesummen dat manner kloer gesot. Do stoung: „Le droit des sociétés luxembourgeois ne prévoit pas de dispositions particulières concernant les actionnaires minoritaires", an dat ass och doranner erkläert ginn an engem ganz liberale Sënn vun dësem Gesellschaftsrecht.

Elo gesäit een awer och, dass d'Autoritéit, déi d'Finanzplaz kontrolléiert, dës Recommandatioun vun 1979 iwwert d'OPAen als net zwéngend ugesäit. D'CSSF mécht wuel e Fanger, se gëtt en Avis, mä si huet, wéi se selwer seet, kee Pouvoir d'injonction, a si ass der Meenung, dass se selwer keng Recommandatiounen erloosse kann, soulaang et keng Base légale, also kee Gesetz, dofir gëtt; an esou e Gesetz gëtt et eben zu Lëtzebuerg net.

Aus deenen Iwwerleeungen eraus hunn ech dann déi Proposition de loi virgeleecht, déi elo schonn eng Partie Zäit um Dësch vum Haus läit. Déi Proposition de loi war eben eng Proposition de loi „relative à la protection des actionnaires minoritaires et à l'obligation de lancer une offre publique d'acquisition".

Ech ginn net op d'Detailer vun där Proposition de loi an, déi doranner besteet d'Gesetz vun 1992 iwwert d'Bourse ze änneren an doranner Obligatioune fir d'Protektioun vun den Actionnaires minoritaires anzeféieren, mat all deenen Elementer, déi eben dozou wichteg sinn.

Ech wëll och drun erënneren, dass d'Regierung am Januar 2003 en Avis dorobber ginn huet. An där Prise de position ass gesot ginn, dass d'Regierung et géif opportun fannen, fir an dëser Matière ze légiféréieren, dass sech déi Législatioun allerdéngs net soll nëmme limitéieren op déi Gesellschaften, déi en Appel public un d'Spuerer maachen, mä dass et also en allgemengen Text soll ginn.

Deen Text, seet d'Regierung och nach, géif sech inspiréieren un deenen Aarbechten, déi um europäesche Plang an där Matière géife gemaach ginn. An et ass jo dann och bekannt, dass um europäesche Plang d'Aarbechte laang gedauert hunn. Ech wëll drun erënneren, dass en éischte Virschlag vun der Kommissioun vun 1989 iwwert d'OPAen, also iwwert d'Offres publiques d'acquisition, de 4. Juli 2001 vum Europaparlament ofgelehnt ginn ass, dass dorobberhin d'Kommissioun am Oktober 2002 eng nei Propositioun virgeluecht huet, dass déi Propositioun am Dezember vum Joer 2003 vum Europaparlament gestëmmt ginn ass an dass och de Conseil den 22. Dezember 2003 déi Propositioun ugeholl huet.

A wann ee kuckt wat de Conseil den 22. Dezember gesot huet, wann ech dat kann aus dem Compte rendu vun där Réunioun vum Conseil zitéieren, da gëtt do gesot: „Le conseil a décidé que cette directive se limiterait à fournir un cadre de principe commun et à énoncer un certain nombre d'exigences générales, que les États membres devront respecter par le biais de modalités d'application précises", dat ass also de Stand vun der Affär.

Ech menge mir sinn eis eens, dass et wichteg ass, dass wa mer eng Législatioun maachen - an d'Regierung schéngt jo op de Wee wëllen ze goe vun esou enger Législatioun -, dass se en accord mat där europäescher Direktiv ass. Dofir wollt ech menger Hoffnung Ausdrock ginn, dass mer an dëser Matière, déi eng wichteg Matière ass fir d'Spuerer an och fir de Kapitalmaart zu Lëtzebuerg, virukommen an et wier natierlech interessant vum Här Minister ze héieren, wéi wäit dass mer doranner sinn.

Dat hei ass e bëssen eng „never-ending story", wëll ech soen, déi 2000 ugefaangen huet ënnert deene Konditiounen, déi jo bekannt sinn am Zesummenhang och mat der Affär vun den Actionnaires minoritaires bei RTL. Ech hoffen, dass mer, elo emol ofgesi vun deem Fall do, dee jo och nach virun de Geriichter unhängeg ass, eng allgemeng Législatioun kréien, déi, wéi gesot, d'Gouvernance vun der Finanzplaz verbessert.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Patrick Santer agedroen. Den Här Santer huet d'Wuert.

***Discussion***

**M. Patrick Santer** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Fayot huet d'Fro gestallt: Gëtt et e Schutz vum klengen Aktionär am Lëtzebuerger Recht? D'Gesellschaftsrecht an d'Gesetz vum 10. August 1915 gi schonn de Minoritairen an interne Liewe vun der Gesellschaft e puer Äntwerten. De Schutz, deen den Här Fayot awer hei ugeschwat huet, ass awer ee vun enger anerer Natur. D'Proposition de loi vum Här...

**Une voix.-** Vun enger anerer Qualitéit.

**M. Patrick Santer** *(CSV).*- Vun enger anerer Natur. Et huet een d'Natur Volet interne an et huet een d'Natur vun der Protection des minoritaires par rapport vun Tiersën. Dat huet näischt mat Qualitéit ze dinn, dat huet eppes mat Natur ze dinn.

**Une voix.-** Et huet och eppes mat Qualitéit ze dinn.

**M. Patrick Santer** *(CSV).*- Genau. D'Proposition de loi vum Här Fayot reglementéiert d'Gläichberechtegung vun den Aktionäre vun enger op enger Bourse cotéierter Lëtzebuerger Gesellschaft am Fall vu sou genannten Offres publiques d'achat oder versicht dës Gläichberechtegung ze reglementéieren. An anere Wierder, der Proposition de loi no, wann eng Persoun Aktie vun enger Lëtzebuerger cotéierter Gesellschaft keeft, déi et hir erlaben d'Kontroll iwwert dës Gesellschaft ze kréien, da mussen d'Minoritairen d'Méiglechkeet kréien hir Aktien och de Majoritairen oder deem neie majoritairen Aktionär kënnen ze verkafen, zu deeneselwechte Bedingungen ënnert deenen d'Participation de contrôle iwwergaangen ass.

D'Minoritairë kréien also de Choix fir entweder an der Gesellschaft ze bleiwen oder, wa se net wëlle mat deem neie majoritairen Aktionär an der Gesellschaft sinn, dann deem neie majoritairen Aktionär hir Aktien ze verkafen. Sou géif dann eng Gläichberechtegung tëschent de Minoritairen an dem fréiere Majoritaire hiergestallt. An d'Minoritairë ginn och geschützt par rapport zum neie Majoritaire, dee vläicht net direkt interesséiert ass, fir hir Participation minoritaire ze kafen, wann en d'Kontroll vun der Gesellschaft kritt.

Dës Proposition de loi begrënnt op de Fait, dass zu Lëtzebuerg zwar d'Gläichberechtegung vun den Aktionären als Principe général de droit unerkannt gëtt, mä dass et hei am Land, a contrairement zu eisen Nopeschlänner, keng Reglementatioun vun OPAe gëtt. Eng spezifesch Reglementatioun vun den OPAen am Land ass e luewenswäert Zil, mä en Zil, dat d'Proposition de loi vum Här Fayot net wäert erreechen. D'Proposition de loi inspiréiert sech un der belscher Reglementatioun vun den OPAen. Den Här Fayot hätt och vläicht kënnen déi franséisch Reglementatioun iwwerhuelen, mä ech ginn zou, dass gesellschaftsrechtlech d'Lëtzebuerger Gesetzgebung ëmmer eng méi grouss Zouneigung zu de belschen Noperen hat.

Mä d'Proposition de loi ass a mengen Aen net verfassungskonform a wäert enger Opposition formelle vum Statsrot net entkommen. D'Proposition de loi gesäit en effet e Kader vir fir OPAen ze reglementéieren, woubäi den Detail vun der Reglementatioun per Règlement grand-ducal iwwerlooss gëtt. D'Proposition de loi schaaft also eng Base légale, wou déi eigentlech Reglementatioun iwwer Règlement grand-ducal geholl gëtt. Dat wier mam Artikel 36 vun der Verfassung net an Aklang ze bréngen, well an der Proposition de loi zum Beispill näischt steet iwwert d'Bedingungen ënnert deenen eng OPA stattzefannen huet, oder vun de Bedingungen, déi de Keefer, deen d'Kontroll vun der Gesellschaft kritt, vis-à-vis vun de Minoritairë muss anhalen.

D'Substanz wäert also iwwer Règlement grand-ducal geholl ginn, an ech sinn der Meenung, dass dës Bedingungen am Gesetz stoe mussen. D'Technicitéit vun dëser Matière ass hei keen Argument fir iwwer e Règlement grand-ducal ze fueren, well och an anere Matièren, déi d'Finanzplaz concernéieren oder d'Bourse am méi Spezifeschen an déi och gradsou technesch sinn, goufe per Gesetz geregelt.

Ouni elo wëllen an den Detail vun der Proposition de loi anzegoen, kann een där awer entgéinthalen, dass se wéinstens op zwee Punkten net all Situatioun erfaasst. Éischtens ëmfaasst d'Proposition de loi nëmmen OPAen op cotéiert Gesellschaften. Dat geet - an d'Regierung huet an hirer Stellungnahm dat och gesot - net duer. Do misst een och aner Gesellschaften mat abezéien, zum Beispill Gesellschaften, déi op engem Marché réglementé agéieren. All Gesellschaft fir d'Appels publics à l'épargne misst hei mat abegraff sinn.

Zweetens gesäit d'Proposition de loi nëmmen d'Méiglechkeet vir, fir dass am Fall vun engem Changement de contrôle d'Minoritairen hir Aktie verkafe kënnen zu deeneselwechte Bedingungen, wéi déi ënnert deenen déi fréier Majoritairë verkaaft hunn. Am technesche Jargon heescht dat en „reverse squeeze out". Mä et feelt awer den „squeeze out", dat heescht d'Regelung wouno de Keefer vun enger majoritairer Partizipatioun och de Minoritairë kann imposéieren, hir Participation minoritaire ze verkafen, dat heescht och wann d'Minoritairë wëllen an der Gesellschaft bleiwen, dass se do erausgepresst ginn aus der Gesellschaft, well de Majoritaire et wëllt. Dësen zweeten Aspekt feelt an der Proposition de loi. Dësen zweeten Aspekt muss awer geregelt ginn.

Dat sinn nëmmen e puer Remarquen, déi d'Proposition de loi vum Här Fayot mer inspiréiert huet. Dass mer dës Proposition de loi net kéinte stëmmen, heescht awer nach laang net, dass mer all Reglementatioun vun OPAen an de Respekt vum Gläichheetsprinzip vun den Aktionären an de Schutz vun de Minoritairë vun eis weisen. D'Quell, déi eis zukünfteg Législatioun an dësem Beräich muss inspiréieren, an dat huet den Här Fayot och richteg gesot, läit um europäeschen Niveau.

Am Juli 2001 ass eng Proposition de directive no zwielef laangen, haarde Joren Négociatioun vum Europaparlament mat Stëmmegläichheet, wat zimlech unique ass, verworf ginn. D'Fro vun der Gläichberechtegung war hei net den Ausléiser vun der Positioun am Europaparlament, vill méi waren et méi technesch Detailer wéi d'Existenz vun Aktien à vote multiple, déi et souwisou hei zu Lëtzebuerg net gëtt, mä déi et erlabe Gesellschaften a skandinavesche Länner, déi op enger Bourse cotéiert sinn, an enger familiärer Hand ze halen, och wann een d'Kapital net huet, dass een awer d'Majoritéit vun de Stëmmen huet.

D'Europäesch Kommissioun huet de 25. Mäerz 2003 eng nei Proposition de directive agereecht, an déi Proposition de directive dréit den Observatioune vum Europaparlament Rechnung. Eis Législatioun muss sech vun dëser Proposition de directive inspiréiere wat de Schutz vu minoritairen Aktionären ugeet, och wann dëst nach eng Proposition de directive ass. Mä well d'Froen, déi eis interesséieren, hei net - hoffen ech - wäerten nach eng Kéier kritiséiert ginn, brauche mer net ofzewaarde bis déi laangwiereg Prozedur um europäeschen Niveau eriwwer ass fir eng diesbezüglech Gesetzgebung ze kréien. Dat hate mer scho bei der Direktiv, déi éischt Direktiv iwwert d'OPCen 1984 gemaach, an dat kënne mer och elo nach maachen.

Schlussfolgernd géing ech nach eng Kéier soen, dass d'CSV-Fraktioun dës Proposition de loi net wäert ënnerstëtzen…

**Une voix.-** Oh!

**M. Patrick Santer** *(CSV).*- …awer ganz hannert enger spezifescher Reglementatioun vun den OPAen an dem Schutz vun de minoritairen Aktionäre steet.

Ech soen lech merci.

**Plusieurs voix.-** Oh! Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

**M. Gusty Graas** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de leschten 21. Oktober hate mer jo schonn iwwert déi Thematik hei eng Heure de questions. D'Fro, déi ze stellen ass, ob et Zoufall ass oder net, mä datt ebe grad just gëschter och an där Affär RTL Group nees e Jugement gesprach ginn ass, wéi een haut jo konnt an der Zeitung liesen, dee jo net en faveur och vun deene klengen Aktionären ausgefall ass. Et ass iwwregens - ech beruffe mech elo op deen Zeitungsartikel - schonn dee sechste juristeschen Échec an där ganzer Saach gewiescht.

Speitstens wéi jo Bertelsmann bei RTL Group 30% weider Kapital krut, duerch d'Acquisitioun vun dem Undeel vum Groupe Bruxelles Lambert, ass jo d'Diskussioun iwwert d'Protektioun vun den Actionnaires minoritaires érem richteg hei lancéiert ginn. Ech wëll awer och drop hiweisen, datt schonn 1994 bei där deemoleger Regierung ugeklappt gi war vun RTL-Aktionären, fir ebe wéi gesot Moossnamen am Intérêt vun deene klengen Aktionären ze treffen.

Bei eis gi jo och u sech ëmmer méi öffentlech Appeller gemaach, fir datt d'Leit sollen d'Geld a Gesellschafte placéieren, dat heescht, datt d'Zuel vun deene klengen Ak-

tionären an deene leschte Joren och zougeholl huet, an d'Zuel vun deenen eenheemeschen an auslännesche Gesellschaften, déi jo op der Bourse hei zu Lëtzebuerg cotéiert sinn, ass och an deene leschte Joren deementspriechend an d'Luucht gaangen.

Et muss een allerdéngs feststellen, datt et och erëm nei Problemer gëtt wann eng OPA an enger lëtzebuergescher Gesellschaft duerchgefouert gëtt an am Fall vum Bertelsmann RTL Group si jo d'Actionnaires minoritaires gemäss dem Geriichtsuerteel net gutt ewechkomm, well ebe keng deementspriechend Législatioun hei zu Lëtzebuerg besteet, an zwar an deem Sënn, wann, wéi gesot e Block vun Aktien un eng aner Gesellschaft oder Persoun iwwergeet. Am schlëmmste Fall kann och den Titre dee Moment u Valeur verléieren. A well jo ëmmer méi Gesellschaften op der Bourse hei zu Lëtzebuerg kotéiert ginn, ass de Risiko deementspriechend och méi grouss ginn.

De Problem stellt sech allerdéngs dann och nach aneschters, wann dat mat Gesellschafte geschitt, déi en Appel public à l'épargne gemaach hunn. De Steierzueler gëtt jo op där enger Säit dozou incitéiert fir Aktien ze kafen, well en doduerch och ka steierlech Virdeeler kréien. Op där anerer Säit riskéiert en awer am Fall vun enger OPA, dann awer och gewësse Problemer ze kréien.

D'Demokratesch Partei jiddefalls fënnt et richteg, datt d'Regierung elo virschléit gegebenenfalls och e Gesetzesprojet an deem Sënn auszeschaffen, deen allerdéngs net nëmme soll gëlle fir déi Gesellschaften, déi op der Bourse cotéiert ginn, esou wéi den Här Fayot dat a senger Proposition de loi hei proposéiert huet.

Ech wëll an deem Kontext op en Interview hiweisen, deen de Wirtschaftsminister Henri Grethen ginn huet, wou e ganz kloer gesot huet, datt et onfair wier wa kleng Aktionäre wesentlech schlechter géinge behandelt gi wéi aner Undeelseegner, déi hiren Aktiëpak schonns verkaaft hunn. Natierlech muss een dann och den Impakt ofschätzen, dee ka fir eis Finanzplaz entstoen, wa mer op de Wee vun enger Législatioun géinge goen. D'Fonggeschäft gewënnt jo ëmmer méi u Bedeitung zu Lëtzebuerg a mir hu jo och insgesamt dee legislative Kader gutt ugepasst an all deene Joren. Ech wëll drun erënneren, datt mer d'Gesetz vun 1993 iwwert de Secteur financier schonn x-mol ëmgeännert hunn, fir d'Bankeplaz an d'Finanzplaz esouwäit wéi méiglech attraktiv ze halen a gegebenenfalls nach auszebauen.

Mir sinn also als Demokratesch Partei der Meenung, datt ee sech scho soll Gedanke maache fir e rechtleche Kader ze schafen, wou dann de Principe de l'égalité de traitement fir alleguer d'Aktionäre soll deementspriechend spillen.

Et schéngt och evident ze sinn, egal ëm wéi eng OPA et sech handelt, datt d'Reprise vun den Aktien, déi um Maart sinn, ënnert deeneselwechte Konditioune fir all Aktionären deementspriechend soll geschéien. De Regierungsrot huet festgehalen, datt säi Projet sech soll um europäesche Projet de directive inspiréieren. Dee Projet war jo ënnert der italienescher Présidence schonn diskutéiert ginn an d'Suite dovun ass vu menge Virriedner schonn opgelëscht ginn, esou datt een dat net méi brauch ze maachen. Et dréint och villes ëm dee portugiesesche Kompromëssvirschlag an den Här Fayot huet hei gesot, datt elo schonn d'Europaparlament an och de Conseil sech op en Text konnten eenegen.

Ech wëll iwwregens drop hiweisen, datt schonn 1985 an engem Wäissbuch vun der Europäescher Kommissioun sech Gedanke gemaach gi waren, fir ze légiféréieren.

Här President, mir bewegen eis ouni Zweiwel an engem ganz komplexen Dossier, wou een als Net-Fachmann Schwieregkeeten huet fir doduerch ze gesinn. Dofir sinn ech och der Meenung, datt een natierlech muss e Maximum u Gespréicher mat deene concernéierte Leit féieren. Ech denke virun allem un déi Gesellschaft INVESTAS, datt ee mat deene Leit kuckt inwiefern ee kann dee beschtméiglleche rechtleche Kader schafen.

Ech mengen awer, datt et logesch ass, datt ee soll déi definitiv Négociatiounen um europäesche Plang ofwaarden ier mer hei zu Lëtzebuerg géinge légiféréieren.

Et muss een allerdéngs dem Här Fayot trotzdeem zegutt halen, datt e sech vill Méi ginn huet fir e Kader ze schafen, deen där Problematik do soll Rechnung droen, besonnesch wat d'Informatioun an och d'Kontroll ubelaangt, wou en op de Rôle vun der CSSF higewisen huet.

Allerdéngs ralliéiere mir eis als DP éischter un d'Meenung vun der Regierung, déi an hirem Avis Folgendes zréckbehalen hat. Ech wëll dat kuerz hei zitéieren: „Il est préférable de préparer un texte propre, le rattachement à la loi de 1992 envisagé par la proposition de loi Fayot n'était pas heureux, alors que cette loi ne vise que les sociétés cotées et pas les sociétés faisant appel public à l'épargne en général." Dat ass och eis Meenung, well dat e wesentlechen Aspekt vun där ganzer Problematik ass. Mä wéi gesot nach eng Kéier, ech wëll trotzdeem net déi Méi, déi den Här Fayot sech gemaach huet, minimiséieren, ganz au contraire.

An deem Sënn soen ech Iech merci.

**M. le Président.**- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erënnere mech un en Zitat vun engem ganz bekannte belsche Wirtschaftskapitän, deen och hei zu Lëtzebuerg emol investéiert hat an dee gesot huet: „Petit actionnaire minoritaire: petit couillon, grand actionnaire minoritaire: grand couillon."

*(Interruption)*

Et war den Här Frères.

Wann een elo gesäit wéi déi lescht Uerteeler ausgefall sinn, da bekräftegt dat eng Situatioun, déi mer hei am Land kennen a wou ee gesinn huet, datt an allen aneren europäesche Länner versicht ginn ass fir d'Rechter vum Actionnaire minoritaire ze stäerken. Et ass absolut noutwendeg, datt een dat mécht, esouwuel bei de cotéierte Gesellschaften, wéi bei den netcotéierte Gesellschaften. Mä et ass ëmmer gutt, wann een elo emol schonn den Ufank géing maache bei de cotéierten, an datt herno d'Projets de loi oder d'Propositions de loi permanent amendéiert ginn, datt d'Avisë vum Conseil d'État gefrot ginn, datt d'Chamberkommissioun Amendementer eragëtt fir d'Gesetz ze adaptéieren, fir et méi effikass ze maachen. Ech mengen, dat ass en normale Processus an dee wier héchstwahrscheinlech och geschitt mat där Proposition de loi vum Här Fayot.

Mir si grondsätzlech frou, datt esou eng Proposition de loi erakomm ass, well mer bedaueren, datt d'Regierung jorelaang vun esou Saache schwätzt, mä herno awer keen Text virleien huet, esou datt op Initiative parlementaire eppes gemaach gëtt, fir op déi Mëssstänn opmierksam ze maachen iwwert de Wee vun enger Proposition de loi.

Also mam Prinzip d'accord. Iwwert d'Modalitéite wier et evident gewiescht, datt mir och als ADR-Fraktioun verschidden Amendementer erabruecht hätten. Ech wëll an deem Kontext drun erënneren, datt ech eng Proposition de loi déposéiert hat iwwert den Actionnariat salarié. An där Proposition de loi hat ech gefrot, datt mer sollten eng Protektioun virhuelen en faveur vun dem Actionnariat minoritaire, fir deen Ablack dem Salariat ze erméiglleche verschidde Rechter an enger Gesellschaft geltend ze maachen, wa se Aktionär sinn, an datt se deen Ablack och viru Geriicht, respektiv an der Assemblée générale d'Méiglechkeet hu fir verschidde Punkten op den Ordre du jour ze setzen, fir verschidden Analysen ze froen an Diskussiounen ze provozéieren.

An deem Kontext menge mer, datt et wichteg wier den Actionnariat salarié hei zu Lëtzebuerg ze regelen. D'Regierung hat mer virun annerhallwem Joer versprach si géing dorunner studéieren an e Projet de loi deponéieren. Ech bedaueren, datt dat nach net geschitt ass. Ech weess, et ass keng einfach Matière, mä et wier awer net schlecht, wann ee géing op dee Wee goen. Am selwechte Kontext mengen ech och, datt et gutt wier, wann déi Proposition de loi vum Här Fayot géing op de Métier geholl ginn an datt mer zesumme mat deenen anere Parteien a mat der Regierung géingen un deem Text feilen, fir datt mer am Intérêt vun all deene klengen, minoritairen Aktionären, vun dem Salariat, wat och Aktionär a Gesellschaften ass, Fortschrëtter maachen. An deem Sënn mengen ech, ass dat hei eng gutt Initiativ, déi just nach muss amendéiert ginn.

Merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden**, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, d'Positioun vun der Regierung ass hei vun enger ganzer Rei vun Deputéierte beschriwwe ginn. Ech wëll nach eng Kéier soen, wat den Inhalt ubelaangt hu mer an enger Rei vu Questions parlementaires eis Positioun duergeleecht. Den Här Fayot huet déi hei rappeléiert. Déi war ëmmer d'nämlecht an déi bleift esou wéi an deenen dräi Questions parlementaires ausgedréckt déiselwecht.

Zweetens si mer mat der Finalitéit vun deem d'accord wat den Här Fayot proposéiert. Hei geet et ëm de Schutz, d'Informatioun an d'Gläichbehandlung vu minoritairen Aktionären. Ech hunn iwwregens net gär, wann een den Term „kleng Aktionären" gebraucht, well ganz oft sinn dat ganz räich Leit, déi an dem Inhalt vun där Gesellschaft eng minoritaire Participatioun hunn. Dofir ass et besser, et schwätzt ee vu minoritairen Aktionären.

D'Regierung deelt also d'Finalitéit vun där Proposition de loi. Mir hu schonn eng Kéier gesot, datt mer mengen, et wier net alles doranner an zweetens, dat ass jo och hei gesot ginn, an Zwëschenzäit ass déi Direktiv Enn 2003 ugeholl ginn, an d'Commission d'études législatives am Ministère de la Justice ass amgaangen e Projet de loi auszeschaffen. Do sëtze ganz vill gescheit Leit dran a wat déi méi d'Käpp zesummestrecken, wat déi méi d'Komplexitéit vun där Fro feststellen. Dofir, ech sinn der Meenung, datt déi an deenen nächste Méint de Projet de loi fäerdeg hunn. Ech hunn och schonn oft reklaméiert, mä et ass méi einfach eppes ze reklaméiere wéi den Text selwer schreiwen. Dat do ass eng Matière, wou ee muss technesch richteg leien.

Dofir nach eng Kéier, mir si mat där Finalitéit d'accord. Dat do ass eng gutt Basis, dat kann ee mat abauen an dee Projet de loi, deen d'Regierung da wäert an deenen nächste Méint schreiwen a fäerdeg schreiwen, sou datt dat nächst Parlament, wann dat jo hei den allgemenge Wonsch ass, wéi ech festgestallt hunn, kann direkt héchstwahrscheinlech an deem éischte Joer vu senger Amtshandlung esou e Projet stëmmen.

Merci.

**M. le Président.**- Domadder wär dee Punkt ofgeschloss a mir kéimen elo zur Proposition de loi 4979 vum Här Lucien Lux iwwert de Mobbing. Et sinn agedroe bis elo: déi Häre Glesener, Bettel, Jaerling, Huss an Urbany. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Lucien Lux.

## 7. 4979 - Proposition de loi relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail

***Présentation***

**M. Lucien Lux** *(LSAP), auteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Proposition de loi huet u sech zum Zweck eng Fro ze beäntwerten, déi ongeféier folgendermoosse géing heeschen: Ass et eng Fatalitéit an eisen heitegen Zäiten, dass eis Ekonomie ëmmer méi performant gëtt, dass d'Produktivitéit an och d'Mobilitéit vun de Salariéen ëmmer méi wuessen, zu Lëtzebuerg och an deene leschte Joren ëm ronn 2,5% pro Joer, an op där anerer Säit als Corollaire dozou, d'Mënschen, déi an der Aarbechtswelt e groussen Deel vun hirem Liewe verbréngen, ëmmer méi krank ginn an och ëmmer méi mat neie Gefore vu psychesche Krankheete konfrontéiert sinn?

Mir sollen net naiv sinn ze mengen, dass an enger globaliséierter Ekonomie Leeschtung, wéi ech gesot hunn, Produktivitéit, och an deenen nächste Joren net ëmmer méi wäerte gëllen. Mir sollten och wëssen, dass mer um Niveau vun där, wann ech dat esou kann nennen, sou genannter klassescher Aarbechtssécherheet és net mat 24.000 Aarbechtsaccidenter all Joer kënnen offannen. Den Direkter vun der Gewerbeinspektioun huet dann Ufank 2001 d'Noutwendegkeet vun enger Kulturrevolutioun - dat war säi Wuert - gefuerdert. Den Aarbechtsminister huet deemools an engem Interview am „Lëtzebuerger Wort" vun engem Kräizzuch geschwat, deen noutwendeg wär, fir all deene Geforen, déi an der Aarbechtswelt sinn, entgéintzewierken.

Laut dem BIT, dem Bureau International du Travail vu Genf, leiden haut ronn 10% vun de Beschäftegten u chroneschen Depressiounen, Angschtzoustänn, Erschöpfung, an 28% kéien iwwer Stress oder dat, wat een nennt e Burn-out-Syndrom. De Coût vun der Behandlung vu psychesche Schied bei Salariéë mécht haut innerhalb vun der Europäescher Unioun 3% vum Produit intérieur brut vun der EU aus. 3% kascht eis d'Behandlung, de Coût vun all deene Krankheeten, déi doraus erwuessen. A laut enger Zuel, déi den Aarbechtsminister genannt huet, sinn hei zu Lëtzebuerg ronn 8% vun alle Krankmeldungen zréckzeféieren op Stresssituatiounen oder op psychesch Krankheeten. 8%!

Et geet also drëm, deem Phenomeen entgéintzewierken an ze kucken, wéi mer beim Wäert vun der Aarbecht derfir suergen, dass wann d'Séil op der Aarbechtsplaz krank ass, dass mer da Géigestrategië mussen entwéckelen, dass mer nei Kompetenzen an déi aarbechtsmedezinesch Déngschter mussen erakréien, fir deem Fléau do entgéintzewierken.

Mir hunn d'Opnam vun de psychesche Krankheeten an d'Lëscht vun de Beruffskrankheeten hei an der Chamber an enger Debatt, déi mer haten, an enger Motioun, verworf, obschonn dat an anere Länner schonn eng Praxis ass. Dofir hu mer dës Proposition de loi gemaach, fir en neit Instrument ze ginn an eng nei Méiglechkeet ze gi fir esou Situatiounen an de Betriber kënnen entgéintzewierken.

Ech wëll elo net ze vill laang an deene puer Minutten op d'Definitioun vun dem Mobbing agoen, déi jo bei deene meeschte iwwerholl gëtt vun dem däitsche Soziolog Heinz Leymann, dat ass jiddefalls och, mengen ech, am Ministère deen, dee plus ou moins als deen zréckbehale gëtt, deen de Mobbing als eng Situatioun definéiert, wou eng Persoun ëmmer an ëmmer bewosst, et gëtt esouguer gesot, dat heescht minimum eemol pro Woch während minimal sechs Méint op senger Aarbechtsplaz psychesch terroriséiert oder aggresséiert gëtt. Elementar ass bei der Definitioun, dass et eng systematesch répétitive Atteinte géint d'psychesch a physesch Integritéit vun enger Persoun ass, an domat verbonnen natierlech eng schlëmm Degradatioun vum Aarbechtsklima mat sech bréngt. Dat ka mat Gestë sinn, mat Spréch, mat Behuelen, déi verletzend sinn, demütigend sinn an esou weider.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Vun der Definitioun muss ee soen, datt se sech weiderentwéckelt huet an deene leschte Joren. Frankräich a Schweden hu säit laange Jore légiféréiert op deem Gebitt, d'Belsch och säit kuerzem an och am franséische Code du travail ass d'Element vun der Degradatioun vun de Conditions de travail, déi dozou féiert, dass ee psychesch terroriséiert gëtt, an der Tëschenzäit opgeholl ginn.

Nach eng Kéier d'Zuelen, déi do relativ eng kloer Sprooch schwätzen an der EU, déi Zuelen, déi virleie vu Bréissel: 9% sinn Affer vu Mobbing, 4% vu physescher Gewalt, 2% vu sexueller Belästegung. Dat sinn offiziell Zuelen, a mir wëssen, dass op deem Gebitt offiziell Zuelen och ganz villes verstoppen.

Ech hu gesot, Frankräich an d'Belsch hu légiféréiert. Den Här Dokter Carlo Steffes, de Chef vun eisem Service vun der Médecine du Travail hei am Ministère de Santé, fuerdert sät laangem onmëssverständlech eng legal Basis. Ech mengen, kee besser wéi hie misst wëssen, ob d'Noutwendegkeet dann do wär.

Mir sinn also a Presenz vun enger Proposition de loi a mir sinn a Presenz an der Tëschenzäit - ier ech e puer Wierder iwwert d'Inhalter soen - am neie Statsbeamtestatut, dee mer d'leschte Joer hei gestëmmt hunn, vun enger Dispositioun, déi mer an dee Statut mat erageholl hu fir d'Fonctionnairen, déi folgendermoosse seet: „Le fonctionnaire doit s'abstenir de tout fait de harcèlement sexuel" - dat hate mer schonn a mir hunn derbäigesat: „ou harcèlement moral à l'occasion des relations de travail."

Mir hunn also haut eng legal Basis um Niveau vun der Fonction publique. Mir hu se net um Niveau vum Privatsecteur. Ech wëll elo net verfalen an d'Diskussioun, ob se an deem enge Secteur vläicht méi wichteg wär wéi an deem aneren, mä et kënnt ee mol dovunner ausgoen, dass d'Gefore vum Mobbing am Privatsecteur méi grouss sinn opgrond vun der Drocksituatioun, déi do herrscht, opgrond vum Rôle, deen oft kleng Chefen do spillen. Mä ech mengen, dat loossen ech dohigestallt.

*(Interruption)*

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Et ginn internationall Statistiken, déi soen, d'Mobbinggefor - wuel verstanen - wär am gréissten an dem ëffentleche Secteur an am Gesondheetssecteur. Mä dat ass ëmmer mat Virsiicht ze genéissen.

**M. Lucien Lux** *(LSAP), auteur.*- Loosst mer dat dann elo mol esou do stoen. Dat ass also d'Situatioun um Niveau vun eiser Législatioun am Secteur public.

De Minister, vun deem ech gemengt hat, datt en déi Proposition de loi hei mat oppenen Äerm entgéintholle géif, besonnesch well déi Gewerkschaft, déi em vu wäitem nosteet, den LCGB, fir se net ze nennen, säit Joren op deem Thema seriö geschafft huet an och eng legal Basis gefuerdert huet, huet dat net gemaach. Zwar nodeem d'Proposition de loi vun eiser Säit komm ass, huet déi Gewerkschaft dat net méi esou haart gefuerdert - mä dat huet sécherlech aner Grënn.

Da stellen ech just fest, dass op eemol, wou mer eis eens waren, dass eng legal Basis noutwendeg wär, sech dann de Vocabulaire geännert huet a gesot gëtt, mir musse fir d'éischt emol Informatioun maachen, mir musse Preventioun maachen, ier mer contraignant an d'Gesetz légiféréiere ginn.

Dobäi ass erauskomm, Här Minister, eng Propositioun, déi mer elo am Kollektivvertragsgesetz erëmfannen am heitegen Artikel 25, wou da gesot gëtt, innerhalb vun de Kollektivverträg soll och muer d'Méiglechkeet bestoe fir Dispositioune vu Lutte contre le harcèlement sexuel et moral ze huelen, „dont le mobbing" - gëtt et esouguer genannt. Ech kann nëmme feststellen, an dat kënnt net ëmmer vir, dass ech de Statsrot huelen als Témoin, fir ze soen, dass deen net nëmme seet, dass dat eng Aart a Weis wär esou eng Opléschtung ze maachen, déi am Prinzip net contraignant ass fir d'Sozialpartner, déi kënnen eppes dermat ufänken, awer net mussen. Wa se dat Lettre morte loossen, da loossen se et Lettre morte. Wa se eppes dermat maachen, maachen se eppes. Mä ech mengen, dat ass also wéi gesot fir kee bindend.

Mä wichteg ass virun allem, dass de Conseil d'État a sengem Avis zu där do Dispositioun Folgendes seet: „Il en découle que sous le point 5 du paragraphe 3 toute référence au harcèlement moral ou mobbing, dont les contours sont d'ailleurs des plus flous, est à omettre." Dat ass och eis Appréciatioun. Dat, wat do soll gemaach gi fir de Privatsecteur ass des plus flous. Mir sollten, mengen ech, dat dote bal si loossen an eis wierklech versichen op eng speziell Referenz an eis Gesetzgebung ze kréien, déi et eis erlaabt heigéint virzegoen.

Och muss ech soen, Här Minister, déi Prise de position, déi d'Regierung geholl huet zu där Proposition de loi hei de 4. November 2002, ech wëll se elo net ze vill qualifizéieren, ech muss allerdéngs soen, dass wann d'Regierung bei de Konklusiounen zu gudder Lescht folgende Saz seet, nämlech: „Une interdiction légale du harcèlement légal du mobbing ne fera pas disparaître le phénomène", muss ech soen, et gëtt vill Gesetzgebungen, déi mer maachen a wou mer deen dote Saz och kéinten uwenden.

Dat ass wierklech kee staarkt Argument, an ech hat gemengt, dass een an deem leschten Tiret, wou d'Regierung seet: „Tout en reconnaissant le mérite de la proposition de loi et le bien-fondé de la thématisation du sujet", do hannendrun hätt kënne soen, kucke mer eis dann déi Saach e bësse méi genau un a kucke mer, ob mer eppes dorauser kënne maachen.

***(Interruption)***

Ech si mer bewosst, Här Minister, dass sécherlech déi Proposition de loi hei net perfekt wäert sinn an dass een, wéi an all Prozedur, de Chambres professionnelles an aneren, dat doten och zur Diskussioun, zur Berodung, zum Avis muss ginn. Do si sécherlech nach Saachen dran, déi ee besser ka maachen an déi een ännere kann, mä ech mengen, si huet de Mérite, dass se existéiert. An ech géing mer vum Débat haut wënschen - och wa mer wëssen, dass mer dat doten, wéi vill aner Projeten, net méi bis den 13. Juni 2004 ënner Dach kréien -, dass dat heiten d'Basis kéint si fir en neit Parlament, eng nei Majoritéit an eng nei Regierung, déi sech dem Sujet schnell géif unhuelen, well op Grond vun den Zuelen, déi ech lech genannt hunn, mengen ech, géif eist Land, wéi eis Nopeschlänner an aner Länner an der EU, ganz schnell eng Législatioun verdroen, déi sech de physesche Krankheeten an dem Mobbing géing entgéintwierken. Ech mengen, dass dat eng gutt Saach wär.

Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Ech soen dem honorabelen Här Lux merci fir d'Presentatioun vu senger Propositioun de loi an ech ginn deem éischten ageschriwwene Riedner, dem honorabelen Här Marcel Glesener, d'Wuert. Här Glesener, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion***

**M. Marcel Glesener** *(CSV).*- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, déi virleiend Propositioun vun eisem Kolleeg Lucien Lux huet de Mérite, d'Problematik vu Jugend a Mobbing op der Aarbecht nees an de Vierdergrond ze stellen. Lëtzebuerg ass keng Mobbing-fräi-Zon. Datt de Psychoterror och um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart eng Realitéit ass a fir mënschlecht Leed suergt, beweist d'Schafung - an den Här Lux huet et gesot - vun enger Berodungsstell, déi fir d'éischt am Kader vum LCGB funktionéiert huet, an elo zënter véier bis fënnef Joer op enger autonomer Basis ënnert der Form vun enger A.s.b.l., an zwar der A.s.b.l. Mobbing, funktionéiert.

De Mobbing ass ee gesellschaftleche Problem, dee schwéierwiegend Konsequenze mat sech bréngt. De Mobbing huet nämlech net nëmmen Inzidenzen op de gesondheetlechen Zoustand vun den Affere vum Mobbing, mä d'Betriber selwer, an doriwwer eraus d'Gesellschaft, bleiwen net vun den negative Konsequenze vum Mobbing verschount. Den Här Lux huet dat hei mat Zuele bewisen, Konsequenzen, déi ënner anerem zu enger Reduktioun vun der Produktivitéit féieren oder och Méiausgabe bei de Krankekeese bedeiten; et ass also wichteg, dëse Phenomeen an de Grëff ze kréien.

Den Här Lux mengt, et misst een dat iwwert de Wee vun engem Gesetz maachen. Ech ginn ze bedenken, ouni dee Wee awer auszeschléissen, dass, wann een dëse Wee alleng aschléit, et och schonn ze spéit ass. Dofir ass et a mengen Ae méi dréngend a méi produktiv d'Leit, siefen dat d'Salariéen oder d'Patronen, regelméisseg iwwert dës Problematik ze informéieren an e regelrechten Dialog ze provozéieren. Dat soll esouwuel um Niveau vun der Regierung, wéi och um Niveau vun de Gewerkschafte geschéien, déi mateneen op dësem Terrain schaffe sollen.

Preventiv handelen um Niveau vum Betrib, ass fir mech och déi beschte Garantie, fir géint de Mobbing op der Aarbechtsplaz virzegoen; do si virun allem d'Patronë gefuerdert. Mir sinn der Meenung, dass d'Betriber eng sozial Verantwortung hunn. De sozialen Aspekt, an anere Wierder alles dat, wat mat Aarbechtsklima an Aarbechtskonditiounen ze dinn huet, soll Deel vun der Betribspolitik ginn, déi sech net nëmme méi op de reng wirtschaftlechen Aspekt reduzéiere soll. Nëmmen duerch de Sozialdialog tëschent de Sozialpartner ass et méiglech allgemeng Prinzipie festzehalen, déi de Mobbing verhënnere sollen, respektiv Moossname festzeleeën, déi am Fall vun engem Mobbing musse geholl ginn.

De Projet de loi iwwert de Kollektivvertrag, dee mer am Moment an der zoustänneger Kommissioun amgaange sinn ze diskutéieren, gesäit vir, dass d'Sozialpartner praktesch verflicht ginn, iwwer esou Moossnamen am Kader vun engem Kollektivvertrag ze verhandelen. De Statsrot huet a sengem Avis zu dësem Projet gemengt, et bräicht een net all d'Punkten, déi vun de Sozialpartner verhandelt solle ginn, detailléiert am Gesetz festzehalen.

Do stellt sech d'Fro, ob een an dësem Punkt dem Statsrot Rechnung droe soll oder net, oder ob et besser wier den Text esou ze beloossen, wéi d'Regierung e virgesäit. Perséinlech mengen ech, dass et wichteg ass, d'Fro vun der Bekämpfung vum Mobbing op der Aarbechtsplaz am Kader vun engem Kollektivvertrag festzehalen, egal ob d'Gesetz iwwert de Kollektivvertrag dat festhält oder net.

Informatioun a Preventioun, dat sinn a mengen Aen déi zwou grouss Achsen op déi ee Wäert leeë muss. D'Iddi vun enger Bestrofung vum Mobbing ass net ze verwerfen, mä si ass bei wäitem net prioritär. Ausserdeem hu mir schonn Texter, déi Mobbing, wann och indirekt, verbidden. Ech denken do un d'Gesetz vum 17. Juni 1994 iwwert d'Sécherheet an d'Gesondheet vun den Aarbechter. No den Artikele 4 a 5 vun dësem Gesetz huet de Patron d'Verflichtung d'Sécherheet an d'Gesondheet vun all sengen Aarbechter ze garantéieren, an dat an all sengen Aspekter.

Ech deelen der Regierung hir Meenung, déi zum virleienden Text de 4. Juli 2002 en Avis ofginn huet, wou se mengt, dass d'Bekämpfung vum Mobbing ee laange Prozess ass, ënner anerem well - an den Här Lux gëtt dat selwer an der Motivatioun vu sengem Text zou - et schwéier ass, den Harcèlement moral ze definéieren. Et muss een also ganz genau iwwerleeën, wéi een de Mobbing definéiert.

Ech sinn der Meenung, dass d'Definitioun vum Här Lux net kloer genuch ass. Dës Definitioun mécht ënner anerem een Amalgam tëschent den Ursaachen an de Konsequenze vun engem Mobbing. Ech ginn ze bedenken, dass d'Schafe vun engem „environnement intimidant, hostile, dégradant, humiliant ou offensant" eng Konsequenz fir Mobbing ass, an net ee Kritär fir de Mobbing ze definéieren. Dee virleienden Text riskéiert fir fir méi Interpretatiounsschwieregkeeten ze suergen, wéi de Mobbing ze bekämpfen, wat jo eigentlech säin Zil ass.

Ech erënneren och drun, dass am Kader - an den Här Lux huet dat och gesot - vun der Reform vun dem Statsbeamtestatutgesetz den Harcèlement moral definéiert gouf. Ech fannen et méi logesch, well een hei bei de Salariéen déiselwecht Definitioun vum Harcèlement moral zréckbehale géif.

Dësen Text gëtt just eng Definitioun vum Mobbing, e geet awer net an den Detail an op déi Moossnamen an, déi misste getraff ginn, fir de Mobbing ze bekämpfen. Et ass doweinst scho wichteg, dass dësen Aspekt vun de Sozialpartner, am Kader vun de Kollektivvertragsverhandlungen, muss diskutéiert ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi ech dat scho virdru gesot hunn, mat engem Gesetz alleng erreeche mir net alles, a scho guer net wann een net virdrun alles um Niveau vun der Sensibiliséierung an der Preventioun gemaach huet. Et kann een ausserdeem och eréischt eppes sanktionéieren, wann ee kennt, wat kloer erlooss ginn ass, wat nach net de Fall ass. Dat war d'Positioun a menger Fraktioun zu de virleiende Gesetzespropositioune vun eisem Kolleeg Lucien Lux.

***(Interruption)***

Ech sinn awer der Meenung, datt et wichteg an noutwendeg ass, datt déi Proposition de loi an d'Kommissioun zréckgeet oder an d'Kommissioun geet, wou mer dann, zesumme mat der Regierung, versiche fir zu enger Konklusioun ze kommen a Form vun engem Rapport, fir dann nach eng Kéier an d'Chamber ze kommen, fir ofschléissend déi Moossnamen ze treffen, déi noutwendeg an och wichteg si fir hei an eisem Land duerchgefouert ze ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Glesener. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Xavier Bettel ageschriwwen. Här Bettel, ech ginn lech d'Wuert.

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech mech och de Wierder vum Här Glesener uschléissen an dem Här Lux merci soen, dass en hei e Sujet soulevéiert huet, dee ganz wichteg ass, dee vum Harcèlement moral op der Aarbechtsplaz.

Ech hu fir d'éischt den Text vu senger Proposition de loi gelies an do muss ech nach eng Kéier menge Wierder dem Här Glesener senge Wierder uschléissen a soen, dass fir mech d'Definitioun e bësse flou ass.

Wann een d'Definitioun vum Här Lux liest, da kann ee selbstverständlech ganz vill Interpretatiounen dra gesinn, mä virun allem, den Harcèlement moral ass och esou eppes. Wat fir deen een en Harcèlement ass, ass fir deen anere keen. Selbstverständlech sinn d'Sensibilitéite vun de Leit ganz verschidden, déi eng fannen et en Harcèlement moral, wa se gesot kréien, si misste pünktlech op der Aarbecht sinn, anerer fannen en Harcèlement moral, wa se iergendeng Bemierkung gemaach kréien, déi net béis gemengt wor. Dat heescht, den Harcèlement moral ass eppes wou d'Sensibilitéit vun de Leit ganz wäit ausernee geet.

Ech si ganz averstanen, dass et e ganz grousse Problem ass. Et gëtt den Harcèlement moral an den Harcèlement moral! Et gëtt den Harcèlement, wou een deem enge seet: Hei, du gesäis haut midd aus, dat ka souguer ee verstoen als en Harcèlement, esou wéi en aneren dat net esou géif fillen. Ech fannen et op jidde Fall ganz wichteg, dass, gesitt Der, den Här Lux wëllt eis elo schonn harceléieren…

**M. Lucien Lux** *(LSAP), auteur.*- Neen, den Här Lux wëllt lech eng Fro stellen.

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Ech gi gemobbt!

***(Hilarité)***

**M. Lucien Lux** *(LSAP), auteur.*- Ech respektéiere jo total, dass den Här Glesener an och Dir elo sot, déi Definitioun an der Proposition de loi wär net prezis genuch. Da froen ech mech allerdéngs, wéi Der virun engem Joer de Statsbeamtestatut gestëmmt hutt, wou et keng Definitioun gëtt, wou einfach nëmme steet „le harcèlement moral", wou Der dat da konnt stëmmen an net och do op d'Tribün gaange sidd an lech dogéint verwiert hutt, dass mer eppes an d'Gesetz fir de Secteur public schreiwen, wat esou konturlos an ouni Detailer ass wéi dat doten. Dat verstinn ech allerdéngs net.

***(Interruptions diverses)***

**Une voix.**- Et stoung jo am Exposé des motifs.

**M. Xavier Bettel** *(DP).*- Am Exposé des motifs, deen d'Regierung déposéiert huet, war dat ganz gutt erkläert, an ech fannen haut einfach d'Positioun vun der Regierung, déi hei seet et misst ee fir d'éischt d'Sensibilisatioun, dann d'Preventioun, d'Mediatioun an d'Repressioun préconiséieren, richteg. Ech fannen et soll een net mat der Repressioun ufänken an direkt strofen, ouni dass een emol d'Leit opkläert an dann d'Preventioun an d'Mediatioun ze maachen. Ech mengen, dass déi Propositioun vun der Regierung op jidde Fall déi ass, déi mir och deelen.

Ech hu virun allem e ganz grousse Problem, an dat ass dee vum Beweis, dat ass den Artikel 7 an där Proposition de loi vum Här Lux, dee seet: „Lorsqu'une personne qui justifie d'un intérêt établi devant la juridiction compétente des faits qui permettent de présumer l'existence de harcèlement moral à l'occasion des relations de travail, la charge de la preuve qu'il n'y a pas eu d'harcèlement moral incombe à la partie défenderesse." Dat ass e Renversement vun der Charge de la preuve awer à 100% - à 100%!

Beim Harcèlement sexuel hu mer eng Mëschung gemaach, do war et am Ufank esou am Text virgesinn, mä dunn hu mer awer dat e bësse modifiéiert, fir dass et awer net esou sec drasteet. Hei an där Proposition de loi geet et duer wann ech soen ech wär harceléiert ginn, fir dass dann deen aneren, dee gesot kritt, en hätt harceléiert, beweise muss, dass en net harceléiert huet. Also fir mech ass dat ganz schlëmm! Gelift?

***(Interruption)***

Op jidde Fall ass et guer net esou einfach. Also fir d'éischt fannen ech d'Charge de la preuve, d'Incombatioun vun der Charge de la preuve hei ganz, ganz schwéier fir déi Persoun, wann et einfach duergeet ze soen, ech sinn deen Dag harceléiert ginn. Et ass Ausso géint Ausso, an dat heescht da wäerten och d'Riichteren domadder ganz, ganz vill Schwieregkeeten hunn.

A virun allem och, dat war eppes wat ech och scho beim Harcèlement sexuel gesot hat, dat heescht wann Dir op d'Geriicht gitt an Dir sot, ech sinn deen Dag harceléiert ginn, da geet Är Pai normalerweis och nach weider. Dat hu mer beim Harcèlement sexuel, dat heescht op jidde Fall Dir kënnt Är Pai weider froe bis de Fall tranchéiert ass. Eng Procédure, wann do nach Appel ass, dat ka sechs, aacht, zéng Méint daueren, a stellt lech emol vir, duerno tranchéiert de Riichter, et wär keen Harcèlement do gewiescht! Dann huet de Salarié zéng Méint, eelef Méint Pai zréckzebezuelen! Ech froe mech wéi déi Situatioun da gëtt, wann een esou Dispositiounen awer stëmmt, an a wéi enger Situatioun duerno sech den Employé befënnt, deen déi Suen zréckbezuele muss.

Op jidde Fall fannen ech keng pleine Satisfaktioun. Ech fannen et ganz wichteg, dass mer den Text an dass mer de Sujet hei debattéiert hunn. Ech mengen et ass e wichtege Sujet. Mä et gëtt elo knapp fir elo nach en Text ze stëmmen an deenen nächste Wochen, déi eis nach iwwreg bleiwen, mä ech ka mer virstellen, dass dat eng wichteg Saach ass, an ech wëll dem Här Lux nach eng Kéier merci soen…

***(Interruption)***

Ech weess, Här Minister, mä et schéngt emol wéi wann en nach net géif an deenen nächste Wochen, déi mir nach hunn, an der Chamber gestëmmt géif ginn. Ausser, Dir sidd och Minister mat de Relatioune mam Parlament, Dir wësst vläicht méi, mä op jidde Fall schéngt et mengen Informatiounen no wéi wann e virum 19. Mee nach net gestëmmt géif ginn. Op jidde Fall kann ech net den Accord vun der Demokratescher Partei bréngen zu där heiter Proposition de loi.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Bettel. Als nächste Riedner ass

den honorabelen Här Aly Jaerling ageschriwwen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, trotz allem och Félicitatioun fir dem Här Lux seng Initiativ, well et effektiv Problemer um Aarbechtsmaart an deem Sënn gëtt. Mä och wann ech awer dem Här Lux seng Initiativ wëll begréissen an och ka begréissen, esou wëll ech awer trotzdeem zur Virsiicht opruffen, well de Gesetzesvirschlag esou wéi en hei virläit - bon, den Här Lux huet och gesot e wär net an all sengen Detailer, et kënnt een en nach feilen; ech huelen och un, dass mer dat da maachen - kann awer trotz allem zimlech vill Konsequenzen op d'Aarbechtswelt kréien.

Ech hu mech elo, wéi ech dat dote gelies hunn an och schonn eng Rei Méint wou déi Diskussioun iwwer Mobbing an Harcèlement an der Diskussioun ass, gefrot wat dat dann iwwerhaapt ass. Dunn hunn ech gekuckt wéi ee mech da kann harceléieren. Mech kann ee schonn harceléiere wann ee mer eng Aarbecht gëtt!

*(Hilarité)*

Et wäert jo awer hoffentlech net dat sinn! Ech hu mech hei de Mëtteg harceléiert gefillt wéi d'Regierung meng Proposition de loi ofgelehnt huet. Du war ech zudéifst betraff, mä ech hunn et iwwerlieft. Ech froe just, ob dës Proposition de loi net an eng geféierlech Richtung kënnt féieren oder ob iwwerhaapt, wa mer gesetzlech Dispositioune schafe fir den Harcèlement, dat net an eng geféierlech Richtung féiert.

Gi mir net an eng Richtung, wou op eemol all zwëschemënschlech Bezéiungen oder och Aarbechtsrelatioune vun de Geriichter musse geregelt ginn? An dann huet den Här Bettel dat richteg hei ugeschnidden, nämlech de Renversement de la preuve. Doriwwer hu mir eis och scho Gedanke gemaach, an do soen ech, dass dat op kee Fall - op kee Fall! - kann antrieden, dass mer awer elo higinn a mat esou engem Gesetz all Rechtsprinzipien op d'Kopp geheien, an dass deen, dee beschëllegt gëtt, dann op eemol muss d'Preuve bréngen, dass en eppes net gemaach huet!

Ech mengen, déi Diskussioun hate mer effektiv och schonn hei beim Harcèlement sexuel, an et kann op kee Fall an esou eng Richtung goen! Dat ass op jidde Fall eppes wat mer net däerfen toleréieren a wat op kee Fall och däerf jeemools an iergendee Gesetz stoe kommen. Ech mengen, dat wär total falsch, well soss hu mer wierklech eng Lawin vu Prozesser, déi mer net méi Meeschter ginn. An ech mengen eis Geriichter hunn elo schonn Aarbecht genuch, fir dann och nach mat esou Saache befaasst ze ginn. Ech mengen, dat wär wierklech net vertrietbar!

An da riskéiere mer och net, wann am Virfeld bekannt gëtt, dass et esou e Gesetz gëtt, schonn eng Rei vun Entloossungen, well einfach déi Patronen - dat kann ech lech awer soen, well ech d'Praxis kennen - da jo awer net grad déi Leit halen, déi hinnen ëmmer erëmmaulen a mat deenen se Problemer hunn. Ech mengen et muss een och emol antizipéieren a kucke wat ka geschéien ier dat Gesetz iwwerhaapt kënnt, wat ka geschéie wa gewosst gëtt, dass esou e Gesetz op den Instanzewee geet. An do wäerte jo déi Leit, déi fäerten dovunner betraff ze ginn oder déi musse wéinst deem Gesetz do bezuelen, dann iergendwéi och wëssen sech dogéint ze wieren.

Dofir froen ech mech, ob et net méi sënnvoll wier ze versichen, all déi Problemer, déi vun de Gewerkschaften an deem Sënn opgeworf ginn, mat deenen Instrumenter ze léisen, déi mer de Gewerkschaften an de Betriber zur Verfügung stellen. Mir hunn iwwer 2.000 Personaldelegéierter an de Betriber, a mir hunn och do gradsou vill Gläichheetsdelegéierter. Wier et net méi sënnvoll fir deenen hir Kompetenzen an hir Formatioun eben am Zesummenhang mam Mobbing a mam Harcèlement auszebauen? Ech mengen dat géif sécherlech manner Problemer schafen an - wat wichteg ass - de Salariéen an de Betriber och manner Prozesser bréngen, a géif am Endeffekt och manner kaschten.

Bestinn net elo scho Fuerderunge vun de Gewerkschaften, d'Effektiver an d'Weiderbildung vun de Personaldelegatiounen auszebauen? Dat ass déi prinzipiell Fro, déi sech fir eis elo stellt. Op jidde Fall kënne mer net mat op de Wee goe wou mer ganz genau d'Konsequenze kennen a wou mer méi Schued an de Betriber an och bei den zwëschemënschleche Bezéiungen uriichte wéi mer menge guttzemaachen. Och wann ee kann domat d'accord sinn, dass all Aart vun Harcèlement d'Dignitéit vun enger Persoun verletze kann, esou muss een awer och oppasse wéi wäit, dass ee geet. Well de Mënsch ass en Individuum, deen ee méi an deen anere manner sensibel. Dat awer kann een a kengem Gesetz definéieren, well jiddferee fillt sech op iergendeng oder déi aner Aart a Weis betraff.

Dofir nach eemol: Et schéngt mir méi wichteg, déi Schutzinstrumenter, déi mer fir d'Salariéen agebaut hunn, auszebauen, an et schéngt mer och wichteg awer wat den Här Glesener gesot huet, nämlech bei der Reform vum Kollektivvertragsgesetz d'Dispositiounen dranzesetzen, dass d'Sozialpartner eng Obligatioun hunn an déi Richtung ze wierken. Mir musse versichen, an dat ass wichteg, mat de Patronen zesummen - well do entsti jo d'Problemer - Léisungen ze fannen an dann och déi néideg Instrumenter anzesetzen, fir dass dat an engem vernünftege Rahme bleift. Verhënnere kann een et, menger Usiicht no, souwisou net.

Doniewent, wat och nach wichteg ass, muss een onbedéngt Sensibiliséierungscampagnen organiséieren, fir déi zwëschemënschlech Bezéiung tëschent dem Employeur an dem Salarié ze verbesseren, awer och ënnert de Salariéë selwer, well et sinn net ëmmer Problemer tëschent dem Patron an de Salariéen, mä et sinn och eng ganz Rei Problemer tëschent de Salariéë selwer. An ech ka mech erënnere wéi ech jonk war, wann iergendeen oder deen aneren eis emol uschmiere gaangen ass, ech mengen dann hu mer deen och harceléiert. Mä gutt, dann hate mer awer eis Ursaach.

Mä wat awer an deem Ganzen net däerf vergiess ginn, dat ass och wa mer et kollektivvertraglech festleeën, et ass fir mech onbedéngt wichteg, dass mer musse kucken an all deene Betriber, wou et keng Kollektivverträg gëtt, wou et keng Delegatioune gëtt, dass mer do awer Persoune kënnen asetzen oder iergendwéi Méiglechkeete fannen, fir déi intern mat deenen zwëschemënschleche Bezéiunge vun de Leit oder tëschent de Leit an dem Patron effektiv kënnen ze befaassen, well an der Fonction publique ass et nämlech esou, wann ech elo d'Gläichheetsdelegéierte kucken, déi ginn nëmmen agesat an deene Servicer, wou keng Personaldelegatioune sinn, an am Privatsecteur do gi se iwwerall agesat.

Wa mer an d'Richtung gaange wären, dass mer do wou keng Personaldelegatioune sinn, och keng Gläichheetsdelegéierte gemaach hätten, well do eng Delegatioun ass, mä awer dofir an deene Betriber ënner 15 Leit vläicht e Gläichheetsdelegéierten agesat hätte mat deene Missiounen, dann hätt een op deem Wee kënnen dat Geld, wat dat elo d'Betriber kascht, do investéieren. Dann hätten déi Betriber eventuell en Uspriechpartner gehat tëschent dem Employeur an dem Salarié, ouni dass eng Delegatioun do ass. Dat ass meng perséinlech Iddi, mä et kann een dat awer nach ëmmer nohuelen. Dann hätte mer vläicht méi geschafft, wéi eng stur Gesetzgebung anzeféieren, déi méi Problemer schaaft wéi se der léist.

Et dierf een och net vergiessen, an dat weist eis d'Praxis, egal wat mer maachen, ob mer légiféréieren oder iwwer Kollektivvertrag fueren, am Endeffekt ass meeschtens ëmmer de Salarié deen Domme bei der Saach, dee muss d'Konsequenzen droen. Dat solle mer eis bewosst sinn, och wa mer elo e Gesetz maachen, wou de Salarié kënnt kloe wann en harceléiert gëtt. Wat ass d'Enn vum Lidd? E verléiert seng Aarbecht. Dofir schéngt et mer méi sënnvoll dat versiche betribsintern ze léisen.

Mir verstinn dem Här Lux seng Initiativ a mir hunn och absolut kee Problem domat, dass se an der zouständeger Kommissioun weider analyséiert gëtt, bleiwen awer bei deem wat ech am Numm vum ADR virbruecht hunn, a warnen nach eemol virun ze vill Dirigismus am Zesummenhank mat zwëschemënschleche Bezéiungen.

Dem Här Lux seng Proposition de loi huet all Mérite an ech wier dofir, dass mer se sollen an der Kommissioun nach eng Kéier diskutéieren, an da mam Här Biltgen zesummen an der nächster Regierung dat finaliséieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Als nächste Riedner ass den honorablen Här Jean Huss ageschriwwen. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Ënnerscheed zum honorablen Här Jaerling, dee gewarnt huet virun ze vill Dirigismus, géif ech hei awer warne virun enger Verharmlosung a vun engem Zerriede vum Problem vum Mobbing, deen a mengen Aen e ganz seriöe Problem ass op den Aarbechtsplazen an deen ouni Zweiwel an deene leschte Joren zougeholl huet, a wou ee sech dann effektiv muss d'Fro stellen, ob et duergeet just mat Sensibiliséierung, mat Preventioun, mat Vereinbarungen um Niveau vun de Kollektivverträg, oder ob mer net wierklech awer eng gesetzlech Regelung dofir géife brauchen.

Ech géif soen, dass mir als Gréng éischter an déi Richtung tendéieren, déi den Här Lux uginn huet, woubäi een natierlech kann iwwer eenzel Elementer a senger Proposition de loi, besonnesch wat d'Definitiounen ubelaangt, diskutéieren. Dat kann een an der Kommissioun maachen, mä mir géifen awer éischter dozou tendéieren, fir an eng gesetzlech Regelung ze goen, niewent deenen anere Léisungen, déi ee jo ka parallell dozou virgesinn.

Wann ech soen, dass de Mobbing an d'Gewalt op der Aarbechtsplaz net sollen zerriet a verharmlost ginn, da wëll ech dat vläicht eng Iddi méi breet betruechten andeem een insgesamt muss feststellen, dass de Mobbing an d'Gewalt an eiser Gesellschaft an deene leschten 20, 25 Joer, géif ech emol soen, zougeholl hunn. Well dee Mobbing an déi Gewalt gëtt et net nëmmen op den Aarbechtsplazen. Dat héiere mer ëmmer erëm och an eise Schoulen oder um Schoulwee. Mir gesinn et am Stroosseverkéier, mir gesinn et an de Medien, op ville Plaze gesi mer, dass d'Aggressivitéit oder d'Bereetschaft zur Aggressioun an zur Ënnerdréckung vun aneren zougeholl huet, an do musse mer eis vläicht emol méi déif gehend Gedanken driwwer maachen, firwat dass dat esou ass.

Aus menger Vue ass dat esou, well mer an enger Gesellschaft liewen an deene leschten 20, 30 Joer, déi zounehmend ëmmer méi eng Gesellschaft ginn ass vun den lelebéi a vun der Konkurrenz, vun engem Verhale jidderee géint jiddereen, wou déi Staark déi méi Schwaach mat de Féiss trëppelen. Et ass e Wirtschafts- a Gesellschaftsmodell, dee sech an de leschten 20, 30 Joer an de Länner an Europa an och bei eis ëmmer méi duerchgesat huet, wat mir bedaueren, wou de Mënsch ëmmer méi zur Wuer ginn ass, a wou am Fong esou Gedanke wéi Solidaritéit, wéi Zesummenhalen an esou virun, ëmmer méi an den Hannergrond geréckelt sinn.

Dat ass natierlech méi eng politesch, méi eng philosophesch Considératioun, mä et ass dat, wat sech dann natierlech och um Niveau vun den Aarbechtsplazen erëmspigelt.

Den Här Lux huet a sengem Exposé des motifs vu senger Proposition de loi eng ganz Rëtsch vun Zuelen uginn. Ech wëll déi vläicht just komplettéiere mat engem eenzege Bericht, deen en europäesche Bericht ass, deen heescht „Preventing violence and harassment at the workplace“, deen elo virun zwee Joer erauskomm ass, vun der europäescher Stëftung „für die Verbesserung der Lebens- und Arbeitsbedingungen“, déi zu Dublin situéiert ass, an deem eng ganz Partie vun awer wierklech beonrouegenden Zuele genannt ginn.

Et gëtt gesot, dass bis elo an der Moyenne bei de Salariéen an den europäesche Länner ronn 10% sech duerch Mobbing, sief et duerch physesch oder psychesch Gewalt op der Aarbechtsplaz belästegt géife fillen oder scho gefillt hunn. An et gëtt do ënnerscheet tëschent verschiddene Forme vun deene Belästegungen. Dat si Belästegungen, déi kënne kierperlecher Natur sinn, wierklech kierperlech Gewaltuwendung, mä vill méi heefeg ass déi sou genannt psychesch Gewalt. Et gëtt nach en aneren Term wéi Mobbing dofir, deen heescht „bullying“, Einschüchterung, tyranniséieren.

*(Interruption)*

Dee gëtt et an deem Beräich, haaptsächlech wat d'Intimidatioun ubelaangt an dat soll e Phenomeen sinn, dee ganz verbreet ass.

Da gëtt ënnerscheet am Bericht iwwert déi Etüd tëschent Gewalt beispillsweis par rapport zu Fraen, a sexueller Gewalt, déi ganz heefeg an de Betriber do wier an allen europäesche Länner, déi awer zum Beispill aus Angscht virun Ausgrenzung oder aus Angscht virun Aarbechtsplazverloscht oder och nach aus anere Grënn ganz oft doutgeschwiege géif ginn, vun där net géif geschwat ginn. Et gëtt an der Etüd geschwat vu rassistesche Belästegungen an de Betriber, eng Belästegung, déi och ganz grouss verbreet wier. Et gëtt zum Beispill och bericht a Betriber, dass et zu Belästegunge kënnt wéinst der geschlechtlecher Orientéierung, dat heescht géint Leit, déi homosexuell oder lesbesch sinn.

Dat sinn am Fong eng Rëtsch vu verschidden Aarte vu Belästegungen, kierperlech, physesch an da par rapport zu verschiddene Gruppen.

Den allgemengen Hannergrond an d'Ursaach dovunner ass deen, deen ech am Ufank geschildert hunn, déi allgemeng Aggressiounsbereetschaft an eiser Gesellschaft, déi gefördert ginn ass an deene leschten 20 Joer, déi een och an de Betriber ka feststellen. Da ginn et spezifesch betribsgebonne Facteuren. Déi kënnen ze dinn hu mat der Aarbechtsorganisatioun, mat der Führung vum Betrib, mat dem Organisatiounsstress, mat der Qualitéit vun den Aarbechtsbedéngungen, mat Facteuren, déi och mat der Organisatiounskultur am Betrib ze dinn hunn, an natierlech mat dem Stellewäert vun de Gewerkschaften, a mam Wäert, deen déi bei Kollektivverträg oder um Niveau vun den Delegatioune leeën op eng Ausbildung vun hire Leit, op eng Förderung vun hire Leit, wat friddlecht Zesummeliewen, wat de Respekt, wat d'Toleranz an esou virun ubetrëfft.

Wat d'kierperlech Gewalt ubetrëfft, gëtt an där europäescher Etüd dovunner geschwat, dass se géif zouhuelen, an dass tëschent 2 an 10% vun der Bevölkerung an de Betriber sech doriwwer géife bekloen, an dass et eng Rei vu Risikoberuffer dofir géife ginn, déi am meeschte vu kierperlecher Gewalt betraff wieren. Dat wier besonnesch a Beruffer vum Gesondheetswiesen, bei der Polizei, a sozialen Déngschter, bei Taxifuerer, Hotel- a „catering service“-Beschäftegter, Sécherheetspersonal an och Enseignanten. Déi ginn als déi Beruffer genannt, wou deelweis och kierperlech Gewalt am heefegste géif virkommen.

Déi psychesch Belästegung ass ganz oft verbonne mat sexueller Belästegung par rapport zu Fraen. Bei 5 bis 10% schéngt dat de Fall ze sinn, a wann een elo kuckt, wéi déi eenzel Länner virgaange si vis-à-vis vun dësem Problem vu Mobbing, oder vum „bullying“, da gëtt et Ënnerscheeder an der Europäescher Gemeinschaft.

Et ginn eng Partie vu State wéi beispillsweis Schweden, Frankräich, d'Belsch, Holland a Finnland, déi nei Gesetzer entwéckelt hunn. Da gëtt et aner Staten, wéi zum Beispill Irland oder England, déi gemengt hunn, déi bestehend Gesetzgebung an de Beräicher Strof- an Zivilrecht, Gesondheet a Sécherheet op der Aarbecht géifen duergoen, an da schéngt et esou ze sinn, wéi wann Dänemark a Lëtzebuerg, schreiwen se hei, géifen éischter op aussergesetzlech, op net gesetzlech Moossname setzen, wéi zum Beispill d'Verhalensregelen a Kollektivvertragsvereinbarungen a verschiddene Beräicher. Sou gëtt dat hei duergestallt beim Verglach vun den europäesche Länner. Ech mengen den Här Biltgen kann herno nach eng Kéier drop zréckkommen.

Mä wann ee gesäit, wat den Här Lux och hei gesot huet, wat dat e Käschtepunkt huet, wat de Folgekäschtepunkt ass vun deem Mobbing op der Aarbechtsplaz, dann ass dat eng Saach, déi absolut net ze vernoléissegen ass. Wann ee gesäit, dass eleng de psychesche Mobbing d'Aarbechtsproduktivitéit an de Betriber - et ass ausgerechent ginn - ëm mindestens 2% géif reduzéieren, dann heescht dat, dass et also net nëmmen de Problem ass vun deene Leit, déi betraff sinn, déi gesondheetlech Problemer, séilesch Problemer domadder hunn, mä och d'Aarbechtsproduktivitéit schéngt do erofzegoen.

Als Folge gi weider genannt, méi héijen Absentéismus op der Aarbechtsplaz, Gesondheetsproblemer, staark Personalfluktuatiounen, vill manner Satisfaktioun mam Job selwer an esou virun, an dann am äußerste Fall, wéi gesot, Gesondheetsstéierunge bis hin an eenzelne Fäll zu Suiciden, déi hei opgezielt ginn. Et kéinten also souwuel vill gesondheetlech Folgekäschte évitéiert ginn, mä och finanziell a wirtschaftlech Folgekäschte kéinten évitéiert ginn, wann et an de Betriber eng besser, vill méi eng solidaresch Betribskultur géif ginn.

Do ass op der enger Säit natierlech de Patron gefuerdert, fir dofir ze suergen, mä och d'Gewerkschaften iwwer hir Delegatiounen an iwwert d'Kollektivverträg hunn do eng Aufgab ze spillen, fir et ze maachen. Et ass net iwwer een eenzelt Element, wou mir dee Problem kënne léisen. Mir mengen awer, dass een un all déi eenzel Elementer misst erugoen an enger positiver Vue, an eben och, wéi den Här Lux et gemaach huet, iwwer eng gesetzlech Regelung, eng gesetzlech Regelung, déi mir och fir noutwendeg halen, fir parallell

zu anere Mesuren deem dote Phenomeen kënnen zu Leif ze réckelen an e wéinegstens schrëttweis anzedämmen.

Wéi gesot, quitte datt een iwwer eenzel Detaildefinitioune kann diskutéieren an der Propos vum Här Lux, si mer och där Meenung, dass een an déi Richtung vun enger gesetzlecher Léisung sollt goen.

Merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Huss. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Urbany ageschriwwen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Merci. Wéi d'Regierung an hirer Stellungnahm zu Recht, menger Meenung no, ervirrifft, huet den Iwwergank vun enger Industrieaarbechtswelt zu engem Ëmfeld vun enger Aarbechtswelt vu Servicer net zu enger Verbesserung vun der Gesondheet op der Aarbechtsplaz gefouert. An ech mengen, dee Constat eleng ass zimlech nidderschmetternd, wann ee jo weess, wéi schwéier kierperlech industriell Aarbecht war an der Vergaangenheet an deelweis haut nach ass, a wann ee weess, wat fir Méiglechkeeten Déngschtleeschtungsbetriber am Prinzip géife bidden a Richtung vun enger Verbesserung vum Aarbechtsëmfeld. Et ass awer net esou.

28% - déi Ziffere si schonn hei genannt ginn - vun de Salariéen an Europa leiden ënner Stress. 50% vun den Aarbechtsonfäegkeete sinn op Stress zréckzeféieren. Ursaach vu Stress ass net nëmmen de Chef, deen nervt, dat heescht, dat wat ech eigentlech ënner Mobbing verstinn. Ursaach vu Stress ass och déi ënnergeuerdnet hierarchesch Aarbecht, ënnert där vill Leit musse schaffen. Ursaach vu Stress sinn déi wéineg Aflossméiglechkeeten, déi een huet op Aarbechtsofleef a sengem Betrib, also och d'Feele vun all Demokratie op der Aarbechtsplaz. An Ursaach vu Stress a Problemer ass och den Drock, deen d'Aarbechtslosegkeet all Dag ausübt op déi Leit, déi schaffe ginn.

Fir vill Aktionären, Betribschefen, Ekonomisten oder och Politiker ass d'Aarbechtslosegkeet e Faktor, deen d'Inflatioun niddreg hält an d'Profiter héich hält. Fir déi meeschte Leit awer ass d'Aarbechtslosegkeet dat Damoklesschwert, wat iwwer hirem Liewen an iwwert deem vun hirer Famill hänkt. An ech mengen dat alles zesummen erkläert net nëmmen déi heiansdo verfaulte gesellschaftlech Situatioun, déi ausweglos schéngt ze sinn, mä dat erkläert och dee schlechten Aarbechtsklima an déi vill Krankheeten, vun deenen och d'Regierung zu Recht an hirem Avis schwätzt.

Ech fanne just, Här President, et ass schued, dass dat Argument net méi dacks gebraucht gëtt - dat vum schlechten Aarbechtsëmfeld -, wann iwwert de Problem vun de Krankmeldungen a vun der Invaliditéit Rieds geet. Heiansdo ass et grad bei deenen Diskussiounen esou, dass Leit, déi krank ginn, och culpabiliséiert ginn, dass hinne mam Kontrolldokter gedrot gëtt fir de Problem vun dem Defizit vun de Krankekeesen ze léisen. An och dat, dee politeschen Drock, dréit zum Stress bäi.

Ech wëll awer elo ze schwätze kommen op déi Proposition de loi vum Här Lux, déi virläit. Selbstverständlech sinn ech och der Meenung, dass musse verschidde Saache gesetzlech geregelt ginn, virun allem fir all Zort vu Mëssbräich vun der Patronatsfunktioun am Betrib ze ënnerbannen. Dat ass fir mech d'Definitioun vum Mobbing: Mëssbräich vun der Patronatsfunktioun, déi jo quasi en Droit divin ass, „le droit de l'employeur d'organiser son entreprise", wéi een dat ëmmer ze héiere kritt. Et geet drëm fir de Mëssbrauch vun där Funktioun ze verhënneren. Dat misst eigentlech den Objet si vun esou enger Proposition de loi, wéi mer se virleien hunn.

Ech fannen awer, dass déi Proposition de loi de Problem deelweis falsch upaakt, andeem se de Mobbing och bezitt op Salariéen ënnereneen. An ech wëll jo net soen, dass et net...

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Mengt Dir, dat géif et net ginn?

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ee Moment. Ech wollt elo just dovunner schwätzen. Dir huelt mer d'Wierder aus dem Mond, Här Huss.

Ech wëll jo net soen, dass et net dee Phenomeen och gëtt, mä dee Phenomeen huet absolut näischt ze di mam Aarbechtsrecht. Hei ginn Ännerungen agefouert an d'Aarbechtsrecht. D'Aarbechtsrecht ass e Recht, wat d'Relatioune regelt zwësche Patronen a Salariéen. An der Proposition de loi, sou wéi se hei emol virläit, schéngt et mer esou ze sinn, wéi wann och Leit, Salariéen ënnereneen een deen anere kënnten op d'Aarbechtsgeriicht huelen. La juridiction compétente steet op där enger Plaz an op där anerer Plaz schéngt awer doraus erauszegoen, dass dat den Tribunal du travail wier. Dat heescht den individuelle Salarié kann en aneren individuelle Salarié no deem Gesetz hei op d'Aarbechtsgeriicht huelen.

Dat ass en Novum, dat ass et nach net gi bis elo. Stellt Iech elo mol vir, en Delegéierte vum OGB-L an engem Betrib gëtt vun engem Aarbechtskolleeg ugeklot, e géif e mobben. Dat schéngt jo da méiglech ze sinn, wann ech dat richteg liesen.

*(Interruption)*

Ech stelle mer och nach vir, besonnesch wann Dir Delegéierte sidd, Här Jaerling, kann ech mer virstellen, dass do vill Mobbing mat am Spill ass.

*(Interruption)*

An ech stelle mer och nach vir, Dir Dammen an Dir Hären, dass hannert deem Aarbechtskolleeg, deen den Delegéierte vum OGB-L uklot en ze mobben, de Patron a Wierklechkeet stécht.

*(Interruption)*

Et ass ouni Zweiwel méiglech an där Konstellatioun, genuch Indizien - Présomptioune gëtt gesot - op den Dësch ze leeën, déi dann deen ugeklotenen Delegéierten an d'Situatioun bréngen, beweisen ze mussen, dass hien net gemobbt huet. Renversement de la charge de la preuve. Hie bréngt dat net fäerdeg, et ass virdrun esouguer gesot ginn, et ass net méiglech eng Preuve négative ze bréngen, e bréngt dat net fäerdeg, hie verléiert säi Prozess wéinst Mobbing.

Wat geschitt dann? Et kënnt zu enger Mise à pied pour faute grave, opgrond vun engem Renversement de la charge de la preuve, wou den ugeklotene Salarié géintiwwer vun alle Regelen, déi et gëtt am Aarbechtsrecht, säi Prozess verléiert a riskéiert op d'Strooss gesat ze ginn, souguer wann et sech ëm en Delegéierten handelt, deen eng besonnesch Protektioun huet.

Ech mengen, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aarbechtsrecht ass e Recht, wat d'Situatioun regelt vu Leit, déi sech an enger ënnergeuerdneter Situatioun befanne vis-à-vis vun enger Partei, déi an enger iwwergeuerdneter Situatioun ass. Et ass kee Recht vu Gläichen. Et ass keen Zivilrecht. Hei ginn zivilrechtlech Problemer, menger Meenung no, vermëscht op onzoulässeg Aart a Weis mat aarbechtsrechtleche Problemer. Ech mengen, dass een esou de reelle Problem vu Mobbing net ka léisen, mä dass een au contraire soll dem Salarié selbstverständlech Rechter ginn, fir géint de geziilte Mobbing vu sengem Patron virzegoen.

**M. le Président.**- Här Urbany, ech wollt Iech op Är Riedezäit opmierksam maachen.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech weess. Ech sinn och direkt fäerdeg. Ech wëll Iech och net weider mobben hei.

***(Hilarité)***

..., dass e Rechter kritt, dass d'Geriicht, dass d'Aarbechtsgeriicht...

Ech sinn och e puermol ënnerbrach ginn.

..., dass d'Aarbechtsgeriicht Rechter kritt och fir him dobäi ze hëllefen, dass d'Aarbechtsgeriicht zum Beispill och kann agräifen an esou eng Situatioun. Dat ass iwwregens ee Facteur, dee mer hei awer dru gefält, do kritt d'Aarbechtsgeriicht esou e Pouvoir d'enjoindre à l'employeur de mettre fin à une telle situation. Dat ass zum Beispill en Usaz, mengen ech, op deem een nach ka weiderhin opbauen.

Also, dat ass déi Kritik, déi ech wëll un deem Text hei virbréngen. Ech mengen, et ass net richteg déi verschidde Saache mateneen ze vermëschen. Et soll een de Leit, déi an de Betriber schaffe konkret Rechter gi fir vis-à-vis vum Patron hir Situatioun ze verteidegen.

Et soll een och de Betribsausschüss konkret Rechter ginn, fir déi Situatiounen opzedecken an déi Leit ze verteidegen, déi Victime vu Mobbing vum Patron sinn, do gëtt et och gewëssen Usätz hei am Text. Doriwwer eraus, mengen ech, dee ganze sozioekonomesche Problem vu Mobbing, vu Stress op der Aarbechtsplaz an esou weider, muss effektiv op eng aner Aart a Weis geregelt ginn, do wou et méiglech ass, op eng sozialpartnerschaftlech Aart a Weis, mä leider wësse mer och, dass et net iwwerall méiglech ass, esou Saachen a Kollektivverträg ze regelen, well d'Patronen net wëllen hunn, dass esou Saache geregelt ginn.

**M. le Président.**- Här Urbany, wann ech gelift.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Dofir muss e gewerkschaftlecht an e politescht Kräfteverhältnis geschafe ginn, fir dass déi Situatioun, déi ech virdu geschildert hunn, an Zukunft net méi esou schlëmm ass.

Ech soen Iech merci!

**M. le Président.**- Merci, Här Urbany. D'Madame Err huet nach d'Wuert gefrot an dofir ginn ech der honorabeler Madame Err d'Wuert och hei.

**Mme Lydie Err** *(LSAP).*- Ech bleiwen hei, Här President. Ech wollt dem Här Urbany just soen, ouni hien ze ënnerbriechen, datt dat Raisonnement, wat hien hei op der Tribün gefouert huet, menger Meenung no absolut net hält. Ech weess duerch meng Praxis, dass et Mobbing gëtt, net nëmme vun engem Patron vis-à-vis vu sengen Employéen, mä selbstverständlech och vu Kolleegen ënnereneen, notamment vun engem Supérieur hiérarchique, dee seng Beamten oder seng Aarbechter natierlech esou schikanéiere kann, dass d'Alldagsaarbecht e Cauchemar gëtt.

Dofir kann ech absolut net domat d'accord sinn, dass deen Aspekt am Här Lux senger Proposition de loi net korrekt wier, au contraire sinn dat déi Fäll, déi an der Praxis mir bekannt sinn an dass et a mengen Aen net ka sinn, dass, wat och ëmmer an deem Domän vum Mobbing geschitt, dee sech nëmme géif op d'Relatiounen tëschent Patron an Employé oder Patron an Aarbechter géing bezéien. Et kann a mengen Aen net sinn, dass d'Aarbechtsrelatiounen ënnert de Kolleegen ausgeschloss wieren.

**M. le Président.**- Merci, Madame Err. Här Urbany, äntwert wann ech glift ganz kuerz.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk).*- Ech wëll just ee Saz dozou soen: De Supérieur hiérarchique, wann dat de Fall ass, dass dee Mobbing ausübt, vertrëtt jo de Patron an där Funktioun wou e Mobbing ausübt. Ech wëll awer soen, et däerf net esou sinn, dass einfach Leit, Salariéen ënnereneen, een deen aneren op d'Aarbechtsgeriicht huelen. D'Aarbechtsgeriicht ass net do fir déi Problemer ze léisen, da mussen eventuell aner Geriichter dofir do sinn, fir déi Problemer ze léisen an och déi Moyenë kréie fir se ze léisen. Méi wollt ech net soen. Ech contestéieren net, dass et och Mobbing gëtt tëschent Aarbechtskolleegen; dat ass eng Evidence, dat weess all Mënsch.

**M. le Président.**- Merci, Här Urbany, fir Är Ausféierungen. Domat ginn ech der Regierung d'Wuert an ech bieden den Aarbechtsminister François Biltgen eropzekommen. Här Biltgen, Dir hutt d'Wuert.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen de Problem Mobbing ass e wichtegen an dofir ass et och richteg, dass mer driwwer diskutéieren. Den Här Lux war net ganz frou, dass mer an eiser Regierungsstellung soten: Mir wéilten dat dote Gesetz net. Dat wëllt net soen, datt mer iwwerhaapt kee Gesetz wëllen. D'Diagnos, déi den Här Lux net mécht, an déi mer all haut gemaach hunn, ass richteg. Mat der Therapie do gi mer awer auserneen.

Mir sinn effektiv der Meenung, dass ee soll gesetzlech agéieren, mir hunn och schonn e puer Virschléi gemaach, mä virun allem net fir d'éischt an net haaptsächlech repressiv, mä preventiv. Mä ier ech nach eng Kéier dobber aginn, wollt ech nach eppes soen, well dat och schonn haut e bësse matenee vermëscht ginn ass, Stress a Mobbing. Stress ka Mobbing doudsécher favoriséieren, mä Stress a Mobbing sinn zwou verschidde Saachen, de Mobbingproblem ass een an de Stress ass deen aneren.

Ech sinn absolut der Meenung, dass ee muss géint Stress virgoen, mä et kann een dat net an een Dëppe geheien. Wann ee wëllt, da kann ee soen, dass Mobbing d'Spëtzt vum Äisbierg vum Stress wär, mä et gëtt och Mobbing ouni Stress. Virun allem Leit, déi fragiliséiert sinn, Leit, déi Minoritéiten ugehéieren, déi kënnen och ouni all Stresssituatioun op hirer Aarbechtsplaz Mobbing ausgesat sinn - do kommen ech nach eng Kéier drop zréck.

Fir d'éischt nach eng Kéier d'Approche répressive oder préventive. Mir hunn eis do opgrond vum Avis, deen de BIT - Bureau international du Travail vu Genève - iwwer eis Gewerbeinspektioun gemaach huet, inspiréiert oder bestäerkt gefillt. Deen Optrag, deen ech deemools dem BIT ginn hat, dat war, wat fir eng Zort vu Gewerbeinspektioun brauche mer am 21. Jorhonnert, och opgrond vun deenen neie Risikoen, déi d'Leit hunn. Well et ass effektiv esou, dass fréier gemengt gouf, wann d'Industriezäitalter géif ausstierwen, da géif et keng Problemer méi ginn. Et ginn awer ganz aner Problemer elo am Tertiaire an op déi musse mer eng Äntwert fannen. Do huet jiddfereen Intérêt drun, net nëmmen d'Gesellschaft, mä iwwregens och d'Betriber selwer hunn Intérêt, dass Mobbing net entsteet, well wa Mobbing entsteet gi ganz vill Energië verluer - amplaz ze schaffen, maachen d'Leit sech selwer geckeg -, dofir hunn och d'Betriber u sech Intérêt dorun, dass kee Mobbing entsteet.

Wat schreift de BIT a sengem Bericht? Ma Folgendes: „La question du harcèlement moral „mobbing" devrait également faire l'objet d'une disposition générale. La mission", dat ass de BIT, „est d'avis que la législation dans ce domaine ne devrait pas être répressive, mais préventive" also, dat war eng Tripartite-Missioun, déi eis dat dote gesot huet.

„Les principaux éléments d'une telle approche, qui seraient également précisés dans des commentaires, pourraient être les suivants: rappel de la responsabilité de l'employeur;" - do kommen ech nach eng Kéier drop zréck - „élaboration d'un concept visant à sensibiliser; former les cadres en particulier; organiser le travail afin que l'entreprise soit exempte de risque de harcèlement moral; publication par exemple dans le règlement d'entreprise d'une déclaration d'intention selon laquelle l'employeur ne tolère pas de tels comportements; information du personnel sur les démarches que peut entreprendre une victime et sur les sanctions prévues à l'encontre des auteurs de tels actes; désignation d'une personne de confiance auprès de laquelle les victimes peuvent obtenir des conseils confidentiels et appel éventuel à des médiateurs extérieurs" an dat si mer och amgaangen ëmzesetzen.

Wa mer nëmme géifen op d'Repressioun setzen, a virun allem mat der Repressioun ufänken an nëmmen doriwwer schwätzen, gesinn ech effektiv zwou grouss Geforen. Déi éischt ass déi, dass mer d'Debatt net méi weiderféieren, well da geet et d'selwecht aus wéi beim Harcèlement sexuel. Do hu mer e repressiivt Gesetz gemaach an elo schwätzt kee méi driwwer. Mir kréien och iwwerhaapt keng Fäll bei der Gewerbeinspektioun gemellt; mä et ginn der, et gëtt nach wie vor Harcèlement sexuel. Et ginn der e puer, déi kommen dann herno op d'Geriicht.

An dat ass deen zweete Problem. Ech kennen eng Partie Affären, déi op d'Geriicht komm sinn. Bei der Gewerbeinspektioun, do wou ee këint intervenéieren, gi keng am Virfeld gemellt, bei d'Geriicht do kommen der dann. An dat ass déi zweet grouss Gefor, wa mer just virum Geriicht agéieren. Wann deen, deen harceléiert gouf, schonn entlooss ass oder vill méi oft selwer demissionnéiert huet, well en es einfach sat hat, ma da läit d'Kand am Pëtz an dann hu mer näischt gemaach. Da kënne mer herno bestrofen, mä mir hunn awer net mat Zäiten agegraff.

Dofir si mir fir Preventioun a Mediatioun a mir hunn do folgend Aktivitéite bis elo doranner ënnerholl. Éischtens, de Marcel Glesener huet vun der Mobbing A.s.b.l. geschwat. Mir, also de Ministère du Travail, hu mat deenen eng Konventioun ofgeschloss, grad wéi iwwregens de Ministère de la Santé dierft eng Konventioun ofschléisse mat der Ligue de prévention iwwert de Stress. Mir hunn do Mobbing a mir hunn déi Initiativ do conventionnéiert. Et ass och eng Initiativ, déi jiddferengem opsteet a muss opstoen, well mer och festgestallt hunn, dass kee bei d'Gewerbeinspektioun geet.

D'Leit, déi gemobbt ginn, ginn net bei öffentlech Instanzen. Déi mussen emol fir d'éischt en Uspriechpartner hu wou se net direkt mengen, elo ass de Stat oder esou eppes hannendrun, dass een emol iwwerhaapt an d'Déngen erakënnt. Iwwregens ass et richteg, dass net jiddfereen, dee seet, ech si gemobbt, och gemobbt ass. Dat ass och esou, mä et muss ee kucken, wéi dee Problem läit an dofir si mer der Meenung, dass en onofhängegen, privaten Uspriechpartner vill méi ka maachen; an effektiv kritt déi Associatioun ganz vill Fäll zougedroen.

Da si mer der Meenung, dass am Betrib soll eppes enstoen: eng Betribskultur. An dofir hu mer am Kollektivvertragsgesetz virgesinn, dass d'Sozialpartner obligatoresch och sollen iwwert d'Preventioun vu

Mobbing an och vun Harcèlement sexuel diskutéieren. De Statsrot ass allerdéngs der Meenung, mir sollen dat net maachen, dat gesi mer jo elo dann an eisen Diskussiounen an der Kommissioun.

Mir wäerten och ähnlech Bestëmmunge bei den Delegatioune maachen, well mer effektiv mengen, dass den Délégué à l'égalité kéint aner Aufgaben iwwerhuelen. Ech mengen, dass dat eng Propositioun ass, déi absolut richteg ass. Mir mussen am Betrib an de Kär erakommen.

Dann hu mer am Kader vun der ITM-Reform, wou mer d'Gesetz vun 1994 iwwert d'Sécurité et Santé au Travail ofänneren, eng Dispositioun iwwert de Mobbing dra geschriwwen, sou wéi de BIT eis se virwerft, wou mer soen, de Mobbing ass verbueden, mä wou mer elo net repressiv virun Aarbechtsgeriichter oder Penalgeriichter virginn, mä wou mer dem Employeur d'Responsabilitéit ginn; an ech mengen, dat ass d'Approche, déi mer hei gewielt hunn, mir soen: Den Employeur ass responsabel, fir datt a sengem Betrib kee Mobbing entsteet.

D'Madame Err huet 100%eg Recht wa se seet: De grousse Chef, dee weess et oft net. Et si ganz oft déi „petits chefs" wou et guer net bis bei de grousse Chef kënnt, mä de grousse Chef huet d'Obligatioun, fir a sengem Betrib esou eng Betribskultur ze hunn, dass op deenen ënneschten Niveauen dat net entsteet an dofir mussen am Betrib Strukturen entstoe fir dat ze maachen. An dofir hu mer dat 1994er Gesetz op deem Punkt komplettéiert, an deem Sënn wéi ech e virdru virgelies hunn, wéi de BIT dat virgesinn huet. Ech weess zwar net, wéini dat ka gestëmmt ginn, mä dann hu mer eng Approche préventive, déi eppes ka maachen.

Elo soen ech awer och, dass ech net dergéint sinn, wa mer dat doten elo mol alles hunn. Mä wéi gesot, et ass och villes am Floss, eise Véierstufeprogramm si mer amgaang do ze realiséieren. Ech verschléisse mech dann och net, fir och nach zousätzlech eng repressiv Mesure dranzemaachen, mä ech hätt fir d'éischt gär dat heiten, dass et eng komplett Approche ass. Nach eng Kéier soen ech, dass mer fir d'éischt mol sollen den Employeur responsabiliséieren, ier dass mer effektiv nëmme repressiv do d'Leit unenee goe loossen.

Wou kann een eppes Repressives maachen? Mä am Kader vun deem Antidiskriminéierungsgesetz wat mer jo deponéiert hunn, wou et drëm geet fir Diskriminéierunge géint eng Partie vu Leit ze verhënneren. Wat fir eng Leit sinn dat? Dat sinn déi Eeler. Et sinn awer virun allem, wann ech u Mobbing denken, d'Fraen, d'Handicapéierter, d'Leit mat enger gewësser sexueller Orientéierung - dat ass schonn hei opgeworf ginn - respektiv Leit mat enger gewësser ethnescher Hierkunft. Dat sinn déi Leit, déi an de Betriber riskéiere ganz direkt Mobbingaffer ze ginn, an ech mengen, dass ee soll an deem Kader iwwert dat Repressiivt dann och schwätzen.

Dee Projet de loi ass och deponéiert. Dee wäert dann och net méi kënnen, mengen ech, vum Statsrot aviséiert ginn, ier dass dës Chamber erausgeet. Ech géif mech awer deene ganz éierlech gemengte Wierder vum Här Jaerling uschléissen, dass mer dat alles dann zesummen nom 13. Juni awer kënne maachen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Minister. Domat wäre mer zum Ofschloss vun der Proposition de loi 4979 komm a mir kommen dann elo bei déi lescht Proposition de loi iwwert d'Préretraite, wou den Här Aly Jaerling eis dann elo de Rapport mécht. Et sinn ageschriwwen déi Häre Paul-Henri Meyers an den Här Niki Bettendorf.

**Une voix.**- Den Här Bettendorf kënnt Der sträichen. Deen huet aner Obligatiounen.

**M. le Président.**- An der Rei. Da géif ech dem honorabelen Här Aly Jaerling d'Wuert ginn.

## 8. 5075 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 24 décembre 1990 sur la préretraite

***Présentation***

**M. Aly Jaerling** *(ADR), auteur.*- Merci, Här President. Wat ass d'Akustik esou huel hei an deem eidle Raum!

***(Interruptions diverses)***

Ech hunn awer virdru festgestallt, d'Regierung ass proportional gradesou staark vertruede wéi d'Deputéierten.

Här President, déi Propositioun, déi ech hei virstelle wëllt, huet als Objektiv am Gesetz iwwert d'Préretraite alle Leit d'Méiglechkeet ze ginn, fir no 20 Déngschtjoren an d'Préretraite ze goen, déi während där Zäit an enger bestëmmter Contrainte musse schaffen. D'Gesetz vum 24. am Chrëschtmount 1990 erméiglecht de Salariéen d'Urecht op d'Préretraite fir Schichtaarbecht, déi 57 Joer al sinn an déi 20 Joer Schichtdéngscht gemaach hunn. De Législateur huet dës Mesure agefouert well d'Schichtaarbecht mat enger Rei vu familljepoliteschen a gesondheetleche Contraintë verbonnen ass.

Esou Contraintë gëtt et awer net nëmme bei Salariéen, déi zwou oder dräi Schichte schaffe respektiv Nuetsschicht schaffen, et gëtt och aner Salariéen, déi ähnlech familljepolitesch a gesondheetlech Contrainten erleide mussen, an dat sinn déi Salariéen, déi mat Schichtënnerbriechunge schaffe mussen a sech doduerch familljepolitesch och net esou organiséiere kënne wéi aner Salariéen dat kënne maachen, wou awer och hir Gesondheet drënner leit, well se doduerch, datt se dem Patron heiansdo zu alle méiglechen Zäiten zur Verfügung stinn, keen normale Liewensoflaf hunn.

Dozou gehéieren zum Beispill déi Salariéen, déi am private Persounebustransport an och bei den Taxië jorelaang enger Amplitude vun zwielef an elo vun eelef Stonnen ënnerworf sinn, déi awer nëmmen aacht Stonne bezuelt kréien. Dozou gehéiere weider déi Leit, déi am Commerce a besonnesch an der Hotelsbranche schaffen, déi zweemol, heiansdo esouguer dräimol am Dag mussen untrieden, jee no der Aarbechtsorganisatioun, an och déi, déi nuets géint eng Auer ophalen a mueres schonn um zéng Auer mussen um Dill sinn. Oder déi, déi ënnert déi nei Aarbechtszäitregelung a verschiddene Supermarchéë falen, wou se nach just zu Spëtzenzäiten agesat ginn.

Dat sinn all déi Salariéen, déi fir mech ënnert dës Proposition de loi falen an och misste kënne vun den Extrabestëmmunge vun der Préretraite profitéieren. Här President, vläicht ass dës Proposition de loi net explizit genuch gewiescht, dofir hunn ech nach eemol mëndlech hei erkläert wat ech dann effektiv gemengt hunn. All Gesetzespropositioun gëtt jo awer normalerweis der zoustänneger Chamberkommissioun virgeleucht, déi se dann zurechtfeilt an dann an engem Rapport bis an de leschten Detail explizéiert. Dat wär och mäi Wonsch bei dësem Gesetzesvirschlag, datt dee kënnt an der zoustänneger Kommissioun an déi Form bruecht ginn, wou e wierklech esou explizit wier, datt och d'Regierung e versteet.

Wat ech haut hei wëll ass, datt d'Iddi vun dësem Virschlag hei akzeptéiert gëtt an et dann deen normale Wee geet. Ech bedaueren, datt d'Regierung schonn am Virfeld recommandéiert, menger Gesetzespropositioun keng Suite ze ginn. Dofir wëll ech awer kuerz zu deenen Argumenter vun der Regierung Stellung huelen, well ech mer bewosst sinn, datt hei deen een oder deen aneren oder vläicht souguer all d'Majoritéitspolitiker d'Argumenter vun der Regierung wäerten iwwerhuelen.

D'Regierung mengt, datt den Text vum Gesetzesvirschlag net explizit genuch ass an och Divergenze besténgen tëschent dem Text an der Motivatioun. D'Regierung baséiert sech an hirer Interpretatioun vu mengem Text op déi dräi Stonne Schichtënnerbriechung a mengt, datt dës Propositioun nëmme fir déi Coupures de service géif a Fro kommen, déi am Horesca-Gesetz vum 20. am Chrëschtmount 2002 festgeschriwwe sinn. Déi Interpretatioun ass awer net richteg! Net nëmmen am Horesca-Secteur gëtt et Schichtënnerbriechungen, mä och an anere Beräicher.

Et gëtt awer net nëmme Schichtënnerbriechunge vun dräi respektiv véier Stonnen, mä e Secteur wou et permanent Schichtënnerbriechunge gëtt, esou datt eng Schicht tëschent aacht a bis eelef Stonne kann daueren. A wéi ech et schonn ugedeit hunn, ass dat besonnesch am private Persounentransport, bei Taxi oder bei Bus. An och wann do während deenen eelef Stonne gefuer gëtt, gëtt et awer kee Frang weider, an dat ass de Problem.

Dofir schéngt et mer wichteg, datt deene Leit dann zumindest am Kader vun der Pensiounsberechtigung misst entgéintkomm ginn, well bis haut huet jo nach keen et fäerdeg bruecht, deene Leit anstänneg Schicht- an Aarbechtskonditiounen ze verschafen! Dofir hunn ech am Text vum Gesetzesvirschlag selwer nëmmen drageschriwwen, datt déi Salariéen, déi Schichtënnerbriechungen hunn, kënne vun den Extrae bei der Préretraite profitéieren.

An hiren Argumenter seet d'Regierung dann och nach, datt duerch de Fait, datt am Commentaire vun den Artikele géifen dräi respektiv véier Stonnen ernimmt ginn, de Lieser vum Text kënnt iergeleet ginn, well am Droit commun och méi kleng Schichtënnerbriechunge méiglech wieren. Mä genau déi wëll ech mat dëser Proposition viséieren, och wa se net spezifesch opgezielt ginn. Den Artikel 13 vum Préretraitesgesetz vum 20. am Chrëschtmount leet jo zum Beispill fest, datt e Règlement grand-ducal kann d'Dispositiounen iwwert d'Nuetsschicht op aner Modeller vun Aarbechtszäitorganisatioun iwwerdroen. Dat sinn also net déi wierklech Ursaachen, firwat datt d'Regierung meng Proposition de loi net akzeptéiert.

D'Regierung schwätzt nämlech an hirer Argumentatioun méi explizit iwwert de faible taux vun eelere Salariéen op eisem Aarbechtsmaart. Si verstoppt sech wéi schonn esou oft hannert dem Rapport vun der OECD an deem ëmmer erëm Lëtzebuerg de béise Fanger gewise kritt a Bezuch op säin niddrege Beschäftegungsalter. D'Regierung mengt, datt déi Leit, déi hei am Land schaffen, méi laang solle schaffen, fir datt net méi esou vill Leit brauchen aus dem Ausland importéiert ze ginn. Dat ass eng gelungen Interpretatioun, well och wann d'Leit hei am Land e bësse méi laang schaffen, huet dat awer kee risegen Impakt drop, datt mer awer nach Salariéë mussen hei an d'Land eranhuele mat deenen Aarbechtsplazen, déi mer hei schafen.

D'Regierung fänkt ëmmer méi un an d'Richtung ze goen eis Prepensiounsmodeller a Fro ze stellen, oder zumindest deenen, déi dës Modeller sozial wëllen op méi Salariéen ausbauen, e schlecht Gewëssen anzerieden an och ëmmer erëm ze ënnerstellen, d'Ofsécherung vun eise Rente wier a Fro gestallt wa mer esou géife weiderfueren. Si genéiert sech awer net, d'Reserven aus de Rentefongen ëmzeleede fir de Statsbudget ze sanéieren! Et kann awer net sinn, datt de faiblen Taux de participatioun vun eisen eelere Leit um Aarbechtsmaart d'Ursaach gëtt, fir datt verhënnert gëtt, datt mer eis Extramesuren am Beräich vun der Préretraite op weider Leit kënnen ausbauen, déi iwwer 20 Joer ënner schwieregen Aarbechtsbedingungen hu misse schaffen.

Well wa mer déi Argumenter akzeptéieren, da maache mer hei am Land iwwerhaapt keng Sozialpolitik méi, well et gëtt ëmmer iergendwou eng Plaz wou manner sozial Ofsécherung ass. Dofir géing ech d'Chamber bieden, der Regierung hir Recommandatioun, fir dësem Gesetzesprojet keng Suite ze ginn, net ze akzeptéieren an dëse Gesetzesvirschlag an déi zoustänneg Chamberkommissioun weiderzeleeden, fir datt en dann an eng Form ka bruecht ginn, wou dann déi nächst Sozialregierung kann hiren Accord derzou ginn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Jaerling. An da géing ech d'Wuert ginn un den honorabelen Här Paul-Henri Meyers als éischten an eenzege Riedner hei eropzekommen an och seng Positioun zu dëser Proposition de loi virzedroen. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion***

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen ech ka mech zu där Proposition de loi hei ganz kuerz faassen. Ech wëll nach fir d'éischt soen, dass, wann d'Chamber hei iwwert d'Préretraite diskutéiert, dat dobaussen net als e falscht Signal däerf opgefaasst ginn, wéi wann d'Chamber elo géif ufänken un deenen Acquisen erëmzebastelen, déi mer hunn.

***(Interruptions diverses)***

Dat ass ganz sécher net de Fall! Et ass och keen, deen eppes un der Préretraite, esou wéi se elo besteet, wëllt ännere goen, well dat do kënnt nämlech als e falscht Signal ugesi ginn, besonnesch well hei vun der Oppositioun op eemol dee Sujet opgegraff gëtt.

Wat elo d'Propositioun vum Här Jaerling ugeet, huet d'Regierung an engem gutt fondéierten Avis drop higewisen, dass déi Propositioun, op jidde Fall esou wéi se elo virläit, eng Rei Kontradiktiounen opweist, dass se net kloer ass. De Fait, dass den Här Jaerling hei ugefaangen huet a sengem Exposé elo nei Erklärungen ze ginn, ass jo awer de Bewäis, dass se net kloer ass an dass een net richteg weess, wat dann eigentlech dermat gemengt ass. Well et sinn eng Rei Situatiounen, déi elo schonn duerch d'Gesetz ofgeséchert sinn, déi also net méi nach eng Kéier hei brauchen an enger neier Propositioun de loi erabruecht ze ginn. Dass een an der Kommissioun driwwer diskutéiert, dat kann ee maachen, Här Jaerling, mä ännert awer näischt um Fait, dass d'Propositioun, sou wéi se elo hei virläit, eigentlech, sou wéi d'Regierung et och feststellt, inutile wär.

Wann ee misst iwwert dee Beräich schwätzen, da misst een dat natierlech och mat de Partenaires sociaux maachen an da misst een och gesinn, wéi dann nom Lëtzebuerger Aarbechtsmaart d'Situatioun wär, an ob et wierklech hei zu Lëtzebuerg eppes géif bréngen, wa mer déi Proposition de loi op déi Kategorie vu Leit, dat heescht déi, déi eng Ënnerbriechung am Aarbechtsprozess hunn, wa mer se op déi géifen ausdehnen. D'Regierung ass géigendeeleger Meenung a mir schléissen eis där Meenung och un.

**M. le Président.**- Merci, Här Paul-Henri Meyers. Ech géif dann dem Aarbechtsminister, dem Här François Biltgen, d'Wuert ginn.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kann och ganz kuerz heibäi sinn. Ech mengen, den Här Meyers huet nach eng Kéier d'Ursaachen hei widderholl, woufir d'Regierung net kann op dee Wee goen.

Ech wëll och drun erënneren, dass effektiv déi Propositioun, Här Jaerling, gebuer ginn ass, wéi mer d'Horesca-Gesetz gemaach hunn. Et war jo esou, dass Dir zur Zwee-Siwentel-Fraktioun gehéiert hutt am ADR, déi fonnt huet, d'Gesetz géif net wäit genuch goen, währenddeem eng Fënnef-Siwentel-Fraktioun, wann ech mech gutt kann erënneren, der Meenung war, et géif ze wäit goen.

Dir hutt och deemools hei déi Propos gemaach, wéinst der Coupure wär dat auszebauen. Dir hutt elo nach eng Kéier erkläert, dass Dir wëllt doriwwer erausgoen, all déi Leit, déi eng Coupure de service hunn. Do soen ech, dass dat mat allem gudde Wëllen, deen ee kënnt hunn, net ze definéieren ass, well et sinn der onwahrscheinlech vill, déi eng Coupure de service hunn. Dat heescht, Dir kënnt och dann direkt eng Propos maachen, fir d'Préretraite op 57 Joer ze generaliséieren. Iwwerall wou Horaire mobile ass, gëtt et Coupures de service. Also, et gëtt ganz schwiereg fir dat doten ze kucken.

Ech huelen nach eng Kéier och gären zur Kenntnis, dass Dir déi Propositioun gemaach hutt an deem Kader, wou mer d'Horesca-Gesetz fixéiert hunn a wou Dir Iech mat dem Problem ausernee gesat hutt vun deenen dräi respektiv gegebenenfalls véier Stonnen, am Prinzip dräi Stonne Coupure, mä ech mengen net, dass mer kënnen iwwert deen dote Wee de Problem léisen. Dofir mengen ech och, bréngt dëst Gesetz keng Hëllef.

Dat gesot, soen ech, dass et falsch ass, Här Jaerling, ze behaapten d'Regierung géif un d'Préretraite schnëppele goen. Dat mécht se net. Mä si féiert awer eng Debatt iwwert de Problem - an deen ass reell - vun den Travailleurs âgés. Ech weess, dass dat een Tabuthema ass, mä et muss een driwwer schwätzen an ech loosse mech och net dovunner béieren, dass all Kéiers, wann ech driwwer schwätzen, gesot gëtt: Hie wëllt d'Préretraite ofschafen. Ech wëll d'Préretraite net ofschafen. Mä déi Erweiderung, déi Dir maacht, bréngt kee Sënn.

Ech soen Iech merci!

**M. le Président.**- Merci, Här Minister Biltgen. Domat wiere mer um Schluss vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 18.47 heures)***

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral
mat enger
Rediffusioun
all Sëtzungsdag vun
19:00 Auer un

## Ordre du jour

1. Débat de consultation au sujet du plan directeur sectoriel „lycées“

   *(Discussion générale)*

2. Question urgente N° 2691 de M. Marcel Glesener relative à la grève des pilotes de Luxair

3. Débat de consultation au sujet du plan directeur sectoriel „lycées“

   *(Discussion générale - suite)*

4. 4918 - Proposition de loi portant création d'un observatoire des médicaments

   *(Présentation, conformément à l’article 60 du Règlement - Discussion)*

5. 5186 - Proposition de loi portant modification de la loi du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire

   *(Présentation, conformément à l’article 60 du Règlement - Discussion)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; M. Michel Wolter, Mme Anne Brasseur, MM. Henri Grethen et Carlo Wagner, Ministres.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

M. le Président.- D’Sitzung ass op.

Huet d’Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Dann huele mer den éischte Punkt vun eisem Ordre du jour. Sou hu mer haut de Mëtteg eng Consultatiounsdebatt iwwert de Plan directeur sectoriel „lycées“. Et sinn ageschriwwe bis elo: déi Häre Wiseler, Fayot, d’Madame Durdu an den Här Henckes. D’Wuert huet elo den Här Innenminister Michel Wolter.

### 1. Débat de consultation au sujet du plan directeur sectoriel „lycées“

M. Michel Wolter, *Ministre de l’Intérieur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass an den Ae vun der Madame Brasseur a mir selwer e ganz wichtegen Débat am Moment, dee mer de Mëtteg hei an der Chamber zesumme wäerten erliewen, well et d’Finalisatioun oder déi lescht Ligne droite vun deem éischte Plan sectoriel ass, deen op Grond vun dem Gesetz vun 1999 op den Instanzewee gaangen ass a wou mer elo d’Prozedur, eng laang Prozedur, eng vläicht ze laang Prozedur - dorobber kommen ech herno a menge Konklusiounen nach eng Kéier zréck -, duerchlaf hunn. Wann ech gesot hunn, dass de Plan sectoriel „lycées“ op Grond vum Gesetz vum 21. Mee 1999 iwwerhaapt eréischt méiglech war, esou ass en déclenchéiert ginn op Grond vun dräi haaptsächleche Volontéiten.

Éischtens, d’Volontéit vum Minister vun der Éducation nationale, fir zu enger besserer Ofstëmmung ze kommen tëschent Offer an Demande um Niveau vun der Répartitioun vun de Lycéeën zu Lëtzebuerg.

Zweetens, de Projet, deen entretemps e Programme directeur ginn ass, säit der Décisioun vum 27. Mäerz 2003 vun der Regierung, an deen de Programme directeur sectoriel als eng vun de Méiglechkeeten ugesäit, fir d’Planifikatioun vun Infrastrukturen am Land à longue échéance virzehuelen.

Drëttens, d’Noutwendegkeet, déi mer allegueren gesinn hunn an der Aart a Weis wéi mer d’Planung vu Schoulbaute maachen, fir do eng kohärent Démarche fir déi nächst zéng bis 15 Joer ze fixéieren, déi et eis géif erlaben, op Grond vun der demographescher, soziologescher Entwécklung vun eisem Land, den Erausfuerderunge vun der Landesplanung gerecht ze ginn; an dat sief ganz kloer gesot, dat heescht Dekonzentratioun, haaptsächlech ewech vun der exklusiver Konzentratioun op d’Stad Lëtzebuerg an eran an déi sechs Planungsregiounen, déi mer an deenen nächste Joren zesumme wëllen opbauen.

Mir hunn de 14. Abrëll 2000 e Groupe de travail interministériel gegrënnt an deem - an dat war dee Moment och eng Neiegkeet oder eng Innovatioun - eng ganz Rei vu Ministèrë matenee geschafft hunn: de Ministère de l’Éducation nationale, deen de Grupp och presidéiert huet, da Vertrieder vun der Landesplanung vum Ministère des Travaux publics, haaptsächlech d’Administration des Bâtiments publics, den Transportministère, de Finanzministère mä och aner Departementer, déi mer, au fur et à mesure wou mer se gebraucht hunn, un d’Démarche ugeschloss hunn, zum Beispill de Statec, d’Agriculture, den Enseignement supérieur an d’Santé.

Dee Groupe de travail huet zweemol dem Conseil de Gouvernement nach am Joer 2000 an am Joer 2001 e Rapport intermédiaire virgeluecht. Am Dezember 2002 ass de Projet de plan directeur vun der Regierung ugeholl ginn. Deen ass de 5. Februar 2003 de Chamberskommissiounen, déi concernéiert sinn, presentéiert ginn an och duerno der Ëffentlechkeet, fir dann an d’Procédure de consultation ze goen, sou wéi d’Gesetz et virgesäit.

Den 9. Mee 2003 sinn d’Gemengen ugeschriwwe ginn, all 118 Gemengen aus dem Land, fir eis en Avis ze ginn. Après réception vun deenen Avisen sinn duerno nach eng Kéier de Conseil supérieur de l’Aménagement du Territoire, deen dann nees dräi Méint hat, an de Comité interministériel de l’Aménagement du Territoire, respectivement den 8. Dezember 2003 an den 2. Februar 2004, befaasst ginn, déi eis hir Avisen an deenen Datumen ofginn hunn.

D’Deklaratioun, déi haut de Mëtteg vum Innenminister virgeholl gëtt, ass dann och nach zousätzlech an der Prozedur virgesinn, ier de Conseil de Gourvernement, op Grond vun den Diskussiounen, déi de Mëtteg hei nach eng Kéier um nationalpolitesche Niveau stattfanne sollen, eng lescht definitiv Décisioun soll huelen, esou dass mer dann no bal fënnef Joer de Parcours du combattant hannerun eis wäerten hunn.

Ech wäert a menger Deklaratioun hei fënnef Kapitele beliichten. Fir d’éischt d’Erausfuerderunge mat deene mer an de Projet eragaange sinn, déi haaptsächlechst Konklusioune vum Plang, ech wäert e Bilan maache vun der Procédure de consultation, kuerz eng Approche definéiere wéi d’Mise en oeuvre réglementaire gemaach gëtt. Och dat ass e Punkt, deen ech, mengen ech, als Schwaachpunkt vum Gesetz vun 1999 muss definéiere well et eng ganz onflexibel Aart a Weis ass. Ech kommen herno a menge Konklusiounen dorobber zréck.

Et ass eben net méiglech fir alles, wat een an engem Pabeier vun 110 Säiten élaboréiert, dann als Grondprinzipien an e Règlement grand-ducal eranzekréien. Do, mengen ech, ass och um Niveau vum Gesetz Nachholbedarf, do musse mer eis aner Méiglechkeete ginn, well mer bei weidere Plans sectoriels, wéi zum Beispill deem vun den Antennen, wäerte gesinn, dass d’Gesetz extrem rigide ass.

Et gesäit eng Partie graphique an eng Partie écrite vir, mä domadder brénge mer et - zum Beispill bei den Antennen - net fäerdeg, d’Froen ze beäntwerten, déi sech stellen, well d’Partie graphique an deem doten Domän par essence évolutive ass, déi praktesch all Mount oder all zwee Méint och no der Adoptioun vum Plang wäert änneren, an do hu mer 1999, a mengen Aen, keng satisfaisant Äntwerte formuléiert krut, wat eis elo Schwieregkeete wäert maache bei der Ëmsetzung vun deem Ganzen.

Toujours est-il, dass mer duerch de Fait, dass mer elo eng Rei där Pläng gemaach hunn - och um Niveau vum Findel, dee jo deen éischte Plan d’occupation du sol amgaangen ass duerchzezéien -, no enger Legislaturperiod eng Rei vu Konklusioune wäerte kënnen zéien, déi et eis erlaben, op punktueller Aart a Weis d’Gesetz vun 1999 dann nach ze verbesseren a méi applicabel oder besser applicabel ze maache par rapport zu deem, wat mer kennen.

Wat waren d’Erausfuerderungen, d’Objektiver, déi mer eis ginn hunn? Ma déi éischt Erausfuerderung war déi, dass mer gesot hunn, dass mer d’Dezentralisatioun an d’Regionalisatioun vun der Offre scolaire missten, op Grond vun de Konklusiounen, déi am Projet de programme directeur ugeschriwwe wieren, hikréien, andeem een eng Rei vu Pôles d’enseignement géif schafen, wou déi gängegst, dat heescht 80 bis 85% vun der Offre scolaire, déi ugebuede gëtt, iwwert d’Land verdeelt, fir déi nächst Joren ugesiedelt géifen. Dat op Grond vun der Constatatioun, dass déi territorial Répartitioun vun de Lycéeën an der Vergaangenheet ganz op e puer Punkte konzentréiert war an dass doduerch ebe landeswäit déi Offer, déi sech dorauser ergëtt, net hétérogène war.

Festgestallt hu mer awer och, dass dat sech haaptsächlech um Niveau vum Enseignement secondaire technique ofspillt, dass een eng besser Korrelatioun huet tëschent der Offer an der Demande um Niveau vum Enseignement secondaire classique wéi am Enseignement secondaire technique an dass wäit iwwer 80% vun eise Schüler an deene sou genannte gängege Formatiounen hir Studien ofschléissen, déi mer dann och wollten an déi eenzel Planungsregiounen, déi mer géifen definéieren, erakréien.

En zweete Punkt: Eng grouss Disparitéit vun der Gréisst vun de Lycéeën. Verschidde Lycéeë si ganz grouss, anerer sinn ze kleng. D’Objektiv war et, fir eng Optimiséierung ze maache vun der Gréisst vun den Établissementer.

Dat drëtt Objektiv: D’Reduktioun vun den Distanzen - dat ass jo e Punkt, deen och am IVL elo nach eng Kéier ganz kloer an däitlech ginn ass. Mir hu festgestallt, dass extrem vill Wanderunge vu Schüler aus deenen eenzelne Regiounen haaptsächlech an d’Stad geschéien, dass e puer dausend Schüler zum Beispill aus dem Süden all Dag an d’Stad géife komme fir déi gängeg Formatiounen, net fir déi speziell. Ech menge bei deene spezielle Formatiounen ass et kloer, dass mer déi net kënne sechs- oder siwemol ubidden a veschiddener och net emol zweemol, mä souguer fir déi gängeg Formatiounsaarte missten am Fong d’Leit ganz wäit vun do wou se wunnen an d’Schoul goen.

Mir hu festgestallt, dass mer am Oste vum Land iwwerhaapt keng Offer hätten, déi adequat wier, an dass am Fong eenzeg an eleng den Norden et fäerdeg bruecht huet a senger Regioun Schüler ze halen, dat héchstwahrscheinlech op Grond vun där dach dann och vun de Leit als ze grouss ugesinnener Distanz par rapport notamment zur Stad.

An da véiertens: Den Haaptobjektiv selbstverständlech war dee fir eng Laangzäitplanung ze maachen, déi jo gefrot gëtt. Eng Laangzäitplanung, déi jo doranner besteet ze kucke par rapport zu der Evolutioun vun eiser Bevölkerung an am Kader vun deenen Erausfuerderungen, wou ech virdru gesot hunn, fir dann eng Armature scolaire op d’Been ze setzen, déi fir déi nächst 15 bis 20 Joer Bestand kéint hunn. Dobäi si selbstverständlech niewent deene schouleschen Erausfuerderungen och déi vun der Landesplanung considéréiert ginn, an dat war eng ganz flott Experienz, well et déi éischt Experienz war.

Entre-temps hu mer am Laf vun der Legislaturperiod nach eng Rei vun aneren Experienzen esou gesammelt. Um IVL notamment, beim Plan d’occupation Findel notamment, a gewëssene regionalen Dossiereen hu mer do eng gewëssen Experienz gesammelt. Mä hei war et praktesch déi éischte Kéier, dass sech vun Ufank un tëschent deenen eenzelnen Erausfuerderungen, déi sech an deenen eenzelne sektorielle Ministèrë gestallt hunn, en Dialog am Fong afonnt huet fir ze kucken, gemeinsam zu enger Solutioun ze kommen. Dans la mesure wou et déi éischte Kéier war, ass dat net ëmmer esou einfach.

Mä mir hunn awer festgestallt, d’Madame Brasseur an ech selwer och am Laf vun deenen zwee, dräi Joer wou mer do zesummegeschafft hunn, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, net nëmmen d’Leit dovunner ze iwwerzeegen, dass se och mam Noper missten diskutéieren, mä dass een och zum Schluss en fin de compte erausfonnt huet - an dat war jo d’Zil -, dass an deenen eenzelne Ministèren d’Reflexer vun der Aart a Weis wéi den Nopeschministère iwwerleet mat iwwerholl gi si vun de Beamten an hir Reflexiounen.

Doduerjer mengen ech hätte mer och zum Deel d’Erausfuerderunge gepackt, a mir hunn och duerch dee Projet hei e bëssen eng Signalwierkung erreecht an de Ministèren an an de Verwaltungen, dass et och méiglech wier, zesumme Laangzäitplanung ze maachen, an dass et och méiglech wier, ewechzekomme vun där och nach am Joer 2004 existéierender Virstellung, dass deen, deen d’Strooss baut, mengt hie wär dofir zoustänneg a soss hätt iwwerhaapt keen eppes domadder ze dinn, dass deen, deen eng Schinn baut, der Meenung ass, hien hätt déi Schinn do ze bauen, an deen, deen den Environnement ënnert sech huet, leeft permanent hannendru fir ze kucke wat ze verhënneren ass. Hei si Beispiller wou ech hoffen, dass mer se an enger nächster Legislatur méi nach institutionaliséiert kréien a méi breet gestrafft kréien, wou mer - mengen ech - gutt Erfahrunge gemaach hu fir d’Zukunft.

Wat sinn d’Konklusiounen, déi mer erausgezunn hunn, wéi mer eis bis eens doriwwer waren, dass dee Plang fir eng Period vun zéng bis 15 Joer kéint gemaach ginn, dat heescht bis d’Joer 2012, 2015? Dat waren d’Zilrechnungen, déi mer gemaach hunn.

D’Konklusioun aus där Diskussioun, déi mer gefouert hunn, ass déi, dass mer véier Pôles d’enseignement definéiert hunn als - ech liesen dat just op Franséisch vir, well dann ass et méi einfach: „un groupement régional et fonctionnel de lycées situés dans une même aire géographique déterminée englobant les communes qu’ils desservent et disposant ensemble de la totalité de l’offre scolaire usuelle afin de bénéficier de l’attractivité suffisante pour optimiser l’organisation scolaire et les possibilités de travail“. Ech mengen do sinn all déi Punkten an engem Saz resüméiert, déi ech elo a menger Einleitung gesot hunn.

Déi Délimitatioun ass no enger Rei vu Kritäre gemaach ginn, schoulescher a landesplanerescher Natur: Transport, da selbstverständlech awer och historesch a lokal Affinitéiten oder Partikularitéiten, déi een net komplett vun engem Dag op deem aneren opbreche kann. Véier Polen also: E Pôle nord, dat ass e Pôle d’enseignement nord mat de Siten zu Wolz, an der Nordstad an zu Miersch, een am Oste mat Iechternach a Gréiwemaacher am Ufank. Herno ass du Jonglënster am Laf vun der Diskussioun nach derbäikomm. Den Zentrum, dee mer an zwee Sous-pôlen agedeelt hunn, an zwar de Centre sud an de Centre nord, op Grond vun der Gréisst vun deem Pol mat de Sitë Lampertsbierg, Mamer, Geesseknäppchen a Bouneweg, an dann de Pôle sud mat Péiteng, Esch an Diddeleng.

Et ass du gekuckt ginn: Wéi kënne mer d’Schoulen esou definéieren, dass se optimal de Besoinen entsprieche vun deem wat mer brauchen? D’Konklusioun aus där Diskussioun war déi, dass mer véier verschidden Type vu Schoulen definéiert hunn: e Lycée wou nëmmen Enseignement secondaire classique dran ass, mat 1.000 bis 1.250 Schüler, e Lycée wou nëmmen Enseignement secondaire technique dran ass, mat 1.300 bis 1.650 Schüler, ee wou de Secondaire classique mat engem Technique am Cycle inférieur dra wier, mat 1.100 bis 1.350 Schüler, an ee wou den Technique wier mat engem Cycle inférieur am Classique, mat och 1.100 bis 1.380 Schüler ongeféier.

Mä et ass eis awer relativ séier kloer ginn, dass déi Lycéeën, déi elo ze baue wieren an deenen nächste Joren, der wieren, déi eng Prédominance op de Secondaire technique hätte mat enger ënneschter Stuf am Enseignement classique, esou dass dat Lycéeë wieren, déi „roundabout“ mat 1.250 Schüler ze besetze wieren. Compte tenu vun där dote Klassifikatioun, compte tenu vun den Exigenzen, déi sech erginn hunn op Grond vum Programme de construction hu mer festgestallt, dass mer à terme an dee Programm, deen dee Moment bestanen huet, mat deene Lycéeën, déi dee Moment schonn an der Planung waren, eng Surcapacitéit vun 3.000 Schüler hätten, par rapport zu 2000.

Dee Programm beinhaltet entre autres de Lycée technique zu Ettelbréck, wou eng Annexe zu Ierpeldeng soll gebaut ginn, en neie Lycée zu Péiteng, wou entre-temps d’Bauaarbechten ugefaangen hunn, an den Dédoublement vum Lycée technique zu Esch, deen an

e Lycée technique Esch an an e Lycée technique Lalleng gespléckt ginn ass. Mir hunn awer festgestallt, dass mer compte tenu vun där ze erwaardender Evolutioun vun der Demographie bis zum Joer 2010 op e Chiffer vun ongeféier 11.000 Schüler kéinte kommen, déi mer dee Moment méi am Enseignement supérieur hätte wéi haut. Wann ech also 3.000 als Surcapacité kucken, op där anerer Säit 11.000, wat d'Erhéijung vun de Schülerzuele wier, esou hu mer en Defizit vun 8.000 Plaze festgestallt, deen et also bis zum Joer 2012 ze fëlle géif ginn.

Dat ergëtt mathematesch gesinn d'Nécessitéit fir sechs Lycéeë vun ongeféier 1.250 Schüler ze bauen. E wichtegen Deel vun eiser Analys huet dann doranner bestane fir ze soen: Mir mussen et fäerdeg bréngе fir déi Fluxen, déi tëschent de Polen haut stattfannen, ewechzekréien. Zum Beispill hat ech virdru gesot, dass bal 2.500 Schüler aus dem Süden all Dag an d'Stad an d'Schoul kommen. D'Objektiv, wat mer eis gesat hunn, dat war eng Reduktioun vun deene Fluxen op 50% ze erreechen iwwert deen Zäitraum, iwwert dee mer diskutéieren. An op Grond vun der Synthees vun de readaptéierte Chiffere vun de Schüler, déi mer géifen erwaarden op Grond vun der demographescher Entwécklung, si mer zur Konklusioun komm, dass mer déi Mise en place vun deene Lycéeën an zwou Etappe géife virhuelen.

Eng éischt Etapp, dräi Lycéeën, déi direkt géife gebaut ginn, an eng zweet Etapp, dräi Lycéeën, déi mer unorten an dräi Polen, wou mer och an d'Richtung gaange sinn, dass mer gesot hunn, an deen dote Beräich sollte se kommen, mä wou mer awer de Monitoring ofwaarden, deen Enn dëses Joers respektiv am Laf vum nächste Joer nach gemaach gëtt, fir sécherzestellen ob op deene Plazen, déi mer do serréiert hunn, sech och d'demographesch Entwécklung gemaach huet, fir dass mer d'Masse critique zesummekréie fir e Lycée dohinner ze setzen.

Well eppes war eis och ganz wichteg, Vide scolaire hin, Vide scolaire hier, wann een d'Masse critique net huet fir e Lycée um Rullen ze behalen, wann een net genuch Leit an domadder net genuch Kanner an enger gewësser Regioun wunnen huet, fir dass dat fonctionnéiert, da riskéiere mer, dass dat Lycéeë gi vun der zweeter Klass, dass dat Lycéeë ginn, déi eidel sinn an dat wëlle mer net maachen.

Dat ergëtt sech och herno an där Geschicht vun der Priorité d'inscription, wat och de Corollaire ass zu der Régionalisatioun, vun der Dezentralisatioun, esou dass et kloer ass, dass wann ee mat de Lycéeë gär an d'Regioune geet, dass ee muss sécherstellen, dass déi Schüler, déi am Einzuchsberäich vun deene Lycéeë wunnen, och an déi Lycéeë ginn, net dass mer d'Ziler, déi mer eis gesat hunn, net géifen erreechen.

Wéi gesot an enger Phas 1 e Lycée an den Osten, e Lycée an den Norden an e Lycée an de Süden. An enger zweeter Phas de Sous-pôle Centre-Sud, haaptsächlech d'Regioun Richtung d'Musel erof, den ënneschten Deel oder den ieweschten Deel vun der Musel. Dann de Pôle Sud nach eng Kéier, well do strukturell en fin de compte dee gréissten Déséquilibre bestanen huet, an en zousätzleche Lycée am Norden.

Wann een haut déi Chifferen hëlt, déi mer als Basis geholl hu fir d'Évolution démographique ze kucken, a mir hu jo 2000 domat ugefaangen ze schaffen, a mir kucken elo d'Joer 2003 mat, esou stelle mer fest, dass mer net méi grad esou op deem Niveau sinn, dee mer 2000 ugeholl hunn als Solde migratoire, ouni dass mer eis awer esou dovunner entfernt hätten, dass eng Remise en question vum Plang à ce stade virzehuele wier.

Déi Zonen dann, fir déi Lycéeën ze implantéieren, nodeem mer am Fong de Pol festgeluecht hunn, si mer an enger gewësser Logik virgaangen. Mir hu gesot, mir musse fir d'éischt de Vide scolaire kloer erausfannen an da musse mer eng Definitioun maache vun enger Zone d'implantation, eng Gemeng oder zwou oder eng Regioun, op Grond vum Prinzip vun den CDAen. An enger drëtter Etapp géif dann d'Prospektioun vun de Sitë selwer gemaach ginn.

Déi drëtt Etapp hu mer awer net méi an de Plan sectoriel integréiert, well mer gesot hunn, et geet duer, wann de Plan sectoriel d'Zone d'implantation virgesäit an alles wat duerno kënnt, d'Diskussioune mat de Gemengen, d'Diskussioune mat de Propriétairë fir d'Terrainen ze kréien, d'Planungen, déi duerno mussen ulafen an déi am Fong eréischt kënne geschéie wann dat geschitt, dat huele mer aus dem Plang eraus. Dat aboutéiert dann zu deenen eenzelne Projets de loi, wou entre-temps jo schonn deen éischte vun der Chamber gestëmmt ass an zwee anerer amgaange sinn ausgeschafft ze ginn.

Mir hu festgestallt, dass mer am Norde vum Land e sou genannte Vide scolaire absolu hätten. De ganze Klierfer Kanton, wou am Fong an deene Perimeteren, déi mer ausgeschafft hunn, iwwerhaapt keng Offer géif bestoen an dass mer zwee aner Viden am Land hunn, deen een an der Regioun vu Réiden an deen aneren an dem südlechsten Deel vun der Musel.

Dann hu mer e Vide fonnt, dee relativ ass, dat ass dee vun der Regioun vu Jonglënster. Jonglënster an d'ganz Einzuchsbereich, wat eng Géigend ass, déi sech ganz dynamesch entwéckelt an déi à mi-distance tëschent Iechternach, Gréiwemaacher op där enger Säit an der Stad op där anerer Säit läit. An dann de Süden, wat e Vide démographique infrastructurel ass, wou mer zwar ganz vill Lycéeën an där Regioun hunn, mä wou mer awer nach e puer 1.000 Schüler hunn, déi en fin de compte net an der Regioun ënnerkommen. Dat sinn déi 2.500 vun deenen ech Iech virdru geschwat hunn.

Mir hunn duerno driwwer diskutéiert op Grond vun der Landesplanung an op Grond vun de schouleschen Erausfuerderungen, wou mer dann déi Lycéeë géifen hisetzen a sinn zur Konklusioun komm, dass déi dräi Lycéeën aus der éischter Etapp zu Réiden, zu Jonglënster an zu Esch/Belval op de Friches industrielles gebaut solle ginn.

Dunn hu mer, aus der Nécessitéit eraus virunzekommen, a fir eis net de Reproche misste gefalen ze loossen, dass mer zwar wärend fënnef Joer flott geplangt hätten, mä dass mer no deene fënnef Joer um Enn vun der Legislatur nach näischt op den Zänn hätten, déi Décisioun geholl an nodeem mer mam Conseil de Gouvernement Récksprooch geholl hunn, hu mer gesot, okay, déi doten dräi si fix an duerno gi mer dann an déi weider Prozedur, och wa mer elo de Rescht vum Plan sectoriel musse maachen.

Mir fänken elo mat de Gemengen un ze diskutéieren. Mir kucken d'Propriétéitsverhältnisser ze klären. Mir kucken d'Planungen unzefänken, well dat doten ees wéi ees eng Décisioun an eng Nécessitéit ass, déi mer musse maachen, dat mat der Konsequenz, dass mer de Plan sectoriel hunn, mat deem wat e bedeit, ier mer ufänke Lycéeën ze bauen, mä dass mer an deene leschten zwee Joer awer esou wäit komm sinn, dass mer zu Réiden, zu Jonglënster an zu Belval an deenen nächste Méint a Jore kënnen ufänke mat bauen, fir dass mer an der Linn vun deem éischten Objektiv, wat mer hunn, nämlech 2008, 2009 déi dräi éischt Lycéeën do stoen ze hunn, sinn an dass mer dat Zil nach erreeche kënnen.

Da kommen ech zu de Corollairen, déi mer hu missen abauen oder zu de Mechanismen, déi nach hu missen agebaut ginn, fir sécherzestellen, dass d'Ziler vun dem Plang och géife fonctionnéieren. Ech hat et virdru schonn ugedeit, dass et kloer ass, dass wann een eng Dezentralisatioun vu senge Lycéeë mécht, dass een dann eng Rei vu Begleitmoossname muss huelen, fir dass dat fonctionnéiert, well jo da villes aneschters fonctionnéiert wéi et haut fonctionnéiert. Dozou gehéiert d'Definitioun vun enger Zone de proximité. Dat heescht, mir hu probéiert allegeurten d'Gemenge par rapport zu engem Lycée, dee besteet, oder engem Lycée, deen elo kënnt, an eng Zon anzeschreiwen an nidderzesetzen, fir sécherzestellen, dass mer déi Schüler da wa méiglech och géifen op déi Plaz an d'Schoul kréien.

Dat Zweet ass, dass mer e Mechanismus gesicht hu fir d'Inscriptioun an d'Lycéeë sécherzestellen, dans la mesure wou mer gesot hunn, dass an Zukunft d'Lycéeën, jee nodeem ob et e Lycée classique oder e Lycée technique ass, variéiere wäerten tëschent 1.250, 1.350 a 1.400 Schüler, ass et kloer, dass eng Rei Lycéeën, déi haut fonctionnéieren, Ofbau vu Schüler musse maachen, dass do eng Repartitioun an aner Lycéeë muss kommen. Op där anerer Säit, wann een 1.200 Schüler an e Lycée soll erakréien, da muss een och sécherstellen, dass een op deenen neie Plazen, déi elo kommen, déi och fënnt, dass een net herno eng Infrastruktur fir 1.200 oder 1.250 Schüler do stoen huet, mä awer nëmme 500 oder 600 Schüler, déi bereet sinn an dee Lycée ze goen.

Dofir si mer eis och no enger Rei vun Diskussiounen op de Prinzip vum Mécanisme d'inscription prioritaire eens ginn, deen de Schüler d'Recht gëtt sech am Lycée de proximité unzemellen. Wann dann de Lycée voll ass, au fur et à mesure vun deene Cercelen, déi mer zéien, dann huet de Schüler d'Méiglechkeet an d'Recht sech an en anere Lycée vun deem Pol, an deem e wunnt, anzeschreiwen.

D'Méiglechkeet besteet fir e Schüler, fir eng Demande ze maachen, fir an e Lycée vun engem anere Pol ze kommen. Dat ass awer nëmme méiglech wann an deem Lycée dee Moment nach Plaz ass, well och dee Lycée jo nom Prinzip vun der Proximitéit muss fonctionnéieren, prioritär Kanner aus der Ëmgéigend, aus der direkter an duerno aus der manner direkter Ëmgéigend ophuele soll, esou wéi et definéiert ginn ass. A wann dann d'Schülerzuel vun 1.250 oder 1.350, jee nodeem wéi se definéiert ginn ass, erreecht ginn ass, da kann dee Lycée selbstverständlech net Schüler ophuelen, déi wäit ewech wunnen, an déi virun der Dier wunnen oder déi op e Kilometer oder zwee niewendru wunnen, déi kréien da gesot: Lauschtert, dir musst virun der Dier bleiwen.

E wichtege Programmpunkt, dee mer am Plang diskutéiert hu mam Transportminister, an do kommen ech nees op de Lien zum IVL, op de Lien vun der Dezentralisatioun an der Dekonzentratioun zréck, dat ass, dass dee System hei natierlech bedéngt, dass mer och d'Transportpolitik aneschters gesinn. Mir hunn eng Transportpolitik, haaptsächlech am ëffentleche Transport, déi haut extrem op d'Stad zougeschnidden ass. Wa mer déi sechs Planungsregioune maachen, wa mer déi Lycéeën elo implantéieren, da musse mer eng ganz Rei vu Buslinnen a Busfluxen aneschters gesinn, wéi dat an der Vergaangenheet de Fall war.

Dofir ass de Rapport och mam IVL an de Konklusiounen dorauser ze maachen, der Landesplanung an dem Programme directeur, dee jo och an der Chamber hei diskutéiert ginn ass, dass mer iwwert d'Noutwendegkeet eraus elo Lycéeën op déi Plaze setzen, déi och als Centre de développement et d'attraction unerkannt si ginn, dass mer och pour le reste déi Gemengen esou mussen développéieren, datt se dee méi zentrale Rôle, deen hinnen an Zukunft am Liewe vun enger Regioun, an där si sinn, am Fong zougeschriwwe gëtt, och kënnen unhuelen. An do si mer amgaange lues a lues eis och op deem Gebitt virzetaaschten.

Mir hate Gespréicher mat der Gemeng Réimech, déi potentiell do ee Lycée an der zweeter Phas ophuele kéint. Wann dat awer de Fall ass, musse mer elo scho sécherstellen, dass déi Gemeng och, wann dee Lycée dann am Joer 2012 soll kommen, à même ass dat Ganzt och opzehuelen an och ze begleeden. Datselwecht sinn ech elo amgaange mat der Gemeng Jonglënster an d'Wee ze leeden. Déi ware viru 14 Deeg bei mir. Do muss een am Kader vun där Régionalisatioun a vun der Implantatioun vun engem Lycée am Fong déi ganz PAG-Struktur, d'ganz Aart a Weis, wéi déi Gemenge fonctionnéieren haut an an Zukunft, iwwerdenken a se och à même setzen, fir datt se déi Erausfuerderungen, déi hei op si duerkommen, och kënnen ophuelen.

Dann hu mer selbstverständlech eng Phase transitoire missen definéieren. Dans la mesure, wou déi dräi éischt Lycéeën net virun 2008 fäerdeg sinn, fänkt de ganze Mechanismus eréischt dann och un definitiv ze spillen, wann déi Lycéeën opginn, dat heescht am Joer 2008 respektiv 2009, en fonction vun den Délaien, déi elo de Bau vun deenen eenzelne Lycéeën nach wäerten huelen.

Mir hunn dann nach eng Rei vun anere Mesuren derbäi definéiert fir d'Efficacitéit vum Plang ze stäerken. Déi éischt war déi, dass d'Bauteministesch eng Standardiséierung vun de Lycéeën ausgeschafft huet, déi elo solle gebaut ginn. Déi zweet ass, …

***(Interruptions)***

Ah, entschëllegt, d'Éducatiounsministesch.

…dass d'Éducatiounsministesch eng Standardisatioun ausgeschafft huet, déi vun der Bauteministesch ëmgesat soll ginn - esou ass dat méi richteg dee Moment -, sou dass mer e Mechanismus ausgeschafft hunn, wéi an deenen eenzelnen Zonen d'Implantatioun vun de Lycéeë soll geformt ginn. Dee Mechanismus, deen hu mer notamment bei der Aart a Weis, wéi mer zu Ierpeldeng op d'Extensioun vum Lycée vun Ettelbréck komm sinn, spille gelooss mat enger vergläichender Analys vun enger ganzer Rei vu Siten, fir lues a lues op dee beschten hinzekommen.

Last but not least hu mer e Monitoring virgesinn, well dat heiten eppes ass, wat evolutiv ass, wat een am A muss behalen. D'Schülerzuel muss een am A behalen. D'Demographie muss een am A behalen. Et muss ee permanent Ofsprooch mam Minister vun der Éducatioun hunn, wat och d'Programmer ubelaangt, well dat jo och soll Répercussiounen zum Deel op d'Aart a Weis wéi gebaut gëtt kréien. An dofir hu mer e Monitoringsystem virgesinn, deen der Regierung all zwee Joer vun deem Groupe de travail en Dokument soll ënnerbreeden, fir kënnen an déi weider Etappe vun der Planung eranzegoen. En éischte Rapport complémentaire soll fir Enn 2004 virleien, fir der neier Regierung dann d'Méiglechkeet ze ginn, fir d'Démarche ze strukturéieren, wat déi méiglech Implantatioun vun deene Lycéeën aus der zweeter Etapp ubelaangt.

Mir hunn, wéi gesot, am Mee vum leschte Joer d'Konsultatiounsprozedur, déi dann nach virgesinn ass, ulafe gelooss. Déi 118 Gemenge sinn invitéiert ginn, eis hir Vuen zu deem Ganzen eranzeschécken. 80% vun de Gemengen hunn e positiven Avis eraginn. Sechs Gemengen, 5,1%, hunn en negativen Avis eraginn, woubäi mer déi Argumentatiounen, déi zum negativen Avis gefouert hunn, bei dräi vun deene sechs Gemengen am Kader vun der Iwweraarbechtung vum Plang ausraume konnten. A 6,8%, ech mengen dat si siwe Gemengen, hunn iwwerhaapt keng Äntwert ginn, wärend de Rescht vun de Gemengen einfach e generelle Kommentar dem Innenminister zougestallt hunn, aus deem mer net esou richteg eraus konnte liesen, ob dat elo éischter positiv oder éischter negativ war an a wat fir eng Rubrik, dass mer am Fong deen Text, deen eis do erakomm ass, konnte klasséieren.

Den CSAT huet eis doropshin nach eng Kéier en Avis ginn, wou en de Plang staark approuvéiert an ënnerstëtzt an esouguer preziséiert huet, dass et fir den CSAT e Projet, e Modellplang wier, deen een als Beispill fir weider Élaboratioune vu sektorielle Pläng kënnt huelen. Schlussendlech huet den CIAT och e positiven Avis ofginn.

Zu de Punkten, déi an den eenzelnen Avisen ugeschwat si ginn, gehéiert zum engen dee vum Mécanisme d'inscription prioritaire, wou eng Rei Gemenge méi Flexibilitéit wollten, wou hir Schüler sech kënnten aschreiwen, an aner Gemengen komplett dee Mechanismus refuséiert hunn. Esouwuel den CSAT wéi den CIAT konnte sech awer där Argumentatioun net uschléissen, well et och an hiren Aen ee Punkt ass, mat deem dee ganze Plang hei steet a fält. Notamment de Conseil supérieur huet d'Iddi vun der Inscription prioritaire esouguer ganz staark a sengem Avis nach eng Kéier ënnerstrach als eppes Wichteges, an ech zitéieren dat: „sans l'inscription prioritaire, la programmation des futurs lycées risque d'être compromise. Cette mesure est le garant de l'efficacité du plan en question."

Mir hunn dann, wat d'Zone de proximité ubelaangt, Remarquen erakritt, dass Gemengen der Meenung waren, datt si éischter an eng aner Zone de proximité anzeklasséiere wieren. Do war zum Beispill d'Gemeng Bauschelt, déi richtigerweis drop opmierksam gemaach huet, datt si an engem Schoulverbond ass mat der Gemeng Wanseler a mat der Stauséigemeng an datt, vu dass d'Kanner an der Primärschoul beienee wieren, et méi logesch wär, dass dann och hir Schüler éischter an d'Zon vum Lycée vu Wolz géifen attachéiert ginn. Deem konnte mer Rechnung droen.

Datselwecht war fir d'Gemenge Groussbus a Viichten, déi éischter zum Lycée vun Ettelbréck zougeschloe waren, mä déi awer aus Identifikatiounsgrënn, haaptsächlech och um Niveau vum Réidener Kanton, gefrot hunn, datt se éischter bei de Lycée vu Réiden géifen an d'Zone de proximité kommen, obscho se geographesch liicht méi no bei Ettelbréck géife leien.

Schlussendlech nach d'Situatioun vun der Gemeng Bech, déi e bëssen à cheval läit tëschent Iechternach a Jonglënster, a wou décidéiert ginn ass, dass Bech eng vun deene Gemengen à double affectation kéint sinn.

Et sinn nach Remarquë komm zum Phasage. Dat war ganz interessant. Haaptsächlech Gemengen aus dem Norden - also aus der Klierfer Géigend - waren der Meenung, dass mam Bau vun hirem Lycée direkt misst ugefaange ginn. Deem konnte mer a wollte mer net Rechnung droen an deem Moment, wou mer gesot hunn, dass déi Regioun haut nach net d'Masse critique huet, déi noutwendeg ass

fir raisonnablement kënnen eng Zoustëmmung ze gi fir e Lycée dohinner ze bauen, an dass mer d'Décisioun fir dat ze maachen opgrond vun deem Monitoring, deen elo soll kommen, am Fong dann d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer wäerten huelen - kuckend, ob d'Entwécklung tëschent 2000 an 2005 an eventuell nei Evolutiounen, déi nach an déi Regioun solle kommen, eis dann d'Certitudë ginn, d'Garantië ginn, dass dat Ganzt fonctionnéiert.

Des Weidere waren eng Rei Gemengen am Süden der Meenung, deen zweete Lycée am Süden misst och an déi éischt Phas geholl ginn, wou mer awer och nom Avis, an nodeem mer eis mam CIAT kuerzgeschloss hunn, der Meenung waren, dass mer de Phasage net sollen à ce stade modifizéieren.

D'Prospektioun vun de Sitë war dann nach e Punkt. Mir hunn och ganz vill Propositioune kritt vu Gemengen, déi gesot hunn, si géifen och gären nach e Lycée bei sech ophuelen, haaptsächlech wann et ëm d'Implantatioun vun deenen dräi Lycéeën aus der Phas 2 gaangen ass. Do ware mer awer der Meenung, dass een d'Prospektioun vun de Siten net an dësem Moment soll maachen, dass een déi, och opgrond vun de Konklusiounen, déi mer aus dem IVL zéien, opgrond vun der Weiderentwécklung vun der Landesplanung an opgrond vun der Dezentralisatioun a der Déconcentratioun mat deene Gemengen, déi eng staark Roll solle spillen, net soll elo maachen, dass eben d'Implantatioun vun de Lycéeën net einfach no Terrainsdisponibilitéite soll geschéien, mä datt se wierklech soll agebett ginn an eng landesplaneresch Considératioun, an d'Fro vum Ewechhuele vun engem Vide scolaire.

Eng lescht oder eng zweetlescht Remarque an déi Richtung war déi, dass haaptsächlech den CIAT an den CSAT, eis drop opmierksam gemaach hunn, dass wa mer d'Landesplanung seriö huelen, dass mer da missten dofir suergen, dass déi Gemengen, déi Centres de développement et d'attraction wären, wann et nëmme méiglech wier, och de Site géife ginn, wou esou e Lycée géif higesat ginn an dass och all aner Décisioun opgrond vu landesplaneresche Considératioune misst begrënnt ginn.

Dann nach d'Integratioun vun de Lycéeën am Ausland an d'Integratioun vun de Privatlycéeën an de Plang. Et ass selbstverständlech esou, dass mir net kënnen an engem Dokument, wat herno e Caractère règlementaire kritt, déi auslännesch Lycéeë mat en considératioun zielen, iwwert déi mir jo guer keng Handhab hunn. Et kann ee vläicht eng Kéier eng Kaart maachen, wou een d'Lycéeën an der Grande Région oder an der Petite Région dann dra setzt, mä dans la mesure wou mir bis auf weideres och net d'Méiglechkeete wäerte kréien, fir zu Thionville an zu Metz iwwert d'Aart a Weis wéi si hir Lycéeë geréiere matzebestëmmen, mengen ech, huet et och net ganz vill Sënn gemaach, fir dat dann hei an esou e Plang eranzehuelen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Mech wonnert et awer, dass Der déi Zuele vu Schüler net mat an Är Projektiounen integréiert.

Wann Der sot, plus 11.000 bis 2010. Sinn dat dann d'Schüler alleguerten? Sinn dat dann och déi, déi an d'Ausland ginn? Sinn dat dann och déi, déi an d'international oder an d'Europaschoule ginn, déi hei zu Lëtzebuerg residéieren? Dat wär awer interessant gewiescht mat an de Plang eranzehuelen.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Dir erlaabt, ech ginn lech herno eng Äntwert dorobber, da kann ech lech am Detail déi richteg Äntwert dorop ginn.

Dann - do brauch ech net drop anzegoen - hu mer nach eng Rei vu klenge Modifikatioune fir rapport zum Plan initial gemaach.

Et bleift dann nach, fir d'Mise en vigueur vun deem Ganzen iwwer e reglementaresche Wee ze maachen. D'Mise en vigueur gëtt hei zum Deel iwwert de Plan sectoriel gemaach, zum Deel ass d'Organisatioun, wat déi Saachen déi d'Organisation scolaire ubelaangt, haaptsächlech mat de Polen, am Gesetzesprojet iwwert d'Organisatioun vun de Lycéeën an de Lycéetechniquen ageschriwwe ginn, wou d'ailleurs och de Conseil d'État sech nach eng Kéier mat dem System vun der Inscription prioritaire averstanen erkläert huet.

Ech kommen dann zu menge Konklusiounen, déi ech zwar zum Deel schon, déi eng oder déi aner, am Kader vu mengen Ausféierungen hei uklënge gelooss hunn. Ech muss soen, dass et eng ganz interessant a flott Experienz war, déi mer gemaach hunn an engem Domän, wou der Politik jo laang de Virworf gemaach ginn ass, dass net an d'Zukunft geplangt géif ginn, dass ee sech net d'Moyenë géif ginn, fir eng Laangzäitprospektioun ze maachen.

Mir mengen - d'Madame Brasseur an ech selwer -, dass mer mat deem Dokument hei net nëmmen déi jëtzeg Regierung guidéiert hunn an dem Choix vun engem éischte Pak vu Mesuren, deen an dëser Legislaturperiod scho geholl ginn ass, mä dass mer dann och där nächster Regierung d'Méiglechkeet ginn, haaptsächlech och iwwert de Monitoring, déi definitiv Implantatioune vun deem zweete Pak vu Lycéeën ze maachen, déi noutwendegerweis nach wäerte gebaut ginn. Dat ass also eng ganz interessant a positiv Konklusioun, déi ech dorauser zéien.

Wann ech de Plang selwer kucken, hu mer heimadder en Instrument wat kuerzfristeg, mëttelfristeg a laangfristeg Objektiver matenee kombinéiert huet. Et ass e robuste Kader, et ass e Kader, dee kloer definéiert ass, deen awer esou flexibel gehale ginn ass, dass en nach kann op demographesch Änerungen agoen an och Rektifikatiounen an deenen nächste Jore virhuele kann, wann et sech erausstelle wäert, dass sech dat eent oder dat anert, wat mer am Joer 2002 oder 2003 gemengt hunn, da vläicht am Joer 2009 oder 2010 och net an deem Mooss wäert afannen.

Mir hunn heimadder och eng éischt Applikatioun vum Gesetz vun 1999 duerchgespillt. Dat ass eng positiv Experienz gewiescht. Ech hunn allerdéngs zwee Punkten, déi mer och an anere Plans sectoriels erëmfannen, iwwert déi mer mengen, dass een an Zukunft nach eng Kéier muss diskutéieren.

An zwar sinn dat éischtens d'Délais d'élaboratioun. Mir hu bal fënnef Joer gebraucht, fir dat heiten ze maachen. Mir gesi bei ähnlechen Dossieren och, dass déi Prozedur, déi d'Gesetz vun 1999 festgehalen huet, eng Prozedur ass, déi wann een an enger vernünfteger Rumm wëllt schaffen, bal net acceptabel ass. Op där anerer Säit kréie mer awer notamment vum Syvicol gesot, dass et net géif duergoen, dass een de Gemengen nëmmen dräi Méint géif Zäit ginn, mä et misst een hinne sechs Méint Zäit ginn, fir zu esou engem Plang Stellung ze huelen.

***(Interruption)***

Jo, mä ech mengen de Summer kënnt ëmmer virum nächsten Hierscht an dee kënnt virum nächste Wanter an da si mer nees am Fréijoer a wa mer näischt gemaach hunn, ass nees e ganzt Joer eriwwer. Dat ass och mat aneren Diskussiounen esou, déi am Hierscht solle stattfannen an dann ass deen nächsten Hierscht scho virun der Dier.

***(Interruption)***

Mir ginn als Politik mat der permanenter Erausfuerderung konfrontéiert, fir kohärent Äntwerten ze ginn op déi grouss Erausfuerderungen, déi sech notamment am infrastrukturelle Beräich stellen. An ech stellen d'Fro, ob et 1999 de Wëlle war, dass mam beschte Wëllen, Wëssen a Gewëssen esou eng Prozedur da véier oder véier an en halleft Joer dauert. Ech mengen, dass mer et do musse fäerdeg bréngen, déi Prozeduren ze straffen.

En zweete Punkt, deen ech als Schwaachpunkt gesinn, deen awer héchstwahrscheinlech 1999 net aneschters ze regléiere war an och net aneschters konnt gesi ginn, dat ass déi Nécessitéit, déi mer jo hunn, fir d'Ëmsetzung vum Plang iwwer e Règlement grand-ducal ze maache mat enger Partie graphique a mat enger Partie écrite. Dir hutt selwer gesinn, dat Dokument, wat mer elo hei presentéieren, dat huet 110 Säiten. Do sinn eng ganz Rei Saachen dran, déi sinn explikativ, déi erklären am Fong, firwat dass ee verschidde Mesurë geholl huet. An eis Beamten hunn elo ganz vill Schwieregkeeten, fir aus deem Ganzen en Text ze maachen, deen een an e Règlement grand-ducal era kann huelen. Am Règlement grand-ducal solle jo dann am Prinzip nëmmen déi Saachen drastoen, déi en definitiven…

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- A laangfristegen.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- ...a laangfristege Charakter hunn. Wëssend awer - wann ech dat ka soen -, dass et an deem heiten Domän, wéi bei deene meeschte Plans sectoriels, déi definitiv Wourecht net gëtt an dass déi definitiv Wourecht sech en fin de compte permanent weiderentwéckelt a vläicht eng nächst Regierung oder eng iwwernächst Regierung zu deelweis anere Konklusioune ka komme loossen, opgrond vun der wirtschaftlecher, sozialer, demographescher Entwécklung vum Land, mengen ech, dass ee sech och doriwwer nach eng Kéier misst Gedanke maachen, ënner wat fir enger Form, dass een esou e Plan sectoriel ausschafft an ob do noutwendegerweis - wéi soll ech dat soen - ob dat eng Décision politique ass an an déi Richtung da geschafft gëtt, oder ob do nécessairement e Règlement grand-ducal hannendru muss sinn.

Mat der Gefor selbstverständlech, dass een am Règlement grand-ducal vläicht net komplett ass, dass een dat eent oder dat anert iwwersäit, an dass Saachen, wou ee mengt, dass se dra wären, herno och aneschters interpretéiert kënne ginn.

Mir wäerten - dat hunn ech och virdru scho gesot - bei engem nächste Plan sectoriel, dee vun den Antennen, dee mer och nach an deenen nächste Wochen wäerten an d'Prozedur ginn, wou mer och nach an der Chamber eng Deklaratioun maachen, wëllen, den Här Biltgen an ech selwer, op en anere Problem stoussen, an dat ass deen, dass d'Gesetz virgesäit, dass esou e Plan sectoriel eng Partie graphique an eng Partie écrite huet, wat am Prinzip an der Logik vum Gesetz vun 1999 richteg war, wou mir awer feststellen, dass bei deem doten notamment een eng definitiv Version graphique net kann derbäileeën, well déi Version graphique, déi mer den 20. Mee do leien hunn, ass scho vläicht eng aner wéi déi, déi mer dann den 30. Juni hunn, an et ass sécher eng aner wéi déi, déi mer dat Joer drop hunn.

Do musse mer eis och d'Moyene ginn, dass een d'Partie graphique iwwer iergendeng Prozedur permanent um leschte Stand kann halen, wou d'Leit se kënne konsultéiere loossen, ouni dass mer eis esou figéieren, dass mer mengen, d'Partie-graphiqué wäre fir fënnef, zéng oder 15 Joer gülteg. Dat wollt ech just an Iwwerzéiung vun der Zäit, Här President, déi Der mer zur Verfügung gestallt hutt, awer nach als Gedankegäng mat op de Wee ginn.

Et huet sech gewisen, dass dat hei eng Matière ass, déi extrem komplizéiert ass, déi eis awer ganz wäit ka bréngen an der Aart a Weis wéi mer d'Landesplanung hei zu Lëtzebuerg an déi sektoriell Planung gestalten, an dofir mengen ech war et och meng Flicht d'Deputéierten op méiglech Schwaachpunkten hinzeweisen, déi mer an der Applikatioun vun deenen éischten esou Pläng elo gemierkt hunn. Ech hoffen, dass d'Chamber sech och mat deem ganze Plang hei identifizéiere kann, definitiv, fir dass mer en an deenen nächste Wochen dann an déi allerleschte Ligne droite an duerch d'Zillinn nach kréien.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen. Den Här Wiseler huet d'Wuert.

***Discussion générale***

M. Claude Wiseler *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken un andeem ech soen, dass d'Ausschaffe vun deem Programm hei, vun deem Plan directeur, a mengen Aen an an den Ae vu menger Fraktioun e wesentleche Schrëtt ass, deen d'Regierung gemaach huet am Kader vun all deenen Iwwerleeungen, déi d'Entwécklung vum Land betreffen an déi eisen Développement an deenen nächsten, mëttelfristegen a laangfristegen Termë bedeiten. Et ass och e wesentleche Schrëtt, deen dozou bäigedroen huet fir eng gréisser Kollaboratioun tëschent deenen eenzelne Ministèren op deene verschiddensten Aspekter erbäizeféieren.

Ech war laang genuch, iwwer zéng Joer, an der Administratioun op verschiddene Ministèrë fir ze wëssen, dass dat keen evidenten Exercice ass, dass et heiansdo ganz schwiereg ass fir Leit mat alleguer ganz grousser Kompetenz, mä mat ganz oft hiren, ech wëll net soen Intérêten, mä hirer Matière an den Aen zesummen op en Dësch ze setzen a fir et fäerdeg ze bréngen, alles dat ënnert een Nenner ze kréien, alles dat esou zesummenzekréien, dass et eng gemeinsam Propositioun gëtt an dass et och duerno Sënn gëtt.

Et ass och e wesentleche Schrëtt, well et eis dozou féiert um politesche Gebitt eng mëttel- bis laangfristeg Iwwerleeung ze maachen iwwert dat wéi d'Zukunft vun eisem Schoulsystem, vun der Schoulentwécklung hei am Land, vun der Offre scolaire, déi mer iwwert déi ganz Regioun an dësem Land maachen, soll ausgesinn. An et ass och nach eng Konzeptaarbecht, déi gemaach ginn ass, wéi Lycéeën am grousse Ganze sollen ausgesinn an deenen nächste Joren. Dat Ganzt an engem Dokument. Heimat komme mer a sech ewech vun deem just an engem Domän Iwwerleeën zu, a mengen Aen, engem ganz wäertvollen Aspekt, enger ganz wäertvoller Aarbecht, déi d'Politikgestaltung an deenen nächste Jore sécherlech méi einfach wäert maachen.

D'Basis vun dësen Iwwerleeungen - an de Minister Wolter huet dat virdru schonn ugeschwat - war a sech eng Reflexioun, déi am Ministère de l'Éducation nationale an den 90er Jore gefouert ginn ass an och spéider elo nach gefouert ginn ass, déi awer schonn eng éischt Origine hat an der Entwécklung vun deem wat mer sengerzäit déi Planifikatiounsgesetzgebung genannt hunn. Dobäi ass et drëm gaange fir op där enger Säit virauszekucke wat fir eng Schülerzuelen an deene kommende Joren an d'Schoule kommen, wéi déi sech däerften opdeelen, a fir da virauszegesi wéi d'Besoinen un Enseignantë wäerten an deene kommende Jore sinn an dee Moment och eng Orientéierung vun eise Studenten op déi verschidde Schoulen ze maachen.

Mä et ass och kloer, dass do nogesi ginn ass, dass et a sech net duergeet mat just eng Planifikatioun op Schülerzuelen ze maachen, mat just eng Planifikatioun op Enseignanten ze maachen, op Proffen ze mache fir ze kucke wéi vill mer der a wat fir enge Fächer wéini géinge brauchen, mä dass et och wesentlech ass, dass déi Reflexioun vu Planifikatioun iwwert d'Joren eraus och géing op d'Gebaier ëmgeleucht ginn, och géing op d'Infrastrukturen ëmgeleucht ginn, an dass mer do och eng Planifikatioun iwwert d'Land noutwendeg hätten.

Deen zweeten Ustouss war de Programme directeur vun 1999 wou esou e globaalt Konzept gefrot ginn ass, an dat Drëtt war de Regierungsprogramm och vun 1999, wou festgehale ginn ass, dass esou e globaalt Konzept géing ausgeschafft ginn an deene folgende Joren. Mir hunn an den 90er Joren, an deem leschte Jorzéngt, eng enorm Entwécklung hei an dësem Land matgemaach an eiser Ekonomie an domat selbstverständlech och an eiser Demographie. An domat hu mer e ganz groussen Infrastrukturbesoin kritt an alle Beräicher, net nëmmen am Schoulberäich, och am Schoulberäich, mä och an allen anere Beräicher: am Strousseberäich, am Kulturberäich, am Sozialberäich, am Logementsberäich, och am Schoulinfrastrukturberäich.

Ech wëll e puer Zuelen nennen, well se fir mech erklärbar sinn, well jo oft gesot gëtt, dass den Zuch an den 90er Joren zu engem Deel verpasst ginn ass. Ech ka mech erënnere well ech Enn der 80er Joren, ufanks 1990, um Ministère de l'Éducation nationale geschafft hunn, wéi déi Zäit räsonnéiert ginn ass a wéi déi Zäit d'Zuele ware mat deenen ee konfrontéiert ginn ass fir politesch Décisiounen ze huelen.

Mir ware mat Zuele konfrontéiert wou mer 1970 am Primaire 34.000 Schüler haten, 1980 nach 29.000 an 1990 nach 25.000 Schüler. Dat heescht, an den 80er Joren dauernd Zuelen, déi erofgaange sinn an déi am Fong dorop deite gelooss hunn, dass ee kënnt iergendzwouch an den 90er Joren, wann déi Evolutioun esou géing weidergoen, am Fong an de Contraire komme vun deem an dat mer an den 90er Jore komm sinn, dat heescht a Problemer mat ze vill Enseignanten, mat ze vill Plaz.

Dat huet sech natierlech an deenen anere Joren, an deene Joren déi duerno komm sinn, total anescht entwéckelt. Mir haten och an de 60er Joren eng Gebuertenzuel vun iwwer 5.000 Kanner, déi op d'Welt komm sinn. An den 80er Jore war dat nëmme méi tëschent 4.000 a 4.500, en Taux de fécondité vun 1,5%. Ech ka mech un déi Diskussiounen erënneren, déi mer an den 80er Joren haten iwwert d'Demographie déi Zäit. Do sinn aner Konklusiounen draus gezu ginn, well mer aner Zuelen haten.

Ufanks der 90er Joren hate mer awer eng ekonomesch Reprise. Mir haten eng ganz staark ekonomesch Reprise, déi sech iwwer zéng Joer gezunn huet, eng Reprise vun der Immigratioun, déi se begleet huet, an eng Stabilisatioun vum Taux de natalité, deen an d'Luucht gaangen ass, wou erëm iwwer 5.000 Kanner hei zu Lëtzebuerg op d'Welt komm sinn. D'Zuele vum Primaire sinn dann och deementspriechend innerhalb vun zéng Joer drastesch an d'Luucht gaangen. Fir der e puer ze nennen: 1990 hate mer 25.000 Schüler,

1999 hate mer der 28.000 an 2002 hate mer der erëm 31.000, ouni den Enseignement privé.

Dir gesitt, dass do erëm eng enorm Steigerung komm ass an deene Joren. Fir de Postprimaire hate mer 1990 19.000 Schüler an 2002 31.000 Schüler. Wann een einfach déi Differenz emol eng Kéier iwwerleet wéi dat innerhalb vun eppes méi wéi zéng Joer evoluéiert huet, ass dat eng enorm Evolutioun. A mir wëssen, dass bei all deene Schoulbauten d'Reaktiounszäiten net evident sinn, dass noutgedrongenerweis vun dem Fanne vun der Décisioun bis zu deem Moment wou d'Diere vun enger Schoul opginn eng laang Zäit vergeet.

Et ass an den 90er Jore vill gebaut ginn, vill gemaach ginn: vum Centre universitaire iwwert d'Extensioun vun der Europaschoul, Extensioun vum Lycée de Garçons Esch, Transformatioun vum Lycée de Garçons Esch, Neibau an Transformatioun vum Lycée technique des Arts et Métiers, CNFPC, dee gebaut ginn ass, Réaménagement vum Lycée de Garçons zu Lëtzebuerg, d'Europaschoul, den Institut pour infirmes moteurs cérébraux, d'Sportshal vum Dikrecher Lycée, den Atelier vum CNFPC zu Esch, de Lycée technique vu Miersch, Transformatiounen um Geessekn äppchen, den Aline Mayrisch, d'Sportshal, d'Cogénératioun an d'Piscine, d'American International School, de Lycée du Nord zu Wolz, Dikrech, d'Aile vun de Sciences vun dem Maacher Lycée Joseph Bech, Extensioun vun der Sportshal Mamer. Elo haut Péiteng a Réiden. Also alles Projeten, déi an deene Jore gemaach gi sinn, eng enorm Entwécklung!

Mir wëssen awer och, dass malgré dem Fait, dass enorm vill gemaach ginn ass, d'Besoinen nach ëmmer grouss si par rapport zu der Evolutioun vun all deenen Zuelen, déi mer kennen, déi an deene leschten zéng Joer esou evoluéiert hu wéi ech se elo virun e puer Minutte beschriwwen hunn. Et ass e Besoin, e quantitative Besoin. Et ass awer och e qualitative Besoin. Mir brauche méi Raum, mä mir brauchen och qualitativ dee Raum, deen ee fir eng modern Schoul ze hale muss ubidden, deen ee brauch fir déi Schoul vun haut ze halen, adaptéierte Raum bei ganz oft Gebaier, déi awer schonn eng Rei Joren um Bockel hunn.

A mir wëssen och, dass den Développement vun eisem Land, dee mer an deene leschten zéng bis 20 Joer kannt hunn, en Développement ass, wou mer eis urbanistesch anescht entwéckelt hunn, wou och d'Entwécklung vun eisem Land, déi Polen, déi sech am Land méi staark, an déi aner, déi sech manner staark entwéckelt hunn, och déi Besoinen op aner Regioune komme léisst, an de Minister Wolter huet dat esouwuel an deem Rapport, wéi elo an deem wat en exposéiert huet, treffend beschriwwen.

Ech stellen och fest, datt mer eng Surattraktivitéit vun de Lycéeën an der Stad hunn, mä duerno kommen ech nach eng Kéier dorobber zréck.

Ech mengen awer, datt d'Schoulorganisatioun op dësem Niveau net nëmmen eng Fro ass vu Raum zur Verfügung stellen, an de Minister Wolter huet virdrun e puer Zilsetzungen ugeschwat, déi mer mussen, wa mer den Développement vum neie Schoulraum wëllen uerdentlech upaken, am A behalen. Ech wëll hei ganz kuerz op véier zréckkommen, ech wëll net ze laang dorunner hänke bleiwen, well et esou ass, datt bal alles elo an deem Exposé virdru gesot ginn ass an et schwéier ass dat nach eng Kéier zréckzehuelen. Ech probéieren also e puer Explikatiounen ze ginn. Et ass jo och dem Minister seng Roll an esou enger Diskussioun, fir ze exposéiere wat am Rapport steet an dat an allen Detailer an dat ass och gutt elo gemaach ginn.

Dat Éischt wat mer feststellen, dat ass kloer an däitlech, datt mer eng Dezentralisatioun an eng Régionalisatioun hei brauchen. Mir hunn en enormen, wat am Rapport mat dem schrecklechen Term benannt ass mat „flux interpôles". Dat heescht, datt déi eng Kanner op déi eng Säit fueren, déi aner op déi aner Säit an datt et net ëmmer evident ass fir dat an de Grëff ze kréien.

Mir hunn eng Iwwergewiichtung vun der Haaptstad, wann ech just d'Lycéeën eng Kéier kuerz énuméréieren. Bouneweg, Arts et Métiers, ECG, Lycée technique professions de santé, Lycée technique Michel Lucius, Lycée technique du Centre, fir déi, déi am Secondaire technique sinn. Lycée Michel Rodange, Athenäum, LGL, Robert Schuman, Alima, fir déi, déi am Classique sinn, an dann dat wat mer ganz oft vergiessen, dat sinn dann déi, déi nach dobäikommen. Dat heescht all déi Privatschoulen, wéi d'Sophie, wéi de Fieldgen, wéi den Emile Metz, déi jo och eng ganz Rei vu Schüler hei um Territoire vun der Stad Lëtzebuerg hébergéieren.

Plus wëll ech nach déi nennen, well déi oft vergiess ginn an der Énumératioun, wéi d'St Georges School, wéi de Vauban, wéi d'International School oder déi d'Waldorfschoul, wat awer och Schoule sinn, déi en enorme Potentiel d'accueil hunn an déi och ganz vill Kanner aus dem ganze Land hei an d'Stad drainéieren. Da muss een och nach dobäi soen, datt och Schoule wéi déi vum IESS oder d'Uni Lëtzebuerg nach zousätzlech an eis Offre scolaire vun der Stad Lëtzebuerg derbäikommen.

Dat heescht eng enorm Polarisatioun hei an der Stad, déi sech domadder charakteriséiert, datt mer ganz vill Secondaire technique haaptsächlech um Lampertsbierg hunn, déi sech och charakteriséiert domadder, datt mer an zwou grouss Zonen, dee Geessekn äppchen op där enger Säit an de Lampertsbierg op där anerer Säit, dat Ugebuet konzentréiert zréckfannen a mer an aneren Deeler vum Land, Osten a Süden zum Beispill, d'Besoinen net esou gedeckt hu wéi dat noutwendeg wär.

Wann een dat esou seet, da muss een awer och nach kucke wat fir eng Offer mer elo hei am Land hunn. De Rapport seet et ganz kloer. An deene meeschten Deeler vum Land ass déi Offer, déi mer als Lycée classique hunn, relativ zefriddestellend gedeckt. Par contre ass dat fir d'Lycées techniques net ëmmer esou.

Et gëtt da gesot, et wier méi einfach d'Offer am Classique ze decken, well et esou ass, datt de Lycée technique eng Multitude vun Offere muss maache mat méi Filièren, wat net esou evident ass iwwerall hinzekréien.

Dat ass sécherlech op där enger Säit richteg, mä op där anerer Säit ass et awer net ganz richteg, well et gëtt jo och am Enseignement technique eng Rei vu Basisfilièren, an dee Rapport, dee mer konnte liesen, seet kloer an däitlech, datt ronn 80% vun de Schüler aus dem Lycée technique sech awer an deene Filièren erëmfannen, wat mer déi klassesch Filière vum Technique nennen, wou een also d'Méiglechkeet huet fir se iwwert d'Land flächendeckend an deene verschiddene Polen, déi am Rapport beschriwwe sinn, unzebidden.

Souwisou fir déi spezifesch Offerë muss een aner Solutioune fannen an duerno kommen ech nach eng Kéier drop zréck, mä et geet elo haaptsächlech drëm an däser Etapp, an där Etapp wou Bauteprojete geplangt ginn, gemaach ginn, datt mer dee Basisbesoin, dee mer awer bei enger ganz grousser Majoritéit vun de Schüler zréckfannen, flächendeckend, uerdentlech a korrekt ofgedeckt kréien.

Da stelle sech dräi grouss Froen. Déi éischt ass déi vum Transport. Mir hunn do zwee Aspekter. Deen een Aspekt ass dee vun der Rationalitéit vum Transport. Et ass evident, datt wann een dausenden, 30.000 Schüler, muss kucken all Dag an déi Schoulen ze kréien, datt dat en enormen Opwand ass an datt ee muss probéieren dat aus verschiddene Grënn, aus Rationalitéitsgrënn, Coûtsgrënn op där enger Säit, Ëmweltgrënn op där anerer Säit, korrekt, uerdentlech an de Grëff ze kréien.

Ech soen awer hannendrun, dat uerdentlech an de Grëff kréien, déi Transportsituatioun, ass net nëmmen eleng eng Fro vun Ëmwelt, ass net nëmmen eleng eng Fro vu Rationalitéit a vun de Finanzen, mä ass och eng pedagogesch Fro an eng basispedagogesch Fro, well et ass total onsënnvoll wann der eng hallef Stonn oder eng Stonn fir dohinner an nach eng hallef Stonn, eng Stonn fir zréck, bal heiansdo zwou Stonnen den Dag am Bus verléiert, fir op an of ze fueren. Do kënnt een den Zäitopwand ganz anescht maachen an dee kënnt ee pedagogesch ganz anescht benotze wéi Bus- oder Zuchfaarten.

Haut gesi mer, datt déi verschidde Schoulen, déi verschidde Gebitter, esou wéi d'Land momentan opgedeelt ass, ganz ongläich opgefaange ginn, d'Transportubiddunge ganz ongläich sinn, a mir stellen och fest, datt d'Roll vum Zuch an Zukunft an deem ganze Kontext ëmmer wäert méi wichteg ginn.

De Rapport, esou wéi e virgestallt ginn ass, stellt dann och déi Notioun vum Vide scolaire vir, wat och esou e ganz komeschen Term ass, deen ech net gär gebrauchen, mä deen awer trotzdeem kloer ass wat e wëllt soen, an dee Vide scolaire op där enger Säit a Vide scolaire relatif esou schéi beschreift, wou dann Norden, Réiden, Jonglënster, Süde mat engem Vide scolaire relatif drënner falen an et jo evident kloer, logesch an däitlech an ech mengen dee Rapport beweist et, ouni datt do am Fong an der Logik, an der Rationalitéit vum Gedanken vill zouzefüge wär, datt no deene Kritäre muss gekuckt ginn, wann een eng nei Implantatioun gesicht huet.

Et muss ee kucke wou feelt eis eppes. Dat ass jo och absolut d'Basislogik. Et muss ee kucken, datt déi Régionalisatioun uerdentlech agehale gëtt. Et muss ee kucken, datt een den Équiliber vun de Formatiounen an deene verschiddene Géigende vum Land prett ass fir unzebidden an et muss ee selbstverständlech kucken, datt d'Accessibilitéit an d'Transporter geregelt ginn.

Ech hunn dann och eng Rei vun deenen Avise gelies, déi mer vun de Gemengen erakritt hunn an déi mer vum Innenministère oder vum Aménagement-du-Territoire-Ministère an dësem Fall zur Verfügung gestallt kritt hunn. Ech hu festgestallt, datt déi Avisen absolut positiv sinn, souwuel vun deene Gemengen oder vun deene Géigende wou e Lycée soll hikommen, wou meeschtens u sech eng grouss Réceptivitéit gefrot gëtt an e Besoin ausgedréckt gëtt, fir esou Schoulinfrastrukturen ze kréien, wéi vun deenen op där anerer Säit, déi soen, datt se am Fong iwwersaturéiert si vu Lycéeën. An ech hunn dee gudden Avis vun der Stad Lëtzebuerg nach eng Kéier gelies, deen ech och konnt mat ofstëmmen am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg,…

*(Interruptions diverses)*

…an deen eng ganz Rei Punkten och seet iwwert dat wat elo an dësem Rapport steet. Dee seet, datt d'Stad Lëtzebuerg och der Meenung ass, d'selwecht wéi dee Rapport, deen elo erauskomm ass, datt déi Konzentratioun, déi mer momentan an der Stad hunn, am Fong keng positiv Saach ass, mä datt mer mussen alles dru setze fir am Fong d'Stad ze délestéieren, fir u sech d'Méiglechkeet ze kréien an der Stad vläicht déi Offer méi kleng ze maachen, well mer Schwiereg-keeten hu mat der grousser Zuel vu Kanner, déi all Dag vu baussen eran an d'Stad kommen.

Vläicht fir e Beispill ze soen. De Lampertsbierg, well dat jo dat Beispill ass wat fir eis am signifikatiivsten ass. Wann een d'Analys mécht vun deem wat momentan all Dag, all moies um aacht Auer an um 12 Auer um Lampertsbierg lass ass an eng Kéier d'Zuelen do zesummenzielt. Ech hunn et probéiert ze maachen. Am Lycée technique des Arts et Métiers 1.700 Schüler, am Michel Lucius 1.000 Schüler, am Centre 3.000 Schüler, am Robert Schuman 900 Schüler, am Lycée de Garçons 1.300 Schüler. Dat mécht een Total vun 7.900 Schüler um Lampertsbierg.

Bon, et kann een doriwwer diskutéieren, well och Concomitanten dorënner sinn, mä d'Gréisstenuerdung ass awer selbstverständlech. Dozou kommnen nach de Vauban a Waldorf, wou och nach eng Kéier 1.000 Schüler bäikommen. Dozou kommen all déi Schüler, déi all Dag op d'Uni Lëtzebuerg kommen. Dat einfach fir Iech ze beschreiwe wéi vill jonk Leit, wéi vill Kanner all Dag zu engem Deel ëm déiselwecht Zäit an e Quartier, wat u sech e Wunnquartier ass, erakommen.

Dat ass net evident a mir denke jo evidenterweis och nach drun, datt d'Uni Lëtzebuerg en Deel vun hirer Offer muss an der Stad behalen, an dofir ass d'Iwwerleeung ganz no, déi och am Gemengerot gemaach ginn ass, datt een déi Situatioun eng Kéier muss analyséieren an datt ee muss kucken ob een net en Délestage ka maachen andeem een ee vun de Lycées techniques, déi do uewe sinn, op eng aner Plaz an der Stad mécht, fir och der Uni méi Raum ze ginn, fir sech an Zukunft auszebreeden, ob dat elo Dummeldeng, Kierchbierg, Gaasperech ass, wou d'Accessibilitéit garantéiert ass, wou och Terraine sinn. Op jidde Fall, géing ech soen, ass et eng Iwwerleeung wäert.

Beim Geesseknäppchen hu mer och e grousse Campus: Den Aline Mayrisch, den Athenäum, de Rodange, den ECG, zousätzlech nach d'International School, zousätzlech nach - wat oft vergiess gëtt - de Conservatoire, zousätzlech och nach de Forum, deen niewent dem ganze schouleschen Aspekt och nach eng ganz Rei aner Manifestatiounen unzitt.

D'Situatioun ass natierlech eng aner. D'Situatioun ass eng aner, well d'Accessibilitéit vum Geesseknäppchen eng aner ass. Mir sinn hei ugebonnen un d'Autobunnsnetz, mir hunn eng aner Accessibilitéit, déi sech also op deem Wee maache léisst, an et muss een och, wann ee mëttelfristeg, laangfristeg iwwerleet, drun denken, datt mer och d'Méiglechkeet vun der Accessibilitéit iwwert d'Schinn méiglecherweis kënnen an Zukunft do kréien.

Op jidde Fall ass dat eng Iddi, déi wesentlech ass an der Konzeptioun vun dem Urbanismus, datt mer esou e groussen Zentrum wéi de Geesseknäppchen och kéinten iwwer eng Gare iwwert d'Schinn ubannen an domadden de Verkéier op dee Site vill méi einfach maachen. Sou, dat zum Deel strictement Aménagement du Territoire.

Ech wëll awer net ophalen, ier ech nach eng ganz Rei pedagogesch Elementer zu deenen hei Iwwerleeungen bruecht hunn. Et geet jo och net nëmmen ëm den Aménagement du Territoire. Et geet jo och ëm d'Schoul, an déi huet natierlech och eng ganz Rei aner Elementer, quitte datt ech och weess, datt dat hei kee pedagogesche Pabeier ass, quitte datt ech och weess, datt dat hei e Pabeier ass iwwert den Aménagement du Territoire, datt ech en och esou gesinn. Mä wann een iwwert d'Schoul schwätzt, muss een och e puer där aner Elementer selbstverständlech dobäihuelen.

An dësem Pabeier kann ee liesen eng Definitioun vun dem Lycée, vun de Capacités d'accueil vum Lycée. De Pabeier mécht eng Rechnung, wéi vill Klassesäll an esou engem Lycée sinn, wéi vill Schüler solle pro Klass sinn, mat de Klassenzuelen, wat dann am beschten opgeet; och eng Rechnung, wéi déi eenzel Classevolanten – sou gëtt dat genannt -, déi also kee Klasseraum fir sech hunn, mä vun enger Klass an déi aner ginn, opgedeelt kënne ginn, a wéi d'Rationalitéit an d'Optimisatioun vum Schoulraum am beschte ka gemaach ginn.

***(M. Nico Loes prend la Présidence)***

Ech muss soe bei deene Präisser, déi d'Schoule kaschten, ass dat en absolut logescht Raisonnement, ass dat eng noutwendeg Iwwerleeung. Wann ee Mangel u Schoulraum huet a wann ee vill ze bauen huet, muss een evidenterweis déi do Iwwerleeung féieren. Et sinn och Modélisatioune gemaach ginn: Den Enseignement secondaire tëschent 1.000 an 1.250; wann et e Gebai ass, wat déi zwee Filièren, déi zwee Ordres d'enseignement zesummen huet, zwëschent 1.100 an 1.300; den EST eleng, zwëschent 1.300 a 1.650 - ech menge sécherlech sinn dat richteg Gedanken.

Mä zousätzlech, mengen ech, ass et awer och nach noutwendeg, dass ee sech eng Rei Gedanken zur pedagogescher Funktiounsfäegkeet dovunner mécht. Ech sinn u sech frou, wann ech dat liesen, datt mer ewechkomme vun deene grousse Schoulen, déi iwwer 2.000 Schüler hunn, a well se esou vill Schüler hunn a well se esou vill ubidden, awer ganz schwéier ze geréiere sinn an an eng Anonymitéit erakommen, déi och pedagogesch a mengen Aen absolut net méi sënnvoll ass.

Et muss ee sech d'Fro stellen nom pedagogesche Fonctionnement vun enger Schoul. Haut wëlle mer Schoulen, déi an Autonomie zu engem Deel schaffen. Haut wëlle mer Schoulen, déi sech och zu engem Deel Projets d'établissement ginn, déi e gewësse Geescht an d'Gebaier probéieren eranzekréien, deen ewechgeet vun der Anonymitéit vun engem eenzelne Schüler, deen d'Méiglechkeet gëtt dem eenzelne Schüler erëm eng Identifikatioun mat deem Schoulgebai ze maachen, wou hien dran ass, fir déi Relatioun och ganz anescht ze stellen, déi een huet zwëschent dem Schoulgebai, dem Enseignant, den Elteren, der Direktioun, dem Prof an esou weider.

Dat heescht, hinzegoen zu enger Individualisatioun vun de Relatioune vun deenen eenzelne Leit, déi sech am Schoulgebai dags an dagsiwwer erëmfannen. Dofir fannen ech et wesentlech, datt eis Schoulen net iwwerdimensionéiert sinn.

Dat ass och haut vläicht anescht wéi dat virun zéng Joer de Fall war, well mer haut mat enger ganz anerer Schoulpopulatioun ze dinn hunn, déi vill méi divers ass, déi aner Originen huet, déi aner Sproochen heiansdo huet, déi aner Comportementer heiansdo huet, a wou sech déi verschiddenst Kanner, déi verschiddenst Leit an deene Schoulen erëmfannen an déi musse sech an der Schoul - an dofir ass d'Schoul deelweis och do - dru gewinnen zesummenzeliewen, zesumme grouss ze ginn, zesumme sech auszebilden.

Dofir soen ech ganz kloer, datt an deem Kader kleng Unitéite sécherlech en Avantage hunn an datt déi Schoulsystemer, déi am Ausland och performant sinn, och wierklech évitéiere fir grouss Unitéiten nach dohinner ze bauen, mä mat kaum iwwer 1.000 Schüler, ebe kleng Unitéiten. Ech si frou, datt mer vun deene groussen Unitéiten zu engem Deel hei ewechkommen.

Et ass also wichteg, wann een déi Iwwerleeungen do féiert, datt een den Équiliber fënnt zwëschen op der enger Säit dem Ewechkomme vun der Anonymitéit vun deene ganz grousse Schoulen an op där anerer Säit vun der Palett vun Offer, déi een an all Regioun muss maachen, an der Rationalitéit an der Modélisatioun vun der Benotzung vun deenen eenzelne Gebaier. An dotëschent den Équiliber fannen, ass net ëmmer einfach, mä ass awer wesentlech.

Den zweete Punkt, dat ass dee vun der Standardisatioun vun de Schoulgebaier, vun der Sich no deene Siten, wou se kënnen implantéiert ginn, vun der Organisatioun an dem Planning vun den Aarbechten, déi hei gemaach ginn. Ech ka mech erënneren, datt ech virun dräi Joer op dëser Plaz och e Budgetsrapport gemaach hunn, wou ee vun deene Punkten, déi ech probéiert hunn ervirzesträichen, déi problematesch Situatioun wier, déi doranner besteet, datt mer ëmmerhi bal aacht Joer brauche vun dem éischte Gedanke vum Besoin vun engem neie Schoulgebai bis zu deem Punkt, wou eng Dier opgemaach gëtt.

Ech denken, datt déi Iwwerleeungen hei vun der Organisatioun, vum Planning, vun der Recherche vum Site, déi et u sech e wéineg méi logesch maachen, méi rationell maachen, déi och déi verschidde Punkten definitiv festleeën, datt dat e wesentlecht Element ass fir virunzekommen.

Mä ech mengen awer bei der Standardisatioun, datt een op e puer Saachen oppasse muss. Ech wëll der dräi nennen. Ech mengen, datt haut de Besoin vun de Schoulen anescht ass, wéi dat nach virun enger Rei Joren an de Konzepter war. D'Schoul ass anescht, well d'Schoul net ophält, wann et schellt. De Péri- an de Parascolaire ass eppes, wat an deenen nächste Jore sécherlech wäert méi an d'Schoul erakommen. Den Appui ass eppes, wat wäert entwéckelt ginn, d'Consultatioun vun den Elteren, d'Presenz vun deenen engen a vun deenen aneren, d'Disponibilitéiten an de Schoulen si Saachen, déi ech denken an deenen nächste Joren ëmmer méi wichteg, ëmmer méi wesentlech an deenen nächste Schoulgebaier wäerte ginn an hir Plaz definitiv do fanne wäerten.

Mir brauche Schoulen, déi méi op sinn. Mir brauche Schoulen, déi aner Aspekter och respektéieren. Mir brauche Schoulen, déi ronderëm d'Kand sech bewegen. Ech mengen eng Standardisatioun vun de Schoulgebaier muss deem Element sécherlech Rechnung droen.

En zweete Punkt ass déi Diskussioun iwwert d'Ganzdagsschoul, déi mer jo och schonn zu engem Deel heibannen ugeschnidden hunn. Mir mengen, datt de Modell vun der Ganzdagsschoul eng ganz Rei Avantagen huet, déi ville Familje gerecht ginn, datt et keng Obligatioun soll sinn, well en net alle Familje gerecht gëtt, datt et e Modell ass, deen am Kader vun der sou genannter Schoulautonomie - an dat ass och schonn hei vun der Éducatioun nationale gesot ginn – ka säi Sënn hunn.

Mä d'Ganzdagsiwwerleeung impliziéiert natierlech och eng Rei aner Iwwerleeungen am Gebrauch vun de Säll. Mir hunn hei net méi eng Opdeelung, wann ee wëllt wierklech e Modell vun der Ganzdagsschoul maachen, dee Sënn huet, wou dann d'Schüler 30 Stonnen d'Woch Schoul hunn an dann 20 Stonnen d'Woch duerno an engem anere Sall vun Éducateure bewaacht ginn. Dat ass net de Modell vun der Ganzdagsschoul. Eng Ganzdagssschoul ass eben net nëmmen d'Presenz vun 30 Stonnen an der Woch an der Schoul, a fält zu engem Deel aus dem Kader vun der Standardisatioun eraus a se muss awer, wann ee se wëllt maachen, och an d'architektonescht Konzept agebett ginn. An et ass also a mengen Aen en zousätzlecht Ugebuet, wat och seng Plaz an esou engem Plan sectoriel huet, an dat fannen ech keng onwesentlech pedagogesch Iwwerleeung, déi een zousätzlech ka maachen.

Dat anert ass déi parallell Iwwerleeung vum Gedanken zu engem Internat. Mir bauen elo en Internat zu Réiden. En Internat huet och e wichtege Sënn am Kader vun enger Ganzdagsschoul, wann en un enger Schoul drun ass, wann e mat der Schoul fonctionnéiert a wann en och selbstverständlech eng Rei Gemeinsamkeeten an der Infrastruktur huet. Ech mengen, datt e Besoin do ass. Och verschidden Avisen, notamment dee vun der Stad Lëtzebuerg, froen no esou Strukture wéi en Internat engt ass. Dat fält och net an déi klassesch Standardisatioun, quitte datt een do och eng Standardisatioun vun enger Schoul, déi esou e Modell ubitt, ka maachen. Mä et ass en anert Konzept vun der Schoul. Et brauch och eng aner Architektur, fir eng Schoul ze maachen.

An deen drëtte Punkt, deen ech wollt ervirhiewen, dat ass dee vum Mécanisme prioritaire d'inscription, esou wéi en hei beschriwwe gëtt. Wann dat Ganzt soll e Sënn hunn, wann dat ganzt Konzept hei, esou wéi et do steet, soll och logesch an d'Realitéit ëmgesat ginn, dann ass et kloer, datt et net kann esou sinn, datt alleguer déi aus dem Süde vum Land mam Bus an d'Stad fueren an alleguer vun der Stad mam Bus an de Süde fueren. Soss klappt dat jo net.

Dofir maache mer et jo sécherlech net, an déi Notioun vu Proximitéit a vu Prioritéit bei der Proximitéit schéngt mer einfach eng logesch Notioun ze ginn, well se engem och erlaabt en Deel vun de Verkéiersproblemer an de Gréff ze kréien, well se domadder erlaabt eng Rei pedagogesch Problemer vun Zäitverschwendung och an de Gréff ze kréien. Et ass awer a mengen Ae gradesou kloer, datt dowéinst déi diversifiéiert Offer, déi mer mussen ubidden, fir an engem Pôle scolaire e komplett Ugebuet ze maachen, dat éischtens wesentlech erliichtert a wat och e wesentlechen Aspekt ass, fir dat Ganzt sënnvoll an akzeptabel dobaussen ze maachen.

Mir musse kënne sécherstellen, datt op där enger Säit Gebaier net eidel stinn, währen op där anerer Säit déi aner Gebaier iwwerfëllt sinn an de Sécherheetsnormen duerch de Fait, datt ze vill Schüler dra sinn, net entspriechen; dat ass jo och dat, wat dee Mechanismus hei wëllt ofsécheren a garantéieren.

Zousätzlech awer och nach e puer Gedanken um pedagogesche Plang. Ech mengen, datt dee Mécanisme prioritaire d'inscription jo keng Carte scolaire obligatoire ass, mä datt en eng Prioritéit ass, sou wéi den Numm et kloer an däitlech seet. Ech verstinn zwar d'Argumenter, déi ee kënnen dozou bewegen, eng Carte scolaire anzeféieren, mengen awer, datt d'Fräiheet oder zumindest eng gewësse Fräiheet vun der Wahl soll bestoe bleiwen, och wann dës Fräiheet encadréiert ass duerch eng Prioritéit d'inscription, well et muss ee sech jo awer Regele ginn, no deenen déi eng an déi aner an de Schoulen ugeholl ginn.

An dee ganze Gedankegang gëtt u sech verstäerkt duerch de Fait, datt mer alleguer hei iwwert d'Parteien ewech soen, datt déi eenzel Schoule musse méi Autonomie kréien, datt mer u sech der Meenung sinn, datt déi eenzel Projets d'établissement sollen ausgeschafft ginn, datt jiddfer Schoul soll probéiere fir sech hir eegen Nues, hir eege Spécificitéit an hir eegen Identifikatioun ze ginn, datt mer erauskommen aus der Anonymitéit, datt jiddferee sech mat deem Lycée, wou en ass, identifizéiert, sech erëmfënnt, stolz op säi Lycée ka sinn an datt mer och deenen eenzelne Lycéeën d'Méiglechkeet gi sech zu engem Deel ze spezialiséieren.

Zum Beispill kann ech mer gutt virstellen, datt ee Lycée en Akzent op d'Naturwëssenschaften an en aneren op d'Sprooche leet, wou en da méi pousséiert schafft. Et ass natierlech och kloer, datt wann Der zoufällegerweis um Belair wunnt an Dir hutt e Lycée an der Géigend, deen elo méi Sprooche mécht an Dir wëllt awer Wëssenschafte maachen, datt et dann net esou ass, datt all Belairer muss Sprooche maachen, well en um Belair wunnt, respektiv en aneren dann an en anere Projet muss goen. Dofir, mengen ech, muss een hei ganz gutt oppassen, wéi een dat upeekt an eng gewësse Flexibilitéit, zumindest am Cycle supérieur, erabréngen; dat geschitt d'ailleurs souwisou schonn. Zu Mamer ass et kloer: Et ass jo net well Der zu Mamer wunnt, wou Der musst an d'Baufach goen an net jiddereen, deen am Baufach ass, dee kënnt vu Mamer; déi Saach ass eng absolut Logik an dat gëtt och an der Realitéit esou applizéiert.

Ech mengen, datt een do kloer muss en Ënnerscheed maachen, wat d'Priorité d'inscription ugeet, zwëschent op där enger Säit enger gewësser Rigueur, déi ee kann am Cycle inférieur duerchzéien, an enger Flexibilitéit, déi een awer vläicht muss spille loossen, wéinst der Diversitéit vum Ugebuet, wéinst deene verschiddene Charakteristiken, déi déi eenzel Gebaier awer vläicht an dem Cycle supérieur hunn, ob dat elo Secondaire technique oder ob dat Secondaire classique ass.

Wesentlech gëtt déi ganz Saach doduerch vereinfacht, datt mer an Zukunft, wa mer nei Gebaier maachen, op de System higinn, fir den Enseignement secondaire an den Enseignement secondaire technique, zumindest wat de Cycle inférieur ugeet, ënnert engem selwechten Daach ënnerzebréngen an domat eng ganz Rei Problemer, niewent aneren Avantagen, déi dat sécherlech huet, an de Gréff ze kréien.

Dat Ganzt, wann een esou eng Prioritéit mécht, déi zumindest am Cycle inférieur dann och deelweis mat enger Rigueur duerchgefouert gëtt, verlaangt natierlech och eng Ofsécherung, datt déi Niveauen, déi an deenen eenzelne Schoulen ugebuet sinn, och equivalent sinn, an déi ganz Gedankeféierung vu Saachen, déi och elo schonn agefouert ginn, iwwert d'Tests nationaux, iwwert d'Gemeinschaftsprüfungen, déi virgesate Standardniveau-Nofroen, schéngt mer an deem Fall och sënnvoll ze sinn. Dat ass e pedagogesche Gedanken, dee supplémentaire ass zu deem, wat hei an dem Plan sectoriel steet.

Dat Ganzt gëtt och doduerch verstäerkt, datt de Cycle supérieur jo och eng Rei méi rar Formatioune muss ubidden, déi een net kann a jiddfer Pôle d'enseignement ubidden. Wéi zum Beispill de Lycée agricole, wéi zum Beispill d'Hotelschoul, wéi zum Beispill d'Schoul iwwert d'Éducateuren, wéi zum Beispill d'Schoul iwwert d'Professions de Santé, wat jo u sech Formatioune sinn, déi musse geographesch regruppéiert sinn, wou musse speziell Ugebueter gemaach gi fir dat sënnvoll unzebidden an déi da mussen aus deene verschiddene Polen erausgeholl ginn, wann een net wëllt eng Multiplicitéit vun den Offere maachen, déi awer finanziell ganz schwiereg ass hinzekréien.

An da kommen och nach déi spezifesch Ugebueter dozou, an do mengen ech zum Beispill dat Ugebuet, wat am Aline Mayrisch mat de Sportsklassen ass. Et ass evident, datt dat och net kann iwwerall ugebuede ginn, quitte datt et sënnvoll wier et méi ze regionaliséieren, mä ech weess och wat de Käschtepunkt dovunner ass an ech weess och wat de ganze Problem ass, fir dat iwwerall unzebidden. Ech wëll just soen, et ass jo kloer an däitlech, et gëtt jo och haut gemaach an dat leeft jo och ganz korrekt an uerdentlech, datt déi Leit, déi wëllen, egal wou se wunnen, an esou eng Klass kommen, well déi eenzel Federatiounen se schécken, och dat kënnen ouni Problem maachen.

An do ass de Problem vum Ganzdagsschoulmodell, wat een och muss respektéieren, de Ganzdagsschoulmodell, deen net eng Obligatioun ass, wann een esou e Modell wéi en Kéier ubitt. Da mussen och déi Kanner, déi wëllen an eng Ganzdagsschoul goen, kënnen dohinner goen an net well een an enger Géigend wunnt, wou esou eng ugebuede gëtt, een dann obligéiert ass an esou e System ze goen.

Also et sinn eng ganz Rei Elementer, déi dobäikommen. Et ass e Prinzip, soen ech en resumé, dee muss applizéiert ginn op eng komplizéiert Realitéit. A fir e Prinzip op eng komplizéiert Realitéit ze applizéieren, brauch een eng gewësse Flexibilitéit, fir dee Prinzip dann och an der Realitéit liefbar ze maachen.

E Prinzip, deen awer dem Stat seng Responsabilitéit kloer an däitlech festleet, wat den Transport ugeet. De Stat huet eng Responsabilitéit fir den Transport ze organiséieren am Kader vun dem Pôle d'enseignement. Wann da Famillje wëllen hir Kanner an aner Lycéeë schécken, da geet dat jo och mat deem Mécanisme, deen elo hei festgeschriwwen ass, mä si mussen dann awer natierlech och bereet si fir den Transport zu engem Deel selwer ze organiséieren. Et ass kloer, datt de Stat an d'Gemengen net alles kënne maachen.

An dann nach e leschte Punkt, deen ech wëll soen, dat ass dee vun enger effikasser Organisatioun, déi doduerch kann entstoen, datt een och nach eng Kéier iwwert de Prinzip vun den décaléierten Horairen nodenkt; och dat steet hei an deem Pabeier. Et ass kloer, datt décaléiert Schoulufanks- a Schoulschlusshorairë wesentlech den Transport kéinten erliichteren, ob dat elo dee vun der Strooss ass, ob dat dee vum Bus ass, ob dat dee vun der Bunn ass, e kann domat vill méi rationell gemaach ginn an e kann och vill méi käschtespuerend organiséiert ginn. Ech denken, datt dat haaptsächlech do, wou konzentréiert Schoulkomplexe sinn, muss kommen.

Als Konklusioun wëllt ech da soen, datt dat Instrument hei e wesentlecht Instrument ass am Kader vum Aménagement du Territoire, wat sech domadder charakteriséiert, datt et vill Aspekter vum politesche Liewe matenee verbënnt an dat, denken ech, mécht Sënn. Et verbënnt den Aménagement du Territoire, et verbënnt schoulesch Aspekter, et verbënnt Aspekter vun Travaux publics, vun Transport a vu Finanzen. Et ass eng Zukunftsvisioun vun der Entwécklung vun eisem Land an et ass eng reell Entwécklung, déi hei virgesi gëtt, déi selbstverständlech vun Zäit zu Zäit der Realitéit muss ugepasst ginn, muss nogekuckt ginn, déi och der pedagogescher Realitéit muss vun Zäit zu Zäit ugepasst ginn, mä op jidde Fall ass et en Instrument wat eis an engem Dossier weiderkommen deet, dee fundamental ass fir d'Zukunft vun eisem Land.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Claude Wiseler. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Ben Fayot ageschriwwen. Här Fayot, ech ginn Iech d'Wuert.

***(Interruption)***

Här Fayot, den Här Minister Wolter huet nach d'Wuert gefrot.

**M. Michel Wolter**, *Ministre de l'Intérieur.*- Ech wollt dem Här Fayot, vläicht nach ier en ufänkt, déi Äntwert op déi Fro ginn, déi e mer virdrun an engem Zwëscheruff gestallt hat.

Et ass esou, dass mer haut an den Alterskategorië 12 Joer bis 20 Joer bei der Participation scolaire bei engem Taux vun 63% sinn. 63% sinn also déi Schüler, déi hei zu Lëtzebuerg an d'öffentlech Schoule ginn, y compris déi aus de Privatschoulen, déi sech dem Programm vum Enseignement public ënnerzéien. Net dran, dat sinn also déi aner 37% Jugendlecher vun 12 bis 20 Joer, sinn all déi Schüler, déi op der Uni sinn, all déi jonk Leit, déi scho schaffen ier se 20 Joer hunn, déi jonk Leit, déi an der Europaschoul sinn, déi an den internationale Lycéeë sinn an déi an de Lycéeë vun der Grande Région sinn.

Dofir komme mer op ee Chiffer, dee jo à première vue als ganz déif unzesiedelen ass wann een d'Alterskategorie 12 bis 20 Joer hëlt, nëmmen 63%, an dat erkläert och, firwat dass hei déi auslännesch Lycéeën aus der Grousregioun an och déi lëtzebuergesch Lycéeën an déi international Lycéeën net an der Programmatioun dra sinn. Déi 11.000 bezéie sech also reng exklusiv op d'Chiffere vun deene Jugendlechen, vun deene mir dovunner ausginn, datt se an déi heite Schouloffer eraginn.

Allerdéngs hu mer eng Extrapolatioun gemaach, dat heescht mir ginn dovunner aus, dass sech den Taux wäert erhéijen, dass mer am Joer 2010 net 63%, mä dann 69,5% vun de Leit an der Scolarisatioun hunn; an dat ass eng vun den Hypothèses de base, déi mer eraginn hunn, niewent den Hypothèses vum Flux migratoire. Ech wollt Iech dat, Här Fayot, hei virdru gesot hunn, well Der zu Recht op d'Fro opmierksam gemaach hutt, wéi d'Chifferen zesummegestallt wären.

**M. le Président.**- No den Explikatioune vum Här Minister Wolter ginn ech Iech dann elo d'Wuert, Här Fayot.

**M. Ben Fayot** *(LSAP).*- Jo, merci, Här President. Merci, Här Minister, fir déi Prezisioun. Et ass eng Fro, déi ech mer ëmmer erëm gestallt hunn, wann ech dee Plang do gelies hunn, wou déi Kanner verluer gaange wären. An et ass jo awer esou, dass mer eng Responsabilitéit hu fir se alleguerten, déi hei am Land wunnen, ob dat Lëtzebuerger oder Auslänner sinn, an dass ee sech natierlech d'Saach net kann esou einfach maachen.

Här President, jiddfereen, deen an der Politik méi gesäit wéi eng kuerzfristeg, elektoralistesch ausgeriichten, am Fënnefjoresrhythmus oflafend Aktivitéit, ass natierlech un der Démarche vun der Landesplanung interesséiert. Dat ass zwee Méint virun de Wahlen net onbedéngt esou einfach, mä et muss ee jo da probéieren, iwwert d'Wahlen eraus, an enger mëttelfristeger Optik iwwert déi Saachen ze schwätzen.

D'Landesplanung soll jo an dësem Fall mëttelfristeg an op Grond vu rationelle Kritären eng équilibréiert Entwécklung vun alle Regioune vum Land, am Respekt vun hiren Eegenheete wéi de Besoine vun hiren Awunner, festleeën. Et soll verhënnert ginn, dass alles sech an enger oder an e puer méi oder wéineger grousse Agglomeratiounen zesummebraut an de Rescht vum Land dagsiwwer eidel ass an dann owes just nach gebraucht gëtt fir ze schlofen an eventuell ze iessen.

Wat d'Schoulen ugeet si jo an där Hisiicht, géif ech soen, bis haut eng Partie Sënne geschitt, Sënnen, déi ech géif als onbewosst Sënne bezeechnen…

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV).*- Dat ass et jo grad!

***(Hilarité)***

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ah, Här Meyers, ech sinn extrem frou, dass ee vun der CSV mir déi fein Distinktiounen do erkläert. Dat huet jo och mat de Jesuiten hirer Kasuistik ze dinn, an dofir…

M. Paul-Henri Meyers *(CSV)*.- Dat ass rengt Gewëssen, Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dat ass rengt Gewëssen, jo, d'accord, gutt, bon. Ech mengen awer, dat ass elo net hei onse Sujet. Also ech schwätze vu Feelentwécklungen am Fong geholl, déi an der Natur vun der Saach waren. Ech wollt dat emol ganz kuerz trotzdeem hei soen.

Mir soen, um Lampertsbierg hu mer eng Ballung vu Schoulen. Firwat hu mer eng Ballung vu Schoulen um Lampertsbierg? Mir haten als éischt Schoul an der Stad den Athénée an der Ënneschtgaass. Dunn ass ufanks der 20er Joren décidéiert ginn, eng Section commerciale ze maachen, an dunn ass de Lycée de Garçons um Lampertsbierg implantéiert ginn, einfach well do Terraine waren a well dat relativ no - deemools war et wäit ewech -, mä relativ no bei der Stad war.

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

An de 60er Joren, ufanks de 70er Joren ass dunn op eemol d'École moyenne entstanen. Déi ass och op de Lampertsbierg komm, well eben och do Terraine waren. Da war jo an der Zwëschenzäit virdru schonn de Lycée Robert Schuman, oder deen ale Meedercherslycée virum Éischte Weltkrich, och eben op de Lampertsbierg gesat ginn, well do Terraine waren. Ganz einfach, well do Terraine waren a well keng Terraine méi an der Alstad oder an deem eigentleche Kär vun der Stad waren! An dotëschent ass dann alles zougebaut ginn, bis dann eben dat Wunngebitt mat deene Schoulen do sech eigentlech net méi richteg verdroen huet.

An haut maache mer, et deet mer Leed, Här President, nach ëmmer deeselwechte Feeler! Mir hunn den Här Wiseler gehéiert soen, an dat ass och d'Haltung vun der Stad Lëtzebuerg, d'Uni Lëtzebuerg soll ee vun hiren Haaptsiten do uewen um Lampertsbierg kréien. Här President, dat kann net riicht ausgoen! An ech menge souguer d'Leit um Lampertsbierg wéi och d'Rationalitéit vun där Entwécklung kënnen dat net guttheeschen, an dofir sinn ech - ech hunn dat jo och schonn hei op der Tribün gesot - der Meenung, dass ee wierklech misst eng aner Solutioun do fannen.

Ech hat déi Iddi vun de Frichë vun Dummeldeng lancéiert, déi den Här Minister jo deemools, wéi mer hei iwwer Esch/Belval geschwat hunn, och approuvéiert huet, an ech bleiwen derbäi, dass mer musse vun deem Lampertsbierg do fortkommen, well dat eng Sakgaass ass a well et schwéier ass fir dohinner ze kommen. Mir wëlle jo dann och e Lycée ënner anerem vun deem Lampertsbierg dezentraliséieren. An déi Entwécklung ass esou virugaangen.

Wéi dunn um Lampertsbierg keng Plaz méi war, dunn ass op eemol kloer ginn, dass den LGL, de Lycée de Garçons, ze grouss géif ginn. Dunn hu mer erëm e Stéck dovunner ofgeschnidden a mir hunn de Lycée Michel Rodange an d'Märeler Wise gestallt. Nodeems dass mer schonn de Kolléisch dohinner gesat hunn, ufanks de 60er Joren, ass hannert de Kolléisch de Lycée Michel Rodange komm. Zugläich ass dunn op eemol d'École de Commerce et de Gestion dobäikomm.

Ech ka mech ganz gutt erënneren, dass ech eng Kéier gewarnt hunn hei an dëser Chamber: Solle mer net oppassen, dass mer alles beieneen maachen? Dunn ass mer gesot ginn: Et ass dach formidabel! Do kënne mer Synergien ënner all deene Gebaier maachen, an d'Kanner kënnen op engem grousse Campus vun enger Schoul an déi aner goen.

Déi Iddi vun der Dezentralisatioun, dat ass jo och eppes wat menger Usiicht no nach net an de Käpp ass, trotz dem Optimismus vum Här Landesplanungsminister. Dass et esou weidergeet hu mer gesi wéi mer kuerz duerno den Alima, de Lycée Aline Mayrisch, dohinner gebaut hunn. Mir hunn déi Sportsinstallatioun dohinner gebaut, mir hunn eng International School gebaut, mir hunn dee Campus also ausgedehnt, well mer ganz einfach d'Terrainen haten, an ech fäerten, Här President, dass dat esou viru geet!

Mir hu glécklecherweis an de 70er Joren de Lycée technique de Bonnevoie gebaut. Ech ka mech selwer erënneren, wéi schwéier dat war, well dat mech politesch ëmmer interesséiert huet. Ech hu mech och vill dofir agesat, fir dee Lycée technique op Bouneweg ze kréien, well ech ganz einfach gesinn hunn, dass déi Kanner vu Bouneweg duerch d'ganz Stad hu misse goe fir op de Lampertsbierg an d'Schoul ze goen. An ech kann lech soen, dat war eng haart Noss! Mir ass dat egal vu wat fir enger Faarf dee Minister war, dat ass bei all Minister de Fall gewiescht. Dat war eng haart Noss fir dat duerchzekréien!

An elo hunn ech d'Impressioun, dass mer do erëm eng aner Agglomeratioun vu Lycéeë bauen. Mir hunn zum Beispill de Lycée technique de Bonnevoie, dee wëlle mer jo ausbauen. Mir hunn zwar grouss Schwieregkeeten, mir si scho jorelaang amgaang fir deen auszebauen. Mir wëllen dann zum Beispill op der Diddenhuewener Strooss eng Annexe fir de Lycée pour Professions de santé bauen. Mir wëllen e Lycée vum Lampertsbierg op Gaasperech kréien oder eventuell op den Houwald, wou ëmmer da Plaz ass. Dat heescht, d'Logik, Här President, ass jo ëmmer déi, déi Géigenden unzepeile wou mer Plaz hunn an net wou et eventuell am rationellsten ass.

***(Interruption)***

Bon, ech loosse mech gären iwwerzeegen, Här Minister, mä ech hunn awer d'Impressioun, dass et och hei esou geet. Ech wollt dat awer emol gesot hunn hei, fir dass mer och déi Entwécklung do gesinn. An ech muss jo soen, bei all falscher Entwécklung ass jo och eppes Guddes trotzdeem derbäi. Ech ka mech perséinlech erënneren, a menger Carrière war ech Professer am Kolléisch. Mä wéi d'École moyenne ugaangen ass, du si se Professeren iwwerall deelweis siche gaang fir d'École moyenne ze entwéckelen. A wéi mer den Technikum entwéckelt hunn, du si se och Professere siche gaang, déi no bäi waren an deene bestehende Gebaier. Et waren ebe Synergië méiglech fir déi nei Gebaier opzebauen. Dat ass och eng Iwwerleeung, déi ee kann derbäi maachen.

Also ech bleiwe bei der Meenung, dat ass mäi Fazit vun der vergaangener Entwécklung: An deem leschte Jorhonnert bis haut hu sech d'Politiker, d'Décideuren no hire spezifesche Virgaben orientéiert ouni déi aner Virgabe mat ze kucken, wou d'Schüler hierkommen, wéi se an d'Schoul kommen, wou d'Schoulen am beschten an d'Regioun integréiert sinn. Ech mengen dat war an de mannste Fäll de Fall, an et huet also an anere Wierder ganz einfach un der Landesplanung gefeelt.

D'Fro stellt sech natierlech, ob dat haut ka réusséieren. Ech muss lech éierlech soen, ech begréisse selbstverständlech déi Tentative mat deem Plan sectoriel „lycées“, déi hei gemaach gëtt, mä wann ech kucken - ech war net an der Regierung, ech hunn awer schonn oft d'Regierungen ugekuckt, an zimlech no - wéi esou Regierunge funktionéieren a wéi oft déi eenzel Ministèrë Festunge sinn, déi sech strikt un hir Kompetenzen halen an déi net gären hunn, wann e Kolleeg hinnen draried, dann hunn ech meng Zweifel ob dat wierklech esou schéi fächeriwwergräifend wäert goen, wéi ee sech dat virstellt a wéi dat och an der Landesplanung natierlech gewënscht gëtt.

Ech géif et wënschen, dass dat géif réusséieren. Dat wär meng rationell Approche. Mä ech sinn net iwwerzeegt, well d'Ministèren zu Lëtzebuerg sinn an enger gewësser Hisiicht Festungen, a jiddfer Minister ass do Här a Meeschter. Mir hu jo eng Struktur vun der Regierung, déi net déi ass wéi an anere Regierungen, wou et eben e Kanzler gëtt, deen an d'Ministèrë Weisunge ka ginn. Hei ass all Minister zoustänneg fir seng Saachen, an dofir ass déi horizontal Approche vun der Landesplanung ganz gutt, mä ob se ka réusséieren, weess ech net. Et ass jo och oft diskutéiert ginn, wiem een da soll déi Landesplanung als Ministère ginn. Soll dat dann de Statsminister sinn? Mä bon, et ass net de Statsminister, well eben de Statsminister net deen ass, deen iwwer alles steet.

Här President, am November 1999 - de Minister huet mir éinescht gesot, et wär e bësse méi spéit gewiescht, ech hunn an den Dokumenter gesinn, dass et am November war - huet d'Regierung décidéiert dat Instrument vum Plan sectoriel fir den Enseignement secondaire anzesetzen. Haut 4½ Joer duerno diskutéiere mer dee Plang. Dat ass natierlech ganz laang an dofir ass jo och an der Zwëschenzäit ënnert der Pressioun vun der Nécessitéit de Lycée vu Réiden décidéiert ginn, dee sech an de Plan sectoriel aschreift, wéi dat jo scho virdru gewosst war.

D'Landesplanung kennt e gewësse Centre de Développement et d'Attraction, an de Conseil supérieur de l'Aménagement du Territoire ënnersträicht, trotzdeem dass de Bau vun engem Lycée zu Mamer eigentlech d'Logik vun dem Centre de Développement et d'Attraction net respektéiert, an dass fir d'Implantatioun vun engem Lycée ze erméiglechen, dat heescht zu Jonglënster ze erméiglechen, respektiv ze justifiéieren, déi Uertschaft zu engem regionale Centre de Développement et d'Attraction erhuewe ginn ass, wat se am Fong geholl au départ net war, also eng gewësse Flexibilitéit vun der Landesplanungslogik.

M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur*.- Et ass scho laang hier ier mer dat hei gemaach hunn. Et ass datselwecht wéi d'Lycéeën an der Stad wat Der virdru gesot hutt. Also ech géif soen, haut géife mer et héchstwahrscheinlech anescht maachen.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Et ass scho gesot ginn, dass mer fir déi nei Lycéeslandschaft opzebaue vun enger Schülerzuel vun 11.000 tëschent 2000 an 2010 ausginn. Ech ginn elo net op d'Detailer vun de Pôles d'enseignement an, wéi déi Zuelen do sinn. Et ass och vun de Fluxë scho geschwat ginn, an déi Fluxë wëlle mer jo dann ëm 50% reduzéieren, wat absolut eng wichteg Saach ass, mengen ech, dat kann een net bestreiden.

Ech muss zwar och soen, dass déi Terminologie, déi an deem Plan sectoriel gebraucht gëtt, heiansdo e bësse surrealistesch bis kafkaesk ass, wann ee vu Vide scolaire absolu, Vide scolaire relatif, Vide scolaire démographique, infrastructurel kuckt, an do gëtt et jo dann esou schéi Saachen, an ech hunn am Avis vun der Gemeng Hengescht gelies, dass déi „s'identifie au vide scolaire absolu“. Ech hunn déi Manéier léif fonnt, wéi déi Terminologie gebraucht ass.

Ech mengen, de Problem ass jo deen, d'Logik vun deene regionalen Zentre mat där vun deene Vides scolaires, déi ee wëllt combléieren, zesummenzebréngen, an do also eppes opzebaue wat Kapp a Fouss huet.

Mä mir fänke jo eigentlech och net bei null un. Mir hu schonns eng Lycéeslandschaft an d'Konscht ass et jo déi bestehend Lycéeslandschaft mat de Projektioune fir d'Zukunft kohärent ze maachen. Dat schéngt mer e wichtege Punkt an ech muss eigentlech soen, dass dat eppes ass wat ech an deem Plan sectoriel vermësst hunn, nämlech déi Projektioun, déi och fir déi bestehend Lycéen do ass - et si jo eng ganz Partie Saache geschitt, et soll nach mat deene bestehende Lycéeën eng Partie Saache geschéien, respektiv neier solle gebaut ginn, fir déi zesummenzebrénge mat deenen zwou Phasen, déi dann elo festgehale gi fir nei Lycéeën ze bauen. Déi éischt Phas also: Réiden, Jonglënster an Esch/Belval, an dann déi zweet am Süden, am Südosten, an och am Norden.

Déi Demande vun deenen Nordgemengen huet mer interessant geschéngt. Dat hänkt jo och zesumme mat deenen Délaië wou mer dra sinn. Mir sinn elo 2004, bis dat alles leeft, si mir bal Enn 2004, dat heescht, mir si schonn an der Mëtt vun där Period 2000-2010, an dofir fannen ech et verständlech, dass zum Beispill eng Gemeng, oder déi Gemenge ronderëm Klierf, déi am héijen Norde sinn, soen, de Lycée vu Klierf misst eng éischt Prioritéit kréien, well eben do awer, wéi een esou schéi seet, de Vide scolaire absolu wär, an dat ass eng Iwwerleeung, déi ee sech ka stellen zu dësem Abléck, well mer elo diskutéieren, an net 2001 oder 2002. Wa mer 2002 doriwwer diskutéiert hätten, da wär dat vläicht eng aner Saach wéi elo 2004.

Dofir sinn ech der Meenung, dass een déi zweet Phas, déi jo awer soll nach méi spéit kommen, och zum Beispill Réimech, Mondorf, dee Lycée am Südosten, wou et och schwéier ass fir a Lycéeën ze goen, dann natierlech den zweete Lycée am Süden, froen ech mech, ob een net awer soll direkt dorunner goen, fir déi Phas e bëssen ze rapprochéieren, an déi eventuell mat der éischter Phas zesummen ze huelen.

Et wäert dann och wichteg sinn, wéi logesch a kohärent d'schouleschtt Ugebuet ass. An do seet jo och de Conseil supérieur de l'Aménagement du Territoire ganz richteg, dass mer zum Beispill um Geesseknäppchen dräi Lycéeën hunn, déi eigentlech eng Vocation identique hunn. Dofir stellt sech fir mech eng ganz wichteg Fro bei deem Plang hei, déi vläicht nach net genuch beduecht ginn ass.

D'Eltere schécken hir Kanner am léifsten dohinner, wou eng komplett Offre scolaire ass, dat heescht e komplett Ugebuet vun Enseignement secondaire général an Enseignement secondaire technique, an och am Enseignement secondaire technique wa méiglech e komplett Ugebuet wou de Passage vun deem engen op deen anere méiglech ass, ouni dass een elo muss grouss Distanzen hannert sech bréngen.

De Kommentar vun der Diddelenger Gemeng an hirem Avis ass interessant a Betracht ze zéien. D'Diddelenger Gemeng huet gerechent, dass de Lycée technique Nic Biever wéineg opgesicht gëtt, well en ebe kee komplette Lycée ass. Nëmmen d'Halschent vun de Schüler vun Diddeleng, déi kënnten an de Postprimaire goen, an nëmmen 1/6 vun de Schüler aus dem direkten Anzuchsgebitt vun Diddeleng, ginn an de Lycée technique Nic Biever, well dee Lycée ebe kee komplett Ugebuet proposéiert, an dat ass menger Ansicht no eng wichteg Iwwerleeung bei der Gestaltung vun där neier Lycéeslandschaft, déi mer mat dem Landesplanungsplang wëllen ënnerhuelen.

Et ass also net esou einfach e Vide scolaire ze fëllen, andeem dass een nëmmen en neie Lycée dohinner baut. Et ass d'schouleschtt Ugebuet a senger ganzer Diversitéit a mat de Méiglechkeete vu Rekonversioun a Réorientatioun dat stëmme muss, an dat ass jo schlussendlech de Konzept vun Attraktivitéit, deen eben och am Plan sectoriel behandelt gëtt. D'Attraktivitéit vun engem Lycée muss gi sinn, fir dass déi Lycéeën alleguerten op deemselwechten Niveau sinn, dass een also och kann déi Mesure vun der Inscription prioritaire duerchzéien.

Et ass scho vun där Analys geschwat ginn am Plan sectoriel, dass zum Beispill am EST 81% vun de Schüler a Formatioune ginn, déi als net selte Formatioune bezeechent kënne ginn. An dofir gëtt dann och dat regional schouleschtt Ugebuet virgeschloen, ouni dass allerdéngs gesot gëtt, dat ass eppes wou ech wierklech interesséiert wär, dat vläicht ze héieren, vum Här Wolter oder vun der Madame Brasseur, wéi dat dann elo ausgesi wäert, dat schouleschtt Ugebuet op enger regionaler Ebene. Wa mer scho soe mir hätten um Geesseknäppchen dräi Lycéeë mat deemselwechte schouleschen Ugebuet, wat huele mer dann ewech, wou deele mir dat zou, wéi geschitt dat, sinn do schonn d'Aarbechte virugaangen? Dat hunn ech am Fong geholl an deem Text net fonnt.

Et ass och gesot ginn, dass wat den Transport ugeet, do muss vill geschéien, well d'Transportlinne jo orientéiert sinn op déi Zentralisatioun vun de Schoulen, grad och wéi déi vun den Aarbechtsplazen. D'Fro, déi sech allerdéngs stellt, ass och eng Fro, déi vum Conseil supérieur de l'Aménagement du Territoire elo opgeworf gëtt, mir kënnen zum Beispill bei den ënneschte Klassen, souwuel am Enseignement secondaire général wéi am Enseignement secondaire technique, jo héchstwahrscheinlech net an alle Fäll nëmmen e Schülertransport organiséieren.

Ech mengen, d'Iddi wär jo, fir - wa méiglech - d'Kanner mat normale Bus- an Zuchlinnen an hir Schoul ze bréngen. Dat heescht, wann ech dat richteg verstanen hunn, dass een iwwerhaapt den öffentlechen Transport, besonnesch d'Buslinnen, mam Zuch kënne mir jo net vill maachen, mä den öffentlechen Transport, d'Buslinnen och anescht orientéiert.

Ech hu schonn dat Beispill ginn, wann ee vun der Gemeng Kielen op Miersch wëllt an de Lycée goen - dat ass jo ganz no -, muss ee vu Kielen an d'Stad fueren an da vun der Stad op Miersch. Wann een also do wëllt eng Réorientatioun, eng Aart Dezentralisatioun maachen, muss een natierlech och beim Transport eppes maachen. Ech huele jo un, dass dat och d'Absicht vun der Regierung ass.

D'Inscription prioritaire, ech mengen dee Prinzip, dat hunn ech scho gesot, dee steet a fält mat der Attraktivitéit vun deenen eenzelne Lycéeën. Wann déi Lycéeën net op deemselwechten Niveau sinn, souwuel wat d'Qualitéit wéi och d'schoulesch Ugebuet ugeet, da gëtt dat Buttek - déi Inscription prioritaire. De Prinzip ass jo, bon, den Här Minister huet gesot, et ass d'Recht fir sech an e Lycée de proximité anzeschreiwen, mä et ass och d'Flicht sech an dee Lycée de proximité anzeschreiwen, esouwäit wéi ech dat verstanen hunn.

Dat kann natierlech och nëmme virrangeg fir de Cycle inférieur bestoen, well ech ka mir virstellen, dass et jo vill Verschiddenheeten ënnert deene verschiddene Lycéeë gëtt, dass - den Här Wiseler huet dat schonn ugedeit - d'Autonomie vun de Lycéeën, d'Projets d'établissement zu Ënnerscheeder féieren. Iwwerhaapt beméien d'Ly-

céeën sech hautdësdags jo drëm, fir hir eegen Atmosphär ze schafen, fir hiert eege Liewen ze développéieren, de Kontakt tëschent Elteren, Schüler, Proffen ze développéieren, fir iwwerhaapt och um pedagogesche Plang nei Initiativen ze huelen, déi vu Lycée zu Lycée anescht sinn, déi och vun der Équipe vun de Proffen an de Leit, déi an deem Lycée schaffen, ofhänken, dann natierlech och vun den Infrastrukturen, vun deem Liewensraum, deen e Lycée ubitt. Alles dat gëtt jo d'Partikularitéit an d'Attraktivitéit vun engem Lycée - dat bréngt dat mat sech.

Dofir mengen ech klappt déi Logik dann net méi mat deem Lycée de proximité onbedéngt zesummen, a besonnesch an den ieweschte Klassen. Allerdéngs muss een och soen, wann een dat mécht an den ënneschte Klassen, an d'Kanner kënnen oder sollen dann herno jee no hire Besoinen an e anere Lycée goen, da muss ee bedenken, dass déi Kanner dann zweemol an hirer Schoulcarrière nom Primaire d'Schoul wiessele mussen - eng Kéier vum Primaire an de Cycle inférieur an dann eventuell nom Cycle inférieur erëm eng Kéier an en anere Lycée, wat och net onbedéngt glécklech ass.

Ech nenne just déi Problemer, ouni dass ech eng Léisung dofir hunn. Ech mengen op déi Problemer wäerte mer stoussen, wa mer dee Plang hei ausféieren. Ech hunn am Plang och gesinn, dass d'Regierung déi Inscription prioritaire do ganz flexibel wëllt handhaben. Dat soll vun 2005 un ufänken, mä nach muss ee sech iwwerleeën, ob een déi Inscription prioritaire, déi mir fir déi ënnescht Klassen akzeptéieren, ob een déi wierklech och an den ieweschte Klassen esou duerchféiere kann, oder ob dat iwwerhaapt wënschenswäert ass.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Här President!

**M. le Président**.- Jo, Madame Minister?

***(Interruption)***

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Et ass net virgesi fir déi, déi an der Division supérieure oder am Cycle moyen a supérieur sinn, et ass nëmme fir den Inférieur, fir dass net den Här Fayot nach ëmmer mengt, do géing eppes net richteg lafen, a sech onnëtz Suerge mécht.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo, Här President. Ech soen der Madame Minister merci fir déi Prezisioun. Ech wëll awer och soen, dass ech an deem Text gelies hunn, dass et selbstverständlech probéiert gëtt, an och als wënschenswäert ugesi gëtt, wann déi Schüler, déi am Cycle inférieur an engem Lycée de proximité sinn, dass et och gutt wär, wa se an deem Lycée de proximité weider kéinte bleiwen, dass dat och mengen ech awer en Effort vun deem Plan sectoriel ass. Et ass also net auszeschléissen, dass déi Schüler an deem Lycée kënne weider bleiwen, Madame Minister. Do si mir ons jo eens.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Selbstverständlech, wann d'ganz Offer do ass, kann een dat maachen.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Da wëll ech trotzdeem dës Kritik un deem Plang hei ubréngen: Ech mengen déi Etüden an déi Analyse ginn eng Impressioun vun Halleffheet. Et ass eng quantitativ Approche, an et feelt mir natierlech an der quantitativer Approche, dat ass gesot ginn, et ass och beäntwert ginn, déi Schüler, déi mir am Ausland hunn an op anere Plazen, an et feelt mir och déi qualitativ Approche bei deem Ganzen, den Encadrement vun der Schoul, alles dat, wat zum Beispill och ënnert der Kompetenz vum Familljeministère steet. Mir hu viru kuerzem, d'lescht Woch mengen ech war et, hei en Internat zu Ëlwen gestëmmt, fir bal eng hallef Milliard al Lëtzebuerger Frangen. Bon, dat ass en Internat fir d'Primärschoul, mä mir kreéieren eng Partie Strukturen dorëmmer, ouni dass mir déi am Zesummenhang mat de Schoule gesinn.

Et feelt och hei eng Iwwerleeung iwwert d'hallef Internater - d'Semi-internats. Déi ganz Problemer vum soziokulturellen Encadrement vun de Kanner, also alles dat, wat ënnert dëser Regierung am Familljeministère ënnerbruecht ass, an am Fong geholl aus dem Éducationsministère, wou mir mengen, dass et higehéiert hätt, erausgeholl ginn ass, feelt heibäi. Well dat ass trotzdeem awer - do sinn ech ganz mam Här Wiseler d'accord - e Ganzt hautdësdags. Dat heescht, eng Schoul, dat ass jo net nëmme méi eng Zuel vu Klasseraim, eng Schoul, dat ass e Liewensraum mat Klassen engersäits, mat Fräiraim, mat Sportinstallatiounen, mat all deene Saachen. An et deet mir Leed, dee qualitativen Aspekt feelt an dësem Plang.

Et feelt menger Ansicht no och eng Reflexioun iwwert d'Internater a sech. Mir bauen elo en Internat zu Réiden, dat ass jo och ganz gutt, mir hunn dat och matgestëmmt. Mä iwwert dat, wat déi Internater solle sinn, nämlech net nëmmen eng Plaz fir ze schlofen an ze iessen, mä och d'Garantie fir d'Elteren, dass eng gewëssen Erzéiungsaarbecht mat de Kanner gemaach gëtt, doriwwer gëtt net nogeduecht.

Mir hunn och zum Beispill am stater Gemengerot eng Motioun vun der LSAP ugeholl, eestëmmeg, an där mir gesot hunn, et wär néideg fir e Lycée à proximité vun der Stad, net an der Stad, selbstverständlech, e Lycée mat engem Internat zesummen ze maachen, well mir gesinn ëmmer méi am moderne Liewen, dass et e Besoin vu villen Eltere gëtt, fir hir Kanner eben an engem Voll-Internat ënnerzebréngen, an do och erzunn ze kréien.

Ech wëll och soen, dass et interessant gewiescht wär, eng Reflexioun an deem Plan ze hunn iwwer méi spezialiséiert Sektiounen. Den Här Wiseler huet vun der Sportsschoul geschwat. Ech schwätze vun der Propositioun de loi vum Här Zanussi iwwert de Sportslycée mat Internat, wat eng gutt duerchduechte Propositioun ass, sengersäits, déi vun de Sportsverbänn begréisst gëtt. D'Madame Minister ass jo och Sportsminister. Dat kann och fir déi Kanner, déi Interessen do hunn, déi Héichleeschtungssport wëlle mat Studium verbannen, eng ganz nei an interessant Perspektiv sinn, fir hir sportlech Leeschtung an anerersäits och fir hir schoulesch Erzéiung.

Här President, als Konklusioun zu dësem Plan sectoriel: Éischtens, mir begréissen déi Approche fir rationell d'Zukunft, wat de Lycéesbau ugeet, ze gestalten. Mir bedaueren, dass déi bestoend Infrastruktur net mat imbriquéiert ginn ass, an dass och déi méi qualitativ Approche an dësem ganze Plang net respektéiert ginn ass.

Ech muss soen, wann ech elo eng politesch Appréciatioun vun dësem Plang an och vun der Aktivitéit vun dëser Regierung, wat de Bau vu Lycéeën ugeet oder d'Aarbecht vu Lycéeën wëll ginn - den Här Wiseler huet hei op eng brillant Manéier gewisen, wat an den 90er Joren an de Lycéeën dorëmmer gebaut ginn ass, ech wëll déi Opstellung net méi maachen -, da muss ech leider soen, dass dës Regierung zwar vill plangt, och op anere Gebidder Pläng mécht - IVL, „mobilitéit.lu" an esou weider -, awer eigentlech wéineg realiséiert huet. Dat heescht also, déi viregt Regierung huet vläicht vill realiséiert a manner geplangt, dës Regierung huet vill geplangt a manner realiséiert.

Dat gesot, géif ech trotzdeem soen, dass dee Plang a senge Grondausleeungen, a senge Grondausriichtungen, ons Zoustëmmung fënnt.

Merci.

**M. le Président**.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Agny Durdu agedroen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

**Mme Agny Durdu** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi déi lescht Regierung 1999 hir Aarbecht ugeholl an iwwerholl huet, do war eppes ganz kloer: Um Gebitt vun de Lycéeë war manifestement e grousse Chantier, dee sech virfonnt huet. Déi eng Lycéeë waren total iwwerlueden, an op deenen anere Plaze waren et net Lycéeë genuch.

Egal, ob ech elo dem Här Claude Wiseler seng Analys gutthalen a soen, déi viregt Regierung hat sech ze vill laang op falsch Donnéeën baséiert, oder ob ech dem Här Fayot seng Analys deelen, dee seet et sinn eng Partie Sünden, oder soll ech soen Feelentscheedunge getraff ginn, wou een d'Gebaier higesat huet, ech wëll dat net méi virun analyséieren, ech stelle just fest, dass eppes, wat mech haut nach iergert, ass, dass d'Gemengen, déi jo mat deem nämlechte Problem konfrontéiert waren, well och si hu Kanner bäikritt vun null Joer u respektiv och Säiteneinsteiger, et landop landof ëmmer relativ gutt haten, quitte dass och si geschweesst hunn, bei all deenen Aarbechten, déi se ënnerholl hunn, dass d'Gemengen dem Manko u Schoulen, deen dorëmmer war, nokomm waren, mä de Stat hat do vill, vill méi Misère gehat.

Ech ginn zou, d'Gemenge sinn, och wann et Administratioune sinn, awer méi flexibel wéi de Stat, dat ass ganz kloer, mä op där anerer Säit, mengen ech, gouf et héich Zäit, fir sech e Moyen ze ginn, där doter Problematik entgéintzewierken an déi Problematik zur Zäit ze erkennen an hei entgéintzewierken. An dofir geet och vu menger Fraktioun e Kompliment un dës Regierung, well do ass eng Regierung, déi als Équipe opgetrueden ass, an déi probéiert huet, mat alle Ministèren a mat ville concernéierte Ministèren ze kucken, wéi een där Problematik kéint begéinen, an op objektiv Aart a Weis ze kucken, mat wat fir enge Kritären ee siche ka Lycéeën ze bauen, wou ee se baut, wéi ee se baut.

Ech mengen, et ass och wegweisend fir dës Regierung gewiescht, dass grad deen éischte Plan sectoriel dee vun de Lycéeë war. Et war ganz kloer den Ausdrock gewiescht, dass sech fir d'Ausbildung ganz vill Efforte virgeholl gi sinn, an dass ee wollt déi Efforten ëmsetzen. Den Här Minister Wolter huet sech zwar beklot, dass et véier Joer an en halleft bal gedauert huet, ier dee Plan sectoriel zum Enn vu senger Prozedur kënnt. Ech mengen, wann d'Prozedur op eenzelne Punkten ze vill schwéierfälleg ass, do hu mir jo d'Erfahrung domat gemaach, da muss een ebe kucken an der Zukunft, dass een dat fir déi aner Plans sectoriels, déi nokommen, ëmännert, mä d'Iddi u sech vun de Plans sectoriels schéngt mir op alle Fall eng gutt Approche ze sinn.

Et sinn eng Partie objektiv Kritären ausgeschafft ginn an op där Basis huet een da probéiert, wou een dann d'Problemer misst upaken. Et ass gekuckt ginn, mat wat fir enger Zuel Kanner mir konfrontéiert sinn, a virun allem wat fir eng Zuel Kanner an deenen nächste Joren op eis zoukommen. Et ass gekuckt ginn, wou d'Kanner elo an d'Schoul ginn, wou d'Kanner elo d'Tendenz hunn an d'Schoulen ze goen, vu wat fir enger Uertschaft se wouhinner ginn. An dann ass och an engems gekuckt ginn, wou dann déi nächst Kanner, déi kommen, erëm an d'Schoul ginn, a wou een also besser Schoulinfrastrukture muss offréieren.

Dann ass och gekuckt ginn: Wéi leeft momentan den öffentlechen Transport, wéi ass deen organiséiert, a wou kann een an Zukunft ee besseren öffentlechen Transport méi einfach organiséieren? An et ass décidéiert ginn, mir an dëser Regierung gleewen un d'Dezentralisatioun, déi muss gemaach ginn, a mat deem Hannergedanken a mat deene Pläng ass ganz einfach gesot ginn, mir bréngen d'Schoul bei d'Kanner, et sinn net méi d'Kanner, déi sech prioritaire mussen déplacéieren, mä et sinn d'Schoulen, déi bei d'Kanner kommen, an dofir mussen se iwwert d'Land verdeelt ginn.

D'Resultat vun dësem Plan sectoriel ass - et ass ewell méi wéi eng Kéier heibannen ugeklongen -: Sechs nei Lycéeë solle gebaut ginn; dräi dovun an l'immédiat an dräi deemno wéi d'Evolutioun ass.

Ech mengen de Lycée zu Esch/Belval ass a mengen Aen eng Evidenz, well wann ee gesäit, wat fir een Entwécklungspotenzial am Süden ass, a wann ee gesäit, wat mir do alles wëlles hunn, dann ass et a mengen Aen evident, dass do onbedéngt op d'mannst ee Lycée muss hikommen, fir dass een där Entwécklung ka Rechnung droen, an do och deene Leit, déi do sollen hikommen, och an der Zukunft déi Liewensqualitéit - well do gehéiert d'Schoul dozou - kann offréieren.

Zwou méi insolite Décisioune sinn déi vu Jonglënster a Réiden. Dat ass emol eppes ganz Neies an eisem Land, dass een d'Lycéeën net nëmmen op Plaze setzt, déi bis ewell bekannt sinn, wéi d'Stad, wéi Dikrech oder Ettelbréck, mä dass ee carrément op ganz nei Plaze geet. An ech mengen, dat ass wegweisend, an et ass eng richteg Décisioun. Dee Réidener Lycée ass mëttlerweil gestëmmt, sougutt de Bau wéi de Funktionement vun deem Lycée. An et wäert eng Opwäertung fir déi Gemeng, an et wäert eng Opwäertung fir déi Géigend sinn. Datselwecht gëllt fir Jonglënster. Et ass eng Opwäertung fir déi Fusiounsgemeng, a ganz sécher en Apport fir den Osten als solchen, wou d'Kanner an Zukunft kënnen higoen.

De Plan sectoriel, wat ass dat? De Plan sectoriel, an ech wëll dat hei ënnerstraichen, dat ass en Aarbechtsinstrument, e ganz wichtegt Aarbechtsinstrument. Mä wa mir gären hätten, dass dee Plan sectoriel elo eppes gëtt, an dass e soll ëmgesat ginn, da muss och de Wëlle vun der Regierung a vun der Politik do sinn, fir déi Richtlinnen, déi dodranner sinn, dann och ëmzesetzen. An ech mengen, dës Regierung huet hei ewell d'Weiche gesat. Ech soen elo nach eng Kéier vum Réidener Lycée, dass hei de Bau gestëmmt ginn ass, an do wäerten an absehbarer Zäit d'Baggere lassgoen. D'Funktionementsgesetz ass och gestëmmt, an do ass an deem Kontext ewell deen neien Direkter ernannt, an dee wäert och ewell kënne mam Bau vum Gebai Jalonë setzen.

Ech mengen, och do ass de Plan sectoriel en Instrument, wat eis immens vill kann hëllefen, well mir och déi zwee Gesetzer matenee gestëmmt hunn. Well, wann ee seet, wéi zum Beispill beim Réidener Lycée, dass dee sech an d'Géigend soll afügen, an dee Lycée soll op si fir déi Géigend, dann ass et zum Beispill och eng Noutwendegkeet, dass kënnen d'Leit dat Gebai aneschters gebrauchen, net wéi dat vläicht elo sou munchmol mat eise kommunalen a mat eise staatleche Schoulen ass, no deem Motto: Dat ass d'Schoul, do geet keen aneren eran. Neen, dee Réidener Lycée wäert en oppene Lycée sinn. Dat bedeit zum Beispill, dass d'Bibliothéik, dass déi Computersäll, déi wahrscheinlech wäerten do dra kommen, solle vun der Populatioun gebraucht ginn.

Op architektoneschem Plang heescht dat, dass d'Leit och kënnen owes an dee Lycée erakommen, awer ouni mussen duerch dat ganzt Schoulgebai ze goen, ouni mussen iwwer Klassesäll ze goen, mä dass se direkt vu baussen an déi verschidde Säll erakommen. A wann een Direkter vun Ufank un do ass, ass dat och eng Qualitéit, déi wäert bestëmmt an deem Lycée realiséiert ginn, an déi muss och an deenen anere Lycéeën, déi kommen, nach mat agebonne ginn.

Et muss de Wëlle vun der Regierung sinn, fir dann op deenen eenzelne Siten an op deenen eenzelne Plazen ze agéieren, fir sech d'Terrainen zouzeleeën. An ech mengen och do hu mir elo ewell d'Erklärunge kritt.

Bon, Réiden ass geschitt, do hate mir d'Chance gehat, dass déi Réidener Gemeng en Terrain hat, an dass si deen och zur Verfügung gestallt huet. Zu Jonglënster sinn d'Démarchë gemaach. Et war och do e bëssen Hin an Hier: Kënnt de Lycée elo op déi eng Säit vun der Strooss stoen oder op déi aner Säit vun der Strooss? Mä egal, d'Décisioune si getraff, a wann ech dem Minister Wolter nogelauschtert hunn, dann ass jo do eng ganz intensiv Diskussioun mam Schäfferot gewiescht, a wann ech dann u seng Deklaratioun vun de Moien zu Ëlwen denken, dann hat en do gesot gehat, e géing domat rechnen, dass de Projet de loi vum Bau vum Lycée Jonglënster a vum Lycée Esch/Belval nach bis zum Enn vum Joer wäert deponéiert ginn, a wann deem esou wäert sinn, dann ass dat wierklech e Kompliment, wat ee kann nach un dës Regierungséquipe ausdrécken, dass dat esou séier elo gaange ass.

Et muss ee kucken, dass dee Plan sectoriel esou séier wéi méiglech ëmgesat gëtt. A mir wëssen heibannen, dass de Bau vun engem Lycée eis aacht Joer kascht. Ech mengen elo alleng d'Durée ouni d'Geld ze rechnen. Mir wëssen all, dass et ze laang ass, mä mir wëssen awer alleguerten, dass mir mussen d'Prozeduren anhalen.

An do begréissen ech et och, dass d'Madame Éducatiounsministesch décidéiert huet, e Bauprogramm opzestelle fir déi eenzel Lycéeën, fir dass och de Bauteministère, wann en ufänkt mat engem Bau, weess: Ah, et ass esou ee Genre Lycée, also weess ech, dass ech esou vill Schoulsäll brauch, ech brauch deen an dee Genre Atelier, do muss dat an dat dra sinn. Ech brauch eng Schwemm, ech brauch eng Turnhal, eventuell kann ech dat a Synergie mat der Gemeng maachen, déi do ass, jo oder neen. Mä ech mengen all déi Décisioune sinn ausgeschafft an droe mat dozou bäi, dass mer dee Plan sectoriel och a kierzt méiglecher Zäit ëmsetzen.

De Plan sectoriel entbënnt eis awer ganz bestëmmt net, fir no deene Gebaier ze kucken, déi do sinn. An och do huet dës Regierung ewell wegweisend Décisioune geholl. Ech denken do un dee Péitenger Lycée. Wat hate mir do? Ech kucken op d'Madame Stein. Wat hu mir eis géiergert, wéi mir eis am Ufank vun der Legislaturperiod zu Péiteng erëmfonnt hunn. Ech hat net gemengt, dass et an eisem Land méiglech wär, dass een e Gebai esou laang géif vernoléissegen. An dës Regierung huet och Décisioune geholl, an huet gesot, elo gëtt en neit Gebai gebaut.

***(Interruption)***

Jo, an da géinge mir sécher nach eng Kéier 15 bis 20 Joer waarden, ier mir en neie Lycée bauen, sou wéi dat momentan zu Péiteng war, wat och den Ausléiser dofir war, dass dat Gebai esou schlecht do

gestanen huet. Ech mengen, dat muss an der Zukunft évitéiert ginn, dat dierf eis net méi virkommen, et ass en Zeeche vu Manktum u Respekt par rapport zu de Kanner oder par rapport zu hiren Elteren, wann een esou d'Gebaier verfale léisst. An de Plan sectoriel entbënnt eis net aus der Verantwortung fir och no deene bestehende Gebaier ze kucken, och déi à jour ze setzen an ze renovéieren do wou et néideg ass.

Une voix.- Très bien!

Mme Agny Durdu *(DP)*.- De Bau gehéiert garantéiert zur Qualitéit och vum Enseignement. Dofir hunn ech dat och elo vu Péiteng nach eng Kéier gesot. Mä de Plan sectoriel seet awer am Fong geholl net direkt eppes iwwert d'Qualitéit aus. De Plan sectoriel beschränkt sech am Fong geholl nach eemol op de Bau vu Schoulen, déi mer onbedéngt brauchen. Mä et gehéiere modern Gebaier a modern Infrastrukturen an adequat Infrastrukturen op där anerer Säit awer och zu engem qualitativ héichwäertegen Enseignement, well keen Enseignant huet extra Loscht an engem Gebai ze schaffen, wou keng Computere sinn, wou den Ustrach net adequat ass, a wou et, wann e ganz vill Pech huet, och nach eran zitt a wou et och nach heiansdo era reent.

Ech si manner skeptesch wéi den Här Fayot an den Här Wiseler, déi soen: Déi Carte scolaire riskéiert Problemer ze maachen. Ech si mer es bewosst. Mir riskéiere mat där Problematik vun der Prioritéit vun der Carte scolaire déi eng oder déi aner Diskussioun lasszetréppelen. Mä ech mengen, d'Madame Brasseur huet ewell eppes erkläert, dat gëllt virun allem fir de Cycle inférieur, an ech sinn och der Meenung, dass et wichteg ass, dass besonnesch déi Kanner bis 15 Joer awer kuerz Transportweeër a priori virfannen tëschent hirem Elternhaus an der Schoul. Ech mengen dat ass en Avantage.

An da sinn ech och der Meenung, dass dat Gesetz iwwert d'Autonomie vun de Lycéeën, wat mer an der Éducatiounskommissioun article par article duerchgeholl hunn, op alle Fall wäert zu qualitativ héichwäertege Lycéeë féieren. Ech ka mech u meng eege Kannerzäit erënneren, wou dee Wolzer Lycée agefouert gi war. Déi ganz Géigend war stolz op dee Lycée. Mä bei deenen éischte Kanner, déi dohinner gaange sinn, do war awer nach ganz vill Skepsis bei den Elteren no deem Motto: Oh, oh, deen neie Lycée do, mmh, solle mir eis Kanner ewell dohinner doen? Wat fir eng Proffe kommen dohinner? Sinn déi dann och esou gutt wéi déi Dikrecher?

M. Nico Loes *(CSV)*.- Et ass ëmmer esou wann eppes nei ass!

Mme Agny Durdu *(DP)*.- Jo, mä déi dote Problematik solle mer probéiere bei de Lycéeën esou wäit wéi méiglech aus de Féiss ze schafen. Ech menge Wolz, an den Här Loes ass garantéiert d'accord mat mir, ass manifestement e ganz, ganz gudde Lycée. Et ass wierklech ee Lycée, dee sech eropgeschafft huet an deen op seng Schoulpopulatioun ageet.

Mä fir déi doten Evolutioun awer ze verkierzen, mengen ech, dass déi Carte de priorité net onwesentlech ass fir heiansdo och d'Leit e bëssen zu hirem Gléck ze zwéngen. A wa mer gläichzäiteg et fäerdeg kréie fir bei all Bau vun engem Lycée, fir bei all Gesetzesprojet iwwert de Bau vun engem Lycée all Kéiers de Fonctionnementsprojet de loi matzestëmmen, wou also en Direkter zur Zäit genannt gëtt, deen ewell als Direkter sengem Lycée eng Nues gëtt, deen dann och deementspriechend sech Personal ka rekrutéieren, wou se Avantagë fannen, a wou mer dann och nach gläichzäiteg d'Autonomiesgesetz bis dohinner hunn, wou also wierklech e Lycée sech kann eng Nues ginn, da sinn ech iwwerzeegt, dass d'Leit aus enger Géigend sech mat deenen neie Lycéeën identifizéieren an och bereet sinn, dohinner ze goen.

Dann denken ech nach un eng Partie aner Mesuren, déi am Éducatiounsministère intern ergraff gi sinn, an déi hate mer an der leschter Éducatiounskommissioun virgestallt kritt, wéi mer déi Analys gemaach hunn iwwert d'Enseignanten an d'Schoul, dat sinn déi Épreuves standardisées, déi gemaach ginn. Och dat ass e Moyen, fir dass all Schoul erkennt: Wou stinn ech dann elo mat menge Resultater? Sinn ech elo éischter en „gudde Lycée“? Sinn ech elo dëst Joer méi schwaach? Wat ass de Grond, dass ech op déi eng oder aner Aart a Weis hei stinn?

Ech mengen hei ass eng Panoplie vu Mesuren, déi mer hunn, déi dës Regierung sech ginn huet, wou mer sécherstellen, dass all Lycée, sou gutt déi, déi mer elo hunn, wéi déi, déi bäikommen, dass et qualitativ héichwäerteg Lycéeë wäerte ginn. An ech mengen, dass den Transport och deementspriechend nach muss organiséiert a verfeinert ginn, ass evident. Mä den Transport war jo ee vun de Grënn, fir dass mer dezentraliséieren, a wann ech elo den IVL kucken, dann ass et jo ee vun de Grënn an ee vun den Ophänker fir sech ze soen: Majo, wa mer e Lycée do bauen, da musse mer natierlech och den öffentlechen Transport dohinner organiséieren.

Ofschléissend kommen ech dann natierlech ganz kuerz och op déi dräi nei Lycéeën ze spriechen, déi wäerten an der Zukunft an deem Plan sectoriel kommen. An ech mengen, et wäert net ausbleiwen, dass och an deenen nächste Joren déi dräi Lycéeën do wäerte bäikommen, ganz besonnesch am Süden an och garantéiert am Zentrum, ob dat elo méi den Zentrum Süden oder den Zentrum Norden ass, mä do muss garantéiert nach e Lycée bäikommen. Mä ech wäert hei nach eng Kéier ganz besonnesch natierlech op de Lycée am Norden agoen.

Et steet am Plan sectoriel, dass e Lycée am Klierfer Raum gebraucht gëtt, mä eben dass d'Populatioun vläicht momentan nach net duergeet. Also ech muss lech jo soen: Vu dass ech aus deem Klierfer Kanton kommen an e relativ gutt kennen, do sinn ech iwwerzeegt, ech hu jo meng deementspriechend Deklaratioun hei an der Chamber gemaach, Här Wolter, ech stinn op der Lëscht wat fir eng Chargen dass ech do hunn. Ech mengen, wann ech kucke wéi déi Schoulen do sech développéieren!

Mir waren de Mueren zu Ëlwen, wou d'Extensioun vun der Schoul ageweit ginn ass. Wäisswampech huet eng fuschnei Schoul, déi bal ze soen ausgelaascht ass. Reiler wäert de Grondstee fir den Ausbau vu senger Schoul den 23. Abrëll leeën. Housen ass eng Gemeng, déi iwwerlaf gëtt vun neie Leit, déi do erakommen, och hir Schoul ass dat nämlecht. Wann ech Wëntger gesinn, wou mer elo no 27 Joer erëm frësch ufänken, de Site am Fong geholl verduebele par rapport zu deem wat mer momentan hunn, muss ech lech soen, ass et mir guer net baang, dass am Klierfer Kanton sech a kierzester Zäit wäert erausstellen, dass mer do e Lycée brauchen.

Dat ass natierlech gekoppelt och un déi enorm Donnéeën, dass mer am Klierfer Kanton par rapport zu eiser Populatioun déi héchsten Aarbechtsplazzuelen hunn. D'Nordstrooss gëtt ausgebaut. Eis Bauplaze sinn nach méi bëlleg. Mir hu vläicht net déiselwecht Liewensqualitéit wéi an der Stad, mä ech muss lech awer soen, et ass ganz vill Liewensqualitéit bei eis, esou dass ech der Iwwerzeegung sinn, dass bei eis an den nächste Joren d'Populatioun nach wäert an d'Luucht goen an dass och dann e Lycée gebraucht gëtt.

Wou mer dee Lycée do hisetzen, do sinn ech och der Meenung, dass et eng Partie gutt Plaze gëtt am Klierfer Kanton. Mä, Här Minister, Dir erlaabt mer awer, dass ech vläicht manner diplomatesch a méi direkt si wéi Dir de Mueren zu Ëlwen. Ech mengen, och wann Ëlwen kee schlechte Site ass, garantéiert net, esou sinn ech awer der Meenung, dass et ee Site gëtt am Klierfer Raum, dee menger Meenung no eis Prioritéit kann hunn, an dat ass Klierf selwer, an dat aus e puer Grënn.

Klierf selwer läit zentral am Klierfer Kanton an am Plan directeur ass Klierf déi zentral Plaz. Déi Plaz, déi mer envisagéieren, läit un der Eisebunn, do ass souwisou ewell eng Busgare, déi een dee Moment nach kënnt natierlech ausbauen, déi ee wahrscheinlech dann och muss ausbauen. An et ass op der Plaz vum Site vun enger Entreprise wou elo d'Baugenehmigung ausgestallt ginn ass, dass déi 500 Meter Loftlinn méi wäit op Eeselbur a Lenzweiler eropkënnt. Et ass also e Site do, wou mer also och net fréschen Terrain verbaue ginn, mä wou mer Terrainë verschaffe géifen, déi op déi Aart a Weis frësch verwäert géife ginn. A gleeft mer es, zu Klierf wäerte mer net déiselwecht Diskussioune kréien, déi mer zu Péiteng haten, dass et heescht: Ah neen, kee Lycée op eng Plaz wou ewell e Betrib stoung! Déi Diskussioun wäerte mer garantéiert zu Klierf net kréien.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach eng Kéier meng Félicitatiounen un d'Regierung an déi vu menger Fraktioun fir déi Aarbecht, déi se hei gemaach huet, a si huet déi vollst Ënnerstëtzung vun der DP-Fraktioun fir och dëse Plang ëmzesetzen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Kolleegen, d'Chamber ass befaasst mat enger Drénglechkeetsufro vum Kolleeg Deputéierte Marcel Glesener un den Här Transportminister Henri Grethen. Dir wësst, dass haut eng Tripartite stattfonnt huet, wou d'Regierung versicht huet ze vermëttelen tëschent der Gesellschaft Luxair engersäits an de Gewerkschaften anerersäits, dass dofir muer e Streik ugesot war, an et hunn haut während dem ganzen Dag Verhandlunge stattfonnt.

Den Här Minister Grethen huet sech bereet erkläert als Transportminister direkt op déi Fro ze äntwerten. Ech géing dann dem Här Glesener fir d'éischt d'Wuert gi fir d'Fro ze stellen. Dann hëlt den Här Minister direkt dozou Stellung. Ech mengen, dat ass eng Saach vu grousser Wichtegkeet, déi net nëmmen eis, mä dat ganzt Land interesséiert.

## 2. Question urgente N° 2691 de M. Marcel Glesener relative à la grève des pilotes de Luxair

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech brauch deem net vill bäizefüge wat den Här President elo grad gesot huet wéi e meng Question urgente hei presentéiert huet. Ech soe merci, datt en se akzeptéiert huet, well et ass effektiv eng Situatioun, déi eis alleguerten interesséiert, a mir hätten och gäre Kloerheet, esouwäit mer kënne Kloerheet kréien.

Mir wëssen, datt haut während dem ganzen Dag oder de ganze Mueren iwwert de Mëtteg eraus Verhandlunge stattfonnt hunn, wou d'Regierung probéiert huet, oder si wëllt probéiere fir en droende Streik muer ze évitéieren. Mir sinn natierlech och interesséiert drun, a vu datt den Här Transportminister haut de Mëtteg an der Chamber ass, wollt ech en da froe fir eng Äntwert ze kréien, wéi wäit, datt déi Négociatioune gelaf sinn a wat d'Resultat derbäi ass. Mat wat kënne mer muer rechnen? Kënnt et zu engem Streik oder net?

Villmools merci. Ech si gespaant op d'Äntwert vum Här Minister!

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Transportminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, *Ministre des Transports*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, effektiv war de Muere vun hallwer zéng un eng Delegatioun vun der Regierung, ugefouert vum Här Statsminister Jean-Claude Juncker an dem Aarbechtsminister François Biltgen an ech selwer, assistéiert vum Lëtzebuerger Regierungskommissär bei der Eisebunn, deen awer och gläichzäiteg fir Aviatiounsdossieren zoustänneg ass am Transportministère, den Här Paul Schmit, zesumme mat de Gewerkschaften.

Op där enger Säit den OGB-L, dee representéiert war ënner anerem duerch säi President, den Här Castegnaro, eng Delegatioun vum LCGB, déi och eng Delegéierte vun der Pilotenassociatioun begraff huet an déi ugefouert war vum Här Robert Weber, mat der Generaldirektioun vun der Luxair, déi vertruede war un hirer Spëtzt duerch den Här Christian Heinzmann, fir ze kucke wéi een an deem Litige tëschent de Gewerkschaften a ganz besonnesch der Pilotegewerkschaft an der Luxair kënnt vermëttelen. Déi Gespréicher, déi bis knapp hallwer véier gedauert hunn, mat verschiddenen Interruptiounen a wou d'Parteie konnten ënnerenee schwätzen a wou d'Regierung versicht huet béid Parteie méi no beieneen ze brengen, sinn an engem ganz gudden a konstruktive Klima verlaf.

Et ass elo eng Propositioun um Dësch, déi de Mëtteg vun der Gewerkschaft an an dësem Fall vun der Pilotegewerkschaft, well ëm déi dréint et sech jo, muss ugeholl ginn, woubäi eng éischt Réunioun no hallwer véier war an eng zweet Réunioun fir den Owend siwen Auer ugesot ass, an et ass en fonctioun vun där Attitüd, déi an där Réunioun geholl gëtt, wou ech kann definitiv soen, ob da muer elo normal op der Luxair geschafft gëtt oder net. Ech ginn awer dovunner aus, dass au vu vun deem Verhandlungsresultat, Här President, d'Gewerkschafte wäerten zur Konklusioun kommen, dass dat akzeptabel ass an dass een elo soll der Gesellschaft eng Chance ginn dat ëmzesetze wat do zréckbehale ginn ass.

Ech wëllt der Chamber ganz kuerz soen, dass ech mech prinzipiell als Transportminister d'accord erkläert hunn, fir esou wéi d'Pilotenassociatioun dat gefrot huet op Basis vun engem Rapport, dee si gemaach huet an deen déi Prise de position zum technesche Rapport, déi esouwuel dem Parquet wu menge Servicer zougestallt ginn ass, wéi och där Commission d'enquête, dass dee Rapport vun där Commission d'enquête nach eng Kéier ka prinzipiell opgemaach ginn, et sief dann, dass sech géife fundamental Ursaachen erginn, déi dat net géifen erméiglechen.

Mir sinn dann esou verbliwwen, dass géif gefrot gi bei der Gesellschaft Lufthansa, fir déi intern Prozedure wat den „confidential reporting“ ugeet, dat ass „flight safety officer“ a „FOQA“, dass déi géifen an Zesummenaarbecht mat der Lufthansa nogekuckt ginn. Et ass och accordéiert ginn, dass an individuellen Négociatioune mat deene Piloten, déi entlooss gi sinn, géif versicht gi Solutiounen ze fannen, déi esouwuel fir déi Piloten, wéi fir d'Gesellschaft acceptabel wieren. Vun där Regelung ass ausgeholl dee Pilot, deen den accidentéierten Avion pilotéiert huet, wou déi normal Prozedure weiderlafen.

Wat eenzel Aspekter vum Litige ugeet wat de Kollektivvertrag ugeet, esou ass zréckbehale ginn, en attendant dass en neie Kollektivvertrag tëschent der Luxair an deenen zwou Vertragsgewerkschaften ausgehandelt gëtt, dass d'Dispositioune vun deem ale Kollektivvertrag respektéiert ginn, dat ass dee Kollektivvertrag vum 31. Mee 2002, an dass op déi punktuell Problemer wat de Congé vum Personnel navigant ugeet, wat déi sou genannte „vacation days“ an d'“free compensation days“ ugeet, dat alles wat d'Piloten an de Personnel navigant betrëfft, dass do déi Interpretatioun, déi am Oktober 2003 négociéiert gi war, géif appliquéiert ginn.

Et ass der Regierung wichteg e Suivi vun deem Accord ze maachen, pour autant dass en den Owend akzeptéiert gëtt, an dofir ass och veraccordéiert ginn, dass d'Parteie sech beim Premier zesumme mam Aarbechtsminister a mam Transportminister de 6. Mee erëm eng Kéier afannen, fir dass mer kënnen nokucke wat bis dohinner mat dësem Accord geschitt ass. Béid Parteien hunn och den Engagement geholl, dass se no baussen eng Kommunikatioun maachen, déi sech op dat reduzéiert wat et muss sinn, dass also dee Communiquéskrich ophält, dass se en général eng Kultur vu Kooperatioun a gemeinsamen, mutuellem oder géigesäitegem Vertrauen erëm géifen hunn.

Et ass der Regierung wichteg ze ënnersträichen, dass entgéint deem wat vläicht vun deem engen oder deem aneren emol konnt gesot ginn, zu kengem Moment d'Sécuritéit an der Luxair selwer op d'Spill gesat war, an dass all Lëtzebuerger, all Client vun der Luxair ka Vertrauen hunn an déi Gesellschaft an an d'Sécherheetsmoossnamen an an d'Sécherheetskultur vun där Gesellschaft an dofir och weider ka seng Vakanzen oder seng aner Flich, déi hie mat der Luxair duerchféiert, an aller Sécherheet a mat allem Vertraue kann untrieden.

Wéi gesot, Här President, ech hoffen, dass dat Verhandlungsresultat, wat erreecht ginn ass, och den Owend vun der Pilotenassociatioun ugeholl gëtt an dass domadder alleguer déi Leit, déi sech drop gefreet hu muer an d'Vakanz ze fuere mat der Luxair, dat och kënne maachen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir fueren dann elo weider mat eisem Ordre du jour an als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

## 3. Débat de consultation au sujet du plan directeur sectoriel „lycées“ (suite)

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deene gudden Nouvellen, déi mer elo gewuer gi sinn a wou mer hoffen, datt se confirméiert ginn, wëll ech dann nees erëm op de Sujet vun haut de Mëtteg zréckkommen.

Fir d'éischt ee Wuert zu der Prozedur, déi d'Regierung agaangen ass. Do ass ze begréissen, datt, obwuel et duerch d'Gesetz net virgesinn ass, d'Gemenge consultéiert gi sinn an datt den Intérêt bei de Gemenge grouss wor. Dat gesäit een dorunner, datt vun deenen 118 Gemengen der 112 geäntwert hunn. Ech weess, datt dat bei anere Befrounge vun der Regierung net ëmmer deeselwechte Succès hat, wéi mer dat gemierkt hu bei den Demandë fir Asylantenheimer opzestellen, mä et ass awer de richtege Wee fir d'Gemengen ze consultéieren an hei an déi ganz Problematik mat anzebauen.

Fir d'éischt, mengen ech, muss een awer e puer méi generell Be-

mierkunge maachen, fir dee ganze Plan sectoriel „lycées“ an déi Erzéiungspolitik anzeglidderen, wéi ee se fir d’Zukunft gesäit. Et kann ee vun der Iddi ausgoen, datt dee Plang, deen elo diskutéiert ginn ass, haaptsächlech baséiert op enger Éducation nationale, op engem Postprimaire, deen esou organiséiert ass wéi mer e kennen a just nëmme ganz wéineg Variante virgesäit.

*(M. Nico Loes prend la Présidence)*

Mir mengen als ADR, datt een awer hei muss vläicht e puer nei Komponente mat dra bréngen, esou wéi mir et gesinn, an déi wëll ech ganz kuerz ernimmen.

Deen éischte Prinzip, dee mer musse bei engem Plan sectoriel „lycées“ zréckbehalen, ass deen, datt mer d’Schoul mussen dem Kand upassen an datt et net esou soll sinn, datt d’Kand sech der Schoul upasse muss. Dat bedeit, datt mer am Postprimaire musse versiche fir an deenen éischte Jore méi op de Wee vun engem Tronc commun, vu Gemeinsamkeeten ze bleiwen, fir da lues a lues ëmmer méi Spezialitéite virzegesinn.

Et bedeit natierlech och, an dat ass eppes wat mer nei mussen ausweiden, generaliséieren, datt mer an de Schoulen och Classes d’excellence schafen d’une façon générale. Woufir? Well mer gesinn, datt ganz vill vun eise jonke Leit wëllen op prestigiéis Héichschoule goen, op prestigiéis Universitéite goen, a wa se dat wëlle maachen, da mussen se leider, wa se aus dem Enseignement secondaire erauskommen, am Ausland nach ee Joer an engem Secondaire maachen, fir méi Mathematik oder méi Englesch beispillsweis ze léieren.

Mir mengen au contraire, datt et besser wär, wann een och vun Deuxième, Première un deene Jongen a Meedercher, déi wëllen esou Étudë maachen, d’Geleeënheet bitt fir esou à la carte verschidden Enseignementer ze kréien.

Et ass och wichteg, datt mer de Prinzip zréckbehalen, datt mer an alle Lycéeën an och am Enseignement technique, Handwierkerschoulen an esou weider, d’Méiglechkeet schafe vun engem Horaire aménagé, wou notamment déi Schülerinnen a Schüler, déi méi sportlechen oder kulturellen Aktivitéiten wëllen nogoen, d’Méiglechkeet kréien, fir mueres all hir Coursen ze maachen an datt se nomëttes fräi si fir déi kulturell oder sportlech Aktivitéiten. Dat misst ons och méi generell ugebuede ginn.

Deen anere Prinzip, dee wichteg ass, ass, datt mer bei deene méi rarë Formatiounen, déi mer hunn, garantéieren, datt se noutwendegerweis méi zentraliséiert ginn; an e véierte Punkt ass, datt déi Zyklen, déi ugebuede ginn, komplett sinn, well ee gesäit, datt d’Eltere ganz retizent si fir hir Kanner während e puer Joer an eng Localitéit ze schécken an dann duerno an en anere Lycée fortzedoen.

Den zweete Prinzip, dee wichteg ass an onsen Aen, dat ass, datt d’Schoul muss gutt Resultater bréngen. Dat bedeit, datt een natierlech muss national Tester, Tests standardisés, wéi dat genannt gëtt, all Joer an all Schoul veranstalten, fir ze kucken, ob dat Zil, wat ee sech gesat huet, wat déi eenzel Klasse mussen erreechen, ob dat erreecht ginn ass oder net. A wann et erreecht ginn ass, oder méi erreecht ginn ass wéi dat, wat virgesinn ass, da muss een dat kënnen analyséieren an eventuell positiverweis deenen anere Lycéeë matdeelen. Wann et méi schlecht gaangen ass, wann et ënnert deem ugestriefte Resultat ass, da musse een och kënnen dat analyséieren an déi néideg Konklusiounen draus zéien. Dat erlaabt och den Eltere fir deem Abléck e Choix ze treffen, ob se, wann d’Situatioun sech net verbessert, dann hiert Kand nach an deem Lycée loossen oder net.

Dat gesot, ergi sech aus deene Prinzipien do eng etlech Konklusiounen, op déi ech wäert dann elo agoen. Et muss ee festhalen, au vu vun deenen Donnéeën, déi mer vun der Regierung zur Verfügung gestallt kritt hunn, datt zënter 1990 an der Moyenne all Joer 900 Schüler hei am Enseignement postprimaire bäikomm sinn. Dat sinn enorm Zuelen, déi sech dorauser erklären, datt mer natierlech méi jonk Leit hei, méi Familljen hei zu Lëtzebuerg fonnt hunn. Dat erkläert sech awer och, an ech géing soen zum gréissten Deel, well jiddefereen haut weess, datt ouni eng gutt Formatioun et am Liewe méi schwéier gëtt fir seng beruffflech Zukunft optimal ze gestalten, datt et méi schwéier ass, fir eng Aarbechtsplaz ze fannen, an dofir ass et och eng natierlech Evolutioun, déi mer hei feststelle konnten.

Wann ech d’Zuele kucken, déi ons zur Verfügung stinn, da sinn op deem heitegen Dag eng ronn 30.000 Schüler an der öffentlecher Schoul, eng ronn 3.000 a private Schoulen a ronn 500 an internationale Schoulen, wat een Total vun 33.500 mécht, plus déi, déi am Ausland sinn, plus déi, déi viraussiichtlech och nach wäerten elo op eisem Centre universitaire sinn, an déi, déi wäerten an Zukunft bei der Universitéit sech afannen a wat der och e puer dausend solle sinn.

Déi Donnéeën, déi d’Regierung ausgerechent huet fir d’Zukunft, weisen drop hin, datt bis 2010 nach eng 7.000 bis 11.000 Schüler zousätzlech sollen dohinner kommen. Dat sinn déi Donnéeën, déi mer elo mussen ausdeite fir ze kucken, ob ee weider zentraliséiert alles organiséiert oder dezentraliséiert.

Ons schéngt et evident ze sinn, datt een éischter soll op de Wee vun der Dezentraliséierung goen, mä dat bedeit natierlech awer och, datt, wann een dezentraliséiert, dann awer och an deene Lycéeën déiselwecht Qualitéit ugebuede gëtt wéi an deene Lycéeën, déi ee kannt huet. Dofir ons Demande, fir publiquement déi Resultater vun nationalen Tester kënnen ze diskutéieren, an datt deen Abléck och d’Regierung, d’Elteren, d’Chamber kënne reagéieren a kucken, ob eppes net an der Rei ass oder ob een aus gudden Experienze ka léieren an een déi op aner Lycéeë kann iwwerdroen.

Et gëtt vu Monitoring geschwat, wéi een dann elo déi ganz Problematik soll ugoen. Et ass kloer, dee Monitoring muss gemaach gi fir ze kucken, wou d’Schoulen, wou d’Lycéeë sollen implantéiert ginn. Dat ass zwar liicht gesot ginn, mä an der Praxis ass dat eng ganz delikat Aarbecht.

Et gesäit een, datt dat ofhänkt vun der Evolutioun vun de Baugenehmegungen. Et gesäit een, datt do, wou eng Gemeng higaangen ass a massiv lotisséiert huet oder lotisséiere gelooss huet, vill jonk Leit hikommen, datt dat da mat sech zitt, datt an der éischt vill Kanner an déi Primärschoule ginn an dann an de Lycée, mä datt een awer och herno gesäit, datt iwwer eng gewëssen Zäit, wann d’Spëtzt bis erreecht ginn ass, et dann och nees no ënne geet mat den Zuelen, respektiv datt se sech stabiliséieren. Dofir ass dee Monitoring eng Saach, wou een all Joer eng Diskussioun muss féieren an all Joer sech muss iwwerleeën, ob dat, wat een ugestrieft huet, nach richteg ass.

Dat ass d’autant plus méi wichteg, wann ee liest - an dat ass dat, wat absolut erstaunlech ass -, datt een hei am Land aacht Joer brauch fir e Lycée ze décidéieren an ze realiséieren. Ech mengen, dat schéngt mer bal den europäesche Rekord ze sinn. Dat ass eppes, wat net tolerabel ass, wann esou laang Zäit an de Prozedure stieche bleift, do huet déi viregt Regierung an och dës Regierung garantéiert net déi richteg Akzenter gesat, an dat explizéiert, woufir ons Kanner augenblécklech nach alleguerte vill ze vill oft an de Containere stieche bleiwen.

Do ass eng Regierung och gefuerdert ze realiséieren. An de Plang, dee mer haut décidéieren, wa mer da wëssen, datt an aacht Joer eréischt de Lycée do steet, ech muss éierlech soen, dat léisst awer ze bedenken.

Et ass virgesinn, datt mer Lycéeë solle baue mat Capacitéiten, an onsen Aen, tëschent 1.000 bis 1.500 Schüler. Et muss een och do virgesinn, datt awer au vu vun engem Régime à la carte, dee mer musse virgesi fir déi eenzel Schüler, déi baulech Décisioun, déi mer treffen, dat och erméiglecht. Well, wann een dat net am Viraus plangt, da feelt et herno u Raimlechkeeten an dann ass déi Mobilitéit, déi Konkurrenz, déi mer gären tëschent de Lycéeën hätten, net ginn, an d’Eltere kënnen net reagéieren, a mir selwer gesinn och eng etlech Schwieregkeeten, déi deen Abléck kommen, an lerger bei den Eltere respektiv bei de Schüler.

Evidenterweis muss ee kucken, datt een déi Formatiounen, déi méi rar sinn, muss regruppéieren. Dat ass eng Konklusioun, déi hei aus deem Pabeier ervirgeet, an ech mengen do kënne mer och mat der Regierung d’accord si fir op dee Wee ze goen, fir do méi ze zentraliséieren.

Wat d’Inscriptiounen ugeet, wou d’Regierung virgesäit fir se staark recommandéiert, wann net d’office, fir de Cycle inférieur virzegesinn an där Regioun, wou se wunnen, esou ass dat u sech eng zimlech logesch Situatioun, well déi jonk Kanner, well esou kann ee se nach nennen, net onbedéngt wëlles hunn, fir kilometerwäit ze fuere fir an d’Schoul ze goen. Dat schéngt a priori och e Wonsch ze sinn, dee vu villen Eltere matgedroe gëtt.

Mä et ass awer och gradesou kloer, datt deen Abléck, wou déi jonk Leit am Supérieur sinn, awer och aner Ambitioune fir si do sinn, an datt se och d’Méiglechkeet mussen hunn, wa se mat engem Lycée oder engem Enseignement net d’accord sinn, fir ze wiesselen, entweder well se enger gewësser Spezialitéit wëllen nogoen oder well se mengen, datt vläicht den Niveau op deem oder deem Lycée net ginn ass an datt et an engem anere Lycée besser ass. Oder wa mer noutwendegerweis déi Classes d’excellence, vun deenen ech geschwat hunn, vun deenen de also u sech an all Lycée vläicht nëmmen e puer sinn, dass een déi och muss regruppéiere kënnen. Ech mengen, do mussen déi baulech Infrastrukturen, déi mir virgesinn, déi Souplesse erméiglechen.

De Problem ass ganz grave an onsen Aen an der Haaptstad, wou mir am Ablack gesinn zu wat eng exzessiv Zentraliséierung féiert, notamment um Lampertsbierg. Do gesäit een - an ech mengen dat kann een illustrativ fir munch aner Plaze virgesinn, mä do ass et am stäerksten -, datt déi grouss Konzentratioun, déi sech aus historesche Grënn ergëtt, vu Lycéeën a Lycée-techniquen, dozou féiert, dass moies zeg Busser musse Schüler an déi Klasse féieren an dass dat en totalen Encombrement gëtt. Et gesäit een, dass déi Konzentratioun vu Lycéeën, vun École-techniquen, vu Lycées privés, Waldorfschoul, Lycée Vauban, vum Centre universitaire dozou féiert, dass d’Liewensqualitéit an deem Quartier bien entendu sech net verbessert, mä verschlechtert an dass dat zu onméigleche Situatioune féiert.

Eng Initiativ, déi mir begréisst hunn, ass, dass op Propositiounen hi vun de Lycéesdirekteren emol versicht ginn ass, fir d’Zäit, wou d’Lycéeën ufänken, ze décaléieren, fir déi net alleguerten um aacht Auer ufänken ze lossen, mä dass mer e gewëssen Décalage hunn. Dat schéngt mir och eppes ze sinn, wat ee systematesch misst maachen op anere Plazen, an hei souguer nach verstäerkt misst virgesinn.

Wann een dann dezentraliséiert, da kann een natierlech och dem Problem entgéintkomme vum Schülertransport, andeem een och do verschidde Prinzipien, déi mir do experimentéiert hunn, duerchzitt. Dat bedeit natierlech awer och, dass muss kollaboréiert ginn tëschent deenen Instanzen, déi déi Schüler transportéieren, an dat sinn der oft e puer. Dat sinn ons CFL, den RGTR, dat ass d’Stad Lëtzebuerg, den TICE. Do gesäit een, dass och oft d’Lycéeën d’Décisioun geholl hu fir zu verschiddenen Zäiten unzefänken, mä dass et deen Ablack mat der Infrastruktur net geklappt huet, dass d’Buslinnen net zur Verfügung stoungen, an dass de ganze Projet huet missen deen Ablack retardéiert ginn.

Dofir ass déi ganz Organisatioun vu verschiddene Prozeduren, déi ganz Organisatioun vum Schülertransport, ee vun de wichtegen Elementer. Mir sollen och dofir kucken, dass dee Schülertransport wa méiglech, oder déi nei Zentren, sou no wéi méiglech bei d’Zuchlinne kommen, an dass een deen Ablack d’Verkéiersweeër esou kuerz wéi méiglech kann halen, an och esou einfach wéi méiglech kann halen, ouni dass een op massiv Businfrastrukture muss zréckgräifen.

Mir bedaueren, dass mir elo un där ganzer Situatioun, déi mir zënter laange Jore kennen, fënnef Joer geplangt hunn. Et ass vläicht an onsen Aen e bëssen ze laang gewiescht, well doduerjer ass manner gehandelt ginn, mä et ass awer wichteg, dass iwwerhaapt en éischte Schratt an déi Iwwerleeunge gemaach ginn ass. Dofir kënne mir och am Prinzip d’accord si mat der Iddi, dass dezentraliséiert muss ginn.

Op deenen anere Gebitter wäerte mir héchstwahrscheinlech nach e puer Differenze mat der Regierung hunn, notamment wa mer fuerderen, dass d’Schoule wéi ee Betrib sollen organiséiert ginn, mat méi Budgetautonomie, dass d’Konkurrenz tëschent de Lycéeë soll bestoe bleiwen, an dass mer fir d’Schüler méi Mobilitéit kënne verlaangen, fir dass se sech dee Lycée kënnen aussichen, wa se am Alter sinn, fir esou Choixë kënnen ze treffen, deen déi beschte Resultater um Niveau Enseignement bitt.

Dat waren déi puer Bemierkungen, déi mir als ADR wollten zu dësem Plan sectoriel maachen.

**M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Als nächst Riednerin ass d’Madame Dagmar Reuter-Angelsberg ageschriwwen. Madame Reuter, Dir hutt d’Wuert.

**Mme Dagmar Reuter-Angelsberg** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir Gréng begréissen dëse Plan directeur sectoriel, well e wichtegt Lach an der Planung vun eise Lycéeën zougemaach gëtt. Et huet zwar laang gedauert, bis et esou wäit war - vun 1999 bis haut -, awer mir géifen eis wënschen, dass och an anere Beräicher no dësem Planungsprinzip géif verfuer ginn, well een esou eng Orientéierung huet, wéi eng zukünfteg Gestaltung ka sënnvoll virugedriwwe ginn an net einfach ouni zesummenhänkende Prinzip drop lassschafft.

Et ass och wichteg, dass den Avis vun alle Gemenge gefrot ginn ass. Dësen Avis ass jo och zum ganz groussen Deel positiv ausgaangen. Mat dësem Plang gräife mir eng ganz Partie Problemer gläichzäiteg op. Mir ginn op déi steigend Besoine vun eise schouleschen Infrastrukturen am Postprimaire an, woubäi mir vun enger preziser Bestandsopnam vun de bestoende schoulesche Strukturen ausginn, a mir schafen deem Ganzen eng allgemeng gülteg Zilrichtung.

E ganz wichtege Pluspunkt ass sécher, dass mer endlech dringend néideg Objektiver berücksichtegen, wat den Aménagement du territoire betrëfft. Mir Gréng sinn an der Vergaangenheet net midd ginn, ëmmer erëm drop hinzeweisen, wéi wichteg och an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg eng Dezentraliséierung ass. Domat verhënnert ee problematesch Konzentratioune vun Élèven op klenge Beräicher, wéi dat zum Beispill de Fall zu Lëtzebuerg, zu Esch oder an der Regioun Ettelbréck-Dikrech ass.

Déi dräi Lycéeën, déi virgesi sinn an den Zone Jonglënster, Réiden an Esch/Belval, wäerten dozou bäidroen, dass déi bestoend Ballungszentre spürbar entlaascht ginn. Dat heescht net nëmmen, dass een d’Viraussetzunge schaaft, fir iwwerfëllte Gebaier a Schoulsäll kënnen ze verhënneren, mä dat bedeit och manner laang Schoulweeër, an domat manner Transport a manner Verkéier.

Besonnesch den neie Lycée, deen zu Réiden geplangt ass, drängt sech förmlech op. Hie wäert an enger Géigend gebaut ginn, déi laang vernoléissegt ginn ass an déi sech am Moment an engem Opschwonk befënnt, deen duerch dësen neie Lycée nach weider ënnerstëtzt gëtt. Den Internat fir 80 bis 100 Schülerinnen a Schüler entsprécht sécher engem reelle Besoin a wäert ville Familljen entgéintkommen. D’Schwemm, d’Sportshal an de grousse Versammlungsraum erweideren d’Infrastrukturen op eng Aart a Weis, déi sécher och vu ville lokalen a regionale Veräiner an Associatioune kënne genotzt ginn.

Eis schéngt et an deem Zesummenhang och wichteg, dass deen neie Lycée sou séier wéi méiglech e komplette Studienzyklus ubitt. Dat heescht, dass déi Élèvë wa méiglech eben net no enger bestëmmter Zäit an en anert Gebai an e Ballungszentrum mussen iwwerwiesselen. Mir verstinn, dass et elo schrëttweis virugeet, mä et erschéngt eis elo scho sënnvoll fir am Norden no Wolz och un en zweete Lycée zu Klierf ze denken. Mir haten hei als Gréng de 14. Juni 2001 eng Motioun eragginn an deem Sënn, an déi ass och vun alle Parteien hei ënnerstëtzt ginn. Déi grouss Distanzen am Norden an de bestoende Vide rechtfäertege sécher nach esou en zousätzleche Lycée.

Wat de Süde betrëfft, esou begréisse mir, dass den Diddelenger Lycée mat den Inscriptions prioritaires definitiv ofgeséchert ass, an et schéngt eis aus deemselwechte Raisonnement eraus sënnvoll, deen zweeten neie Lycée am Süden an déi Stad ze setzen, déi nach keen eegene Lycée huet, an dat ass op Déifferdeng.

Wann dëse Plang och ze begréissen ass, sou sinn do awer e puer Ongereimtheeten, oder oppe Froen, déi onbedéngt genau ze bedenke sinn an déi och vun deenen entspriechende Gemengen a Stied opgeworf ginn. Suerge bereet och eis de Mierscher Lycée, deen als Haushaltungsschoul a Beruffsschoul ëmmer méi schappech Schülerzuelen hat an nëmmen iwwerliewe konnt, well en eng Annexe vum Dikrecher Lycée gouf. Hei muss een elo gutt oppassen, dass mat deenen neie Lycéeën: zu Mamer, dee schonn do steet, zu Réiden an zu Jonglënster de Miersch Lycée nach genuch Zoulaf kritt, fir ze iwwerliewen. Dobäi lait dëse Lycée gutt do, well Miersch eng Gare huet, an och soss gutt un den öffentlechen Transport ugeschloss ass.

Dofir alliéiere mir eis un de Miersch Gemengerot, dee proposéiert dem Miersch Lycée e kompletten, spezialiséierten Zyklus vum Enseignement technique ze

ginn, ebe fir ze kompenséieren, dass säin Anzuchsgebitt méi kleng ginn ass.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

Mir froen eis och, firwat net dru geduecht ginn ass, wéi déi nei Klinik zu Ettelbréck gebaut ginn ass, fir e Lycée technique fir Professions de santé do mat anzeplangen. Dat hätt den Zesummenhalt vun der praktescher an der theoretescher Ausbildung erliichtert, an och de Schoultransport wär do op deem Site méiglech gewiescht. Ënnert dem Stréch bleift festzehalen, dass mir de Sënn vun de Limites spatiales a vun den Inscriptions prioritaires wuel agesinn, dass een awer do trotz allem e Maximum u Flexibilitéit sollt behalen a bei Gemengen un de Randgebitter vun den Zonen enger duebeler Affektatioun sollt d'Méiglechkeet ginn. Wéi zum Beispill fir d'Gemenge Groussbus, Viichten, Rammerech a Bech.

Bei der Bestëmmung vun de Polen a vun de Prioritéitsinscriptioune muss een onbedéngt drop oppassen, wat am Plang jo och geschitt mat de Capacités d'accueil optimisé, dass all Lycéeë wierklech nach genuch Effektiver behale fir am Cycle inférieur och all Haaptsektioune kënnen unzebidden, mat Ofstrécher natierlech fir verschidde manner besichte Sektiounen. Mir hoffen, dass bei der genauer Wiel vun de Siten och eng méi glécklech Hand gewise gëtt wéi dat elo just mam Péitenger Lycée geschitt ass.

An da biede mer dorëm, dem Déplacement vum Lycée Hubert Clement vun Esch am Zäitplang eng absolut Prioritéit ze ginn. Wuelgemierkt, hei gëtt net vun engem neie Lycée geschwat, mä vun engem Déplacement, dee mat deem neie Plan directeur sectoriel net däerf an de Vergiess geroden oder no hanne rutschen, mä deen dréngend noutwendeg ass, an dat aus enger ganzer Rei vu Grënn, déi ënner anerem och am Avis vun der Escher Gemeng ugefouert ginn.

Zum Schluss bleiwen nach e puer allgemeng Bemierkungen. Am Plan directeur sectoriel sinn d'Privatschoulen net berücksichtegt ginn. Si hunn awer sécher och hiren Impakt wat den Zoulaf an d'Anzuchsgebitter vu verschiddene staatleche Lycéeë betrëfft. Mir verstinn awer, dass dësen Impakt net esou evident ze chiffréieren ass. Et ass fir eis Gréng awer absolut virrangeg, dass d'öffentlech Schoul op alle Punkten hir Prioritéit muss behalen an dass deementspriechend et net nëmme mat neie Gebaier duergeet, mä dass dës nei Gebaier och musse seriö équipéiert sinn, an zwar wat déi normal wéi och déi spezialiséiert Schoulsäll betrëfft, awer och wat d'Openthaltsraim ugeet fir d'Élèven a fir d'Enseignanten.

Immens wichteg an oft iwwersi gëtt, dass een och optimal Méiglechkeete schaaft fir péri- a parascolaire Aktivitéiten, an net zulescht fir Ganzdagsschoulen och wierklech méiglech ze maachen. An da wënsche mir eis, dass mer genuch Enseignantë fanne fir all dës Lycéeën. Déi nei Lycéeën däerfe keng Bëtonskëschte ginn, wou nëmmen op eng soi-disant Funktionalitéit gesat gëtt an d'Liewensqualitéit fir d'Élèven, fir d'Enseignanten, och fir d'Schoulpersonal komplett vergiess gëtt.

Eng Schoul muss d'Méiglechkeet bidden, en attraktive Lieu de rencontre ze sinn, fir péri- a parascolaire awer och fir ausserschoulesch Aktivitéiten. Eng Plaz wou ee gären higeet, net nëmme fir ze léieren. D'Léieren ass natierlech dat Wichtegst, awer eng Schoul an där nëmme geléiert gëtt, ass eng aarm Schoul. Eng Schoul wéi mir se versti bitt alle Leit, déi mat hir ze dinn hunn, och eng Individualitéit an e Cachet.

Wann d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft a vun eisem Zesummeliewen esou virugeet, dann ass et wichteg, dass d'Schoulen déi Defiziter am familiären an am tëschemënschleche Beräich kënne kompenséieren hëllefen. Bei alle méigleche Froen an Enkpäss gëtt ëmmer erëm no der Schoul geruff an no deem gefrot, wat an der Schoul geschitt. Abee, da musse mer de Schoulen och d'Méiglechkeet ginn, iwwert dat rengt Pedagogescht eraus dësen ëmmer weider wuessende mënschlechen Uspréch gerecht ze ginn. Mir wënschen, dass iwwer all finanziell oder ekonomesch Erwägungen eraus dës liewenswichteg Aspekter hir Bedeitung behalen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Ech soen där honorabeler Madame Reuter-Angelsberg merci fir hire Bäitrag. Domat wär d'Riednerlëscht elo erschöpft an ech géif der Regierung d'Wuert ginn. Madame Anne Brasseur, Ministesch vun der Éducatioun a vum Sport, Dir kritt d'Wuert.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den Här Wolter, als Innenminister zouständeg fir den Aménagement du territoire, an ech, zouständeg fir d'Schoulen, haten ofgemaach, dass den Här Innenminister géing d'Deklaratioun am Numm vun der Regierung maachen iwwert de Plan sectoriel, an dass ech zum Schluss géing als zouständege Minister fir d'Schoulen e puer allgemeng Remarquë maachen an och op eng Rei Froen äntwerten.

Ech muss Iech soen, Här President, dass ech frou sinn iwwert dës Debatt, déi konstruktiv war. Mir befannen eis hei an engem Neiland, well et ass deen éischte Plan sectoriel, dee mer maachen, an ech muss Iech soen, dass et a mengen Ae ganz positiv ass, dass dee Plan sectoriel fir d'éischt bei de Schoulen ugesat huet. Et gëtt ons d'Méiglechkeet - an dat ass deen éischte positiven Aspekt - eng strukturéiert Virgehensweis ze hunn an Zukunft, bei der Planung a bei der Exekutioun vun de Schoulbauten, wat bis elo heiansdo ze vill laang gedauert huet, an ech hoffen, dass mer duerch déi Prozeduren hei méi séier virukommen.

Deen zweete positive Punkt ass deen, dass et eng vu mengen éischten Aufgaben als Minister war, eng Kommissioun en place ze setzen, déi gekuckt huet d'Gesetz vun 1999 iwwert den Aménagement du territoire auszeféieren, an dass et e Beamte war vun der Éducation nationale, deen d'Presidentschaft vun deem Grupp hat an esou am Fong Neiland mat gaangen ass, fir dee Plang opzestellen.

Deen drëtte positive Punkt ass d'Zesummenaarbecht vun deene verschiddene Ministèren. An et ass net esou wéi den Här Fayot gemengt huet, d'Ministèrë wären eng Festung. Ech hu festgestallt, dass hei wierklech ganz gutt matenee geschafft ginn ass, an dass, ob dat den Transport war, den Aménagement du territoire, den Ëmweltministère, de Bauteministère oder och den Éducatiounsministère - an déi hu sech och nach Experten heiansdo vun anere Ministèren erbäigeholl -, dat konstruktiv war, an dass ee mat deem aneren zesummegeschafft huet, wat et jo och dann erméiglecht, duerno besser virunzekommen, well déi Ministèren all vun Ufank un do mat agebonne waren.

E véierte positive Punkt ass, dass parallell zu der Erstellung vum Plang mir awer weidergefuer sinn, u Lycéeën ze plangen, déi en concordance wiere mam Plan sectoriel, well mer jo e grousse Mangel hunn, an esou konnte mer awer scho plangen un deene Lycéeë vu Réiden, um Lycée vu Jonglënster an um Lycée vun Esch/Belval, wou de Bauteprogramm, och wat d'Schoul ubelaangt, zesummegestallt ginn ass.

Wat ech och konnt feststellen, dat ass déi gutt Zesummenaarbecht mat de Gemengen. Dat ass wierklech am Réidener Kanton geschitt, an et ass och zu Jonglënster geschitt, wou mer eng excellent Kollaboratioun haten. Och dat ass wichteg, dass mer d'Gemenge vun Ufank u mat abannen, dass si dat als hire Lycée gesinn, an net dass et eng staatlech Institutioun ass, déi einfach an d'Regioun gesat gëtt.

Da stellen ech och fest, dass an dëser Legislaturperiod enorm vill Décisioune geholl gi si wat d'Bauten ubelaangt, a wann een dat a Chifferen ausdréckt, da gesäit een, dass et wäit méi ass wéi an deenen dräi Legislature virdrun. Mir hunn natierlech och en Nohuelbedarf, an ech si frou, dass mer elo wierklech op der Schinn sinn, fir virunzekommen. Wann an der Vergaangenheet e Bau décidéiert ginn ass, dann huet den Éducation-natiounale-Minister e Bauprogramm opgestallt mat der Zuel vun de Klassen a wéi d'Spezialraim da géingen ausgesinn, an dann ass d'Diskussioun ëmmer erëm vu vir ugaangen. Dofir hu mer elo eng Standardisatioun vum Bauprogramm virgeholl, an ech wäert spéider nach a mengen Ausféierungen dorop zréckkommen.

E siwenten, wierklech ganz positive Punkt ass deen, dass mer elo eng zolidd Zuelebasis hunn, op där mer kënne schaffen. Et goufe wuel Zuelen, déi eng vum Statec, déi aner vun de Schoulen, déi aner vun der Éducation nationale, et ware verschidde Bases de données, an déi hunn net ëmmer openee geklappt. Elo hu mer eng zolidd Base de données. Ech wëll och ënnerstäichen, dass d'Éducation nationale eréischt am Joer 2000 e Règlement grand-ducal krut fir iwwerhaapt eng Base de données kënnen ze exploitéieren, eppes wat virdru leider net méiglech war. Mir hunn also wierklech excellent kënnen zesummeschaffen.

Wat ech bei dëser Virgoensweis net esou positiv fannen, an den Här Wolter huet dat och gesot, ass déi enorm Zäit, déi mer gebraucht hunn. Et kann ee soen, et wor Neiland wat mer begaangen hunn. Et huet ee sech selwer missen eng Aarbechtsweis ginn, wat och eng gewëssen Zäit an Usproch geholl huet. Déi Konsultatioune si gutt, mä mir mussen déi all zesummen awer kucken, dass mer net op d'Käschte vun der Konsultatioun un Effikasitéit finalement verléieren. Well hei geet et och ëm d'Zäit, an do musse mer kucken, ob mer déi Prozeduren net awer musse straffen.

Et muss een och wëssen, dass e Plan sectoriel kee spezifescht Instrument ass fir ee Gebitt. Dat heescht, hei geet et ëm Schoulinfrastrukturen, mä hei geet et net ëm e pedagogescht Konzept. Et ass en Instrument vum Aménagement du Territoire. De Contenu pédagogique gëtt zwar predeterminéiert duerch Infrastrukturen, mä an Zukunft muss dat esou gehandhaabt ginn, dass am Kader vun der Autonomie all Schoul d'Méiglechkeet huet hire Concept pédagogique ze entwéckelen, an dat hu mer fir d'éischt exerzéiert beim Réidener Lycée, parallell zu dem Bau och de Fonctionnement vum Lycée gestëmmt, fir dass en Direkter, deen haut seng Funktiounen iwwerholl huet, sech da lues a lues kann eng Équipe pédagogique zesummesichen, zesumme mat de Bâtiments publics de Bau exekutéieren, an och parallell dozou e Concept pédagogique ze entwéckelen am Kader vun der Autonomie.

Wat d'Ganzdagsschoul ubelaangt, ass hei vill dovunner geschwat ginn. D'Ganzdagsschoul ass a mengen Aen e falsch gewielten Term. Mir musse Strukture kréien, déi de Kanner d'Méiglechkeet ginn niewent der Schoul och kënne bei der Schoul, ronderëm d'Schoul eng sënnvoll Beschäftegung ze fannen. Mir hunn am Moment eng Rei Lycéeën, déi dat schonn offréieren. Et ass also keen Neiland. De Mamer Lycée, deen am September seng Dieren opgemaach huet, offréiert all Dag eng Betreiung. Dat geet vun Hausaufgabenhëllef bis Fräizäitbeschäftegung, iwwer Musek a Sport, bis véier Auer. Et si ronn 10% vun de Schüler, déi dovu Gebrauch maachen, an et ass net de Schoultransport, dee se dorun hënnert, well Mamer ass relativ gutt iwwer regulär Linnen och ausserhalb vun der Schoulzäit ugebonnen.

De Maacher Lycée, e Lycée, deen an deene leschte Joren dank den Efforten, déi do vum Personal gemaach gi sinn, en enormen Opschwonk kannt huet, huet och e Ganzdagsprogramm, wann ee wëllt, all Dag bis véier Auer. Och do sinn 10% vun de Schüler, déi dovu Gebrauch maachen.

Wat mer sécherlech awer brauchen, dat ass ons weider ënnerhalen iwwert d'Internater, an do musse mer och nach ee méi zentral hunn. Do sinn ech mat all deenen eens, déi dovu geschwat hunn.

Ee Wuert, Här President, zu der Inscription prioritaire. Wa mer mat onse Lycéeën an d'Regioune ginn, da mussen déi Lycéeën an der Regioun verankert ginn, an dofir ass et esou wichteg, dass mer direkt Kontakt mat de Gemengen huelen, dass si dat als hire Lycée considéréieren, an dass se och dofir suergen, mat hire Primärschoulen, dass se an déi Lycée ginn.

Mir wëllen och, dass jiddereen d'Méiglechkeet huet an deem Lycée, wou en am noosten dobäi ass, eng Inscriptioun ze kréien. Am Moment - an do gëtt et esou des hauts et des bas - gëtt et verschidde Lycéeën, déi eng héich Cote hunn an da wëllt all Mënsch dohinner goen. Dat schwankt vun Zäit zu Zäit, mä ech muss Iech soen, dass ech et net richteg fannen, dass e Kand wat um Lampertsbierg wunnt keng Plaz an engem Lycée fënnt, an op Bouneweg muss goen, an dass ee beispillsweis aus dem Süde vum Land awer dann um Lampertsbierg ënnerdaach kënnt. Dee wier awer vläicht, fannen ech wéinstens, besser zu Esch ënnerdaach, wou en och eng ganz Offre scolaire huet.

Mir mussen endlech domat ophalen, dass Kanner kräiz a quier duerch d'Land transportéiert ginn. Also de Prinzip vun der Inscription prioritaire ass deen, dass all Kand emol do ënnerdaach kënnt, wou et am noosten dobäi wunnt.

Dat steet am Projet de loi, deen elo d'Kommissioun passéiert huet, no engem Avis vum Conseil d'État an deen zréckgaangen ass un de Conseil d'État, dat ass de Projet de loi iwwert d'Organisation des lycées et lycées techniques. Am Artikel 37 steet: „Dans les limites des capacités d'accueil, tout élève admis à une classe de la division inférieure de l'enseignement secondaire du cycle inférieur ou du régime préparatoire de l'enseignement secondaire technique est inscrit à priorité à un lycée situé dans la zone de proximité de sa commune de résidence. Les zones de proximité sont définies par règlement grand-ducal. A sa demande il peut être inscrit à un autre lycée, si les capacités d'accueil de ce lycée le permettent."

An da kënnt dat iwwert d'Division supérieure. „Les élèves admis en classe de la division supérieure de l'enseignement secondaire et des cycles moyens et supérieurs de l'enseignement secondaire technique s'inscrivent en fonction des formations offertes par les lycées et de leur capacité d'accueil." Mir behalen also déi néideg Souplesse hei, mä op där anerer Säit gi mer awer och jiddderengem d'Méiglechkeet, dass de Lycée sech kann identifizéiere mat der Regioun an dass d'Kanner aus der Regioun och an dee Lycée kommen.

Eng Remarque nach zum Préparatoire. Den Enseignement préparatoire huet eng Carte scolaire an déi Kanner hu vill manner Méiglechkeeten. Ech gesinn awer à terme wann dat hei gräift, an dat ka jo eréischt gräifen, wann déi Lycéeën och gebaut sinn, dass mir dann deenen am Enseignement préparatoire déiselwecht Rechter ginn, déi all déi aner Kanner hunn, well ech gesi wierklech net an, dass déi mussen an e Lycée goen, an dass déi heinten de Choix hunn esou laang wéi Plaz ass. All Kanner, déi an de Lycée ginn, mussen déiselwecht Chancen an déiselwecht Rechter kréien.

Et ass gesot ginn, d'Lycéeë sinn net all d'selwecht. Dat ass ganz richteg, a mir si permanent amgaangen d'Qualitéit vun den Enseignementer ze kucken, ze kontrolléieren, an dofir hu mir och Épreuves communes, an déi Épreuves communes sinn duerchgefouert ginn. Mir hunn d'Resultater. All Gebai selwer ass gefuerdert sech permanent a Fro ze stellen, wéi et do steet par rapport zu anere Gebaier, an do ginn och enorm Effortë gemaach.

Mir kënnen awer net all Lycée d'selwecht maachen, zumools wat de Secondaire technique ubelaangt. Do ginn et, wat déi Haaptgruppen ubelaangt, am Régime professionnel 45 verschidde Sektiounen. Et kann een 100 verschidde Beruffer léieren. Et gëtt an der Formatioun vum Technicien eng ganz Rei vun Divisiounen a Sektiounen. Et sinn der 13. Am Régime technique ginn et sechs Divisiounen a Sektiounen, an da gëtt et am Cycle inférieur an allen neie Schoulen de Secondaire, de Secondaire technique an de Préparatoire.

Et ass kloer, dass mer net iwwerall déi ganz Offer kënnen ubidden. Et muss een och nach wëssen, dass mer a verschiddene Schoule Régimes linguistiques particuliers hunn, fir deene frankophone Schüler entgéintzekommen, esou dass mer wierklech mussen dat spezialiséieren.

Här President, fir en Iwwerbléck ze ginn - dat ass iwwert de Plan sectoriel eraus gaangen -, wat wou ugebuede ginn ass, wellech Formatiounen, hunn ech en Tableau ausschaffe gelooss. Vu dass een deen net konnt tel quel an de Plan sectoriel mat integréieren, wollt ech awer, Här President, Iech dat iwwermëttelen an ech géing Iech bieden den Deputéierten dat zoukommen ze loosse fir hir Dokumentatioun, dass ee gesäit, wellech Formatioune wou ugebuede ginn.

Natierlech ass dat do eppes, wat muss flexibel sinn. Wat mech och erfreet, dat ass, dass mer an der leschter Zäit eng vill besser Kollaboratioun ënnert de Lycéeë konnte feststellen an dass déi Offres scolaires och musse complémentaires sinn, net dass mer mat ze vill klengen Unitéiten op där enger an op där anerer Plaz schaffen. Déi Zesummenaarbecht klappt och ganz gutt. Ech huelen Iechternach a Gréiwemaacher. Dat woren zwou Schoulen, déi wierklech net zesumme kollaboréiert hunn. Ech muss soen, do gesäit een e positive Changement, a si gesi sech elo als Lycéeën am Pol vum Osten, fir eng Offre scolaire diversifiée de Kanner unzebidden.

Wann ee vu Plan sectoriel schwätzt, an ech hunn och elo vun den Offres de formation geschwat, da muss een dat am A behalen a flexibel sinn, well et ass permanent eng Evolutioun bei de Chiffre festzestellen. Den Här Wolter ass virdrun drop agaangen a senger Ausféierung, dass mer e Comité de suivi hunn an e Monitoring maache vun den Zuelen.

Wann ech d'Zuele kucke vun 1999, dat sinn déi, déi mir hate wéi mer d'Basisdokument ausgeschafft hunn, an ech vergläichen déi mat

2003, dann hate mer 1999 5.582 Naissancen, an am Joer 2003 si mer op 5.303 erofgaangen. 1999 hate mir e Solde migratoire positif vu 4.461 Leit, deen ass am Joer 2003 op 2.073 erofgaangen. Dat heescht vun deene Kanner, déi da véier Joer drop fir de Préscolaire solle scolariséiert ginn, bei den Naissancen an déi aner, déi duerch de Solde migratoire insgesamt op ons duerkommen, hate mir 1999 e Chiffer vun 10.043 an am Joer 2003 e Chiffer vun 7.376. Et gesäit een also, wéi dat schonn a véier Joer evoluéiert huet.

Dat alleng sinn awer net nëmmen d'Chifferen, déi à la base si vun dem Besoin vu Schoulen, mä et ass den Taux de scolarisation. Den Taux de scolarisation - an den Här Wolter ass virdru kuerz drop agaangen -, dat sinn all déi Kanner, déi vun enger Tranche d'âge scolariséiert sinn. Deen Taux wäert nach zouhuelen, wann d'Gesetz iwwert d'Schoul hei d'Chamber passéiert, wou mir d'Obligation scolaire vu 15 op 16 eropsetzen, wou mir och déi Kanner ënner 18 Joer, déi keng Formatioun maachen, an eng Formatioun schécken, an da geet den Taux de scolarisation selbstverständlech och an d'Luucht.

Wann ee kuckt, de Statec huet Hypotheesen ausgeschafft, an dat sinn déi Hypotheesen, déi d'Basis vum Plan sectoriel duergestallt hunn, an déi ënnescht Hypothees war, wann d'Schülerzuel ëm 7.000 géif klammen, an déi zweet Hypothees en héije Chiffer ëm 11.000. Wann ech kucken, wou mir elo do stinn, a si hu Projektioune Joer fir Joer gemaach, da wäre mir an der héijer Hypothees elo op 34.518 Schüler, an der niddreger Hypothees op 33.318 Schüler. Mir leien am Moment op 33.775 Schüler, also just an der Mëtt vun der Fourchette, déi deemools à la base war vum Plan sectoriel vun der ieweschter Tranche.

Ech wollt Iech déi Chiffere soen, fir ze ënnersträichen, wéi wichteg et ass, dass mir dat permanent am A hunn, well déi Schwankunge kënne ganz rapid goen. Dat huet natierlech och mam Développement économique vum Land ze dinn. Et ass kloer, dass während enger Period, an där et zu engem Ralentissement kënnt, och de Solde migratoire manner héich ass, mä all dat musse mir am A hunn.

An dofir hu mir och gesot, mir huelen déi dräi Lycéeë vir, wou mir sécher sinn, dass mir se elo direkt brauchen. Déi Décisioun hu mir geholl, a bei deenen anere kucke mir, wéi d'Evolutioun ass, fir ze décidéieren a welchem Rhythmus mir och do virufueren. Mä d'Instrument ass ginn. Wann de Besoin sech muer erweist, dass beispillsweis am Klierfer Kanton eng Explosioun vun der Populatioun esou ass, dass mir an der iewescher Hypothees sinn, da musse mir natierlech ganz séier do reagéieren, fir och do e Lycée ze schafen.

Fir kënne méi séier ze reagéieren, hu mir eng Standardisatioun vun engem Bauprogramm ausgeschafft. Deen ass opgestallt gi vum Éducatiounsministère zesumme mam Bauteministère, mat externen Experten, mat och Schoulleit, wou mir beispillsweis emol de Klassesall definéiert hunn. Déi lescht Schoulen, déi gebaut gi sinn, do hat all Klassesall 63 m² a war fir 24 Schüler virgesinn. Wann Dir dann an enger Tranche d'âge 26 Kanner hat, dann ass et schonn e bësse schwiereg ginn. Dir konnt och keng Gruppen andeelen, well déi Klasseraim keng Flexibilitéit virgesinn hunn. Si waren awer ze grouss fir mat méi klenge Gruppen ze schaffen.

Mir wäerten an Zukunft Säll hunn, déi e gutt Stéck méi grouss sinn, wou een ëischtens ka méi Schüler hunn, oder wann ee manner Schüler huet, een déi och anescht gruppéiere kann. Et kann een a klenge Gruppen an engem Klassesall schaffen, wat mat där onflexibeler Virgoensweis, wéi mir se bis elo haten, net méiglech war.

Doniewent kommen nach eng Rei vu méi klenge Säll, well mir och heiansdo Gruppen hunn, déi einfach méi kleng sinn. Dann hutt Dir Spezialsäll, déi ageriicht ginn, esou dass och d'Preparatiounssäll niewendru kommen, an dass dat keng Solution de fortune méi ass. D'Ateliere musse ganz anescht équipéiert ginn, och wéinst de Sécherheetsnormen, déi mir haut hunn. Bei de Sportinfrastrukturen hu mer mam Commissaire au sport gekuckt, a mat den Turnproffen, fir déi och ze adaptéieren, fir dass méi en diversifiéierte Sportunterricht ka gemaach ginn.

D'Administratioun gëtt regruppéiert, esou dass et och funktionell ass, d'Bibliothéiken oder d'Centres de documentation ginn esou ageriicht, dass se och accessibel sinn an Zukunft vu baussen. An dann hu mer, zu Réiden ass dat fir d'éischt geschitt, och méi kleng Raimlechkeete fir d'Enseignanten, well et ass och wierklech wënschenswäert, dass d'Enseignantë méi an der Schoul si wéi nëmme fir hir Leçons d'enseignement. De Kontakt mat der Schoul muss méi permanent sinn, an dofir mussen och d'Méiglechkeete fir d'Enseignantë geschaf ginn.

Dann de Restaurant scolaire, do hu mer och verschidde Standarden ausgeschafft, genee wéi fir verschidde Strukturen, déi kënne benotzt ginn och ausserhalb vun der Schoulzäit, well et wichteg ass, dass eng Schoul och kann no bausse funktionéieren, an net nëmme während deene 36 Wochen, wou Schoul ass, an dass se owes zou ass. Ech kéint mir virstellen, dass d'Bibliothéiken no baussen op sinn, dass d'Sportinfrastrukturen - wat se schonn zum Deel sinn - op sinn an der Regioun, dass och kënne Raimlechkeete benotzt ginn, an dass mer méi dezentral mat der Formation continue wéi mat der Formation des adultes ëmginn, déi och da kënnen an deenen dezentraliséierte Lycéeë stattfannen.

D'Fro vun den Internater ass gestallt ginn. Och dat musse mer méi genee kucken. Dat Internat, wat zu Réiden beispillsweis gemaach gëtt, bedéngt natierlech, dass dat un d'Schoul ugebonne gëtt an ënnert der Responsabilitéit vun der Schoul selwer steet, fir dass mer dat un d'Funktionéiere kréien. Wat ganz wichteg ass bei esou enger Standardisatioun, ass och de Flux vun den Élèven, wat an esou engem Gebai ganz wichteg ass, sou dass wa mir dat hunn, mir besser virukommen.

De Plan sectoriel gesäit also vir, wou mir déi zukünfteg Lycéeën implantéieren. Mir hunn en Istzoustand - deen dierfe mir net vergiessen. Deen Istzoustand ass net ëmmer esou, wéi mir ons all dat géinge wënschen. Mir hu wierklech Defiziter an enger ganzer Partie vu Schoulen, zum Beispill d'Sportinfrastruktur an der Hotelsschoul zu Dikrech, oder iwwerhaapt keng Sportinfrastruktur oder eng inadequat zu Iechternach.

Mir hunn e Problem mam Lycée Hubert Clement, wou wierklech d'Infrastruktur net méi gutt ass, dee muss déplacéiert ginn. Mir hunn e Problem mat der Infrastruktur am Lycée technique vu Bouneweg, an dann hu mer e Problem mam Lycée technique agricole, dee mir awer geléist kréien, wa mir virukomme mam Lycée technique vun Ettelbréck, wou ech hoffen, dass mer do awer en Arrangement kréien, wat d'Terrainen ubelaangt, well mir sinn ons all eens, dass dee Lycée op Ierpeldeng kënnt. Domat ass jiddfereen d'accord, da wäert ech hoffen, dass de Stat och kann déi néideg Acquisitioune maachen, fir dee Lycée do ze bauen.

Dann ee Wuert zu dem Lycée technique pour professions de santé. Do ass gesot ginn, dat wär net gutt, elo kéim deen op d'Gare an da kéim nach e Lycée zousätzlech an d'Stad. Just deen hu mir gewielt, fir op den Ex-Terrain Munhowen ze implantéieren, well dat si méi grouss Schüler; et ass no bei der Gare; et ass no bei alle Kommunikatiounsmëttel, an déi musse jo och mat de Kliniken zesummeschaffen. An d'Klinike si vun do duerch d'öffentlech Transportmëttel relativ liicht accessibel, sou dass do e Choix gemaach ginn ass, deen och wichteg war.

**M. le Président.-** Madame Minister, erlaabt Dir, dass den Här Fayot Iech eng Fro stellt?

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Madame Minister, ech hunn net gesot, dass et a priori schlecht wär, wann de Lycée de santé op d'Diddenhuewener Strooss kéim. Ech hu just gesot, an der Evolutioun - wéi mir gesinn hunn, wéi déi Zentren um Lampertsbierg entstane sinn, um Geesseknäppchen, an de Märeler Wisen - si mir amgaangen elo héchstwahrscheinlech e bëssen eppes Ähnleches ze maachen op deene Plaze vun der Stad, wou nach Plaz ass, an dass mir herno dann och erëm eng ganz Partie Lycéeën zesummen hunn. Dat hunn ech gesot.

**Mme Anne Brasseur**, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Et ass nun emol esou, dass mer d'Lycéeën awer do wëllen hindinn, wou déi gréisst Kommunikatiounsméiglechkeete sinn, an déi meescht Klinike sinn an der Stad, an da musse mir d'Schoul natierlech an der Stad usiedelen. Eng aner Méiglechkeet gëtt et do net.

Wat d'Konzentratioun vu Schoulen op verschiddene Plazen ubelaangt, wëll ech Iech soen, dass um Lampertsbierg et jo wierklech e Problem gëtt, well um Lampertsbierg gi méi Schüler an d'Schoul, wéi Leit do wunnen. Dat ass en Déséquilibre an dat ass wierklech eng ongesond Situatioun.

Ech wëll Iech awer soen, dass mer schonn amgaange sinn do zueleméisseg erofzegoen, och wann een dat am Moment net spiert, well déi Mass jo esou grouss ass, dass all Erliichterung nach net direkt spierbar ass. Mä am Lycée de Garçons sinn 200 Schüler manner, an dee leschte Container wäert elo, wann d'Premièresexame gemaach ginn, definitiv verschwannen.

Am Lycée Robert Schuman si 35 Schüler manner an am Lycée technique des Arts et Métiers sinn 300 Schüler manner. Mir hu jo d'Sektioun vum Bâtiment vum Arts et Métiers op Mamer transferéiert. Dat heescht, dass mir awer elo säit 2000, wou de Plang opgestallt ginn ass, bis haut 535 Schüler manner hunn um Lampertsbierg. Et muss een och nach wëssen, dass de Lycée technique du Centre jo eng Annexe kritt zu Dummeldeng, déi mir hei gestëmmt hunn. Da wäert an der Avenue Pasteur déi Schoulinfrastruktur, déi wierklech net gutt ass, déi mir awer Gott sei Dank vun der Stad Lëtzebuerg als Stat zur Verfügung gestallt kruten, abandonnéiert kënne ginn, sou dass mir och nach e puer honnert Schüler vun do da wäerten op Dummeldeng kréien.

Dat sinn déi Remarquen an déi Informatiounen, déi ech Iech haut wollt ginn. Ech soen Iech op jidde Fall, dass ech ganz frou sinn, dass ech konnt mat menge Mataarbechter heiru matwierken, well dat heiten ass de Schrëtt an déi richteg Richtung. Ech wënsche just nach eent: Dass mir esou séier wéi méiglech an der Realisatioun virukommen op deene Plazen, wou mir dat décidéiert hunn an dass mer net Entravë kréien duerch zousätzlech Prozeduren, besonnesch, wat d'Acquisitioun vun den Terrainen ubelaangt. Well, mir kënnen net ëmmer dohinner goen, wou de Stat Propriétaire ass, well déi Terrainen net gënschteg leien.

Ech maachen do en Appel u jiddfereen, dass e verstänneg ass, wann e Propriétaire vun Terrainen ass, an eng Hand mat upeekt, dass mer kënnen dat heite realiséieren, an dat am Intérêt vun de Kanner, déi elo an d'Spillschoul ginn an - hoffen ech -geschwënn an nei Infrastrukturen, dann, wa se an de Lycée kommen.

Merci villmools.

**M. le Président.-** Merci, Madame Minister. Mir hunn dann elo d'Diskussiounen iwwert dëse Punkt ofgeschloss a mir komme bei deen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Et handelt sech do ëm d'Proposition de loi 4918, vun där den honorabelen Här Ben Fayot den Auteur ass. Ech géif him dann och d'Wuert ginn, fir déi Proposition de loi virzedroen. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 4918 - Proposition de loi portant création d'un observatoire des médicaments

***Présentation***

**M. Ben Fayot** *(LSAP), auteur*.- Här President, mir hu jo dës Woch eng grouss Zuel vu Propositions de loi hei virbruecht oder virbrénge kënnen. Dat war jo eng Woch, déi esou vun der Conférence des Présidents programméiert war.

Ech wollt vläicht zwou Remarquen dozou maachen, ier ech op meng Proposition de loi kommen, nodeem wat gëschter hei zum Beispill vum Här Frieden gesot ginn ass iwwert déi Proposition de loi, déi ech iwwert d'Actionnaires minoritaires gemaach hunn. Den Här Frieden huet gesot, dass eng Grupp vun héije Funktionären amgaange wär, fir e Gesetz auszeschaffen, an en huet zugläich e bësse reprochéiert, dass meng Proposition de loi net prezis genuch wär.

Ech wëll soen, dass eng Proposition de loi jo eigentlech ëmmer e politeschen Ustouss soll sinn. Et ass net méiglech, dass eng Proposition de loi an allen Detailer eppes kann esou ausschaffen, wéi elo zum Beispill d'Regierung e Projet de loi kann ausschaffen, wann do déi héijer Funktionäre mat all deene Mëttelen, déi se zur Verfügung hunn, Gesetzer maachen, déi jo och dann nach net ëmmer dat Gielt vum Ee sinn. Mä dat gesot, mengen ech awer, dass ee Verstännes soll hu fir deen eenzelnen Deputéierten, dee viru sengem wäisse Blat sëtzt, an dann natierlech och eppes muss zu Blat bréngen.

Wat déi Proposition de loi ugeet, déi ech hei wëll virstellen, déi sech also mat der Kreatioun vun engem Observatoire des médicaments befaasst - déi ass also vum 7. Mäerz 2002 -, wéilt ech drop hiweisen, dass d'Fro vun de Medikamenter zu Lëtzebuerg vun zwee Gesetzer bestëmmt gëtt, allen zwee vun deemselwechten Datum, dem 21. November 1980, wou dat eent d'Direction de la Santé reforméiert huet, an dat anert de Laboratoire national de Santé kreéiert huet an och reforméiert huet.

D'Tâchë vun deenen zwee, also engersäits vun der Direction de la Santé an anerersäits vum Laboratoire national de Santé, wat d'Medikamenter ugeet, si complémentaire. Déi eng vun der Direction de la Santé sinn an der Haaptsaach Tâches administratives an awer och scientifiques, während déi vun dem Laboratoire national de Santé an der Haaptsaach wëssenschaftlech Aarbechte sinn, déi mam Contrôle analytique ze dinn hu vun de Medikamenter, mat der Évaluation scientifique vun deene Medikamenter.

Säit 1980 awer ass jo eng grouss Evolutioun op deem Gebitt komm, vläicht manner zu Lëtzebuerg, mä besonnesch op europäeschem Plang, wou jo ganz vill geschitt ass, a wou mir haut mat engem grousse Bannemaart ze dinn hunn. Ënner anerem ass an der Evolutioun ze soen, dass 1993 déi Agence européenne pour l'évaluation des médicaments geschaaft ginn ass, mat Sëtz zu London, un där jo och Lëtzebuerg mat deelhëlt.

Et ass ganz offensichtlech, menger Usiicht no, dass een och zu Lëtzebuerg de wëssenschaftlechen Deel vun der Aarbecht mat de Medikamenter muss verstäerken. Et geet net drëm hei elo déi Administratioun oder respektiv de Laboratoire national de Santé ze kritiséiere fir déi Aarbecht, déi se maachen, an déi bestoend Strukturen, mä et schéngt mir, wann ee kuckt, wéi déi Entwécklung do gaangen ass, dass een déi wëssenschaftlech Méiglechkeete soll verstäerken. Dat heescht, dass een zum Beispill och déi Zesummenaarbecht mat der europäescher Agence fir d'Evaluatioun vu Medikamenter soll verbesseren, dass een och d'Méiglechkeet do soll schafen zum Beispill, fir auslännesch Experte kënne mat erunzezéien un esou eng Aarbecht; dass een also och Lëtzebuerg do soll wëssenschaftlech Méiglechkeete ginn, fir op deem Gebitt aktiv ze sinn.

Ech erënneren drun, dass bei der Mise sur le marché vu Medikamenter och Lëtzebuerg kann am europäesche Verband dat maachen, an do brauch een also dann och déi wëssenschaftlech Strukturen, fir dat ze maachen. Dofir hunn ech dann, ouni elo an d'Detailer ze goen, deen Observatoire des médicaments proposéiert.

Ech muss soen, ech hu bedauert, Här President, dass, wéi mir de Bau vun deem Laboratoire national de Santé hei décidéiert hunn, mir keng Ahnung haten iwwert déi nei Strukturen, déi dee Laboratoire soll kréien. Ech weess elo net, wou mir dru si mat dem Opbau vun deene Strukturen. Gëtt dat elo en Établissement public oder wat ëmmer soll et ginn? Bon, den Här Minister kann eis jo vläicht doriwwer Opschloss ginn. Ech hunn dat drop tabléiert, dass mer de Laboratoire national de Santé zu engem Établissement public maachen, an an deem Kader kéint een dann en Observatoire des médicaments virgesinn.

Et ass also am Sënn vun deem, wat ech am Ufank gesot hunn, en Impuls. Ech si mir wuel bewosst, dass en absence vun enger bekannter Struktur vun deem Laboratoire national de Santé et schwéier ass, fir elo eppes ganz Prezises ze maachen, mä den Ustouss menger Usiicht no ass awer deen, fir ze soen, dass een déi wëssenschaftlech Mëttelen an déi wëssenschaftlech Strukturen an dem Beräich vun de Medikamenter zu Lëtzebuerg soll verstäerken.

Ech sinn där Meenung op dësem Gebitt. Ech hunn och eng aner Proposition de loi gemaach viru méi laanger Zäit iwwert d'Sécurité alimentaire, wou ech och der Meenung sinn, dass mer ons wëssenschaftlech Mëttele solle verstäerken. An deem Sënn ass also dës Proposition de loi verfaasst.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Merci, Här Fayot. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Jean-Marie Halsdorf ageschriwwen. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion***

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech den Auteur vun dëser Proposition de loi elo héieren hunn, da muss ech mir trotzdeem ëmmer nach, genausou wéi ech déi Propositioun gelies hunn, d'Fro stelle vum prakteschen Nährwäert vun dëser Initiativ. Well, op den éischte Bléck ass et net

esou evident, well et weess een hei zu Lëtzebuerg hu mer e Modell, wou mir op der enger Säit d'Division de la pharmacie hunn, déi kloer hire Rôle definéiert huet, an op der anerer Säit hu mer de Laboratoire national de Santé, deen och seng Aufgaben iwwerhëlt.

Et gëtt keng evident, offensichtlech Lacunen. D'Gesetzgebung - ech mengen de Ben Fayot huet et elo just gesot - ass déi vum 21. November 1980, déi hei spillt, mä et ass nach e Gesetz vum 11. Abrëll 1983 iwwert d'Mise sur le marché vu Medikamenter, dat och hei spillt - dat dierf een net vergiessen. D'Rolle sinn also hei kloer verdeelt.

Op där enger Säit weess een och, dass mer hei zu Lëtzebuerg keng offensiv Roll musse spillen an dësem Beräich, wat d'Medikamenter ugeet. Mir hu keng grouss Firmaen hei am Land. Mir kënnen do roueg dat esou maachen, wéi mir dat bis elo gemaach hunn. Ech muss dat soen, och wann déi europäesch Landschaft an dësem Beräich evoluéiert huet, wéi den Auteur vun der Proposition de loi dat och gesot huet. Mir hunn eng Agence européenne de l'évaluation des médicaments kritt am Joer 1993 zu London.

Op där anerer Säit hu mir souguer nach e Corollaire dozou, dat soll een och net vergiessen, dat ass den Observatoire européen des drogues et des toxicomanies. Deen ass jo zu Lissabon an deen ass och 1993 gegrënnt ginn. Et gëtt also ganz kloer: D'Rolle si verdeelt, an trotzdeem muss een awer um Ball bleiwen, an trotzdeem ass et wichteg, dass ee grad, wat d'Medikamenter ugeet, um Ball bleift, wéi ech elo gesot hunn.

D'Pharmacovigilance ass d'Stéchwuert, wat hei spillt, dat heescht, et kuckt een, wa Medikamenter um Maart sinn, de Suivi ze maachen. Wéi mécht een deen? Wéi ass et mat den Niewewierkungen? Fir do séier ze intervenéieren, mécht et also Sënn, dass een hei performant ass. Et ass och wichteg, dass een hei versicht ze optimiséieren.

Also fir mech ass et kloer, a wat dee Volet vun där Initiativ hei ugeet ass et richteg, mir brauchen eng Optimiséierung an dësem Beräich, dat schéngt mer kloer ze sinn. De Rôle vum Medikament ass wichteg, mir brauche Qualitéitskritären, mir brauchen Transparenz, mir brauchen e Suivi, mir brauchen eng kloer Strategie, an et ass net fir näischt, dass et a ville Beräicher ISO-Normë gëtt, fir dass een eng kohärent, eng kloer Démarche huet. Dat brauche mer hei, dofir mécht et Sënn.

Gradesou mécht et Sënn - an dat ass och virdrun ugeklongen - fir de Statslabo, den LNS, och ze definéieren, fir dorauser e Laboratoire de référence ze maachen. Wa mer dat maachen, dann hu mer vill Voleten, déi do mussen erfaasst ginn, notamment och de Volet vun de Medikamenter, deen a mengen Ae wichteg ass, dee vun de Liewensmëttelen, wou mer onbedéngt mussen och progresséieren, an och als Référence par rapport zu Analysen an anere Laboen hei am Land.

Dat ass also de generelle Kontext. Wann ech elo am Speziellen dës Initiativ kucken, stellen ech fest, dass éischtens den Zäitpunkt vun haut - wann ech soe vun haut, dës Propositioun ass déposéiert ginn am August 2002 - och elo nach vläicht e bësse verfréit ass an deem Sënn, dass den Auteur wëllt dëst…

**M. Ben Fayot** *(LSAP), auteur.*- Mir sinn eiser Zäit viraus.

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).*- Dir sidd Ärer Zäit viraus, dat ass richteg. Dir wëllt am Fong geholl dës Institutioun an de Laboratoire national de Santé setzen. Dat ass jo ugeprangert ginn, och vun der Regierung, dass do e Widdersproch besteet, dass dat e bësse fréi ass, dat ass richteg. Et soll een och kucken, wann een dee Wee geet - an dat ass de Mérite och vun där Propositioun hei, dass se an deem Sënn e positiven Input bréngt -, wéi een dat herno da konfiguréiert. Well d'Kompetenze si jo och kloer de Moment.

Op där enger Säit hutt Der déi vun der Division de la pharmacie, dat sinn d'Fabrication, de Contrôle, d'Mise sur le marché, d'Publicité, d'Distribution, d'Importation an d'Exportation des médicaments et produits pharmaceutiques. Op där anerer Säit steet de Laboratoire national de Santé fir de Contrôle des médicaments, éischter e wëssenschaftleche Contrôle, e physico-chemeschen oder chemesch-pharmazeutesche Contrôle, loosst mer et emol esou nennen.

D'Spillregele si verdeelt, mä elo geet et drëm dann d'Prozeduren ze fannen, d'Zesummenaarbecht beschtméiglech ze maachen tëschent deenen Acteuren, well et ginn där enger an där anerer, op verschiddenen Niveauen, an do muss een da kucken - an dat kënnt hei net kloer eraus an dëser Propositioun - wéi déi Leit sollen zesumme funktionéieren.

Ech hu mer zum Beispill och d'Fro gestallt, wann déi Leit à durée déterminée agestallt ginn, dat gëtt net esou einfach, oder wa se detachéiert ginn, wéi soll dat do funktionéieren? Wéi soll déi Hierarchie stattfannen, wann ech den Direkter vun deem Observatoire hunn, op där anerer Säit hunn ech de Laboratoire national de Santé, deen am Fong geholl jo dann en Établissement public ass, an doniewent hunn ech nach de Minister? Wéi soll dat dote funktionéieren? Wie muss do par rapport zu wiem reféréieren? Dee Conseil scientifique, wéi soll dee funktionéieren? Ech mengen hei ass et wichteg, wann een hei wëllt Neel mat Käpp maachen, dass een d'Modeller, Vollbeispiller ausschafft a kuckt, wéi déi zesumme funktionéieren.

Ech wëll also ofschléissend soen: D'Iddi fir hei eppes ze ënnerhuelen ass gutt a wäertvoll. Mir mussen d'Diskussioun féieren, et mécht Sënn, a besonnesch am Kader vum neie Statut vum Laboratoire national de Santé, an dofir soll een dann, wa mer elo an deem Beräich eng kloer Strategie virleeën, dës Remarque, dës Proposition de loi op d'mannst mat an d'Aen zéien an driwwer kucken, wat do dran ass vun Elementer a wéi déi kënnten afléissen zum Wuel vun engem gudde Fonctionnement vun der Mise sur le marché vun de Medikamenter a vum Contrôle vun de Medikamenter hei zu Lëtzebuerg.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Halsdorf. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Alexandre Krieps ageschriwwen. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

**M. Alexandre Krieps** *(DP).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Schwächt vun der Proposition de loi vum Här Fayot läit am Flou vun den Attributiounen, wéi grad den Här Halsdorf et gesot huet, an der Verdeelung vun den Aufgaben. De Frënd Ben Fayot ënnerstellt säin Observatoire des médicaments ënnert den nei ze schafende Laboratoire National de Santé an hien ënneruerdnet natierlech nëmmen en Deel deem Laboratoire National de Santé. Hie plädéiert also fir eng horizontal Integratioun an de Laboratoire National anstatt enger vertikaler Integratioun. An hie schaaft quasi en Établissement public innerhalb vun engem Établissement public, mat enger separater Kontabilitéit a separate Revenuen.

Dat ass also net ganz kloer an iwwersiichtlech, an den Här Fayot proposéiert och en Transfert vu Kompetenzen aus der Direction de la Santé wéi se momentan besteet op en neien Observatoire vun de Medikamenter. Och personalméisseg gesäit een net richteg wéi et ka virugoen, well e schwätzt a senger Propositioun vun Détachementer vu Statsbeamten. An och, wéi den Här Halsdorf gesot huet, bei deene Recrutementer vun Experte vu baussen op enger Durée déterminée gesäit een net richteg wéi dat sech kann entwéckelen.

D'Missioune vu senger Proposition de loi sinn natierlech villfälteg a ganz ambitiéis. D'Definitioun vun de Medikamenter am Allgemenge feelt och an dësem Gesetzesvirschlag, och schéngen d'Medikamenter fir d'Déierewelt net genuch respektéiert oder berücksichtegt ze ginn. Am Artikel 3 vun där Propositioun gëtt geschwat vu Projets de recherche en matière pharmaceutique; ech géif menge mir sollen der Industrie dat iwwerloossen. D'Chamber, d'Regierung an d'Konsumente géife vun de Rapporten a vun den Aarbechte vun deem Organ do informéiert ginn: Ech vermëssen, dass d'Professionnels de Santé, déi d'Medikamenter opschreiwen, dat net géifen.

Op der Säit 4 am zweete Paragraph gëtt och Referenz gemaach op Moyens financiers externes, déi kéimen duerch Kontrakter, déi eng Säit mat der Agence européenne du médicament mat Sëtz zu London, wéi ugeschwat, an op där anerer Säit duerch pharmazeutesch Firmen, an der Behandlung fir hiren Dossier vun de Medikamenter, fir d'Mise sur le marché. Hei muss ech awer soen, dass do e ganz grousse Risiko besteet fir an eng Ofhängegkeet vis-à-vis vun der Industrie ze rëtschen, an dat wär fir d'Onofhängegkeet a fir d'Glafwierdegkeet vun deem Observatoire total déidlech.

D'Zesummenaarbecht mat de Krankekeese gëtt iwwerhaapt net ugeschwat, d'Technike vum Génie génétique a vun der Therapie génique ginn héchstwahrscheinlech d'ailleurs wäit iwwer ons geographesch Méiglechkeeten, fir net méi ze soen.

Dem Här Fayot säi Mérite ass et awer, fir dat hei an d'Diskussioun bruecht ze hunn, an d'Diskussioun ronderëm d'Medikamenter, well der jo vill ze vill verschriwwen a geschléckt ginn. D'Toxicitéit vu verschiddene Medikamenter kënnt nëmmen zum Virschäi laang no der Mise sur le marché an no der Vermaartung oder wa se mat anere Substanzen ageholl ginn. Qualitativ Kontrolle vun de Medikamenter ginn ëmmer méi noutwendeg, och hei zu Lëtzebuerg, am Bezuch zu de Generika, zu de Kopien an zu de ville Fälschungen.

Haut an der berühmtester Medezinzäitschrëft, dem „New England Journal of Medecine“, datéiert op den 1. Abrëll, ass e ganz groussen Artikel vun der FDA iwwert d'Fälschungen um Medikamentemaart, déi an Asien, Afrika, Latäinamerika 10 bis 50% vun de Produiten ausmaachen, wou Der amplaz Érythropoïétine an den Ampullen Drénkwaasser vu Miami dran hutt. Dat wären natierlech déi Ampullen, déi am Tour de France ubruecht wären, mä ech mengen an Indien féieren se d'Doudesstrof erëm a wéinst de Fälschunge bei de Medikamenter! A wat och schonn hei ugeklongen ass, deen neie Statslabo als Referenzlabo wäert hei seng Plaz fanne kënnen.

Och de Prinzip vum „track and trace“, wéi dat schonn an der Chaîne alimentaire ass, gëtt ëmmer méi wichteg um Wee vum Medikament vum Produzent bis zum Patient iwwert de Grossiste an den Apdikter. Ech verweisen hei an dësem Bezuch natierlech op dem Ben Fayot seng Propositioun, op den Avis vun der Regierung, deen zum Ausdrock bruecht huet, dass déi Proposition de loi vum Här Fayot net ganz ausgefeilt a momentan och nach wierklechkeetsfriem ass.

Momentan hu mir déi Relatioune mat der Agence du médicament, déi wéi gesot 1993 geschaaft ginn ass, an och mat der franséischer Agence française de sécurité sanitaire des produits de santé, déi 1998 an d'Liewe geruff ginn ass an déi op den Dag vum 10. Mäerz dëst Joer 931 Leit beschäftegt. Mä déi zwee Organer zu London an zu Paräis ginn elo scho wéinst hirer Ofhängegkeet kritiséiert. Déi sinn och net ganz onofhängeg vis-à-vis vun den Industriellelobbyen.

Här President, erlaabt mer nach eng Kéier dem Här Fayot merci ze soe fir seng Kontributioun zu dëser Diskussioun, mä ech weisen dorop hin, dass déi Virlag besser strukturéiert a verbessert gi muss, fir dass d'demokratesch Fraktioun se ka matdroen.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Krieps. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Jean Colombera agedroen. Här Colombera, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Colombera** *(ADR).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetzespropos, déi den honorabelen Här Fayot ausgeschafft huet, mat der Schafung vun engem Observatoire vun de Medikamenter a vun den Drogen ass héichinteressant a fënnt eis Unerkennung, sief et wat d'Form an den Inhalt ugeet, sief et wat d'Grondiddien ugeet. A wat déi zwee honorabel Virriedner virdrun, den Här Krieps an den Här Halsdorf, gesot hunn, iwwert d'Personal an d'Kompetenzen, dozou mengen ech, et ass jo awer ëmmer esou, dass dat heiten, wéi den Här Fayot gesot huet, en Denkustouss ass, a wann d'Regierung eppes wëllt maachen, eppes Positives wëllt änneren, ech mengen da läit et awer och un der Regierung fir ze soe wéi se dat strukturéiert.

***(Interruption)***

Ma dach, ech gesinn et awer esou, well ech mengen den Deputéierte kann nëmme maache wat e kann, an d'Regierung huet méi Moyene fir dat ze strukturéieren.

***(Interruption)***

**M. le Président.**- Loosst den Här Colombera elo schwätzen.

**M. Jean Colombera** *(ADR).*- Merci, Här President. Lëtzebuerg gëllt a ville Beräicher als net grad gewiichteg. Zum Beispill am Beräich vum Sport si mer, bis déi eng oder aner Ausnam, inexistent. An der Éducatioun si mer Lanterne rouge wa mer d'PISA-Etüd kucken, an och am Gesondheetswiese wat d'Medikamenter ugeet hu mer hei zu Lëtzebuerg keng pharmazeutesch Industrie, esou dass mir hei nëmme mat ausländesche Produkte vun der Belsch, Däitschland a Frankräich konfrontéiert sinn.

Bis elo waren d'Medikamenter, déi aus Amerika, Italien, Holland, Schwäiz koumen, relativ Mangelware, a si hu misse fir d'éischt an eisen Nopeschlänner unerkannt ginn, an dann eréischt goufen se hei zu Lëtzebuerg kommerzialiséiert. Hei hu verschidde Konkurrenzkritäre verhënnert, dass e relativ gutt Medikament aus Amerika hei konnt kommerzialiséiert ginn. Wéi aneschters wär et dann ze erklären, dass op där enger Säit zum Beispill e Produkt an Amerika esouguer an engem Supermarché ze kafen ass, an op där anerer Säit datselwecht Produkt hei an Europa emol net op de Maart kënnt, emol net ënner strikter Kontroll, an datt och do contradictoire Aussoe bestinn. Dat eent Land seet, dëst Produkt ass net geféierlech, dat anert Land seet, dëst Produkt ass geféierlech fir d'Gesondheet. Eleng esou contradictoire Aussoe justifizéieren dës Proposition de loi vum Kolleeg Ben Fayot.

Trotz deem europäeschen Observatoire vun den Drogen an den Drogesuchten, trotz der europäescher Agence fir d'Evaluatioun vun de Medikamenter, trotz engem nationale System vu Pharmacovigilance, dee mam Ausland, notamment mat Nanzeg, zesummeschafft, trotz eiser Divisioun an der Santé vun den Apdikten a vun de Medikamenter, trotz eisem Statslaboratoire, dee fir verschidden Analysen zouständeg ass, hu mir awer d'Impressioun, dass hei um Terrain net allze vill passéiert, haaptsächlech am Beräich vun de wëssenschaftleche Kritären an der wëssenschaftlecher Approche.

Mir gesinn och, dass Medikamenter, déi hei am Land zougelooss ginn op Basis vun ausländesche Recommandatiounen, e puer Méint oder Joren duerno dann dat eent oder anert Medikament erëm vum Maart ewechgeholl gëtt, och op Basis vun ausländesche Recommandatiounen.

D'Fro, déi ee sech awer berechtegterweis muss stellen, ass déi heiten: Firwat kommen iwwerhaapt esou Medikamenter, déi net genuch getest sinn a gesondheetsschiedlech sinn, op de Maart? Oft gesäit een och, dass en Dokter um Terrain bei der Santé reklaméiert, well hien op Basis vu verschiddene wëssenschaftleche Berichter dat eent oder dat anert Medikament als gesondheetsschiedlech ugesäit. Hei gëtt awer vun der Santé ofgebremst mat der Ausso, si géifen de Problem zwar kennen, awer si wäre mam Ausland a Verbindung, a wann déi Wëssenschaftlech am Ausland géifen zur Konklusioun kommen, dat eent Medikament wier schiedlech, da géife si dat Medikament vum Maart huelen. Hei ass e weidert Argument, fir esou e wëssenschaftlechen Observatoire zu Lëtzebuerg an d'Welt ze ruffen.

Här President, nëmmen esou kënnt een op schnellstem Wee, ouni weider ze waarden, ouni weider d'Bevëlkerung a Gefor ze setzen, ganz schnell e Medikament vum Maart zéie bis nei Erkenntnisser do wieren. Esou vill zu de Medikamenter.

Et gëtt awer och Substanzen, déi net klassifizéiert sinn. Sinn et Medikamenter, sinn et Nahrungsmëttel, sinn et Kosmetika? Ee Beispill: Momentan ass hei am Land ee Produkt en vogue, a praktesch jiddweree kennt dat Produkt, et ass den Aloe. Et gi verschidde Forme vun Aloe. Aloe Vera, Aloe capensis, Aloe barbadensis. Wat ass den Ënnerscheed?

***(Interruption)***

Här Schummer, sinn do wëssenschaftlech Etüde gemaach ginn? Kee weess et. Déijéineg, déi dat Produkt verkafen, betounen, dass dës Substanz all Krankheet heele kann: Hautkrankheeten, Stullverstopfung, Parkinson, Kriibs, fir nëmmen déi ze nennen.

Ze betounen ass, dass dëst Produkt duerch eng verstoppte Vente pyramidale ganz deier ass, vu dass jiddereen an der Filière verdénge wëllt. Freet een elo d'Santé: Ass Aloe ee Medikament? Da kritt ee gesot, mir wëssen dat net. Wann den Apdikter déi Substanz verkeeft, dann ass et e Medikament. Also kann een dovunner ausgoen, wann ee Glucose verkeeft oder Dextrose, dann ass dat e Medikament. Dat ass d'Argumentatioun vun der Santé. Mir wëssen also net, ob dat e Medikament ass oder net.

**M. le Président.**- Här Colombera, den Här Minister wëllt Iech eng Fro stellen.

**M. Carlo Wagner**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här Colombera, dass Der hei esou Behaaptungen opstellt intrigéiert mech trotzdeem. Ech wëll wësse mat wiem Der an der Direktioun vun der Santé geschwat hutt. Ech géif och gären dat schrëftlecht Dokument gesinn. Finalement musse mer jo awer erausfanne wa Leit an der Santé net kënne kloer an

däitlech äntwerten, wien dat war. Dofir, wann ech glift, setzt eis a Kenntnis wien dat war.

Merci.

M. Jean Colombera *(ADR)*.- Dat war d'Pharmacienne Mariette Backes.

Freet een an der Santé no, da weess een net richteg wou een drun ass. Si soen, mir wëssen net, ob dat en Nahrungsmëttel ass, en Nahrungssupplément oder e Kosmetika. Ech mengen, et ka jo awer net sinn, dass am Ministère iergendwéi net genuch Informatioun do ass, ob eng Substanz geféierlech ass oder net.

Da gëtt gesot den Aloe Gel wär e Kosmetika. Den Aloe Saaft kënnt dann e potenzielle Kriibserreger si fir den Daarm. An dësem Dossier ass also beim Ministère net vill gewuer ze ginn.

Am Internet ginn och verschidde Substanzen ugebueden, déi äusserst geféierlech kënne sinn. Zum Beispill ginn hei Anabolika, Cortison oder aner Substanzen an homeopathescher Form ugebueden a fräi verkaaft. Or, zënter der leschter Debatt, déi mer hei an der Chamber gefouert hunn, wësse mer awer och, dass homeopathesch Substanzen a klengen Dose kënne geféierlech ginn. Och hei feelt awer eng total Informatioun vum Ministère fir d'Dokteren. Ech mengen, dat misst een awer den Doktere schëlleg sinn, fir deenen ze soen, wat dann elo geféierlech ass a wat net.

Här President, dëst si menger Meenung no valabel Elementer fir ze soen, dass d'Kontroll hei am Land äusserst aarmséileg unzegesinn ass, an dass eppes muss geännert ginn. Och wa Lëtzebuerg e klengt Land ass a vläicht net mat deene grousse Länner ka konkurréieren, sech net moosse kann, muss een awer festhalen, dass vill gutt Chercheuren hei am Land sinn, déi am private wéi am öffentleche Beräich täteg sinn, an hei kënnt een den Hiewel usetzen, fir mat Hëllef vun dëse Leit mëttels engem wëssenschaftlechen Instrument wéi dem Observatoire des médicaments eng gewësse Form vu Genauegkeet a Flexibilitéit ze erreechen.

Dat gesot, wäerte mir als ADR dës Gesetzespropos vum Här Fayot ënnerstëtzen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Colombera. Ech géif dann elo d'Wuert ginn un d'Regierung. Här Gesondheetsminister Carlo Wagner, Dir hutt d'Wuert.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, verschidde Virriedner si schonn am Detail op d'Prise de position vun der Regierung agaangen, esou dass ech mer dat wäert erspueren.

Ech muss am Viraus soen, an den Här Fayot hat dat jo aganks gesot, dass déi Proposition de loi geduecht war als en Denkustouss. An deem Mooss gesinn ech och Är Proposition de loi ganz positiv un. Ech muss och soen, dass selbstverständlech verschidde Saachen an der Organisatioun, an deene Structures actuelles, déi mer hunn, perfektibel sinn. Et feelt eis awer actuellement haaptsächlech u Personal. A wat de Laboratoire national ubelaangt, kënnt Der lech jo virstellen, dass mer net vill méi Personal drakréien. Dofir ass et nëmmen ze begréissen, dass déi Regierung hei am Dezember endlech de Bau vun deem neien LNS décidéiert huet, esou dass mer dee Moment schnell wäerte weiderkommen. Et ass och dee Moment, géif ech soen, richteg, wou mer kënnen den LNS total nei reorganiséieren.

Dir schwätzt an Ärem Exposé des motifs vun engem Établissement public mat dräi verschiddene Peileren. Mir sinn amgaangen un där Structure juridique ze schaffen, woubäi ech mer de Moment awer d'Fro stellen, honorablen Här Fayot, ob mer een oder zwee Etablissementer draus maachen.

Quoi qu'il en soit muss ech soen, dass ech net iwwerzeegt sinn, dass esou en Observatoire, wéi Dir e proposéiert, effectivement seng Plaz an deem Établissement public, wann et nëmme géif ee ginn, hätt.

Ech muss och soen, dass ech fir déi total independent Roll, déi Der wëllt deem Observatoire à l'intérieur vun deem Établissement public ginn, net ganz waarm sinn. Dir gesitt beispillsweis en Direkter vir, Dir gesitt och e Conseil scientifique vir, e Conseil scientifique, dee säi Rapport mol net bräicht ofzeginn un de Responsabele vum Établissement public selwer, och emol net un de Ministre de tutelle, mä un d'Regierung. Ech mengen op alle Fall net, dass dat dee richtege Wee wär, a vum Fonctionnement alleng kann ech mir net eng Struktur virstellen à l'intérieur vun dem Établissement public, déi total d'Fräiheet hätt a sech net bräicht an dat ganzt Gefüge eran ze adaptéieren.

Zu deene puer Punkten elo, déi den Här Colombera gesot huet. Här Colombera, ech mengen, dass mir hei zu Lëtzebuerg trotzdeem, wat d'Divisioun vun der Pharmacie an der Direktioun vun der Santé ubelaangt, ganz gutt Aarbechte maachen. Mir si selbstverständlech gréisstendeels de Moment un d'Ausland alignéiert, an ech sinn och fest iwwerzeegt, dass mer dat an Zukunft wäerte bleiwen. An ech muss soen, dass déi meescht Dokteren hei zu Lëtzebuerg op alle Fall wëssen, ob e Produkt schiedlech ass oder net.

Et kommen elo natierlech ëmmer nees nei Saachen op de Marché. Do ass et awer esou, dass souguer d'Auslänner d'Lëtzebuerger net kënne renseignéieren iwwert de Caractère dangereux oder net dangereux vun esou engem Produkt. Dat heescht an anere Wierder, och am Ausland, wou se ganz aner Moyenen hunn, ganz aner Expertisë kënne maache wéi hei zu Lëtzebuerg, ass dat oft ganz schwéier. An ech wëll lech beispillsweis awer soen, dass vill Produkter, déi aus dem Ausland hei op Lëtzebuerg sollen erakommen, effectivement op der Grenz gestoppt ginn, an dass dat beispillsweis a mengen Ae souguer heiansdo bal ze vill streng ass, ze vill sévère ass, well wann ech beispillsweis d'Nutritionnelen huelen, och do ass de Moment et bal onméiglech, fir Produkter ze importéieren, déi an anere Länner souguer akzeptéiert sinn, mä net iwwerall, selbstverständlech.

Dir hutt d'éinescht geschwat vu Sportsleit, vu Medikamenter a vun den Nutritionnelen hei an do. Ech muss soen, trotzdeem och do gesi mir nees de Caractère dangereux vun Importer aus dem Ausland. Ech wëll drun erënneren, dass e Spëtzesportler hei zu Lëtzebuerg dem Doping iwwerfouert ginn ass, wéinst engem Produit nutritionnel aus Amerika, wat do um fräie Marché effectivement verkaf ginn ass. Sou zwar dass ech der Meenung sinn, dass mer hei zu Lëtzebuerg trotzdeem musse strikt an deen dote Saache bleiwen, och wann ee kann a verschiddene Saachen, wat anodin Produkter ubelaangt, vläicht e bësselche méi large Vuen hunn.

Alles an allem, wéi gesot, gestinn ech gären dem Här Fayot senger Proposition de loi e positiven a konstruktive Denkustouss zou. Ech mengen, a sengem Exposé des motifs huet e jo och geschriwwen, deen Observatoire soll kreéiert ginn dans un établissement public entier. Ech mengen also, mir mussen och do Schrëtt fir Schrëtt fueren, mä selbstverständlech nach eng Kéier, d'Viraussetzung ass, dass mer mol endlech en neie Laboratoire gebaut hunn. Bis dee fäerdeg ass wäerte mer ouni Zweiwel hei zu Lëtzebuerg d'Structure juridique fäerdeg hunn. Da kënne mer dee ganzen LNS nei organiséieren, an et ass am Kader och vun deenen Démarchen, mengen ech, wou ee sech soll de près do mat befaassen, wéi een déi Structures actuelles effectivement ka verbesseren.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domat wäeren d'Diskussiounen zu dëser Proposition de loi ofgeschloss a mir kommen zum leschte Punkt vun eiser Dagesuerdnung, d'Presentatioun vun der Proposition de loi 5186 vum Här Jean Colombera iwwert d'Schoulmedezin. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Nicklaus, den Här Krieps an den Här Huss. An domat ginn ech dem Auteur vun der Proposition de loi, dem honorabelen Här Jean Colombera, d'Wuert.

## 5. 5186 - Proposition de loi portant modification de la loi du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire

***Présentation***

M. Jean Colombera *(ADR), auteur.*- Merci, Här President. Dat, wat den Här Fayot virdru gesot huet, ass och fir mech richteg: Dat heiten ass en Denkustouss. Ech ginn net dovunner aus, dass d'Regierung wäert meng Proposition de loi hei…

***(Interruption)***

Jo, Här Rippinger, mä ech ginn dovunner aus, dass dës Proposition de loi och net wäert esou unerkannt ginn, an dofir, et ass och en Denkustouss.

***(Interruption)***

Mir mussen onbedéngt an der Gesellschaft hei ee Kampf géint d'Krankheet geziilt ënnerhuelen, aus dem einfache Grond, well ganz vill Leit krank sinn an ëmmer méi Leit krank wäerte ginn an Zukunft. Mir waren eis alleguerten eens an der Interpellatioun, déi ech iwwert d'Preventivmedezin gemaach hat, dass mer misste geziilt alles maachen, fir preventiv Moossnamen ze huelen, fir manner Krankheeten an der Gesellschaft ze hunn.

Et geet net duer fir eng Journée du tabac oder eng Journée contre le sida ze proklaméieren, fir dann ze soen: Hei, mir hunn eppes an der preventiver Medezin gemaach. Do musse mer effektiv ganz déif an d'Struktur eragoen. A wou kéinte mir dann ufänken, wann net ganz fréi, bei de Kanner? A wou hu mir dann d'Geleeënheet? An der Schoulmedezin!

D'Problemer, déi mir an der Schoulmedezin fannen, sinn net méi déi Problemer, déi mir virun honnert Joer haten. Do goufen Infektiounskrankheete behandelt. Dat Gesetz vun 1987, wat mir elo kennen, ass menger Usiicht no depasséiert, well zënter 15 Joer ganz vill passéiert ass. Et gëtt ganz vill Problemer an der Schoul, ënner anerem d'Stresszoustänn mat de Corollairë vun der Dyslexie, Dyscalculie, Schüler, déi net liese kënnen, déi Schwieregkeeten hu fir ze rechnen, Schüler, déi hyperaktiv sinn, an et gëtt 20% - dat muss ech betounen: 20%, dat hunn ech vun engem Neurolog gesot kritt - vun de Kanner, déi Ritalin huelen.

Ëmmer méi jonk Schüler huelen Drogen, Cannabis, ëmmer méi Jugendlecher fëmmen, ëmmer méi Jugendlecher huelen Alkohol. Mir gesinn, dass d'Zuel vun de Schwangerschaften trotz Verhütungsmëttel ëmmer méi bäihëlt. De Risiko fir Aids a fir Geschlechtskrankheete gëtt ëmmer méi grouss. D'Zilsetzung also vun enger geziilter Schoulmedezin misst ewell sinn, e gudden Équiliber vum Schüler ze fannen.

Wéi ass den Istzoustand momentan? Mir hunn ee Gesetz vum 2. Dezember 1987 iwwert d'Schoulmedezin mat verschidde gudden Usätz fir preventivmedezinesch Mesuren, d'Promotioun vun der Gesondheet an dem Wuelbefanne vun de Schüler, den Dépistage vu Krankheeten an Defiziter, Gesondheetsbilanen an de Suivi vum Schüler. Mir hunn doniewent e Règlement grand-ducal vum 21. Dezember 1990, deen den Inhalt an de Rhythmus vun der medezinescher Ënnersichung festhält, an dee verschidde Schwaachpunkten huet, wéi zum Beispill am Enseignement primaire gëtt nëmmen am éischten an am sechste Schouljoer ee Bilan de santé gemaach, am drëtten an am fënnefte Joer en Examen médical systématique, mä leider ass näischt virgesi fir dat zweet an dat véiert Schouljoer.

Den Ënnerscheed tëschen Examen médical systématique a Bilan de santé ass folgenden: Den Examen médical systématique ass en Examen clinique, eng Ënnersichung, eng komplett Ënnersichung a personaliséiert Gesondheetsrotschléi. De Bilan de santé huet en Examen clinique complet, personaliséiert Gesondheetsvirschléi, nodeems den individuelle Parcours vum Schüler definéiert ass, dat heescht Liewensrhythmus, schlofen, iessen, Hobby, perséinlech Hygiène, d'Krankheeten am Laf vum Joer a Stress, an drëttens eng psychesch a schoulesch Betreiung. Et muss een d'Elementer fannen, ob d'Kand sozial gutt encadréiert ass.

Dann hu mer déi alldeeglech Praxis, an dës alldeeglech Praxis huet leider net vill mam ursprénglleche Gesetz ze dinn. Mir hunn eng Schoulmedezin, déi dévaloriséiert ass. E privaten Dokter huet zwou Stonnen zur Verfügung fir 20 Schüler, dat heescht 6 Minutte pro Kapp. Ech mengen, do ass jiddferee mat mir d'accord - ech kenne perséinlech och Fäll, wou den Dokter zwou Minutte pro Schüler zur Verfügung huet - mir sinn alleguerte mat d'accord, dass dat keng seriö Form vu Medezin kann erlaben, quitte dass mer da vläicht e gutt Gesetz hätten. Dat geet net duer.

Eng normal klinesch Ënnersichung dauert 15 Minutten, e Gesondheetsbilan dauert minimum 20 Minutten, wann am Virfeld vun der Infirmière, vun der Assistante sociale verschidde Parametere scho relevéiert goufen. Hei ass den éischte kapitale Schwaachpunkt vun der Schoulmedezin: De Schouldokter kann duerch säi Statut vu Privatmedeziner eng gewëssenhaft Schoulmedezin net garantéieren. No zwou Stonne muss hien a säi Büro rennen, fir seng Privatpatienten ze betreien. Folglech kënne mir d'Schoulmedezin an dëser heiter Form vergiessen, an do muss se reforméiert ginn.

Mat dem Rhythmus vun der schoulmedezinescher Konsultatioun kann een och net d'accord sinn. Firwat gëtt dann esou e wichtege Santésbilan nëmmen am éischten an am sechste Schouljoer gemaach? Bekanntlech gi jo d'Defiziter wéi Dyslexie an Dyscalculie am zweeten oder am drëtte Schouljoer eréischt entdeckt. Wat versteet ee Kand am éischte Schouljoer vu preventive Moossnamen? Ech mengen hei misst logescherweis en Elterndeel, een Tuteur mat an d'Konsultatioun kommen. Wat geschitt mat deene Kanner, déi während der Konsultatioun ofwiesend sinn? Bis zu 10% sinn an der Moyenne ofwiesend, wann den Dokter an d'Schoul kënnt, an déi ginn dann net méi nogekuckt.

Et ass ganz selten och ee Suivi do, dat heescht, wann den Dokter festgestallt huet, oder d'Infirmière, d'Assistante sociale - wéi et eben ass -, dass een net gutt gesäit, kréien d'Eltere een Ziedel geschéckt, wann d'Eltere vergiesse fir ee Rendez-vous ze huelen, da bleift deen Ziedel praktesch e ganzt Joer leien, an et ass keen, deen do reklaméiert, fir ze soen, dass d'Kand bei den Aendokter muss. Et ass eréischt bei der nächster Konsultatioun ee Joer duerno, dass da gemierkt gëtt: Hei, deen dote war mol nach net bei den Aendokter.

Am Secondaire ginn zum Beispill och d'Schüler net ganz gutt ënnersicht aus dem einfache Grond, wann zum Beispill een Elektriker wëllt ginn, do misst en dann normalerweis physesch Qualitéiten hunn, wäert déi ginn absolut net kontrolléiert, an et si Schüler, déi huelen ee Beruff, an dee Beruff passt herno net, well se physesch net adaptéiert sinn.

De Sollzoustand misst dach sinn, dass d'Schoul do ass, fir all Kand eng Erzéiung bäizebréngen, fir d'Kand op d'Liewe virzebereeden an dat misst dach an deene beschte Konditiounen oflafen. An dee wichtegste Partner, fir dëst Zil ze erreechen, ass d'Schoulmedezin. De Schouldokter huet verschidde Missiounen. Éischtens muss e virbeugend versiche fir Krankheeten ze verhënneren, zum Beispill, wann d'Bänken ze déif sinn oder ze héich sinn, d'Schoulsäck méi wéi fënnef Kilo hunn, oder méi wéi sechs Kilo, well déi kënnen de Réck vun engem Kand beschiedegen.

Zweetens, verschidden Déviatioune vum Gesondheetssystem muss den Dokter kënnen dépistéieren: Stress, Angschtzoustänn. Kanner, déi doheem ënner Drock sinn, well se mussen an der Schoul Leeschtung bréngen, kënne ganz liicht an de Stress falen. Ech hat elo keng Zäit fir lech ze beweisen, wéi dëse Stress ka verschidde spezifesch Gehirfunktiounen ausser Kraaft setzen an da vläicht Dyscalculie oder Dyslexie produzéieren.

Drëttens misst den Dokter mat perséinleche Rotschléi d'Kanner orientéieren. Ech ginn lech d'Beispill vum Sport. Alleng duerch e physescht Ausgesinn, e Schüler, deen zimlech gutt gebaut ass, oder manner gutt gebaut ass, dee rout am Gesiicht ass, oder bleech am Gesiicht ass, misst ee kënnen esou ee Schüler an eng gewëssen Direktioun schécken. Dat heescht ee Schüler, wou dat néideg ass, an den Handball oder an de Fussball. Mä och anerersäits gesinn, e Schüler, dee bleech ass, dee misst ee kënnen orientéieren zum Beispill an d'Schwammen, dee misst lafe goen.

E Schüler, dee keng Konzentratioun huet, dee misst een zum Beispill an d'Bouschéissen orientéieren. Iergendwéi an där Richtung do, well jo gesot gëtt: Mens sana in corpore sano, misst den Dokter capabel sinn, fir no physeschen Aspekter e Kand ze orientéieren an ee Sport, wou et da géif ganz gutt Resultater kréien, oder och kurativ fir ze verhënneren, dass et net krank géif ginn. Also, den Dokter misst capabel sinn, fir nom Kierperbau ze soen: Ass dee Schüler méi manuell, ass dee Schüler méi intellektuell?

E misst och kënnen dem Schüler e preventive Gesondheetsprogramm ubidden, generell gesinn. E misst de Schüler kënnen op verschidde Geforen hiweisen: Alkohol, Drogen an esou weider. Hie misst capabel sinn, fir d'Defiziter ze dépistéieren, an deen da bei de Spezialist ze schécken. Wat awer och wichteg ass, dat ass fir alles iwwert d'Kand ze wëssen. Dir wësst jo alleguerten, wa sonndes den Hausdokter net do ass, wann ee Kand da krank gëtt, da gëtt direkt den Dokter vum Déngscht geholl, dee verschreift da vläicht Medikamenter, vläicht Antibiotika. Dir wësst alleguerten, dass Antibiotika kënnen d'Imunsystem ofschwächen. Zwou, dräi Wochen duerno ass dee Schüler midd, hie bréngt keng gutt Resultater, och do misst dat alles niddergeschriwwe ginn, fir einfach déi Folleg do vun der Krankheet…

**M. le Président.**- Här Colombera, ech wollt lech drop hiweisen, dass Är Riedezäit ofgelaf ass.

**M. Jean Colombera** *(ADR), auteur.*- Jo, Här President, ech maachen dann elo ganz schnell.

Bon, eng effikass Schoulmedezin bréngt also mat sech, dass d'Resultater an der Schoul besser ginn, datt d'Kanner gutt preparéiert sinn, fir als Erwuessen an der Gesellschaft kënnen ze bestoen. An déi Moyenen, déi ech do proposéiert hunn, dat ass de Médecin fonctionnaire, wéi et hei an der Stad zum Beispill ass, dee permanent um Terrain soll sinn, fir mat der Assistante sociale, fir mat der Assistante d'hygiène sociale, fir mat der Sekretärin dann dee ganze Gesondheetsbilan nidderzeschreiwen an engem Dossier médical scolaire global, deen dann déi ganz Krankheete vum Kand verfollegt. Spéiderhin, wann de Schüler aus der Schoul kënnt, kéint deen Dossier dann an den Dossier médical global vum Patient integréiert ginn. All Exame misst obligatoresch sinn.

D'Zil vun eiser Proposition de loi - fir ofzeschléissen – ass, en neit Gesondheetskonzept ze kreéieren: „Viele für einen". D'Zentralpersoun ass de Schüler. De Schüler gëtt professionell encadréiert fir an de beschte kierperlechen a séilesche Konditiounen dat optimaalst Resultat an der Schoul ze erreechen, als Grondbasis fir dat spéidert Liewen.

Här President, ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Merci och, Här Colombera. Als éischt Riednerin ass déi honorabel Madame Ferny Nicklaus-Faber ageschriwwen. Madame Nicklaus, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion***

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech hei an de Sall kucken, da sinn ech nees a menger Iddi bestätegt, dass d'Kanner an eiser Gesellschaft net eis éischt Prioritéit duerstellen.

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).*- Et steet näischt vun de Kanner um Ordre du jour.

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Et geet hei ëm d'Schoulmedezin, Här Rippinger, do sinn awer bekanntlech d'Kanner concernéiert.

***(Interruption)***

D'Schoulmedezin huet als Haaptaufgab déi medezinesch Iwwerwaachung vun de Schoulkanner am Lëtzebuerger Enseignement. Am Ablack hu sechs Gemengen, ënner anerem d'Stad Lëtzebuerg, en eegene Service médical scolaire, während déi aner dëse Service duerch d'Ligue luxembourgeoise de Prévention et d'Action médico-sociales assuréiere loossen. En eegene Service de médecine dentaire scolaire funktionéiert a 16 Gemengen, dorënner d'Stad Lëtzebuerg, awer och a méi klenge Gemengen, wéi zum Beispill Biissen. Déi aner Gemenge loossen dës Zännënnersichungen duerch Leit aus der Santé ausféieren.

Den Auteur vun dëser Proposition de loi ass net zefridde mat dëser Struktur a schléit dofir nei Weeër vir. Hie behaapt, dass d'Schüler am Minuttentakt wéi um Fliessband ofgefäerdegt géifen. Mat dëser Ausso ass d'CSV-Fraktioun awer net averstanen.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**Mme Ferny Nicklaus-Faber** *(CSV).*- Am Contraire, a ville Schoulen ass de lokalen Hausdokter och als Schouldokter bestallt a kennt also ville Schüler hir Problemer. Heimat huet den Dokter eng ganzheetlech Perspektiv vum Patient a betruecht de Schüler net als eng Nummer ënner villen aneren, déi hien all Dag op sengem Wee vu Schoul zu Schoul begéint. Grad déi aktuell Praxis verhënnert esou de Fliessbandprinzip. Vergiesse mir net, dass och vill Kanner Angscht virum Dokter hunn, a besonnesch virun engem friemen. Och dat ass e Grond dofir, firwat mir plädéieren, net op de Wee vum haaptamtleche Schouldokter ze goen, deen d'Kanner am Normalfall nëmmen eng Kéier am Joer géife gesinn an deemno och net perséinlech géife kennen.

En aneren Aspekt ass d'Schafe vu speziellen Zentren. Ofgesinn dovun, dass entspriechend Transportkäschten op d'Gemengen zoukéimen, gëtt heimat en neie staatlechen Apparat opgebaut. Dobäi ass de Virdeel vun eisem Gesondheetssystem deen, dass e gréisstendeels vu liberal praktizéierenden Doktere geleescht gëtt, an net vu staatlech ugestallten. Ech gesinn an dëser Proposition de loi keng Virdeeler, mä eng grouss Belaaschtung vum Stats- a Gemengebudget. Dës Zentre missten och mat Personal besat ginn. Heifir misste vum fräie Maart Doktere rekrutéiert ginn. Dobäi soen haut scho seriö Prognose vun der AMMD viraus, dass mir an e puer Joer en eeschte Manktum un Hausdoktere wäerten hunn.

Den Auteur proposéiert zwar, dass et spezialiséiert Dokteren an der Kannermedezin sollte sinn, mä och déi gëtt et net en masse. Domadder géife mir d'Knappheet vun der Zuel vun den Dokteren an dësem Beräich nëmmen nach verschlëmmeren.

Här President, e puer Wuert zum Précoce. Wéi mir alleguerte wëssen, ass de Précoce net obligatoresch. All Elteren décidéiere fräiwëlleg, ob si hiert Kand an de Précoce schécken oder net. Wa mir elo géifen d'Schoulmedezin op de Précoce auswäiten, géife mir nei Ongerechtegkeete schafen, well doduerch wäre gewëss Kanner vun dëser regelméisseger Ënnersichung ausgeschloss. Et kann awer net sinn, dass duerch esou eng Mesure déi eng Kanner e bessere Gesondheetsschutz genéisse wéi déi aner, nëmme well hir Eltere si an de Précoce schécken. Et ass also schwiereg, eng obligatoresch Moossnam an enger fakultativer Schoulform duerchzesetzen.

Här President, erlaabt mer nach op d'Bedeitung vun enger regelméisseger Zännkontroll anzegoen. Wann een den Zuelen aus dem aktuelle Rapport vum Gesondheetsministère gleewen däerf, dann huet sech zënter der Aféierung vun den Zännënnersichungen am Schouljoer 1974-1975 den Zoustand vun den Zänn bei eise Kanner extrem verbessert. Deemools haten nëmmen 31,67% vun den ënnersichte ronn 14.000 Schoulkanner gesond Zänn, dat heescht keng Karies. Dëse Prozentsaz huet sech an de leschte Jore verbessert op 83,51%. Dat heescht, nëmmen nach 16,49% vun de Schoulkanner hu missen am leschte Joer vum Schoulzänndokter an eng Behandlung geschéckt ginn.

Un dëse puer Zuele wollt ech d'Bedeitung vun enger regelméisseger Kontroll vun den Zänn an der Schoul illustréieren. Dofir hunn ech och kee Versteesdemech wann an dëser Proposition de loi all Hiweis op den Zänndokter erausgeholl gëtt. Och wann d'Resultater besser sinn, esou muss dach trotzdeem nach jiddfer 16. Kand bei den Zänndokter geschéckt ginn. A wann ee bedenkt wat fir eng Bedeitung gesond Zänn hunn, fält mäi Versteesdemech nach weider erof fir déi dote Propositioun.

Här President, zum Schluss wëll ech awer nach e Gedanken hei formuléieren, un deen den Auteur vun dëser Proposition de loi net geduecht huet. Bekanntlech ginn d'Eltere benoriichtegt, wann eppes Anormales vum Dokter festgestallt gouf. Dës Avisë sinn dacks an enger schwéierer a fir vill Leit onverständlecher Dokteschfachsprooch geschriwwen. Dëst stellt awer fir munch Elteren e grousse Problem duer, besonnesch fir déi, déi nach net laang an eisem Land sinn. Dësen Aspekt vermëssen ech an der virleiender Proposition de loi, vläicht well se vun engem Dokter selwer geschriwwe gouf.

Här President, et ass luewenswäert fir sech ëm d'Gesondheet vun de Kanner Suergen ze maachen. Mä dës Proposition de loi ass awer a muncher Hisiicht net zefridde stellend. Op där enger Säit versicht den Auteur e grousse staatlechen Apparat opzebauen, deem seng Friichten ech méi wéi bezweifelen. Op där anerer Säit gräift en aktuell Problemer wéi d'Zännmedezin an och d'Verständlechkeet vun den Avisen un d'Elteren net op. Dofir steet d'CSV dëser Propositioun extrem kritesch géintiwwer.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Merci, Madame Nicklaus. Als nächste Riedner ass elo den honorabelen Här Alexandre Krieps ageschriwwen. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

**M. Alexandre Krieps** *(DP).*- Merci, Här President. Den honorabelen Här Colombera huet dës Proposition de loi erabruecht fir d'Médecine scolaire op eng besser a méi effikass Manéier ze strukturéieren. Wann een awer seng Propositioun am Detail vergläicht mat dem Gesetz vum 2. Dezember 1987, kann ee wierklech keng décisif Verbesserung feststellen.

En huet beklot, dass d'Schüler net all ënnersicht ginn. 5 bis 10% vun hinne ginn iwwerhaapt net ënnersicht. Hie wëllt natierlech elo eng zentralistesch, staatlech, jo verstaatlecht Schoulmedezin mat x fest ugestallten Dokteren duerchzéien. Hie rechent domadder, dass een Dokter 5.000 Schüler pro Joer ënnersiche kann. Wann een natierlech weess, dass, mat den Examens- a Prüfungswochen abegraff, nëmmen 154 Deeg am Schouljoer Rescht bleiwen, muss dee professionellen Dokter do 32 Kanner den Dag ënnersichen! All Dag! Dee kritt kaum nach Zäit tëschent zwee Kanner ze ootmen, a scho guer net eng Note ze maachen oder mat deenen anere Leit vun der pluridisziplinärer Equipe ze schwätzen. Dat ass onméiglech!

Den Här Colombera huet gesot, e bräicht 20 Minutte pro Kand, also dat gëtt jo mat 32 den Dag eng Onméiglechkeet! An do däerf natierlech deen doten Dokter och ni een Dag feelen am Joer, e muss och nach eng zolidd Formation continue matmaachen. Ech gesinn nach en anere Problem kommen, an do gëtt et eng excellent Broschür. De Mëtteg ass hei diskutéiert ginn iwwert d'Lycéeën, de Plan sectoriel „lycées".

De SeSoPI muss ech félicitéiere fir eng Broschür, déi Der an de leschten Deeg an d'Haus kritt hutt. Op der Säit 15 sinn déi Zuelen, dass mer iwwer 100.000 Schoulkanner an de Schoulen hunn am Land, dovunner 36% auslännesch Kanner, mat ville kulturellen a sproochlechen Ënnerscheeder, an do freet ee sech dann, wéi esou Exame kënnen ausgesinn a wat do soll erauskommen. Dat géif éischter esou enger Veterinärsmedezin entspriechen.

Reng onméiglech gëtt déi heiten Entreprise, fir bei all Kand - wéi den Auteur dat fuerdert - alljährlech déi Ënnersichung virzehuelen, dat heescht vum Précoce un, vu véier Joer u bis am Duerchschnëtt 18, 19 Joer. Dat gëtt eng och Onméiglechkeet! Wou e Recht huet ass, dass d'Ënnersichungen am Précoce sollen ufänken, a wou en och richteg läit, dat ass, dass d'Infrastrukture mussen drastesch verbessert ginn. Mä ech géif mengen, dass während der ganzer Scolaritéit d'Zuel vun deenen Examen op véier begrenzt bleiwe misst. D'Fransousen, an enger Neioplag vun hirer Médecine scolaire, gesinn nëmmen dräi Exame während der ganzer Scolaritéit vir, mä dat si ganz extensiv Examen.

Den Auteur huet d'ailleurs mat Recht gesot, dass am Précoce net nëmmen d'Aen an d'Ouere misste getest ginn, mä och psychometresch Tester misste gemaach ginn, an et misst een - wat d'Demokratesch Partei hei scho virgeschloen hat - Sproochekompetenztester aféieren, fir dass een d'Kanner besser kënnt orientéieren. Zu Berlin gëtt dat scho laang gemaach. Ech gleewen hei och, dass speziell am Précoce d'Kompetenz vun onse Kolleege Pediater gefuerdert ass.

Fir eng effikass Schoulmedezin ze maachen, misst een och d'Gemengen impliziéieren, well déi kennen hir Leit oft ganz gutt an de soziale Background vun deene Leit. Also misst een dat net eleng duerch de Stat regele loossen. Wéi gesot misst ee sech op véier extensiv Ënnersichunge beschränken. Bei Kanner natierlech wou et Ofwäichunge vun der Norm gëtt, do kann een d'Intervallë reduzéieren a se méi oft komme loossen. D'Éducation sanitaire muss och développéiert ginn, mat Hëllef vun de Schoulmedeziner, an d'Schoulmedezin muss ebe wéi gesot och wéinst der héijer Zuel vun Auslänner kulturell Kompetenzen entwéckelen, wat héchstwahrscheinlech momentan net ideal ass.

Zu de Carnets de santé, deen Dossier médical global - ech weess net ob dat „global" vun der Globaliséierung vun der Gesellschaft hei hierstaamt -, mä op alle Fall misst de Carnet de santé, amplaz dass e méi kompliziéiert gemaach soll ginn, méi vereinfacht ginn, an et misst een effektiv nëmmen dat draschreiwe wat eng Relevanz huet. Do kënnt een och schonn den elektroneschen Dossier aféieren.

An dann nach eppes: Mir sinn net méi am Zäitalter vun de Plattféiss a vun där Problematik. Effektiv sinn d'psychesch Leide vun de Kanner an d'Ofhängegkeete vill méi fréi ze erkennen. Deem Mal-être an där psychescher Fragilitéit an der Pubertéit musse Rechnung gedroe ginn, well dat ass e ganz frequente Problem. Interessant, wann een d'Débatë vum 22. Oktober 1987 noliest, sinn d'Aussoë vum deemolege Gesondheetsminister Benny Berg bei der Oplag vum deemolege Schoulmedezinsgesetz: D'Donnéeë gi vu 5.700 postprimairë Schüler aus, an deemools ware 95 Fäll am Ënnergewiicht. Haut géif ech dovunner ausgoen, dass mindestens 20% am krassen Iwwergewiicht wären. D'Meedercher hautdësdags fëmme méi wéi d'Jongen, d'Jonge fëmme méi Wicke wéi d'Meedercher an d'drénken och vill méi Alkohol wéi d'Meedercher.

Verschidden nodeeleg Verhalensstéierunge konditionéieren natierlech laangfristeg an nohalteg d'Käschte fir d'Gesellschaft. An den Auteur huet mat Recht iwwert den net gudde Suivi vun deene Kanner, bei deene Problemer dépistéiert gi sinn, geschwat: Wann een d'wëssenschaftlech Literatur kuckt, nëmmen een Drëttel vun deene Kanner kréien e seriöe Suivi duerno. An dat ass gewéinlech an de Grousssstied am Ausland vill méi krass wéi iwwer Land. Hei wäert dat héchstwahrscheinlech net anescht sinn.

D'Éducatioun zur Sexualitéit soll och déi rar Teenagerschwangerschafte vermeiden. Zwee Punkte leien der demokratescher Fraktioun um Häerz: d'Qualifikatioun vum Generalist oder vum Pediater géif largement duergoen. An ech wär och frou, wann de Jean Colombera eis net nach 20 bis 30 Dokteren an e bürokratesche Waasserkapp géif ofzéien, well da géifen se - wéi d Madame Nicklaus gesot huet - um Terrain feelen.

D'Implikatioun vun den Elteren ass bestëmmt am Préscolaire, am Précoce extrem noutwendeg, well geweinlech sinn et d'Mammen, déi déi beschten Doktere sinn, well se hir Kanner am beschte kennen. Ech verweisen hei och op dee ganz negativen Avis vun eiser Regierung zu dëser Proposition de loi, an d'Demokratesch Partei a Fraktioun muss sech dëser negativer Appréciatioun uschléissen.

Ech soen lech villmools merci.

**Une voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Merci, Här Krieps. Ech géif dann d'Wuert elo nach eng Kéier ginn un den honorabelen Här Jean Colombera.

**Une voix.**- Neen. Dat ass net néideg.

**M. le Président.**- Wann dat dann net de Fall ass, dann ass et den honorabelen Här Jean Huss, deen d'Wuert kritt. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG).*- Bon, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt mech och kuerz äusseren zu där Proposition de loi, zum Éischte well eis Riedezäit jo hei souwisou relativ kuerz ass, zum Zweete well ech net an den Detail vun der Propos vum Här Colombera agoe wëll.

Ech mengen et sinn eng Rei vu Kritiken am Detail gemaach gi par rapport zu där Proposition de loi, zum Beispill wat d'Zännmedezin ubelaangt, deelweis wat de Précoce ubelaangt, mä wat ech awer hei wëll soen, dat ass, datt awer d'Grondorientéierung vum Här Colombera senger Propositioun eng Orientéierung ass, déi eis och noutwendeg schéngt ze sinn. An zwar noutwendeg, well mir vun enger Analys ausginn, déi net déi ass vun der Prise de position vun der Regierung. Wann ech d'Prise de position vun der Regierung hei liesen, da ginn do zwou Affirmatioune gemaach, mat deenen ech absolut net d'accord sinn.

Déi éischt Affirmatioun heescht: „D'une façon générale on peut dire que la médecine scolaire, telle qu'elle est organisée actuellement, donne satisfaction." Ech wëll hei soen, datt déi Médecine scolaire wéi se organiséiert ass eis iwwerhaapt keng Satisfaktioun gëtt! Wat net heescht, datt mer net unerkenne wat fir eng Rei Saachen do gemaach ginn. Zum Beispill wat d'Preventioun vum Karies ubelaangt, dat ass sécherlech sënnvoll. Och déi Analysë vum Gehéier, déi Analysë vun den Aen an esou viru sinn absolut sënnvoll Saachen, eng Partie aner Saachen och. Mä mir mengen awer, datt dat net duergeet.

Déi Analys, déi mir hunn an déi am Fong der Médecine scolaire awer eng ganz Rei Déficiencen attestéiert, déi misste verbessert ginn, geet dovun aus, datt mer an enger Situatioun liewe wou mer feststellen, datt ëmmer méi Kanner ëmmer méi heefeg krank ginn. De Fait ass haut, datt mer wëssen och hei zu Lëtzebuerg, datt ëmmer méi Kanner ëmmer méi fréi Allergien hunn, datt ëmmer méi Kanner ëmmer méi fréi Asthma hunn, datt ëmmer méi Kanner méi fréi Problemer hu mat der Obésitéit, och hei zu Lëtzebuerg, datt ëmmer méi Kanner hei zu Lëtzebuerg Problemer hunn um Niveau vun der Attentioun, um Niveau vum Verhalen, de sou genannten „attention deficit disorder", an eng Rei vun anere Saachen, vu Problemer, déi d'Kanner hautdësdags ëmmer méi hunn.

A well dat esou ass, a well d'Krankheeten, déi am Kandesalter entstinn, hannenno Krankheete sinn, déi vill méi heefeg bei den Erwuessenen nach sinn an zu chronesche Krankheete wäerte ginn, wier et an eisen Aen noutwendeg, der Médecine scolaire vill méi e staarkt Gewiicht anzebeeraume wéi dat am Moment de Fall ass. Vill méi e staarkt Gewiicht! Well wann ee wierklech Preventioun wëllt maachen, dann ass et am Kandesalter wou ee muss ufänken a wou ee

muss kucke fir ze verhënneren, datt d'Krankheeten herno zu chronesche Krankheete ginn.

Wouduerjer geschitt dat am Kandesalter? Do spillt och d'Schoul eng Roll. Natierlech spillt de Familljemilieu doheem eng Roll, mä och d'Schoul spillt eng Roll. Zum Beispill wann ee kuckt wat d'Kanner iessen, hir Ernährung an de Pausen, a wat fir eng Répercussiounen déi Ernährung an hire Pause kann hunn op souwuel hiert kierperlecht Wuelbefanne wéi och op hiert psychescht Wuelbefannen. Do si Problemer, wou ee sech da freet bei deem wat d'Kanner do iessen oder drénken, wéi déi sech iwwerhaapt nach herno kënne konzentréieren.

Da wësse mer, datt de Schoulmilieu selwer e Facteur ass, dee krankmaachend ka sinn, net nëmmen iwwer Stress, Mobbing an esou virun, deen och schonn an der Schoul ass, mä zum Beispill och um Niveau vun de Schoulgebaier selwer. Mir wëssen alleguerten, datt mer hei an deene vergaangene Joren an enger Rëtsch vu Schoule Problemer hate mat sou genannte Wunngëfter, mat Belaaschtungen a Schoulen. Mir haten dat nach d'lescht Joer an enger Schoul an der Beetebuerger Gemeng. Mir hunn et haut ganz aktuell an enger Gemeng am Süde vum Land, wou en Deputéierten hei an der Chamber sëtzt a wou mer esou e Problem grad aktuell hunn, mat Formaldehyd an enger Schoul.

Dat heescht, et ginn also genügend Problemer, déi am Kandesalter och wéinst der an duerch d'Schoul bedéngt sinn, Krankheeten, déi ech virdrun hei versicht hunn opzezielen. Et géif also drëm goen an eisen Aen, och fir d'Schoulmedeziner ze kucken: Éischtens sinn déi Schoulraim, déi gebaut oder renovéiert gi sinn, wierklech gesond? Kann een an esou Schoulraim iwwerhaapt nach gesond léieren? Dat heescht um Niveau vun der Konzentratioun, net datt d'Kanner do Problemer kréien oder d'Léierpersonal Problemer kritt mat Kappwéi, mat Aeproblemer an esou virun.

Wat dann elo d'Detailer ubelaangt vun der Proposition de loi, gëtt dann eng zweet Saach gesot an der Regierungspropositioun, déi ech och bedenklech fannen. Et gëtt gesot, mir wëlle eng esou verstaatlecht Schoulmedezin. Et misste 15 nei Statsbeamten als Médecin-scolairen agestallt ginn. Mir hunn der op sechs Plazen anscheinend. An der Logik vum Här Krieps missten déi op deene sechs Plazen dann erëm eng Kéier ofgeschaaft ginn.

***(Interruption)***

Wou läit dann de Problem? Hei seet d'Regierung: „Il faut rappeler dans ce contexte la volonté affichée par le Gouvernement de réduire tout nouvel engagement dans la Fonction publique au strict nécessaire." Mä wann et awer ee Gebitt gëtt wou dat awer net de Fall dierft sinn, da wier et awer bei eise Kanner!

Ech froen alleguerten déi Leit, déi hei soen, et dierfte keng Fonctionnairen als Médecins scolaires agestallt ginn: Wéi vill Fonctionnairen hu mer dann zum Beispill? Nëmme fir eng Verwaltung ze nennen, huelt d'Stroossebauverwaltung. Do hu mer Fonctionnairen, dat stelle mer guer net a Fro. An do sinn honnerten an dausende vu Fonctionnairen! Mä an der Schoul anscheinend sinn der 15, déi missten agestallt ginn, ze vill! Wat elo richtegerweis hei gesot gëtt, an der Äntwert op den Här Colombera, dat ass, dass wa mer déi 15 Fonctionnairen do géifen astellen, da géifen déi dobaussen um Terrain als Hausdokter oder als Kannerdokter feelen. Natierlech géifen se do feelen, selbstverständlech!

Mä da musse mer eis d'Fro stelle firwat dat dann de Fall ass. Firwat ass dat dann esou, datt mer esou wéineg Generalisten hunn? Firwat ass dat dann esou, datt mer esou wéineg Pediateren hunn? Wann ech dat elo esou soen als Froestellung, dann ass dat elo keng Kritik un dësem Gesondheetsminister. Et huet guer näischt domadder ze dinn. Dat ass eng Entwécklung, déi 20 Joer al ass, firwat datt mer hei esou wéineg Generalisten an esou wéineg Pediateren hunn. An da misst ee kucken all Mesuren ze ergräife fir grad esou Carrièrë vill méi staark ze förderen, wéi dat an deene leschten 20 Joer gemaach ginn ass. Dann hätte mer genuch Pediateren, an dann hätte mer genuch Generalisten dobaussen a mir kënnten trotzdeem der och nach an der Médecine scolaire astellen.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Wann den Här Huss erlaabt, ech wollt him just eng kleng Fro stellen am Kader vun der Revalorisatioun vun de Generalisten a vun de Pediateren. Ech ka mech nämlech net méi genau erënnere wéi Dir Iech deemools beim Vote verhalen hutt, wéi mer déi Revalorisatioun sélective vun den Dokterstariffer gemaach hunn. Do waart Dir jo wahrscheinlech dann domadder averstanen?

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Ech kann Iech mat ganz guddem Gewëssen dorobber äntwerten, Här Minister. Ech hu mech bei deem Vote deemools enthale mat enger ganz klorer Begrënnung, awer mat Sécherheet net mat där doter Begrënnung vun de Generalisten a vun de Pediateren, well do wier ech der Meenung gewiescht, datt bei de Generalisten d'Tarificatioun méi héich hätt misse si wéi déi, déi erauskomm ass.

Mä ech hu mech enthalen - dat kënnt Der kloer noliesen am Text vun deem wat ech hei gesot hunn - wéinst enger Rei vu Spezialisten, wou ech net gesinn hunn, firwat datt do ënnerschiddlech Tarificatiounen esou virgeholl waren. Dat kënnt Der esou wiertlech noliesen! Ech sinn a Wierklechkeet der Meenung, datt d'Generalisten an d'Kannerdoktere vill méi staark nach misste revaloriséiert gi wéi dat de Fall ass.

Bon, ech sinn also mat där Theorie wéi se hei steet, datt de Gouvernement „tout nouvel engagement" wëllt an der Fonction publique „réduire", datt déi solle reduzéiert ginn, net d'accord. Ech sinn zum Beispill och der Meenung, Här Minister, datt Ären eegene Ministère misst verstäerkt ginn, datt do méi Fonctionnairë missten erakommen. Ech sinn der Meenung, datt zum Beispill den Environnementsministère misst verstäerkt ginn, dat heescht, datt do nei Plaze misste geschaf ginn.

Do treffen einfach zwou Philosophien openeen. Ech sinn der Meenung, datt et eng Rei vu Fonctiounen am Stat gëtt, déi mussen op eng seriö Aart a Weis kënne gemaach ginn an dozou gehéiert ënnert anerem, datt genügend Personal do ass. An d'Médecine scolaire ass ee vun deenen Domänen, wou ech der Meenung sinn, datt déi drastesch hei a Lëtzebuerg misste verstäerkt ginn.

Bon, et ass e wéineg als allgemeng Philosophie, wou ech soen dem Här Colombera seng Proposition de loi ass net op alle Punkten esou wéi ech mer se géif virstellen. Zum Beispill och wat den Här Colombera gesot huet vun där spezieller Formatioun, datt de Generalist oder de Pediater misst eng Formatioun vun zwee Joer an der Médecine scolaire kréien. Dat schéngt mer zum Beispill och eng Saach ze sinn, déi zweifelhaft wier. Do géif ech éischter gesinn, datt wann een do vu Weiderbildung schwätzt, déi Weiderbildung misst a Richtung ëmweltmedezinescher Weiderbildung goen, fir Ernährungsproblemer, Ëmweltproblemer, Belaaschtungsproblemer ze kucken, déi an der Schoul kënnte sinn. Esou eng Zousazausbildung wier a mengen Ae méi sënnvoll.

Mä insgesamt sinn ech awer der Meenung, datt wann déi Médecine scolaire esou géif ausgebaut ginn, se vill méi effikass géif ginn um Niveau vun der Diagnostik selbstverständlech nëmmen. Dat heescht, bei der Diagnostik kënnt gekuckt ginn hei, wou si Problemer bei welche Kanner, an da géif ee se souwisou bei d'Generalisten oder bei d'Pediateren dobausse fir d'Behandlung schécken. Ech mengen net, datt de Médecin scolaire soll d'Behandlung maachen.

Dee soll kucke wat d'Problemer vun de Kanner sinn. Dee soll kucken eng Iwwersiicht dozou ze kréien an ze kucken déi Kanner, déi problematesch sinn, dann un den Hausdokter am Duerf oder dann am Uertsdeel, wou et ass, virunzeschécken, an hie soll kucke méi eppes Systemateschès ze maachen, wat vill méi global wier, wat am Fong eis géif e bessert Bild erlabe vun der Gesondheet vun eise Kanner.

Well déi Kanner, déi krank opwuessen, dat sinn déi Leit, déi herno och d'Erwuesseneliewe krank ufänken an herno chronesch Dauerpatiente sinn, déi eis Krankekeese belaaschten. A vill Krankheete kann ee grad schonn op deem doten Niveau verhënneren, natierlech verbonne mat enger Éducation à la santé. Mä och déi Éducation à la Santé, déi absolut wichteg ass, misst awer och nach vill méi seriö gemaach ginn, wéi dat am Moment de Fall ass. Och do gëtt et am Moment nach Lacunen.

Erëm eng Kéier, Här Minister, ech soen net, datt et Är Schold ass. Ech versiche just hei e Constat ze maachen an ze soen aus engem Constat eraus, datt mer musse kucken iwwert déi nächste Joren déi Situatioun vun der Médecine scolaire a vun eiser Kannergesondheet insgesamt ze verbesseren. Dat ass, wou ee muss higoen.

An deem Sënn ass dem Här Colombera seng Iddi awer en interessanten Ustouss, och wann een net mat allen Elementer doranner muss d'accord sinn. Ech fannen op jidde Fall, an der nächster Legislaturperiod misst déi dote Saach vun enger Verstäerkung vun der Médecine scolaire wierklech op de Leescht geholl ginn, an et misst ee kucken dat ze verbesseren.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Huss, fir Äre Bäitrag. Ech géif dann elo der Regierung d'Wuert ginn, an der Persoun vum Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi vum Här Colombera gesäit also eng Rei vu Modifikatioune vir zum bestoende Gesetz iwwert d'Médecine scolaire, dem Gesetz vum 2. Dezember 1987. Erlaabt mer vläicht e puer Punkten unzeschneiden.

Éischtens emol, mat deem, wat déi sou genannte Fonctionnarisatioun vun der Médecine scolaire ubelaangt, Här Colombera, kann d'Regierung net averstane sinn. Et sinn elo de Mëtteg schonn eng ganz Rei vun Argumenter bruecht ginn. Mäi Service huet beispillsweis ausgerechent, dass een eng 15 därer Doktere bräicht. Dir verlaangt zousätzlech zu der Formatioun vun der Médecine générale an der Pédiatrie souguer nach zwee speziell Jore Formatioun an der Médecine scolaire.

Mir sinn iwwerzeegt, dass ofgesi vum Fait, dass et elo de Moment um Marché scho schwéier wier déi Dokteren ouni déi zwee Joer ze fannen, dass, wann déi zwee Joren derbäikommen, dass een doudsécher déi net géif fannen, wat dee Moment schonn och d'Ëmsetzung vun esou engem Gesetz géif onméiglech maachen.

Ech wëll och gläich dozou unhaken un dat, wat den Här Huss gesot huet, dee Saz, deen en zitéiert huet vun der Regierung hirer Prise de position, dat ass, dass d'Regierung hei net seet, si wëllt manner Poste kreéieren oder hei an do, mä dass domadder geduecht ass, dass mer net wëllen onbedéngt nei Domäne beim Stat schafen, déi de Moment am liberalen Exercice sinn, an ech sinn och fest iwwerzeegt, dass dat dee richtege Wee ass.

Et ass zweetens och schonn ugeschwat gi vun der Madame Ferny Nicklaus, mengen ech, dass déi Proposition de loi, entgéint dem jëtzege Gesetz, wat d'Médecine dentaire ubelaangt - dat jëtzegt Gesetz gesäit an den Artikele 4 a 7 déi Médecine dentaire vir -, kee Wuert iwwert d'Zännënnersichung verléiert. Ech mengen effectivement, dass et terribel wichteg ass, dass trotzdeem haaptsächlech d'Infections buccodentaires entdeckt ginn, an dass den Dépistage précoce vu Karies oder beispillsweis enger schlechter Positioun vum Gebëss oder vu verschiddenen Zänn awer elementar ass.

Et ass och scho geschwat gi vun der Éducation précoce. D'Madame Nicklaus huet an deem Kontext gesot, dass et eng kleng Ongerechtegkeet wier, vu dass jo de Précoce net obligatoresch ass, dass déi eng also géifen ënnert de Contrôle falen, déi aner net. Mä ech muss soen, hei an der Proposition de loi ass wahrscheinlech och den Oubli virkomm, dass mer schonn e Gesetz hu vum 15. Mee 1984 iwwert d'Introductioun vun den Examens médicaux systématiques pour les enfants âgés de deux à quatre ans. Quitte dass déi Examen fakultativ sinn, besti se awer schonn trotzdeem an eiser Législatioun.

Wat d'Introductioun ubelaangt vun deene Bilans de santé annuels obligatoires. Wësst Dir, dat „obligatoires" gefält mer schonn net richteg, Här Colombera. Mä ech wëll dovunner ofgesinn. Am Ausland effectivement gi se esou wäit, dass se elo déi Examen oder déi Bilanen souguer reduzéieren an dass se éischter op de Wee gi vun der Éducation à la santé.

Dir hutt och éinescht ganz vill Beispiller genannt, dass de Médecin scolaire misst soen, dat dote Kand soll dee Sport maachen, dat soll dee maachen, dat soll dee maachen. Mä lauschtert emol: Eng Schoul, dat ass awer net den Härebierg, wou ee Colonel seet, du hues déi Aarbecht ze maachen, du hues dee Sport ze maachen oder hei an do!

Ech sinn och ëmmer der Iwwerzeegung, Här Colombera, dass een d'Kanner soll incitéieren, se soll encouragéieren, fir dee Sport ze maachen, deen hinne Spaass mécht. Well wann de Sport hinne kee Spaass mécht, a si kréie gesot, du muss déi Sportsdisziplin maachen, dann op alle Fall si se net laang an deem Sport dran.

Dir hat iwwregens och argumentéiert fir ze soen, wat den honorabelen Här Krieps ugeschwat huet am Kader vun der Obésité: Wat soll een da mat deene Kanner maachen, a wéi eng Sportaart, dass een déi géif schécken? An d'Stämmen oder ech weess net a wat?

Wat d'Introductioun vum Dossier médical scolaire global ubelaangt, wou Dir och virgesitt, dass do och misst e psycheschen Exame mat dra sinn. Ech muss Iech awer engt soen, Här Colombera, an Dir wësst et bestëmmt ganz gutt, dass ganz vill Kanner sinn, déi gewëssen Troubles psychiques momentanés oder passagers hunn. Wann Dir awer elo alleguerten déi Troubles beispillsweis an deen Dossier médical global eraschreift, ech fäerten awer ganz, da stigmatiséiert Dir e Schüler, well dee just e léger passage hat, wou en effectivement psychesch net gutt drop war. Och dat mengen ech wier absolut net wënschenswäert fir dat Kand.

Aus all deenen Ursaachen, déi ech elo évoquéiert hunn, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi gesot steet d'Regierung net positiv zu där Proposition de loi hei.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Merci, Här Wagner. Domat wiere mer dann um Enn vun eiser Sëtzung ukomm.

Ech wollt Iech awer nach den Ordre du jour matdeelen. Haut de Moien huet d'Presidentekonferenz beschloss, datt d'Chamber den 20., den 21. an den 22. Abrëll, jeeweils nomëttes siégéiert. En Dënschdeg, den 20. Abrëll ëm dräi Auer hu mer éischtens d'Question avec débat N°39 vum Här Lucien Lux, duerno de Projet de loi 5145 iwwert d'Verwaltung vum Patrimoine vum allgemenge Pensiounsregime, dat ass de Modell 2; drëttens de Projet de loi 5023 iwwert den Artistestatut nom Modell 1; a véiertens, de Projet de loi 5213 iwwert d'Friddensgeriicht, och nom Modell 1.

E Mëttwoch, den 21. Abrëll um hallwer dräi hu mer d'Presentatioun vun enger ganzer Rei Propositions de loi. Do ass engersäits d'Proposition de loi 4865 vun den Hären Nico Loes a Marco Schank; d'Proposition de loi 5172 vum Här Marc Zanussi; d'Proposition de loi 5106 vum Här Laurent Mosar, d'Proposition de loi 4969 vun der Madame Lydie Err; d'Proposition de loi 4810 vun der Madame Renée Wagener; a sechstens d'Proposition de loi 4947 och vun der Madame Renée Wagener.

En Donneschdeg, den 22. Abrëll och um hallwer dräi hu mer eng Konsultatiounsdebatt iwwer en integratiivt Verkéierslandesentwécklungskonzept fir Lëtzebuerg. Dat ass nom Modell 2.

Ass d'Chamber domat averstanen?

***(Assentiment)***

Bon, da wënschen ech Iech alleguerten eng schéin Ouschtervakanz an domat géing ech d'Sitzung ophiewen.

***(Fin de la séance publique à 19.13 heures)***


**Chamber TV**

**weist all öffentlech Sëtzung live an integral**

An der Gemeng Bartreng
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Walfer
*um Kanal S29 / 367.25 Mhz*
•
An der Gemeng Konter
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dippech
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Dikrech
*um Kanal S19 / 287.25 MHZ*
•
Zu Esch-Sauer
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Gréiwemaacher
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hieffenech
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Hesper
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
Zu Kielen (& Brameschhaff), Keespelt, Meespelt, Ollem a Nouspelt
*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*
•
An der Gemeng Mamer *um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

**MARDI, 20 AVRIL 2004**

# 48E SÉANCE

**Présidence: M. Jean Spautz, Président**
**M. Niki Bettendorf, Vice-Président**

## Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Question avec débat N° 39 de M. Lucien Lux relative à la revalorisation de certaines professions de santé
5. 5145 - Projet de loi sur l'administration du patrimoine du régime général de pension

   *(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
6. 5290 - Projet de loi portant approbation
   - d'une Déclaration solennelle, exprimant la volonté du Grand-Duché de Luxembourg et du Royaume de Belgique de renforcer leur coopération sur la base des liens de confiance qui se sont développés dans le passé,
   - du Protocole portant modification de la Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002 et de la nouvelle Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise en résultant,
   - du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation de la Convention établissant entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique une communauté spéciale de recettes en ce qui concerne les droits d'accises perçus sur les alcools, du 23 mai 1935,
   - du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole spécial entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique relatif à l'agriculture, du 29 janvier 1963,
   - du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique relatif à l'association monétaire et de son Protocole d'exécution, du 9 mars 1981,
   - de l'Acte final, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002

   *(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
7. 5314 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 mars 1972 concernant 1. l'entrée et le séjour des étrangers ; 2. le contrôle médical des étrangers ; 3. l'emploi de la main-d'œuvre étrangère

   *(Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*
8. 5023 - Projet de loi modifiant

   1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

   a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

   b) la promotion de la création artistique

   2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

   *(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; Mmes Erna Hennicot-Schoepges et Anne Brasseur, MM. Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; MM. Joseph Schaack et Eugène Berger, Secrétaires d'État.

***(Début de la séance publique à 15.01 heures)***

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

***(Assentiment)***

Den Här Statssekretär Eugène Berger huet d'Wuert.

### 1. Dépôt d'un projet de loi

M. Eugène Berger, *Secrétaire d'État à l'Environnement.-* Merci, Här President. Duerch Arrêté vum 2. Abrëll 2004 erlaabt de Grand-Duc mer hei de

*- Projet de loi 5327 établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre*

ze déposéieren.

M. le Président.- D'Chamber hëlt Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Statssekretär Eugène Berger. De Projet gëtt un déi zoustänneg Kommissioun respektiv un de Statsrot weidergeleet.

### 2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen ze maachen:

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. La liste des projets de loi déposés au Greffe de la Chambre des Députés depuis le 1er avril 2004 est déposée sur le bureau et sera publiée au compte rendu.

***Liste des projets de loi déposés à partir du 1er avril 2004***

1) 5322 - Projet de loi modifiant 1. le Code des assurances sociales 2. la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

Dépôt: M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale, le 01.04.2004

2) 5323 - Projet de loi portant approbation de l'Accord relatif à la participation de la République Tchèque, la République d'Estonie, la République de Chypre, la République de Lettonie, la République de Lituanie, la République de Hongrie, la République de Malte, la République de Pologne, la République de Slovénie et la République Slovaque à l'Espace Économique Européen et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 14 octobre 2003

Dépôt: Mme le Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 06.04.2004

3) 5324 - Projet de loi portant approbation de la Convention européenne sur la protection des animaux en transport international (révisée), ouverte à la signature, à Chisinau, le 6 novembre 2003

Dépôt: Mme le Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 06.04.2004

4) 5325 - Projet de loi portant approbation du Protocole no. 12 à la Convention de sauvegarde des Droits de l'Homme et des Libertés fondamentales, fait à Rome, le 4 novembre 2000

Dépôt: Mme le Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 06.04.2004

5) 5326 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Suède sur la sécurité sociale, signée à Bruxelles, le 1er décembre 2003

Dépôt: Mme le Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, le 06.04.2004

3. Par lettre du 7 avril 2004, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des positions, recommandations et résolutions adoptées par le Parlement européen au cours de sa période de session du 8 au 11 mars 2004:

résolution sur l'amélioration du contrôle de l'application du droit communautaire

résolution sur le premier rapport sur la mise en oeuvre de la directive relative à la protection des données

recommandation à l'intention du Conseil sur les droits des détenus dans l'Union européenne

position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion par la Communauté européenne de l'Accord d'Adhésion de la Communauté européenne à la Convention relative aux transports internationaux ferroviaires (COTIF) du 9 mai 1980 telle que modifiée par le protocole de Vilnius du 3 juin 1999

recommandation à l'intention du Conseil sur le droit des prisonniers de Guantanamo à un procès équitable

position sur la proposition de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technique entre la Communauté européenne et l'État d'Israël

résolution sur la préparation du Conseil européen des 25 et 26 mars 2004

résolution sur les progrès enregistrés en 2003 dans la création d'un espace de liberté, de sécurité et de justice (ELSJ) (articles 2 et 39 du traité UE)

résolution sur le rapport global de suivi sur le degré de préparation à l'adhésion à l'UE de la République tchèque, de l'Estonie, de Chypre, de la Lettonie, de la Lituanie, de la Hongrie, de Malte, de la Pologne, de la Slovénie et de la Slovaquie

résolution sur les progrès réalisés par la Bulgarie sur la voie de l'adhésion

résolution sur les progrès réalisés par la Roumanie sur la voie de l'adhésion

résolution sur la communication de la Commission au Conseil, au Parlement européen, au Comité économique et social européen et au Comité des régions „Proposition de rapport conjoint - Soins de santé et soins pour les personnes âgées: soutenir les stratégies nationales visant un degré élevé de protection sociale".

### 3. Ordre du jour

Wat eisen Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, hat d'Chamber sech an hirer Sitzung vum 1. Abrëll mam Virschlag vun der Presidentekonferenz averstanen erklärt. Nodréilech ass awer beschloss ginn, de Projet de loi 5213 iwwert d'Fridensgeriichter ze amendéieren. D'Regierung hirersäits huet op den dréngleche Charakter vun de Projets de loi 5290 an 5314 higewisen.

Mam Averständnis vun der Chamber géif den Ordre du jour vun haut de Mëtteg folgendermossen ausgesinn: Als éischt d'Question avec débat N° 39 vum Här Lucien Lux, duerno de Projet de loi 5145 iwwert de Patrimoine vum Pensiounsregime, de Projet de loi 5290, verschidden Ofkommesprotokoller mat der Belsch, de Projet de loi 5314 iwwert d'Arees an den Openthalt vun den Auslänner, an da schlussendlech de Projet de loi 5023 iwwert de Statut vum Artist.

Den Orde du jour vu muer a vun iwwermuer géif onverännert bleiwen.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Als éischte Punkt vun eiser Dagesuerdnung hu mer dann d'Question avec débat N° 39 vum Här Lucien Lux iwwert d'Gesondheetsberuffer. Et handelt sech heibäi ëm eng Demande d'interpellation, déi laut Artikel 83 vum Chamberreglement an eng Questioun ëmgewandelt ginn ass. Dem Auteur vun der Questioun sti fënnef Minutten zou fir seng Haaptfro a fir no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn am Ganzen zéng Minutten zur Verfügung. D'Wuert huet elo den Här Lucien Lux.

### 4. Question avec débat N° 39 de M. Lucien Lux relative à la revalorisation de certaines professions de santé

M. Lucien Lux *(LSAP)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, den Artikel 83 vun eisem Reglement léisst also zou, dass eng Interpellatioun, déi eis d'Geleeënheet de Mëtteg ginn hätt, e bësse méi am Fong iwwert de Sujet ze schwätzen, ëmzewandelen an eng Questioun vu fënnef Minutten. Dir verstitt also, dass et schwiereg wäert sinn, fir déi Problematik vun der Interpellatioun an déi kuerz Zäit do eranzepressen.

De But vun der Interpellatioun sollt a sech sinn, fir d'Gesetz vun 1992 iwwert d'Opwäertung deemools vun de Gesondheetsberuffer eng Kéier op de Métier ze huelen an e Bilan ze zéien, awéiwäit dass déi Zilsetzungen, déi mir eis deemools gesat haten, sech an der Tëschenzäit entweder am gudden oder am schlechte Sënn entwéckelt hätten. Dir wësst, dass et 1992 virun allem drëm gaangen ass, fir engersäits den Imageproblem vun deene Beruffer ze änneren, an déi richteg Richtung ze drainéieren, d'Relatioun tëschent Dokteren an den deemolegen nach paramedezineschen Beruffer - an dem Begrëff paramedizinesch loung jo schonn e bëssen déi paternalistesch Aart a Weis dran, wéi déi Relatioun gesi gëtt - ze änneren an natierlech och iwwert déi Entwécklung insgesamt vun der Carrière a vum Beruff a sengem Profil insgesamt eppes an déi richteg Richtung ze leeden.

Ob dat an der Zwëschenzäit an déi richteg Richtung gaangen ass, war a sech dat, wat mir och sollten diskutéieren. Tatsaach ass, dass mer feststellen, an deene leschte Méint a Joren, dass d'Professioun ëmmer méi Problemer kritt, Rekrutéierungsproblemer, déi sech einfach quantifizéiere loossen, awer och Problemer en tant que tel an hirem Profil an hirer Aart a Weis dobaussen an no bannen ze funktionéieren.

Wann ee sech nëmmen d'Zuelen hëlt innerhalb vum der Lycée technique vun de Gesondheetsberuffer, da waren 1999 499 Schüler ageschriwwen, an haut 285. Wann een insgesamt de Réckgang gesäit innerhalb vun deem Lycée vun insgesamt 14%, bei den Infirmiersprofessiounen vun 43%, da weist dat, wat fir eng Problemer sech do stellen. An déi zwee Ministeren, déi méi direkt zouständeg sinn, d'Madame Brasseur an den Här Carlo Wagner, hu viru kuerzem eng Sensibiliséierungscampagne lancéiert, déi jo mengen ech sollt de Versuch jiddefalls maachen, fir deem Rekrutéierungsproblem do entgéintzewierken, a wann ech et gutt am Kapp hunn, misst elo och den 8. Mee eng Kéier eng Porte ouverte sinn am Lycée technique, fir d'Diere grouss opzemaachen, fir der Professioun en Hoff ze ginn.

D'Attraktivitéit vun de Gesondheetsberuffer hänkt u ville Saachen. Ech mengen, ech ka se net alleguerten opzielen, dat geet sécherlech vum Verdéngscht iwwert d'Aarbechtskonditiounen hin zu der Carrière, hunn ech gesot, an natierlech och zur Formatioun.

Déi éischt Fro ass u sech direkt déi, wéi mir an der Formatioun do weiderkommen. Ech mengen, dat ass déi gréisst Diskussioun, déi am Moment gefouert gëtt. Déi 11. Direktiv 77/453/CEE schreift dräi Joer Ausbildung mat insgesamt 4.600 Ausbildungsstonne vir. Déi Iddi fir déi zousätzlech Stonnen, déi sech dann hei stellen, déi 1.000 zousätzlech Stonnen, fir déi an dat drëtt Ausbildungsjoer eranzepressen, ass eng Iddi, déi bei den Associatiounen, deene betraffenen Associatiounen an och bei de Gewerkschaften op vill Oppositioun stéisst.

Et stellt sech dann natierlech d'Fro, ob mir sollten an d'Richtung goe vun engem véierten Ausbildungsjoer no der Onzième. Ech mengen, dat ass eng Fro, déi diskutéiert gëtt. Wann een déi eenzel Stellungnahmen hëlt, ech hunn elo eng gesinn de 16. Abrëll - dat war also dës Woch -, e Communiqué am „Lëtzebuerger Wort", wou d'CSV-Fraktioun zesumme war mat den Interesséierten aus dem Milieu a sech dofir ausschwätzt, fir d'Unzuel vun de Grondausbildungsjoren op véier eropzesetzen.

Wann ech den Här Claude Kuffer héieren aus dem Erzéiungsministère am Forum och elo vum Abréll, dee sech mam Sujet vun de Gesondheetsberuffer méi befaasst huet, op eng ganz interessant Aart a Weis befaasst huet, da schwätzt dee vu verfréite Resultater vun engem Aarbechtsgrupp, dee geschafft hätt an der Noutwendegkeet politesch Entscheedungen ze huelen. An de Kommentar vum Forum op Grond vun deem Dossier, dee se gemaach huet, wëll ech Iech net virenthalen, ech zitéieren: „Die nichts aussagenden Antworten des Fachreferenten im Erziehungsministerium lassen nicht auf ein hohes Problembewusstsein schließen."

Ech weess net, ob een esou eng formell Äntwert ka ginn, mä ech mengen, et ass op jidde Fall dat, wat u Konklusioun ass. Ech mengen, et wär also eng Fro de Mëtteg ze kucken a wat fir eng Richtung mir wëlle goen, fir déi Fro vun den zousätzlechen Ausbildungsstonnen, an domadder d'Fro, véiert Ausbildungsjoer oder net, ze beäntweren.

Dann ass d'Fro vun den Aide-soignanten eng zweet. Och do hu mir an deene leschten Deeg nach eng Kéier kënne liesen, dass op Grond vun dem Règlement grand-ducal vum 25. Juli 2002, déi nei Attributiounen am Beräich vun den Aide-soignantë komm sinn, an dann och déi Fro vum Règlement grand-ducal vum 23. Juli 1999, mat der Formatioun iwwer dräi Joer, an domadder der Noutwendegkeet, fir eng sou genannte Mise à niveau ze maachen, an do och der Feststellung, dass dat anscheinend ganz grouss Schwieregkeeten huet, ënner anerem, wat d'Käschte vun der Formatioun ubelaangt, an der Iwwernam vun de Käschte vun där Formatioun, dass hei d'Generalversammlung vun der Association luxembourgeoise des aides-soignants seet, nëmme ronn 100 vun 1.300 Aide-soignantë verfügen iwwert dës Mise à niveau.

D'ALAS kënnt och hei zur Konklusioun, dat hunn ech gelies an der „Voix" vum 14. Abréll, also virun e puer Deeg: „Notre grande inquiétude c'est: Sommes nous en train de disparaître?" An hir Konklusioun ass, dass se sech vum Ministerium am Stach geloss fillen.

Meng Zäit ass elo schonn eng Minutt dépasséiert, dofir nach eng Kéier an der Konklusioun, dass et fir d'éischt drëm geet ze kucken: Gëtt et eng Strategie an all deenen eenzelne Froen, déi sech am Zesummenhang mat der Revaloriséierung an der Zukunft vun de Gesondheetsberuffer stellen, gëtt et eng insgesamt Strategie, e Konzept wéi mir déi Problematik do kënnen attaquéieren? Wéi ass et mat der Fro vum 4. Studiéjoer? Wéi ass et mat der Situatioun vun den Aide-soignanten an deenen Ängschten, déi sech do ausmaachen?

Schlussendlech kéint een och d'Fro stellen, am Zesummenhang mat der Revaloriséierung, wéi et mat der Fro oder der verpasster Gehälterrevisioun ass, déi net stattfonnt huet, a wou natierlech och hei déi Gesondheetsberuffer sech d'Fro stellen, awéiwäit dass an der Aklasséierung an dem Fait, dass se eng Equivalenz mam Bac hunn, sech d'Fro vun der Aklasséierung vun hirer Carrière innerhalb vum Statut vun de Fonctionnairë stellt.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Gesondheetsminister Carlo Wagner.

**M. Carlo Wagner**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den honorablen Här Lux werft hei Froen op, déi ouni Zweiwel berechtegt sinn, mä déi vläicht net 100%eg eleng a mäin Domän eraginn, well jo bekanntlech duerch d'95er Gesetz d'Formatioun éischter der Éducatioun ënnerläit, eng Éducatioun, déi awer selbstverständlech zesumme mam Ministère de la Santé schafft, fir ze kucke wat ee ka maachen.

Bei där Fro, déi Dir opgeworf hutt, geet et haaptsächlech ëm d'Carrière vun den Infirmieren a vun den Aides-soignants, wou et ouni Zweiwel stëmmt, dass mer zënter enger gewësser Zäit, loosse mer soen zwee, dräi Joer, eng Baisse hu vun de Schüler wat d'Infirmieren ubelaangt, mä zur selwechter Zäit awer och eng simultan Augmentatioun vun den Aides-soignants. Doweinst muss ee sech haaptsächlech d'Fro stelle wou déi Evolutioun hierkënnt.

Et gëtt verschidden Argumentatiounen, déi ech mer unhéieren hunn, beispillsweis och déi, dass munch Leit géife éischter op den Infirmier verzichten, well e gläichgestallt ass mam Bac, well et wat d'Culture générale oder wat d'Formation générale géif ubelaange méi kompliéiert wär.

Ech wëll net soen, Här Lux, dass dat d'Ursaach ass. Ech stelle just fest, wann ech beispillsweis déi Chiffere kucke vun 1999-2000, wou mer schonn deen neie Regime hate vun den Aides-soignants, do hate mer den 59. Zur selwechter Zäit hate mer 494 Infirmieren an der Formatioun. Wann ech dat elo kucken op d'Joer 2003-2004, esou sinn d'Aides-soignants vun 59 op 232 an d'Luucht gaangen, inversement awer sinn d'Infirmiere vir 499 op 285 erofgaangen. Ech mengen also, dass et haaptsächlech do ass wou ee vläicht muss den Hiewel usetze fir sech Gedanken ze maachen.

Dir sot, ob een déi Carrière vun den Infirmieren net soll revaloriséieren doduerch, dass ee vun dräi op véier Joer géif goen. Mir hate virun enger gewësser Zäit ganz intensiv Gespréicher mat der Éducation nationale an deem doten Zesummenhank. Deemools ass proposéiert ginn, fir effectivement an de Stonnen an d'Luucht ze goe wat déi praktesch Ausbildung géif ubelaangen, wou gesot gëtt, et wär haaptsächlech am prakteschen Domän wou misst nogehollef ginn. Do allerdéngs war gesot ginn, fir dee Moment eng gewëssen Zuel vu Stonnen à l'intérieur vun deenen dräi Joer opzehuelen a wou souguer och e Moment gesot gi war, dass wann déi Leit da géifen esou an esouvill Prozent méi Iwwerstonne maachen, fir déi eventuell ze rémunéréieren, woumadder awer de Beruff wéi et schéngt net averstane war.

Et ass also ganz schwéier ze soe wat dat Richtegt oder wat dat Falscht ass. Dir schwätzt vu 4.600 Stonnen, déi an der Direktiv stinn. An der Direktiv steet, 4.600 oder dräi Joer. Et sinn déi zwou Alternativen dran. Mir entspriechen also 100%eg där Direktiv.

Wat elo dat Bescht wär, dat ass ganz schwéier ze soen. Ech si keen Hellseher, ech muss allerdéngs ze bedenke ginn, ech hunn eng gewësse Réticence, well ech fäerten, dass wa mer déi Studien nach erweideren, mer riskéieren, dass mer doduerch awer verschidde Leit ofschrecke fir d'Carrière vum Infirmier, an ofgesinn dovunner muss een och bedenken, mir hunn de Moment hei zu Lëtzebuerg net e generelle Mangel un Infirmieren, mä selbstverständlech geet d'Proportioun vun de lëtzebuergeschen Infirmièren an Infirmieren am Total, proportional gesinn, a Prozenter ausgedréckt, erof.

An anere Wierder: Wa mer d'Formatioun nach méi laang maachen, ass et net esou, dass mer herno vläicht a Prozenter ausgedréckt manner Infirmièren an Infirmieren hei zu Lëtzebuerg hätten? Et ass dat, mengen ech, haaptsächlech déi grouss Fro, déi ee sech muss stellen. Wéi gesot, ech perséinlech sinn net iwwerzeegt, dass mer géife méi Leit fir dee Beruff do interesséieren an dass mer géife méi Leit en fin de formatioun kréien, doduerch dass mer géife vun dräi op véier Joer eropgoen.

Ech soen Iech merci!

**M. le Président.**- Hutt Der nach eng Zousazfro, Här Lux?

**M. Lucien Lux** *(LSAP).*- D'Fro, déi sech jo awer stellt, Här Minister, ass déi, ob net bei der Verlängerung vun der Ausbildungszäit och eng Fro vun Equivalenz par rapport zum Ausland ass.

Wann een den Associatiounen an dem Milieu intéressé nolauschtert, da sinn déi jo staark interesséiert un deem véierte Joer. Si mengen dat net nëmmen a Fro vun hirer Carrière, mä si mengen dat och a Fro vun Equivalenz par rapport zu deene mat deene se a Konkurrenz an eisen Nopeschlänner sinn. An ech mengen, dat ass awer eng Fro, déi ee sech nach eng Kéier gutt misst iwwerleeën.

An déi zweet Fro ass déi vun den Aides-soignants. Wann ech héieren, dass fir déi Mise à niveau, fir dass déi en concordance sinn, déi schonn an der Aarbecht sinn, mat dem Règlement grand-ducal vun den dräi Joer Aides-soignants, wann dat un de Käschte scheitert vun de Patronen, fir dat ze maachen, da froen ech mech awer ob de Ministère net misst eng Diskussioun provozéieren, fir ze kucken, dass déi Mise à niveau effektiv ka stattfannen, fir dass och bei den Aides-soignants eng gewësse Berouegung kënnt. Well dat wat de Milieu no baussen u Meenunge gëtt iwwert de Beruff ka jo och net dozou bäidroen, fir d'Attraktivitéit méi grouss ze maachen, well all déi jonk Leit, déi liese wat d'Infirmiersassociatioune soen, a well all déi Leit, déi liese wat d'Aides-soignants-Associatioune soen, ech mengen net, dass dat onbedéngt eng Invitatioun ass fir mat Freed an Euphorie an déi Formatioun eranzegoen.

**M. Carlo Wagner**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Also, honorablen Här Lux, ech hat bis elo d'Gewunnecht mech aus Gehälterfroen erauszehalen.

***(Interruption)***

Ech hunn dat während laanger Zäit gemaach, besonnesch wéi mer bei der Commission de conciliation waren. Déi Gespréicher si jo Gott sei Dank ofgeschloss. Ech mengen net, dass effectivement dat géif vill änneren, et sief dann, dass vläicht den Haaptdébat derhannert ass - loosse mer et net verstoppen -, dass et esou wär, dass iwwert de Wee vun enger Revalorisatioun vun deem Beruff vläicht dat sollt eng verstoppte Gehälterrevisioun no uewe sinn.

**M. Lucien Lux** *(LSAP).*- Ech hunn iwwerhaapt net iwwer Gehälter geschwat.

**M. Carlo Wagner**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Selbstverständlech bei der Table générale héieren ech awer beispillsweis, an ech hunn dat d'éinescht schonn ugeschnidden, dass wéi et schéngt eis Leit, net wat déi theoretesch Formatioun ubelaangt, e bëssen zréck si par rapport zum Ausland, mä éischter duerch dat Praktescht, a wou och d'Spezialiste soen, dass se guer näischt dergéint hätte wann déi Leit géifen déi praktesch Formatioun um Terrain vun hire Maîtres de stage selwer kréien. Wéi gesot, och doriwwer kann een nees eng Kéier diskutéieren.

Et ass en heikle Sujet, mä, Här Lux, en heikle Sujet ganz einfach, well et schwéier ass eng definitiv an eng sécher Äntwert op déi Froen do ze kréien.

Merci.

**M. le Président.**- Domadder wier dee Punkt ofgeschloss an da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5145 iwwert de Patrimoine vum Pensiounsregime. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Meyers, Krecké, Krieps a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Niki Bettendorf.

## 5. 5145 - Projet de loi sur l'administration du patrimoine du régime général de pension

***Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale***

**M. Niki Bettendorf** *(DP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 20. Mäerz 2003 huet de Minister vun der Gesondheet an der Sécurité sociale dëse Gesetzesprojet deponéiert a wa mer haut dëse Projet unhuelen, mengen ech soen ze kënnen, dass mer eng gutt parlamentaresch Aarbecht geleescht hunn.

Als Rapporteur, dee jo oft merci gesot kritt fir seng Aarbecht, wëll ech merci soen alle Memberen an der Kommissioun fir déi gutt Zesummenaarbecht, net nëmme bei dësem Projet, mä och an de sämtleche Projeten an de leschte fënnef Joer, wou mer gutt a wichteg Projeten am Kader vun der Gesondheet a vun der Sécurité sociale duerchbruecht hunn, ganz oft esouguer à l'unanimité. E grousse Merci geet awer virun allem och un eise Sekretär vun der Kommissioun, den Här Martin Bisenius. Hien huet mat grousser Kompetenz, Exaktheet an Neutralitéit dat op Pabeier bruecht wat mir gemengt hu gesot ze hunn.

Här President, dëse Projet gouf aviséiert vum Comité-directeur vun der Caisse de Pension agricole, vun der Caisse de Pension des Artisans, Commerçants et Industriels, vum Établissement d'Assurance contre la Vieillesse et l'Invalidité, vum Comité-directeur vun der Privatbeamtepensiounskeess, vun der Chambre de Commerce, der Arbeiterkammer a vun der Chambre des Employés privés, a schlussendlech huet de Conseil d'État och nach säin Avis ginn, an zwar den 2. Mäerz 2004.

Zousätzlech krut ech dësen Abréll och nach e Bréif vun der Union des Entreprises luxembourgeoises an dëse 15. Abréll ass nach en Avis um Greffe erakomm vun der Chambre des Métiers. Op de Bréif vun der Union des Entreprises luxembourgeoises an op den Avis vun der Chambre des Métiers, déi net an eisem Rapport drastinn, ginn ech dann a mengem mëndleche Rapport hei an. All déi aner Avisen, déi ech virdrun zitéiert hunn, kommen téschent dem 7. August an dem 3. Dezember 2003 bei eis eran.

Här President, wat sinn d'Antécédentë vun dësem Projet a wat ass de But vun dësem Projet de loi? Vereinfacht gesot, et si vill Suen an der Keess an dës Sue si schlecht placéiert a ginn e minimale Rendement. Dës Feststellung huet de Conseil économique et social schonns 1999 dozou bruecht verschidde Recommandatiounen ze maachen, wat d'Gestioun vun de Reserve vum Régime général d'assurance de pension ubelaangt. Op Grond vun dësem Avis steet an der Regierungserklärung vun 1999, datt wann een Deel vun de Reserve kënnt besser placéiert ginn, fir e bessere Rendement ze bréngen, datt dës Placementer nëmme sécher Valeuren dierfe sinn ouni spekulative Charakter.

En neien Artikel am Projet de loi gesäit vir, datt d'Réserve de compensation placéiert ass mam But «de garantir de la pérennité du régime général de pension». PricewaterhouseCoopers gouf mat enger Etüd chargéiert, wéi dat kënnt ëmgesat ginn, an dës Etüd gouf eis an der Kommissioun den 21. Februar 2001 presentéiert. Op Grond vun de Konklusiounen a Recommandatiounen aus dëser Etüd proposéiert eise Projet en neie legale Kader wat d'Affektatioun an d'Gestioun vun de Reserven ubelaangt. Déi proposéiert Solutioun beinhalt méi eng grouss Diversifikatioun vun engem Portefeuille vun Aktien an Obligatiounen, mat engem Deel, dee reservéiert bleift fir Prêts hypothécaires an Immobilieninvestissementer. Awer déi nei Gestioun schéckt fir déi hei Gestioun effektiv d'Virsiicht un alleréischter Plaz. Wat gëtt versicht ze erreechen?

Et gëtt versicht ze erreechen den Equiliber tëschent engem optimale Rendement an engem minimale Risiko. De Projet de loi definéiert d'Regele vun den Affektatiounen an d'Gestioun vun de Reserven. D'Modalitéite vun der Administratioun vum Patrimoine ginn iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht. Den Artikel 2 vun dësem Règlement grand-ducal gesäit folgend strategesch Opdeelung vir. Obligatiounen an assimiléiert Valeuren an Euroen 21%, Obligatiounen an assimiléiert Valeuren an Net-Euroe 5%, Aktiounen an assimiléiert Valeuren 20%, Immeublen 6%, Prêten 20%, Créancen 14% a Liquiditéiten och 14%. Total 100%.

Well am heitege Stadium eng Fusioun vun de Krankekeesen net usteet huet den initiale Projet vun der Regierung d'Kreatioun vun engem neien Établissement public virgesinn, de Fonds de compensation chargéiert mat der Gestioun vun de Réserves de compensation. De Fong operéiert als Sicav, Société à capital variable, no den Dispositioune vum Gesetz vum 19.7.1991 wat d'Organismes vu kollektive Placementer ubelaangt. Fir d'Mise en œuvre vum Fong ass eng Iwwergankszäit virgesi vu bis zu véier Joer.

Här President, am Kader vun den Entrevuë mat den Experten huet eis Kommissioun nach verschidde generell Considératiounen développéiert. Et gouf preziséiert, datt den Haaptdépositaire am Kader vun enger Adjudication restreinte um nationale Plang erausgesicht gëtt. Wat de Choix vun de Gérante fir d'Aktivitéiten ubelaangt komme mer net derlaanscht fir international auszeschreiwen, soss riskéiere mer géint déi communautär Législatioun ze verstoussen. Wa mer dat net maache riskéiere mer och spezialiséiert Instituter ze elimineieren, a mir géifen eis d'Chance huelen eng gewësse Konkurrenz spillen ze loosse bei potentielle Kandidate vun der Lëtzebuerger Finanzplaz.

De Projet suivéiert am Fong geholl déi grouss Optiounen, déi PricewaterhouseCoopers virgezeechent huet, abegraff d'Quote-part, déi der Valeur immobilière zoukënnt.

Et mussen och Reflexioune gemaach ginn, wat d'Immobilié vun den eenzelne Pensiounskeesen ubelaangt. Déi nei Strategie huet net als Zil verschidden traditionell Placementer opzeginn, wéi d'Prêts hypthécaires an Investissementer an Immobilien, mä wat iwwreg bleift muss optimal genotzt placéiert ginn.

Déi nei Gestioun kann elo en place gesat ginn an eng éischt Evaluatioun gëtt 2007 gemaach, déi dann, wann noutwendeg, zu enger Revisioun vun der Strategie féiere kann. Mir hunn eis och Gedanke gemaach wat d'Preferenztauxen ubelaangt bei Prêts hypothécaires. D'Politik en faveur vum Logement huet seng Friichte gedroen, mä haut sinn déi normal Tauxe ganz niddreg, esou datt wann d'Pensiounskeesen nach méi bëlleg verléinen, dann de Rendement zu 0% tendéiert.

D'Reflexioun, déi mir musse féieren, ass déi folgend: D'Reserven, déi do sinn, mussen de Pensiounssystem garantéieren an der Zukunft, notamment wann d'demographesch Entwécklung net méi déi ass wéi se haut ass oder gëschter war, an dee Moment ginn d'Reserve gebraucht fir d'Pensiounen ze bezuelen.

Wa mer soen, mer brauchen e bessere Rendement vun de Reserven, dann ass dat net einfach fir méi Geld ze hunn, mä fir à long terme am Intérêt vun den Assuréën hir zukünfteg Pensiounen ze garantéieren. Den Objektiv vun dëser Strategie ass d'Augmentatioun vun der Reserv.

Här President, dëst ass e Langzäitobjektiv a kënnt effektiv géint d'Intérête vun den aktuellen Assuréë goen, déi bei de Keesen zu ganz niddregen Tauxe Geld geléint hunn. Am Abléck brauche mer hei keng gréisser Ännerunge virzegesi fir dës Fro, déi awer muss gestallt ginn. Eng politesch Optioun wäert mussen an der Zukunft do geholl ginn.

Wat d'Politique d'investissement bei Entreprisen ubelaangt gouf festgestallt, datt déi sech praktesch net méi un Organismë vun der Sécurité sociale wenden, mä un aner Institutiounen, haaptsächlech un d'SNCI, wou d'Entreprisë besser Konditioune gebuede kréien.

Dann hu mer nach an eiser leschter Sëtzung festgehalen, datt och kann a Fongen investéiert ginn, déi en ekologesche Charakter hunn, déi solidarescher Natur sinn oder de Caractère éthique sinn. Wa se am Intérêt public sinn, kënnen esou Placementer envisagéiert ginn, ënnert der Konditioun selbstverständlech, datt se kompatibel bleiwe mat der Haaptfinalitéit vun der Strategie, an déi ass d'Reserve vun de Pensiounen ze steigeren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zu den Avisen, déi mer kruten. Fir d'éischt déi vun den Organismes vun der Sécurité sociale. De 7. August 2003 krute mer den Avis vum Comité-directeur vun der Caisse de Pension agricole. Si approuvéieren de Gesetzesprojet. Si stellen och fest, datt déi gewielte Membere vun der Bauerepensiounskeess net am Conseil d'administration vertruede sinn. De President vum Direktiounscomité vun der Keess ass awer an der Assemblée générale dobäi. Vu den Niveau vun der Reserv vun der Bauerekeess kann de Comité-directeur mat de Representatiounskritären averstane sinn.

D'Pensiounskeess vun den Artisanen, Commerçanten an Industrielle kann de Projet och guttheeschen. Si huet wichteg Observatioune gemaach wat déi juristesch Situatioun vum Fong ass, esou wéi se am Projet vun der Regierung beschriwwe wor. Och déi wichteg Fro vun der Responsabilitéit vun de Membere vum Fong bei der Ausübung vun hirem Mandat gouf ënnert d'Lupp geholl.

De 6. November 2003 huet de Comité-directeur vun der Privatbeamtepensiounskeess e ganz wichtegen a fundéierten Avis gemaach. E kritiséiert, datt am Regierungsprojet de Fong soll als Société à capital variable fonctionnéieren. En ënnersträicht, datt de Fong als Établissement public net kann zu gläicher Zäit ouni Zwëschestatioun zwou Saache sinn, op där enger Säit de Fonds commun de placement an op där anerer Säit eng Société d'investissement à capital variable am Sënn vum Gesetz vum 19. Juli 1991.

Si proposéieren dofir, dass de Fong kënnt fonctionnéieren als en Établissement public an d'OPC oder d'OPCen als normal Sicav, déi wéi all aner OPC der Kontroll vun der Commission de surveillance vum Secteur financier ënnerläit. Dat war e fundéierten Avis, deen och vum Conseil d'État a vun ons iwwerholl gouf.

Här President, de President vum Établissement d'Assurance contre la Vieillesse et l'Invalidité huet d'Meenung vum Comité-directeur an engem Bréif un de Minister duergeluecht. Op där enger Säit begréissen d'Membres employeurs de Projet, well à long terme e bessere Rendement erauskënnt an op där anerer Säit fäerten d'Représentante vun den Assuréen, datt et aus verschiddenen Ursaache kënnt zu enger Diminutioun vum Rendement kommen. Och weist hire President op déi schwiereg Situatioun vun der Responsabilitéit vun de Gestionnairen hin.

Här President, ech kommen elo zu den Avisë vun de Beruffschamberen. Et kann ee roueg soen, datt se global gesi positiv ausgesinn. D'Chambre de Commerce kann de Projet approuvéiere mat verschiddene punktuelle Reserven, wéi zum Beispill d'Approche, déi d'Regierung geholl huet, mat der Kreatioun vun engem neien Établissement public. D'Chambre de l'Agriculture ass der Meenung, datt mer iwwert de Wee vum Projet eng optimal Gestioun vun de Reserve kréien.

D'Chambre de Travail mécht opmierksam drop, datt d'Politik vun de Placementer kann zu engem méi héije Finanzrisiko féieren an datt och negativ Rendementen an isoléierte Jore kënnten erauskommen. Si soen, et wär dann inakzeptabel esou Perten op déi Pensionéiert ofzewälzen a freet Garantië fir an esou Fäll. Wat d'Struktur vun der Gestioun ubelaangt, tendéiert d'Chambre de Travail och zu dem Modell vum Comité-directeur vun der Privatbeamtepensiounskeess, mat dem dueble Kontroll vun der IGSS an der CSSF, also vun der Inspection Générale de la Sécurité Sociale an der Commission de Surveillance du Secteur Financier.

Här President, och d'Privatbeamtechamber ralliéiert sech dem Avis vun der Privatbeamtepensiounskeess a freet, datt de Projet an dësem Sënn ofgeännert gëtt.

Ech kommen elo zu dem Avis vun der Chambre des Métiers, datéiert op den 30. Mäerz 2004, dee bei eis hei an der Chamber am Greffe de 15. Abrëll 2004 erakomm ass, an dofir net am schrëftleche Rapport festgehalen ass. Dir krut en zougestallt als Document parlementaire 5145/10. D'Chambre des Métiers regrettéiert, datt d'Auteure vum Projet de loi net méi wäit gaange si wéi nëmmen d'Politik vun de Placementer. Si fannen, datt et urgent ass eng Gesamtreform vum System vun der Assurance pension virzehuelen. Si hunn eis natierlech keng Beschreiwung do derbäi geluecht.

Wat awer d'Gestioun vun de Reserven ubelaangt, gëtt d'Regierung fir d'Initiativ félicitéiert. Si, d'Chambre des Métiers, hätte schonn öfters dat verlaangt, fir iwwert dëse Wee deelweis zum Finanzement vun de Pensiounen à long terme bäizedroen. Si approuvéieren an de grousse Linnen d'Approche vum Consultant, d'Etüd vum PricewaterhouseCoopers. D'Chambre des Métiers ass och fir d'Propositioun vum Comité-directeur vun der Privatbeamtepensiounskeess.

Här President, elo nach just zu engem Bréif, deen ech de Kolleegen aus der Kommissioun och nach verdeelt hunn, vun der Union des Entreprises luxembourgeoises, dee mer och elo eréischt an der Vakanz zougestallt kruten. Si soen, et wier falsch deenen eenzelne Pensiounskeese bis zu 15% vun hire jährleche Prestatiounen ze loosse fir hir Trésorerie. Déi véier Pensiounskeese wieren net dofir outilléiert, an da géifen nach just 150 Milliounen Euro bleiwe fir ze géréieren. Si soen, dës Approche géif och géint d'Philosophie vum Comité-directeur vun der Privatbeamtepensiounskeess goen, dee freet, de gesamte Patrimoine vun de Keese misst an de Fong verséiert ginn; och de Conseil économique et social hätt de Wonsch gehat, datt de Gesamtavoir vum Régime général misst professionell géréiert ginn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn Iech dëse Bréif wéi gesot schonn d'éineschter ausdeele gelooss. Ech konnt dat net éischter maachen, well dat mer net méiglech war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Avis vum Conseil d'État. De Conseil d'État ass total mat de fundamentale Konzepter an der Methodologie, déi vum Consultant virgeschloe goufen, averstanen. De Rendement financier ass am Abléck vill ze kleng, ze vill Sue sinn à court terme placéiert. De Conseil d'État mengt, datt déi proposéiert Strategie awer nach ganz konservativ wier a freet sech, ob een net nach méi wäit hätt kënne goen ouni e méi grousse Risiko anzegoen. Wat déi juristesch Form ubelaangt, ass de Conseil d'État därselwechter Meenung wéi d'Privatbeamtepensiounskeess an d'Privatbeamtechamber, sou wéi ech se scho virdrun expliziéiert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat mir an der Chamberkommissioun mat all dësen Avisen ugefaangen hunn, ass am Text coordonné, deen Iech virläit, nozeliesen an ech wëll net nach am Detail all Artikelen opzielen a kommentéieren. Wat ee muss soen, ass, datt de Projet net esou erausgaangen ass, wéi e bei eis an d'Chamberkommissioun erakomm ass, an datt mer virun allem op den Avis vum Conseil d'État a vun der Privatbeamtepensiounskeess gelauschtert an agaange sinn.

Am Artikel 2 gëtt festgehalen, wéi d'Recetten vun de Cotisatioune monatlech verdeelt ginn, an datt d'Gestioun vun der Réserve de compensation engem Établissement public, mam Numm Fonds de compensation, ënnerläit. D'Politik vun de Placementer ass fir d'Pensiounen ofzeséchere. Et gëtt diversifizéiert, investéiert fir d'Risikoen ze verdeelen. D'Placementer, déi nach kënne vun den eenzelne Keese gemaach ginn, si limitéiert op Prêten un de Stat fir Investissementer awer och u Gemengen an Industrie mat Genehmegung vun der Regierung. Datselwecht gëllt fir d'Prêts hypothécaires, déi weider virgesi sinn.

Am Artikel 3 gëtt och nach festgehalen, datt de Fonds de compensation geschaaft gëtt mam Charakter vun engem Établissement public, doté de la personnalité civile. Seng Organer sinn d'Assemblée générale an de Conseil d'administration. D'Assemblée générale setzt sech zesummen aus ville Leit: Zéng Délégués assurés, aacht Délégués employeurs, véier Presidente vun de Keesen, aacht Membrë genannt vun der Regierung - am Total sinn dat 30 Leit. Et gëtt esou vill Suppléante wéi Effektiver.

De Conseil d'administration awer setzt sech zesummen aus dem President vum Comité-directeur vun der Privatbeamtepensiounskeess, aus dem President vum Comité-directeur vum Établissement d'Assurance contre la Vieillesse et l'Invalidité, zwee Membrë gi genannt vun der Regierung, véier Membres délégués vun den Assuréën a véier Membres délégués vun den Employeuren - en Total vun zwielef Leit an deem Gremium.

De Conseil d'administration gëtt ënnerstëtzt vun engem Comité d'investissement. Dee setzt sech zesummen aus dem President vum Fong, engem Délégué assuré an engem Délégué employeur, plus dräi Membres externes, déi vum Conseil d'administration genannt ginn opgrond vun hire Kenntnisser am Domaine financier.

De Fong kann op Experten zréckgräifen. De Fong däerf eng oder méi OPCe schafen, wéi gesot, des organismes de placement collectif, wou d'Titren awer net en public placéiert ginn. Déi effektiv Membre vum Conseil d'administration an d'Membres externes vum Comité d'investissement sinn d'Direktiounsgremië vun der oder den OPCen. D'OPCen hunn deeselwechte fiskale Regime wéi déi, déi am Gesetz virgesi si vum 30. Mäerz, mengen ech, 1988 a vum 20. Dezember 2002. De Fong ënnersteet dem Minister, dee fir d'Sécurité sociale zoustänneg ass. D'IGSS suergt fir d'Anhale vun de legale Virschrëften.

Här President, bei engem Gesetz wéi deem hei brauche mer Iwwergaksbestëmmungen. Dat ass am Abléck an den Artikele 4, 5, 6 a 7 zréckbehale ginn. All Immobiliëplacementer oder Prêten, déi virum 31. Dezember 2003 engagéiert goufen, ginn och weider vun de verschiddene Keese géréiert fir de Kont vum Fong. All aner Avoire ginn an de Fong transferéiert.

Bis all déi Organer, déi virgesi sinn, bestinn, ass d'Kommissioun an de Comité-directeur vun der Privatbeamtepensiounskeess zoustänneg fir dat wat spéider d'Assemblée générale an de Conseil d'administratioun ubelaangt.

Duerch den Artikel 6 gëtt et der IGSS erlaabt e Fonctionnaire an der Carrière supérieure anzestellen, deen awer net am Budget 2004 steet. An da muss och emol nach am Artikel 7 déi progressiv Mise en place vun de Gestiounsinstrumenter, déi am Gesetz virgesi sinn, iwwer e Règlement grand-ducal kënne preziséiert ginn.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, datt ech de Projet anstänneg presentéiert hunn an ech hoffe selbstverständlech op eng grouss Zoustëmmung hei am Parlament an ech soen Iech alleguerte merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Paul-Henri Meyers agedroen. Den Här Meyers huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Niki Bettendorf, merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen esou ausféierlech war, dass ech mech op e puer grondsätzlech Iwwerleeunge ka beschränken.

Mir hunn net oft d'Geleeënheet hei an der Chamber e Projet de loi ze stëmmen an ze diskutéieren, deen esou gutt preparéiert war, fannen ech, wéi deen heiten. D'Regierung hat an hirer Deklaratioun 1999 ugekënnegt, dass och d'Reserve vun de Keesen op Grond vun Etüde gesetzlech nei orientéiert sollte ginn. Déi Etüde si gemaach ginn. Dat ass engersäits d'Etüd vum Bureau international du Travail, déi och an der Plénière presentéiert ginn ass am Februar 2001, an op där anerer Säit d'Etüd vu PricewaterhouseCoopers vum Januar 2001.

De Problem vun de Reserven a vun de Placementer ass um Rentendësch diskutéiert ginn an et war och do festgehale ginn, dass Compte tenu vun der jëtzeger bestehender legaler Situatioun eng Ännerung un der Gesetzgebung misst kommen, wann een déi Placementer aneschters wëllt orientéieren.

Et muss een allerdéngs, wann een dee Projet hei diskutéiert, drop hiweisen, dass et net geet fir elo dat, wat mer aus der Vergaangenheet haten, an déi Sécherheet, déi Prudenz, déi mer ëmmer ubruecht hu bei de Placementer vun de Fonge vun de Pensiounskeesen, opzeginn. An ech kann an där Hinsicht nëmmen deem bäiflichten, wat d'Privatbeamtepensiounskeess an hirem Avis geschriwwen huet, wou se iwwregens och den Exposé des motifs vum Projet zitéiert.

Ech wëll dat hei esou erëmginn, wéi et an deem Avis steet: «Le projet de loi en question a pour objet de mettre en place une nouvelle stratégie de placement de la réserve de la communauté de risque du régime général d'assurance pension „à l'épreuve des vicissitudes et des humeurs temporaires des places financières“. A cet effet il se propose d'ouvrir le dispositif juridique encadrant ladite communauté en vue d'une politique de placement moderne devant répondre à la fois „à des principes stricts et à une mise en œuvre souple afin de pouvoir s'adapter à un environnement économique et financier mondial en mutation permanente“.»

Ech mengen, mat deene Wierder ass och kloer ugedeit a wéi eng Richtung, dass déi gesetzlech Ännerung soll goen. Et ass och gutt, dass een hei rappeléiert, dass d'Haaptzil vun de Pensiounskeesen net d'Gestioun vu Reserven a vu Fongen ass, och wann dat wichteg ass, huet och den Exposé des motifs rappeléiert wat am Artikel 182 vum Code des Assurances sociales drasteet, dass d'Pensiounsverséchrung als Zil huet d'Pensiounen, d'Alterspensiounen, d'Invalidepensiounen an d'Iwwerliewenspensiounen ze bezuelen. Allerdéngs kann een déi net bezuelen, wann ee kee Geld huet.

Et ass also wichteg ze wësse wéi et finanzéiert gëtt. An de Finanzéierungssystem, Dir Dammen an Dir Hären, datéiert aus de Joren 1983/1984 ënnert dem deemolege Minister Jacques Santer, deen de Finanzéierungsmodus vun de Pensiounsregimer nei geregelt huet, méi Transparenz erabruecht huet an dovun ofkomm ass, dass de Stat Leeschtunge bezuelt huet, mä dass en an Zukunft bei de Beiträg intervenéiert, mat där bekannter dräideeleger Opdeelung vun de Beiträg. Dat heescht en Drëttel fir de Stat, en Drëttel fir de Patron an en Drëttel fir den Assuré.

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Här Meyers, Dir schwätzt vun där Reform do. War dat déi Reform, déi och bezeechent ginn ass als Renteklau?

***(Interruption)***

Neen, net vun de Gewerkschaften, mä vun Ärer Partei, Här Krecké.

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*.- Här Glesener, ech schwätzen hei zwar als Member vun der Partei, mä ech wëll awer net…

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Loosst den Här Meyers schwätzen!

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV)*.- Ech wëll nëmmen op Tatsaachen hiweisen a keng Polemik maachen. Här Glesener, mir hunn dat net noutwendeg. Wann ee kloer seet wéi d'Faite sinn a wien dee System dohigesat huet, wien de Mérite huet, da brauch een net op d'Polemik vun deemools, wat kale Kaffi ass, nach weider anzegoen.

Ech wëll och drop hiweisen, dass d'Finanzéierung vum Rentesystem opgebaut ass op en Ëmlageverfahren. Dat heescht, dass d'Cotisatioune vun haut geduecht si fir d'Pensioune vun haut ze bezuelen an dass de System doniewent eng zolidd Reserv soll schafen, déi am Fong geholl als Puffer soll déngen, wann et méi schwiereg gëtt an Zäiten, déi méi schwéier sinn, fir dee Moment ze vermeiden, dass een à tout moment muss zur Erhéijung vun de Cotisatioune kommen, oder dass een aner Mesurë muss huelen, fir d'Pensiounen ofzeséchеren. D'Reserv huet also eng kloer determinéiert Missioun an eisem Rentesystem.

Et ass och virgesinn, dass déi Reserv wéinstens annerhallefmol déi jährlech Prestatioune soll ausmaachen, a wa se dorënner fält misste Mesurë geholl gi fir d'Finanzéierung vum Rentesystem och fir d'Zukunft ofzeséchеren.

An der Vergaangenheet war et esou, dass duerch déi Dispositioune vun de Cotisations sociales déi Reserv no gewësse Regele konnt placéiert ginn, an zwar och an dräi Deeler. An zwar hat jiddereen, deen eigentlech dozou bäigedroen huet fir d'Cotisatiounen erbäizebréngen, och ee Recht fir en Deel

vun där Reserv kënnen ze beanspruchen. Dat war engersäits de Stat. D'Reserv konnt also ënner Form vu Prêten un de Stat goen, oder dass d'Pensiounskeesen am Intérêt vum Stat aner Objeten ugaange sinn, wéi zum Beispill am Immobilieplang. Zweetens konnt een Deel vun de Reserve placéiert ginn a Prêts hypothécaires fir d'Assuréen an drëttens a Prêten un d'Patronen, dat heescht un d'Industrie.

Mir gesinn elo vir, dass de ganzen Ensemble vun deem System soll geännert ginn. Dat heescht, dass eigentlech dräi Butë sollen erreecht ginn. Éischtens emol, esou wéi dat och am Avis vun der Pensiounskeess steet, dass den „arsenal juridique entourant les placements de la réserve doit être assoupli". Bon, dee war relativ strikt, mä en hat awer säi Sënn, an ech wëll och hei rappeléieren, dass et eng dräideeleg Opdeelung vun de Reserve war. Dat war och esou, dass domat gewëssen Ziler verfollegt si ginn.

Ech erënneren zum Beispill drun, wa Prête gemaach si ginn un d'Assuréen, war dat fir am Fong geholl d'Eegentum ze förderen an den Accès à la propriété fir eenzel Leit ze erméiglechen. Et war och esou, dass nëmmen déi Leit konnten e Prêt kréien zu gënschtege Bedingungen, déi nach net Propriétaire vun engem Logement waren. Domat konnt och en Zil fir d'Ofsécherung spéider am Alter erhéicht ginn, well mir wësse ganz genee, dass deen, deen investéiert huet, och am Secteur immobilier doduerch kann zum Deel seng Verflichtungen, déi en am Alter huet, ofsécheren, dass en säin Eegenheem huet, dass en eventuell och Revenuen aus där Proprietéit ka kréien.

Den zweeten Deel war dee vum Stat. De Stat huet een Deel bäigedroen, mä doduerch datt Prêten un de Stat konnte gemaach ginn, dass d'Pensiounskeesen och vis-à-vis vum Stat aner Engagementer konnten agoen, konnten och zum Beispill op internationalem Plang, wat d'Institutions communautaires ugaang ass, Immeublë realiséiert ginn hei zu Lëtzebuerg, déi dee Moment de Stat selwer net konnt maachen, déi also derzou gefouert hunn, dass d'Europäesch Institutiounen duerch nei Gebaier, déi finanzéiert gi sinn duerch d'Pensiounskeess, och deen doten Deel konnt ofgeséchert sinn, wat am anere Fall gegebenenfalls net méiglech gewiescht wär, weder duerch d'Institutioune selwer nach gegebenenfalls duerch de Stat.

Drëttens Prêten un d'Industrie, déi ofgeséchert waren duerch Hypothéiken oder duerch Garantië vun de Banken, op jidde Fall an deene leschten zwanzeg Joren, haten och ëmmer e wesentlecht Zil, dat war dat, fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, well et ass ëmmer erëm gekuckt ginn, wann eng Entreprise e Prêt kritt vun enger Pensiounskeess: Wat geschitt mat deem Prêt? Ginn duerch deen dote Prêt Investissementer gemaach, déi och nei Aarbechtsplaze geschafen hunn?

Dat war also eng wesentlech Viraussetzung, well mir wësse ganz genee, dass duerch d'Schafe vun neien Aarbechtsplazen och de System u sech ka weiderbestoen an dass d'Pensiounskeesen, de Pensiounsregime opgebaut ass, doduerch dass och ëmmer erëm nei Aarbechtsplaze kënne geschafe ginn. A Gott weess, dass an deene leschten zwanzeg Joer duerch d'Schafe vu villen neien Aarbechtsplazen och déi Reserv hei, déi important Reserv, vun där de Rapporteur geschwat huet, och konnt geschafe ginn.

Et war also en Zil do och an där Hisiicht, an et wär eigentlech e bësse bedauerlech, wann an Zukunft duerch den neie Mode de placement, déi do Intentiounen och ganz géinge verluer goen. Ech mengen, et soll een och nach ëmmer duerno kucken: Wéi wäit kënnen duerch déi Reserv, duerch déi Placementer hei, duerch d'Uleeë vun deem Geld, wéi wäit kënnen och do nach nei Aarbechtsplaze geschafe ginn?

Et ass eng gewëssе Souplesse erakomm an deen neien Text, an do ass een Artikel a mengen Ae wichteg, dat ass den Artikel 248 vun der Cotisation sociale, deen och eigentlech an dräi Punkte wesentlech seet, wat mat där Reserv soll geschéien, a firwat datt se do ass. Si ass do fir d'Pérennitéit vum Regime ze garantéieren. Dat heescht, si ass dem Haaptzil, wat ech genannt hunn, d'Ausbezuele vu Pensiounen, ënnerworf. Si ass also net geduecht fir ze spekuléieren, fir n'importe quoi ze maachen, mä si huet een Zil, dat ass d'Ofsécherung an der Zukunft och vun de Pensiounen an dofir soll een dat Zil an den Ae behalen.

An dat Zweet, wat deen Artikel ausseet, dat ass d'Sécherheet vun de Placementer. Dofir muss och am Intérêt vun der Sécherheet d'Totalitéit vun Aktiva a Passiva hei gekuckt ginn, d'finanziell Situatioun an d'Struktur, d'Entwécklung vum Regime och an der Zukunft.

An en drëtte Punkt, dat ass d'Diversifikatioun vun deene Placementer fir och d'Risikoen esou wäit wéi méiglech kleng ze halen. Et ass am Fong dat, wat jiddferee mécht, dee Placementer wëllt maachen. Dee versicht net all - wann ech dat mol esou kann ausdrécken - seng Eeër an een Nascht ze leeën, mä eng gewëss Streeung ze maache vun deene Placementer, fir och besser kënnen d'Risikoen opzefänken, mä op där anerer Säit och fir vu gudde Placementer och kënnen ze profitéieren. Well, et kann een net gläichzäiteg alles hunn. Et kann een net gläichzäiteg en décke Rendement hunn a kee Risiko hunn. Well déi zwee, Rendement a Risiko, sinn nun emol relativ enk matenee verbonnen.

Et gëtt, als zweete Punkt vun deem Projet, nei Méiglechkeete vun Investissementer opgemaach. Dat war esou no der jëtzeger Gesetzgebung net méiglech. Ech hu scho gesot, wéi déi Placementer konnte gemaach ginn. An Zukunft soll méi staark drop gepocht ginn, dass och d'Placementer net méi à court terme bei de Banke gemaach ginn - déi solle quasiment op null gesat ginn. Dofir sollen awer Placementer an Aktien an Obligatioune geschéien, sou wéi dat och am Règlement grand-ducal virgesinn ass. Dat ass ze begréissen ëmmerhin nach mat där Massgab, dass och dee Moment, wou déi Placementer gemaach ginn, ëmmer nach d'Haaptzil muss virun Ae behal ginn, wat am Artikel 248 steet.

De leschte Punkt. Et gëtt en neie Volet institutionnel geschafen. De Rapporteur huet dat en long et en large développéiert. Et ass d'Schafung vun engem Fonds de compensation ënner Form vun engem Établissement public, deen awer selwer autoriséiert ass, een oder méi Organismes de placement collectif opgrond vum Gesetz vum 19. Juli 1991 ze schafen. Et ass gutt, dass do de Conseil d'État och dem Avis vun der Caisse de Pension des Employés privés gefollegt ass. Et ass och gutt, dass d'Chamber deeselwechte Wee gaangen ass, well dat och a mengen Aen déi richteg Solutioun ass, fir déi Institutiounen ze schafen, déi déi néideg Souplesse hunn, wou och déi néideg Trennung dra besteet, fir déi Reserv kënnen ze géréieren.

Dir Dammen an Dir Hären, ech konnt mech relativ kuerz halen, well den Text kloer ass a well et jo eigentlech kee Sënn huet fir den Text nach eng Kéier ze repetéieren. Mat deem heite Gesetz gëtt een Deel vun deene Fuerderungen, déi och um Rentendësch louchen, realiséiert. De Pouvoir législatif huet domat d'Viraussetzunge geschafen, fir dass d'Reserv vun de Pensiounskeese besser géréiert ka ginn. Et kann een nëmme wënschen, dass déi, déi dat herno solle realiséieren, och mat deem doten Instrument dat Bescht am Intérêt vun där Gestioun maachen, an ech géif hinne wierklech eng glécklech Hand wënschen an där doter Gestioun.

Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké** *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll deenen zwee Virriedner merci soe fir d'Explikatiounen, déi se ginn hunn, wéi jiddfereen a sengem Beräich dat e bësse gemaach huet, sou dass ech och do op e puer méi politesch Punkte vläicht kann agoen.

Op alle Fall wollt ech dem Här Glesener soen: Ech an Ärer Plaz wier einfach brav an esou Saachen a géif net ze vill an d'Geschicht goen! Wësst Dir, zu deemselwechten Zäitpunkt, e puer Joer virdrun, ass Rieds gaange vun der SNCI. Wie war da géint d'SNCI? Wien ass Stuerm gelaf géint d'SNCI? Wien ass Stuerm gelaf géint d'Tripartite, wat Dir haut als de Modell Lëtzebuerg verkafe gitt, wou Dir Iech bal als de Papp als Partei dovunner maacht? Do war d'CSV dergéint!

Dofir, wann ech glift, haalt op domadder, well do kéint ech weiderfueren aus Ärem Sënneregëster, Här Glesener! Jo, mir ginn eis domadder. Kommt, mir ginn eis domadder, well ech hätt genuch fir eng hallef Stonn, mä esou vill Zäit hunn ech net, Här President.

Et wier besser, Här Glesener, …

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

…, Dir hätt do net ugefaangen, dat op déi doten Aart a Weis ze maachen…

***(Interruption)***

…, well et ass och zum Deel ëm d'Aart a Weis gaangen, wéi dee Passage sech vollzunn huet, an doriwwer…

***(Interruption)***

…ass diskutéiert ginn, an doriwwer sinn d'Terme gebraucht ginn.

Ech muss Iech soen, d'LSAP huet an all deene Joren, a fir d'lescht 1999, net eng eenzeg Kéier en Zweiwel gelooss, dass si, wat dee legale Pensiounssystem ugeet, un eppes festhält, dat ass d'Ëmlageverfahren an näischt aneschters, well dat, wat deemools décidéiert ginn ass, ass d'Ëmlageverfahren.

Et kann een haut nach driwwer diskutéieren, wéi dat vollzu ginn ass, wéi et an den Termen - och financier - vollzu ginn ass, an dofir huet et kee Wäert op déi Geschicht do zréckzekommen. Ech si scho frou, dass - Här Glesener, begréisst dat dann einfach mat mir, wann Dir schonn op deen Trip do wëllt goen, dass eng DP, déi nach 1999 Diskussioune gefouert huet iwwert d'Kapitaldeckungsverfahren, elo op eemol weder duerch hire Minister…

***(Interruptions)***

Nee, nee, dat hei ass kee Kapitaldeckungsverfahren. Dir wësst ganz genau, wat Kapitaldeckungsverfahren ass. Dir wësst ganz genau, dass Dir hei näischt Neies erfonnt hutt.

Dir hutt Reserven, déi ass et virdru ginn an déi gëtt et och muer; an déi, déi et muer gëtt, déi heescht et just, sou wéi och déi vu virdrun, besser ze géréieren. Dorëms geet et an ëm soss guer näischt. Well mir hunn an eisem System, an Dir wësst dat och ganz genau - Dofir sot net de Contraire! - zwee Piliere vun deenen dräi, déi op Kapitaldeckungsverfahre baséieren, an dat ass dee vun de Betribsrenten. Do ass et ganz kloer…

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Huet den Här Bettendorf d'Wuert? Ech weess et net.

Do ass et ganz kloer, grad wéi an der privater Zousazpensioun: Suen, déi ech doranner ginn, si schéin identifizéiert fir mech op der Säit a ginn do géréiert fir mech, gutt identifizéiert, an net wéi an dësem System, wou ech meng Cotisatioun abezuelen a wou déi Suen, déi ech abezuelen, net kloer identifizéiert op d'Säit geluecht a géréiert ginn, an dat ass d'Kapitaldeckungsverfahren. Loosst mer also wann ech glift an den Definitioune bleiwen, wou d'Bicher eis dat och ginn. Dat hei ass kee Kapitaldeckungsverfahren an dat gëtt et och muer mat eis net am legale Pensiounssystem. Mir hunn zwee Pilieren, déi am Kapitaldeckungsverfahren als Complément déngen, an dat ass dat zu deene mir och stinn.

Et freet ee sech och, Här Minister, wa mer schonn op dee Wee ginn a mir wëlle méi Effikassitéit, e bessere Rendement, mir wëllen eng Verbesserung vun der Gestioun vun deene Reserven, déi mer am Moment hunn, da loosse mer eis dach och eens sinn, firwat hu mer de Moment, wou mer en Zouwuesse vun eiser Masse salariale haten, déi et eis erlaabt huet, dat Ëmlageverfahren um Liewen ze halen, an dass mer eng Explosioun hate während e puer Joer huet och mat sech bruecht, dass et zu enger Explosioun vun deenen Excédente komm ass a vun deene Reserven, déi elo do sinn.

A mir wësse jo, dass do Leit sinn, déi iergendwann och Uspréch hunn, an dofir, wann een Effikassitéit geschwat huet, da froen ech mech, firwat dass mer net och higaange sinn an zumindest Diskussioune gefouert hunn, déi garantéiert doranner gegipfelt hätten, dass ee vläicht d'Fro hätt misse stellen, ob et net mat enger Pensiounskeess duergaange wier, anstatt dass mer mat véier Stéck weidergaange sinn.

Ech kann nëmme feststellen, dass mer déi Diskussioun do esquivéiert hunn, gefaart hunn, mir géingen do wahrscheinlech iergendeen trëppelen, mä dat wier zumindest awer emol eng Diskussioun wäert gewiescht, well wann den iwwergeuerdneten Objektiv dee vun der Effikassitéit a vum Rendement soll sinn, da soen ech, dann hätte mer dat do missen ugoen.

An ech muss soen, Här Bettendorf, Dir hutt ee Moment Bezuch geholl op dee Bréif vun der UEL. Ech hu mech gefrot, firwat dass deen datéiert ass op de 5. Abrëll a mir en eréischt haut kréien. Ech wier frou gewiescht, wann ech e vläicht zwee, dräi Deeg virdru gehat hätt, well do déi wesentlech Fro vun de 15% gestallt ginn ass. Dir hutt iwwregens eng Interpretatioun gi vun deene 15%, déi net déi richteg ass wéi se am Bréif ass. Ech wëll Iech just soen, dat Beispill wat si gi vun deenen 150 Milliounen Euro, dat ass d'Beispill vun der AIV.

Dat ass als ee Beispill gewise wat et wier, an dat wieren ongeféier an ale Lëtzebuerger Frang 4,5 Milliarde Suen, déi hinnen iwwreg bleiwe fir d'Gestioun vun hirer Trésorerie. Et war also nëmmen e Beispill vun enger eenzeger, an zwar déi vun der AIV, a si huet d'Fro gestallt: Firwat loosse mer deene Leit esou vill Geld? Firwat gi mer net hin an zentréieren alles, a probéieren dat besser ze géréieren? Dat ass den Inhalt vum Bréif. Ech hunn en elo schnell nach eng Kéier misse liesen, nodeem dass ech Är Explikatiounen héieren hunn, mä ech muss soen, do hat Der Iech ee Moment verfuer. Mä bon, et ass awer net schlëmm.

Si mer eis eens, dass hei 15% bleiwen, an dass d'Fro gestallt ginn ass vun der UEL, firwat si mer net higaangen an hunn déi och nach eriwwergeholl oder e gudden Deel? Sinn déi 4,5 Milliarden noutwendeg am Beispill vun der AIV? Ass se capabel 4,5 Milliarden aler Frang seriö ze géréieren? Dat ass d'Fro, déi gestallt ginn ass. Et ass schued, dass mer net konnte mat den Techniker doriwwer schwätzen. Dat wier op alle Fall derwäert gewiescht.

Dat hei sollt am Fong geholl d'Placementsphilosophie an d'Doktrin e bëssen änneren, déi mir bis elo haten, an ech mengen, do war och jiddereen domat d'accord, oder zumindest huet ee gemierkt an der Kommissioun, dass en Deel vun de Leit bereet waren ze soen, wa mer gären dat Ëmlageverfahren och an der Zukunft ofsécheren, da musse mer natierlech dofir suergen, dass bei deene Suen, déi mer zur Verfügung gestallt kréie vu Cotisantë vun haut, wou zwar d'Bénéficiairen déi sinn, déi gëschter Cotisantë waren, en anstännege Rendement financier erauskënnt.

An der Diskussioun, déi mer an der Kommissioun haten, war ech ee Moment e bëssen erschreckt wéi de President a Rapporteur ganz extrem mat Momenter op de Rendement gepocht huet. Rendement, wat heescht dat schlussendlech? Et ass ëmmer vun engem optimale Rendement Rieds gaangen, mä wann een alles ënnert dem Term Rendement wëllt kucken, da muss ee méi Risikoen agoen, an dat ass net dat wat mer wëllen.

Mir haten ee Moment komesch Diskussiounen. Dir wësst, Här President, dass ech mech e puermol hu missen opreegen, well ech d'Impressioun hat, dass Der Iech verfuer hat an dass Der menger Meenung no op e geféierlechen Terrain gaange sidd, well Der ëmmer erëm d'Kompatibilitéit mam Rendement a Fro gestallt hutt. Well déi Fro, déi haut den Här Meyers ugeschnidden huet, nämlech d'Weiderféierung vun deem Asetze vun deem Kapital och fir gemengnëtzlech Prêten, beispillsweis bei Entreprisen, beim Stat, oder dann d'Prêten um Niveau vun den Assuréën, déi kënnt ee jo a Fro stellen. Wann ee reng Rendement kuckt, da kënnt een op eemol zur Konklusioun, entweder ass den Taux, deen ee muss froen, ze héich fir deen, deen e freet, oder et kënnt net méi genuch dobäi eraus.

Dofir soen ech, muss een och iwwergeuerdent Intérêten, déi och e Stat an och déi Leit, déi do cotiséiert hunn, an et ass mat Richtegkeet ënnerstrach ginn, dass bei den Entreprisë beispillsweis all Kéiers gekuckt ginn ass, ginn hei Aarbechtsplaze geschaaft oder net? Dat war de wesentleche Punkt, well mir wëssen, dass dee System och nëmme funktionéiert, wa mer weiderhin Aarbechtsplaze schafen, wa mer weiderhin dee System um Lafen halen. Dat war ee vun de Grënn, an och déi Explikatioun wat d'Wunnengen ubelaangt, sinn ech der Meenung, dass een dat soll bäibehalen.

Mir schwätzen haut vun Zäiten, wou d'Zënsen niddreg sinn. Mir schwätze vun Zäiten, wou d'Banken éischter de Clienten nolafen, fir hinne Prêten ze ginn. Ech weess, wéi ech an de 70er Jore fir d'éischt probéiert hu mer iergendeppes unzeschafen, trotzdeem dass ech Fonctionnaire d'État zu deem Zäitpunkt war, als Universitaire, ech Schwieregkeeten hat. Ech hu bis bei déi drëtt Bank misse goen, fir iwwerhaapt een ze fannen.

Elo kënnt Der soen, dat läit u mengem Gesiicht, dat ka sinn, mä dat weist awer, dass nach vill Leit méiglecherweis am selwechte Fall waren. An dofir soen ech Iech, déi Zäite kënne mer erëmkommen, wou et méi enk gëtt, an da wiere mer frou, wa mer dat Instrument nach ëmmer oprecht kënnten erhalen, an ech hunn och kee Problem, wann et ausgeweit gëtt op aner Assuréë wéi just déi vun den Employés privés, déi och déi Méig-

lechkeet misste kënnen hunn, fir an Zäite wou et méi schwéier ass un e Prêt ze komme bei de Banken. Ech wëll Iech nëmmen an Erënnerung ruffen, dat war an de 70er Joren de Fall, fir déi, déi sech kënnen erënneren, dass mer nach esou en Instrument hunn. An ech hunn e bësse Angscht, wann ëmmer nëmme vu Rendement Rieds geet, dass dat do ganz verluer geet.

Dat war och de Grond, firwat dass ech ee Moment proposéiert hunn, dass mer géingen zumindest, wa mer et och soss néierens fannen, an de Rapport schreiwen, dass et och nëtzlech wier. Et steet do „il n'est pas exclu". Ech hat zwar gefrot fir ze schreiwen, dass et nëtzlech wier, dass een och eng Rei Fongen oder Investissementer à caractère éthique, solidaire an écologique sollt ënnerstëtzen. Da wär mat hallef Prozentpunkten heiansdo vun där Gesamtzomm scho Wesentleches ze maachen.

Mir haten déi Diskussioun deemools wéi den Här Bausch seng Proposition de loi virgestallt huet wéinst deenen ethesche Fongen, déi e proposéiert hat am Kader vun dem Weiderféiere vun enger méiglecher Loi Rau, esou dass ech mengen, dass ee kënnt och hei wierklech esou Finanzementer an d'Ae faassen.

Dat musse jo net ëmmer Finanzementer sinn, déi noutgedrongen an d'Box ginn, well et just solidarescher an ekologescher sinn, a vläicht heiansdo alternativer, well déi, déi esou vill op d'Bourse gesat hunn, déi, déi op Kapitaldeckung gesat hunn, déi, déi an Amerika d'Pensiounsfongen an den Himmel gelueft hu wéinst hirem Rendement, déi si jo awer op d'Nues gefall. Muer op der Bourse kënnen aner Zäite kommen. Dofir huet keen d'Recht ze behaapten, dass deem enge säi méi e grousse Risiko ass wéi deem anere säin.

Mir probéieren de Risiko hei a Grenzen ze halen, mä och esou Investissementer, déi en Intérêt national hunn, si menger Meenung no interessant. Wann do steet si wieren net ausgeschloss, da wier ech frou gewiescht, wann et e bësse méi hardi petit ausgedréckt gi wier.

Ech kommen dann nach op ee Punkt, dee mer déi lescht Zäit ëmmer erëm Suerge mécht a wou ech geduecht hat mir hätten en Accord. Mir hunn hei erëm eng Kéier drastoen, dass de Contrôle gemaach gëtt vun engem Element vun der Sécurité sociale, eben iwwert d'IGSS. Ech hat geduecht an der Comex, déi berühmt Budgetskontrollkommissioun, hätte mer en Accord fir all Établissement public, dee mer an Zukunft géife schafen, der Cour des Comptes ze ënnerwerfen.

Ech stelle fest, dass mer hei en Établissement public schafen, wou mer dat net virgesinn. Mir schreiwen zwar dran, wann dat Gesetz ëmgeännert gëtt, dass et sech selbstverständlech géing applizéieren heirop, ce qui me semble évident.

Ech wëll d'Kolleeginnen an d'Kolleege just drop hiweisen, dass mer déi Remarque do wahrscheinlech elo e puermol musse maachen. Mir wäerte bis zum 19. Mee nach eng ganz Rei Établissements publics schafen, wou mer ëmmer erëm op Urode vum Conseil d'État a géint besseren Wissens datselwecht draschreiwen, nämlech „le concours financier", nodeem dass mer erausfonnt hunn, dass déi Versioun „concours financier" net genuch seet, an eben der Cour des Comptes net erlaabt eng Rei Saache kritesch ze hannerfroen. An allen Établissements publics, déi ech elo am Document parlementaire gesinn, kënnt ëmmer erëm déiselwecht Versioun vir, an dobäi hate mer en Accord ënnert de Parteien, op alle Fall de Gros vun de Parteie war d'accord fir dat anescht ze maachen. Firwat setze mer dann net „la gestion financière est contrôlée par la Cour des Comptes"? Dat maache mer net.

Also entweder wëllt Der oder Dir wëllt net.

***(Interruption)***

Ech verstinn net, wa mer en Accord hate wéi mer dat wëlle maachen an Zukunft, da kommt mir maachen et. Firwat schreiwe mer elo ëmmer dee falsche Saz dran, deen eis net erlaabt dee Contrôle ze maachen, deen noutwendeg ass? Wéi gesot, hei si mer och erëm eng Kéier amgaangen aner Weeër ze goe wéi déi, déi mer festgeluecht hunn.

***(Interruption)***

Säitdeem hätt een et awer kënnen ëmänneren. A mir sinn nach amgaangen dauernd Amendementer eranzeginn, a mir refuséieren dat, Här Rippinger. Mir waren eis jo awer eens fir dat ze maachen. Da kommt mir maachen et, well soss kritt een herno de Problem, dass ee sech géeenegt huet op eppes, an hei fënnef-, sechsmol elo de Contraire décidéiert, net de Contraire, mä eppes aneschters décidéiert.

Fir de Rescht, Här President, ass eis Partei, déi zum Ëmlageverfahre sech bis elo ëmmer kloer an däitlech ausgeschwat huet an och dat verteidegt huet, der Meenung, dass wann een dee System wëllt oprechterhalen, da muss een dofir suergen, dass déi Suen, déi excédents sinn an also als Reserven ugeluecht ginn, och fir d'Zukunft ofgeséchert sinn an zwar zu engem anstännege Rendement.

Mir mussen allerdéngs soen, dass mer mat Opmierksamkeet wäerte kucken, an et ass jo och virgesinn, datt eng Revisioun eng Kéier gemaach gëtt vun deem System, wat elo en place gesat gëtt, an ech sinn och der Meenung, dass mer och hei an der Chamber opmierksam solle kucken, wat an deenen nächsten zwee, dräi Joer do geschitt, fir ze kucken, dass mer net an eng Aventure eraginn, well, wéi schnell een an enger Aventure ass, dat hu mer an deene leschte Jore gesinn.

Dofir wier ech frou, wa mer hei géingen all eis Opmierksamkeet dorop halen an ënnert de Reserve vun deene Remarquen, déi ech elo gemaach hunn, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Gesetz hei.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

***(Interruptions)***

**M. Alexandre Krieps** *(DP)*.- Ech gi gewéinlech keng Wetten an, déi ech vu virera verléiere géif.

***(Interruptions)***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech natierlech dem Rapporteur a Frënd Niki Bettendorf merci soe fir säin excellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Doriwwer ewech wollt ech hie félicitéiere fir eng ganz Rei Rapporten, déi hien an de leschte fënnef Joer hei gemaach huet als President vun der Santés- a sozialer Sécherheetskommissioun.

***(Interruption)***

Neen, neen! Mir hu Respekt, mir hunn eng gutt Aarbecht geleescht iwwer fënnef Joer, Här Krecké, an dësem Domän vill besser wéi an de leschte 15 Joren, déi Dir gemaach hutt.

***(Interruptions)***

Ech kommen nach dorobber zréck, direkt fueren ech da gläich viru mat där nächster Ausso, dass mer och dem Sozialminister Carlo Wagner félicitéiere musse fir dës Gesetzesvirlag iwwert d'Verméigensverwaltung vun de Rentekeesereserven, well dës Gesetzesvirlag ass e Complément zu dem Gesetz vun der Renteverbesserung vu virun zwee Joer.

Erënnere mer och drun, dass ons Renten hei zu Lëtzebuerg déi héchst an der Welt sinn, souwuel wat den absoluten Niveau ubelaangt, wéi de relativen Niveau zum cotiséierte Geld, an och wat deen duebelen Upassungsmechanismus ubelaangt, op där enger Säit vun der Liewenskäschtenindexupassung, an op där anerer Säit d'Upassung un d'Léin vun den Aktiven.

An erënnere mer och nach eng Kéier drun, dass dem Carlo Wagner seng Rentereform haaptsächlech deene klenge Renten zegutt komm ass.

Ech ginn och net op déi opgeworfen technesch Detailer an a beschränke mech hei, wéi den Här Krecké et gemaach huet, op e puer politesch Aussoen. Dir wësst jo, dass de Rendement 2002 bei 3,6% louch - de Rendement vun de Rentekeesereserven. Dat war ongeféier deemools de Geldmaartzënssaz. Haut läit de Geldmaartzënssaz bei ongeféier 2%. D'Zilsetzung vun dëser Gesetzesvirlag ass also fir de Rendement ze verbesseren, nom Inflatiounsausgläich, andeem dass déi Placementer diversifizéiert a méi mëttelfristeg a laangfristeg ausgeriicht ginn, a wéi de Paul-Henri Meyers gesot huet, andeem dass de Risiko ganz breet gespreet gëtt. Dat ass also doudsécher eng modern Approche.

***(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)***

Ons Rentekeese sinn nach gesond fir de Moment an hunn, plus au moins, dräi Joer Reserven. Am noen Ausland, an ech erënneren Iech drun, an Däitschland oder Frankräich, sinn d'Reserve quasi um Enn ukomm, an do gëtt versicht entweder iwwer Rentereduktiounen oder iwwer net cotisatiounsbedéngt Recetten, zum Beispill d'Verkafe vun Tëlefonslizenzen, Type UMTS, fir déi Rentereserven opzepäppelen, oder mat Geld aus anere Privatisatiounen.

Mir sinn net esou wäit. Onse Stat leet och bekanntlech 8% Cotisatioun bäi, bei déi vum Patron a vum Assuré. Dofir schéngt et der demokratescher Fraktioun och keng Aschränkung vun der Autonomie vun der Rentekeesegestioun ze sinn, wann de Stat elo do Vertrieder kritt, an dass aus enger Bipartite eng Tripartite entsteet. Mir gesinn do guer kee Problem. A mir hunn och guer näischt dergéint, dass d'Union des Entreprises elo hei kritiséiert, dass déi véier Keesen hätte missen zesummegeluecht ginn, oder dass déi 15% vum jährleche Roulement zentral géréiert misste ginn. Mä si hate, sage und schreibe, iwwer ee Joer fir deen Avis elo ze bréngen. Ech wëll dat awer hei nach eng Kéier gesot hunn.

Och eng aner Beruffskummer huet en Avis eraginn, wéi mir de Rapport an der Kommissioun schonn ugeholl haten. Also, ech soen nach eng Kéier, si haten ee Joer fir ons dat ze soen.

En Dar am A fir verschidde Beruffskummeren ass och d'Kreatioun vun deem Comité d'investissement, an eng aner Beruffskummer huet bedauert, dass do déi „multiples structures de contrôle" virléichen. Mir sinn nach ëmmer der Meenung: Vertrauen ist gut, Kontrolle ist besser. Bei de Créancen huet et ons och an der Kommissioun gestéiert, dass an deem neie System 14% Créancen agesat bleiwen. Do wier et och fir d'demokratesch Fraktioun interessant ze wëssen, vu wou deen héijen Ausfall hierstaamt, ob dat Gesellschafte sinn, Privatleit, déi do an der Kräid stinn. Et ass mindestens ze hoffen, dass keng Betriber drënner sinn, déi ënnert där oder dëser Méiglechkeet vun öffentlecher Hand subventionéiert ginn. Dat wier doudsécher net ze hoffen.

***(Interruption)***

Dir erklärt mer dat herno, Här Glesener. Dir wësst ganz gutt, vu wat ech schwätzen.

D'Prête bleiwe bei 20% agesat an dat ass ugesiichts der Wunnengsdeirecht zu Lëtzebuerg sozial vertrietbar.

D'Chambre des Employés privés stellt natierlech déi rhetoresch Fro, ob déi Prête an Zukunft misste bis an d'Groussregioun ausgedehnt ginn. Déi Fro - an dat ass och eng, déi den Här Bausch interesséiert - misst an engem déif gräifenden Débat geléist ginn, awer eréischt nodeem mer d'Zukunft vun onser Gesellschaft bestëmmt hunn, dat heescht: Gëtt et eng Pendlergesellschaft oder gëtt et eng Awunnergesellschaft? An ech gesinn, wa mer fir d'Awunnergesellschaft optéieren, dass mer dann net Prête maache ginn an d'Groussregioun, well déi kéint ënner Ëmstänn ganz grouss ginn, déi Regioun.

Eng aner rhetoresch Fro, déi natierlech um Rentendësch gefuerdert gi war an och eng Kommissioun agesat ginn ass, betrëfft déi „Sources alternatives" vum Finanzement vun de Pensiounen an der Zukunft. Bei deene „Sources alternatives" warnt d'demokratesch Fraktioun dovir, dass dat nët zu enger eesäiteger Belaaschtung vun de Fläissege par rapport zu de Lidderhanessen ausaart. Mir plädéieren also nach ëmmer, nach wie vor, fir eng cotisatiounsgerecht a leeschtungsgerecht Rent.

Mir wëllen och keng friem Versécherungselementer oder -leeschtungen aus de Rentekeesen eraus. Dat widderhuelen ech hei och nach eng Kéier, Här Gibéryen. Do sidd Dir och net dergéint.

An der Fro vun den Déplafonnementer vun de Rentecotisatioune muss deen Deel, deem dem Stat zoufält oder de Patronen, och analyséiert ginn, a wéi den Här Krecké ugedeit huet, och ënnert dem Hibléck vun de Betribsrenten oder dem Drëtte Pilier. D'Frais de gestion ginn op de Fonds de compensation répercutéiert. Mir gleewen zwar, dass de Stat an där Fro e bësse méi generéis hätt kënne sinn, well jo awer déi Rentekeesen zum Deel am Optrag vum Stat déi Gestioun maachen.

Leschtlech ass déi Fro vun der Besteierung vu Gewënner bei auslännesche Placementer nach net eendeiteg gekläert ginn. Mä do hu mer nach e puer Méint a Jore fir dat ze analyséieren. Alles an allem misst déi heite Gesetzesvirlag d'Verméigensverwaltung vun de Rentekeesen dynamiséieren, ouni gréisser Risiken, an dofir stëmmt d'demokratesch Fraktioun, ënner dem Virsëtz vum Här Rippinger, déi heite Gesetzesvirlag.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Merci, Här Krieps. Den nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, dee mer haut hei diskutéieren, ech mengen do ass vun alle Bänken iwwer laang Zäiten ëmmer heibanne verlaangt ginn, datt mer dëse Projet misste stëmmen, e Projet, deen de Patrimoine vun eise Pensiounskeesen aus dem Régime général soll, d'Affectatioun an d'Gestioun vun deene Reserven, zu enge bessere Bestëmmunge féieren.

Mir haten als ADR schonn 1994 - an do stëmmt den Här Krieps mer sécherlech och zou - an 1999 an eise Wahlprogramme stoen, dass dës Reform misst kommen. De Conseil économique et social huet 1999 a sengem Avis och dat verlaangt a Propositioune gemaach, an d'Regierungserklärung huet dunn och 1999 en deementspriechenden Artikel festgehalen, datt an dëser Legislaturperiod dës Ännerungen sollte kommen.

Et ass eng Etüd gemaach ginn, déi eis am Januar 2001 virgeluecht ginn ass vu PricewaterhouseCoopers, déi déi grouss Linne festgeluecht hunn, déi mer och an dësem Projet erëmfannen. Ech wëll dofir och direkt soen, datt den ADR dësem Projet wäert zoustëmmen, och wa mer verschidde Propositiounen oder Iddien hunn. Mä ech mengen, et ass jo och festgehale ginn, datt mer an engem Zäitraum vun no dräi Joer, 2007, géifen eng Analys maachen, wat dëse Projet bruecht huet a well eben nach misste Kurskorrekturen an déi eng oder aner Richtung kommen, datt déi da kënnten zu deem Zäitpunkt virgeholl ginn.

Richteg ass, an ech mengen do ware mer eis alleguer eens, datt mer musse laut dem Prinzip iwwert d'Reserve fueren, datt dat musse sécher Investitioune sinn, déi net kënne spekulativ sinn an et gëllt och, wéi de President hei gesot huet, den Equiliber ze fannen tëschent engem optimale Rendement an engem minimale Risiko.

Et soll eng laangfristeg Ofsécherung vun eise Pensiounskeesen aus dem allgemenge Regime kommen. D'Gelder vun de Reserve vun deene Pensiounskeese sinn a priori do fir eben d'Pensiounen ze bezuelen an och laangfristeg kënnen ze bezuelen.

Mir bewegen eis am Kader vum Ëmlageverfahren an ech sinn och frou, datt zum Beispill d'Demokratesch Partei - gellt Dir, Här Krieps - an hirem Wahlprogramm stoen hat, datt se géif léiwer d'Kapitaldeckungsverfahren huelen. Nom Rentendësch huet dunn och d'Demokratesch Partei agesinn, datt dat mam Kapitaldeckungsverfahren näischt géif ginn an datt ee misst beim Ëmlageverfahre bleiwen, esou wéi dat iwwregens och vum BIT a senger Etüd deemools proposéiert ginn ass.

Déi zwee Regimer wieren net méiglech gewiescht, fir deen ee weider ze finanzéieren a fir datt nach aner Leit hätte missen am Kapitaldeckungsverfahre sech eng Pensioun opbauen, well mer wëssen, datt mer mat de Cotisatioune vun haut d'Pensioune vun haut bezuelen. Da kënnen d'Leit net mat de Cotisatiounen, wa se elo eng Pensioun bezuelen, sech och nach eng eege Pensioun opbauen. Déi zwee Systemer sinn eben net alles.

Wou een et hätt kënne maachen, an dat hate mer deemools proposéiert, dat ass wéi mer 1999 an der Fonction publique d'Cotisatiounen agefouert hunn, wou mer gesot hunn, alleguer déi Leit, déi nom 1. Januar 1999 an de Secteur public antrieden, falen ënnert d'Bestëmmunge vum allgemenge Regime. Do hätt een am Fong kënne soen, wann een hätt wëllen d'Kapitaldeckungsverfahre maachen, well dat jo lauter nei Leit sinn, déi also frësch an de Service vum Stat kommen, Cotisatioune bezuelen an déi net brauche fir aner Pensiounen opzekommen, do hätt ee kënne mat deem Kapitaldeckungsverfahren ufänken, well déi Leit jo eréischt an der Regel no 30, 40 Joer an d'Pensioun ginn. Mä och do war den zoustännege Minister oder d'Regierung net à même, fir eben an déi Richtung ze goen, obschonn dat eng Méiglechkeet hätt kënne sinn, wann een esou eng Iddi eescht geholl hätt.

Ech wëll vun eiser Säit aus dem President a Rapporteur vun der Kommissioun, dem Kolleeg Niki Bettendorf, merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hie presidéiert huet an eiser Kommissioun an och fir säi Rapport. Dofir brauche mer och net méi an d'Detailer vun dësem Projet anzegoen, e Projet wou virun allem de Fonds de compensation geschaaft ginn ass, e Modell, dee vun der Privatbeamtechamber proposéiert ginn ass an dee vum Conseil d'État iwwerholl ginn ass a spéiderhin huet d'Kommissioun de Regierungstext amendéiert an eben déi Propositioun doranner geholl, wou mer dee Fong kreéie-

ren, deen ënnert der Form vum Établissement public steet. De Rapporteur huet et gesot, wou eng Assemblée générale ass, e Conseil d'administration an e Comité d'investissement, deen ënnert der Kontroll vum Minister vun der Sécurité sociale steet. Ech brauch net méi op déi Punkten anzegoen. Et ass alles gesot ginn.

Och ass proposéiert ginn an der Etüd vu Pricewaterhouse wéi déi Gelder sollten ugeluecht ginn. An deem Projet, deen d'Regierung gemaach huet, si gréisstendeels déi Propositioune mat klengen Nuancë vun der Pricewaterhouse-Etüd iwwerholl ginn. D'Obligatiounen am Euro 21%, Net-Euro 5%, Aktien 20%, Immeublë 6%, Prêten 20%, Créancë 14% an d'Liquiditéiten och 14%.

Do kann ee sécherlech driwwer diskutéieren, mä wichteg ass, datt déi Placementer à court terme net méi do sinn an dat war am Fong de grousse Problem, dee bei deem ale System war, datt grouss Zomme kuerzfristeg placéiert gi waren, déi elo mat dësem System am Fong der Vergaangenheet däerften ugehéieren, genausou gutt wéi den Iwwerganksregime, dee geschaaft ginn ass, wou mer eis och an der Kommissioun eens waren, datt een net ka vun engem Dag op deen aneren esou e System ulafe loossen, mä datt een do eng Rei vu Jore brauch. Ech mengen de Stéchdatum ass den 1. Januar 2003 gewiescht, deen am éischte Projet schonn drastoung, vun do un, datt et leeft.

Et sinn haut verschidde Problemer hei ugeschnidde ginn. Och den Här Paul-Henri Meyers huet se ugeschnidden, fir datt een och an Zukunft misst kucke fir déi Gelder eventuell ekonomesch ze investéieren, fir iwwert dee Wee Aarbechtsplazen ze schafen. Mir hunn am Fong dräi esou Iddien.

Déi eng ass vun de Pensiounskeesen engersäits, wou mer de Betriber Kreditter zur Verfügung gestallt hunn, fir Investitiounen ze maachen. Op där anerer Säit hu mer den Assuréen, de Privatbeamten, Kreditter zur Verfügung gestallt fir ze bauen an et ass och diskutéiert ginn an der Kommissioun, datt een eventuell fir ethesch oder Solidarwirtschaft, oder ekologesch Investissementer soll Kreditter zur Verfügung stellen, wou de Projet dat net explizit virgesäit, mä e schléisst et awer och net aus.

Mä bei deenen dräi Iddie muss een ëmmer, mengen ech, awer fairerweis sech virun Aen halen, datt déi Gelder a priori do si fir Pensiounen ze bezuelen an datt et d'Verflichtung ass vun deenen, déi déi Gelder ze géréieren hunn, fir e Maximum vu Rendement eranzekréien. A wa mer Gelder wëllen dohinner ginn a mer wëllen ënnert de Maart goen, deen d'Banken offréieren, da gi mer praktesch déi Suen zënslos aus an dat ass natierlech och net am Sënn vun enger seriöer Gestioun vun de Pensiounsgelder.

Mir wëssen awer, datt de Maart sech selwer regléiert an datt haut praktesch d'Entreprisen net méi op d'Pensiounskeesen zréckgräifen, well eben d'Konditiounen, déi se bei der SNCI gebuede kréien, esou avantagéis sinn, datt d'Pensiounskeesen net méi kënnen drënner goen, an datselwecht fanne mer beim Logement. Och do sinn haut iwwert déi normal Banken an iwwert d'staatlech Subventioune bei der Uschafung vun engem Logement d'Konditiounen esou avantagéis, datt d'Nofro net méi esou grouss bei de Pensiounskeesen ass.

Dat wëllt awer net heeschen, datt een de System sollt ofschafen, mä et arrangéiert eis alleguer, wann déi Suen net méi bei de Pensiounskeese geléint ginn, mä datt mer dat Geld hunn, fir dat dann zu besseren Tauxe kënnen ze plazéieren.

Et kann een och d'Fro stellen, firwat datt mer zum Beispill bei den Aarbechter net och d'Méiglechkeet hu wéi bei de Privatbeamten, fir Prêten ze kréie wat de Logement ubelaangt.

Här President, d'Finanzsituatioun vun eise Pensiounskeesen ass natierlech extrem gutt hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn, wéi gesot, dräi Joer Reserve mat iwwer 200 Milliarde Frangen, wann ech gutt informéiert sinn, Et gëtt geschat, datt mer den 31. Dezember 2003 5.670.000.000 Euro als Reserven an de Pensiounskeesen hunn. Dat sinn net grad dräi Joer wou mer kënne Reserven zréckleeën oder leien hunn. Dat heescht an anere Wierder, wa kee méi géif Sue bezuelen an eng Pensiounskeess, kënnte mer nach dräi Joer Pensiounen ausbezuelen.

Et ass de Mëtteg hei scho gesot ginn, an eisen Nopeschlänner schwätzen se net vu Joren, do schwätzen se net vu Méint, do schwätzen se emol net méi vu Wochen, mä si schwätzen nach vun Deeg. Dat heescht, déi Cotisatiounen, déi haut erakommen, ginn och haut schonn erëm quasi eraus fir d'Pensiounen ze bezuelen.

Mir hunn also eng ganz gutt Finanzsituatioun an eise Pensiounskeesen am Privatsecteur, an et ass gutt, datt mer déi hunn. Déi huet eis et erlaabt engersäits de Pensiounssystem an de leschte Joren ze verbesseren, mä all déi Verbesserungen, déi mer net nëmmen um Rentendësch gemaach hunn, mä déi mer vun 1988 u konsequent duerchgezunn hunn, hunn awer trotz allem net dozou gefouert, datt d'Reserven erofgaange sinn, mä si si permanent an d'Luucht gaangen, mat engem absolute Rekord vu 5.670.000.000 Euro, oder an ale Lëtzebuerger Frang sinn dat 230 Milliarde Reserven, déi d'Pensiounskeesen aus dem beitragsflichtege Regime ze bezuelen hunn.

D'Plus-valuen, déi mer gemaach hunn an eise Pensiounssystemer, sinn enorm an d'Luucht gaangen an deene leschte Joren. Wann een emol 30 Joer zréckkucke geet op 1970 - dat si Chifferen, déi aus dem Rapport annuel vun der Sécurité sociale kommen -, do hate mer en Excédent vun 22,5 Milliounen Euro, also eng Milliard Frang. Zéng Joer méi spéit haten déi Plus-valuë sech verduebelt, mir sinn op 50 Milliounen Euro komm. 1990 hate mir schonn 211 Milliounen Euro Plus-valueën, also eppes iwwer 8 Milliarde Frang. Den déckste Chiffer hu mir am Fong am Joer 2001 erreecht, wou mir 620 Milliounen Euro Plus-valuen haten, also ronn 24 bis 25 Milliarden aler Frang an engem Joer Iwwerschoss, an d'lescht Joer 2003 komme mir op 495. Also och d'lescht Joer si praktesch 20 Milliarden aler Frang Plus-valuen am Pensiounswiese gemaach ginn.

Dat sinn enorm Zifferen, a well dat eben esou grouss Ziffere gi sinn, fir eben elo zesumme bal op 6 Milliarden Euro ze kommen, musse mir selbstverständlech och ëmdenken an eben déi Sue Gewënn bréngender uleeën wéi dat bis elo an der Vergaangenheet de Fall war.

An et beweist och - déi Plus-valuen -, dass déi Iwwerleeungen, déi virun enger Rei vu Jore gemaach gi sinn, dass een d'Sue misst à court terme uleeën, fir eben ëmmer genuch Liquiditéiten ze hunn, fir kënnen d'Pensiounen auszebezuelen, dass déi Iwwerleeungen haut net méi richteg sinn, well mir eben déi enorm Plus-valuen hunn, sou dass mer am Fong mat deene Suen, déi mir an deem Joer erakréien, eben ëmmer kënnen alles bezuelen, an dann nach esou vill Rescht hunn.

Dass ee muss e Fonds de caisse hunn, well déi Sue jo net ëmmer op den Datum erakommen, ass duerchaus normal, mä et ass net méi normal, dass ee Suen à court terme uleet, wou ee weess, dass ee laangfristeg esou grouss Zommen zur Verfügung huet. Och d'Etüden, déi mir gemaach hunn, beweise jo, dass an deenen nächste Joren d'Reserven ëmmer nach weider wäerte klammen, sou dass een also net méi brauch à court terme unzeleeën.

Ech wëll och soen, déi Leit, wéi mir hei d'Gesetz gestëmmt hunn iwwert de Rentendësch, déi dunn am Fong vun enger Rentemauer geschwat hunn a Gott weess net wat och nach alles ëmmer, déi hu sech am Fong eng platt Nues geholl, well trotz dem Rentendësch sinn d'Reserve weider ugeklommen, an trotz dem Rentendësch maache mir 2003 Plus-valuen um Exercice vu ronn 20 Milliarden aler Frang oder 500 Milliounen Euro.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et muss een awer hei festhalen, dat Gesetz hei ass e gutt Gesetz, mä dass eis Regierung trotzdeem laang gebraucht huet, fir zu dësem Gesetz ze kommen. Ech mengen, 1999 huet de Wirtschafts- a Sozialrot scho gesot, Dir musst et maachen. Ech wëll elo net drop zréckkommen, dass mir schonn 1994 an eisem Wahlprogramm et stoen haten, mä d'Regierung huet et dunn 1999 an hire Regierungsprogramm opgeholl, a se huet am Fong elo awer fënnef Joer gebraucht, fir dat Gesetz hei duerch den Instanzewee ze kréien.

Et muss ee wëssen, dass, wann een d'Etüd vu Pricewaterhouse liest, dass déi am Fong soen, dass een, jee no wat fir engem Szenario, awer kann domat rechnen, dass een 2% méi Rendement kritt vun deene Gelder, déi ee placéiert, an et kuckt een dann déi enorm Chifferen, da stellt een awer fest, wéi vill Gelder de Pensiounskeesen doduerjer verluer gaange sinn; et kann ee soen, zwou, dräi Milliarden aler Frang d'Joer, wou mir dat Gesetz hei ëmmer méi spéit gemaach hunn.

Dat Geld ass natierlech de Pensiounskeese verluer gaangen, mä et ass sécherlech de Banken net verluer gaangen. Dat heescht also, déi al Situatioun huet also d'Banke sécherlech gutt arrangéiert, well si wuel de Rendement laut de Kritäre vu Placementer à court terme bezuelt hunn, mä si haten d'Gelder jo awer u sech praktesch integral do stoen. An och de Stat huet doduerch verdéngt. Well d'Banke besser Geschäfter gemaach hunn, hu se méi Steiere bezuelt. Sou hunn net nëmmen d'Banken e Geschäft drunner gemaach, mä och de Stat huet hannerëm och nach een Deel vum Kuch iwwert de Wee vun de Steieren erëm zréckkritt.

Et muss een also awer dat festhalen, wéi vill Gelder de Pensiounskeesen iwwer all déi Joren, wou mir dat schleefe gelooss hunn, ier mir dat Gesetz hei gemaach hunn, verluer gaange sinn.

Et geet natierlech net duer, dass mir déi Gelder, déi mir hunn, Gewënn bréngend uleeën, esou gutt wéi méiglech, mä et muss een och kucken, dass déi Gelder, déi een huet, dass een déi net zweckentfremdet ausgëtt. An ech kommen dorop, wat virdrun hei ugeschnidde ginn ass. De Kolleeg Marcel Glesener huet et gesot, et ass de Renteklau, deen 1983 deemools vun eise sozialistesche Kolleegen héichgespillt ginn ass. Dat waren déi 27 Milliarde Frang deemools Scholdschäiner, déi beglach gi sinn, wou de Stat awer do op där anerer Säit seng Partizipatioun un der Cotisatioun erhéicht huet op 8%. Dat war deemools richteg. Deemools hunn d'Sozialisten dat als e Renteklau bezeechent.

*(M. Jean Spautz reprend la Présidence)*

Haut soe mir, dass d'lescht Joer mat dem Budgetsgesetz hei och e Renteklau gemaach ginn ass, wéi dës Regierung higaangen ass, a si huet fir d'Sanéierung vun de Krankekeese quasi 5 Milliarden aus de Pensiounskeese geholl, fir d'Krankekeesen ze sanéieren. An domadder huet se méi Suen aus de Pensiounskeesen erausgeholl wéi den Defizit bei de Krankekeese fir dat Joer war. Se huet also scho Sue mat erausgeholl, fir den Defizit vun deem Joer duerno mat ze decken.

Dat huet och dozou gefouert, dass déi Moossnamen, déi hätten am Krankekeesewiese misse geholl ginn, fir dass déi Krankekeesen eng Gestioun op d'Joer am Equiliber hätte kënnen duerstellen, jo alleguerten elo net geholl ginn, well mir einfach konnten e Gréff an d'Pensiounskeese maachen. Elo hu mir eben déi Suen do an elo loosse mir dat dann erëm zwee Joer esou lafen, an no zwee Joer wäerte mir dann erëm gären e Gréff an d'Pensiounskeese maachen. Dat ass e Renteklau. D'Pensiounskeesen, déi Cotisatioune vun de Leit, sinn do fir d'Pensiounen ze bezuelen an déi sinn net do, fir d'Krankekeesen ze sanéieren, wéi dat de Fall war.

Ech mengen, mir hunn dat ganz kloer gesot, an eis sozialistesch Kolleegen hu mat hirer ganzer Rëtsch vu Spëtzekandidate mat deem Renteklau vum leschte Joer trotzdeem hir Problemer gehat, Madame Err, well sou huet zum Beispill de John Castegnaro, deen e Spëtzekandidat ass, et zum Beispill ganz gutt fonnt, dass dee Renteklau do gemaach gëtt. Den Här Mars Di Bartolomeo huet gesot, et wär en Trick, dee kéint een eng Kéier maachen, an den offizielle Spëtzekandidat, den Här Asselborn, dee war dogéint, dass et soll gemaach ginn.

Also, d'Sozialisten haten an all deene Kategorien een dobäi: Een, deen et gutt fonnt huet, een, dee gesot huet, et ass en eemolegen Trick, an een, dee gesot huet, ech sinn dogéint. Dat ass eng richteg Vollekspartei domadder ginn. Se hunn also iwwerall een dobäi. Op all Wahlversammlung an deenen nächsten zwee Méint brauchen d'Leit nëmme just ze soen, ob se dofir oder dogéint sinn oder keng Meenung hunn, an da schécken d'Sozialisten de Leit dee richtege Spëtzekandidat dohinner, deen hinnen dat seet, wat se gäre géifen héieren.

Op jidde Fall hale mir fest, ob et deemools eng sozialistesch Regierung oder ob et haut eng CSV-DP-Regierung ass, et ass zweemol e Renteklau gemaach ginn, an déi Leidtragend sinn eben déi, déi an de Pensiounen an enger Rei vu Jore vläicht mussen negativ Moossnamen iwwer sech ergoe loossen, well déi Suen iergendwann dach eng Kéier feelen.

Genau datselwecht ass wéi elo d'Arcelor erëm en Aarbechtsplazofbau ka maachen, wou 1.000 Leit ofgebaut ginn, wou erëm versicht gëtt, dat iwwert d'Pensiounskeesen ofzewéckelen, wou am Fong de Fonds pour l'emploi dat misst bezuelen. Also hei ginn och Gelder vun Assuréë geholl, fir engem multinationale Konzern ze hëllefen Aarbechtsplazen ofzebauen, amplaz, wa mir als Land oder als Regierung der Meenung wären, dass déi Plaze missten ofgebaut ginn, da missten se ebe finanziell begleet ginn, dann ass et och hei net erëm un de Pensiounskeesen, fir dat ze finanzéieren, mä dann hätt dat och missen iwwert de Statsbudget gemaach ginn.

An eise Statsminister, deen am Fong jo déi Rentemauer do entdeckt hat virun e puer Joer, wéi et deemools geheescht huet, d'Pensiounen aus dem Privatsecteur ze erhéijen, déi kleng Pensiounen, fir dass déi eppes sollte bäikréien, do huet en iwwerall op eemol eng Rentemauer gesinn, wou mir frontal sollen dowidder rennen. Mä wéi seng Statskeese méi eidel gi sinn, wou en op eemol keng Sue méi a sengem eegenen Däppen hat, do hat e keng Rentemauer, do hat en awer kee Problem fir all gudden Dag e Gréff an d'Rentekeesen ze maachen.

Sou, wéi gesot, huet en d'Krankekeesen doriwwer sanéiert. E wëllt elo d'ARBED doriwwer sanéieren. Op där anerer Säit schwieft et him nach ëmmer vir, dass d'Mammerent misst iwwert d'Pensiounskeese finanzéiert ginn. Also, den Här Jean-Claude Juncker huet kee Problem, wa seng Këscht eidel ass, dann de Gréff an d'Pensiounskeesen ze maachen. Wann et awer ass, fir d'Renten am Privatsecteur opzemaachen, dann huet e permanent gesinn, dass do eng Rentemauer géif op eis zoukommen.

En anere Punkt, deen een hei net muss vergiessen, dat sinn d'Beiträg, déi geschëlt sinn an déi net abezuelt gi sinn. Ech hu virun zwee Joer hei an der Chamber eng Interpellatioun gemaach iwwert d'Faillitten. Deemools hu mir festgestallt, dass an de Joren 1992 bis 2002 bal 3 Milliarde Cotisatiounen net un d'Sécurité sociale iwwerwise gi sinn am Kader vu Faillitten. Dat sinn awer Suen, déi geschëlt waren, a wou zumindest d'Halschent dovunner jo och vun den Assuréen hire Gehälter ofgehale ginn ass.

Also, ech mengen, et war deemools den Henri Grethen als Wirtschaftsminister, deen am Fong ganz zréckhalend war, fir eppes dorunner ze änneren, dass mir net méi sollen esou vill Failliten hei am Land kréien, an elo geet nees d'Legislaturperiod un d'Enn, a mir stelle jo fest, dass op deem Niveau absolut guer näischt geschitt ass vun eisem Wirtschaftsminister. Et hat een einfach esou d'Gefill deemools an der Debatt, wéi wann dat hie géif arrangéieren, datt esou vill Failliten hei géifen am Land kommen. Hien huet op jidde Fall deemools keng Bereetschaft gewisen, fir eppes dergéint ze ënnerhuelen, an hien huet och bis haut näischt dergéint ënnerholl. Mä hien huet domadden och näischt géint dee Bedruch ënnerholl, deen do gemaach gëtt iwwert de Wee vu Faillitë vis-à-vis vun der Sécurité sociale, an dee Bedruch leeft also riicht virun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wier sécherlech nach villes ze soen. Ech wollt awer vun eiser Säit aus déi puer Iwwerleeungen hei mat erabréngen, datt et net duergeet, datt mer déi Gelder, déi mer hunn, gutt placéieren. Mä et geet och drëm, datt déi Suen, déi do sinn, net zweckentfremdet agesat ginn an datt déi Suen, déi de Pensiounskeese geschëlt ginn, och mussen erakommen.

Dat gesot, soen ech Iech merci a bréngen nach eng Kéier d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

**M. le Président.**- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här François Bausch agedroen. Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wa meng Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen, a mer och der Iwwerzeegung sinn, datt et Sënn mécht, fir déi Reserve vun de Pensiounskeesen am Privatsecteur besser unzeleeën, esou wëll ech awer profitéieren a menger Interventioun, nodeem de Rapporteur d'Technicitéit vum Gesetz relativ gutt erkläert huet, fir haaptsächlech eng Rei politesch Iwwerleeungen eranzebréngen, politesch Iwwerleeungen, déi gewëssermoosse méi kritesch sinn an och e bësse vläicht gewëssen Illusiounen ewechhuelen, déi ech awer mengen ze verspiere bei eenzelne Leit par rapport zu där Operatioun, déi mer haut iwwert dat Gesetz hei wäerte virhuelen.

Mir wäerten dofir stëmmen, well, wéi de Jeannot Krecké zu Recht hei analyséiert huet, oder den Ënnerscheed gemaach huet, et sech hei net ëm en Astig an d'Kapitaldeckungsverfahren handelt, mä et ass eigentlech just nëmmen e bessere Placement vu Gelder, dat am Kader vum Umlageverfahren gemaach gëtt. Ech mengen, de Jeannot Krecké huet menger Meenung no relativ gutt hei geschildert,

wat den Ënnerscheed ass zwëschent dem Kapitaldeckungsverfahren an dem Umlageverfahren, a firwat dat hei net dat eent ass an datt mer hei eigentlech beim Ale bleiwen. Dofir kann ech mer dat erspueren.

Mä ech wëll meng Interventioun awer ufänken, andeem ech eigentlech warne virun der Illusioun, déi wéi gesot menger Meenung awer e bëssen an de Käpp geeschtert, dat ass déi, datt duerch e bessere Placement vun de Reserve vum private Pensiounsregime, een esouzesoen e Meilestee géif maachen an enger definitiver Ofsécherung vun dem Finanzement vun der privater Rentevesécherung. Déi Illusioun do, déi heiansdo verbreet gëtt, steet op ganz wackelege Féiss.

Dat ass mat honnertprozenteger Sécherheet net de Fall, an dat net nëmme wéinst dem Fait, datt souwisou hei och schonn an den Texter an dem Exposé des motifs beschriwwen ass, datt de Rendement zwar natierlech verbessert gëtt, mä de Sprong, deen ee mécht mëttelfristeg an der Verbesserung vum Rendement - et ass zwar quasi eng Verdueblung -, mä datt dat awer och net dee grousse Sprong ass, mä och well ech der fester Iwwerzeegung sinn, datt um Niveau vun de Finanzmäert dat, wat am Joer 2000 passéiert ass, deen Zesummebroch, dee mer 2000 erlieft hunn op de Finanzmäert, eigentlech och eng Zäsur ass an deem, wat mer erlieft hunn an den 80er a virun allem an den 90er Joren, wou gemengt ginn ass, datt eigentlech quasi virtuell kéinten op de Finanzmäert relativ kuerzfristeg an esouguer mëttelfristeg enorm Benefisser gemaach gi relativ liichtfankeg.

Ech mengen, datt déi Zäsur, déi 2000 geschitt ass, nach net un Enn ukomm ass, datt déi nach eng Rei Rebondissementer wäert erliewen an datt mer mat grousser Wahrscheinlechkeet, mëttelfristeg mindestens, d'Finanzmäert sécherlech nach wäerten hunn - ech hoffen et zumindest an ech sinn och sécher, datt der nach wäerten do sinn -, mä déi aneschters wäerten ausgesi wéi dat haut de Fall ass, wou erëm méi Regulatioun wäert dra sinn. Well alles dat, wat een am Ament ka liesen, op internationalem Plang, och vu renomméierte groussen Ekonomisten, ob dat aus den USA ass oder anere Länner, dat deit drop hin, datt d'Tendenz an déi Richtung geet.

Dofir, wéi gesot, och wann een dee Wee hei geet, dat ass sécherlech ee Schratt, deen ee ka maachen, mat alle Virsiichtmoossnamen, déi och am Projet sécherlech dra sinn, da soll ee sech awer net der Illusioun higinn, well dat, wat wéi gesot op de Finanzmäert sech wäert ofspillen an deenen nächste Méint, dat wäert net méi dat sinn, wat an den 90er Joren dra war. D'Rendementer wäerten sech erëm do rééquilibréieren an iergendwann erëm eng Kéier awer och op dat Normaalt apendele, wat mer ze erwaarden hunn, wat - loosse mer soen - mindestens minimal a Relatioun steet mat der reeller Ekonomie. Dat ass deen ee Punkt.

En zweete Punkt, deen ech opwerfe wëll - obwuel sécherlech och keen hei dat behaapt huet, mä ech mengen, et ass awer vläicht wichteg, datt een dat hei och nach eng Kéier rappeléiert -, wäert eigentlech hei och e bësselche wéi en Damoklesschwert awer iwwert där ganzer Approche hei schwiewen, dat ass, datt mir awer nach ëmmer dovun ausginn, datt mer hei zu Lëtzebuerg quasi kontinuierlech pro Joer eng Plus-value de recettes bei de Pensiounskeese géinge généréieren. Bis elo war et och nach ëmmer de Fall. Den Här Gibéryen huet elo grad nach zitéiert d'Joer 2003, wou effektiv erëm eng Kéier och eng substanziell Plus-value erwirtschaft ginn ass an de Privatbeamtepensiounskeesen.

Mä ech wëll awer drop hiweisen, datt déi Plus-value de recettes, déi mer hunn, awer eigentlech ze verdanken ass gréisstendeels engem Fait, datt mer hei zu Lëtzebuerg trotz alle Krisenerscheinungen an trotz all deem, wat an Europa an an dem Rescht vun der Welt passéiert, nach ëmmer en Nettozouwuess un Aarbechtsplazen hunn. Mir hunn eng Situatioun hei am Land, déi ass nach ëmmer an där Hisiicht exceptionell par rapport, ech géing gäre soen, zum Rescht bal vun der Welt, wann een elo mol den asiatesche Raum ausklamert. Ech mengen, ech géif mol soen, par rapport zum Rescht vun der nördlecher industrialiséierter Welt.

Mir hunn och am Joer 2003 en Nettozouwuess vun iwwer 5.000 Aarbechtsplaze gehat hei am Land. Dat heescht, mir hunn do eigentlech Reserve kritt, déi baséieren op deem Nettozouwuess vun Aarbechtsplazen, woubäi mer awer net däerfe vergiessen, datt all déi vill Aarbechtsplazen, déi mer schafen, iergendwann och eng Kéier Pensiounsupréch wäerte généréieren, déi zwar haut nach net onbedéngt do sinn…

*(Interruptions)*

Si cotiséieren, richteg. Dat ass richteg. Mä par rapport zu deem, wat haut ass, duerch déi schnell Steigerung vum Nettovolumë vum Aarbechtsmaart, hu mer natierlech exceptionnel Plus-valuen, déi mir all Joers schafen an de Privatbeamtepensiounskeesen. Mä wie seet eis dann, datt dat éiweg esou weidergeet? Dofir, wann esou vill diskutéiert gëtt, dat wär quasi eng Selbstverständlechkeet, do soe mir als Gréng ganz kloer, datt mer der Iwwerzeegung sinn, datt dat net onbedéngt eng Selbstverständlechkeet ass.

Eleng de Fait vun dem schlëmmen Abroch, dee mer erlieft hu bei eisem Wirtschaftswuesstum tëschent 2000 an 2001, an dee sech duerno fortgesat huet déi Joren duerno - dee jo iwwregens och scho Konsequenzen hat op d'Schafung vun neien Aarbechtsplazen, well, och wa mer nach ëmmer do am Plus sinn, ass et zréckgaangen -, dee beleet, datt doudsécher och do erëm eng Kéier eng Rei Korrekture kënnen antrieden.

Dofir, bei allem Respekt iwwert dat, wat mer hei diskutéieren, ech mengen, datt mer net wäerten derlaanscht kommen och ze diskutéieren iwwert déi gesamt finanziell Ofsécherung vun eise Pensiounskeesen, an dat esou gutt déi ëffentlech wéi déi privat fir d'Zukunft, an onofhängeg och dovunner, géing ech souguer bal behaapten, wéi eis Ekonomie sech elo wäert entwéckelen, well menger Meenung no sécherlech esou séier net méi dat wäert de Fall sinn, datt mer erëm a Paragë komme wéi tëschent 1996 an 2000, wat absolut exceptionnel Jore waren.

Wann ech d'Wahlprogrammer liese vun de Parteien alleguerten, da sinn déi jo och alleguerte méi bescheide ginn. D'Sozialiste soen, mir striewen 2,5% Wuesstum un an der Moyenne. Anerer soen tëschent zwee an dräi. Also, ech mengen d'Parteien ähnele sech do. Dat heescht, jiddfereen ass do souwisou erëm méi realistesch ginn an dat beleet eigentlech och déi Geforen, déi sech awer hannert dem Finanzement generell vun eise Pensiounskeese verstoppen.

Well, mir dierfe jo och eppes aneschters net vergiessen: De Fait, dass eis Pensiounskeesen esou gutt do stinn, an dat ass jo scho bei Eenzelner zum Deel hei mol ugeklongen, dat ass, datt effektiv een Drëttel vun de Recettë vun de Pensiounskeesen hei am Land fiscaliséiert sinn. Dat heescht, déi 8%, déi de Stat d'office bäileet, déi gi vun de Steiergelder geholl. Wann ech natierlech kucken, wéi d'Recettë si beim Stat am Moment, da stellen ech fest, datt d'Recetten an deene leschten zwee bis dräi Joer zolidd agebrach sinn. Wann de Wuesstum an deene Paragë bleift, wou mer ons alleguerte virstellen, datt e wahrscheinlech an deenen nächste Jore wäert bleiwen, da kënne mer dovunner ausgoen, datt um Niveau vun de Statsfinanzen et och net méi esou ëmmer eng direkt Evidenz wäert kënne sinn, datt d'office gesot gëtt: Voilà, een Drëttel vun de Recettë vun de Pensiounskeesen ass d'office fiscaliséiert.

Dofir, déi Fro vun der laangfristeger finanzieller Ofsécherung, déi muss sech stellen, och aus verschiddenaartege Grënn. Si muss sech stellen, wéinst der allgemenger Entwécklung vun eiser Ekonomie an de Statsfinanzen insgesamt. Si muss sech awer och stellen, wéinst deem Déséquiliber, dee mer an der Zwëschenzäit hunn an eiser Gesellschaft iwwerall an Europa, wou mer aarbechtsintensiv Betriber, dat heescht Betriber, déi nach vill Leit beschäftegen, quasi pénaliséiere par rapport zu Betriber, déi Aarbechtsplazen ewechrationaliséieren.

Dee Rationaliséierungswahn, dee mer de Moment iwwerall an Europa erliewen, dee kënnt jo net nëmme wéinst den héije reelle Lounkäschten, mä dee kënnt och wéinst de Lounniewekäschten, a well an der Contrepartie och nach d'Energie zum Beispill esou bëlleg ass par rapport zum Facteur Aarbecht. Dofir musse mer ons déi Froen och eng Kéier stelle wéi mer e Réajustement kréien an der Berechnung vun de Cotisatiounen an de Recettë vun de Pensiounskeesen, am Privatsecteur esou gutt wéi am ëffentleche Secteur.

Ech wëll drop hiweisen, datt mer dofir awer virun dräi Joer, wéi d'Situatioun vum Stat finanziell besser war, eiser Meenung no als Gréng, eng Chance verpasst hu wéi mer d'Steierreform oder déi Steierreduktioune gemaach hunn, fir net eng ekologesch Steierreform ze maachen, wou een e ganze Koup Aspekter, déi ech hei ugeschnidden hunn, hätt kënne mat abauen.

Den Här Krecké huet och den Aspekt ugeschnidden, deen ech eigentlech lancéiert hat iwwer meng Proposition de loi vun dem Beschafe vu Gelder fir ekologesch oder sozial Projeten. Och hei ass et effektiv e bësse bedauerlech, an do huelen ech mech mat menger eegener Nues, datt mer net alleguerten zesummen an der Kommissioun méi gekuckt hunn, wéi ee bei där Kompartimentéierung, déi mer virgesinn hunn, vläicht direkt hätt méi eppes Konkretes kënnen abaue fir deen dote Beräich. Mä ech mengen, et ass net ze spéit. Et soll ee sech dat a Rou nach eng Kéier ukucke fir d'Zukunft a versichen eventuell eng Kéier do nozebesseren.

Ech wëll dann nach kuerz agoen op dee Bréif, dee schonn ugeschwat ginn ass vun der UEL, deen déi 15% Fonds de roulement betrëfft. Et ass esou, datt ech et och e bësse schued fannen, datt mer dee Bréif, dee jo awer ëmmerhin de 5. Abrëll un de President a Rapporteur vun der Kommissioun geschéckt ginn ass, eréischt haut kritt hunn. Tëschent dem 5. Abrëll an haut sinn zwou Wochen dertëschent an et wier vläicht awer net schlecht gewiescht, wa mer iwwert dee Bréif eng Kéier an der Kommissioun diskutéiert hätten oder vläicht esouguer d'UEL zesumme mat de Gewerkschaften nach eng Kéier geruff hätten an d'Kommissioun, fir iwwert dee Punkt ze diskutéieren.

Bon, et ass elo wéi et ass. Mir sollen de Projet elo haut esou stëmmen. Ech géing et awer gutt fannen, wa mer deen Exercice als Commission de la Sécurité sociale eng Kéier vläicht kënnten nohuelen. Dat heescht, datt een eng Kéier après coup - elo an deenen nächste Wochen ass et vläicht e bëssen enk - da spéitstens no de Wahlen an der Sécurité-sociale-Kommissioun iwwert dee Problem géif diskutéieren.

Et ass och hei vill spekuléiert gi wéi et dozou komm ass, datt dat esou an net esou ausgesinn huet. Ech mengen net, datt hei onbedéngt e politesche Wëllen hannendru gestach huet, datt dat esou gehandhabt ginn ass wéi et elo schlussendlech an Text steet. Ech mengen éischter, datt aner Ursaachen derhannert sinn, firwat datt et esou dozou komm ass. Deelweis Ursaache sinn d'Iwwerbelaaschtung vun esougutt dem Parlament wéi dem Conseil d'État.

Wann een dat mécht wat mer de Moment awer erëm eng Kéier maachen, nämlech ze vill séier bâcléiert Projeten duerchzezéien um Enn vun der Legislaturperiod, ech mengen net, datt dat ëmmer déi géeegenst a beschte Form ass fir gutt legislativ Aarbecht ze maachen. Mä bon, ech huele mech och do mat menger eegener Nues. Et hätt mer selwer kënnen opfalen, an dofir wëll ech och kengem aneren dowéinst e Virworf maachen.

Ofschléissend, Här President, wëll ech awer nach op ee Punkt opwerfen, deen net direkt eppes mam Projet ze dinn huet, mä deen oft vergiess gëtt an der Diskussioun, deen awer indirekt domadder ze dinn huet.

Mir hunn de Moment ee Secteur, dee weder eng Pensiounskeess a scho guer net ze schwätze vu Pensiounsfongen oder Reserven huet, an dat ass d'Fonction publique. Ech muss Iech ganz éierlech soen, mir fänkt et esou lues un Angscht ze gi wat eng Kéier an Zukunft op dee Secteur wäert zoukommen, wa mer net endlech och do, wa mer dann eng Kéier dozou kommen déi véier Keesen ze fusionéieren, dann och fir déi eppes mat dran ze maachen.

*(Interruptions diverses)*

Här Gibéryen, dat gefält Iech elo vläicht net esou.

*(Interruption)*

Et geet och net dorëms. Et geet hei drëm drop hinzeweisen, datt zënter der Reform vun de Pensiounssystemer am ëffentleche Secteur, dat heescht zënter 1999, pro Joer Milliounen a Millioune Cotisatioune vun de Beamte selwer an de Statsbudget fléissen an datt d'Part patronale, dat heescht déi 8% vum Stat, iergendwéi virtuell am Statsbudget ass, esou datt keen eigentlech weess an der Ëffentlechkeet wat de Moment de reelle Stand ass vun de Pensiounskeese vum ëffentleche Secteur.

Dat soen ech elo net, well ech déi wëll brandmarken, mä well et mer wierklech Angscht ass a well ech mer Suerge maachen driwwer, well ech et gesi kommen, datt wann d'Statsfinanze weider esou schlecht si wéi se sech de Moment ofzeechnen, oder riskéiere méi schlecht ze ginn an deenen nächste Joren, da wäert de Risiko grouss sinn, datt mat de Pensiounscotisatioune vun de Leit aus dem ëffentleche Secteur d'Autobunne finanzéiert ginn oder ech weess net wat nach alles, mä op alle Fall déi Suen iergendwann vläicht eng Kéier net méi disponibel si fir d'Pensiounen auszebezuele fir d'Leit aus dem ëffentleche Secteur.

Dofir mengen ech, datt an der nächster Legislaturperiod, egal wéi déi nächst Regierung ausgesäit, déi gutt berode wier och déi dote Saach eng Kéier am Fong ze diskutéieren a sech d'Fro ze stellen, wéi se eng Léisung fënnt fir dee Problem, well ansonsten, wann dat do schleefe gelooss gëtt, riskéieren déi ëffentlech Beamten alleguerten eng Kéier relativ domm aus der Wäsch ze kucken, jee nodeem wéi d'Entwécklung ass an deenen nächsten 20 Joer.

Här President, dat war et wat ech vun eiser Fraktioun aus wollt soen. Mir wäerten dëse Projet selbstverständlech stëmmen.

**M. le Président.**- De leschte Riedner ass den Här Serge Urbany. Den Här Urbany huet d'Wuert.

**M. Serge Urbany** *(déi Lénk)*.- Här President, den Här Gibéryen huet elo virdrun hei vill geschwat vum Renteklau. De Renteklau war jo am Fong geholl de Gréff vum Stat an d'Pensiounskeesen. Ëm wat et sech hei handelt, dat ass de Gréff vun der Finanzplaz an d'Pensiounskeesen. Ech wëll net soen, et ass souwisou bekannt, fir wat fir ee Gréff ech eventuell am meeschte Sympathien hunn. Op jidde Fall net fir deen hei, an ech mengen och, dass et falsch wier, fir och nach d'Fonge vun den ëffentleche Beamten deeselwechte Wee goen ze loossen.

*(Interruptions diverses)*

Mä déi Fonge sinn zum Deel de Budget.

*(Interruptions diverses)*

Jo voilà, an et bleiwen ëmmer manner Mëttel do. Dat heite Gesetz ass menger Meenung no, no der Steierreform vum Joer 2001-2002, déi gréisste wirtschaftlech a sozial Feelentscheedung, déi ënnert dëser Regierung geschitt. Hei kritt d'Finanzplaz an hei kritt d'Bourse Wäerter zougespillt a Milliardenhéicht an ech schwätze vun Euroen, net vun ale Lëtzebuerger Frangen, Wäerter, déi eigentlech do si fir d'Pensiounen ze garantéieren a paradoxerweis mam Argument vun der Garantéierung vun de Pensioune kréie se dat zougespillt.

Hei gëtt am Fong geholl d'Pensiounsversécherung an e Pensiounsfong ëmgewandelt, deen eng Reserv vun 200 Milliarden ale Frangen, 23% ëmmerhi vum PIB, no enger reng finanzieller Logik soll verwäerten, andeem en se zu 40% an Aktien an Obligatioune soll ëmwandelen, déi op der Finanzplaz an op der Bourse gehandelt ginn.

Et kann een nach à la limite verstoen, dass an Zäite vu Boom vun de Bourssen eng bestëmmten Euphorie opkomm ass, fir ze soen, kommt mir placéieren déi Suen an Titren, amplaz dass mer se op d'Bank ginn, da kréie mer en zweestellege Rendement.

Mä ech froe mech, wou een haut nach nom Zesummebroch vun de Bourssecoursen, nom Platze vun der spekulativer Blos, net nëmmen an Amerika, mä och an Europa, an no deene vill méi klenge Rendementen haut vun den Aktien, generell sech op esou e Mechanismus kann aloossen.

Ech ka mer dat nëmme mat engem Motiv erklären. Dat ass dee vum Drock vun de Finanzkreesser, déi de Volume vun de finanziellen Einlagen op der Plaz Lëtzebuerg wëlle vergréisseren. Dat gëtt fréscht Geld, wat an d'Ekonomie gepompelt gëtt, awer op déi Aart a Weis, wéi déi Zort Wirtschaft funktionéiert.

Mir wësse jo alleguer, dass d'Gestionnairë vun deene Fongen iwwerall do dränge wou se Suen investéieren op héich Rendementen, an zwar op Rendementen, déi iwwert dem wirtschaftlechen Duerchschnëtt leien. Wann awer de Rendement iwwerduerchschnëttlech ass an deene Fongen, dann ass dat meeschtens geschitt duerch Restrukturéierungen, duerch Delokalisatiounen, duerch méi laang oder méi flexibel Aarbechtszäiten, duerch Drock op d'Léin an op d'Aarbechtsbedéngungen.

Fir nëmmen ee Beispill ze gi wat ganz aktuell ass, dat ass dat vun der Arcelor. Wann de Wäert vun den Arcelor-Aktie wiisst, dann ass dat well hir Kotéierung op der Bourse doduerch steigt, dass d'Arcelor Aarbechtsplazen ofbaut. Et ass e bekannte Phenomeen, dass den Ofbau vun Aarbechtsplazen de Wäert vun den Aktie steige léisst.

Dat féiert zu deem perversen Effet, dass Rentner oder zukünfteg Rent-

ner sech erfreeën iwwer eng héijer Reserv, déi se hu fir hir Renten ze finanzéieren an dass dat geschitt op Käschte vun den Aarbechtsplazen, déi se de Moment hunn.

Et kann och esou sinn, dass de Wäert iwwerhaapt vun den Aktien fält, nach ëmmer méi verfält, besonnesch da wann et zu engem Börsekrach kënnt.

An hire Prospectioune ginn déi konsultéiert Experten eventuell och vun negative Resultater aus vum Placement vun deene Fongen, Aktien an Obligatiounen, jee nodeem wéi dat wirtschaftlecht Ëmfeld an Zukunft sech wäert gestalten an et ass och dofir, dass d'Beruffskummere fir hiren Deel eng Garantie vum Stat verlaangen, deen da soll agräifen, an et ass och kloer, dass se dat verlaangen, well si jo d'Haaptinteressenten dorunner sinn, well déi Verantwortlech un där Situatioun sinn da laang mat de Suen iwwer all Bierger.

Ech hunn am Exposé des motifs vum Projet de loi eng interessant Tabell fonnt iwwert de Rendement vun der Reserv an der Vergaangenheet, an zwar sinn do gekuckt ginn d'Joren 1985, 1995 an 2001. Iwwregens gesinn ech do, dass schonn an Titren investéiert ginn ass an zwar sinn 1985 120 Milliounen investéiert ginn dran, an 2001 475 Milliounen, an de Rendement vun deenen Titren ass gefall an därselwechter Zäit vun 1985 un, wou en aus 8,5% bestanen huet, op 4,6% am Joer 2001. Während därselwechter Zäit…

***(Interruption)***

Do kommen ech elo dozou.

Während därselwechter Zäit ass de Rendement vun de Placements à terme gefall vu 7,8% op 4,5% - dat heescht, op e Wäert, deen ongeféier deeselwechten ass. Dat heescht, virun zwee Joer hunn Aktien och net méi erabreucht wéi Placementer op der Bank.

An et ass jo och esou, dass an der ganzer Geschicht vun der Entwécklung vun der Ekonomie Aktien iwwer länger Zäit duerchschnëttlech net iwwert dem Wirtschaftswuesstum leien. A wa se däitlech iwwert dem Wirtschaftswuesstum leien, wéi zum Beispill am Joer 1929, da kënnt et zu engem Börsekrach.

Et muss een also am Fong geholl, wann een d'Intérête vun de Rentner längerfristeg ofséchere wëllt, fäerten, dass d'Bourse unzitt, dass déi ganz Spekulatioun erëm ufänkt, dass d'Blos ëmmer méi grouss gëtt, ee Moment platze wäert an domadder och d'Reserve vun de Renten a Fro stellt.

Déi ganz Lëtzebuerger Politik - an dat ass e Paradox menger Meenung no - setzt awer op eng Entwécklung vun der Bankeplaz an Zukunft. Ech gesinn doranner e ganz grousse Paradox, an ech gesinn doranner, dass mer hei d'Pensiounskeese bannen un d'Schicksal vun der Bankeplaz - dat heescht, mir verstäerken och nach deen ekonomesche Monolithismus, dee souwisou an eisem Land am Intérêt vun der Bankeplaz besteet. An dat ass keng gesond Politik. An ech kann där och net hei zoustëmmen.

***(Interruption)***

Dat Gesetz, Här Mehlen…

***(Interruption)***

Här Mehlen, Dir kënnt jo herno nach Äre Wieler erklären, firwat Dir hei systematesch fir Privatiséierunge sidd. Den ADR ass jo déi grouss Privatiséierungspartei hei am Land, dat hu mir haut jo erëm eng Kéier gemierkt.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Wouhinner Äre System gefouert huet, dat hu mer jo zu Moskau gesinn.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Jo, well dat de Contraire war vun deene Wäerter, fir déi een eigentlech muss antrieden.

***(Interruption)***

Absolut! Absolut! Do ass eng ganz grouss Nuance. An Dir sidd frou, dass Dir dat Beispill hutt.

***(Interruptions diverses)***

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Dofir pilgert Dir dach all Joers eng Kéier a China, well do nach eng déck Mauer steet.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Also, ech mengen, Dir hutt déi aktuell politesch Entwécklungen och wierklech net matkritt, Här Jaerling, oder Dir wëllt hei bewosst alles verdréinen.

***(Interruptions diverses)***

Här President, ech wëll elo hei weiderfueren, well…

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

…nodeem den ADR de Rentner hei d'Reserve klaut, wëll e mir och nach d'Riedezäit hei klauen.

***(Interruption et hilarité)***

Dat Gesetz hei, Här President, huet och nach eng Partie vun anere Konsequenzen. Éischtens, de Finanzement vun der Statsschold iwwert d'Reserv vun der Sécurité sociale gëtt elo definitiv fir d'Zukunft ausgeschloss. Dat verstäerkt och den Drock vum europäesche Stabilitéitsplang op d'Statsfinanzen. An am Fong geholl ass och aus där Siicht gekuckt déi Operatioun hei en Deel vun enger Mainmise vun enger Schicht vun interesséierte Finanzkreesser op d'öffentlech Finanzen an op de Sozialstat.

Zweetens, de Placement vun der Reserv vun der Sécurité sociale gëtt hei d'Regel. Dat muss ee ganz kloer gesinn, wann ee kuckt, wéi dat Gesetz opgebaut ass. An all aner Gesichtspunkter, zum Beispill d'Gesichtspunkter am Intérêt vun der nationaler Ekonomie oder d'sozial Gesichtspunkter wéi bei de Prêten am Intérêt vum Logement, ginn d'Ausnahm.

Kuerzfristeg Placementer op Konte ginn och zur Ausnahm. Awer all Begrenzunge ginn opgehuewen, wat déi mëttelfristeg an déi laangfristeg Placementer ugeet. Och d'Placementer an Immeublë sollen an Zukunft finanzielle Rentabilitéitskritären ënnerworf ginn.

Drëttens, déi eenzeg Placementer, déi net dem Rendementsdrock hei ausgesat solle ginn, dat si Statsprêten, also dat heescht Prêten un de Stat, Prêten un d'Gemengen, an industriell Betriber oder d'Prêten u Privatleit, wéi zum Beispill déi hypothécaire Prêten am Intérêt vum Logement, vun deenen hei geschwat ginn ass. Déi kënne weiderhin am Prinzip iwwert d'Keesen ausgefouert ginn. Se kënnen, awer si mussen dat net, wéi dat an der éischter Versioun vum Gesetz virgesi war.

Et wäert och an Zukunft keng Opdeelung gi vun de Prête méi no engem Drëttel fir den öffentleche Secteur, no engem Drëttel fir d'Betriber an no engem Drëttel fir d'Stéit. Alles ass an der Technik vun deem Gesetz hei drop ausgeluecht, fir d'Politik vun de Prêten am Intérêt vun den öffentlechen Investissementer, vun der Industriepolitik oder vun der Logementspolitik méiglechst kleng ze halen, a souguer längerfristeg a Fro ze stellen.

Den Här Paul-Henri Meyers huet hei richteg gesot, hei gouf awer - bei deene Prêten - déi real Ekonomie gefördert. Et goufen Aarbechtsplaze geschafen. Bei Investitiounsfongen ass et leider esou, dass Aarbechtsplaze virun allem ofgeschaaft ginn.

Et ass och kloer hei gesot ginn, dass d'Prêten am Intérêt vum Wunnengsbau an Zukunft net méi normal wäerte sinn, dass se och politesch iergendwéi a Fro gestallt gi sinn. Dat huet och de Vertrieder vun der Regierung an der Kommissioun däitlech gesot, dat géif vun der Politik an Zukunft ofhänken, ob d'Leit nach e Prêt kréie fir hiert Haus ze finanzéieren iwwert d'Keess zum Beispill vun de Privatbeamten. Dat heescht, amplaz déi Prêten auszedehnen och op d'Aarbechter, och op déi aner Keesen, gëtt dat hei wesentlech awer an Zukunft ageschränkt an a Fro gestallt.

Zur Struktur vum Fonds de compensation wëll ech och nach eppes soen. Et ass hei nach esou just verhënnert ginn, dass en Établissement public an e Fonds de placement ënnert der Kontroll vun der Bankenopsiicht verwandelt gi wier. D'Regierung huet do kee Widderspruch dra gesinn, dass en Établissement public d'Form vun engem OPC géif unhuelen. Ech mengen, alleng dat léisst déif blécken iwwert déi Verbaaschterung vun de juristesche Konzepter an iwwert dee prinzipiellen Ausverkaf vun der Notioun vum Stat, déi ënnert dëser Regierung prinzipiell dauernd hei déi lescht Zäit bedriwwe ginn sinn an der Fro vun den Établissements publics.

Esou Saache wéi déi heite kommen dobäi eraus, wann ee PricewaterhouseCoopers Konzepter ausschaffe léisst, wat de Fonctionnement vu staatlechen oder parastaatlechen Institutiounen ugeet. Als Consultantë vun der Sécurité sociale, als Fongverwalter an esou weider kommen iwwregens an Zukunft déiselwecht Consultingsfirmen, déiselwecht Conseillers en placement a Fro, déi jo déi ganz Schäiwelt vun de Finanzen dominéieren a manipuléieren a sech eng gëllen Nues dorunner verdéngen.

De Stiglitz huet a sengem leschte Buch iwwregens ganz kloer nogewisen, wat fir eng Roll, wat fir eng verheerend Roll déi Consultingsfirmen do spille bei finanzielle Skandaler, wéi dee vum Enron-Konzern zum Beispill. Deeneselwechte Leit gi mir hei awer d'Sue vun den zukünftege Rentner an d'Hänn, fir dass se domadder kënnen hir Placementer bedreiwen.

M. le Président.- Här Urbany, Är Zäit ass ofgelaf.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Schluss.

No der Förderung vun de Pensiounsfongen…

***(Interruptions)***

Jo, rechent dem ADR se un!

***(Coups de cloche de la Présidence)***

No der Regelung vun de Pensiounsfongen a vun de Komplementarpensiounen duerch en extrat Gesetz, wat déi soll facilitéieren, ass menger Meenung no hei eng weider Gefor fir d'öffentlech Pensiounsregimer entstanen.

Et huet emol an der Zäit geheescht: Hänn ewech vum Index. Ech mengen, dass et elo eigentlech misst heeschen - leider héiert een net vill dobaussen dovunner -: Hänn ewech vun de Rentereserven!

A passt op den ADR op an Zukunft…

***(Hilarité)***

…, deen déi Politik konsequent verfollegt…

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Et ass eriwwer, Här Urbany.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- …an dat hei och däitlech seet.

***(Interruptions)***

Ech stëmmen op jidde Fall, Dir Dammen an Dir Hären, mat zwou Hänn géint deen heite Projet.

***(Interruptions)***

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Minister vun der sozialer Sécherheet, den Här Carlo Wagner.

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir vläicht, dass ech net ze vill laang op d'Explikatiounen hei vum leschte Riedner aginn. En ass leider net méi heibannen. Ech notéiere just, dass an deene Länner, déi him no stinn, wou en fait keng Crashs boursiers waren, dass déi Länner Crashen erlidden hunn, vun deenen se sech sozial an ekonomesch bis haut nach net erholl hunn.

Ech wëll awer dofir fir d'alleréischt dem Här Bettendorf, dem Rapporteur vun deem Gesetz hei, félicitéiere fir dee ganz excellentë Rapport, deen effectivement an d'Detailer gaangen ass oft souguer vun der Technicitéit vun deem Projet hei. Et ass d'éinescht gesot ginn - ech menge vum Här Gibéryen -, et hätt laang gedauert, bis dee Projet hei entstane wär. En huet awer zumindest de Mérite, dass emol endlech ënnert där heiter Regierung dat dote geschitt ass.

Ech wëll och soen, Dir hutt gesot, et hätt fënnef Joer gedauert, dat stëmmt en fait net. Ech mengen d'absolut Prioritéit hat effectivement de Rentendësch, an et ass eréischt nom Rentendësch, wou mir eis konnten…

***(Interruption)***

Richteg! Jo, an der Regierungserklärung. Dir wäert jo net verlaangen, dass alleguerten déi Mesuren, déi do drastinn, direkt deen éischte Mount iwwert d'Bühn ginn.

***(Interruption)***

Dofir ass dat iwwer fënnef Joer verdeelt.

Ech mengen, mir hunn déck zwee Joer un deem heite Projet geschafft, well ech scho gesot hunn, dass et e ganz techneschen a ganz komplexe Projet ass, bei deem mir och net op ville Plazen ofkucke konnten, wéi dat jo an der Lescht an der Politik hei zu Lëtzebuerg schéngt d'Spezialitéit ze sinn, mä mir hu misse versichen en eegenen, stabile System opzebauen am Intérêt vun deene jëtzegen, a besonnesch och vun deenen zukünftege Rentner.

Et ass geschwat ginn hei iwwert d'Fusioune vun de Keesen, déi, ech mengen, den Här Krecké sech gewënscht hat. Ech mengen, dat war net d'Finalitéit vun deem heite Projet. Et ass awer effectivement am Kader vun deem Groupe de travail, dee mat de Partenaires sociaux op d'Bee gestallt gi war, iwwert déi Méiglechkeet geschwat ginn, iwwert déi et awer ganz ganz grouss Désaccorde gi sinn. Néanmoins muss ech soen, dass ech deen heite Projet de loi awer als en determinante Schrëtt an d'Richtung vun de Fusioune betruechten.

Et ass och hei de Mëtteg effectivement erwähnt ginn, dass verschidde Bedenke sinn iwwert déi 15% Trésorerie, déi en fait sollen en tant que réserve an deene verschiddene Keese bleiwen. Ech wëll bedenken, dass trotzdeem awer déi Keesen och musse verschidde Moyens financiers behalen, déi hinnen och erlaben efficassement weiderzeschwätzen. Ech wëll als Beispill nëmme soen, dass ganz oft och un den Immeublen Imprévuë kommen, wou ee muss relativ vill investéieren, fir déi nees kënnen an d'Rei setzen.

Mä ech wëll awer och dat heite soen: Déi 15% si vläicht arbiträr, an et ass näischt immuable. Et ass d'éinescht scho gesot ginn, dass mer wäerten ouni Zweiwel an e puer Joer eis dohinner setzen, an effectivement d'Points forts an d'Points faibles vun deem Projet kucken, dass mir also wäerten dee ganze Projet enger Revisioun ënnerleeën, an näischt seet, dass een dee Moment net kann och esou ee Punkt änneren.

Den Här Bausch huet richtegerweis opmierksam gemaach op d'Gefor vun de Marchés financiers, dass ee selbstverständlech keng Garantien huet an Zukunft, dass d'Marchés financiers wäerte positiv sinn, och d'selwecht wéi mir et matgemaach hunn an der Vergaangenheet, dass mir effectivement op de Marché-financieren oft Secoussen erlieft hunn, net nëmmen déi vun 1929, mä ech wëll och un déi erënnere vum 19. Oktober 1987. Ech kennen den Datum ganz gutt, well ech a mengem fréiere Liewen deemools ganz juste-ment responsabel war op enger Bank fir d'Gestion de fortune, an dass ech do kann e Wiertche matschwätzen iwwert d'Gefiller, déi een huet, wann esou Secoussë kommen.

Mä, wat een awer och nees muss soen, dat ass, dass ufanks den 80er Jore schonn d'Effets néfastes vun der déif gräifender Kris nees opgefaange waren, an dass d'Investissement-boursieren nees positiv gi sinn. D'selwecht och wéi effectivement d'Etüde vu Pricewaterhouse erginn hunn, Etüden, déi bis op 30 Joer zréckgaange sinn an déi kloer bewisen hunn, dass, ob een dat kuckt op déi lescht 30 Joer oder op déi lescht 20 Joer oder déi lescht 10 Joer, dass dans tous les cas, wann een iwwer eng gewësse Period kuckt - an dat muss een an der Gestion de la fortune esou maachen oder och an der Gestion de portefeuille -, dass dans tous les cas de Rendement ëmmer bedeitend méi héich war, wéi dat de Fall wär, wann ee géif an der Trésorerie investéieren.

Ech wëll awer soen, dass grondleeënd den Haaptsouci an deem Gesetz hei d'Sécherheet effectivement vun eise Pensiounssystemer war. Dat heescht, dass hei verschidden technesch Kritäre berücksichtegt gi sinn, wéi d'Collativitéit vu verschiddene Valeuren, wéi beispillsweis och hir Cotatiounen no Standard&Poor's an esou virun, ob et „double A" oder „triple A" huet an esou virun; et sinn och d'Kritäre wéi Écart-type berücksichtegt ginn – jee, alleguerten déi technesch Elementer, déi wichteg sinn, fir eng Appréciatioun ze maachen iwwert de Rapport Risque-Rendement si mat a Betruecht geholl ginn.

Ech kann Iech soen, do, effectivement, hu mir eng Approche relative, also souguer eng ganz prudent Approche, déi eis awer trotzdeem wäert erlaben, iwwer eng gewëssen Zäit gekuckt, fir besser Rendementer erauszezéien.

Et ass och vun de Prêtë geschwat ginn, wou ech perséinlech och honnertprozenteg mech agesat hunn, dass déi solle bäibehale ginn, well ech eben do och eng Approche éthique dra gesinn. Firwat? Well ee soll, mengen ech, och d'Finalité sociale an économique vun deene Prêtë kucken. Déi Prêtë komme wéi gesot Privatpersounen zegutt, och Ekonomien; se sinn also e beliewend Element fir eis Ekonomie hei zu Lëtzebuerg, an dat ass besonnesch och wichteg a méi schlëmmen Zäiten.

Den Här Krecké huet nach geschwat vun de Valeurs à caractère éthique, solidaire et écologique. Ech mengen, et steet am Rapport vun der Kommissioun, dass absolut näischt d'Investissement an esou Valeuren empêchéiert.

Ech wëll awer och nach zum Schluss ganz kuerz agoen op dem Här Gibéryen säi sou genannten, dat, wat hien nennt „de Renteklau vun 130 Milliounen". Ech mengen, den Här Gibéryen ass sech honnertprozenteg bewosst, dass déi 130 Millounen net einfach aus der Loft gegraff sinn. Dir hutt gesot, dat wär souguer méi héich gewiescht, wéi dat Lach, dat an de Prestations en espèce gewiescht wär. Dat stëmmt och, well dat bei 85 Milliounen war. Mä et ass ebe justement net gemaach ginn, déi doten Operatioun, fir just dat Lach ze stoppen, mä ganz einfach, fir eng On-

gerechtegkeet tëschent deenen zwee Systemer ze rétabléieren…

*(Interruption)*

…duerch, an Dir wësst et, duerch déi Jurisprudence vun 1996 am Kader vun der Assurance invaliditéit.

*(Interruption)*

A wat justement d'Assurance invaliditéit ubelaangt, sinn ech iwwerzeegt, dass an nächster Zäit effectivement déi dote falsch Transferten, wéi se virdru geschitt sinn tëschent, soe mir 1997 an 2002 bis 2003, net méi wäerte kommen, éischtens emol, well mir jo am Joer 2002 en Invaliditéitsgesetz gestëmmt hunn, dat wuel nach verschidde Lacunen huet, mä zu deem ech entre-temps och schonn e Projet de loi portant révision vun deem Invaliditéitsgesetz déposéiert hunn, wat dee Moment och wäert eis erlaben, dass do ganz, ganz vill Leit, déi échappéiert sinn, déi laanscht dat Invalidegesetz 2002 gaange sinn, déi Kéier wäerten do net méi laanschtkommen an dass déi Leit dee Moment also och eng Protection sociale hunn.

Ech wëll och iwwregens drop hiweisen, dass déi Mesuren, déi am November am Kader vun der Tripartite décidéiert gi sinn, fir justement - et ass e Lach vu 85 Milliounе bei de Prestations en espèce -, dass dat net méi soll virkommen, dass och do Mesuren ergraff gi sinn, an dass mir an der nächster Zäit, dëse Mount och do wäerten den Avis kréie vun dem Statsrot, sou zwar dass dat och nach elo virum Enn vun dëser Sessioun vun der Chamber kann iwwert d'Bühn goen.

Jo, Här Jaerling?

M. le Président.- Den Här Jaerling freet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här Minister, wann Dir schonn dat Gesetz iwwert d'Réinsertion professionnelle an d'Incapacité de travail reforméiert, wäert Dir dann och an deem Gesetz änneren, dass de Revenu d'attente net méi vun de Pensiounskeese bezuelt gëtt an der Héicht vun der Invaliderent, déi d'Leit zegutt hunn? Well, dat ass jo nämlech och eng Aart vu Renteklau, déi elo vun deem un, dass dat Gesetz besteet, bedriwwe gëtt.

Dat heescht de Revenu d'attente, deen néierens steet, weder an de Statistike vum Chômage nach an de Statistike vun den Invaliderenten, dee gëtt awer vun de Pensiounskeese bezuelt an der Héicht vun den Invaliderenten. Och dat ass eng Aart vu Renteklau. Wäert Dir dat dann elo bei der Reform och änneren?

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Jo, a wann d'Invaliderent ausbezuelt gi wär, da wär et, hätt Dir gesot, och e Klau oder wéi? Well, ech mengen…

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Neen!

*(Interruptions)*

M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ech mengen, dat Wuert Klau fänkt un e bësselchen ADR-Syndrom ze ginn.

*(Coups de cloche de la Présidence)*

Also ech mengen awer, Här Jaerling, dat Gesetz ass déposéiert. Dat wäert duerch d'Kommissioun goen. Do kritt jiddereen, och Dir, d'Wuert, fir dee Moment Propositiounen an Amendementer ze maachen.

Ech muss soen, Här President, alles an allem sinn ech awer erfreet, dass zumindest wat d'Gesetz a sengem Ensembel ugeet, et an der Chamber bei sämtleche Fraktiounen d'Zoustëmmung fënnt. Ech si fest iwwerzeegt, dass mer doduerch eise System vun de Reserven de manière signifiante wäerte stabiliséieren, och wann et richteg ass, wéi den Här Bausch gesot huet, dass een net dierf ze behaapten, dass elo duerch dat heite Gesetz eise System iwwer 40 oder 50 Joer ofgeséchert wär, mä mat deene Reserven, déi mer de Moment hunn, an ech mengen et war och den Här Gibéryen, dee se genannt huet, wäerten Enn 2004 d'Reserve vun de Pensiounen am Privatsecteur iwwer 6 Milliarden Euro leien. Dat heescht, 3,10-mol Prestations annuelles. Ech kennen net vill Gesetzer hei zu Lëtzebuerg, déi esou ofgeséchert si wéi dat.

Selbstverständlech, an ech sinn och gären dozou bereet, egal wéi, kann ee sech roueg Gedanke maachen iwwer autres sources de financement. Ech mengen, et besteet awer doranner absolut keng Drénglechkeet. Duerch dat heite Gesetz wäerte mir op alle Fall eis Reserven nach weider konsolidéieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Patrick Santer), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers) et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Marco Schroell), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer (par M. Emile Calmes);*

*MM. Jean Asselborn (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Lydie Err), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Zanussi) et M. Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mir elo zum nächste Punkt an dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5290, verschidden Ofkommesprotokoller mat der Belsch. Et sinn ageschriwwen d'Madame Stein an den Här Fayot. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

## 6. 5290 - Projet de loi portant approbation

- d'une Déclaration solennelle, exprimant la volonté du Grand-Duché de Luxembourg et du Royaume de Belgique de renforcer leur coopération sur la base des liens de confiance qui se sont développés dans le passé,

- du Protocole portant modification de la Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002 et de la nouvelle Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise en résultant,

- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation de la Convention établissant entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique une communauté spéciale de recettes en ce qui concerne les droits d'accises perçus sur les alcools, du 23 mai 1935,

- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole spécial entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique relatif à l'agriculture, du 29 janvier 1963,

- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique relatif à l'association monétaire et de son Protocole d'exécution, du 9 mars 1981,

- de l'Acte final, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002

***Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense***

M. Emile Calmes *(DP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deem Gesetz, mat deem mer et hei ze dinn hunn, geet et ëm d'Union économique belgo-luxembourgeoise. Dat Gesetz ass den 13. Januar vun dësem Joer déposéiert ginn. Den 23. Januar huet de Statsrot et pour avis kritt, en Avis, dee mer de 16. Mäerz vun dësem Joer kritt hunn an de Rapport gouf an der zoustänneger Kommissioun den 9. Abrëll vun dësem Joer ofgeseent.

D'Gesetz selwer begräift véier Protokoller an een Acte final, woubäi ee Protokoll sech mat Modifikatiounen an och de koordinéierten Text vun der UEBL-Konventioun selwer behandelt. An da gëtt et nach dräi Protokolle mat deenen eng Konventioun an zwee aner Protokollen abrogéiert ginn, well se zum Deel am Text vun der Konventioun selwer iwwerholl gi sinn, oder sech an der Zwëschenzäit als iwwerflësseg erweisen. Fir dat Ganzt gouf et en Acte final, deen den 18. Dezember 2002 zu Bréissel ënnerschriwwe gouf.

Zu deene véier Protokoller an deem Acte final gehéiert dann och nach eng Déclaration solennelle, wou de Wëllen zum Ausdrock bruecht gëtt, datt Lëtzebuerg an d'Belsch déi Kooperatioun wëlle verstäerken, dëst op Grond vun de Frëndschafts- a Vertrauenslienen, déi sech an der Vergaangenheet tëschent deenen zwee Länner entwéckelt hunn. Et ass och geduecht mat dëser feierlecher Deklaratioun, fir dat ze offizialiséieren, wat sech an der Vergaangenheet an der Praxis ofgespillt huet, a fir dat dann och weider a méi déif ze entwéckelen.

Virun allem soll dës Kooperatioun iwwert dës feierlech Deklaratioun och an anere Beräicher verdéift ginn, dat heescht, iwwert déi wirtschaftlech Beräicher erausgoen. Dëst konnt net selwer am Text festgehale ginn, well geduecht war, dass dës UEBL-Konventioun e reng wirtschaftleche Charakter soll behalen. Mat dëser allgemenger politescher Kooperatioun ass un Domäner geduecht ginn, wéi zum Beispill d'Aide humanitaire, den Développement, d'Verteidegung an och de Maintien de la paix.

Et ass sech awer och de Spillraum opgelooss ginn, fir iwwerall do méi enk zesummenzeschaffen, wou dat fir déi zwee Länner néideg ass.

Déi feierlech Deklaratioun hëlt awer och Kenntnis vu véier anere Kooperatiounsaccorden tëschent Lëtzebuerg an de véier Regioune vun der Belsch: der Wallonie, Flandere, Bréissel-Capitale an och dem däitschsproochege Raum, déi sech opgedrängt hunn, bedéngt duerch déi belsch Verfassungsreform aus dem Joer 1993, mat där dann dräi Communautéiten an dräi Regioune geschafe gi sinn, déi och legislative Pouvoir hunn. Mä ech denken, datt mer an enger vun deenen nächste Sitzungen op dës Accorde wäerten zréckkommen, wou viru kuerzem eréischt de leschten Avis vum Statsrot komm ass.

D'Konventioun selwer, vun där mer hei schwätzen, staamt aus dem Joer 1921. D'Ëmstänn, wéi se zustane komm ass, kennt Der. Si ass am Joer 1922 fir 50 Joer a Kraaft getrueden, an zënter 1972 gëtt se all zéng Joer erneiert, ofgeännert oder net. An dës Kéier ass se da mat der Ënnerschréft vum 18. Dezember 2002 erneiert ginn, virun allem op Grond vu wirtschaftlechen, politeschen an institutionellen Evolutiounen an deenen zwee Länner, wéi awer och op Grond vum Changement am Kader vun der europäescher Konstruktioun.

Déi Union économique belgo-luxembourgeoise ass awer och de Bewäis, dass trotz der europäescher Integratioun bilateral Accordë sech als net iwwerflësseg erweisen, well se oft fir zwee Länner méi flexibel a méi séier erlaben op wirtschaftlech Contrainten an Ëmstänn ze reagéieren, a si erlabe selbstverständlech och d'Relatioun tëschent zwee Länner méi wäit ze entwéckelen a se ze verdéiwen, och wann dës Kéier de Gros vun de Changementer vun der UEBL-Konventioun op Changementer innerhalb vun der Europäescher Unioun zréckzeféieren ass, wéi zum Beispill d'Aféierung vum Euro, d'Akraafttriede vum Schengener Raum, d'Adhesioun vun zéng neie Länner, oder zum Deel och d'Ouverture vun de Steiergrenzen.

Esou huet d'Aféierung vum Euro d'Dispositiounen iwwerflësseg gemaach, esou wéi se am Protokoll vun der Währungsunioun den 9. Mäerz 1981 festgehale gi sinn. Wéi gesot, de Protokoll, deen och Deel vun dësem Gesetz ass, schaaft dëse Protokoll dann of, well en déi Dispositiounen iwwerflësseg mécht.

Fir de Rescht ass am Virfeld vun der Erneierung vun dëser Konventioun am September 1999 e Comité administratif belgo-luxembourgeois agesat ginn, dee sech ëm d'Preparatioun vun dësen Ëmännerunge soll bekëmmeren, an deen ënner sech eng Partie Aarbechtsgruppen agedeelt huet an den Domäner Douanes et Accises, Marché intérieur, Transport, Commerce extérieur, Landwirtschaft an och institutionell Aspekter.

Bei engem groussen Deel vun dëser Konventioun dréint et sech ëm d'Douanesbestëmmungen. Dat ass och normal, well am Artikel 1 d'Union économique virun allem op enger Union douanière opgebaut ass, an dat ass virun allem fir Lëtzebuerg wichteg, well mir als klengt Land hei begrenzt Méiglechkeeten haten eise Rôle ze spillen, virun allem par rapport zu deene grousse Länner. Zesumme mat der Belsch kënne mir hei eisen Obligatioune ganz sécher besser nokommen.

Dës Approche fënnt een och erëm an der Assistance administrative douanière, wou mir eis ganz sécher géife verhedderen, wa mir hei selwer misste virgoen. Dës Approche ass ganz normal, well eis Douanestruktur ähnlech Strukturen huet wéi d'Belsch se hunn. Virun allem deele mir déiselwecht administrativ Instruktiounen, an deelen och den Douanes - a Kontabilitéitsinformatikssystem.

Dëst gesot, wäert dëst och fir d'Zukunft wichteg sinn, well och d'europäesch Communautéiten amgaange si sech Gedanken heiriwwer ze maachen. An deem Sënn ass och vun der Kommissioun de Projet de communication un de Conseil an un d'Parlament an un de Conseil économique gaangen, fir sech Gedanken driwwer ze maachen, wat fir ee Rôle an Zukunft d'Douanesadministratioune solle spillen, wou haaptsächlech dru geduecht ass, dass se méi Kompetenz solle kréien, wat d'Sécherheet op deenen Aussegrenzen dann ass, mä virun allem awer och, wat d'Sécherheet vun de Wueren ugeet, an de Flux vun de Wuere selwer.

Wéi gesot, am Artikel 1 gëtt festgehalen, dass dës Union économique baséiert op enger Union douanière, an - wat nei ass - awer och op enger Union accisienne. Dat ass en neit Wuert, dat ass awer esou. Mä d'Accisen, an dat wësse mir och, un de Lëtzebuerger Recetten ze moossen, ass ee vun deene wichtegsten Elementer vun dëser UEBL-Konventioun an deem Sënn, dass och zum Beispill am Artikel 10 déi Dispositiounen erageholl ginn iwwert de Volet vun den Accisen um Alkohol, déi et dann och esou méiglech gemaach hunn, dass déi Konventioun vum 23. Mee 1935 konnt ofgeschaaft ginn iwwert dee Protokoll, deen och Deel vun dësem Gesetz hei ass - wéi gesot, well se am Artikel 10 iwwerholl gi sinn.

Den Artikel 24 gesäit awer och vir, dass dës Kooperatioun iwwer eng Union douanière an accisienne kann erausgoen an och an aneren Domäner kann aktiv ginn, wéi zum Beispill an der Präispolitik, an der Konkurrenz an an dem Konsumenteschutz, fir nëmmen déi ze nennen.

Et ass och en neit Kapitel 6 erakomm, mat den Artikele 36 bis 84, wou et u sech ëm landwirtschaftlech Bestëmmunge geet, wat dann och méiglech gemaach huet, dass dee Protokoll vum 26. Januar 1963, wou déi Sujete behandelt gi sinn, konnt abrogéiert ginn iwwert de Protokoll, deen och Deel vun dësem Gesetz hei ass. Wéi gesot, déi feierlech Deklaratioun, de Protokoll vun der neier UEBL-Konventioun wéi och déi dräi Protocoles abrogatoires fënnt een erëm am Acte final, deen dann ënnerschriwwe ginn ass den 18. Dezember 2002, an deen d'Ënnerschréft dréit vun eiser Madame Ausseminister an och vum Ausseminister vun der

Belsch, awer zousätzlech och vun de Vertrieder vun deenen dräi regionale Regierungen, déi vun der Wallonie, déi vu Flandren an och déi vun der Bréisseler Regioun.

An deem Sënn géif ech lech dann invitéieren dësem Gesetz hei Är Zoustëmmung ze ginn. Ech géif gläichzäiteg d'Zoustëmmung dann och bréngе vun eiser Fraktioun an lech merci soe fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.**- Als éischt Diskussiounsriednerin ass d'Madame Nelly Stein agedroen. D'Madame Stein huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Nelly Stein** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi belsch-lëtzebuergesch Frëndschaft ass eng Konstant an der Lëtzebuerger Aussepolitik. Belgien war an ass e fiable Partner souwuel am Benelux-Verbond wéi och am Kader vun der Europäescher Unioun. Si fousst virun allem op der gemeinsamer Experienz vun zwee Weltkricher, déi souwuel eis belsch Nopere wéi och Lëtzebuerg selwer an hirer jeeweileger Natiounebildung gezeechent hunn. Dës Frëndschaft ass iwwer Jore gewuess an huet sech de jeeweilege Schlësselmomenter an der europäescher Geschicht am vergaangene Jorhonnert ugepasst, ouni dass eis géigesäiteg Frëndschaft negativ beanträchtegt gi wär.

Mat dësem Projet, deen de Mil Calmes op seng gewinnt kompetent Aart a Weis duergeleucht huet, gëtt d'Kooperatioun mat Belgien op weider Domäner ausgebaut, op déi de Rapporteur a sengem schrëftleche Rapport schonn ausféierlech agaangen ass. Ech wéilt vun der Geleeënheet profitéieren, fir op d'Urspréng vun der belsch-lëtzebuergescher Frëndschaft a vun der Zesummenaarbecht anzegoen, an do speziell vun der UEBL, déi nom Éischte Weltkrich an d'Liewe geruff ginn ass.

No der däitscher Défaite huet déi Lëtzebuerger Regierung den 19. Dezember 1918 eis Zougehéiregkeet am Zollveräin missen opkënnegen a sech no neie Partneren ëmkucken.

***(Interruption)***

Jo, Här Fayot.

Schonn 1917 gouf eng Commission d'étude des problèmes économiques posés par la guerre et ses conséquences éventuelles an d'Liewe geruff, fir d'Nokrichszäit ze preparéieren. De Stolsecteur an d'Landwirtschaft haten deemools eng net Preferenz fir d'Kooperatioun mat Frankräich, wougéint de Wäibau éischter Belgien als potenzielle Partner gesinn huet.

Den 21. Februar 1919 huet déi deemooleg Regierung ënnert dem Emile Reuter simultan Négociatioune mat de franséischen a mat de belschen Autoritéiten opgeholl, fir eng Union économique et monétaire anzegoen. Den Emile Reuter hat deemools och éischter eng Preferenz fir eng Kooperatioun mat Frankräich an huet déi wirtschaftspolitesch Ausriichtung vu Lëtzebuerg zum Vote am Kader vun engem Referendum gestallt.

Den 28. September 1919 hate sech 73% vun de Lëtzebuerger fir eng franséisch-lëtzebuergesch Wirtschafts- a Währungsunioun ausgeschwat. Frankräich war awer net interesséiert an hat den 10. Mee 1920 der Lëtzebuerger Regierung geroden, sech zur Belsch ze kéieren. Déi franséisch Autoritéiten haten e Militäraccord mat der Belsch ausgehandelt an hu Lëtzebuerg als Partner guer net méi oder net méi onbedéngt gebraucht.

Déi Lëtzebuerger Regierung huet dunn d'Verhandlunge mat der belscher Regierung erëm opgeholl. Et ware Gespréicher, déi laangwiereg a penibel waren, déi awer de 25. Juli 1921 op en Enn gefouert konnte ginn, andeems eng Konventioun iwwer eng Union douanière et monétaire mat der Belsch konnt ënnerschriwwe ginn. Dës Unioun, kuerz UEBL, ass am Mäerz 1922 a Kraaft getrueden. D'Konventioun hat deemools véier grouss Voleten: d'Ofschafe vun den Douanesbarrièren tëschent deenen zwee Länner, e gemeinsamen Tarif extérieur, eng gemeinsam Handelspolitik ënnert der Leedung vun der Belsch, an eng Währungsassociatioun, déi ënner anerem virgesinn huet, dass de belsche Frang déi gemeinsam Währung ginn ass, ouni dass Lëtzebuerg awer drop verzicht huet, fir selwer Lëtzebuerger Schäiner a Mënzen an Ëmlaf ze bréngen.

Et war also en historesche Moment fir eist Land, a wann ee réckbléckend d'Efforté vun der Europäescher Unioun a Betruecht zitt, fir eng gemeinsam europäesch Währung an d'Liewen ze ruffen, da muss ee feststellen, dass Lëtzebuerg an d'Belsch mat der Währungsunioun am Ufank vun den zwanzeger Jore schonn eng Virleeferroll an deem Beräich gespillt hunn, eng Virleeferroll, déi an der weiderer Geschicht an der Entwécklung vun der Europäescher Unioun oprechterhale ginn ass.

Den Zweete Weltkrich an d'Schicksal, dat souwuel dat belscht wéi och dat lëtzebuergescht Vollek hu missen erdroen, huet déi zwee Länner weider zesummegeschweesst. Och wann d'UEBL an der Zwëschekrichszäit gewëss Schwieregkeeten hat, fir an d'Gäng ze kommen, sou ass awer déi wirtschaftlech Zesummenaarbecht tëschent deenen zwee Länner gewuess. Déi belsch Autoritéite konnten op hir Ressourcen am Kongo zielen, fir och Lëtzebuerg finanziell kënnen ënnert d'Äerm ze gräifen, well d'Goldreserven, déi an der Hand vun der belscher Nationalbank loungen, an d'Hänn vum däitsche Besatzer gefall waren.

Wéi sech dunn en Enn vum Zweete Weltkrich ofgezeechent hat, ass d'UEBL erëm zu neiem Liewen erwächt ginn. Déi zwee Länner hunn dorophin décidéiert, hir wirtschaftlech Kooperatioun ze erweideren. Et ware Lëtzebuerg, Holland an d'Belsch, déi de 5. September 1944 d'Beneluxkonventioun zu London ënnerschriwwen hunn. Déi dräi Länner haten am Verlaf vun der Nokrichszäit entscheedend Impulser ginn, fir Europa op militäreschem wéi och op ekonomeschem Plang méi zesummenzeschweessen.

Ech erënnere beispillsweis un den Traité de Bruxelles aus dem Joer 1948 an natierlech un den Traité iwwert d'CECA 1951. Den Échec vun enger europäescher Verdeedegungsgemeinschaft am Joer 1954 hat déi dräi Benelux-Staten derzou beweegt fir 1955 eng nei europäesch Initiativ ze starten, déi ënnert dem Impuls vum Paul-Henri Spaak 1957 zur entscheedender Ënnerschrëft vun de réimesche Verträg duerch Frankräich, Däitschland, Italien an de Benelux-State gefouert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et waren deemno och déi europäesch Integratioun an de gemeinsame Maart, déi béid Länner verulooss hunn hir Relatiounen am Kader vun der UEBL ze iwwerschaffen an dat virun der eigentlecher Echéance am Joer 1972. Den 29. Januar 1963 konnten dräi Protokoller ënnerschriwwe ginn, déi dësen neien Donnéeë Rechnung gedroen hunn an déi déi wirtschaftlech a monetär Zesummenaarbecht tëschent béide Länner op eng nei an eng verbessert Grondlag gesat hunn.

1972, 50 Joer also no der Ënnerschrëft vun der Konventioun iwwert d'UEBL, ass dëse Vertrag ausgelaf an huet also missen erneiert ginn. Ënnert der deemoleger Regierung Werner ass décidéiert ginn, fir d'UEBL all Kéiers nëmmen op zéng Joer ze ënnerschreiwen. Bei der Erneierung 1972 stoung d'Fro vun den Accisen op dem Bensin, dem Alkohol an den Zigaretten am Mëttelpunkt vun de Verhandlungen. Déi Lëtzebuerger Regierung hat deemools gefuerdert, en anere Verdeelungsschlëssel wéi déi demographesch Entwécklung virzegesinn. An engem Protokoll vum 27. Oktober 1971 ass dofir festgehale ginn a regelméissegen Intervallen d'Verdeelung vun den Droits d'accises ze iwwerpréiwen.

D'UEBL war och net viru Krise gefeit. Déi deemoleg CSV-DP-Regierung ënnert dem Pierre Werner wollt Ufank vun den 80er Joren no der unilateraler Ofwäertung vum belsche Frang d'UEBL opkënnegen, well dës Décisioun géint déi gemeinsam Vereinbarunge gestouss hat. Deemools gouf envisagéiert eventuell eng eegestänneg monetär Politik ze bedreiwen.

D'Regierung ass awer schlussendlech zur Konklusioun komm, déi gemeinsam Politik an dësem Schlësselberäich oprechtzeerhalen. Lëtzebuerg krut deemools awer Gain de cause, andeems d'Emissiounsrecht vu lëtzebuergesche Schäiner ausgedehnt gouf. Et war och d'Gebuertsstonn vum éischten Institut monétaire luxembourgeois, deen am Mee 1983 an d'Liewe geruff gouf, woumadder et der Regierung an den nofolgende Regierungen erméiglecht gouf als Partenaire à part entière an de wichtege finanzpolitisch internationale Gremië vertrueden ze sinn, déi sech intensiivst mat der europäescher Währungsunioun befaasst hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, dat waren nëmmen e puer décisif Momenter an der 82-järeger Geschicht vun der UEBL. Et war mer wichteg als Vertrieder am Benelux-Parlament op den historeschen Aspekt vun der Frëndschaft, déi eis mat der Belsch verbënnt, anzegoen. Och haut ass esou en décisivë Moment an der belsch-lëtzebuergescher Frëndschaft, déi mer mat dësem Gesetzesprojet festege wäerten.

Ofschléissend wéilt ech soen, datt mir als CSV-Fraktioun dësem Text op alle Fall eis Zoustëmmung kënne ginn. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, wéi Lëtzebuerg am Éischte Weltkrich 1914 vun Däitschland iwwerfall ginn ass, war et kloer 1918, dass den Zollveräin, deen onse Bannemaart säit der Mëtt vum 19. Jorhonnert ausgemaach huet, net méi konnt weiderbestoen. Wéi hei scho gesot ginn ass, ass do zwëschent 1918 an 1921 eng schwiereg a mouvementéiert Zäit zu Lëtzebuerg ausgebrach an an där Zäit sinn dann d'Weiche gestallt gi fir déi nächst Joren. Déi Weichen hunn doranner bestane fir d'Union économique belgo-luxembourgeoise 1921 ze ënnerschreiwen, déi ass jo dann 1922 a Kraaft getratt.

Déi Union économique belgo-luxembourgeoise war eigentlech méi e Mariage de raison wéi e Mariage d'amour. Well, wéi et och scho vun der Madame Stein ervirgestrach ginn ass, déi meescht Lëtzebuerger - dat war jo och am Referendum esou zum Virschäi komm - méi Affinitéite mat Frankräich hate wéi mat der Belsch a mer jo mat der Belsch och eng interessant, zum Deel kontrovers, zum Deel positiv Vergaangenheet haten an och nach hunn.

D'Fro stellt sech haut, wat den Interesse vun deem Projet de loi ass, dee mer hei diskutéieren. Ech géif do ënnerscheeden zwëschen engem méi techneschen Interesse a méi engem politeschen Interesse. Mir gesi jo, dass mer an dësem Projet eng Partie technesch Aspekter mussen adaptéieren un eng Evolutioun, déi an de leschte Jore geschitt ass. Mir sinn haut net méi e Bannemaart vun zwee méi klenge Länner, mir sinn e Bannemaart vu 15, nee vu 25 Länner aus der Europäescher Unioun. Dee klenge Bannemaart, dee mer 1921 geschaaft hunn, ass also iwwerholl.

Mir hunn och um politesche Plang, niewent där belsch-lëtzebuergescher Kollaboratioun d'Benelux-Kollaboratioun, déi eng wichteg Roll an der politescher Diskussioun vun der Europäescher Unioun spillt, an déi ons Stëmm am Fong geholl multiplizéiert an der Zesummenaarbecht mat deenen zwee Länner Belsch an Holland. Mir hunn eng Währungsunioun geschaaft a mir hu selbstverständlech, wéi scho gesot, de Bannemaart geschaaft.

Dat gëtt am Exposé des motifs gesot, esou eng Collaboration bilatérale, wéi mer se hei weiderféiere mat onsem belschen Noper, wär net iwwerholl, et wär nach ëmmer interessant esou een Instrument ze hunn. Et ass also wichteg, dass ee sech déi Fro stellt: Wat bréngt esou eng Kollaboratioun?

Ech hu gesot, et ass en dueblen Interesse, en techneschen an e politeschen. Vum technesche wësse mer, dass et drëm geet, fir déi Accisenunioun weiderzeféieren, déi mer mat der Belsch hunn - dat ass bal dee wichtegsten Aspekt. Dann ass en aneren Aspekt déi Zollkollaboratioun, déi mer hu mat der Belsch och am Hibléck op d'Bewaache vun den Aussegrenze vun der Europäescher Unioun, also dem Beitrag vun der Belsch mat Lëtzebuerg zesumme fir d'Baussegrenze vun der Europäescher Unioun ze bewaachen.

Et gëtt dann och gesot, dass déi Erneierung vun där Konventioun mat der Belsch duerch eng Partie Aarbechtsgruppe vun der Commission administrative belgo-luxembourgeoise säit 1999 iwwerschafft ginn ass.

Mech hätt eigentlech interesséiert, Här President, wa mer zu deenen Aspekter, déi vun där Commission administrative an deenen Aarbechtsgruppen diskutéiert gi sinn, wa mer do e bësse méi prezis Donnéeë vun der Regierung kritt hätten. Ech hunn an der Kommissioun, wéi mer dee Rapport hei ofgehandelt hunn, gefrot, dass mer eventuell sollte méi e prezisen Dossier kréie wéi dat, wat am Exposé des motifs ass, iwwert déi verschidde ganz konkret Aspekter, Problemer, déi mer oft mat der Belsch zesummen hunn. Mir hunn dat leider net kritt. Vläicht kréie mer an der Ried vun der Madame Ausseminister eng Partie méi Prezisiounen.

Also, dee Projet besteet jo fir d'éischt aus enger feierlecher Deklaratioun. An där Deklaratioun gëtt jo gesot, dass mer ons politesch Kollaboratioun wëllen entwéckelen an dat op enger ganzer Partie Gebitter. Et gëtt vun der humanitärer Hëllef geschwat. Et gëtt vun der Entwécklungshëllef geschwat, d'Verdeedigungspolitik, Aktioune fir de Maintien de la paix, wou mer jo mat de Belsch oft oder a belsche Corpsen zesummen am Balkan oder och am Afghanistan täteg sinn.

Déi politesch Deklaratioun ass jo eigentlech eng Deklaratioun, déi keng Engagementer beinhalt. Et ass, wéi den Term et seet, eng Deklaratioun. Mir behalen also do nach ons voll Onofhängegkeet fir au coup par coup ze décidéieren. Mech géif ganz besonnesch interesséieren, wéi wäit dass mer wëlles hunn, oder dass d'Regierung wëlles huet, zum Beispill um Plang vun der Verdeedigungspolitik d'Kollaboratioun oder d'Kooperatioun mat der Belsch ze entwéckelen. Mir hu jo do, wéi gesot, um ganz konkrete Plang beim Maintien de la paix bei esou Operatiounen Erfahrunge gesammelt. Mir hunn och gesot, mir géifen e Schëff mat hinnen zesumme kafen. D'Schëff ass leider an d'Waasser gefall, well et ze deier war, well et esouguer de Belsch ze deier war. Mä et si vläicht nach aner Projeten, déi interessant wären an do wär ech och dankbar wa mer dozou eppes kënnten héieren. Also eng politesch Deklaratioun, déi keng Engagementer beinhalt, mä déi awer eng Intentioun beinhalt.

Dann hu mer déi eigentlech Konventioun vun der Union économique belgo-luxembourgeoise mat enger Partie Prezisiounen iwwert dat wat nach bleift fir déi Konventioun, nodeem dass d'Währungsunioun an de Bannemaart a Kraaft getratt sinn, an dann dräi Protokoller, déi jo eng Partie aner Konventiounen, respektiv Protokoller ofschafen.

Ech wollt hei nach kuerz soen, dass ons Relatioune mat der Belsch eigentlech zweeschneideg sinn. Mir hunn traditionell gutt Relatioune mat deem Land. Et ass e Land wat villes ze bidden huet um kulturelle Plang, um politesche Plang, wou mer ons och oft inspiréiere wann et ëm Europa geet, ëm d'Positiounen an Europa, wou d'Belsch ganz en pointe ass bei villen institutionellen Aspekter, wéi mer dat gesinn hu wéi den Här Verhofstadt jo hei bei ons zu Lëtzebuerg war.

Mir hunn natierlech op där anerer Säit eng ganz Partie Problemer mat der Belsch, doduerch dass mer vill belsch Frontaliere bei ons schaffen hunn, dass mer eben eng Grenz mat hinnen hunn, wou am Fong geholl d'Aktivitéiten enk anenaner iwwergìnn, zum Beispill déi leideg Problematik vun der Juegd vun de belschen Autoritéiten op Lëtzebuerger Autosplaquen an der noer Belsch, déi leideg Problemer vun de Betriber mat den TVA-Nummeren. Also am Fong geholl eng Partie Obstaclen, déi awer ons belsch Noperen ëmmer erëm probéiert hunn opzebauen, géint déi wirtschaftlech Penetratioun vu Lëtzebuerger Betriber an der Belsch. Dat ass also dee manner flotten Aspekt.

Och déi Konkurrenz vun de Finanzplazen, wat d'Belsch a Lëtzebuerg ugeet, d'Belsch, déi jo probéiert huet der Lëtzebuerger Finanzplaz eng Partie Problemer ze schafen a récemment duerch déi steierlech Amnestie, fir déi Kapitaler, déi zu Lëtzebuerg ebe sinn, zréckzehuelen.

Mir hunn also, wéi soll ech soen, e bëssen en zwiespältegt Verhältnis engersäits, e ganz gutt politescht Verhältnis, och eng ganz Partie Kooperatiounen an op där anerer Säit awer eng Partie Problemer, déi et schwéier sinn ëmmer ze léisen, wou et laang dauert, trotz deene gudde politesche Verhältnisser un der Spëtzt, mat den Administratiounen op e gréngen Zweig ze kommen.

Dat gesot, Här President, wäerte mir selbstverständlech dëse Projet stëmmen. Ech muss awer hei soen, dass mer éischter skeptesch si wat elo d'Portée vun deem Projet de loi ausmécht. Et sinn doranner eng ganz Partie fromm Wënsch, et sinn eigentlech wéineg konkret Pisten, Perspektiven doranner. Mir hoffen also weider op eng gutt politesch Zesummenaarbecht a mir hoffen och, dass ons belsch Nopere vläicht a verschiddene konkrete praktesche Problemer an der Zukunft e bësse méi flexibel si wéi se dat an der Vergaangenheet waren.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz an

déi Déclaration solennelle, déi mer haut solle stëmme mat de Modifikatiounen, déi mer un der Conventioun UEBL virleien hunn, bedéngen, datt mer awer e puer Commentairen zu dësem Text maachen. Bien entendu begréisse mer, datt d'Konventioun renouveléiert gëtt, well mir brauche se absolut fir kënnen als Land verschidden Hoheitsrechter ze exerzéieren an déi kënne mer net eleng exerzéieren, mir musse se mat der Belsch zesummen exerzéieren.

Et ass dofir e ganz wichtegen Text, dee mer haut stëmmen an et muss een awer och ervirsträichen, datt niewent all deem Positiven, wat mer an der Vergaangenheet mat hinnen zesumme konnte maachen, mer awer mussen op dëser Tribün e puer Wuert vu Kritik ubréngen.

Et ass bedauerlech – an onsen Ae wéinstens -, datt mer zesumme mat Belgien, wat e Land ass wat an Europa éischter fir e föderaalt Europa antrëtt, leider mussen oder deelweis gezwonge sinn am Kader vun der Benelux an och vun der UEBL ëmmer méi an déiselwecht Richtung ze zéien. Mä et huet awer och den Avantage, datt wa mer als Benelux insgesamt ugesi ginn, datt mer deen Abléck den Avantage hunn, datt mer och ons sechs Europadeputéierte kënnen an deem Kader do gutt verteidegen a justifiéieren.

Mä a leschter Zäit muss een awer soen, datt sech d'Verhältnis tëschent Lëtzebuerg an der Belsch staark verschlechtert huet. Ech wëll just nëmmen de Wirtschafts- a Sozialrot zitéieren, wou mer elo den Avis kritt hunn, dee seet, datt de belsche Partner Lëtzebuerg méi wéi e Konkurrent ugesäit als wéi e Partner, an dat ass en Zitat wat an onsen Ae ganz berechtegt ass. Mir brauchen nëmmen op déi Schwieregkeeten hinzeweisen, déi lëtzebuergesch Entreprisen hunn, wa se wëllen an d'Belsch schaffe goen.

Et muss een op déi Problematik Allusioun maachen, déi mer haten an déi den Här Fayot virdrun opgezielt huet, dat ass déi vun de giele Plaquen. Dat wier nach vläicht dee mannste Problem, mä et ass och d'Taxatioun vun de lëtzebuergeschen OPCen, déi an der Belsch verkaaft ginn, der Violatioun vun dem EU-Recht, mä wou keng Reaktioun kënnt vu Lëtzebuerger Säit oder wéinstens net genuch.

Et ass och d'Gesetz iwwert d'Steieramnestie, wat a Violatioun ass zu dem europäesche Recht, an ech menge bei esou Mesurë weess d'belsch Regierung ganz genau, datt se net a Conformitéit ass mam europäesche Recht. Mä si mécht et awer, well se weess, datt bis, datt d'Prozesser duerch sinn, déi Gesetzer awer hir Wierkung haten. An ech mengen, dat ass eng vun de Missioune vun der lëtzebuergescher Regierung, fir déi Problemer ze diskutéieren. Ech bedaueren e bëssen, datt mer an dem Text, dee mer virleien hunn, net d'Méiglechkeeten hu fir esou Différende kënnen op eng effikass Aart a Weis ze léisen an datt och net dra feststeet, datt mer déi Concurrence déloyale, déi hei vun der belscher Regierung orchestréiert gëtt géint ons Finanzplaz, net kënnen iwwer institutionell a politesch Weeër besser upaken.

Mir hunn d'Geleeënheet verpasst fir dës Konventioun op e puer Punkten ze preziséieren. Tatsaach ass, datt d'Négociatioune schonn 1999 ugefaangen hunn, du wor déi Problematik vläicht net esou aktuell, mä awer dunn huet se ugefaangen an ech bedaueren, datt d'Lëtzebuerger Regierung zimlech large déi Négociatioune gefouert huet.

Mir bedaueren och, datt wat d'Representatioun vu Lëtzebuerg wat de Wuerentransport ugeet, datt d'Belsch sech ganz oft d'Representatioun fir Lëtzebuerg mat gi loossen, wat sech zu engem staarken Nodeel fir ons Lëtzebuerger Entreprisen ergëtt. Zum Gléck huet och do d'EU nees agegraff, déi versicht huet fir de Lëtzebuerger Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn, d'Méiglechkeet ze ginn och ausserhalb vun der Belsch ze kontraktéieren.

Mir gesinn, datt wa mer pharmazeutesch Produkter aus der Belsch importéieren, da si se vill méi deier wéi wa mer se aus dem Frankräich importéieren. Do ginn et Differenze bis zu 75%. Ech mengen, dat sinn d'Donnéeën, déi een awer och muss mat onse belsche Frënn a Kolleegen diskutéieren.

Op där anerer Säit ass et ze begréissen, datt an der neier Konventioun d'Kooperatioun vu Lëtzebuerg an der Belsch op e puer Punkte sech soll verbesseren a soll élargéiert ginn.

Et ass d'Präispolitik, mä et ass awer och - ënner anerem liesen ech hei - d'Protektioun vun de Persounen a vun den Déieren, an ee Problem, dee ganz vill Leit hei am Land wäert concernéieren, huelen ech un, dat ass d'Assistance administrative, wat d'Surveillance vun dem Crédit à la consommation, vun de Konsumkreditter, ugeet, wann ee weess, datt ganz vill Lëtzebuerger, déi hei zu Lëtzebuerg kee Kredit méi kréien, deen Abléck an d'Belsch ginn an do ganz oft Leit ausgeliwwert sinn, déi mat ganz geféierleche Praktiken - an ech géing esouguer soen onlauter Praktiken - heiansdo Kreditter accordéieren, wou d'Lëtzebuerger da ganz vill Schwieregkeeten hunn, fir herno aus deene Kontrakter erauszekommen.

Ech mengen, Madame Ministerin, ech wär frou, wann Dir ons kënnt e puer Donnéeë ginn, wéi déi Kooperatioun do soll erfollegen, fir datt mer ons Leit virun esou Abusë kënne schützen.

Dat gesot, ass et kloer, souguer wa mer verschidde Kritiken hu vis-à-vis vun der belscher Regierung, vis-à-vis vun der Aart a Weis, wéi se mat Lëtzebuerg verfiert, sou ass et awer en noutwendege Partner, an dofir wäert och den ADR dëser Konventioun an dësem Gesetz zoustëmmen.

M. le Président.- Et ass kee Riedner méi agedroen. D'Wuert huet elo d'Madame Ausseminister Lydie Polfer.

Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un all déi, déi intervenéiert sinn an dësem Débat. Wann ech dat richteg verstanen hunn, wäerte mer dat hei jo och à l'unanimité stëmmen. Ech mengen, dat weist, datt de Grond vun dësem Projet, deen d'Regierung lech virleet, de richtegen ass. Ech wëll natierlech dem Rapporteur och merci soe fir dee Rapport, deen hie gemaach huet.

Dee Gesetzesprojet, dee mer lech nämlech hei ënnerbreeden haut, ass effektiv vu ganz grousser Wichtegkeet, fir ons weider Zesummenaarbecht mat Belgien ze gestalten. Et ass esouwuel d'Illustratioun an och de Bilan am Fong vun 80 Joer Kooperatioun wéi se an Europa och nach haut eemoleg ass. D'Madame Stein huet en excellenten Historique vun eise Relatioune gemaach, wat mir d'Saach dofir méi einfach mécht.

Den Här Fayot huet gesot, datt et am Ufank kee Mariage d'amour war - ech mengen doriwwer si mer eis och eens. Ob et dat haut ass, et war dee Moment e Mariage de raison, ob et haut e grousse Mariage d'amour ass, et ass op alle Fall eng ganz, ganz zolidd Partnerschaft, déi op gemeinsamen Intérête baséiert an déi mer och wëllen esou weiderféieren.

Mä wéi esouguer am beschte Bestiednes, wéi am beschte Mariage kommen natierlech och Problemer op, dat ass net ze leegnen. Mä wann een de richtege Kader huet, dann huet een och déi beschtméiglech Instrumenter fir deene Problemer, wa se dann opkommen, Meeschter ze ginn. An déi Problemer si mat den Zäiten aneschters an et wäerten der och an Zukunft nach neier kommen. Et sinn der elo oder et waren der do. Ech kommen och nach vläicht herno dorobber zréck, op déi eng oder déi aner.

Mä de Fait ass eben, wann een dat an engem Kader an op enger Vertrauensbasis ka maachen, dann huet een awer nach déi beschten, wéi gesot, Méiglechkeete fir et gutt ze léisen. An esou war et an deenen 80 Joer. Mä well et awer ënnert dem Stréch, wéi gesot eng eemoleg gutt Kollaboratioun war, ware mer eis eben och eens, déi zwou Regierungen, wëssend datt déi Konventioun géing am Mäerz 2002 auslafen, mer se net nëmme géingen op eng tacite Aart a Weis weiderféiere loossen, mä datt mer se wëllen zesumme substantiell moderniséieren an eben och dem neien institutionellen Ëmfeld besonnesch eben och an der Belsch upassen, wat net där einfachster eent ass, mä dat ass hiren demokratesche Choix, a mir hunn eben doraus och d'Konsequenze gezunn.

Déi strategesch Décisioun also mat dëser eegenaarteger an eenzegaarteger Kooperatioun weiderzefuere gouf relativ séier geholl. Mir wëssen all Partnerschaft brauch Kompromësser, mä iwwer Jorzéngten huet fir Lëtzebuerg d'UEBL haaptsächlech Avantagë bruecht, déi soss eisem Land wirtschaftlech, monetär an och politesch net zougänglech gewiescht wären. Däers musse mer eis als klengt Land ganz kloer bewosst sinn an dofir wollte mer dat och weiderféieren.

Dës Regierung huet direkt am Ufank vun dësem Erneierungsprozess, deen am Joer 2000 ugefaangen huet, der belscher Regierung matgedeelt, dass och eng Rei Ongereimtheeten, well där gëtt et ëmmer, an och esouguer - et kann een et soen - Ongerechtegkeete misste verbessert ginn. An ech sinn dofir och frou, der Chamber bestätegen ze kënnen, dass am Kontext vun dëse Verhandlungen eng Rei vun dëse Punkte signifikativ verbessert gi sinn an ech kommen elo nach drop zréck. Et ass also net nëmmen en Toilettage gemaach ginn, mä och fundamental institutionell Upassungen.

Ee Wuert nach dozou, wien déi Verhandlunge gefouert huet. Den Här Fayot hat dat gefrot. Här Fayot, ech muss lech och soen, ech wär jo gären an d'Kommissioun komm, mä Dir wësst och, datt deen Datum, dee mer am Ufank virgesinn haten, fir dat do méi ausféierlech ze diskutéieren, de 16. Mäerz, kuerzfristeg ofgesot ginn ass, well nach op deen anere Projet gewaart ginn ass, wou Dir net méi wollt drop waarden a mir och net. An dann ass en Datum erausgesicht ginn, wou et mer wierklech onméiglech war derbäi ze sinn. Dofir, et war also gewëss net e schlechte Wëllen oder Manktum u Kooperatioun, mä wéi gesot d'Timingsdatumen, déi am leschte Moment geännert gi sinn, hunn et onméiglech gemaach. Mä Dir wësst, ech sinn ëmmer bereet fir zu alle Punkten an och prezisen, déi Der ons stellt als Regierung, sou wäit wéi méiglech prezis och drop ze äntwerten.

Wien huet déi Konventiounen oder wien huet déi Négociatiounen an deenen zwee Joer gefouert? Dat sinn d'Membere vun der Commission administrative belgo-luxembourgeoise genannt CABEL, dat sinn d'Generalsekretäre vun de Ministèrë mat den Direktere vun den Directions économiques, an eisem Fall och nach derbäi den Direkter vum Trésor, den Directeur adjoint vum Statec, den Direkter vun der Economie rurale an de Préposé vum Office des licences, jee alles Leit, déi ganz, ganz konkret an deenen Dossieren dra sinn an déi op all déi Froen, déi Dir ze stelle gehat hätt oder oder déi Dir och nach an Zukunft wéilt stellen - well näischt verhënnert jo déi Saachen am Detail och ze kucken -, hätten dozou Stellung kënnen huelen.

Déi Leit kommen en principe fënnefmol am Joer zesummen, och am Normalen. Do sinn déi Texter alleguerten ausgehandelt ginn an natierlech maache se e Rapport hirem politesch Verantwortlechen, dat ass bei eis am Ministère, fir ze kucken, wéi wäit datt mer do mat deenen Négociatiounen d'accord waren. An dësem Fall waren d'Finanze besonnesch enk ausgeschafft, well ee vun deene wichtegste Punkten, deen ofgeännert ginn ass, war dee vun der Clause vu Maarteleng, also Clause de Martelange, wou zu onse Gonschten Ëmännerunge gemaach gi sinn, mä ech kommen dorobber zréck. Dat ass also de Kader, wéi ausgehandelt ginn ass.

Nun, wat sinn déi Haaptännerungen? Éischtens, den Euro, an dat ass hei scho gesot ginn, huet d'Association monétaire zwëschent eisen zwee Länner ganz einfach caduc gemaach, an dofir ass och an engem Protocole additionnel deen einfach ofgeschaaft ginn. E provisoreschen Iwwerbleibsel dovunner sinn awer nach Dispositiounen, déi de Partage vun deene Valeure vun deenen ale Geldschäiner nom Aféiere vum Euro betreffen, an hei muss also bis esou laang déi Schäiner nach Gëltegkeet hunn, de Partage gefouert ginn.

Zweete Punkt. D'Belsch huet fundamental - an dat wësse mer alleguerten - konstitutionell Ännerunge matgemaach, déi an där neier Konventioun eben och reflektéiert hu misse ginn. Eng Rei Kompetenze si regionaliséiert oder communautariséiert ginn a falen net méi an den direkte Beräich vun der UEBL. Dofir huet och am Dezember 2002, wéi ech mat mengem Kolleeg, dem Louis Michel, déi Konventioun hei nei ënnerschriwwen hunn, net nëmmen hien op der belscher Säit ënnerschriwwen, mä eben och nach d'Regierungsvertrieder vun deene verschiddene belsche Regiounen. Dat mécht natierlech d'Ratifikatiounsprozedur deementspriechend net méi einfach, mä et ass awer den eenzege Wee gewiescht, dee mer konnten aschloen.

Mä och d'Europäesch Unioun - an dat ass hei schonn ugeschwat ginn - huet sech an deene leschte Joren eng Rei nei Kompetenze fonnt. Déi sinn entwéckelt ginn, a fir am Virfeld all Konflikt do kënnen auszeschléissen, ass eng Dispositioun agefouert ginn, déi expressément an alle Fäll d'Suprématie vum Droit communautaire virgesäit. Wann also iergendwou e Problem géing entstoen, ass d'Suprématie vum Droit communautaire ganz kloer festgehale ginn.

Eng Rei substantiell Ännerungen, hat ech virdru gesot, si gemaach ginn. Et goung dobäi haaptsächlech drëms de Fonctionnement an de Partage - an dat kënnt Dir lech virstellen - vun de Revenuë vun den Accisen ze reorganiséieren oder nei ze organiséieren. Fréier Gewunnechten a Mechanisme waren oder hunn eis op alle Fall net méi zäitgeméiss erschéngt.

D'Konventioun elo selwer, wann Dir dat nokuckt, geet net am Detail dorop zréck, well dat an aneren Décisiounen, an engem anere juristesche Kontext ugeholl ginn ass, mä - an dat wëll ech ganz kloer ënnersträichen - fir eis war dat awer ee Paquet.

Dofir fannt Dir och op där enger Säit déi Situatioun, wou d'Clause de Martelange, op déi ech elo direkt kommen, ëmgeännert ginn ass, also si ass ofgeschaaft ginn, wat fir eis e grousse finanziellen Avantage war. Op där anerer Säit hunn déi Belsch awer dee Moment drop gehalen, datt mer Kompensatioune fir d'Gemenge géinge virgesinn. Fir eis war dat eent mat deem aneren ee Paquet, a mir sinn nëmmen eens ginn, wéi mer iwwert déi zwee Volete vum deem Paquet eis eens waren.

D'Clause de Martelange, hunn ech gesot, ass ofgeschaaft ginn. Dës Clause, déi 1981 adoptéiert gi war, hat mat sech bruecht, datt Lëtzebuerg 7% vu senge Revenuë vun den Accisen un d'Belsch cédéiere misst. Dëst war eng Kompensatioun vun dem Manktum u Recetten, déi duerch den Tracé vun der Grenz zu Maarteleng an zu Perlé entstanen ass.

Mä obschonns dëse Prozentsaz 1993 op ongeféier 5,65% erofgesat ginn ass, huet dat awer nach 1999 méi wéi 36 Millioune Euro ausgemaach. An de Moment hätt dat sech esouguer bis 2002 nach weider entwéckelt, wat also nach méi en héije Montant virgesinn hätt. Dës Clause ass ofgeléiert, an domat natierlech eben och déi Suen, déi doduerch der Belsch entfall wieren. Dat ass also e kloren Avantage fir Lëtzebuerg, an deen ass duerch eng Décisioun vum Comité des Ministres vun der UEBL ugeholl ginn.

Als deelweis Kompensatioun hu mer doduerch awer mat der Belsch vun 2004 un e forfaitairë Montant vu 15 Millioune Euro pro Joer virgesinn. 2002 waren et der 24, 2003 20 a wéi gesot vun elo u 15 Milliounen, déi direkt deene Gemenge sollen zoukommen, déi e Manktum vu Steierrecetten erdroe wéinst de Frontalieren, déi direkt hei zu Lëtzebuerg besteiert ginn.

Bon, verschidde Kontrollmechanisme sinn och do virgesinn, fir doriwwer e Contrôle ze halen, mä ënnert dem Stréch ass d'Rechnung ganz schnell gemaach. Fir Lëtzebuerg kënnt hei e Plus, dat heescht, e finanziellen Avantage vun op d'mannst 25 Millioune Euro, oder ëmgerechent eiser aler Frang gutt iwwer eng Milliard. Dat ass also eng ganz konkret Konsequenz vun deenen Upassungen.

Aner Ännerunge betreffen d'Rechemethode vun den Accisen an och eng nei Rechebasis fir den Alkohol. Och an deene Fäll kënnt Lëtzebuerg an der Regel besser ewech. Steierfroe sinn och en marge vun de Verhandlunge geléist ginn. Esou zum Beispill deen Amendement, dee virgesäit, datt d'Duebelbesteierung vun eise Baueren net méi kënnt. Dat ass natierlech och wouer fir d'Belsch, mä et ware méi vun eise Baueren ebe betraff. Och dee Problem konnt domat geléist ginn, an d'Zesummenaarbecht tëschent eisen Douanen ass nei formaliséiert ginn.

Dat ass zum Beispill eng vun deenen, net nëmmen Avantagen, mä absolute Konditiounen, fir datt mir eis Obligatiounen, déi mer am Kader vun der Europäescher Unioun hunn, kënnen à peu près uerdentlech erfëllen. Hei mécht d'belsch Douane fir eis bal all déi Aarbechten, déi mer do misste maachen an eleng dat schonn ass en enormen Aarbechtsopwand, deem mer eis esou kënnen entledegen.

En aneren Domän wou mer e ganz grousse Virdeel hunn duerch eis Kollaboratioun mat de Belsch, fir op dem Här Fayot seng Fro ze äntwerten, ass deen am Commerce extérieur. Dofir sinn déi Dispositiounen esou prezis virgesinn. Duerch d'Neiorganisatioun vun de Kompetenzen an der Belsch, sinn déi jo elo op d'Regiounen opgedeelt ginn. Mir kënnen iwwerall, wou mer ekonomesch Missioune maachen, op eis belsch Kolleegen an den Ambassaden zielen, an déi Kollaboratioun kann ech nëmme bestätegen an deene Jore wou ech se konnt matmaachen. Si leeft wierklech excellent, a mir hunn hei eng excellent Kollaboratioun mat all deene belsche Posten am Ausland, a vu datt mir der jo esou ganz wéineg hunn, ass dat hei fir eis vu ganz grousser Wichtegkeet.

Ech wollt awer och op déi nei Perspektiven, an dat ass vu Verschiddenen opgeworf ginn, ze schwätze kommen, déi sech am Kader vun dëser Konventioun erginn. De Fait, datt déi belsch a Lëtzebuerger Regierungen un der UEBL festhalen, erkläert sech nämlech net nëmmen duerch d'Douane an d'Accisen. Och am heitegen Europa hätt ee kënnen, wann een dat emol einfach nüchtern géing gesinn, d'UEBL ofschafen, mä dat wollte mer op kee Fall, well déi 80 Joer excellent Kollaboratioun, déi mer haten, op eng eenzeg Aart a Weis wegweisend fir Europa war, a mir wëllen eben déi Zesummenaarbecht och weiderhi stäerken.

A grad an engem Europa, wat elo an e puer Woche sech nach wäert erweideren, ass eng enk Zesummenaarbecht mat engem Partner oder mat e puer, esou wéi mer dat am Benelux hunn, essenziell, fir seng Standpunkter kënne mat méi Nodrock ze verdeedegen. Ech mengen, och hei huet esouwuel d'Union économique belgo-luxembourgeoise wéi de Benelux wierklech gewise wéi wichteg, datt dat ass.

Esouwuel an den Domäner vun der Aussepolitik wéi och an Domäner vun der Ëmwelt an dem Soziale bleift nach ganz vill ze maachen, an net méi spéit wéi den 28. Abrëll, dat heescht d'nächst Woch, kënnt déi ganz Belsch an déi ganz Lëtzebuerger Regierung zesummen, fir eben där Déclaration solennelle, déi mir hei jo gemaach hunn, direkt e ganz konkreten Inhalt ze ginn a fir festzehalen, datt an enger ganzer Rei vun Domäner mer elo nach méi enk zesummeschaffen.

Gewëss, déi Konventioun an déi Deklaratioun sinn e relativ vaste Kader, mä just duerch dee vasten a flexible Kader hu mer d'Méiglechkeet an den Detail eis Zesummenaarbecht ze regléieren.

Mir wäerten zum Beispill dofir d'nächst Woch iwwert d'Domäner, besonnesch wéi d'Santé publique mat all deem wat domat zesummenhänkt, Homologatioun vu Medikamenter, wou e ganz groussen administrativen an och technescher Opwand erfuerdert ass, diskutéieren, fir do méi enk zesummenzeschaffen, oder och verschidden Informatiounscampagnen, ob dat elo Tubak oder aner Problemer sinn, wou mer ee vun deem aneren natierlech kënne vun den Experienze profitéieren.

En anere wichtegen Domän ass hei ugeschnidde ginn, d'Sécurité alimentaire, déi fir déi zwee Länner vun extremer Wichtegkeet ass, oder d'Sécuritéit, ganz einfach d'Zesummenaarbecht tëschent de Policen an eben och anere Servicer, déi fir d'Sécherheet vun eise Bierger zoustänneg sinn. Alles dat wäerten Domäner sinn, op déi mer ganz prezis a konkret den nächsten Dënschdeg mat eise belsche Kolleege wäerten agoen, fir do weider Schrëtt virzeschloen.

Datt mir a verschiddenen Domäner, ech hu virdru vun den Affaires étrangères geschwat, der Representatioun, dem Commerce extérieur, dat ass gewosst, dat gëtt et zënter laangem, mä een, dee gradesou ganz enk ass, dat ass justement deen um Niveau vun der Zesummenaarbecht vun eisen Arméien.

Lëtzebuerg mécht dat iwwerall do, wou et am Ausland present ass mat Militär, bal ëmmer mat senge belsche Kolleegen zesummen. Dat ass wouer an de Missiounen a Kroatien, et ass a Bosnien wouer, et ass haut am Kosobo wouer, et ass och am Afghanistan wouer. Am Kader vum Corps européen maache mer dat zesumme mat eise belsche Kolleegen, an et ass ganz oft ëmmer ënnert hirem Kommando. Bei anere Kooperatiounen, déi mer hunn, wat d'Interventiounen ubelaangt, zum Beispill e Projet vun Déminage am Laos, kënne mer dat och nëmme maachen zesumme mat de Belsch, oder e Projet de déminage am Kambodscha.

Hei ass d'Zesummenaarbecht ganz enk, an et kënnt ee bal soen, schonn an d'Traditioun iwwergaangen, an dat wëlle mer natierlech deementspriechend och oprechterhalen.

Ech erënneren un déi Initiativ, déi mer zesumme mat eise belsche Kolleegen, mä eben och mat de Fransousen an den Däitschen d'lescht Joer geholl haten am Abrëll am europäesche Kader, fir an der Zukunft och eng besser Zesummenaarbecht um europäesche Plang, wat eben d'Arméien an d'militäresch Capacitéiten ubelaangt, virzeschloen. Och dat huet sech an deem Kader ofgespillt, an dat war nëmme méiglech, well mer déi ganz gutt Kollaboratioun mat eise belsche Kolleegen hunn, an dat geet iwwer all politesch Famillien eraus.

Ech mengen, dat ass jo och dat wat déi Konventioun hei esou wichteg mécht. Et gëtt ganz einfach eng institutionell Zesummenaarbecht, déi natierlech nach ka verdéift ginn a wou et nach ka méi einfach sinn, wann eben och um politesche Plang d'Leit sech gutt verstinn, mä och doriwwer eraus gëtt et den institutionelle Kader fir d'Problemer ze léisen.

Et sinn zum Beispill, wann ech vu Problemer schwätzen, hei e puer Fäll opgeworf ginn, wéi déi giel Plaquen. Wann ech mer erlaben dierf, dat ass am Fong kee Lëtzebuerger Problem, dat ass effektiv e belsche Problem an deem Sënn, datt si sech selwer eng Reglementatioun ginn, an datt se Problemer hunn, fir déi doheem duerchzeféieren, mä et ass un hinnen, fir dat ze léisen, an dat hu mer hinnen och an deem Kontext ëmmer gesot. Ech mengen, wa Belsch, déi zu Lëtzebuerg schaffen, sech hei en Auto leasen, an dee mat Lëtzebuerger Plaquen heemhuelen, wa si hir Reglementatioun wëllen duerchzéien, da mussen si dat kucken. Dat hu mer hinnen e puermol an och am frëndschaftleche Kader gesot.

D'Déclaration libératoire unique ass gewëss e Problemfall, mä och do maache si näischt anescht ers wéi anerer vun eisen europäesche Partner, wéi zum Beispill Italien, fir et nëmmen ze nennen, wou se versichen eng Rei vun hire Kapitaler zréck bei sech heem ze rapatriéieren, wat u sech verständlech ass, wat och net unique ass, mä si mussen et natierlech am Kader vun den europäeschen Dispositioune maachen, an dat schéngt mer gradesou kloer.

Dofir huet d'Association des Banques et Banquiers jo och bei der Kommissioun Asproch geholl, well esou kloer ass et net, wéi den Här Henckes et hei wollt soen, datt dat alles contraire ass. Et ginn dofir Gremien, fir dat ze décidéieren, an dofir ass jo eng Plainte gemaach gi bei der Kommissioun zu Bréissel, well d'Associatioun vun de Banken an de Banquiere fënnt, datt et discriminatoire wär op zwee Punkten. Loosst mer d'Décisioun vun der Kommissioun op deem Punkt ofwaarden.

Mä quitte datt et Problemer gëtt, an där gëtt et, där sinn et ginn an där wäerten et ginn. Mir alleguer erënneren eis un déi Momenter vun 1982 wou eng Dévaluatioun geschitt war a wou mer net am Virfeld dovunner informéiert gi sinn. Dat si Saachen, déi geschéien, wou een duerno awer alles gemaach huet, fir datt se net méi sollte geschéien. Mir sinn haut an enger anerer Unioun, wat eis méi eng grouss Sécherheet gëtt, mä och fir déi kommend Problemer wëll ech festhalen, datt dee Kader, dee mer eis mat dëser Konventioun ginn, eis op d'mannst déi beschtméiglech Chancë gëtt fir se ënner Partner op déi beschtméiglech Aart a Weis ze léisen an dofir sinn ech och frou, datt d'Chamber dëser Konventioun hire vollen Apport zougeséchert huet.

Ech soen Iech merci!

**M. le Président**.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of iwwert dee virleiende Gesetzesprojet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Paul-Henri Meyers, Patrick Santer (par Mme Nancy Arendt), Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz (par M. Norbert Haupert), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Niki Bettendorf), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Marco Schroell), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer (par M. Alexandre Krieps);*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry) et Lucien Lux;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg (par M. François Bausch) et Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

*S'est abstenu: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5314 iwwert d'Arees an den Openthalt vun den Auslänner hei zu Lëtzebuerg. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Glesener, Fayot a Bettendorf. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Paul-Henri Meyers.

## 7. 5314 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 mars 1972 concernant 1. l'entrée et le séjour des étrangers; 2. le contrôle médical des étrangers; 3. l'emploi de la main-d'œuvre étrangère

***Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi***

**M. Paul-Henri Meyers** *(CSV), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5314 ass den 18. Mäerz vun dësem Joer an der Chamber deponéiert gi vun dem Minister fir Aarbecht an Emploi. Den Avis vum Statsrot krute mer den 1. Abrëll. De 5. Abrëll huet d'Kommissioun fir Aarbecht a Beschäftegung hire Rapporteur designéiert an de 7. Abrëll ass de Rapport virgeluecht ginn, deen och vun der Kommissioun ugeholl gouf.

De Projet, dee mer haut diskutéieren, soll d'Gesetz vum 28. Mäerz 1972 ofänneren. Dat Gesetz gesäit ënner anerem vir wéi den Zougank zum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart geschitt vun Netlëtzebuerger. Duerch den Text, dee mer haut sollen unhuelen, kritt d'Regierung d'Méiglechkeet fir deen Zougank zum Aarbechtsmaart fir Persounen ze regelen, déi aus deenen neie Länner kommen, déi vum 1. Mee 2004 u Member vun der Europäescher Unioun ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn eigentlech zwee Froekomplexer, déi sech hei stellen. Dat ass engersäits déi juristesch Fro an zweetens d'Fro vun der Opportunitéit vun deem heiten Text.

Wat déi juristesch Fro ugeet, muss ee festhalen, dass duerch d'Gesetz vum 8. Mäerz vun dësem Joer Lëtzebuerg de Vertrag ratifizéiert huet, deen den zéng neie Länner et erlaabt Member vun der Europäescher Unioun ze ginn. Dëse Vertrag erlaabt deene 15 ale Memberslänner, déi haut d'Europäesch Unioun ausmaachen, Iwwergangsbestëmmunge virzegesinn, déi den Zougank zum Aarbechtsmaart vun deene Persounen aus deenen neien Memberslänner kënne regelen, mat Ausnahm allerdéngs vu Malta an Zypern.

Déi Iwwergangsbestëmmunge kënne fir zwee Joer getraff ginn. Si kënnen allerdéngs verlängert gi mam Accord vun der Kommissioun ëm dräi Joer an duerno nach eng Kéier ëm zwee Joer, dat heescht am Ganze fir siwe Joer.

Déi lëtzebuergesch Gesetzgebung, esou wéi se haut virläit, gesäit awer keen Text vir, deen déi Aschränkung do géif erlaben. Den Artikel 28 vum Gesetz vum 28. Mäerz 1972 gesäit vir, datt Aarbechter aus der Europäescher Unioun kee Permis brauche fir hei zu Lëtzebuerg ze schaffen. Domat, wann deen Text géif bestoe bleiwen, géifen also och d'Salariéen, déi aus deenen neien EU-Länner kommen, ouni weideres kënnen zu Lëtzebuerg schaffen opgrond vun der fräier Zirkulatioun vun den Aarbechter.

Fir dat Recht anzeschränke muss also den Artikel 28 vum Gesetz vun 1972 ofgeännert ginn. Déi Ofännerung muss awer geschéie virum 1. Mee 2004, well de Vertrag, deen den Zougank vun deenen neien EU-Länner regelt, ausdrécklech virgesäit, datt déi juristesch Situatioun, esou wéi se den 1. Mee besteet, duerno net däerf geännert oder verschlechtert ginn.

De Statsrot huet drop higewisen, dass elo schonn duerch d'Associatiounsaccorde mat deeneselwechte Länner, déi an de Joren 1993, 1994, 1996 an 1997 ratifizéiert si ginn, den Zougank zum Lëtzebuerger Aarbechtsmaart fir Persounen aus deeneselwechte Länner reglementéiert ass. Déi Bestëmmunge kënnen duerch d'Ofännerung vum Gesetz vun 1972 och no dem 1. Mee weider bestoe bleiwen. Si kënnen allerdéngs net fir Persounen aus deene Länner verschlechtert ginn.

De Statsrot an och d'Beruffschamberen, notamment d'Beruffschamber vun de Privatbeamten, hunn d'Fro gestallt iwwert d'Noutwendegkeet oder d'Opportunitéit vun deenen heite restriktive Moossnamen. Déi Avise vum Statsrot, awer och vun de Beruffschamberen, Chambre de Commerce, dee mer haut eréischt um Dësch fonnt hunn an och vun der Chambre des Employés privés, kommen zur Konklusioun, dass et eng Virsiichtsmoossnam ass, fir virzegesinn, dass Lëtzebuerg, esou wéi déi aner Länner aus der Europäescher Unioun, sech och gesetzlech d'Méiglechkeet gëtt fir esou Aschränkunge virzehuelen. Well mer se nëmme virum 1. Mee kënne maachen, muss also déi Décisioun fir déi Mesuren ze stëmmen och virum 1. Mee getraff ginn an d'Gesetz muss och virum 1. Mee a Kraaft trieden.

Den Avis vun der Aarbechterkummer, dee mer och haut fonnt hunn, ass e bësse méi kritesch an där Hisiicht. Dee kënnt zur Konklusioun, dass een d'Gesetz vun 1972 ganz misst iwwerschaffen, wat u sech och net falsch ass, wat allerdéngs an där kuerzer Zäit a fir dee But, deen hei ugepeilt gëtt, net méiglech ass. Dofir mengen ech, muss een zur Konklusioun kommen - dat ass och déi vun der zoustänneger Kommissioun -, dass de Projet an där Form wéi d'Regierung e virgeluecht huet soll gestëmmt ginn an ech géif och heimat den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet bréngen.

Merci.

**M. le Président**.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Marcel Glesener agedroen. Den Här Glesener huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Marcel Glesener** *(CSV)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, och wa mäi Kolleeg de Paul-Henri Meyers als Rapporteur schonn den Accord vun eiser Fraktioun zu dem virleiende Projet ginn huet, wat och stëmmt, wëll ech awer e puer Wuert unhänken un deen excellentë Rapport, deen de Kolleeg Paul-Henri Meyers elo hei der Chamber presentéiert huet.

Hien huet zu Recht op d'Dréngleckeet higewisen, datt dat Gesetz misst virum 1. Mee a Kraaft trieden, vu datt den 1. Mee de Stéchdag ass, op deem déi nei Länner an d'Europäesch Unioun stoussen. Dat huet och bewierkt, dass mir an der Chamberkommissioun ganz schnell hu misse reagéieren, fir rechtzäiteg dem Plenum ee Rapport ze presentéieren. Ech wëll dofir dem Paul-Henri Meyers merci soen am Numm vun der Kommissioun fir déi prompt Aarbecht.

Wann Dir gesitt an och elo héieren hutt, dass de 5. Abrëll de Paul-Henri Meyers als Rapporteur genannt ginn ass, an zwee Deeg duerno scho säi Rapport vun der Kommissioun ugeholl ginn ass, an e puer Minutte virdrun, mir eréischt iwwert de Projet de loi, den Avis vum Statsrot debattéiert hunn, gesitt Dir, dass mir wierklech eng ganz gutt Aarbecht an der Kommissioun geleescht hunn, an et beweist, dass et och méiglech ass…

***(Interruption)***

Ech kommen drop zréck, Här Fayot.

…schnell ze reagéieren an der parlamentarescher Aarbecht.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass dee Projet an de Rapport, esou wéi en hei virläit, an der Kommissioun bei enger Géigestëmm ugeholl ginn ass. Et war d'Géigestëmm vum Här Urbany. All déi aner Fraktiounen, déi an der Kommissioun vertruede waren, hunn deem Projet hei hir Zoustëmmung ginn.

Wann et méiglech war, dass mir esou schnell konnten eis Aarbecht ofschléissen an der Kommissioun, da war dat virun allem dorop zréckzeféieren, well mir schonn de 24. Mäerz hei an der Chamber bei engem Débat iwwert d'Presentatioun vun der Madame Ausseminister hirer Deklaratioun iwwert d'Aussepolitik laang iwwert d'Opportunitéit vun där Mesure diskutéiert hunn, an ob et noutwendeg wär, ob et ubruecht wär, a wichteg wär, dass mer vun deem Recht vun där Iwwerganksbestëmmung vun zwee Joer géife profitéieren, ier mir dann déi definitiv Décisioun huelen, ob d'Fräizügegkeet komplett géif spille par rapport zu all deenen Ar-

beitnehmer aus deene Bäitrëttslänner.

Dat war eng kontrovers Diskussioun, an an der Chamber waren et ënnerschiddlech Meenungen, déi hei zum Ausdrock bruecht si ginn, mä et huet een awer erausgespuert, dass et noutwendeg wär, dass d'Regierung soll ee Projet maachen, fir op dee Wee ze goen, deen elo an deem Projet de loi hei virläit.

Mir haten eng zweet Diskussioun - mir hunn also laang iwwert dee Problem hei diskutéiert - geleeëntlech der Orientéierungsdebatt iwwert d'Immigratioun, wou mir ebenfalls doriwwer diskutéiert hunn, a wou mir am Rapport festgehalen hunn, der Regierung de Rot ze ginn, fir effektiv vun deenen zwee Joer Gebrauch ze maachen, well mir der Meenung waren, dass d'Situatioun um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart de Moment ganz gespaant ass an et net gutt wär, wann een elo net géif vun där Méiglechkeet Gebrauch maachen, well et dann zu enger Rei vu Geforepunkte kéint kommen, an et dozou féiere kéint, dass a) de Chômage kéint an d'Luucht goen, b) et och net gutt wär, wa mer e falscht Signal géife setze vis-à-vis vun deene Bäitrëttslänner, an den Uschäi ginn, dass hei zu Lëtzebuerg absolut kee Problem wär, fir Aarbecht ze fannen.

Mir hunn deemools gesot - Dir kënnt lech dorun erënneren -, dass een dat net soll maachen an dass et mat Sécherheet fir d'Integratioun an d'Zesummeliewen hei zu Lëtzebuerg net gutt wär, wa Leit op Lëtzebuerg géife kommen an der Meenung hei eng Aarbechtsplaz ze fannen, a si missten da feststellen, dass se keng Aarbechtsplaz géife fannen, an d'Zuel vun de Chômeuren, déi souwisou an d'Luucht geet, nach weider an d'Luucht géif goen.

Dat war d'Recommandatioun, déi mir hei zum Ausdrock bruecht hunn, och an deem Rapport vun der Immigratiounsspezialkommissioun. Dir gesitt also, dass mer net nëmme kuerz an der zoustänneger Kommissioun iwwert déi Problematik diskutéiert hunn, mä largement hei an der Chamber schonn en Débat haten, esou dass et logesch war, dass mir och an der zoustänneger Kommissioun praktesch unanime mat enger Géigestëmm - där vum Här Urbany wéi gesot - d'accord waren, fir dee Projet, sou wéi d'Regierung en hei presentéiert huet, an esou wéi och de Statsrot säin Accord ginn huet, unzehuelen.

Ech géif also am Numm vu menger Fraktioun nach eng Kéier dat soen, virun allem awer och mengem Kolleeg Paul-Henri Meyers nach eng Kéier merci soen, dass e bereet war esou schnell e Rapport virzeleeën, an och fir déi mëndlech weider Erklärungen, déi en hei ginn huet.

Kolleeginnen a Kolleegen, domat nach eng Kéier: Merci! Ech ginn dann och heimat offiziell den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

**M. le Président**.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, wann dëst Gesetz am Eiltempo hei duerch d'Chamber, duerch de Conseil d'État gaangen ass oder amgaangen ass ze goen, dann ass dat en Zeechen dofir, dass d'Regierung bis zu enger relativ rezenter Zäit net richteg wousst, wat se géif maachen an där Fro hei.

***(Interruption)***

Selbstverständlech, Här Biltgen, ech hat mir net virgestallt, dass Dir dat elo géift mat approuvéieren, mä dat ass awer esou, Här Biltgen, well ech ka mech nämlech ganz gutt erënneren, Dir hutt déi Debatten iwwert den Elargissement eigentlech net matgemaach, mä et ass jo ganz kloer, dass den Här Statsminister bis viru kuerzem nach ëmmer gesot huet, Lëtzebuerg géif keng Exceptioun fir d'libre circulation vun den Arbeitnehmer an Anspruch huelen…

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, erlaabt Dir mer, dass ech eppes soen?

**M. le Président**.- Jo, Här Biltgen.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Et ass en Ënnerscheed tëschent deenen zwee Joer Période transitoire an de Périodes dérogatoires, dräi an zwee Joer drop. Dat fir d'éischt.

Fir d'Zweet soen ech lech, Här Fayot, dass ech der Meenung war, an eng Partie Leit och, dass mer net bräichten d'Gesetz ze änneren op Grond vum Traité. Et si verschidden anerer, nämlech de Statsrot, deen der Meenung war, et misst een erëm d'Gesetz änneren. Doropshin hu mir dat heite Gesetz erabruecht.

Mir waren, an ech bleiwen och nach haut dobäi, juristesch der Meenung, dass mir dat heite Gesetz net néideg gehat hätten. An eréischt wéi de Statsrot dat gesot huet, do wollte mir fir sécher ze goen deem noginn, a wéinst der Sécurité juridique hu mir dat Gesetz eraginn. Sou einfach ass et.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, ech wollt dem Här Aarbechtsminister soen, dass de springende Punkt jo bei där Saach hei ass, ob een eng Période transitoire, eng Auszäit, fir d'libre circulation des travailleurs hëlt oder net, dass dat de springende politesche Punkt ass.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Et ass de Prinzip! Et ass de Prinzip!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo!

Den Här Aarbechtsminister weess ganz gutt, dass dat, wat ech wëll soen - vläicht hunn ech mech net kloer ausgedréckt - dat ass, dass mer d'Impressioun haten, an ech mengen, do kënnt Dir jiddferee vun all Fraktioun froen, dass d'Regierung bis viru kuerzem - an dat huet den Här Statsminister itérativement an Interviewen, besonnesch och am Ausland a groussen ausländeschen Zeitunge gesot – virhat, aneschters wéi Däitschland an Éisträich, déi jo à l'origine vun deenen Iwwerganksbestëmmungen do sinn, net dorobber zréckzegräifen. Dat ass dat, wat ech wollt soen.

A mir waren erstaunt, Här President, an der aussepolitescher Kommissioun, wéi mir dee Projet virgeluecht kritt hunn, dass d'Madame Ausseminister un certain moment komm ass a gesot huet, d'Lëtzebuerger Regierung géif also déi Auszäit huelen. Dat war also eng politesch Décisioun vun der Regierung, an dorobberhin ass dann déi méi technesch Diskussioun komm, op déi den Här Aarbechtsminister hiweist, nämlech, ob een d'Gesetz vun 1972 muss änneren - ech mengen am Artikel 26 oder 28 - oder ob een dat kann einfach esou iwwert den normale Wee zum Beispill iwwer Règlement grand-ducal maachen. Dat war de Flottement, deen een Abléck do war. Mä et bleift, dass menger Ansicht no déi Décisioun, fir déi Auszäit ze huelen, eng relativ rezent Décisioun ass.

Ech wëll direkt soen - ech hunn dat jo och beim Débat iwwert den Élargissement gesot -, dass mir dat verstinn an dass mer a sech déi Décisioun jo, wéi mir den Élargissement gestëmmt hunn, och matdroen. Et bleift awer dobäi, dass ech déi Vitesse, mat där déi Saache geschéien, eigentlech net ganz gesond fannen an dass ee sech dat eben och éischter hätt iwwerleeë kënnen, well den Élargissement war jo scho laang bekannt, an d'Datumer waren och laang bekannt.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Nach eng Kéier, mir sinn dovunner ausgaangen, well den Traité seet, zwee Joer geschitt näischt, dass mer och net musse légiféréiere während deenen zwee Joer. An dofir hu mir och net légiféréiert, an eréischt wéi de Statsrot eng technesch Fro opgeworf huet, si mer dunn zur Meenung komm, mir sollte légiféréieren.

Et ass en Ënnerscheed tëschent enger Période transitoire, déi seet, et geschitt näischt, et sief dann de Stat wéilt eppes änneren, an deenen zwee Périodes dérogatoires vun zwee an dräi Joer respektiv dräi an zwee Joer, wou de Stat muss froen, fir dass eppes geännert gëtt. Dat klëngt technesch, mä dat ass awer esou, a wéi gesot, ech bleiwen nach haut der Meenung, dass mir dat heite Gesetz net néideg hätten. De Statsrot war enger anerer Meenung. Mir waren an der Regierung der Meenung, wéinst der Sécurité juridique solle mir hei dem Statsrot noginn; nach eng Kéier esou einfach war et, an dofir ass dat séier komm.

***(Interruptions)***

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo, bon, ech kënnt elo nach eng Kéier widderhuele wat ech éinescht gesot hunn, ech maachen et awer net.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Et gëtt dofir net besser.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Bon, Här President, iwwert d'Qualitéit vun deem wat hei an der Chamber gesot gëtt kann ee ganz verschiddener Meenung sinn, iwwert d'Qualitéit vun deem, wat deen engen an deen anere seet.

Ech menge mir hunn hei, Här Minister, e bësse laanschtenee geschwat. Ech wollt hei soen, dass mer den 1. Mee en Élargissement hunn, eng Erweiderung op zéng nei Memberen an dass mer während der Preparatioun vun där Erweiderung zwee Länner haten, Däitschland an Éisträich, déi Noper si vun deenen neie Länner aus dem Osten. Et handelt sech jo hei nëmmen ëm déi aacht Länner aus Osteuropa, et handelt sech net ëm Zypern a Malta.

Et sinn Däitschland an Éisträich, déi also direkt Nopere vun deenen aacht neie Membere sinn, déi itérativement gefrot hu fir Ausnahmeregelungen ze kréien, fir dass net hiren Aarbechtsmaart géif iwwerschwemmt gi vun deenen Arbeitnehmer aus deenen neie Memberlänner nom 1. Mee. Dat ass jo am Fong geholl den Ausganksspunkt vun der Saach mat där mer hei befaasst sinn, an ech mengen et ass jo och gewosst an der politescher Diskussioun, dass…

***(Interruption)***

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Wat Éisträich an Däitschland verlaangen, dat ass no den zwee Joer dräi plus zwee. Also, ech soen et elo net méi, well soss gitt Der net fäerdeg, mä et ass awer esou.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Bon, ech hunn nach Zäit, Här President, fir mech hei elo beléieren ze loosse vum Här Aarbechtsminister. Ech wollt just soen, dass à mesure wéi déi Erweiderung méi no komm ass eben ëmmer méi Länner gesot hu si géife wëllen eng Auszäit huele fir déi libre circulation. Dat war de politesche Werdegank.

Ech muss héchstwahrscheinlech an engem aneren Europa liewe wéi den Här Biltgen, mä dat ass awer meng Sachkenntnis an ech menge schonn, een, deen d'Diskussiounen iwwert d'Erweiderung verfollegt huet, deen huet dat konstatéiert, dass op eemol ëmmer méi Länner, enfin, loosst mer soe wéi en Dominospill zesummegefall sinn. An et war jo och eent vun deenen Argumenter, fir dat hei ze huelen, dass Länner ronderëm déi Dispositiounen, déi Auszäit géifen akzeptéieren an dass mir also och net derlaanscht kéime fir dat ze maachen.

**M. François Biltgen**, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Nach eng Kéier: Déi Auszäit, wéi Dir dat nennt, dat ass de Prinzip, Här Fayot. Et si Länner, do hutt Der Recht, déi hu gesot: Mir verzichten op de Prinzip, an déi Länner hunn elo herno awer net op de Prinzip verzicht.

Mä nach eng Kéier: Et ass e Prinzip an et ass keng Derogatioun. D'Derogatioun kënnt eréischt no zwee Joer, an dat ass och an der Diskussioun, déi mer féieren, en Ënnerscheed, de Prinzip vun der Auszäit an d'Derogatioun, déi d'Länner kënne froen, an do ass et kloer, dass déi Derogatioun vun dräi an zwee Joer no dem Prinzip vun zwee Joer dat ass, wat Éisträich an Däitschland verlaangt hunn. Vill Länner hu Bréiwer geschriwwen - mir net -, dass se géife souguer net nëmme keng Derogatioun froen, mä op de Prinzip verzichten; déi Länner sinn ëmgefall. Et si just Irland an England, déi soen: Mir wëllen och de Prinzip net.

***(Interruption)***

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Et bleift, Här President, wat ech am Fong geholl wollt soen, dass an deene meeschte Länner, ausser dann elo vläicht an Irland a Groussbritannien, awer eng gewëssen Angscht opkomm ass virun deem Élargissement, dat heescht och virun dem Iwwerschwemme vum nationalen Aarbechtsmaart duerch bëlleg Aarbechtskräften, an dass déi Angscht eben och derzou gefouert huet, dass gesicht ginn ass eng sief et zweejähreg oder fënnef- oder siwejähreg Interruptioun vun der libre circulation des travailleurs, wéi se eben an de Verträg virgesinn ass, ze kréien. Dat ass also eng Angscht, déi mir zum Deel kënnen novollzéie wéinst Dumping op de Léin, wéinst Sozialdumping, an dofir si mir jo och bereet dat Gesetz hei matzestëmmen.

Ech wëll awer soen, dass an deenen Avise vun de Chambres professionnelles, déi mer de Mëtteg um Dësch leien haten, eng ganz Partie ganz kritesch Remarquen dra sinn, an ech wëll déi och hei zum Deel kommentéieren. Zum Beispill fannen ech et eng ganz richteg Remarque vun der Chambre des Employés privés wa se seet, dass eigentlech déi 15 Länner et ënnerlooss hunn a där Zäit vun der Preparatioun vun der Erweiderung fir den Dialogue social an deenen neie Länner vun Europa, also an deenen neie Mitgliedslänner ze encouragéieren, well een iwwert deen Dialogue social och d'Aarbechtskonditiounen an d'Lounkonditiounen op jidde Fall oder de Sozialschutz an deene Länner hätt kënne verbesseren an doduerch dann eben och de Problem vun dem Dumping, deen eventuell aus deene Länner kënnt, évitéiert hätt.

Ech mengen, d'Chambre des Employés privés seet och ganz richteg, dass een elo déi Iwwergankszäit, déi een huet - ob dat zwee Joer sinn, ob dat fënnef Joer sinn, jee nodeem wat een dann an Usproch hëlt, dat ass jo nach net kloer fir den Abléck, ob et der zwee sinn, ob et der fënnef oder siwe sinn -, dass een déi Iwwergankszäit à profit soll huele fir eben och dee Sozialdialog an deene Länner probéieren ze encouragéieren.

Dann huet och d'Chambre de Travail eng ganz kritesch Haltung vis-à-vis vun dësem Projet de loi ageholl, ass awer schlussendlech d'accord mat deem Projet a freet och - an dat fannen ech eng interessant Remarque - esou wéi dat och iwwregens d'Chambre de Commerce mécht, dass een dat Gesetz vun 1972 soll eng Kéier op de Métier huelen. Ech weess, dass mer dat elo an dëser Legislatur net kënne maachen. Ech menge schonn, dass an der Vergaangenheet an deene leschte Joren des Öfteren iwwert dat Gesetz vun 1972 geschwat ginn ass. Och am Rapport vum Här Glesener iwwert d'Awanderung ass dat Gesetz ausenaner geholl ginn an ass gefrot gi fir dat méi flexibel a vläicht och e bësse méi accueillant ze maache fir Awanderer, déi zu Lëtzebuerg wëlle schaffen a liewen.

An dem Avis vun der Chambre de Commerce ass och eng ganz zwiespälteg Haltung. Si sinn och schlussendlech d'accord mat där, ech sinn elo net méi esou kéng wat fir e Wuert ech soll gebrauchen, mä ech soen also nach mat där Auszäit, well se soen et muss een och déi Interesse vum Secteur Horesca, vum Bausecteur, vun dem Transport a Betruecht zéien.

Si hu jo och bei ons an der Awanderungskommissioun, den Här Glesener ka sech dat erënneren, op hir Besoinë vu Main-d'oeuvre higewisen. Dat war allerdéngs zu enger Zäit wou mer zu Lëtzebuerg nach e bësse manner Chômage haten. Wéi d'Situatioun elo ass, léisst sech schwéier soen. Mä op jidde Fall soe si och, dass d'Besoinë vun de Betriber eng gewëssen Awanderungspolitik soll méiglech maachen, an dofir sinn ech och der Meenung, dass een no zwee Joer, wa mer dës Period eriwwer hunn, sech Gedanke soll maachen iwwert den Zoustand vum Aarbechtsmaart an eventuell Besoinë vun Awanderung.

Ech wëll awer och nach derbäi soen, Här President, dass dës Aschränkung vun der Fräizügegkeet vun den Arbeitnehmer an deenen neie Bäitrëttslänner relativ fir vill Opreegung suergt. Dat ass kee gudden Astig an déi Erweiderung. Et ass e Misstrauensantrag eigentlech, dee mir vis-à-vis vun deene Länner hunn. Jiddferee mat deem een iwwert déi Saachen do schwätzt, Leit, déi aus deene Länner kommen, weise just op dee Punkt hin. An dat muss een, mengen ech, och bei där politescher Décisioun, déi mer hei huelen, am Kapp behalen an och probéiere relativ schnell iwwert déi Period do ewechzekommen a während där Period dann eben e positiivt Zeechen ze setzen.

Här President, fir ofzeschléisse wëll ech nach soen, dass dat Gesetz hei, wat vun der Regierung abruecht ginn ass, dass ee soll nach eng Kéier no zwee Joer déi Approche iwwerdenken. Zweetens, dass ee vläicht och an Zukunft an deenen zwee Joer eng gewësse Flexibilitéit un den Dag soll leeë fir gewësse Kategorië vu Leit aus deene Länner. Mir sinn amgaangen eng Uni opzebauen. Vläicht brauche mer Professeren, brauche mer Spezialisten aus deene Géigenden, aus deene Länner, hätten eventuell och gäre Studenten aus deene Länner.

Do war zum Beispill am Här Glesener sengem Rapport iwwert d'Awanderung eng interessant Suggestioun, fir Studenten, déi zu Lëtzebuerg studéieren, ze erlaben no enger gewësser Zäit kleng bezuelte Beschäftegungen nozegoen. Dat ass also och eng Pist, wou ee soll, menger Usiicht no, flexibel sinn. Et soll een och d'Intérête vun der Ekonomie an deem Ganzen net aus dem A verléieren an et soll een och méiglech Délocalisatiounen am A behalen.

Dat gesot, mir wäerten dëst Gesetz stëmmen, vläicht mat engem laachenden A a vläicht mat engem kräischenden A, well et awer trotzdeem eng Virsiichtsmoossnam ass, déi och negativ Konsequen-

zen huet. Mä bon, ech mengen an där Situatioun vu Chômage an där mer sinn ass déi Virsiichtsmooss-nam ubruecht, an dofir wäerte mer dat dote Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Bettendorf huet d'Wuert.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken och dem Rapporteur Paul-Henri Meyers merci soe fir säi flotte mëndlechen a schrëftleche Rapport. Hien huet zu Recht higewisen op d'Urgence, déi hei besteet, well den 1. Mee déi zéng Länner an d'Europäesch Unioun erakommen, an dofir ass et scho wichteg, dass mer elo virum 1. Mee dat Gesetz vun 1972 ofänneren.

Et ass elo hei eng Diskussioun gefouert ginn tëschent dem Här Fayot an dem Aarbechtsminister iwwert d'Période transitoire vun zwee Joer, iwwert d'Derogatioune vun dräi Joer, plus zwee Joer, an ganze siwe Joer, an den Här Fayot huet gemengt d'Regierung wéisst net wat se géif maachen.

Ech mengen eleng d'Tatsaach, dass an Europa d'Meenung wierklech ëmgeschloen huet, dass nach just England an Irland soen, si bräichte keng transitoire Bestëmmungen an och keng Derogatiounen, da wiere mir schlussendlech an Europa, déi no un der Front leien, déi eenzeg, déi keng Période transitoire agefouert hätten, an dofir fannen ech, dass et just richteg ass, dass d'Regierung dem Conseil d'État nogezunn huet an op déi Période transitoire net verzicht. Mir soe jo net, dass mer dovu Gebrauch maachen, mä mir soen, dass mer se awer kënne gebrauchen, dofir gi mer eis d'Gesetz, dass mer et hu vum 1. Mee un, wann et noutwendeg gëtt.

Dat ass fir mech de springende Punkt. Mir soen net, dass mer vun dësem Gesetz Gebrauch maachen, mä mir soen, dass mer eis d'Méiglechkeet ginn op dëst Gesetz zréckzegräifen.

***(Interruptions diverses)***

Esou hunn ech et verstanen. Vum 1. Mee u kommen déi an d'Europäesch Unioun eran. Et ass eng Période transitoire. Mir hu mat deene meeschte vun deene Länner Accords bilatéraux. Déi bestinn, an et ass ganz kloer, dass déi Accords bilatéraux net kënnen an der Zukunft méi schlecht gi par rapport zu deem wat mer am Abléck hunn.

***(Interruptions diverses)***

Neen, dat ass ganz sécher, d'Accords bilatéraux bleiwe bestoen. Déi ginn net mat dësem Gesetz ofgeännert.

Ech wëll Iech just eng Saach soen. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg nach eng Rei Aarbechtsplazen, déi mer net besat hunn. Am Kader vun der Horeca hu mer an déi 90% Leit, déi net zu Lëtzebuerg wunnen, déi heihinner schaffe kommen. Dat heescht, mir hunn eng gewëssen Noutwendegkeet vun Aarbechtskräften, op déi mer och musse kënnen an Zukunft zréckgräifen. Dat ass wichteg, awer ech wëll op eppes besonnesch hiweise wat den Här Ben Fayot gesot huet, dass dat wat mer maache schlecht ukéim an deene Länner, déi wëllen an Europa erakommen, dass do e falscht Zeeche géif gesat gi fir déi Länner.

Abee, Här Fayot, ech muss Iech soen, dass duerch d'Ouverture vun de Grenzen déi Länner Angscht hunn, dass vill vun hire Leit si verloossen, a virun allem qualifizéiert Leit, Dokteren, Ingenieuren, vläicht aus Pole Paschtéier, ech weess et net.

***(Interruptions diverses)***

Dass déi fortlafen. Voilà, ech hunn déi kleng Boutade hei wëlle maachen, mä et ass ganz kloer, dass mir Plazen hunn, déi mer musse kënne besetzen. Polen zum Beispill huet eng ganz, ganz grouss Angscht, dass wierklech Aarbechtskräften, d'Matière grise hinne verluer geet. Et ass also net eesäiteg Angscht, wa mer se net wëllten huelen, mä op där anerer Säit hu se an hire Länner och d'Angscht, dass se fortginn. An dofir mengen ech, dass mer dat net sollen ze vill iwwerspëtzt gesinn.

Op alle Fall, mir als Demokratesch Partei gesinn an, dass hei eng Urgence besteet fir dësem Projet de loi, dass mer eis déi Méiglechkeet solle ginn, fir déi Période transitoire vun zwee Joer, a mir wäerten och dëse Projet de loi stëmmen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen hei déi ganzen Zäit vu Länner, déi wëllen an Europa kommen. Esou vill wéi ech mech erënnere kann, leien déi Länner awer scho laang an Europa, esou dass ech déi ganz Oppreegung net verstinn.

***(Interruptions diverses)***

Och wat déi Geschicht mat den Derogatiounen a mat den Iwwerganksbestëmmungen ugeet, mengen ech, dass mer jo awer scho bei anere Geleeënheeten Derogatioune bis 1993 haten, wou mer net esou vill Oppreegung driwwer opbruecht hunn, wéi mer dat elo maachen.

Mä et ass awer richteg, dass mer vläicht éischter hätte missen drun denke fir dat Gesetz iwwert d'Main-d'oeuvre étrangère vum 28. am Lenz 1972 ze reforméieren, fir et unzepassen an net méi déi ganz Rei vu Kontradiktiounen, déi dra bestinn, tëschent dem Permis de travail an der Autorisation de séjour, dass mer do hätte solle scho laang Remedur schafen, mä dat huet jo elo näischt mat dësem Projet ze dinn. Ech sinn och iwwerzeegt, dass wann de Statsrot hei e juristesche Problem gesinn huet, dass et dann net onbedéngt falsch war fir deem nozeginn an nach kuerzfristeg dat do ze stëmmen, fir dass mer juristesch kloer sinn.

Ech hunn et schonn eng Kéier gesot, an ech hunn et scho méi laang gesot, wat d'Osterweiderung ubelaangt, hunn ech méi Problemer mat der sozialer Upassung vun deene Länner un d'Gegebenheete vun deene 15 EU-Länner, déi elo bestinn, wéi mat anere Saachen.

Ech hunn nach e gréissere Problem, ech hunn net de Problem mat der Migratioun oder mat der Immigratioun, ech hunn éischter de Problem, dass déi Delokaliséierung, déi elo scho stattfënnt vun eise Produktiounseenheeten an déi Länner dohannen, méi e grousse Problem fir eisen Aarbechtsmaart duerstellt, wéi vläicht d'Immigratioun, déi mir elo fäerten. Eent vun de Beispiller, dat mer elo kierzlech erlieft hunn, war d'Arcelor, wou mer ganz kloer matgedeelt kritt hunn, dass besonnesch d'Multien drun denken, fir déi Produktiounen, déi se maachen, dohinner ze verleeën, wou am Fong hir Cliente sinn, an déi sinn eben net méi esou a Westeuropa. Déi leien éischter an Osteuropa, an Asien, respektiv a China.

Wa mer vu libre circulation schwätzen, esou wëll ech awer emol eng Kéier drop hiweisen, dass mir och als Lëtzebuerg Problemer hu mat der libre circulation, besonnesch wat eis Betriber ubelaangt, déi wëllen an d'not Ausland schaffe goen. All déi administrativ Schikanen, déi se kréien, fir sech do kënnen op deem Marché anzegliddleren, oder op deem Marché Soumissiounen ze kréien, déi kenne mer alleguer, an do kënnen Iech d'Betriber e Liddche sangen, mä net nëmmen d'Betriber, och esouguer eenzel Salariéen hu Problemer mat der libre circulation.

Ech ginn Iech ee Beispill, wou ech elo schonn zéng Joer domat amgaange sinn. Dat ass, dass d'Belsch nach ëmmer an hirer Gesetzgebung stoen huet d'Condition de résidence bei verschiddene Beruffer. Obwuel dass dat kloer géint d'libre circulation verstéisst vun der EU, hu se zum Beispill bei Beruffer wat de Gardiennage ubelaangt eng Condition de résidence. Och dat verstéisst géint d'libre circulation vun der EU. Mä do kréit keen Hunn duerno, well ier de Salarié um EU-Geriicht Recht kritt, sinn zéng Joer erëm an dann ass déi Plaz längst vun engem anere besat. Dat heescht also, och do muss Europa emol dofir suergen, dass d'libre circulation net nëmmen unilateral funktionéiert, mä dass och eis Leit an eis Betriber d'Méiglechkeet kréien, fir sech op dem Marché an der Groussregioun kënnen Aarbechten ze huelen.

A verschiddene Regiounen am Frankräich gëtt et zum Beispill Dekreter, wou kloer drasteet, dass wann e Betrib sech do néierléisst, dass dee muss mindestens 30% vun de Leit aus där Regioun beschäftegen, soss kritt en emol keng Autorisatioun fir sech nidderzeloossen. Och dat verstéisst géint d'libre circulation an Europa, mä och do kréit keen Hunn duerno.

Dat heescht also, mir maachen eis elo Gedanken iwwer eisen Aarbechtsmaart, well mer deen e bësse wëllen ofsécheren, an ech mengen, mir hu Recht wa mer en am Moment wëllen ofsécheren, well mer net wësse wat op eis duerkënnt, weder op eisem eegenen Aarbechtsmaart nach op dem Aarbechtsmaart ronderëm, an dofir ass et scho richteg, dass mer versichen Iwwerganksbestëmmungen ze maachen, déi net onbedéngt spéider mussen an Derogatiounen ausaarten. Mä op jidde Fall schéngt mer déi Virsiicht, déi hei elo un den Dag geluecht gëtt, vollkommen ubruecht, well schliesslech si mir hei gewielt gi fir och e bëssen de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart ze schützen, an net nëmmen fir un Europa ze denken. Dofir fannen ech déi Mesure richteg a mir wäerten se och stëmmen.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean Huss agedroen. Den Här Huss huet d'Wuert.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nom Rapport vum Här Meyers an och no menge Virriedner wëll ech elo net méi laang an den Detail goen an hei vill Widderhuelunge maachen. Et geet der Regierung drëm fir sech d'Méiglechkeet ze ginn nom 1. Mee 2004 Restriktiounen a Saache libre circulation des travailleurs a Bezuch op d'Salariéen aus den neien osteuropäesche Bäitrëttslänner ze décidéieren. Malta an Zypern si jo do net concernéiert.

Et gëtt gesot, dat ass fir zwee Joer, mä laut Traité d'adhésion kéint duerno eventuell nach eng Kéier fir dräi Joer a schliesslech esouguer nach eng Kéier zwee Joer dono bis zum Mee 2011 d'libre circulation des travailleurs ausser Kraaft gesat ginn. Ech soen: Et kéint laut Traité d'adhésion.

D'Kapital däerf also fräi an deem neie groussen Europa zirkuléieren, d'Salariéen aus den osteuropäesche Bäitrëttslänner awer net. Eng Kontradiktioun, déi vum Prinzip hier richtegerweis vun der Chambre de Travail ervirgehuewe gouf. Wat hannert dëse restriktive protektionistesche Mesuré stécht, ass eng diffus Angscht a munche westeuropäesche Länner - ÉistRäich, Däitschland si scho genannt ginn - hir Aarbechtsmarchéë kéinten nom 1. Mee elo komplett iwwerrannt gi vun Aarbechter, vu Salariéen aus Polen, Tschechien, der Slowakei an esou virun, an dat an enger Situatioun, wou an deene Länner bekanntlecherweis de Chômage vill méi héich ass wéi hei.

Dës Situatioun ass zu Lëtzebuerg dach awer bäi wäitem net esou problematesch. Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och d'Chambre de Travail an hiren Avisen hunn net nëmmen, wéi den Här Meyers et gesot huet, eng kritesch Attitüd bruecht, mä ech géif soen, se hu ganz grouss Bedenke geäussert vis-à-vis vun esou enger restriktiver protektionistescher Politik. Béid Chamberen, souwuel d'Patronatssäit wéi d'Aarbechterkummer, insistéiere berechtegterweis op d'Noutwendegkeet vun enger Reform vum Gesetz vun 1972 iwwert de Permis de travail, fir d'Dispositiounen iwwert d'Autorisation de séjour besser mat deenen iwwert de Permis de travail kënnen ze koordinéieren. Als Gréng si mir am Prinzip därselwechter Meenung wéi dës zwou Chamberen.

Mir mengen allerdéngs prinzipiell an insgesamt, datt de Bäitrëtt vun deenen zéng neie Länner net nëmmen historesch a politesch noutwendeg war an ass. Mir sinn awer net der Meenung, datt et elo am Kontext vun der libre circulation des travailleurs zu massiven Auswanderungswellen aus den osteuropäesche Länner op eisen Aarbechtsmarché wäert kommen an datt mer dofir eigentlech och net vill Grond oder bal gesot kee Grond hätte fir iwwerméisseg ängschtlech elo ze reagéieren.

Déi nei, déi vergréissert Europäesch Unioun wäert mat grousser Wahrscheinlechkeet an deene kommende Jore souwuel hei wéi an Osteuropa zu enger schrëttweiser ekonomescher Reprise féieren; a wann dat och an Osteuropa geschitt, da wäert dat schrëttweis an deene Länner selwer och zur Schafung vun Aarbechtsplazen an och zu méi héije Léin a soziale Standarde féieren, an eventuell Grënn fir dann nach weider auszewandere wäerten da ganz schnell ewechfalen.

Eng Bedingung dobäi muss allerdéngs erfëllt sinn, an dat ass, datt déi Länner bei hirer Entwécklung elo gradesou gerecht iwwert d'Strukturfonge gefördert ginn, wéi dat virun 20 Joer scho mat de Länner aus dem Süde vun Europa gemaach gouf an dat bekanntlech mat groussem Erfolleg.

Aus all deene Grënn an och well mer an enger Rei vun ekonomesche Secteure souwisou weiderhi begrenzt op auslännesch Aarbechtskräfte wäerte mussen zréckgräifen, sollte mer bei der libre circulation des travailleurs net iwwerängschtlech sinn. Wann also elo op Incitatioun vum Statsrot, wéi den Här Aarbechtsminister gesot huet, d'Regierung sech fräi Hand wëllt gi fir Restriktiounen um Aarbechtsmaart kënnen duerchzesetzen, dann ass dat an eisen Ae jiddefalls problematesch an allerhéchstens, wann iwwerhaapt, fir psychologeschen Ängschten e wéineg entgéintzewierken, fir déi éischt Frist vun zwee Joer akzeptabel.

An och nëmmen ënnert dëse Bedingungen, datt et ka goen ëm déi éischt zwee Joer, kënne mir bereet si fir dësem Projet hei zouzestëmmen. Als Gréng si mer der Meenung, datt et wichteg ass, datt mer d'Erweiderung als Chance gesinn an net als eng hypothetesch Bedroung. Déi Erweiderung ass ouni Zweiwel eng politesch an ekonomesch Chance, och wa mir als Gréng zesummen nach mat anere Kräften, zesumme mat Ëmweltverbänn, mat Gewerkschaften a Sozialbewegungen eis weiderhi wäerten derfir asetzen, fir datt dat méi grousst Europa net nëmmen en ekonomesche Raum gëtt, mä och e Raum gëtt fir Fridden, e Raum fir sozial Sécherheet an e Raum fir Ekologie an eng nohalteg Entwécklung.

Ënnert dësen allgemenge Bedingungen an ënnert der preziser Bedingung, datt dat nëmme ka gëlle fir déi éischt zwee Joer an nëmme fir eventuelle psychologeschen Ängschten entgéintzewierken, kënne mer bereet sinn dat heite mat ze stëmmen.

Merci!

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen den Här Meyers huet alles gesot iwwert d'Technicitéit vum Gesetz, dofir wäert ech net dorop agoen. Ech wëll just eigentlech sechs kleng Remarquë maachen.

Déi éischt Remarque ass déi, datt ech grad wéi eng Partie vun de Virriedner och der Meenung sinn, dass mer zu Lëtzebuerg net brauchen ze fäerten, mir géifen hei vun deenen neie Länner iwwerschwemmt ginn. Mir hunn dat gefaart 1958, wéi mer d'EWG gemaach hunn, do hu mer gefaart, mir géife vun den Italiener iwwerschwemmt ginn. Do ass et an Italien besser gaangen, et si keng Italiener méi komm, a mir waren du frou, wéi d'Portugise komm sinn. Dunn ass Portugal bäigetruede bäi Europa, a mir haten do schrecklech Angscht, mir géifen iwwerschwemmt ginn, dofir hu mer eng laang Iwwergankszäit gefrot - aacht Joer -, déi aner haten der siwen. Mir hätte plus dräi Joer nach zousätzlech fir eis kënnen nofroen. Op déi dräi Joer hu mer verzicht, well mer och gemierkt hunn, dass mer net iwwerschwemmt gi sinn.

All Rapporte soen, dass besonnesch Lëtzebuerg relativ wéineg vun deenen neie Länner iwwerschwemmt gëtt, wat eng kloer Ursaach huet: D'Immigratioun geet ëmmer dohin, wou eng aner Immigratioun ass, sou datt een dat emol muss soen. Wat awer kloer ass dobaussen, net nëmmen an Europa, mä och zu Lëtzebuerg, dat ass, dass d'Ängschte ganz grouss sinn. Et muss een och op déi Ängschten agoe vun de Leit, an et dierf een déi net einfach esou ofdoen. Dat ass emol d'Virremarque, déi ech hei wëll soen.

Meng zweet Remarque ass déi: Zwee plus dräi plus zwee. Ech wëll dann nach eng Kéier versichen d'Technicitéit ze erklären. Mir als Lëtzebuerger Regierung hunn eigentlech dofir gekämpft, dass mer eng eenheetlech Period géife kréien, déi fir jiddfereen d'selwecht wier, well dat nach ëmmer dat Bescht ass.

De Problem ass, dass effektiv Däitschland an Éisträich ganz laang Iwwergankszäite wollten hunn. Si hu sech och op eist Beispill vu fréier referéiert. Elo ass Folgendes festgehale ginn: Während zwee Joer ass eng Période transitoire an dat ass de Prinzip, dass während zwee Joer d'libre circulation net spillt. Dat ass de Prinzip. Da seet den Traité, no deenen zwee Joer kann ee Land dräi Joer ufroen an déi kritt et relativ einfach gestatt an da kann et nach eng Kéier zwee Joer ufroen, an déi Derogatioun kritt et net méi esou einfach gestatt. Dat ass also den Ënnerscheed tëschent deenen zwee, deenen dräi an deenen zwee.

Allerdéngs seet den Traité och, mä während deenen zwee éischte Joer, do kënnt Dir näischt verschäerfe par rapport zu deem, wat Dir hutt. Dir kënnt awer, wann Dir wéilt, méi fräizügeg ginn. Vu dass mir - an elo kommen ech op dat Technescht nach eng Kéier zréck, woufir dee Gesetzesprojet esou spéit komm ass - gesot hunn: Dat ass de Prinzip, also brauche mer näischt un eisem Gesetz ze änneren. Wa mer net wëlle méi fräizügeg ginn, da brauche mer eist Gesetz net ze änneren.

Do sot de Statsrot: Neen, Dir musst trotzdeem Äert Gesetz änneren. Dat ass also eng reng technesch, juristesch Diskussioun gewiescht, déi eis bewoen huet dëse Projet hei ze maachen, obschonn ech nach wie vor der Meenung sinn, souguer wa mer de Projet net erabruecht hätten, wär datselwecht erauskomm. Mä wéinst der Rechtssécherheet hu mer de Projet erabruecht.

Wat richteg ass, a wou schonn hei drop higewisen ass, dat ass, dass eng ganz Partie Länner och iwwer Schrëftstécker gesot hunn: Ma mir verzichten och op déi eigentlech normal Période transitoire vun zwee Joer. Déi Länner sinn elo alleguer praktesch wéi e Kaartenhaus zesummegefall, bis op Groussbritannien an Irland, wat allerdéngs Insele sinn, dat däerf een och net vergiessen. Et ass eng grouss Desillusioun bei deenen neie Länner - dat ass richteg. Et muss een dat och am Kapp behalen, och wann een iwwert d'Zukunft schwätzt, wat no deenen zwee Joer ass. Well déi Länner hu vill Strukturreforme gemaach an hire Leit och änner anerem d'Fräizügegkeet awer mat verkaaft.

Wa mer deene Länner Desillusioune ginn, elo, wou se an Europa sinn, kann dat och kontraproduktiv wierken, dofir solle mer och ganz virsiichteg erugoen, wa mer soen: Wat geschitt no deenen zwee Joer, wann déi eriwwer sinn?

Drëtt Remarque: Wa mer hei soen, mir bleiwe mol bei deenen zwee Joer fest do stoen. Mir schwätzen nach net iwwert d'Derogatioun, bei deenen zwee Joer bleiwe mer, da musse mer engersäits d'Situation interne kucken an anerersäits d'Situation externe. Bei der Situation interne ass ganz kloer, dass mer zu Lëtzebuerg e Chômage hunn, dee geklommen ass.

Ech sinn awer ganz frou am Avis vun der Chambre de Travail ze liesen: „La situation sur le marché de l'emploi luxembourgeois est de loin la meilleure dans l'Union européenne, de sorte qu'il est inadéquat pour notre pays de raisonner par analogie aux autres pays de l'Union européenne qui ont un taux de chômage beaucoup plus élévé." Ech si mol frou, dass dat och mol eng Kéier, besonnesch vun enger Salariatskummer, gesot gëtt. Et si jo verschidde Leit, déi elo hei Panik maache wéi wa mir de gréisste Chômage an Europa hätten. Domat wär dat och eng Kéier gesot.

Dat Zweet ass d'Situation externe, an do ass e Problem. Do hunn ech gesot, Groussbritannien an Irland sinn Inselen. Mir si keng Insel. Wann all déi aner Länner alles zoumaachen, kënne mer natierlech Fluxen op Lëtzebuerg kréien, déi eigentlech anormal sinn. Dat ass eppes, wat mer och hei solle considéréieren an dat hu mer och gemaach.

Véiert Remarque: Och während dësen zwee Joer ass et net esou, dass all Dieren zou wäre fir d'Memberen aus deenen aacht Länner. Et steet nämlech och am Traité, dass déi dote Leit eng Preferenz hu par rapport zu Leit, déi ausserhalb vun der EU sinn. Dat heescht, mir gi fir d'éischt d'Préférence communautaire, wann Aarbechtsplazen opstinn, an da gi mer d'Préférence un déi aacht nei Memberlänner, an dann eréischt gi mer eraus.

An dat Zweet ass, dass mir selbstverständlech och kënnen Exceptioune maachen an zum Deel méi fräizügeg ginn. Zum Beispill si mer wat d'Landwirtschaft ubelaangt méi fräizügeg wat d'polnesch Saisonsaarbechter ubelaangt, ebe well do e Besoin de main-d'oeuvre besteet. Och dat kënne mer an Zukunft weider maachen, dat ass eis net verbueden, och net mat dësem Gesetz wat mer maachen.

Fënneft Remarque, dat ass - elo schwätzen ech awer fir déi nächst Regierung an déi nächst Chamber -, dass mer sollen déi zwee Joer profitéiere fir engersäits d'Situatioun ze analyséieren, och wat an deenen anere Länner geschitt, zweetens, ze antizipéieren, wéi ech virdru gesot hu bei Secteure wou ee Main-d'oeuvre brauch. Et ass eis net verbuede fir do Ouverturen ze maachen. Drëttens, fir och d'Bevölkerung op deen Élargissement ze preparéieren.

Et muss ee sech Gedanke maachen: Am Ufank war d'Bevölkerung ganz positiv. Wa mer d'Eurobaromètre kucken, ass d'Meenung vun de Lëtzebuerger ëmmer méi negativ ginn. Dat huet natierlech och eppes mat der europäescher Stëmmung ze dinn. Well mer vill auslännesch Tëlee kucken, ass och bei eis eng gewëssen Angscht komm, a mir mussen dann och kucken, lues a lues mat de Leit iwwert den Élargissement ze schwätzen.

Dann déi sechst a lescht Remarque: D'Gesetz vun 1972 kann natierlech iwwerschafft ginn. Mä wat vu Remarquen och an deenen Avise gemaach gi sinn, dass dat net géif klappen tëschent Permis de travail a Permis de séjour, dat ass falsch. Dat ass e ganz einfache Prinzip: Een, deen e Permis de séjour huet, dee kritt e Permis de travail; een, dee kee Permis de séjour huet, dee muss fir d'éischt e Permis de travail kréien. Dee kritt en awer nëmmen, wann en d'Regelen anhält, an d'Regele sinn, dass en net illegal hei um Territoire ass fir eng Aarbecht ze sichen.

Déi meescht Refusen, déi mer maachen, hunn zwou Ursaachen. Déi éischt ass déi, dass de Posten net bei der ADEM deklaréiert gouf, an déi zweet ass déi, dass deen, dee wëllt op de Postë kommen an dee Posten ustrieft, illegal hei am Land ass. An ech soen Iech, dass ech och dorunner näischt wëll änneren. Wa mer vu Chômage schwätzen ass dee grousse Problem jo deen, dass zu Lëtzebuerg ganz vill Plazen opstinn, an déi Leit, déi zu Lëtzebuerg aarbechtslos sinn, déi kommen net op déi Plazen. De Permis de travail ass déi eenzeg Method, déi mir nach hunn, och d'Betriber ze kontrolléieren.

Mir hunn ëmmer erëm Betriber, déi soen: Mir fanne keen um Lëtzebuerger Marché. Si maachen awer iwwerhaapt net den Effort fir bei d'ADEM ze goen, a si soe mir fanne souwisou keng. An do ass de Permis de travail fir Net-EU-Bierger déi eenzeg Méiglechkeet, déi de Minister nach huet, fir deene Betriber e bësselchen an d'Gewëssen ze rieden an déi unzehale mat eis zesummenzeschaffen. Wa mir wëlle géint de Chômage virgoen, da brauche mir och an Zukunft Permis-de-travail-Regelen, an ech soen Iech, dass ech dergéint sinn, dass de Permis de travail einfach esou ewechgehäit gëtt.

Do wou Betriber Leit brauche komme mer hinnen entgéint, mä ganz oft soen d'Betriber vu vireran, mir fannen dach kee bei Iech, an da si ganz vill Leit, déi lafe sech d'Bee stompech Dag fir Dag a si ginn net geholl, well vun Ufank u gesot gëtt, mir fanne besserer auswäerts, an dat loossen ech net zou.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 5314 a stëmmen driwwer of.

***Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)***

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Projet.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthale sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen an 1 Nee-Stëmm.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Nico Loes (par Mme Nelly Stein), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wiseler (par M. Théo Stendebach);*

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling (par M. Niki Bettendorf), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jean-Paul Rippinger), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer (par M. Alexandre Krieps);*

*MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Mady Delvaux-Stehres), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err, MM. Ben Fayot, Lucien Lux et Mme Lydia Mutsch (par Mme Lydie Err);*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).*

*A voté non: M. Serge Urbany.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dat ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5023 iwwert den Artistestatut. Et sinn ageschriwwe bis elo: déi Häre Fayot a Schroell. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

## 8. 5023 - Projet de loi modifiant

## 1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

## a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

## b) la promotion de la création artistique

## 2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail

***Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture***

Mme Nelly Stein *(CSV), rapportrice.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text, dee mer zur Ofstëmmung hei virleien hunn, ass d'Resultat vun enger Evaluatioun vum 1999er Gesetz iwwert de Statut vum sou genannten Artiste professionnel indépendant. Den Text ass zur gläicher Zäit eng Äntwert op eng Partie Ängschten, déi deemools schonn am Kader vum 1999er Gesetz zum Ausdrock bruecht gi sinn. Schlussendlech ännert de virleienden Text och nach d'Législatioun iwwert d'Aarbechtsverträg, an ech kommen herno am Detail op déi eenzel Modifikatiounen zréck.

Erlaabt mer awer kuerz op d'Antécédente vun dësem Text anzegoen, deen den 12. September 2002 vun der zoustänneger Kulturministesch, der Madame Erna Hennicot-Schoepges, abruecht ginn ass. De Projet gouf eng éischte Kéier an der Sëtzung vum 21. Mee 2003 presentéiert. An der Sëtzung vum 1. Oktober 2003 huet d'Kommissioun mech als Rapportrice designéiert. D'Analys, souwuel vum Text selwer wéi och vum Avis vum Statsrot, deen den 2. Mäerz 2004 agereecht ginn ass, gouf an de Sëtzunge vum 1. Oktober 2003 a vum 18. Mäerz 2004 virgeholl. De schrëftleche Rapport vun der zoustänneger Kulturkommissioun konnt finalement an der Sëtzung vum 1. Abrëll 2004 ugeholl ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Gesetz vum 30. Juli 1999 war, wéi d'Ausgebuert vum 1994er Koalitiounsofkommes dat festgehalen hat, den Artisten e verbesserte soziale Schutz zouzeërkennen a se bei hirer kreativer Tätegkeet besser ze ënnerstëtzen. Op Grond vu Recommandatiounen, engersäits vun der UNESCO an anerersäits vun der Europäescher Kommissioun, ass d'Iwwerzeegung gewuess, fir eise Kënschtler en Encadrement ze bidden, dee sech op véier Volete bezitt, an zwar d'Definitioun vum sou genannten Artiste professionnel indépendant a vum Intermittent du spectacle, d'Festleeëung vu Finanzhëllefe fir déi concernéiert Kënschtler an Intermittenten, d'Promotioun vum kënschtleresche Schafe wéi och d'Festleeë vu Regelen, déi sech un de Stat an un d'Gemenge riichten, dass se e gewëssene Prozentsaz vun de Fraisën, déi sech beim Bau vun neie Gebaier imposéieren, fir Konschtwierker zur Verfügung stellen.

Déi bestehend Législatioun riicht sech an der Haaptsaach un d'Auteuren an d'Interpreten am Beräich vun den Arts graphiques et plastiques, am Danz an am Theater, an der Literatur an an der Musek, an der Photographie, wéi och déi Konschtschafend am cinématographesche Beräich, e Secteur, deen an de leschte Joren eng bedeitend Entwécklung geholl huet.

An der öffentlecher Chamberdebatt vum 20. Mee 1999 ass d'Regierung an enger Motioun opgefuerdert ginn, eng Zwëschebilanz iwwert dëst Gesetz an d'Weeër ze leeden. Doropshin hunn d'Madame Hennicot an hir Leit zwee Bilanen, an zwar 2001 an 2002 gemaach, zesumme mat dem Bilan deen an enker Zesummenaarbecht tëschent dem Kulturministère, dem Aarbechtsministère, der ADEM an där vum Gesetz agefouerter Commission consultative realiséiert ginn ass an dee virun allem d'Lacunë vun der bestehender Gesetzgebung ausgemaach huet.

D'Kritären, déi bei der Unerkennung vum Statut als fräischaffende Kënschtler festgehale goufen, hunn an der Regel gutt gegraff. D'Regierung konnt hei en zefridde stellende Bilan zéien, deen änner anerem op déi räsonnabel Kritären am Gesetz, déi excellent Aarbecht an der Commission consultative an de Seriö vun deene meeschte preparéierten Dossiere vun de Kënschtler zréckzeféieren ass. Et bleiwen awer nach eng Partie Lacunen, déi net méi der sozioekonomescher Realitéit entspriechen an déi elo mat dësem Text solle behuewe ginn.

Här President, d'Reform vum 1999er Gesetz léisst sech a véier Haaptelementer zesummefaassen:

1. D'Gesetz vum 30. Juli 1999 huet d'Sozialhëllefe fir de sou genannte fräischaffende Kënschtler op 24 Méint festgeluecht, wat et erméiglecht huet fir op de Mindestloun ze kommen. Deen neien Text gesäit vir, no de 24 Méint eng Evaluatioun ze maache fir ze préiwen, ob een d'Hëllefen op weider 24 Méint ka verlängeren.

2. Den 1999er Text huet et dem fräischaffende Kënschtler erméiglecht, während 90 Deeg enger net artistescher professioneller Aktivitéit nozegoen, ouni dobäi den Usproch op Sozialhëllefen ze verléieren. Well dës 90 Deeg awer schwéier ze kontrolléiere sinn, gesäit deen heitegen Text vir, dass déi Betraffen enger net artistescher professioneller Aktivitéit kënnen nogoe wann d'Rémunératioun de Mindestloun net iwwerschrëtt.

3. Deen neien Text erweidert d'Definitioun vum Intermittent du spectacle andeem och Techniker um Plateau an an de Studioe mat agebonne ginn. Hei sinn et virun allem d'Techniker am audiovisuellen an am cinématographesche Beräich, déi concernéiert sinn. Et si virun allem dës zwee Beräicher, ouni déi dës Beruffssparten net iwwerliewensfäeg wieren. D'Commission consultative, déi mam Gesetz vum 30. Juli 1999 an d'Liewe geruff gouf, ass och domat chargéiert, fir ze iwwerpréiwe wat fir aner net artistesch Aktivitéite bei der Realisatioun vun engem Konschtwierk onerlässlech sinn, fir se eventuell an enger zweeter Phas mat an dëst Gesetz eranzehuelen. Doriwwer eraus erméiglecht an encouragéiert de virleienden Text d'Ofschléisse vu richtegen Aarbechtsverträg, well déi Betraffe sech meeschtens jee no Optragslag an enger prekärer Situatioun befannen. Dës Aarbechtsverträg, déi fir eng determinéiert Zäitspan ofgeschloss ginn, kënnen iwwer 24 Méint erausgoen a méi wéi zweemol verlängert ginn.

4. Am Fall wou d'Optragslag schwaach oder quasi null ass, sinn d'Intermittents du spectacle an der Regel ëmmer vun der ADEM en charge geholl ginn, andeems se an de Genoss vum Chômage komm sinn. De virleienden Text réckelt awer vun dëser Philosophie of, fir op e System iwwerzegoen, dee spezifesch Indemnisatioune virgesäit, wann déi Betraffe keng Aarbecht hunn. D'Auteure vum Projet hu gemengt, datt sech de System vum Chômage nëmme begrenzt op d'Realitéite vum Beruff als Intermittent du spectacle iwwerdroe léisst. Am selwechte Kontext gouf festgestallt, datt sech een an deeselwechte Beruff ënner verschiddene Statuten ausübe léisst, wat d'Berechnung vun de Revenuë fir d'Allocatioun vum Chômage net onbedéngt méi einfach mécht.

Den neie System berout also op véier Grondprinzipien. Zum enge schaaft den neien Text en Indemnisatiounssystem fir Intermittenten, déi ongewollt keng Aarbecht hunn an dat no enger Période de stage vu geschafftenen Deeg, déi fir d'Berechnung vun der Sozialversécherung noutwendeg ass. Dëse System ënnerscheet sech deemno däitlech vum gängege Chômagesystem, well en den Intermittenten erlaabt an de Genoss vun engem regelméissege Revenu ze kommen an dat oun Limitatioune vun Indemnisatiounsperioden, déi am aktuelle Gesetz op véier festgeluecht sinn. De Stat erfëllt also net méi d'Roll vum Patron, well en nëmme méi indemniséiert wa verschidde Konditiounen erfëllt sinn, besonnesch um Niveau vun der Existenz vun enger Sozialversécherung während den Deeg wou den Intermittent net schafft.

Den zweete Prinzip betrëfft déi elengeg Kompetenz vum Kulturministère bei der Gestioun an der Auswäertung vun den Dossiere fir eng Demande op Indemnisatioun. An der Commission consultative, déi d'Instruktioun vun den Dossierë virhëlt, bleiwen awer Vertrieder aus dem Aarbechtsministère vertrueden.

En drëtte Prinzip ass dee vun der Fixatioun vun enger Indemnisation forfaitaire fir d'Intermittenten, déi entweder de Statut vun engem sou genannten Travailleur intellectuel indépendant oder dee vun engem Salarié hunn, deen um Enn vum Mount e Revenu kritt. Als Travailleur intellectuel indépendant ass dat net de Fall an den Nettorevenu ass eréischt bekannt wann den Décompte final fiscal gemaach ass, dee laang no de pres-

téierte Servicer bekannt ass. Dëst bréngt als direkt Konsequenz mat sech, datt sech d'Soziallaaschten an och de Chômage ganz schwéier errechne loossen. Dobäi kënnt, datt d'Revenuë vun den Intermittentë variéieren an dat en fonction vun der Vertragsdauer oder der Héicht vun de Mëttelen, déi fir eng Produktioun zur Verfügung stinn. Aus dësem Grond ass d'Regierung op de Wee gaange fir eng forfaitaire Indemnisatioun an dëse Projet anzebauen, déi nëmmen zwee Montante virgesäit an zwar de Mindestloun fir de qualifizéierten Aarbechter an dee fir den net qualifizéierten Aarbechter.

Dee leschte Prinzip, also dee véierten, ass dee fir d'Dauer vun der Indemnisatioun op 121 Deeg festzeleeën a wou den Intermittent deeglech Indemnitéiten en fonction vun den Deeg, wou en net aktiv ass, bezitt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum virleiende Projet huet sech déi eng oder déi aner Beruffschamber zu Wuert gemellt. D'Privatbeamtekummer huet sech beispillsweis an hirem Avis vum 20. Mäerz 2003 besuergt driwwer gewisen, datt d'Législatioun iwwert den Aarbechtskontrakt duerch dëst Gesetz op en Neits a Fro gestallt gëtt. Si ass dofir der Meenung, datt de befristeten Aarbechtskontrakt d'Ausnahm muss bleiwen a freet no Alternativen, déi verhënneren, datt sech dës Kontrakter a Standardkontrakter ëmwandelen.

Och d'Chambre de Commerce fäert, datt dëse Projet d'Dier opmécht fir Abusën a fuerdert dofir datt den Intermittent, dee währent enger Period inaktiv ass, muss beweisen, datt hie sech aktiv beméit fir zu neien Engagementer ze kommen.

Am Avis vum 16. Juni 2003 bedauert d'Chambre des Métiers, datt déi ëffentlech Hand keng reell volontaristesch Approche an der Kulturförderung a virun allem beim Kaf vu Konschtwierker vu Lëtzebuerger Kënschtler un den Dag leet. D'Chambre des Métiers verweist doriwwer eraus op e Projet de règlement grand-ducal, deen eng nei Lëscht vun Haapt- an Nieweberuffer opstellt, déi am Kader vum Artikel 13 aus dem Etablissementsgesetz vum 28. Dezember 1988 virgesinn ass. An dëser Lëscht géife sech eng ganz Partie Beruffer erëmfannen, déi och éligibel am Kader vun dësem Projet wieren. De Risiko besteet also, datt dës Beruffer niewent dem virleiende Gesetz, nach duerch eng aner Législatioun, en l'occurrence déi vun dem Néierloossungsgesetz, reglementéiert sinn. D'Chambre des Métiers kënnt deemno och zum Schluss an do wëllt ech ganz kuerz aus hirem Avis zitéieren: «Il y a lieu de refuser aux personnes la reconnaissance de la qualité de technicien de plateau et de studio qui exercent une activité régie par la loi d'établissement du 28 décembre 1988 à l'instar du refus de la reconnaissance de la qualité d'artiste professionnel indépendant à toute personne qui exerce une activité qui tombe sous le champ d'application de la loi d'établissement du 28 décembre 1988 et les règlements grand-ducaux y relatifs arrêtés par l'article 2, alinéa 2 de la loi du 30 juillet 1989.»

D'Chambre des Métiers proposéiert also, fir deem Beruff de Statut vum Artiste professionnel indépendant net zouzegestoen, dee schonn duerch d'Néierloossungsgesetz vum 28. Dezember 1988 reglementéiert ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach ee Wuert zum Avis vum Statsrot, deen ze bedenke gëtt, datt den Text diskriminatoresch ass vis-à-vis vun deene Leit, déi enger net artistescher Aktivitéit noginn an och hei wëll ech kuerz aus dem Avis vum 2. Mäerz 2004 vum Statsrot zitéieren: «L'égalité des citoyens devant la loi ne permet pas qu'une personne ayant délibérément choisi d'exercer une activité indépendante de nature artistique, voire artisanale, soit traitée différemment d'une personne ayant opté pour l'exercice d'une activité indépendante industrielle, commerciale, agricole ou libérale, pour la seule raison que son activité est liée à la création artistique et/ou à la réalisation de spectacles.»

Aus dësem Grond opposéiert sech de Statsrot och géint eng Ausweidung vun de Sozialhëllefen, souwuel fir d'Intermittenten, déi Salarié sinn, wéi och fir déi, déi dëser Aktivitéit als Indépendant noginn. De Statsrot seet weider, datt e Gesetz, dat am Intérêt vum onofhängege kënschtleresche Schafen ausgeschafft gouf, net soll op de Statut vum Salarié ausgeweit ginn, well sech hei d'Genre vermëschen a well dat bestoend Aarbechtsrecht déi viséiert Persoune schonn an engem ausräichende Mooss schützt. De Statsrot schwätzt hei vun enger Opposition ferme, wourobberhin awer d'Kommissioun festgehalen huet, datt et sech net ëm eng Opposition formelle handelt. De Statsrot huet och déiselwecht Positioun wéi d'Privatbeamtekummer, déi sech jo bekanntlech iwwert d'Opweechung vun der 1989er Législatioun iwwert den Aarbechtskontrakt besuergt gewisen huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Text gouf des Laangen an des Breeden an der Kommissioun analyséiert an huet net zu ville Schwieregkeete gefouert. An och d'Zuelen iwwert d'Applikatioun vun der bestoender Législatioun sinn de Membre virgestallt ginn. Den Detail kënnt Dir a mengem schrëftleche Rapport noliesen. D'Fro, ob den neien Text net ze vill supplementar Dossiere généréiert an domadden och eng Opstockung vum Personal an der zoustänneger Commission consultative mat sech bréngt, gouf vun de Responsabelen am Ministère mat Nee beäntwert.

Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, ech konnt lech de Projet e bësse verständlech duerleeën. Et ass wuel en techneschen. Awer et ass en Text, deen de betraffene Kënschtler zegutt kënnt an der Lëtzebuerger Kulturszeen sécherlech en neien Opdriff verschaaft. Wien nach Informatiounen zu dësem Text brauch, kann déi natierlech am schrëftleche Rapport fannen.

Ech jiddefalls géif zum Schluss den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn an ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

Ech wëll awer och net vergiessen, de Memberen aus der Kommissioun merci ze soe fir hir konstruktiv Mataarbecht an och merci de Beamte vun der Madame Minister, déi eis mat vill Gedold all déi Froe beäntwert hunn, déi mer gestallt hunn.

Merci.

**M. le Président.**- Als éischte Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, an den 80er an an den 90er Joren huet een an dem Kulturschafen eng Tendenz bemierkt, vu dass de kulturelle Verbrauch - Consommation culturelle, wat een esou kann nennen - ëmmer méi zougeholl huet, dass och ëmmer méi jonk Leit Kulturberuffer ergraff hunn, dass se probéiert hunn sech an artistesche Beruffer ze betätegen. Dat ass zu enger neier Spart vun der Wirtschaft ginn. Nei Aarbechtsplaze sinn do entstanen, a wann ech soen, eng nei Spart vun der Wirtschaft, heescht dat eng Wirtschaft trotzdeem mat hiren eegene Gesetzer an net esou séier déi vun der profitorientéierter Ekonomie.

Op Grond vun där Evolutioun huet déi viregt CSV-LSAP-Regierung Mëtt 1999 e Gesetz iwwert de Statut vun onofhängegen Artisten abruecht, och iwwert d'Intermittents du spectacle an och de Kaf vu kulturelle Gidder duerch de Stat. Dat Gesetz war néideg, well mer bis dohinner eigentlech nëmmen zwou Zorten Artisten, fir dat mol als Sammelbegrëff ze huelen, kannt hunn.

Mir haten engersäits Leit, déi Salariés waren an déi doniewent da künstleresch täteg waren. Ech denken u Professeren, déi Éducation artistique haten an déi doniewent gemoolt hunn. Där sinn et der ganz vill ginn. Dat war an ass och nach ee wichtegen Deel vun der kulturellen Szeen zu Lëtzebuerg. An dann hate mer Artisten, déi keng fest Ustellung an engem anere Gebitt haten an déi méi oder wéineger schlecht a recht gelieft hunn, jee nodeem wéi hir Notoriétéit war. An dat huet och dann d'Noutwendegkeet gewisen, dass een deenen Artisten, déi dat wollten onofhängeg weider maachen, misst e gewëssene Filet social an och eng gewësse materiell Sécherheet ginn, ouni dat eng geregelt artistesch Tätegkeet, en Opbau vun esou enger artistescher Tätegkeet net méiglech war.

Dat Gesetz ass jo 2001 évaluéiert ginn an dorobberhin ass dann 2002 vun der Madame Kulturminister en neie Projet virgeluecht ginn. Dat neit Gesetz ännert jo dat Gesetz vun 1999, et mécht et méi flexibel a bréngt virun allem eng wichteg Ännerung am Gesetz iwwert de Contrat de travail vun 1989. Besonnesch dës zweet Ännerung um Gesetz vun 1989 ass noutwendeg ginn duerch déi Explosioun am Secteur vun dem Cinéma, dat heescht duerch den Développement vun enger Zuel vu Leit, déi fir d'Filmmaachen néideg sinn an déi dann eben zu Lëtzebuerg wunnen a schaffen, déi awer nëmmen de façon intermittente Opträg kréien an déi een dann och wëllt mat dësem Gesetz mat a Betruecht zéien.

Et gëtt wuel eng ganz Partie Neiegkeeten an deem Gesetz. D'Madame Stein huet dat an hirem excellente Rapport duergeluecht. Ech wëll also net méi dorobber zréckkommen, mä just vläicht dräi Punkten ervirhiewen, dräi Neiegkeeten, déi wichteg sinn. Dat éischt, dat sinn ebe just déi Intermittents du spectacle. Ënnert deene gi jo zwou Zorte Leit elo behandelt, engersäits Leit, déi eng - loosse mer soen - eigentlech artistesch Aktivitéit hunn, wéi Réalisateuren, Metteur-en-scènen an esou weider, an dann op där anerer Säit eng Aart - loosse mer soen - Techniker. Et gëtt hei vun Techniciens de plateau an Techniciens de studio geschwat, ouni dass dat ausschléisst, dass déi Leit selbstverständlech och am Fräien aktiv sinn, wann ebe Filmer dobausse gedréint ginn.

An deem Gebitt gëtt et e seriöe Problem vun Droit du travail, well mer gesot kritt hunn, besonnesch och an deem Avis, dee vun der Association des techniciens et acteurs du cinéma kënnt, dass et do heiansdo ganz delikat Situatioune gëtt. Fir vläicht just aus deem Avis ze zitéieren: «Avec leurs partenaires contractuelles, les sociétés de production, ils» - déi Techniciens du spectacle - «sont engagés dans des relations contractuelles qualifiées de contrats d'entreprise et/ou en tout cas voulues comme telles.»

An da gëtt gesot, dass d'Producteure ganz attachéiert sinn un deem System, well en extrem soupel ass, dass op där anerer Säit déi meescht oder eng Partie Techniciens de plateau och dorunner attachéiert sinn, mä dass do anerer sinn, déi grouss Problemer domat hunn an dass ee muss op eng Evolutioun higoen, wou d'Aarbechtsrecht trotzdeem och fir déi Leit gebraucht gëtt, dat heescht, wou se net méi an engem Verhältnis sinn, wou se wierklech deene Producteuren ausgeliwwert sinn, mä wou se trotzdeem duerch d'Aarbechtsrecht hir Rechter kënne wouerhuelen. Dat ass also eppes, wat duerch dat Gesetz méiglech gëtt.

Dat heescht, et bleift nach ëmmer d'Méiglechkeet fir Travailleur indépendant ze sinn, mä op där anerer Säit och fir ebe Kontrakter nom Aarbechtsrecht ze kréien. Natierlech kënnen déi Kontrakter - dat ass eben déi Exceptioun, déi hei agefouert gëtt - méi oft als Contrat à durée déterminée reproduzéiert, dat heescht répétéiert ginn, wéi dat normal nom Aarbechtsrecht de Fall ass. Dat ass jo och dat, wat vun eenzelne Chambres professionnelles kritiséiert ginn ass. Mir hunn dat och an der Kommissioun akzeptéiert. Mä dat ass trotzdeem, muss ee soen, en echte Problem, wann een eng allgemeng Aarbechtsregelung fir eng spezifesch Kategorie vu Leit ännert, a wéi gesot, et ass vun där enger oder där anerer Chambre professionnelle monéiert ginn.

E Problem am Zesummenhank iwwregens och mat deenen Techniciens de plateau et de studio gëtt vun der Chambre des Métiers ervirgehuewen, an do wier et gutt, wann d'Madame Minister vläicht kënnt e Wuert dozou soen. D'Chambre des Métiers seet, dass e Projet de règlement grand-ducal amgaangen ass ze kommen en vertu vun der Loi d'établissement vun 1988, fir eben déi Métiere vun der Kommunikatioun a vun dem Spectacle opzezielen, sou dass, wann dee Règlement grand-ducal kéim en fonction vum Gesetz vun 1988, een da mat deem Gesetz hei zwou Zorten där Leit hätt, dat heescht déi eng, déi no dem Droit d'établissement géife schaffen, an déi aner, déi en fonction vun dësem Gesetz géife schaffen, an dat ka jo vläicht zu Problemer féieren.

Do wier et allerdéngs gutt gewiescht, ech weess net, ob dat geschitt ass, wann de Ministère des Classes moyennes - deen ass dat jo engersäits - an de Ministère de la Culture sech kuerzgeschalt hätten, fir esou eng Kontradiktioun oder fir esou eng Zweegleisegkeet ze vermeiden.

Eng weider interessant Neierung ass selbstverständlech och déi spezifesch Aide, déi deenen Intermittents du spectacle zoukënnt, wa se net aktiv sinn. Si si jo net duerch hire Feeler net aktiv. Si sinn net aktiv, well eben d'Situatioun an där Spart do dat ausweist. Si si jo eigentlech keng Chômeuren, wann ee wëllt. Hir Aktivitéit ass par excellence eng Activité intermittente, an déi Hëllefen entspriechen där Situatioun. Dat sinn Neierungen, déi onser Meenung no kënnen dozou féieren, dass dee Secteur sech ka weiderentwéckelen. Och déi Beruffer sinn interessant Beruffer fir vill jonk Leit, dass déi sech kënne weiderentwéckelen.

De Conseil d'État - ech wollt dat nach hei ervirsträichen - ass allerdéngs der Meenung, dass déi Hëllefen do net ganz am Aklang si mat der Gläichheet vun den Arbeitnehmer vis-à-vis vum Gesetz an huet dofir jo eng Opposition ferme gemaach, mä keng Opposition formelle. Dat ass natierlech e bëssen en Trick fir iwwert déi Hürd do ewechzekommen.

Fir ofzeschléissen, Här President, et ginn och zwee Reglementer, zwee Règlements grand-ducaux annoncéiert. Et wär gutt gewiescht, wann déi virgeleeën hätte wa mer dat Gesetz hei stëmmen. Si ginn annoncéiert fir wann d'Gesetz gestëmmt ass. Ech mengen et wär de bonne politique gewiescht, wann déi direkt virgeleeën hätten. Ech mengen och, dass mer schnellstens en Texte coordonné musse kréien, well esou wéi deen Text hei am Projet de rapport vun der Madame Stein ass, ass en net lisibel. Et ka keen eppes domat ufänken, an dat schéngt mer fir de Publikum dobaussen äusserst wichteg ze sinn.

Fir ofzeschléissen also: Mir stëmmen dëst Gesetz a mir begréissen och déi Neierungen, déi dra sinn, an hoffen natierlech, dass och wéi bei deem Gesetz virdrun d'Abusë vermiede ginn an dass déi Commission consultative genee déi Dossiere verfollegt.

Merci.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

**M. Marco Schroell** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Madame Nelly Stein fir hir excellent Aarbecht am Kader vun dësem Gesetzesprojet iwwert de Statut vun den Artisten an den Intermittents du spectacle félicitéieren.

Et stëmmt, datt d'DP sech 1999 beim Vote zum Gesetzesprojet 4177 enthalen hat. Net well mer der Meenung gewiescht wieren, dee Projet géif d'Kulturpolitik net e grousst Stéck weiderbréngen. Net well mer gemengt hätten, et sollt een d'Kreativitéit net ënnerstëtzen. Neen, au contraire: Mir sinn der Meenung, datt d'Kultur eppes Lieweges soll sinn, datt ee sech net op d'Baue respektiv d'Erhale vun Denkmäler soll beschränken. Kënschtleresch Schafen däerf net zu engem Privileg ginn, Kultur soll sech net nëmmen un eng Elite riichten.

D'DP huet sech 1999 beim Vote enthalen, well se der Meenung war, datt deen deemolege Projet, un deem säit 1994 gedoktert ginn ass, zu deem Zäitpunkt net ausgereift war. De Fait, datt mer haut nobesseren, mengen ech, weist, datt déi Attitüd net grondfalsch war. Ech wëll och hei drun erënneren, datt d'DP-Fraktioun deemools eng Motioun erabruecht hat, mat där d'Regierung opgefuerdert gouf fir bis den 1. Juni 2001 een Tëschebilan vun der Applikatioun vun deem Gesetz virzeleeën.

Dës Motioun gouf den 20. Mee 1999 eestëmmeg vun der viregter Chamber ugeholl. Op Grond vun där Opfuerderung goufen dann och zwee Bilane virgeluecht, an dat am Februar 2001 respektiv am Januar 2002. Dorauser ass effectivement ervirgaangen, datt d'Gesetz vum 30. Juli 1999 eng Partie Lacunen opweist, op déi ech elo gläich wäert hiweisen. Positiv ze bewäerten ass awer d'Erkenntnis, datt déi gefäerten Abusë sech a Grenze gehalen hunn.

Här President, mat dësem Projet de loi wëlle mer deemno e puer Ongereimtheeten aus der Welt schafen, op déi zum Deel d'DP deemools schonn opmierksam gemaach hat. D'Madame Stein war ganz komplett am Développement vun der Technicitéit vum Projet, esou datt ech mech op e puer Remarquen hei wäert beschränken. Do war zum Beispill d'Begrenzung op 90 Deeg vun enger eventueller Acitivité secondaire fir den Artist. D'DP hat do d'Beispill zitéiert vum Chargé de cours, deen dräi Stonnen d'Woch Schoul hält, fir ze weisen, datt et net onbedéngt gläcklech wär fir sech op eng limitéiert Zuel vu Schaffdeeg festzeleeën. Dat heescht, datt deen Artist mat dëser minimaler Niewenaktivitéit seng sozial Rechter oferkannt krut. Richteg ass, datt et elo als neie Kritär de Revenu wäert sinn, deen den Artist aus senger Niewenaktivitéit zitt, deen ausschlaggebend ass fir seng Droitë festzeleeën.

Wat d'Definitioun vum Intermittent du spectacle betrëfft, hunn d'DP-Deputéierten deemools gemengt, d'Praxis misst et weisen ob mer do kee géife vergiessen. Sou gesäit zum Beispill dësen neie Gesetzesprojet zousätzlech Techniciens de plateau et de studio vir. Dës spillen effektiv eng wichteg Roll bei audiovisuelle Produktiounen, net virun der Kamera, mä hannendrun. Dëst däerf am Kontext vum Filmproduktiounsstandort Lëtzebuerg net vergiess ginn.

Am meeschte Kappzerbrieches bereet hat deemools d'Limitatioun vun der Indemnisation de chômage fir d'Intermittents du spectacle op e Maximum vun 32 Méint an enger ganzer Carrière. Hei gëtt och elo Remedur geschafen andeems d'Indemnité de chômage duerch eng periodesch Indemnisation forfaitaire, déi dem Mindestloun entsprécht, ersat gëtt.

A Frankräich ass de Moment de Problem vun den Intermittents du spectacle nach ëmmer net aus der Welt geschaaft. De Problem, deen do besteet, ass deen, datt d'Zuel vun de sou genannten Intermittents chômeurs indemnisés mat 102.000 par rapport zu 135.000 Cotisanten extrem héich ass. Dës Abusë kaschten d'Allgemengheet ronn een Drëttel vum nationale franséische Kulturbudget, dat sinn 828 Milliounen Euro. Mir mengen, datt mir mat eisem Lëtzebuerger Modell dëse Problem am Grëff hunn.

Här President, de Statsrot war net besonnesch zefridde mat där - a sengen Aen - Extrawurscht, déi mat dësem Projet de loi par rapport zum Aarbechtsrecht fir d'Artiste gemaach géif ginn. Et sief awer bemierkt, datt dës oder ähnlech Dispositiounen och am Enseignement supérieur oder an der Recherche hir Gültegkeet hunn, wou Contrats à durée déterminée iwwer zwee Joer eraus ënnerschriwwen däerfe ginn. Am Fall vun den Artiste kann een, wéi scho gesot, vun engem Lëtzebuerger Modell schwätzen, dee fir ronn 400 concernéiert Leit gëllt.

Här President, op Propositioun vum Statsrot mécht dëse Gesetzesprojet Referenz op de Règlement grand-ducal vum 26. September 2003, dee virgesäit, datt 1,5% vum Globalkäschtepunkt vum Bau vun öffentleche Gebaier fir d'Acquisitioun vu Konschtwierker soll virgesi ginn. Ech huelen un, datt Konschtwierker vun indépendanten Artiste gemengt sinn. Et geet dorëms der zoustänneger Commission d'aménagement artistique eng Base légale ze schafen. Dës Dispositioun fir d'Acquisitioun vu Konschtwierker ze förderen ass och am Sënn vun der Promotioun vum kënschtleresche Schafe geduecht.

Här President, et gëtt Artisten, déi kënne ganz gutt vun hirer Konscht liewen. Fir aner Leit ass a bleift d'Konscht en Hobby, en agréabele Zäitverdreif nieft hirem Haaptberuff, deenen hir Ambitiounen et net onbedéngt ass fir deen Hobby zur Haaptaktivitéit ze maachen. Eng ganz Partie haaptberufflech Kënschtler sinn awer op eng finanziell Ënnerstëtzung ugewisen. Et ass d'Aufgab vum Stat fir e gesond Ëmfeld zu Gonschte vum kënschtleresche Schafen ze kreéieren.

Eng gesond Kulturpolitik ass net déi déi drop aus ass, ee limitéierte Pool vu Statskënschtler ze ënnerhalen. Eng gesond Kulturpolitik ass déi, déi et fäerdeg bréngt, der artistescher Entfaltung eng Chance ze ginn. D'Kultur soll eppes Lieweges sinn, an dofir wëlle mer Kënschtler, net sou genannt Liewenskënschtler, mä Artisten, déi fir hir Konscht liewen, ënnerstëtzen. Här President, compte tenu vun deene ville Verbesserungen an nieft deene ville Signaler, déi dëse Projet de loi mat sech bréngt, wäert d'DP-Fraktioun dëst och stëmmen.

Ech soen Iech merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

**M. Fernand Greisen** *(ADR)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Artisten an Interpreten erreechen en internationale professionellen Niveau nëmmen duerch hiert fachlecht a kënschtlerescht Schafen. D'Ëmfeld fir dëst professionellt Schafe kann a soll de Stat verbesseren. Dat ass mam Gesetz vun 1999 versicht ginn, an dat soll mat dësem Projet verbessert ginn. Am Virfeld vun de Wahlen ass dat bestehend Gesetz 1999 an der Hetz duerchgesat ginn, trotz de Bedenke vum Statsrot a villen Unzoulänglechkeeten. Elo gëtt et an e puer Punkten ëmgeännert.

Eng éischt Ännerung betrëfft d'Begrenzung vun de sozialen Hëllefen. Haut huet en Artist, deen entspriechend dem Gesetz als onofhängege Kënschtler unerkannt ass, während 24 Méint Recht op eng Sozialhëllef. Mat dësem Projet gëtt dës Begrenzung ofgeschaaft, an eng zousätzlech Kontroll agefouert, andeem d'Unerkennung als onofhängegen Artist net méi automatesch liewenslaang zielt, mä fir eng Period vu 24 Méint, déi awer erneiert ka ginn. Domat gëtt versicht eventuell e Mëssbrauch ze verhënneren, an trotzdeem grad de jonke Leit ze hëllefen am artistesche Beräich ze schaffen.

D'Handwierkskummer hält fest, dass et schwéier festzestelle wier, ob dës Moossnamen och richteg gräife kënnen. Besser wier et gewiescht, wann de Stat mat enger voluntaristescher Akafspolitik grad vu Wierker vu jonken Artisten dëse géif ënnert d'Äerm gräifen. Deem kann den ADR nëmmen zoustëmmen.

Eng nächst Ännerung gëtt dem Artist d'Méiglechkeet eng aner Aktivitéit doniewent ze maachen. Bis elo konnt eng Persoun während enger begrenzter Zäit vun 90 Deeg am Joer eng zweet Aktivitéit ausüben, ouni d'Unerkennung als onofhängegen Artist ze verléieren.

Well d'Kontroll vun den onregelméissegen Deeg a Stonne schwéier duerchzeféieren ass, gëtt elo festgeluecht, dass de Statut vum Artist unerkannt bleift esou laang dat zweet Akommes ënnert dem Mindestloun läit.

Eng drëtt Ännerung betrëfft d'Filman d'Studiotechniker. De gënschtege Regime fir Leit, déi bei artisteschen Opféierungen onregelméisseg beschäftegt sinn, gëtt op dës Aktivitéiten ausgeweit andeem Zäitkontrakter iwwert d'Period vu 24 Méint ofgeschloss kënne ginn, an och méi wéi zweemol erneiert däerfe ginn. Domat soll der aussergewéinlecher Situatioun vum Secteur Rechnung gedroe ginn, zum Virdeel vum Artist a vum Techniker esou gutt wéi vun den Entreprisen.

Déi Éischt kënne vun de soziale Virdeeler vum Salariat profitéieren, an d'Firme kënnen Zäitverträg ofschléissen ouni ze riskéieren, dass doraus liewenslaang Kontrakter entstinn. Weiderhi besteet ëmmer nach d'Méiglechkeet normal, also onbegrenzt Aarbechtsverträg ofzeschléissen an och normal Déngschtleeschtungsverträg tëschent selbststännege Partner virzehuelen.

D'Handwierkskummer weist zu Recht drop hin, dass eng nei Regelung vun de Beruffer am Beräich vun der Kommunikatioun, de Multimedien am Spektakel an Aarbecht ass. Dës Beruffer ënnerleien dann dem Nidderloossungsgesetz als fräiberufflecht Handwierk, a mir riskéiere Problemer bei der Uwendung tëschent dësen zwee Gesetzer. Dofir schléit d'Handwierkskummer vir d'Unerkennung als Techniker vu Film a Bühn nëmmen entspriechend dem Nidderloossungsgesetz zouzeloossen.

Eng lescht Ännerung betrëfft dann nach d'Ënnerstëtzung beim Chômage. Entspriechend dem heitege Gesetz kënnen déi onregelméisseg Beschäftegt ënner gewësse Bedéngunge Chômage kréien. Virgesinn ass elo e spezielle Regime. No engem Stage vun 80 Deeg kënnen da bei net fräiwëllegem Chômage 121 Deeg pro Joer an der Héicht vum soziale Mindestloun bezuelt ginn. D'Handelskummer mengt an hirem Avis, dass dëst zu Mëssbrauch féiere kënnt. Do kënnten zum Beispill déi onregelméisseg Beschäftegt dozou verleet ginn, sech keng Méi méi ze maache fir en neit Engagement ze kréien, wa se scho genuch Stagezäit hunn, oder esouguer dozou verleet gi schwaarz ze schaffen. Dofir sollten dës Leit no enger gewësser Chômagezäit de Bewäis erbréngen, dass se sech d'Méi gemaach hu fir eng nei Ustellung ze fannen. Den ADR ka mat dësem Virschlag liewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho gesot ginn, de Statsrot ass a sengem Avis ganz kritesch, besonnesch well de Prinzip vun der Gläichstellung vun alle Bierger virum Gesetz net agehale gëtt. Et muss een hei kloer den Ënnerscheed maachen tëschent dem onofhängege Kënschtler, dee sech als Fräiberuffler nidderléisst, am Verglach mat engem aneren, deen haaptberufflech enger onregelméisseger Beschäftegung beim Theater oder Film nogeet, fir de Kont vun enger Entreprise zum Beispill. Hei gëtt eng Persoun, déi fräiwëlleg gewielt huet eng onofhängeg Aktivitéit auszeféieren an engem artisteschen oder handwierkleche Beruff, anescht behandelt wéi déi, déi datselwecht mécht an engem anere fräie Beruff. Wat d'Aarbechtsrecht ubelaangt solle keng Ausnahme gemaach ginn, hält de Statsrot dann nach fest, fir seng fest Oppositioun zum Projet auszedrécken.

Fir den ADR geet et awer drëm, d'Kreatioun vu Konschtwierker an Opféierungen ze förderen an den Artisten an zäitweileg Beschäftegten eng sozial Ofsécherung ze garantéieren an eng Sozialverséchérung a Chômage wann noutwendeg. Et geet drëm fir dem Artist an der Aushëllef bei Film an Theater eng Rei Sécherheeten ze bidden, déi e brauch fir sech physesch mat senger Konscht beschäftegen ze kënnen. D'Ziler, déi mat dësem Projet viséiert ginn, sinn also an eisen Ae méi wichteg, an dofir wäert den ADR dëse Projet matstëmmen, grad esou wéi mer 1999 och dat heite Gesetz matgedroen hunn.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- Als lescht Diskussiounsriednerin ass d'Madame Dagmar Reuter- Angelsberg agedroen. D'Madame Reuter huet d'Wuert.

**Mme Dagmar Reuter-Angelsberg** *(DÉI GRÉNG)*.- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer den 30. Juli 1999 endlech e Künstlerstatut hei am Land haten, war e grousst Lach an eiser Gesetzgebung zou. Et hat laang gedauert, e bëssen ze vill laang. Net fir d'lescht 1995, wéi Lëtzebuerg fir d'éischte Kéier Kulturhaaptstad war an och drop aus war, seng eege Kënschtlerinnen a Kënschtler ze weisen, ass dës Lakün schmäerzlech opgefall. Véier Joer duerno war et dann endlech souwäit.

Natierlech kann een esou e Gesetz net einfach aus dem Hutt zauberen, an d'Problemer an der Praxis si ganz villschichteg. Awer trotzdeem war et net nëmmen an den Ae vun den Artiste selwer onverständlech, dass een esou laang gebraucht huet, fir eise Konschtschafenden endlech eng Basis vun engem Statut an domat och eng minimal finanziell a sozial Ofsécherung ze ginn. Et war 1999 kloer, dass dëst Gesetz misst ëmmer erëm nei évaluéiert ginn, an dass déi eng oder aner Modifikatioun an Upassung sech géifen als néideg erweisen.

Vill Leit um Terrain hu gefaart, dass et nees eng Kéier eng Éiwegkeet géif daueren, bis déi graffsten Onstëmmegkeeten an Ongerechtegkeete vun neie Gesetz géife korrigéiert ginn. A wéi mat 2007 op en Neits e Kulturjoer an d'Haus stong, huet esou muncheree geduecht, dass ee sech bis dohinner oder esouguer bis duerno misst gedëllegen.

Ech wëll déi graffsten Onstëmmegkeeten an Ongerechtegkeeten, déi elo mat dëser Modifikatioun ausgeglach ginn, an och déi nei Perspektiven, déi sech mam Contrat de travail erginn, net nach eng Kéier all opzielen, mä just e puer Schwéierpunkte setzen an e puer prinzipiell Gedanke maachen. Zum Beispill wat besonnesch hei am klenge Lëtzebuerg fir eis Kënschtler vu Bedeitung ass, ass, dass nämlech déi mannst kënne vun hirer Aarbecht selwer iwwerliewen, an dass et hinnen einfach muss erlaabt sinn, méi laang wéi 90 Deeg eng net-kënschtlerech Aktivitéit ze hunn, ouni dofir hir Usprëch ze verléieren.

An dann huet sech d'lescht Joer net nëmmen zu Avignon gewisen, wéi enk de Kulturbetrib och op déi sou genannten Intermittenten ugewisen ass, an dass ouni déi Leit näischt leeft. Hei am Land ass dat och besonnesch bei de Kinoschaffenden de Fall. Dofir ass et nëmme korrekt, dass elo och dës Techniker am wäiteste Sënn mat abeschloss ginn an hir Usprëch dierfe stellen.

Et bleift ze hoffen, dass d'Prozedurfroen esou gutt gekläert sinn, dass keng nei Ongerechtegkeeten iwwer Hannerdieren dobäi kommen. An et ass ze hoffen, dass iwwer eist Aarbechtsrecht an iwwer e seriöse Contrat de travail vill Situatiounen nach ze verbessere sinn.

Et kann een eiser Kulturministesch bescheinegen, dass si e gudden Drot zu eise Kulturschaffenden huet. Am Géigesaz zu Kulturministeren an der Vergaangenheet ass si och an der sou genanntener alternativer Szeen keen onbekannt Gesiicht. A si ass dofir ze félicitéieren, dass si, och wat dës Modifikatioune vum Gesetz betrëfft, en oppent Ouer fir d'Doléancë vun de Leit an den Atelieren an op de Bühnen huet. Mir wëssen, dass et a munche Kreeser guer net esou evident ass a guer net esou gäre gesi gëtt, dass an deem räiche Lëtzebuerg och d'Kënschtler dat verdéngte Stéck vum Kuch ofkréien. Et gëtt ëmmer nach vill Virurteeler vis-à-vis vun dëse Leit, wat een zum Deel bei munchen hannert den Zeilen oder ganz offen erausheiert.

Dobäi halen d'Kommissioun an och de Statsrot jo awer am Bericht fest, wéi wéineg Abusën dach awer virkomm sinn, an och wéi serië déi Leit sech am Endeffekt beholl hunn. Et weist sech bei ville Viruerteeler op en Neits, wéi wéineg Bescheed munch Responsabel iwwert den Alldag vun den Artiste wëssen an iwwert déi alldeeglech Problemer vun de Leit, déi mat artistesche Produktioune beschäftegt sinn. Dofir wëll ech dës Geleeënheet notzen, fir eng Lanz fir eis Kultur- a Konschtschafend ze briechen.

Mam Gesetz iwwert de Künstlerstatut an och mat der Modifikatioun vun haut sinn eis Kënschtlerinnen a Kënschtler ëmmer nach laang net mat Zoossissen ugestréckt. Mir hoffen dofir, dass och déi kommend Regierung de Wäert vun hirer Aarbecht wäert weider unerkennen. Ech mengen domat net nëmmen déi finanziell a sozial Ofsécherung, déi bei Leiwen nach ëmmer net optimal ass, mä virun allem och déi gesellschaftlech a mënschlech Unerkennung an enger vun de Massemedien - mat ganz virop dem Fernseh - dominéierter an diktéierter Massekultur.

Et geet ëmmer méi déi allgemeng Unerkennung vun der innovativer an der kreativer Leeschtung verluer. Ëmmer méi penetrant gëtt an enger iwwerflächlecher Spaassgesellschaft à la Hollywood oder Saturday Night Show déi wierklech kënschtleresch Aarbecht gnadenlos ofgewäert oder ganz einfach als iwwerflësseg oder langweileg an den Eck gedréckt. Et zielt just nach dat, wat Erfolleg huet, en Erfolleg, deen oft vun de Betraffene selwer esou deklaméiert gëtt a wou a Wierklechkeet näischt dohannert stécht.

Millioune Spectateure sichen den truquéierte Superstar beim Grousse Bruder a vergiessen déi wierklech Kënschtler, vergiessen, wat echt Talent ass a wéi vill Asaz a Sichen an enger wierklech kënschtlerescher Aarbecht stécht. Esou kennt da Jänni a Männi iergendeen Daniel Kübelsouwisou a kann net emol zwee Kënschtler aus eiser eegener Konscht- a Kulturszeen mam Numm nennen.

**Une voix.**- Très bien!

**Mme Dagmar Reuter-Angelsberg** *(DÉI GRÉNG)*.- Et ass un eis, de Kënschtler eng finanziell a sozial Ofsécherung ze garantéieren, mä et ass och un eis, hirer Aarbecht éierlecht Interessen entgéintzebréngen, andeem mir an d'Galerien, an d'Conservatoiren oder an d'Theateren an d'Kinoen eis Kënschtler och kucke ginn an hir Wierker erliewen.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Et ass awer gutt, dass Dir d'leschte Kéier géint d'Gesetz gestëmmt hat.

**Mme Dagmar Reuter-Angelsberg** *(DÉI GRÉNG)*.- Et gëtt munch Denker a Philosophen, déi behaapten, mir géifen eigentlech schonn an der postkultureller Zäit liewen, Kultur a Konscht wären endgülteg zu enger banaler, kommerzieller Wuer verkomm. Eidel Ausstellungsraim oder Säll ginn hinne Recht. Déi grouss Massen an och d'Prominenz zitt et just nach op mondän, grouss Evenementer, wou den Niveau allze oft hanner enger glitzernder Fassad verschwënnt.

Ëm wat muss et goen? Et gëllt dozou bäizedroen, de Stellewäert vun der Konscht a Kultur erëm nei ze valoriséieren. E Kënschtlerstatut an déi finanziell a sozial Ofsécherung vun eise Konscht- a Kulturschafenden dierfen net einfach als Almose verstane ginn. Et soll u sech eng Selbstverständlechkeet sinn, op déi dës Leit e legitiimt Recht hunn.

Ech soen der Madame Stein merci fir hiren ausféierleche Rapport.

***(Interruptions)***

Et kann een dat och um Schluss maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech merci.

**M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Madame Kulturminister Erna Hennicot-Schoepges.

**Mme Erna Hennicot-Schoepges**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'alleréischt der Madame Stein als Rapportrice vun hirer Kommissioun an als Presidentin merci soen, sou wéi och allen anere Kommissiounsmemberen. Ech soen och merci der berodender Kommissioun, déi am Ministère gutt funktionéiert huet, wou dann och déi Vertrieder vun de Betraffene ganz besonnesch gutt Aarbecht geleescht hunn.

Ech sinn elo den Owend an enger glécklecher Situatioun, Här President, well ech konnt mat de Sozialisten dëst Gesetz 1999 erabrénge géint d'DP. Ech kann et elo mat der DP stëmmen a souguer mat deene Gréngen a mam ADR.

***(Interruptions)***

Ech mengen, mir hu gutt Aarbecht geleescht. Mir hunn dat kënnen, well mir eben 1999 drop lassgaange sinn an eis gesot hunn, souguer e Gesetz, wat net perfekt ass, bréngt awer vläicht Erkenntnisser, a mir hunn an deem Sënn eis dunn zu deem Gesetz do entschloss an et duerch d'parlamentaresch Mehrheet kritt.

Et war eng delikat Operatioun, dat ass haut vläicht vergiess bei villen. Et ass gefaart ginn, mir géifen do d'Diere wäit opmaache fir den

Abus, et wär och eng delikat Operatioun, well mir engersäits de Statut vun deem fräischafende Kënschtler an dee vun dem Intermittent, deem sou genannten Zäitweisbeschäftegten, ënner een Hutt versicht haten ze bréngen. Dat sinn u sech am Fong zwou verschidde Saachen.

Mir hunn des Weideren och nach kënnen en Usaz vun enger Regelung fir déi 1,5% um Bau an dat Gesetz mat abréngen. Ech wäert herno nach dodrobber zréckkommen.

Et ass trotz ville Befierchtunge souguer vum Statsrot selwer bescheinegt ginn, dass et net zu deenen Abusë komm ass. An de Statsrot seet et a sengem Avis, an dat ass esou schéin, dass ech et muss virliesen: „…, le Conseil d'État se plaît à reconnaître que les statistiques chiffrées fournies par les auteurs du projet au sujet de l'application de la loi existante démontrent que les craintes exprimées par d'aucuns, dont le Conseil d'État lui-même, que la loi sur le statut de l'artiste professionnel ne fût susceptible de générer des abus, ne se sont pas réalisées en pratique. Tant le nombre de dossiers introduits que les montants accordés au titre de bourses ou d'aides sociales peuvent être qualifiés de raisonnables."

Dat gesot, ass et natierlech vläicht och gutt, dass ee sech e bësse mat Zuele beschäftegt, an Dir Dammen an Dir Hären, an deem Beräich vun der Konscht ass et sou richteg, wéi verschidden Auteuren an Orateuren dat hei gesot hunn, dass verschidde Leit mat hirer Konscht ganz gutt liewen. Et ass awer och esou, dass verschidden anerer net iwwert d'Ronne kéimen.

D'Situatioun, déi mir an deenen dräi Joer insgesamt haten, dat war déi, dass mer 261 Dossieren erakritt hunn, dass der 194 positiv beäntwert gi sinn – also, déi Kommissioun am Ministère huet nach laang net all Dossier duerchgoe gelooss - an dass mer do vun deenen 194 Dossieren 41 Dossieren haten, déi de Statut vum Artist zouerdeelt hunn, 48 Demanden hate mir fir de Chômage a bei 105 hu mir Boursse verdeelt. An déi Boursen, dat waren der 42 mat 5 Méint, 7 mat 4 Méint, 14 mat 3 Méint a 24 mat 2 Méint. Jee nodeem, wat fir ee Projet, dass een eragereecht huet, ass eng Bourse vun engem Mount duergaangen.

Mir konnten domat eng ganz konkret a punktuell Hëllef un déi Artiste ginn, an dat waren an der Regel déi Jonk, déi vun de Boursse profitéiert hunn. Am Ganze sinn an deenen dräi Joer 500.000 Euro ausbezuelt gi fir all déi dote Moossnamen. Ech mengen, dat sinn Zommen, déi mir eis awer kënne leeschten, déi net iwwerdriwwe sinn an déi virun allem der Kulturszen zegutt kommen.

Et ass gesot ginn, d'Kultur ass eng nei Spart vun der Wirtschaft. Dat ass richteg, Här President, awer nëmmen an engem gewësse Mooss, wou déi Spart och Gewënn généréiert, well ech géif mech virdru wieren, fir reng no wirtschaftleche Kritären d'Kulturszen wëllen ze geréieren. Et muss och dat Anert ginn; et muss dat Experimentellt ginn. Et muss och kënnen an enger Zäit wéi eiser haut méiglech sinn, fir op Projeten, wou ee vu virera weess, dass se defizitär sinn, ze schaffen, a Risikobereetschaft eranzebréngen.

Ech mengen, et ass vläicht dat, wat der Kulturszen am meeschte feelt: Dee Kapitalgeber, deen och e Risiko matdréit, well vill gutt Projete kommen net zustanen, well keen do ass, dee bereet ass nach de Risiko matzedroen. Ech mengen, dat wär och dat, wat ech mir ënner enger Finanzreform vun de staatleche Subventioune géif virstellen, dass mir do dat Element vu Risiko méi mat erakriten. Mir kriten doduerch och eng besser Abannung vu Jonken a vu Leit, déi eppes woen; mir kriten d'Méiglechkeet fir méi op Qualitéit ze setzen, fir einfach och do Experienzen ze sammelen, déi mir bis elo nach net hunn.

Et war also evident, dass mat dem Gesetz iwwer e Statut vum Artist mol fir d'éischt hei eng gewëssen Unerkennung komm ass. An ech muss ëmmer nees feststellen, egal, wou een och sech beweegt a wat fir enge Milieuen, loosse mir et fräi soen, Kënschtler sinn awer nach net voll an eiser Gesellschaft unerkannt. De Musiker ass nach ëmmer de Spillmann.

Ech kann déi Analys nëmmen ënnersträichen, déi hei gemaach ginn ass. Et ass do nach villes an enger Gesellschaft insgesamt ze bewegen, dass een och de Kënschtler eng voll Unerkennung gëtt an dass ee se och voll respektéiert. Well, ganz dacks gëtt dach gemengt, dat wären nëmmen déi, déi dat aus Hobby géife maachen oder déi sech géife défouléieren, déi dat einfach aus Instinkt géife maachen oder déi sech an hirer Fräizäit do eng Beschäftegung gesicht hätten. Wa mer net hannert der Konscht méi gesi wéi dat doten, wa mir net den Engagement gesi vun engem Kënnen a vun engem méi déif gräifenden Abléck an eis Gesellschaft, an eist Liewen, da gi mer der Konscht an der Kultur ongerecht.

Et ass dofir schonn derwäert, dass een e Risiko hëlt. Mir hu mat deem Gesetz vun 1999 de Risiko geholl fir ze ënnerstëtzen. Mir hunn domadden déi Resultater kritt, déi ech Iech éinescht an Zuele genannt hunn. Mir bréngen elo dat Gesetz hei, wat dann déi Verbesserunge bréngt, déi hei kommentéiert gi si vun deene verschiddene Riedner a vun der Madame Stein an hirem schrëftleche Rapport.

Zu deene Froen, déi gestallt gi sinn, do wéilt ech nach dat eent oder dat anert bäiflécken, wat mir och e Mëssverständnis schéngt ze sinn. Et ass notamment déi subtil Opdeelung vun deenen, déi dann ënnert den Droit d'établissement falen, deen ënnert der Classe moyenne geréiert gëtt, a vun deenen, déi dann u Projete kënne matwierken, déi ënnert de Statut vum Artist géife falen.

Wa mer eist Gesetz, esou wéi et elo virläit a wéi d'Chamber d'Zoustëmmung jo gëtt, liesen, da schléisst dat eent dat anert net aus, well d'Commission consultative freet net: Wat ass Är Qualifikatioun, wat ass Äert Nidderloossungsrecht? D'Commission consultative freet: U wat fir engem Projet hutt Dir matgeschafft? A wann Dir un engem Projet matgeschafft hutt, deen ënnert déi artistesch Kritäre fält, an Dir frot - dat ass jo fir de Fall vum Intermittent - an deem Moment déi sozial Bäihëllefen, da musst Dir 80 Deeg geschafft hunn, 80 Deeg Aarbecht musst Dir kënnen noweisen innerhalb vun enger Period vun 365 Deeg. Wann dee Projet als artistesche Projet acceptéiert ass, da kritt Dir dat Recht zougestanen, virausgesat Dir hutt natierlech e Revenu, dee méi grouss ass wéi véiermol de qualifizéierte Mindestloun, an Dir faalt dann ënnert déi Kritären an Dir sidd sozialverséchert.

Ech mengen, dat ass dee groussen Acquis, dee mir souwuel mam Gesetz vun 1999 wéi elo mat der verbesserter Fassung gemaach hunn: Mir hunn d'Leit responsabiliséiert. Eng Situatioun wéi se elo fir de Moment a Frankräich bei den Intermittenten ass, kréie mir mat eiser Gesetzgebung net, well bei eis huet nëmmen deen e Recht, dee sech selwer an d'Keesen agedroen huet an dee selwer cotiséiert.

Ergo hu mer domadden och de Secteur fir sech selwer an eng Logik eragesat, dass net och herno, wann déi dote Leit jo an de Rentenalter kommen a se hu keng Renterechter, dat lauter Leit ginn, déi dann op eemol ënnert den RMG falen. Ech mengen, dat solle mir och verhënneren. Do musse mir och heiansdo d'Artiste viru sech selwer schützen, well net ëmmer ass jo de Bezuch zu deene praktesche Saache vum Liewen esou enk, dass och dodru geduecht gëtt, dass ee muss cotiséieren, wann ee wëllt herno am Alter eng Rent hunn.

Ech gleewen also net, dass mer e Konflikt do kréie mat deenen, déi ënnert d'Réglementatioun vun der Chambre des Métiers falen. Ech denken, dass eis Kommissioun déi Moyenen huet fir do jiddefalls dann den Alarm unzemaachen, wann et sech sollt erausstellen, dass et do Konflikter géif ginn.

Mir hu vun därselwechter Chambre des Métiers d'Bemierkung gemaach kritt, mir géifen ze wéineg maachen, fir vu Lëtzebuerger Artisten Konschtwierker ze kafen. Ech mengen, do hu mer och an deem leschte Gesetz de Grondstee geluecht, fir déi 1,5% um Bau an d'Praxis ëmzesetzen. Ech hunn uganks dëses Joers eréischt den Avis kritt op eise Règlement grandducal, fir déi Kommissioun kënnen anzesetzen, an déi Kommissioun besteet elo.

Wa mer eis d'Montanten ukucke vun deem, wat alles hei an der Chamber u Bauprojete gestëmmt ginn ass, da kënne mer ermiessen, wat do u Revenu op d'Artisten duerkënnt. Elo ass natierlech d'Fro: Wéi brénge mir et fäerdeg, fir dass awer och do dann déi Artisten, déi mir mengen, eng Chance kréien?

Ebe just dat ass an deem Reglement do virgesinn, dass et do soll mat Appel à projets goen, dass et soll mat Concoursë goen, dass et soll dozou féieren, dass eis Artiste sech och zesummendinn an dass se, soubal wéi e Bauprojet ugefaangen ass, mat erugezu ginn, fir da kënne vun Ufank un déi eng oder aner Iddi schonn iwwert dem Bau mat eranzebréngen. Dat leeft fir de Moment bei der Salle philharmonique, dat leeft deemnächst och beim neien CNA. Déi dote Méiglechkeete stinn also eisen Artisten op.

Ech denken, domat hätte mir fir déi Leit vun der bildender Konscht an och fir all déi, déi um Bau interesséiert sinn, eng Méiglechkeet, déi esou grousszügeg ass, wéi se virdru kaum an dësem Land war, a mir géifen domadder ganz sécher och an eisem Bausseraum, wou mer jo net ëmmer u Konschtwierker geseent sinn, a wou mir relativ wéineg u Konschtwierker hunn, par rapport zu anere Stied, kënnen eng Schëpp noleeën.

Ech soen also all deenen, déi positiv hei zu deem Gesetz geschwat hunn, merci. Ech denken alleguerten déi, déi am Konschtberäich aktiv sinn, hunn dat och verdéngt.

**Plusieurs voix.-** Très bien!

**M. le Président.-** Domadder wär dëse Punkt ofgeschloss. D'Lecture vun den Artikelen an de Vote vum Projet geschéien an der Sitzung vu muer, Mëttwoch, den 21. Abrëll. Déi Sitzung fänkt mëttes um hallwer dräi un.

Domadder wär d'Sitzung opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 20.22 heures)***

## Sommaire des séances publiques


Dépôt de deux projets de loi page 548

Ordre du jour page 548

4864 - Proposition de loi visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion de l'épargne mobilière pages 548-550

4996 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire pages 550-553

5185 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002

1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;

2. portant création d'un forfait d'éducation;

3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti pages 553-557

5013 - Proposition de loi relative à la protection des actionnaires minoritaires et à l'obligation de lancer une offre publique d'acquisition pages 557-558

4979 - Proposition de loi relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail pages 558-562

5075 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 24 décembre 1990 sur la préretraite page 562

Débat de consultation au sujet du plan directeur sectoriel „lycées" pages 563-573

Question urgente N° 2691 de M. Marcel Glesener relative à la grève des pilotes de Luxair page 570

4918 - Proposition de loi portant création d'un observatoire des médicaments pages 573-575

5186 - Proposition de loi portant modification de la loi du 2 décembre 1987 portant réglementation de la médecine scolaire pages 575-577

Dépôt d'un projet de loi page 578

Communications page 578

Ordre du jour page 578

Question avec débat N° 39 de M. Lucien Lux relative à la revalorisation de certaines professions de santé pages 578-579

5145 - Projet de loi sur l'administration du patrimoine du régime général de pension pages 579-586

5290 - Projet de loi portant approbation

- d'une Déclaration solennelle, exprimant la volonté du Grand-Duché de Luxembourg et du Royaume de Belgique de renforcer leur coopération sur la base des liens de confiance qui se sont développés dans le passé,

- du Protocole portant modification de la Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002 et de la nouvelle Convention coordonnée instituant l'Union économique belgo-luxembourgeoise en résultant,

- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation de la Convention établissant entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique une communauté spéciale de recettes en ce qui concerne les droits d'accises perçus sur les alcools, du 23 mai 1935,

- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole spécial entre le Grand-Duché de Luxembourg et la Belgique relatif à l'agriculture, du 29 janvier 1963,

- du Protocole, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002, portant abrogation du Protocole entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Belgique relatif à l'association monétaire et de son Protocole d'exécution, du 9 mars 1981,

- de l'Acte final, signé à Bruxelles, le 18 décembre 2002 pages 586-589

5314 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 28 mars 1972 concernant 1. l'entrée et le séjour des étrangers ; 2. le contrôle médical des étrangers ; 3. l'emploi de la main-d'œuvre étrangère pages 589-592

5023 - Projet de loi modifiant

1) la loi du 30 juillet 1999 concernant

a) le statut de l'artiste professionnel indépendant et l'intermittent du spectacle

b) la promotion de la création artistique

2) la loi modifiée du 24 mai 1989 sur le contrat de travail pages 592-595



## Chambre des Députés

Compte rendu officiel

***Supplément commun aux quotidiens:***
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

***Contenu rédactionnel:***
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés

***Conception, saisie de texte et mise en page:***
Polygraphic SA, Luxembourg

***Concept et coordination générale:***
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

## Sommaire des questions parlementaires


| Question N° | Auteur | Objet |
|---|---|---|
| 2602 | Aly Jaerling | Retards au sein de l'Administration des Contributions directes |
| 2632 | Jean Huss | Classement des employés détenteurs d'un diplôme de technicien dans une des carrières du secteur public |
| 2644 | Renée Wagener | Emprisonnement de demandeurs d'asile et de personnes déboutées |
| 2646 | Marc Zanussi | Résultats de l'étude de l'ONU portant sur la qualité des logements |
| 2654 | Gusty Graas | Interdiction d'insecticides contenant le Fipronil |
| 2656 | Ben Fayot | Démantèlement du Service de Contrôle Euratom |
| 2657 | Aly Jaerling | Centre pour demandeurs d'asile sans famille à Bertrange |
| 2660 | Gast Gibéryen | Pension d'invalidité dans le secteur public |
| 2661 | Gast Gibéryen | Pensions d'invalidité |
| 2662 | Gusty Graas | Amélioration du cheptel piscicole de l'Alzette entre Hesperange et Walferdange |
| 2664 | Jeannot Belling<br>Lucien Clement | Projet d'un contournement de Remich |
| 2667 | Jacques-Yves Henckes | Problèmes liés au transsexualisme |
| 2668 | Camille Gira | Conditions de confort minima de détention et d'entretien des animaux de compagnie |
| 2670 | Ben Fayot | Candidats surdiplômés pour des emplois dans la fonction publique |


Question 2602 (29.1.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant les retards au sein de l'Administration des Contributions directes:

Et ass net fir d'éischt, datt ech mer vun engem Steierzueler Kloen iwwert de Fonctionnement vun eiser Steierverwaltung muss unhéieren. Esou kënnt et vir, datt e Steierzueler Joer fir Joer invitéiert gëtt, seng Steiererklärung anzereechen - wat hien och mécht -, den zoustännege Steierbüro senger Flicht awer guer net esou beflassen nokënnt an de Steierzueler alt Joren op säi „bulletin d'impôt" waarde muss. An engem aktuellen, mir bekannte Fall, en Extremfall, waart e Steierzueler schonns am fënnefte Joer op säi Bulletin, an dat no e puer schrëftlechen a vum zoustännege Steierbüro bestätegten an ofgestempelte Rappele vum betraffene Steierzueler. Esou Situatioune si skandaléis, besonnesch wann et sech alt ëm Fäll handelt wou de Steierzueler vum Stat eppes erëmzekréien huet.

Dofir dës Froen:

1) Gëtt et keng gesetzlech Verflichtung déi d'Steierbüroen zwéngt, bannent engem gewëssenen Zäitraum spéitstens ze äntwerten, a wat sinn, falls esou e legalen Délai besteet an en iwwerschratt gëtt, dann d'Konsequenzen?

2) Falls et keng esou eng Verflichtung fir de Stat gëtt, wier et dann net un der Zäit an am Interessi vun de (geschiedegten) Steierzueleren, esou een Délai anzeféieren?

3) Wat kann esou ongewinnt laang Waardezäiten, vun e puer Joer, fir d'Erstelle vun engem „bulletin d'impôt" nom Ofgi vun der Akommessteierdeklaratioun erklären?

4) Wat sinn d'Rechter vum Steierzueler an esou enger Situatioun?

5) Wat sinn d'Verjährungsfristen an esou engem Fall - besonnesch, wann eng Créance vum Steierzueler op de Stat besteet?

6) Huet de Steierzueler d'Recht, d'Zuelung vun Zënsen an d'Kompensatioun vum Geldwäertverloscht duerch d'Inflatioun op där vum Stat geschëllter Zomm ze fuerderen - wa jo, ënnert wat fir enge Konditiounen a wann neen, firwat net?

7) Wéi vill Steieraffäre si momentan um Verwaltungsgeriicht unhängeg an a wéi vill Fäll ass et de Stat, deen ugesicht gouf?

Réponse (27.4.2004) de M. Jean-Claude Juncker, *Premier Ministre, Ministre des Finances:*

En formulant sa question parlementaire, l'honorable Député Aly Jaerling, à défaut d'autre précision, semble viser plutôt l'imposition par voie d'assiette des personnes physiques que l'imposition sur le revenu des collectivités. La réponse aux différents volets de sa question parlementaire en tiendra compte.

1) Suivant les dispositions du paragraphe 3, alinéa 5 de la loi d'adaptation fiscale (StAnpG), la créance du Trésor en matière d'impôt sur le revenu prend naissance à la fin de l'année civile pour laquelle l'imposition par voie d'assiette est établie.

D'autre part, le paragraphe 144 de la loi générale des impôts (AO) prévoit que cette créance du Trésor se prescrit par cinq ans.

Comme le délai de prescription pour l'établissement de l'impôt sur le revenu court à partir du 1er janvier qui suit l'année d'imposition, le bureau d'imposition dispose d'un laps de temps de cinq ans pour établir l'imposition sur le revenu des contribuables.

2) Ce volet est devenu sans objet par la réponse qui précède.

3) La demande de l'honorable Député Aly Jaerling concerne manifestement des cas isolés et précis qu'il est invité à signaler au directeur des contributions directes.

Il est de principe que les bureaux d'imposition, dans la mesure du possible, évacuent prioritairement les impositions par voie d'assiette se soldant par un remboursement d'impôts aux contribuables personnes physiques. Parmi les quelque 125.000 impositions sur le revenu des seules personnes physiques que les 27 bureaux d'imposition sont appelés à établir annuellement, il peut arriver que l'évacuation de l'un ou de l'autre des dossiers connaisse un retard pour une raison ou une autre. Il ne peut s'agir que de cas isolés car, au 31 décembre 2003, 89,11% des impositions sur le revenu des cinq dernières années étaient établies. Au 31 décembre 2002, ce chiffre s'élevait à 88,09%. Il y a donc eu une progression de plus d'un point de pour cent, malgré une augmentation du nombre total des impositions à établir de l'ordre de 19.000 unités au cours de l'année 2003.

Les bureaux d'imposition des personnes physiques constatent cependant que de plus en plus de déclarations fiscales remises présentent de graves lacunes pour n'être que partiellement remplies, voire même pas du tout remplies. Ainsi en moyenne 25% du total des déclarations introduites nécessitent une démarche du bureau d'imposition auprès des contribuables pour compléter leurs déclarations, fait qui alourdit singulièrement les travaux d'imposition.

4) Comme évoqué ci-dessus, les contribuables qui se sentent lésés dans leurs droits ont la possibilité de saisir le directeur des contributions par la voie du recours hiérarchique.

5) Une créance du contribuable n'échet qu'à partir de l'émission du bulletin d'impôt sur le revenu et ne devient exigible qu'avec son envoi.

En ce qui concerne les délais de prescription, il est renvoyé à la réponse donnée sous le premier point.

6) Le législateur n'a pas prévu la mise en compte d'intérêts créditeurs ni de compensation pour perte de valeur. L'introduction d'un calcul d'intérêts, que ce soit à partir de la naissance de la créance ou que ce soit à partir du 31 mars, date à laquelle les déclarations fiscales des personnes physiques doivent être déposées, entraînerait d'un côté des intérêts créditeurs pour certains contribuables et d'un autre côté des intérêts débiteurs dans le chef d'autres contribuables dont l'imposition par voie d'assiette ferait apparaître un solde à payer, qu'ils aient déposé leur déclaration fiscale endéans le délai légal ou non.

7) 53 affaires fiscales sont actuellement pendantes devant les juridictions administratives. Dans toutes ces affaires l'État agit comme défendeur, dans la mesure où les recours sont dirigés contre des actes administratifs émanant des préposés des bureaux d'imposition, respectivement du directeur de l'Administration des Contributions directes.

Question 2632 (18.2.2004) de M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)* concernant le classement des employés détenteurs d'un diplôme de technicien dans une des carrières du secteur public:

En date du 4 février 2004 le Tribunal administratif a rendu le jugement 17025 du rôle contre deux actes de Madame la Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative en matière d'employé de l'État.

L'employée de l'État en question est détentrice du diplôme de technicien administratif et commercial et a été classée dans la carrière C de l'administration avec l'argument que „le diplôme de technicien n'est pas reconnu équivalent au diplôme de fin d'études secondaires par l'Administration du Personnel de l'État pour accéder à la carrière 'D' des employés de l'État".

Or, la loi du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue dispose dans son article 23 que „en vue de l'accès à des professions réglementées et de l'admission aux emplois du secteur public, les diplômes spécifiés aux articles 20 et 22 (notamment la formation de technicien) confèrent les mêmes droits que le diplôme de fin d'études secondaires".

C'est finalement en ce sens que c'est prononcée le Tribunal administratif dans le cas cité et dans nombre de cas similaires.

Suivant le jugement du 4 février 2004, Madame la Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports a recommandé „en ce qui concerne l'interprétation de la loi par le Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative, je vous prie de bien vouloir vous adresser au Ministère en question".

- Mesdames les Ministres peuvent-elles expliquer l'incohérence des informations de la part des deux Ministères en question, étant donné que la loi du 4 septembre 1990 est tout à fait claire dans son interprétation?

- Suite aux nombreux jugements, toujours en faveur des employés détenteurs d'un diplôme de technicien, il serait logique de classer tous les employés dans le même cas dans la carrière D. Pourquoi Madame la Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative refuse-t-elle de le faire?


Chambre des Députés

L U X E M B O U R G

d'Chamber online op

**www.chd.lu**

mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live

- Est-ce que la nouvelle carrière projetée du rédacteur technique en est une conséquence?

- Quelles seront les différences et les similitudes avec les examens d'admission au stage, la formation pendant le stage, l'examen de fin de stage, l'examen de promotion et le cheminement de la carrière proprement dite de la carrière du rédacteur?

Réponse commune (16.4.2004) de Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative* et de Mme Anne Brasseur, *Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports:*

Dans son courrier du 18 février 2004, Monsieur le Député Jean Huss désire connaître, d'une part, la raison des interprétations divergentes faites d'un côté par le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative et d'un autre côté par le Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports en matière de reconnaissance du diplôme de technicien et, d'autre part, les caractéristiques de la nouvelle carrière du rédacteur technique.

En réponse, il est à noter tout d'abord que le Ministre de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports et le Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative appliquent les lois et règlements portant sur deux champs de compétence différents.

Il y a lieu de relever que suivant les dispositions de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue les diplômes de technicien

1. permettent d'être «admissibles à des études techniques supérieures dans une spécialité correspondant à leurs études» (article 20),

2. confèrent «en vue de ... l'admission aux emplois du secteur public ... les mêmes droits que le diplôme de fin d'études secondaires» (article 23).

Conformément à cette dernière disposition, les détenteurs du diplôme de technicien ont d'ailleurs toujours été admis au concours d'admission au stage de la carrière du rédacteur. Or, parmi les candidats qui s'y sont présentés, aucun n'en a réussi jusqu'à présent les épreuves.

Par ailleurs, la loi du 27 août 1986 modifiant et complétant la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État a prévu la possibilité de créer la carrière du technicien dans les cadres légaux des administrations et des établissements scolaires, pour autant que les nécessités de service l'exigent, ceci par voie de règlement grand-ducal. Elle ne fut cependant jusqu'à ce jour jamais réellement introduite dans les lois-cadres des différentes administrations de l'État. Par contre, la loi du 22 juin 1963 précitée retient en son article 22, section IV, alinéa 12°, une disposition spécifique pour les agents détenteurs d'un diplôme de technicien en prévoyant que ces agents, nommés expéditionnaires techniques, bénéficient d'un échelon supplémentaire dans le tableau indiciaire des traitements.

Dans le même ordre d'idées, il est à remarquer qu'en ce qui concerne plus particulièrement le régime des employés, il est de coutume de régler des questions de carrière d'abord au niveau des fonctionnaires, avant d'envisager et de transposer le cas échéant une solution à considérer comme équivalente au niveau des employés de l'État.

Par conséquent, il n'est pas justifié de classer des candidats-techniciens dans la catégorie D des employés de l'État, alors que celle-ci est à considérer comme l'équivalent de celle du rédacteur dans la catégorie des fonctionnaires de l'État. D'une part, en effet, le contenu des formations de technicien ne correspond pas, à l'heure actuelle, à celui des épreuves de l'examen-concours du rédacteur et rend ainsi très difficile sinon impossible l'accès à cette carrière et, d'autre part, le tableau des carrières des employés de l'État énumère dans la carrière D le diplôme de l'ingénieur-technicien qui constitue manifestement la prolongation des études du technicien. Accorder, au niveau des employés de l'État, au technicien qui dispose pourtant de deux, voire de trois années d'études de moins que l'ingénieur-technicien une équivalence par rapport à ce dernier, aboutirait à une mise en cause de l'actuelle hiérarchie des diplômes et des carrières.

Enfin, en ce qui concerne la prétendue nouvelle carrière technique du rédacteur, il y a lieu de signaler qu'il ne s'agit pas d'une nouvelle carrière, dont la création relèverait de la compétence du législateur, mais qu'il s'agit d'une nouvelle modalité de recrutement dans la seule carrière du rédacteur.

En effet, la différence entre la catégorie administrative et la catégorie technique des examens-concours pour l'admission au stage de la carrière du rédacteur réside exclusivement dans la différence de certaines des épreuves à passer par les candidats. Les conditions d'admission à ces examens-concours, dont notamment les conditions d'études, sont toutefois les mêmes pour les deux catégories d'épreuves et ne remettent pas en cause le déroulement de la carrière du rédacteur.

Question 2644 (2.3.2004) de Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG)* concernant l'emprisonnement de demandeurs d'asile et de personnes déboutées:

Il semble que le Centre de rétention administrative de Schrassig est actuellement bondé et que, par manque de place, de nombreux demandeurs d'asile, déboutés et autres, sont emprisonnés avec des détenus de droit commun.

- Est-ce que cela correspond à la réalité?

- Combien de demandeurs d'asile se trouvent à Schrassig emprisonnés?

- Combien sont emprisonnés dans le Centre de rétention?

Question 2628 (16.2.2004) de M. Ben Fayot *(LSAP)* concernant la situation des demandeurs d'asile en instance d'expulsion au Centre pénitentiaire:

Le Gouvernement a installé un Centre de séjour provisoire pour étrangers demandeurs d'asile déboutés ou encore pour étrangers tombant sous la convention de Dublin, donc en instance d'être renvoyés vers le pays du premier accueil. Tous sont en instance d'être expulsés du territoire luxembourgeois. Afin d'assurer leur mise à disposition aux autorités en vue de cette expulsion, ils sont retenus pendant un certain temps qui peut atteindre plusieurs semaines dans ce Centre qui est installé dans l'enceinte du Centre pénitentiaire de Schrassig.

Il me revient que ce Centre, doté de 30 lits, doit accueillir en ce moment une cinquantaine de personnes. Certaines doivent donc être logées avec les détenus et tombent sous le régime de détenus. Il en va de même de personnes du sexe féminin qui sont logées avec des détenues femmes.

Cette situation crée non seulement beaucoup de problèmes pour le fonctionnement normal du Centre pénitentiaire, mais pose surtout des questions en matière de traitement des demandeurs d'asile.

Monsieur le Ministre peut-il me dire ce qu'il compte faire pour assurer un traitement digne aux demandeurs d'asile en instance d'expulsion?

Réponse (24.3.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice:*

Il est évident que le nombre croissant de personnes en situation irrégulière qui sont retenus au Centre de séjour provisoire pour étrangers en situation irrégulière spécialement aménagé à cette fin pose des problèmes d'organisation et de logement à Schrassig.

Il y a lieu da noter qu'il s'agit en général de personnes entrées de façon illégale au territoire luxembourgeois et non de demandeurs d'asile déboutés. Pour ces derniers, il s'agit exclusivement de personnes seules (sans familles) qui ont refusé un départ volontaire du Luxembourg.

Ainsi, le 9 mars 2004, sur les 56 personnes retenues, 17 étaient des étrangers arrêtés sans être en droit de séjourner au Luxembourg, 31 étaient des personnes célibataires dont la demande d'asile doit être traitée dans un autre État membre de l'Union européenne, et seulement huit étaient des demandeurs d'asile célibataires déboutés.

Quant aux conditions de la rétention administrative, il y a lieu de noter que:

- le Centre de séjour provisoire pour étrangers en situation irrégulière constitue en fait un étage d'un des bâtiments du Centre pénitentiaire de Schrassig, spécialement affecté à cette fin, disposant actuellement de 47 places;

- la durée maximum de rétention prévue par la loi est de trois mois;

- les retenus ont à leur disposition un préau leur réservé exclusivement pour faire des promenades pendant une heure par jour et que seulement s'ils désirent sortir plus longtemps ou faire d'autres activités (p.ex. sport), ils doivent se déclarer d'accord à côtoyer les détenus;

- les douches sont, pour ce qui concerne l'étage spécialement affecté aux retenus, toujours réservé exclusivement à l'usage des retenus, l'utilisation de douches ensemble avec d'autres détenus n'apparaissant incontournable que lorsque le Centre doit accueillir plus d'une cinquantaine de retenus.

Il y a lieu de noter que le Tribunal administratif, dans un jugement du 20 février 2004, a jugé, après visite des lieux, les conditions de rétention comme étant acceptables.

Le Gouvernement n'a pas trouvé à ce jour un autre endroit que celui actuellement en fonction pour ouvrir un centre de rétention avec toute l'infrastructure d'aménagement et de sécurité requise.

Le Gouvernement continuera à retenir dans un centre fermé les personnes entrant de façon illégale au Luxembourg, les demandeurs d'asile célibataires déboutés et refusant un retour volontaire ou dont la demande d'asile doit être traitée dans un autre pays de l'Union européenne.

Question 2646 (2.3.2004) de M. Marc Zanussi *(LSAP)* concernant les résultats de l'étude de l'ONU portant sur la qualité des logements:

En 2001, l'UN-Habitat, section de l'ONU se consacrant à la politique du logement, a mené dans tous les pays du monde une étude portant sur la qualité des logements.

Les experts onusiens ont analysé cinq critères majeurs: l'accès à l'eau, aux sanitaires, l'espace disponible pour les personnes occupant le logement, la garantie de pouvoir garder son logement ainsi que la qualité des structures et la durabilité de ces logements.

Dans ce contexte, j'aimerais poser à Monsieur le Ministre les questions suivantes:

1. Quels sont les résultats de l'étude en ce qui concerne le Grand-Duché?

2. Quelles conclusions le Gouvernement entend-il tirer de cette analyse pour sa politique du logement?

Réponse (16.4.2004) de M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement:*

Depuis 2001, l'UN-Habitat a mené toute une série d'études sur la qualité du parc mondial des logements. Le secrétariat général de cette section de l'ONU, situé à Nairobi, n'a pas transmis les études en question. Comme l'honorable Député n'a pas précisé à quelle étude il s'est référé, le Ministre du Logement n'est au stade actuel pas en mesure de prendre position.

Question 2654 (3.3.2004) de M. Gusty Graas *(DP)* concernant l'interdiction d'insecticides contenant le Fipronil:

Il est un fait que des graves dégâts peuvent être occasionnés aux ruches par des insecticides. Ainsi les autorités françaises ont récemment interdit l'emploi de six insecticides contenant la substance Fipronil. Ces produits sont susceptibles d'être à la base de la haute mortalité de cheptels d'abeilles. Selon une dépêche de presse, la France est actuellement le seul pays européen ayant interdit l'emploi de ces produits. Des insecticides comme Gaucho et Régent sont apparemment également utilisés dans notre pays. Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre:

- Est-ce que l'interdiction des insecticides prémentionnés est également justifiée dans notre pays?

- Dans la négative, quels sont les arguments qui s'opposent à une interdiction?

- Est-ce que d'autres insecticides utilisés sur le territoire luxembourgeois peuvent nuire aux ruches?

- De quelle manière l'emploi d'insecticides est contrôlé afin de réduire leur impact sur les ruches?

Réponse (23.4.2004) de M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural:*

Le Fipronil et l'Imidaclopride sont deux substances actives qui entrent dans la composition de certains insecticides utilisés en agriculture. Les deux substances peuvent provoquer la mortalité chez les abeilles dans certaines conditions.

Le Fipronil est notamment contenu dans les produits phytopharmaceutiques Régent et Vasco.

Le produit Régent est utilisé comme enrobage des semences en vue de protéger les cultures contre les pucerons et contre certains insectes du sol. Ce produit semble être la cause de la mortalité des abeilles dans le sud-ouest de la France. Selon les informations obtenues auprès des autorités françaises, les cas de mortalité sont survenus dans des champs de tournesol dont les semences ont été traitées avec le Régent. Lors du semis, des poussières d'insecticide qui n'ont pas été fixées à la semence ont été libérées et ont pu être récoltées par les abeilles.

Le produit Régent n'est pas agréé au Luxembourg.

Le produit Vasco, qui contient la même substance active, est agréé au Luxembourg. Ce produit est autorisé pour lutter contre les insectes du sol dans les cultures de maïs et de tournesol. Le produit est appliqué sur le sol nu avant le semis et doit être incorporé dans la terre immédiatement après la pulvérisation. Ce mode d'utilisation ne présente guère de risques pour les abeilles, vu l'absence de plantes en fleur sur les champs traités.

L'autorisation de ce produit a été nécessaire pour remplacer les produits à base de Lindane qui ont été retirés du marché. Suite à l'interdiction du Lindane, il n'existait plus de produit phytopharmaceutique pour lutter contre les taupins, un insecte du sol qui peut causer des pertes considérables dans les cultures. Pour éviter tout impact sur les abeilles, l'agrément du produit a été limité aux cultures de maïs et de betteraves, sachant qu'il y a généralement absence de mauvaises herbes mellifères dans ces cultures.

Donc pour ce qui concerne les produits à base de Fipronil les autorisations données au Luxembourg sont nettement moins dangereuses pour les abeilles que les utilisations concernées en France.

Quant aux produits Gaucho qui contient la substance Imidaclopride, ces produits sont utilisés comme enrobage des semences pour lutter contre certains insectes.

En France, leur utilisation dans les cultures de tournesol a causé la mortalité des abeilles de sorte que les produits ont été retirés du marché.

Au Luxembourg, les produits Gaucho orge et Gaucho blé sont autorisés pour le traitement des semences d'orge et de blé. D'autres utilisations sur des plantes mellifères comme le tournesol ou le colza n'ont jamais été homologuées. Dans les cultures prémentionnées aucun problème n'est connu pour les abeilles. En effet, d'une part, les semences sont traitées avant le semis de sorte qu'il n'y a pas d'exposition directe des abeilles via les mauvaises herbes ou la flore adjacente des champs et, d'autre part, les abeilles ne butinent pas sur les céréales.

En tout état de cause, le Service de la Protection des Végétaux n'a pas encore eu d'informations au sujet de ruches ayant péri suite à l'application d'un des produits phytopharmaceutiques en discussion.

De plus, lors de l'agrément des produits phytopharmaceutiques des études concernant l'impact sur les abeilles font partie des dossiers de demande. Les autorisations sont refusées si suite à l'utilisation normale des produits des effets négatifs pour les abeilles sont à prévoir.

Question 2656 (8.3.2004) de M. Ben Fayot *(LSAP)* concernant le démantèlement du Service de Contrôle Euratom:

Un des objectifs du Traité instituant la Communauté européenne de l'énergie atomique (Euratom) est «d'établir les conditions de sécurité qui écarteront les périls pour la vie et la santé des populations» du fait de l'utilisation de l'industrie nucléaire. Un des instruments majeurs pour atteindre cet objectif est constitué par le Contrôle de Sécurité Euratom, installé depuis toujours à Luxembourg, qui a la tâche, d'après l'article 7 du traité Euratom, de contrôler les installations nucléaires sur le territoire de l'Union européenne. En d'autres

termes, cette administration a comme objectif essentiel de contrôler que le matériel fissile de l'UE ne soit pas détourné de l'usage pour lequel il a été destiné.

Euratom Luxembourg a développé avec les années un savoir-faire technologique important, en collaboration d'ailleurs avec l'Agence internationale de l'Énergie atomique, de sorte que les contrôles Euratom sont synonymes auprès des installations nucléaires et de leur personnel de label de qualité et auprès des populations de garantie de sécurité. Cette assurance est essentielle à l'égard d'une industrie qui est loin de rassurer un grand nombre de gens.

Plus particulièrement, à l'ère du terrorisme international et de la criminalité transfrontalière crapuleuse, il ne peut être exclu que malgré toutes les précautions du matériel fissile ne puisse être détourné un jour de son utilisation normale dans les réacteurs civils à des fins qui sont loin d'être civiles.

Or, les restructurations qu'ont connues les services de la Commission ces quatre dernières années sous le Président Prodi laissent apparaître, en tout cas en ce qui concerne Euratom, que l'efficacité de la fonction de contrôle d'Euratom est battue en brèche. De nombreuses indications concordantes qu'il serait trop long à développer ici le confirment dès à présent. Cette politique semble avoir son origine dans les propositions d'un «High Level Expert Group» convoqué par la Commission au début de sa mandature. Une des conclusions de ce groupe était que le contrôle Euratom était en concurrence avec l'AIEA et qu'Euratom avait trop insisté sur les «non proliferation safeguards». On peut cependant se poser sérieusement la question si on a jamais assez de contrôle de la non-prolifération du matériel fissile.

L'élargissement qui entrera en vigueur le 1er mai 2004 fait que quarante nouvelles installations nucléaires, dont la plupart des réacteurs, devront être contrôlées par Euratom alors qu'aucun nouveau personnel de contrôle n'est engagé par la Commission. Pour compenser la pénurie de personnel, les contrôles dans les États membres actuel de l'UE seront réduites de sorte que par exemple plusieurs tonnes de plutonium dans l'installation Superphénix en France ne seront désormais plus contrôlées chaque mois, comme le veut l'usage international, mais seulement tous les trois mois.

Il apparaît donc que la question se pose sérieusement si la Commission sera à même de garantir l'utilisation correcte du matériel fissile dans l'UE et de remplir les obligations du Traité Euratom en matière de sécurité de l'environnement et de la protection des personnes et de la nature.

J'aimerais en conséquence demander à Madame le Ministre des Affaires étrangères et à Monsieur le Ministre de l'Environnement s'ils entendent intervenir au Conseil des Ministres pour interpeller la Commission dans cette affaire qui intéresse au plus haut point les citoyens des États membres actuels et futurs et pour l'amener à arrêter le démantèlement du Service de Contrôle Euratom.

Réponse commune (16.4.2004) de Mme Lydie Polfer, *Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur* et de M. Charles Goerens, *Ministre de l'Environnement:*

Le Gouvernement luxembourgeois estime qu'il est essentiel que la Commission européenne continue à maintenir l'efficacité de ses inspections dans les installations nucléaires de l'Union européenne, compte tenu en particulier de l'ère du terrorisme international et de la criminalité transfrontière.

Il est vrai aussi que la qualité des inspections de sécurité menées dans le passé par les services de la Commission dans le cadre du Traité Euratom est unanimement reconnue au niveau international.

Monsieur le Député Ben Fayot exprime cependant la crainte qu'à l'avenir la Commission puisse être tentée de baisser sa garde dans ce domaine.

Il est indéniable qu'à partir des mois prochains, les tâches auxquelles les directions des inspections de sécurité Euratom, établies à Luxembourg, auront à faire face, vont s'accroître de façon importante en raison des trois facteurs suivants:

- les inspections Euratom seront étendues évidemment aux dix nouveaux États membres de l'Union européenne, ce qui représentera un surcroît d'une quarantaine d'installations nucléaires supplémentaires à contrôler;

- la prochaine entrée en vigueur des Protocoles additionnels aux Accords de Garanties existant dans les 25 États membres de l'UE, dans le cadre de l'Agence internationale de l'Énergie atomique de Vienne, entraînera également un accroissement sensible de travail et de contrôle pour les inspecteurs d'Euratom, notamment par l'intégration des matières premières du combustible nucléaire et des déchets nucléaires dans le champ d'activité des contrôles Euratom;

- sept États membres de l'UE, dont le Luxembourg, ont décidé, à titre volontaire, de transférer aux services d'inspection Euratom établis à Luxembourg l'exécution des obligations nationales leur incombant en vertu de la ratification des Protocoles additionnels. Il s'agit du contrôle de la production, de l'exportation et de l'importation d'équipements sensibles pouvant servir dans l'industrie nucléaire. Ces transferts volontaires à la Commission entraîneront forcément un surplus sensible de travail pour les inspecteurs de celle-ci.

À cela s'ajoute que la Commission et les États membres sont sur le point d'achever l'élaboration d'un nouveau règlement Euratom définissant tous les détails à respecter par les inspecteurs Euratom et les informations à leur soumettre par les exploitants des installations nucléaires, afin que l'efficacité des vérifications puisse être garantie.

La Commission a engagé depuis quelque temps une réorganisation administrative de ses services d'inspection Euratom. Cependant, réorganisation interne des services de la Commission ne signifie nullement affaiblissement de l'efficacité de ces services.

Plusieurs États membres, dont le Luxembourg, ont demandé à la Commission qu'elle leur fournisse toutes les explications sur la réorganisation interne de ses services d'inspection. La Commission a accepté cette demande.

Au cas où le Luxembourg constaterait, sur la base des explications qui seront fournies par la Commission, qu'il subsiste un doute sur le sérieux et l'efficacité de la réorganisation desdits services, le Gouvernement luxembourgeois ne manquera pas d'entreprendre les démarches qui s'imposent.

Question 2657 (9.3.2004) de M. Aly Jaerling *(ADR)* concernant le centre pour demandeurs d'asile sans famille à Bertrange:

Aus de Lëtzebuerger Medie war gewuer ze ginn, datt d'Regierung gedenkt zu Bartreng eng Hal als Heem fir Asylbewerber respektiv politesch Flüchtlingen ouni Famill ëmzefonctionnéieren.

Matgedeelt gouf och, datt d'Aarbechte fir dës Gebailechkeeten an d'Rei ze setze schonns lafen, well och d'Bartrenger Autoritéiten der neier Notzung vun däser Hal schonns zougestëmmt hätten.

Den Här Buergermeeschter vun der Bartrenger Gemeng huet gesot, hie géif déi betraffe Bierger aus der Ëmgéigend vun deem neien Asylantenheem nodréiglech doriwwer informéieren.

D'Madame Familljeministesch huet dës ëmgéiend Genehmegung vun de Bartrenger Gemengenautoritéite begréisst an huet an engems matgedeelt, datt och aner Gemenge sech op Ufro vun der Regierung bereet erklaert hätten, Gebailechkeete fir esou en Zweck zur Verfügung ze stellen.

Dofir folgend Froen:

1) Stëmmt et, datt d'Regierung gedenkt en neit Opfanglager fir Asylanten zu Bartreng anzeriichten?

2) Wa jo, wéini ass dës Décisioun gefall a wéini huet d'Bartrenger Gemeng hir Zouso ginn?

3) Wat soll deen Ëmbau kaschten a wien dréit d'Käschten?

4) Wat fir eng Fuederungen/Géigeleeschtungen huet d'Gemeng Bartreng am Zesummenhang mat dëser Mesure gestallt/verlaangt?

5) Wéi vill a wat fir eng Gemengen hu bis elo schonns - positiv ewéi negativ - op den Appel vun der Regierung reagéiert, fir bei sech zousätzleche Wunnraum fir Asylanten ze schafe respektiv Gebailechkeeten zur Verfügung ze stellen?

6) Wier et net méi sënnvoll ofzewaarden, wéi den Echo vu sämtleche Gemengen ass, fir dann e kohärent a landeswäit Konzept auszeschaffen, amplaz elo spontan op all Offer opzesprangen?

Réponse (28.4.2004) de Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse:*

Questions 1 et 2

La commune de Bertrange, quelques jours après une réunion avec les responsables du Ministère de la Famille, a informé le Ministère/Commissariat du Gouvernement aux Étrangers (CGE) qu'elle ne s'opposera pas en principe à l'hébergement d'une cinquantaine de demandeurs d'asile, ceci dans un but de solidarité et par manque d'alternatives pouvant être offertes par la commune de Bertrange.

Question 3

Les travaux de rénovation n'ont pas encore été estimés dans leur totalité vu le nombre élevé de corps de métiers impliqués. Les coûts sont portés entièrement par l'État.

Question 4

Les responsables ont insisté à ce que le Commissariat du Gouvernement aux Étrangers garantisse un encadrement efficace, sécurisant le voisinage.

Question 5

Ont répondu positivement:

Bettembourg: en proposant une maison unifamiliale à rénover sous réserve d'approbation par le conseil communal.

Le délai à prévoir pour les travaux de rénovation est de six à douze mois.

Dudelange: en proposant deux maisons à rénover sous réserve d'une confirmation écrite de la part de l'administration communale.

Le délai pour les travaux de rénovation se situe entre six et douze mois.

Troisvierges: en proposant une maison en bon état d'entretien sous réserve d'une confirmation écrite de la part de l'administration communale.

Beckerich: en proposant une salle polyvalente pouvant héberger douze personnes.

Ont répondu négativement:

Mondorf-les-Bains, Steinfort, Bech, Bous, Pétange, Weiler-la-Tour, Ell, Strassen, Echternach, Mondercange, Waldbredimus, Remich, Differdange, Hobscheid, Junglinster, Réiserbann, Manternach.

Certaines communes, à savoir Wiltz, Useldange, Biwer, Mersch ont informé le Ministère de la Famille qu'elles ne peuvent pas accueillir davantage de demandeurs d'asile.

L'administration communale de Heiderscheid veut intervenir auprès des propriétaires privés pour mettre à disposition du Commissariat du Gouvernement aux Étrangers des logements appropriés.

Question 6

Le Commissariat du Gouvernement aux Étrangers a besoin de structures d'accueil dans l'immédiat.

D'ailleurs la recherche de nouvelles structures d'hébergement est continue.


# Chamber TV

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

**um Réseau vun der Eltrona / Siemens (imagin)**

*um Kanal S40 / 455.25 Mhz*

**um Réseau vun der Coditel**

*um Kanal S 29*

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*

Question 2660 (10.3.2004) de M. Gast Gibéryen *(ADR)* concernant la pension d'invalidité dans le secteur public:

Am Kader vun enger nohalteger Finanzéierung vun de Pensiounen am öffentleche Secteur spillen d'Invalidepensioune keng onwesentlech Roll.

Dofir dës Froen:

1) Wéi vill Demandë fir eng Invalidepensioun si Joer fir Joer zënter 1995 bis 2003 ageschloss an deene verschiddenen öffentleche Secteuren (staatlech Verwaltungen, Gemengen, CFL, Post, etc.) gestallt ginn?

2) Wéi vill vun all dësen Demandë goufen all Joers refuséiert respektiv accordéiert?

Réponse (15.4.2004) de Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:*

Dans son courrier du 10 mars 2004, Monsieur le Député Gast Gibéryen voudrait connaître, d'une part, le nombre de demandes de mises à la retraite pour cause d'invalidité dans le secteur public pendant la période s'étendant de 1995 à 2003 et, d'autre part, le nombre d'allocations respectivement de refus de telles demandes.

En réponse, je me permets de renvoyer l'honorable Monsieur Gibéryen au tableau ci-après.

| Année | 1995 | 1996 | 1997 | 1998 | 1999 | 2000 | 2001 | 2002 | 2003 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Affaires enregistrées | 84 | 83 | 92 | 83 | 93 | 75 | 88 | 76 | 73 |
| Année | 1995 | 1996 | 1997 | 1998 | 1999 | 2000 | 2001 | 2002 | 2003 |
| Mises à la retraite pour cause d'invalidité | | | | | | | | | |
| Age (1) | Nombre (2) | Nombre (2) | Nombre (2) | Nombre (2) | Nombre (2) | Nombre (2) | Nombre (2) | Nombre (2) | Nombre (2) |
| < 30 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 | 1 | 0 | 0 |
| < 40 | 4 | 1 | 3 | 0 | 2 | 2 | 2 | 0 | 2 |
| < 50 | 8 | 8 | 6 | 8 | 10 | 5 | 10 | 8 | 8 |
| < 55 | 16 | 17 | 13 | 27 | 21 | 14 | 16 | 8 | 16 |
| < 60 | 33 | 39 | 25 | 35 | 39 | 30 | 39 | 39 | 30 |
| > 60 | 6 | 7 | 2 | 13 | 6 | 2 | 3 | 1 | 1 |
| Total | 67 | 72 | 49 | 83 | 78 | 54 | 71 | 56 | 57 |

(1) L'indication de l'âge se rapporte à l'âge au moment de la saisine de la Commission et non pas l'âge au moment de la décision

(2) Le nombre ne reflète que les cas où la procédure a abouti à une invalidation

Je voudrais encore informer l'honorable Monsieur Gibéryen que ces données ne concernent que le secteur de l'État, c'est-à-dire à l'exclusion des communes, des CFL et de l'Entreprise des Postes et Télécommunications, étant donné que ces derniers ne rentrent pas dans le champ de mes compétences.

Question 2661 (10.3.2004) de M. Gast Gibéryen *(ADR)* concernant les pensions d'invalidité:

Eng vun de wesentlechen Dépensë bei de Pensiounskeesen ass d'Finanzéierung vun den Invalidepensiounen. Vun internationalen Organisatioune gëtt dorop higewisen, datt hei zu Lëtzebuerg d'Leit méi fréi an d'Pensioun géife goe wéi dat am Ausland de Fall ass.

Duerfir stelle sech, am Zesummenhang mat der Unerkennung vun Invalidepensiounen, dës Froen:

1) Wéi vill Demandë fir eng Invalidepensioun si Joer fir Joer, zënter 1995 bis 2003 ageschloss, an deene verschiddene Pensiounskeesen am contributive Secteur (Caisse de pension des employés privés - Caisse de pension des artisans, des commerçants et des industriels - Caisse de pension agricole - Établissement d'Assurance contre la Vieillesse et l'Invalidité) gestallt ginn?

2) Wéi vill vun all dësen Demandë goufen all Joers refuséiert respektiv accordéiert?

Réponse (13.4.2004) de M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

Hei sinn d'Zuele vun den Demandë vun Invalidepensiounen, déi vun deene verschiddene Pensiounskeesen accordéiert beziehungsweis refuséiert goufen, esou ewéi se menge Servicer vun deenen eenzelnen Organismë matgedeelt si ginn. Et bleift ze bemierken, datt aus technesche Grënn d'Keese keng Zuele fir 1995 bis 1997 geliwwert hunn an d'AIV (Aarbechterpensiounskees) fir 1997 keng Zuele matdeele konnt.

***Aarbechterpensiounskeess AIV***

| Joer | Zuel vun den Demanden | Accordéiert Temp.+défin. | Refuséiert |
|---|---|---|---|
| 1997 | - | - | - |
| 1998 | 1324 | 1013 | 311 |
| 1999 | 1343 | 955 | 388 |
| 2000 | 1281 | 865 | 416 |
| 2001 | 1351 | 989 | 362 |
| 2002 | 1527 | 961 | 566 |
| 2003 | 1783 | 772 | 1011 |

***Privatbeamtepensiounskeess (CPEP)***

| Joer | Zuel vun den Demanden | Accordéiert Temp.+défin. | Refuséiert |
|---|---|---|---|
| 1997 | 656 | 604 | 52 |
| 1998 | 481 | 440 | 41 |
| 1999 | 476 | 338 | 38 |
| 2000 | 419 | 353 | 66 |
| 2001 | 389 | 324 | 65 |
| 2002 | 411 | 297 | 114 |
| 2003 | 674 | 379 | 295 |

***Pensiounskeess vun de Commerçanten (CPACI)***

| Joer | Zuel vun den Demanden | Accordéiert Temp.+défin. | Refuséiert |
|---|---|---|---|
| 1997 | 221 | 182 | 39 |
| 1998 | 159 | 115 | 44 |
| 1999 | 197 | 154 | 43 |
| 2000 | 151 | 101 | 50 |
| 2001 | 146 | 111 | 35 |
| 2002 | 164 | 123 | 41 |
| 2003 | 140 | 100 | 40 |

***Bauerepensiounskeess (CPA)***

| Joer | Zuel vun den Demanden | Accordéiert Temp.+défin. | Refuséiert |
|---|---|---|---|
| 1997 | 110 | 102 | 8 |
| 1998 | 83 | 74 | 9 |
| 1999 | 71 | 52 | 19 |
| 2000 | 67 | 55 | 12 |
| 2001 | 52 | 31 | 21 |
| 2002 | 42 | 25 | 17 |
| 2003 | 52 | 32 | 20 |

**d'Chamber um Internet**

**www.chd.lu**

Question 2662 (11.3.2004) de M. Gusty Graas *(DP)* concernant l'amélioration du cheptel piscicole de l'Alzette entre Hesperange et Walferdange:

Conformément à l'article 19 de la loi du 28 juin 1976 portant réglementation de la pêche dans les eaux intérieures, le droit de pêche dans les eaux de la deuxième catégorie est soumis à l'amodiation obligatoire. Ces eaux forment depuis le confluent jusqu'à la source un ou plusieurs lots de pêche comprenant tous les propriétés riveraines. Toutefois le Ministre compétent peut excepter de l'amodiation entre autres les cours d'eau ou parties de cours d'eau dont l'état de pollution ne permet plus l'exercice normal de la pêche. Ainsi par exemple l'Alzette est exempte de l'amodiation sur tout le territoire de la ville de Luxembourg. Or il est constaté, entre autres suite à des pêches électriques, que le cheptel piscicole a bien évolué dans ce tronçon d'eau, grâce à des efforts déployés dans l'assainissement de l'Alzette. Il est en outre prévu de moderniser la station d'épuration de Beggen ce qui contribuera sans doute à une meilleure qualité de l'Alzette. Dans ce contexte j'aimerais poser les questions suivantes à M. le Ministre:

- Est-ce que Monsieur le Ministre peut confirmer que le cheptel piscicole dans l'Alzette entre Walferdange et Hesperange s'est amélioré au courant des dernières années?

- Dans l'affirmative, est-ce que ce tronçon ne peut pas être soumis dès lors à l'amodiation obligatoire?

Réponse (16.4.2004) de M. Michel Wolter, *Ministre de l'Intérieur:*

- Les résultats des pêches électriques réalisées entre 1995 et 2002 laissent supposer que le cheptel piscicole de l'Alzette entre Walferdange et Hesperange a évolué de manière positive. Alors que la diversité des espèces est encore faible, deux espèces de cyprinidés - à savoir le gardon (Rutilus rutilus) et le goujon (Gobio gobio) - se sont cependant bien développées sur ce tronçon de l'Alzette. Grâce à la réapparition de frayères naturelles (bancs de gravier et de sable, plantes aquatiques, etc.) et une légère amélioration de la qualité de l'eau, ces poissons arrivent aujourd'hui à se reproduire naturellement. La construction de passes à poissons au Pfaffenthal et à «Hastertmillen» au Grund a également contribué à la recolonisation de l'Alzette.

Au printemps 2003, un dépérissement important de poissons a été observé à la hauteur de Hesperange/Alzingen, limite amont actuelle de la répartition des poissons dans le cours d'eau de l'Alzette.

- À l'heure actuelle, il est encore trop risqué de «libérer» le tronçon de l'Alzette susmentionné pour la pêche alors que des pollutions accidentelles avec dépérissement du cheptel piscicole sont toujours possibles (p.ex. en cas de fortes averses provoquant le rinçage de réseaux d'égoûts). Une mise en adjudication du droit de pêche sur ce tronçon ne s'avère donc raisonnable qu'à partir du moment où les stations d'épuration de Bettembourg et de Hesperange auront été agrandies et modernisées.

Question 2664 (16.3.2004) de MM. Jeannot Belling *(DP)* et Lucien Clement *(CSV)* concernant le projet d'un contournement de Remich:

Dans le contexte des redressements le rapport d'activité 2003 du Ministère des Travaux publics note que «les services de la DSR-L ont entamé ou continué l'étude de 76 projets routiers et d'ouvrages d'art, lesquels ont été présentés, soit pour approbation de l'avant-projet, soit pour approbation du projet sous forme de dossier d'exécution». C'est avec une grande satisfaction que nous avons constaté que la liste de projets retient également le projet d'un contournement de Remich (N 16).

Dans ce contexte nous aimerions poser les questions suivantes à Madame la Ministre:

- À quel stade se trouvent les travaux préparatoires pour la construction du contournement?

- Est-ce qu'il existe déjà des plans de construction pour ce projet?

- Est-ce que Madame la Ministre peut confirmer (tel que précisé dans le rapport d'activité 2003) que le chantier pourra encore commencer au courant de l'année 2004?

Réponse (23.4.2004) de Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics:*

En réponse à la question parlementaire des honorables Députés Messieurs Jeannot Belling et Lucien Clement il y a lieu de préciser que le contournement de la localité de Remich situé sur le tracé de la route européenne E 29 et devant assurer la liaison routière entre la N 2 et la N 16 fait partie du projet de plan directeur regroupant 24 projets de contournements et adopté par le Conseil de Gouvernement en date du 3 octobre 1997.

Le dossier d'avant-projet sommaire des variantes du contournement de Remich est en élaboration auprès de l'Administration des Ponts et Chaussées. Dès que le dossier me sera soumis je ne manquerai pas d'en transmettre un exemplaire aux communes concernées par le tracé pour connaître leur prise de position.

Par ailleurs le dossier devra être transmis au Ministère de l'Intérieur - Aménagement du Territoire pour être soumis au groupe de travail interministériel «évaluation des projets routiers» aux fins de définir les procédures d'autorisation à suivre.

Par ailleurs, ce n'est qu'au moment où le tracé du contournement aura définitivement été arrêté que le tableau des emprises pourra être dressé en vue de l'acquisition des terrains nécessaires pour la réalisation du projet.

Question 2667 (16.3.2004) de M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)* concernant les problèmes liés au transsexualisme:

Ënnert Transsexualismus versteet een eng Stéierung vun der Geschlechtsidentitéit. De grousse Widdersproch tëschent dem biologesche Geschlecht an der subjektiver Iwwerzeegung, dem anere Geschlecht unzegehéieren, léisst sech net opléisen. Bei Transsexuelle besteet awer de Wonsch, als Member vun deem aneren anatomesche Geschlecht ze liewen an unerkannt ze ginn. Dofir besteet bei dëse Leit och de Wonsch no enger hormoneller a chirurgescher Behandlung, fir den eegene Kierper dem bevirzugte Geschlecht esou wäit ewéi méiglech unzegläichen. D'Ursaache vun dëser Stéierung si bis elo nach net bekannt.

D'Wëssenschaft geet dovunner aus, datt vu 50.000 erwuessene Persounen ongeféier eng betraff ass, woubäi et biologesch Männer duebel esou heefeg trëfft wéi biologesch Fraen. Dat heescht am Klortext, datt och zu Lëtzebuerg eng Rei Persoune betraff sinn a sech an deem Kontext eng ganz Rei vu Froe stellen, op déi se hei zu Lëtzebuerg ganz schwéier eng Äntwert kréien.

Kënnen déi Hären Innenminister a Gesondheetsminister mir duerfir dës Froe beäntwerten:

1. Wann eng transsexuell Persoun sech hormonell a chirurgesch dem bevirzugte Geschlecht upasse léisst, gëtt dann den „état civil" vun dëser Persoun automatesch geännert oder geschitt dat just op Ufro hin?

2. Wat fir Démarchë soll oder kann déi betreffend Persoun fir esou eng Ännerung ënnerhuelen a wéi eng Konditioune mussen dobäi respektéiert ginn? Ass et méiglech, trotz enger geschlechtlecher Upassung op eng Ännerung vum „état civil" ze verzichten?

3. Iwwerhuelen hei zu Lëtzebuerg d'Krankekeesen d'Käschte fir eng hormonell a chirurgesch Upassung un dat anert Geschlecht? Wa jo, ënnert wéi enge Konditioune geschitt dat a wat sinn d'Viraussetzungen?

4. U wéi eng Institutioun oder Organisatioun ka sech eng betraffe Persoun hei zu Lëtzebuerg wenden, fir weider Informatiounen zu der Thematik ze kréien?

Réponse commune (1.3.2004) de M. Luc Frieden, *Ministre de la Justice* et de M. Carlo Wagner, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale:*

1. et 2. Au Luxembourg il n'existe pas de loi sur le transsexualisme. Il appartient aux tribunaux de trancher, dans les rares cas où ils sont saisis. Au vu de la jurisprudence actuelle, les tribunaux tiennent compte du changement intervenu dans l'élément psychologique du sexe d'un individu et en tirent des conséquences juridiques, si on est en présence d'un véritable cas de transsexualisme, qui se caractérise par l'existence d'une discordance, précocement apparue, entre le vécu psychologique du sujet et les éléments somatiques qui avaient permis à sa naissance de le désigner quant au sexe.

Le changement de sexe n'est donc pas automatique, mais nécessite une décision de justice.

Dès l'établissement, par voie de justice, du changement de sexe, la personne concernée sera mentionnée dans les actes de l'état civil avec son nouveau sexe. Il est possible que si elle en fait la demande, le Tribunal ordonne le changement des prénoms. Sinon, la personne concernée devra adresser une demande en changement de prénom au Gouvernement.

3. La délivrance d'hormones se fait sous la responsabilité du médecin traitant et leur prise en charge par la sécurité sociale est effectuée d'après les règles statutaires normales. Le traitement chirurgical ne pouvant être effectué au Luxembourg, sa prise en charge présuppose une autorisation de transfert à l'étranger par l'Administration du Contrôle médical de la Sécurité sociale. Ce transfert est autorisé sur base des éléments médicaux du dossier individuel et après accomplissement des conditions formelles posées par les statuts. La prise en charge est réglée d'après les dispositions appliquées par le régime d'assurance maladie du pays où le traitement est réalisé.

4. Les services des ministères concernés n'ont pas connaissance d'éventuelles organisations ou institutions oeuvrant dans le domaine en question.

Question 2668 (17.3.2004) de M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)* concernant les conditions minima de détention et d'entretien des animaux de compagnie:

Le règlement grand-ducal du 18 mars 2000 déterminant les conditions de confort minima de détention et d'entretien des animaux de compagnie interdit la pratique de la caudectomie (action de couper l'extrémité de la queue des chevaux). Une loi allant dans le même sens à été édictée peu après en Belgique.

Le 6 mars 2004, un étalon écourté a été présenté lors de l'expertise pour l'élevage des chevaux de trait ardennais. Ce cheval est né au Grand-Duché le 16 juin 2002 et est inscrit au Studbook belge des chevaux ardennais sous la matricule 105/1244.

Avec cette nouvelle réglementation pour le bien-être des animaux, un nouveau standard de la race a été formulé.

- Quelle instance est responsable du contrôle du respect des conditions prévues et quelles sont les réprimandes en cas de non-respect?

- Est-ce que la prime à la naissance est attribuée à l'éleveur pour son cheval sur lequel il a pratiqué cette douloureuse opération de l'ablation de la queue?

- Les étalons nés après cette datte du 18 mars 2000 ne devraient-ils pas être écartés de la liste des étalons admis à la monte?

- Les primes à la naissance pour 2002 ont-elles déjà été versées aux ayants droit?

Réponse (23.4.2004) de M. Fernand Boden, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural:*

- Concernant l'instance responsable du contrôle des dispositions du règlement grand-ducal du 18 mars 2000 déterminant les conditions de confort minima de détention et d'entretien des animaux de compagnie, il importe de se référer à la loi du 15 mars 1983 ayant pour objet d'assurer la protection de la vie et le bien-être des animaux qui désigne à cet effet l'Administration des Services vétérinaires ainsi que les agents de police et des douanes. Cette même loi prévoit également les sanctions applicables, à savoir l'amende et/ou l'emprisonnement.

À ces instances il importe d'associer également les associations responsables de la tenue des livres généalogiques et qui sont officiellement agréées en vertu de la décision N°92/353/CEE de la Commission déterminant les critères d'agrément ou de reconnaissance des organisations et associations tenant ou créant les livres généalogiques pour les équidés enregistrés. Ces associations procèdent à l'inscription et à l'enregistrement des équidés dans les livres généalogiques selon les critères prévus par la décision N°96/78/CE de la Commission et qui ont notamment trait aux qualités génétiques, aux performances d'allure et aux conformités du standard mais sans tenir compte de la forme de la queue des équidés.

2. Quant au cheval incriminé, force est de constater qu'il s'agit en l'espèce d'un cheval inscrit au Studbook belge des chevaux ardennais et qu'il est donc conforme aux standards de cette association. De plus, concernant l'interdiction de la caudectomie en Belgique, je voudrais relever que l'arrêté royal y relatif de 2001 fait l'objet d'une procédure en suspension et en annulation intentée par la S.R. Le Cheval de Trait belge devant le Conseil d'État. Cette juridiction a rejeté la demande en suspension, mais un arrêt sur le recours en annulation n'est pas encore intervenu.

Ceci dit, je voudrais informer l'honorable Député que les Services vétérinaires sont intervenus auprès des responsables du «Lëtzebuerger Ardenner Studbook» pour leur rappeler à nouveau que la caudectomie, bien que pratiquée de longue tradition dans les milieux d'élevage des gros traits, est devenue un acte prohibé et sanctionnable en vertu du règlement grand-ducal du 18 mars 2000 précité.

Par suite de cette intervention, les responsables du «Lëtzebuerger Ardenner Studbook» ont adressé à tous leurs membres une circulaire soulignant l'interdiction de la caudectomie. De plus, cette association va organiser des cours de perfectionnement pour le toilettage des queues longues des chevaux de gros trait afin de permettre aux propriétaires de présenter de façon adéquate leurs chevaux lors des manifestations publiques.

- Quant à l'allocation de la prime à la naissance pour des poulains de la race ardennaise, je peux informer l'honorable Député que 17 éleveurs ont jusqu'à présent introduit une demande pour l'obtention de la prime à la naissance pour 88 chevaux nés pendant les années 2000 à 2003. Parmi ces 88 chevaux, 5 n'ont pas rempli les conditions d'allocation de la prime. Pour 83 chevaux les naisseurs ont touché une prime de 150 € par cheval de sorte qu'un montant total de 12.450 € a jusqu'à présent été ordonnancé à 17 éleveurs.

Aucune demande de prime à la naissance pour le poulain écourté incriminé n'a été présentée par le naisseur concerné.





**www.avenir-europe.lu**

*de Lëtzebuerger Site iwwert den EU-Konvent*


Question 2670 (19.3.2004) de M. Ben Fayot *(LSAP)* concernant les candidats surdiplômés pour des emplois dans la fonction publique:

Il arrive que de jeunes diplômés fassent acte de candidature pour des emplois dans la fonction publique, que ce soit dans les administrations de l'État ou dans les communes, emplois pour lesquels ils sont surdiplômés. Ainsi, des ingénieurs diplômés postulent pour des emplois d'ingénieurs-techniciens, des universitaires (bac +4) pour des emplois de rédacteurs, etc.

Madame le Ministre peut-elle me dire s'il y a des règles ou des critères au niveau de la fonction publique pour traiter ces candidatures de façon uniforme, et dans l'affirmative lesquels.

S'il n'y a pas de règles ni de critères uniformes, le Ministère de la Fonction publique a-t-il connaissance de la façon dont les différentes autorités traitent ces demandes?

Réponse (18.4.2004) de Mme Lydie Polfer, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative:*

Préalablement, il échet de préciser que le Ministère de la Fonction publique et de la Réforme administrative (ci-après le «MFPRA») n'est pas compétent pour le recrutement des fonctionnaires et employés communaux de sorte que le volet de cette question est à adresser à Monsieur le Ministre de l'Intérieur.

En ce qui concerne le recrutement auprès de l'État, les différents règlements grand-ducaux du 30 janvier 2004 publiés au Mémorial A N°15 du 13 février 2004 exposent en détail les formations requises pour l'admission au stage des différentes carrières pour lesquelles l'examen-concours sur épreuves est organisé de façon centralisée par le MFPRA. Il s'agit en particulier des carrières supérieures suivantes: l'attaché de Gouvernement, l'attaché de direction, le chargé d'études, le secrétaire de légation, l'attaché du Conseil d'État, l'inspecteur des finances, le conservateur, le chef des services spéciaux, le pédagogue, le psychologue, le sociologue, le criminologue, le chargé d'études-informaticien, l'architecte et l'ingénieur. Le MFPRA organise de même les examens-concours sur épreuves des carrières moyennes suivantes: le rédacteur catégorie administrative et catégorie technique, l'ingénieur-technicien, le technicien diplômé, l'éducateur gradué et l'informaticien diplômé. Enfin, les examens-concours des carrières inférieures suivantes sont de même organisés de façon centralisée par le MFPRA: l'expéditionnaire administratif, l'expéditionnaire technique, l'expéditionnaire-informaticien, l'éducateur, l'artisan, le cantonnier, le concierge, l'huissier de salle et le garçon de bureau et le garçon de salle.

Tout candidat qui se présente à un examen-concours sur épreuves organisé de façon centralisée par le MFPRA pour l'une des carrières précitées et qui remplit les conditions de formation et d'études requises pour cette carrière est admissible à cet examen-concours, de sorte qu'en pratique la situation de surqualification pourrait se présenter vu que les textes précités ne défendent pas l'admission aux différents examens-concours de candidats qui font preuve d'une formation ou d'études supplémentaires à celles exigées pour l'admission à l'examen de la carrière à laquelle se présente ce candidat en l'occurrence.


Chambre des Députés
LUXEMBOURG

**Chamber TV**

*och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un*